



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Compte rendu officiel

D'Chamberblietchen

Actualité parlementaire

p. 03-04

Nouvelles lois

p. 05

Séance publique n° 34

p. 06-44

Questions au Gouvernement

p. 45-99

2022-2023

N°11

CHAMBRE
DÉPUTÉS



Sommaire

Actualité parlementaire p. 03-04

Nouvelles lois p. 05

Séances p. 06-44

34^e séance du jeudi 9 février 2023 p. 06-44

Questions au Gouvernement p. 45-99

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Contenu rédactionnel :
Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél. 466 966-1

Impression :
Imprimerie Heintz
sur papier 100 % recyclé, BalancePure

Date d'impression :
06/07/2023

Concept et layout :
brain&more
agence en communication,
Luxembourg



Offiziell Zeremonie fir Nationalfeierdag

„Mir hu keng Angscht, eis nei ze erfannen“

Lëtzebuerg ass ëmmer vereent a solidaresch bliwwen. Dat war de Fall, wéi de Grand-Duché sech 1848 seng éischt Verfassung ginn huet, an ass et och haut nach. Am Kader vun de Festlechkeete vun Nationalfeierdag den 23. Juni 2023 huet de Chamberpresident, den Här Fernand Etgen, déi besonnesch Eegenschafte vum Grand-Duché a vu sengen Awunner ervirgehewen.

„2023 ass Lëtzebuerg eng stabil, pluralistesche an open Demokratie, agebett a villen europäeschen an internationalen Institutiounen. An awer gëtt et – och haut – vill Grënn, fir nees zesammenzeréckelen. An dat maache mir och“, huet den Här Etgen a senger Ried an der Philharmonie betount.

De Chamberpresident huet ënnerstrach, dass d’Lëtzebuerger hir Originen an Traditione kennen, déi och an der iwwerschaffter Verfassung verankert gi sinn. D’Lëtzebuerger sinn awer gläichzäiteg bereet, Verännerungen unzehuelen. „Mir wëlle bleiwe wat mir sinn“, huet hien aus dem Feierwon vum lëtzebuergesche Schrëftsteller Michel Lentz zitëiert. „A fir dat ze bleiwen, wat mir sinn, hu mir keng Angscht, eis ëmmer rëm nei ze erfannen. Dofir kënnen mer mat Gewëssheet an Zouversicht an d’Zukunft kucken,“ huet hie weider gesot.

Den Här Etgen ass houfreg op d’Konsenskultur zu Lëtzebuerg, déi sech laut him virun allem weist, wann et méi komplizéiert gëtt, an op d’Resilienz vum Land am Fall vu Krisen. „Mir maachen den Ënnerschied tëschent deem, wat Krisen, an deem, wat Transitivounen sinn. Aus Krise kann ee léieren. An Transitivounen kann ee matgestalten“, huet hien erkläert.

Dat schéngt de Lëtzebuerger ze hëllefen, eng Gesellschaft an e Land virunzedeiwen, déi ëmmer um




„Mir réckelen hei am Land zesammen, wann et drop ukënn, a mir wuessen doduerch“, huet de Chamberpresident während senger Ried an der Philharmonie ënnerstrach.

neiste Stand bleiwen: „Mir hunn dowéinst keng Angscht virun technologeschen, digitalen an industrielle Verännerungen, grad, well mir eis och do d’Fro vun der Plaz vum Mënsch stellen. D’Plaz vum Mënsch, dat ass och d’Zukunft vu Lëtzebuerg.“

Ganz am Sënn vun der Nationalhymn géifen d’Lëtzebuerger hiert Land mat Häerz a Séil verteidegen, huet

de Chamberpresident erkläert. Hien huet drun erënnert, datt d’Joer 2023 fir 100 Joer Gëlle Fra steet, déi un d’Lëtzebuerger erënnert, déi am Krich gefall sinn, an déi domat e Symbol ass fir d’Affer, déi fir d’Fräiheet vu Lëtzebuerg bruecht goufen. „A wéinst där Gëlle Fra versti mir, wéi e Sacrifice dat ukrainescht Vollek de Moment mécht“, sou den Här Etgen.

Visitt vum Centre Formida zu Esch-Uelzecht



Wéi de Jugendlechen ënnert d’Ärem gräifen, déi doheem an och an der Schoul grouss Problemer hunn? Fir Ausweeër ze fannen, kréien déi Jonk am Centre Formida zu Esch-Uelzecht Alternativen ugebueden.

Den 21. Juni 2023 waren d’Deputéiert aus der Educatiounskommissioun, zesumme mat Vertrieeder aus dem zoustännege Ministère, mat Responsable vum Centre Formida an der ASBL Arcus als Gestionnaire vum Centre zesummekomm, fir sech iwwer dëse Sujet auszetauschen.

Entretien avec la Présidente sortante du Parlement du Monténégro

Le Luxembourg « soutient pleinement » le processus d'intégration européenne du Monténégro

L'adhésion du Monténégro à l'Union européenne était un des sujets discutés lors d'une entrevue du Président de la Chambre des Députés, M. Fernand Etgen, avec l'actuelle Présidente du Parlement du Monténégro, Mme Danijela Đurović, le 21 juin 2023. Le Luxembourg « soutient pleinement » les efforts du Monténégro dans la voie de l'intégration européenne, a assuré M. Etgen lors de cette entrevue qui a eu lieu à l'issue de la 16^e Conférence des Présidents de Parlement des Petits États d'Europe au Luxembourg.

« Le Monténégro fait de son mieux pour remplir toutes les obligations nécessaires en vue de l'adhésion européenne », a expliqué Mme Đurović, notant cependant que le processus de réforme est ralenti parce qu'une majorité qualifiée nécessaire pour la nomination de postes dans le domaine judiciaire fait défaut. Elle a toutefois souligné une large volonté au sein de la population monténégrine d'accéder à l'UE : 80 % des résidents y seraient favorables.

Cette attitude pro-européenne se reflète également dans les résultats des élections parlementaires anti-

cipées qui ont eu lieu début juin, a encore expliqué la Présidente sortante du Parlement, qui ne s'est plus présentée lors de ces élections. Neuf partis politiques sont représentés au Parlement monténégrin, contre sept pour la Chambre des Députés luxembourgeoise. Par ailleurs, plus de cent partis politiques sont enregistrés au Monténégro, qui compte plus ou moins autant d'habitants que le Grand-Duché de Luxembourg mais dont le territoire est cinq fois plus grand.

10.000 Luxembourgeois ont des origines monténégrines

Les liens entre le Luxembourg et le Monténégro sont étroits : 2.950 ressortissants monténégrins résident au Grand-Duché et 10.000 Luxembourgeois ont des origines monténégrines, a souligné le Président du Parlement luxembourgeois.

D'autres sujets abordés lors de l'entrevue étaient l'impact du conflit en Ukraine et de la crise sanitaire sur l'économie monténégrine, tributaire à raison de 30 % du secteur du tourisme.



La Présidente sortante du Parlement du Monténégro, Mme Danijela Đurović, a été reçue à la Chambre à l'issue de la 16^e Conférence des Présidents de Parlement des Petits États d'Europe.

Women Political Leaders Summit 2023

« Occupy your space »



Mme Djuna Bernard (3^e rangée, 3^e à droite) a participé au 10^e sommet des femmes dirigeantes politiques.

Women Political Leaders (WPL) – femmes dirigeantes politiques – est un réseau global de femmes politiques qui vise à renforcer la représentation et le rôle de la femme dans le monde politique. À cet effet, ses membres se réunissent plusieurs fois par an afin de promouvoir la place des femmes au sein du monde politique. Le 10^e sommet de WPL s'est déroulé les 7 et 8 juin 2023 à Bruxelles et s'est concentré sur l'importance de la représentation féminine.

Pendant deux jours, plus de deux cents participantes ont pu échanger leurs vues sur des sujets primordiaux tels que la paix, la sécurité, l'oppression et l'agression sexuelle. La Vice-Présidente de la Chambre des Députés, Mme Djuna Bernard, a représenté le Luxembourg à cette occasion.

Ce n'est pas un hasard que la ville de Bruxelles ait été choisie pour l'organisation du 10^e sommet de WPL. Il

ne s'agit non seulement du lieu de naissance du réseau, créé en 2013, mais aussi d'une capitale politique marquée par une forte présence féminine.

Le premier jour de la conférence s'est déroulé au Parlement européen, actuellement présidé par Mme Roberta Metsola, qui a clôturé la première session de la conférence en rappelant l'importance de la lutte contre l'inégalité et la nécessité de servir d'exemple pour les générations futures, non seulement en politique mais dans tous les domaines de la vie.

La deuxième journée de la conférence s'est poursuivie à la Chambre des Représentants. Le Parlement belge, qui obéit à un système bicaméral, est actuellement présidé par deux femmes. Mme Stephanie D'Hose, Présidente du Sénat, et Mme Éliane Tillieux, Présidente de la Chambre des Représentants, ont partagé leurs expériences ainsi que leurs visions pour le futur avec les participantes.

La devise « occupy your space » est très vite devenue le fil conducteur tout au long du programme de la conférence. Il ne s'agit là non seulement d'une invitation aux femmes politiques d'occuper leur place, mais surtout d'une incitation à un changement de mentalité collectif. Il est clairement ressorti des différentes interventions qu'il ne suffit pas de donner la possibilité aux femmes d'entrer dans le monde politique, mais qu'il est également un devoir d'adapter ce dernier à la présence des femmes. Ce souhait ne peut être réalisé qu'à travers la solidarité, la compréhension, le respect et la tolérance, ont déclaré les participantes.

Modification de l'objet social de Servior

7753 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés 1) Centres, foyers et services pour personnes âgées ; 2) Centres de gériatrie

Le projet de loi sous rubrique vise à modifier l'objet, les missions et la gouvernance de l'établissement public « Centres, foyers et services pour personnes âgées » (ci-après « Servior ») pour tenir compte de l'évolution du secteur de la santé et de soins. En vertu des modifications prévues, Servior pourra prendre des participations dans des sociétés avec des partenaires réalisant des activités tombant sous le champ d'application de l'article 1^{er} de la loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique ou de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière.

Dépôt par Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 27/01/2021

Rapporteur : M. Max Hahn

Travaux de la Commission de la Famille et de l'Intégration
(Président : M. Max Hahn) :

- 04/07/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi
Examen de l'avis du Conseil d'État
Adoption d'une série d'amendements parlementaires
- 29/09/2022 Entrevue avec le Conseil d'État au sujet des amendements adoptés le 04/07/2022
- 08/12/2022 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
Adoption d'un amendement parlementaire
- 03/02/2023 Examen du deuxième avis complémentaire du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/02/2023

Loi du 8 mars 2023

Mémorial A : 2023, n° 124, page 1

- 08/12/2022 Présentation et adoption d'une deuxième série d'amendements parlementaires
- 03/02/2023 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique : 09/02/2023

Loi du 8 mars 2023

Mémorial A : 2023, n° 133, page 1

Création de l'Institut national des langues Luxembourg

8012 – Projet de loi portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise

L'Institut national des langues (INL), créé par la loi du 22 mai 2009, est le successeur légal du Centre de langues dont les origines remontent à l'année 1991. Face à une population de plus en plus hétérogène, à des flux transfrontaliers en constante croissance et à une économie plus diversifiée, l'INL n'a cessé d'élargir ses missions. Depuis la création de l'INL, la demande pour ses cours est allée croissant et a franchi le cap de 20.000 inscriptions annuelles en 2019-2020. Son offre est particulièrement prisée par les résidents internationaux, les frontaliers et les personnes nouvellement arrivées au Grand-Duché, mais aussi par les fonctionnaires des institutions européennes et les personnes qui veulent acquérir la nationalité luxembourgeoise.

Si l'apprentissage des langues reste la mission prioritaire de l'Institut, de nouvelles activités se sont ajoutées à son offre au fil des années. En effet, ses deux rôles de centre de certification de compétences linguistiques et de centre de formation de formateurs habilités à enseigner la langue luxembourgeoise sont aujourd'hui tout aussi importants.

Le présent projet de loi vise à supprimer les missions qui ne relèvent plus des compétences de l'INL et de clarifier celles qui désormais incombent à l'Institut national des langues Luxembourg nouvellement créé. Il entend clarifier les missions de l'Institut, préciser l'organisation et le fonctionnement de ses organes et adapter les formations, certificats et diplômes y offerts. Par ailleurs, l'Institut se voit conférer la fonction d'autorité nationale pour l'apprentissage, la didactique et la certification de la langue luxembourgeoise. Sont également précisées les dispositions relatives au personnel et à la modernisation des formations offertes.

Dépôt par M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 30/05/2022

Rapporteur : M. Claude Lamberty

Travaux de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche
(Président : M. Gilles Baum) :

- 01/06/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation et examen du projet de loi
- 22/06/2022 Continuation des travaux
- 11/11/2022 Examen de l'avis du Conseil d'État
Adoption d'une série d'amendements parlementaires
- 13/01/2023 Examen de l'avis complémentaire du Conseil d'État
- 01/02/2023 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Travaux de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

(Président : M. Dan Biancalana) :

- 01/06/2022 Présentation et examen du projet de loi

Vote en séance publique : 09/02/2023

Loi du 8 mars 2023

Mémorial A : 2023, n° 156, page 1

Accessibilité des produits et services au sein de l'UE

7975 – Projet de loi relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services

Le projet de loi sous rubrique vise à transposer la directive (UE) 2019/882 du Parlement européen et du Conseil du 17 avril 2019 relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services (ci-après « directive (UE) 2019/882 »). La directive a pour objet d'harmoniser les prescriptions relatives aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services au sein de l'Union européenne afin que la libre circulation des biens et services ainsi que leur accessibilité soient garanties au-delà des frontières nationales avec comme objectif principal le maintien et la promotion de l'autonomie des personnes en situation de handicap.

Dépôt par Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 10/03/2022

Rapporteur : M. Max Hahn

Travaux de la Commission de la Famille et de l'Intégration
(Président : M. Max Hahn) :

- 17/11/2022 Désignation d'un rapporteur
Présentation d'amendements parlementaires eu égard à l'avis du Conseil d'État

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président

2. Débat de consultation au sujet de la future directive d'investissement du Fonds de compensation commun au régime général de pension

M. Fernand Etgen, Président

3. Dépôt d'une motion par M. Sven Clement

Exposé : M. Sven Clement

4. Débat de consultation au sujet de la future directive d'investissement du Fonds de compensation commun au régime général de pension (suite)

Exposé : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale

Débat : M. Marc Spautz (intervention de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale) | M. André Bauler | M. Dan Kersch (intervention de M. André Bauler) (dépôt de la motion 1) | M. Charles Margue | M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 2) (interventions de M. Yves Cruchten) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement (intervention de M. Mars Di Bartolomeo) | M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Sven Clement) | M. Michel Wolter | M. Dan Kersch | M. Michel Wolter

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale (intervention de M. Michel Wolter) | M. Laurent Mosar (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre Claude Haagen) | M. le Ministre Claude Haagen (intervention de M. Laurent Mosar) | M. Michel Wolter (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre Claude Haagen) | M. le Ministre Claude Haagen (intervention de M. Michel Wolter) | M. Charles Margue (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre Claude Haagen et M. Michel Wolter) | M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre Claude Haagen et M. Michel Wolter) | M. François Benoy (parole après ministre) | M. le Ministre Claude Haagen

Motion 1 : M. Dan Kersch | M. Marc Spautz | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti (interventions de M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale) | M. Fernand Kartheiser | M. Charles Margue | M. Sven Clement (intervention de Mme Myriam Cecchetti) | M. Dan Kersch

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : M. Charles Margue | M. Sven Clement | M. Fernand Kartheiser | M. Dan Kersch

Vote sur la motion 2 (rejetée)

5. 7753 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés

1) Centres, foyers et services pour personnes âgées ; 2) Centres de gériatrie

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Max Hahn

Discussion générale : M. Marc Spautz | Mme Simone Asselborn-Bintz | M. Charles Margue | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen | M. Max Hahn

p. 06

Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | M. Georges Mischo (parole après ministre)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7753 et dispense du second vote constitutionnel

p. 06

6. 7975 – Projet de loi relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services

p. 34

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Max Hahn

Discussion générale : M. Georges Mischo | Mme Simone Asselborn-Bintz | Mme Djuna Bernard | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

p. 06

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7975 et dispense du second vote constitutionnel

p. 07

7. 7883 – Proposition de loi portant modification 1° de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de technologie de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ; 2° de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

p. 36

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : Mme Martine Hansen

Discussion générale : Mme Martine Hansen | M. Claude Lamberty | Mme Francine Closener | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7883 (rejetée)

Mme Martine Hansen

8. 8012 – Projet de loi portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise

p. 41

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Claude Lamberty

Discussion générale : Mme Martine Hansen | Mme Francine Closener | Mme Djuna Bernard | M. Fred Keup (intervention de M. Sven Clement) (dépôt de la motion 1) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8012 et dispense du second vote constitutionnel

p. 31

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Claude Meisch, Mme Corinne Cahen et M. Claude Haagen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Claude Haagen, Ministre | Nee, dat ass net de Fall, Här President.

2. Débat de consultation au sujet de la future directive d'investissement du Fonds de compensation commun au régime général de pension

M. Fernand Etgen, Président | Op eisem Ordre du jour vun de Mëtten hu mer eng Consultationsdebatt

iwwert de Renteversécherungskompensatiounsfong. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här André Bauler, den Här Dan Kersch, den Här Charles Margue, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Minister fir sozial Sécherheet, den Här Claude Haagen.

3. Dépôt d'une motion par M. Sven Clement

Fir d'éischt géif ech awer nach dem Här Sven Clement d'Wuert gi fir den Depot vun enger Motioun.

Exposé

M. Sven Clement (Piraten), auteur | Merci, Här Président. Ech versprechen, ech maachen et kuerz.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass den 19. Januar gewiescht, wou d'Europaparlament eng Resolutioun mat der Nummer 2511 ugeholl huet, déi sech mat de Verbrieche vum iranesche Regimm vis-à-vis vun hiren eegene Citoyene beschäftegt. Et ass eng Resolutioun, déi 31 Punkten (veuillez lire: 32 Punkten) opgeholl huet an déi ënner anerem a virun allem d'Revolutionsgarden als ee vun den Éléments clés bei dësen Ausschreitungen definéiert.

Dës Revolutionsgarden – et gött och ëmmer erëm vun der Zivillgesellschaft gefuerdert – sollen als terroristesch Organisatioun deklaréiert ginn, eppes, wat d'Europäesch Parlament dann och an där nämmelechter Resolutioun gefuerdert huet. Deementsprechend, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a well dat eng gewëssen Aktualitéit huet, well den 20. Februar och e Conseil zu deem Thema wäert sinn, deposéieren ech hei eng Motioun, déi u sech d'Lëtzebuerger Regierung géif invitéieren, d'Verbrieche vum iranesche Regimm konsequent

an der Effentlechkeet an och an de Gespréicher mat Representanté vun anere Staaten ze verurteelen, eppes, wat gréisstendeels scho gemaach gëtt, zweetens awer och déi iranesch Revolutiounsgarden als terroristesch Organisatioun unzeerkennen an derfir ze suergen, dass all wirtschaftlech Relatiounen tëscht Membere vu genau dësen zu Lëtzebuerg ennerbonne ginn, an d'Efforte vum Europaparlament an der Kommissioun dohigeeënd ze ennerstëtzen.

Well wie sech drun erënnert: Et ass och en iraneschen Diplomat an der Vergaangenheet scho wéinst terroristeschen Akten a Verbindung mat Lëtzebuerg an der Belsch rechtskräfteg verurteelt ginn, well en eng Bomm ënnert anerem hei an der Stad mat engem aneren Täter getosch huet. Deementspriedend, mengen ech, ass déi Motioun hei souwuel vun Aktualitéit wéi och begrënnert!

Ech soen Iech Merci.

Motion

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest,

– dass den iranesche Regimm säit dem Doud vum Mahsa Jina Amini duerch iranesch Revolutiounsgarden nach méi repressiv géint seng eege Bevëlkerung virgeet;

– dass den iranesche Regimm Manifestanten ouni jeegleche Respekt vu Mënscherechter aspäert, foltert an exekutéiert;

– dass d'iranesch Revolutiounsgarden hei besonnesch schwéier implizéiert sinn an disproportiónéiert géint d'Protester am Land virginn;

– dass d'EU-Parlament den 19. Januar 2023 d'Resolutioun 2023/2511 (RSP) ugeholl huet, déi dës Verbrieche kloer opweist a verurteelt.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

1. d'Verbrieche vum iranesche Regimm konsequent an der Effentlechkeet an och a private Gespréicher mat Representante vun anere Staaten ze verurteelen;

2. d'iranesch Revolutiounsgarden als terroristesch Organisatioun unzerkennen an derfir ze suergen, dass all wirtschaftlech Relatiounen tëscht Membere vun der Revolutiounsgarden an Acteuren aus Lëtzebuerg ennerbonne ginn;

3. all d'Efforte vum EU-Parlament an der EU-Kommissioun géint all Aart vu Folter, Doudesstrofen a soss repressivt Verhale vum iranesche Regimm géint seng eege Bevëlkerung ze ennerstëtzen.

(s.) Sven Clement.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoools, Här Clement.

4. Débat de consultation au sujet de la future directive d'investissement du Fonds de compensation commun au régime général de pension (suite)

An da ginn ech d'Wuert un den Här Minister fir sozial Sécherheet, den Här Claude Haagen, fir d'Consultationsdebatt iwwert de Renteversécherungskompensatiounsfong. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, déi Heure de consultation hat ech als Minister ufangs Dezember ugefrot, fir iwwert d'Stratégie d'investissement an och iwwert d'Directive d'investissement vum Fonds de compensation mat Iech zesummen ze schwätzen, fir ze kucken, wéi mer virgi par rapport

zur Transition écologique et énergétique, déi mer voll amgaange sinn ze maachen.

De Prinzip vum der Directive d'investissement ass am Artikel 248 Alinea 1 vum Code vum der Sécurité sociale définiert an huet als Zil, d'Réserve de compensation als Perennitéit vum Régime général vum de Pensionnaires ze garantéieren. Ech mengen, dass dat ass dat iewescht Zil, wat de Fonds de compensation och ëmmer respektéiert.

Ech erënnere drun, dass d'Recetté vum der Réserve de compensation jo och an de Rapport technique vum de Pensiounen afléissen, also déi Recetten, déi eeben de Fong generéiert.

D'Reserv vum Fong ass actuellement tëschent 26 a 27 Milliarden Euro. Dat hänkt dervun of, wéi een et actuellement kuckt. Dat sinn d'Chifferen, déi sinn op den 31. Dezember 2021 determinéiert. Dir wësst, dass hei iwwert d'Investissementer um Marché financier geschwat gëtt an do ass d'Analys nach net ofgeschloss fir den 31. Dezember vum leschte Joer, mee et wäert an dee Beräich goen, och wann d'Fongenindustrie verluer huet, mee d'Fongenindustrie um Marché financier huet scho verluer an huet och scho gewonnen. An dofir, wann ee vun deene Montanten ausgeet, da gesäit een och, wéi d'Importenz vun deem Montant ass, iwwert dee mer schwätzen.

D'Diskussiounen, fir d'Stratégie d'investissement vum Pensiounsfong méi nohalteg a méi ekologesch auszerichten an och d'Critères de placement anzehalen ..., ech mengen, dass hate mer d'lescht Joer an der Chamber, och iwwert d'Question élargie an engem Debat, Question-parlementairen ..., ass dat oft diskutéiert ginn an ass och hei an der Chamber schon diskutéiert ginn.

Ech wëll just bemierken, dass säit méi wéi zéng Joer am Fonds de compensation eng nohalteg Finanzpolitik gemaach gëtt an déi natierlech ëmmer weidergedriwwen gëtt, esou wéi d'Marchéen et hierginn a wéi och d'Ëmsetze vun den Direktiven dat virgesäit.

2011 huet de Fonds de compensation fir d'éischt eng Exclusionensléischt opgesat, opgrond vun internationale Konventiounen, déi och ëmmer Lëtzebuerg ratifizéiert huet, déi behandelen d'Ëmwelt, d'Aarbechtsrecht, d'Mënscherechter, Korruptioun, kontrovers Waffen an esou weider, wéi déi Konventioun och an deenen zéng Prinzippien vum de Vereenten Natiounen beschriwwen ass.

Et besteet och scho säit 2011 e Questionnaire, wou d'Assetmanager vun de verschiddene Portfoliounen och – also déi Leit, déi un enger effentlecher Ausschreibung deelhuele par rapport zum Fonds de compensation op den internationale Marchéen –, mussen natierlech ugin, wéi hir Nohaltegkeet an deem Questionnaire ze berücksichtegen ass.

Säit 2018 mussen allegueren déi Assetmanager noweisen. Wat heescht „noweisen“? Si hunn eng Obligatioun, fir ze kucken bei Aktien, bei Fongen, bei Real Estate oder bei Obligatiounen ganz einfach, an déi si investéieren, dass dat eng nohalteg Approche huet. Wann dat net de Fall ass, da gëtt deem Asset net zréckbehalen. Déi nohalteg Approche gëtt vum Fonds de compensation konstant iwwerwaacht an och auditéiert.

Ech erlabe mer och, kuerz dorop anzegoen, well oft gesot gëtt, et wier keng Transparenz beim Fonds de commerce ...

(Hilarité)

... Fonds de compensation. Ech kann Iech just soen, dass iwwert den Internetsite vum Fonds de compensation fdc.public.lu sämtlech Rapporten, sämtlech Dokumenter, d'Listes d'exclusion, alles effentlech ass,

wou een dat ka consultéieren. Dat gëtt esou séier gemaach wéi eeben déi Rapporten och approuvéiert sinn, an déi sämtlech Dokumenter stinn natierlech och zur Dispositioun.

Den Debat, deen ech ugefrot hunn, ass iwwregens och an, ech mengen, dräi Seancen diskutéiert gi vum der Aarbechts- a Sozialkommissioun, wou op dësen Debat higeschafft ginn ass. Du konntest sämtlech Deputéiert, déi an der Kommissioun sinn, och dem Fonds de compensation, der Direktioun, all Froe stellen.

D'Direktiv, iwwert déi mer haut schwätzen, concernéiert d'Joren – dëst Joer natierlech – 2023 bis 2027. Dir wësst awer, denken ech, allegueren, dass do e Mid-time Review gemaach gëtt, wou allkéiere dann och annuellement gekuckt gëtt a wat fir engen Trajectoire mer bei deene verschiddenen Investissementer sinn.

D'Direktiv beschreift déi global Struktur vum den Investissementer an determinéiert dann d'Marge de manoeuvre par rapport zum CA vum Fonds de compensation, dee sech natierlech och dorunner muss halen.

Ech hunn et scho gesot: D'Période de transition écologique et énergétique, an där mer haut sinn, dass am Fong d'Haapttheema och fir dës Direktiv. Ech erlabe mer ze soen – an dass ass op jidde Fall an den Diskussiounen an der Chamberskommissioun erauskomm –, dass net alles schwaarz a wäiss ass! Dass heescht, et muss ee scho verschidden Donnéeë kucken, et muss ee scho verschidde Krittäre kucken. Et muss een och kucken, wéi se ugepasst ginn ass. An dofir ass et ganz kloer, dass mer déi Iwwerleeung musse féieren, dass mer musse probéieren, och den Entreprises, déi déi Transition écologique maachen, d'Moyenen ze ginn, wa se dat da wëllen, fir se eeben esou an där Transition écologique et énergétique kënnen ze begleeden.

D'Diskussioun vum haut wäert also dozou féieren, wéini zum Beispill de Fonds de compensation mat wem an zu welle Verflichtung wäert investéieren, an dat natierlech am Respekt vun deene legale Contrainten.

Eng Engagement Procedure ass agefouert ginn an dëser Direktiv – oder gëtt agefouert, wa se dann approuvéiert soll ginn. Do gëllt et natierlech, den Engagement vun den Entreprises vum den Assetmanager ze iwwerpräiwen, wou si sech mussen erklären – dat, wat ech virdrun am Fong gesot hunn –, ob si hir Ziler anhalen.

De Fonds de compensation wëll natierlech och déi nohalteg Strategie am Sënn vum dem Accord de Paris respektéieren. Souwisou, wëll ech soen, muss e se respektéieren, well dass ass en Accord, dee vun der Chamber ratifizéiert ginn ass an doduerch och e contraignanté Charakter hutt, esou wéi och allegueren déi aner Konventiounen, déi iwwer Lëtzebuerg ratifizéiert gi sinn, wou ech virdrun drop agaange si par rapport zu der UNO-Charta.

Dofir hu mir momentan och Exclusionenskrittären – de Fonds de compensation –, déi op ratifizéierte Konventiounen baséieren. Déi Krittären, wou mer d'Konditiounen hunn, wéi zum Beispill den ESG – dass betrëfft haaptsächlech den Environnement, de Social an d'Governance –, dann SFDR, Sustainable Finance Disclosure Regulation, an natierlech och d'Taxonomie ... An dass ass momentan de Problem oder och d'Diskussioun, an där mer eis befannen, well souwuel de Fonds de compensation wéi och mir heibanne kënnen iwwer all déi Krittären oder iwwer verschidde Krittären diskutéieren, iwwer verschidden Definitiounen diskutéieren, mee et ass och esou, dass déi Definitiounen nom europäesche Plang ëmgeännert gi sinn. D'Taxonomie ass dass bescht Beispill dofir. A wann ech iwwert d'SFDR kucken, d'Artikelen 8 an 9 – bon, et gëtt elo e bëssen techesch –,

gëtt och dauernd ëmgeännert, fir eeben och der Transition Rechnung ze droen an och wierklech dat Zil, wat mer alleguerten hunn, fir an déi Transition écologique et énergétique ze kommen, ze respektéieren.

Dat beschet Beispill bei der Taxonomie sinn d'Green Bonds, wou een da muss definéieren, wat innerhalb vun de Green Bonds ass a wat net. Dir kennt déi Diskussioun, déi do momentan gefouert gëtt.

Bon, Dir Dammen an Dir Hären, déi nei Investissementsstrategie baut also op déi zéng Joer Erfahrung, déi de Fonds de compensation an den Nohaltegekeetskrittären an den ESG-Investissemter huet an déi gi verstärkt, datt se zu positive Resultater féieren.

Déi Deputéiert, déi an der Chamberskommissioun waren, konnte feststellen, datt mer zum Beispill am Fonds de compensation 45 % Reduktioun CO₂ duerch de Choix vun engem nohaltege Portfoliomanager an den Energy Markets gemaach hunn. Dat hu mer erreicht, well mer eeben déi Experienz haten an och dat um Marché fonnt hunn, fir eeben och do ze investéieren.

D'Investissementsstrategie hält fest, datt, ech géif mengen, säit 2018 bei aktiven Investissemter exklusiv an eng nohaltege Approche muss investéiert ginn. Bei passiven Investissemter gëtt déi nei Investissementsstrategie eng Stärkung vun Investissemter, déi konform sinn zu dem Accord de Paris. Dat betrëfft am passiven Investissement souwuel d'Aktie wéi och d'Obligatiounen. An et ass och an deem Domän vun den Obligatiounen, wou de Fonds de compensation iwwert dës Directive de stratégie en Invest an engem Portfolio oder an engem Kompartiment vu 500 Milliounen Euro virgesäit, déi natierlech Accord-de-Paris-kompatibel sinn.

Bon, all déi nei Mesüeren a Saachen Nohaltegekeet: Dir wësst, datt mer, an dat hu mer jo schon oft diskutéiert oder dat ass hei zur Diskussioun komm, déi gro Lëscht an déi schwaarz Lëscht, wéi d'Relatioun tëschent där groer an där schwaarzer Lëscht ass, wéini datt een drop kënnt, ech hunn d'Konditioun grad genannt.

Bei deene verschiddene Konventiounen, déi ratifizéiert gi sinn, ass et awer och esou, datt Entreprises, déi op der groer Lëscht sinn iwwert d'Engagementprozedur, wa se do, wou de Fonds de compensation nofreet, fir zum Beispill Nohaltegekeet ze errechen an dat gëtt genannt, awer et gëtt net gemaach, dann ass et esou, datt iwwert deen Audit an och iwwert de Fonds de compensation déi Entreprise op déi gro Lëscht kënnt. A wa se dann op där groer Lëscht ass, war et an der Lëscht esou, datt wa se net reagéiert oder se ee Joer, annerhalleft Joer drop ëmmer erëm weider versprach huet, se dann no sechs Méint bis engem Joer op déi schwaarz Lëscht gesat gëtt, fir datt eeben do déi Investissemter net méi kënne gemaach ginn. Dat, denken ech, ass en Zeechen, wat mer och wëlle setzen, datt d'Entreprisë bei den Investissemter, déi iwwert de Fonds de compensation gemaach ginn, och finanziell esou begleet ginn, datt mer déi Ziler och kënne errechen an datt mer déi Moyenen do hunn, fir och ze reagéieren.

Den Engagement betrëfft och Firmen, déi haaptsächlech vill CO₂-Ausstéiss oder aner Zäregasen hunn, fir se eebe mat deenen Investissemter finanziell ze begleeden, fir dovunner ewechzekommen an do eng Reduktioun ze maachen.

Mir hunn eng nei Investissementsklass am Fonds de compensation, déi Der erëmfannt, wat een am Fong Clean Energy nennt, déi wichteg ass, well mer och do an deem Beräich Investissemter iwwert de Fonds de compensation wäerte maachen, an zwar vu ronn 500 Milliounen Euro.

Ech mengen, gëschter hutt Der e Projet de loi gestëmmt, wou Kooperatioun tëschent Lëtzebuerg an Dänemark ugeschwat ginn ass, fir an deem Beräich vu Clean Energy tëschent 33 a 66 Milliounen ze investéieren. Ech mengen, dat ass och gëschter hei diskutéiert ginn, déi Konventioun mat Dänemark. Hei gi mer an de Beräich, wou de Fonds de compensation direkt an d'Clean Energy mat 500 Milliounen erageet, wat jo dann och am Sënn vun der Nohaltegekeet ass.

Dann ass och geplangt, am Parc immobilier ze investéieren, wat oft zu Diskussiounen gefouert huet. Ech wëll eng Kéier kloer präziséieren, datt de Fonds de compensation elo net den Ersatz ass oder als Objektiv huet, fir de soziale Wunnengspräis, Wunnengsprojekten, Wunnengsbau par rapport zum Logement, zum Fonds du logement an och par rapport zu der Société nationale des habitations à bon marché ze maachen. Dat ass net hiren Objektiv. Hiren Objektiv ass awer, fir an déi Projekte finanziell eranzegoen an dann eeben den Appui do ze ginn an dann natierlech do och eng Incitatif ze maachen, fir datt mer do a Projeten erakommen.

Ech erkläre mech ganz kuerz: E Parc immobilier, wéi gesot, do si bis 2027 500 Milliounen virgesinn. Do ass och Logement abordable drënner, deen och do a Consideratioun gezu gëtt. Et kommen awer och zum Beispill am Beräich vun Associatiounen, déi am sozialen, am gesondheetlechen, am kulturelle Beräich konventionéiert sinn, wou de Fong och wäert mat erakommen – notamment Dir kennt alleguerten Associatiounen, déi Büro brauchen, déi Leit hunn, déi am gesondheetleche Beräich Schwierigkeiten hunn, Reconvalescence maachen, déi och Gebailechkeete brauchen, wou se kënne trainéieren –, fir och do regional, wann de Marché et hiergëtt, Infrastrukturen ze finanzéieren an dann eeben och do iwwert de Loyer eng gewëssen, ech wëll net soen, „Rentabilitéit“ ze kréien. Mee et ass awer den Zweck, net d'Rentabilitéit, mee awer ze respektéieren, datt déi Investissemter awer méi grouss si wéi d'Inflatioun oder d'Käschten, déi aleng doduerjer generéiert ginn. Dofir ass et ganz gutt, wa mer an déi dote Richtung ginn, well souwiesou momentan alleguerten déi Associatiounen konventionéiert sinn. De Staat bezilt also do de Loyer. An hei wier eng Win-win-Situatioun, denken ech, souwiel am Sënn vum Fonds de compensation vum Staat an och vun deene konventionellen Associatiounen.

De Fonds de compensation – wat ee manner weess – huet och ronn 700 Hektar Bësch, wat natierlech och am CO₂-Ausstouss mat a Consideratioun gezu gëtt. An net méi spéit wéi gëschter – elo kommen ech op d'Administratioun oder d'Infrastrukturen zréck – ass deen éischten Deel vun der Cité vun der Sécurité sociale presentéiert ginn, wou vun e Méinden un d'Miwwele kommen a wou dann eeben deen éischten Deel Mee, Juni operationell ass. Dat ass een Impakt vum Investissement vum Fonds de compensation vu ronn 158 Milliounen TVA comprise. Am Hierscht vun deem Joer wäert den zweeten Deel ugoen, och bei der Gare. Och do wäert de Fonds de compensation natierlech mat op de Wee goen, fir déi Investissemter weider ze begleeden.

Dir gesitt also, datt och an deser Direktiv vill Plusvalüé sinn. Dat ass och an der Chamberskommissioun deelweis begréisst ginn.

Une voix | Très bien!

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Natierlech stelle sech Froen. An dofir si mer jo och hei, fir deen Débat de consultation esou ze organiséieren. An och dofir ass en op den Ordre du jour komm, fir eeben herno déi Consignes, déi dann eeben néideg sinn, wa mer hei en Accord iwwer

verschidde Beräicher fannen, dem Fonds de compensation och mat op de Wee ze ginn.

Bon, Dir Dammen, Dir Hären, zum Schluss – ech wëll net ze laang sinn – ass, ech hunn dat gesot, déi energiegesch Transition wichteg. Déi huet de Fonds de compensation sech iwwert den Engagement haaptsächlech elo, nieft den Investissemter fir de Contrôle par rapport zu den Assetmanager an och den Entreprises, op de Fändel geschriwwen, fir déi Entreprises – dat wëll ech awer och soen – ze ënnerstëtzen, déi déi Transition wëllen oder musse maachen, dëst natierlech och, well se sech mussen dekarboniséieren. An d'Fro ass ganz einfach: Wëll d'Chamber mat op dee Wee goen, fir déi Entreprise finanziell ze begleeden? Soll de Fonds de compensation dat weider maachen? Wëll een do méi wäit goen?

Wa mer méi wäit ginn, da muss een dat natierlech och esou kadréieren an och esou reglementéieren, datt dat e Sënn mécht, datt mer och eng Iwwerpräiwung kënne kréien. An ech denken, dat Wichtigst, wat ech op jidde Fall am Dossier spieren, wat do-bausse vill diskutéiert gëtt an och heibanne wäert zu Diskussiounen féieren, ass d'Énergie nucléaire, d'Atomenergie, a wéi mer eis par rapport zur SFDR, par rapport zur Taxonomie, par rapport zu ESG-Krittären, déi an deene verschiddene Krittären oder Konditiounen sinn, positionéieren.

Wéi mer dat maachen, do sinn ech da gespaant, wéi all Fraktioun dann déi Krittären, déi Definitiounen, déi mer ginn, wëll festleeën, wéi séier, datt mer dat solle maachen, ob een dat direkt soll maachen a wéi een dat och definéiert, datt een et och ka kontrolléieren par rapport zu den Assetmanager a par rapport zu den Entreprises, déi do concernéiert sinn.

Dat gesot, freeën ech mech op e flotte sachlechen Debat. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Minister fir sozial Sécherheet Claude Haagen.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, Léif Kollegen a Kolleegeen, mir sinn haut de Mëtten hei zesammen, wéi de Minister et elo just gesot huet, fir iwwert de Fonds de compensation ze diskutéieren, iwwert d'Finanze vun dem Fonds de compensation, deen do ass fir d'Pensiounen.

Ëmmer erëm kënnt d'Diskussioun op: Wéi ass et mat deene Reserven a wat ass mat deene Suen? Dat si keng Sue vun der éffentlecher Hand. Dat si keng Sue vum Staatsbudget, mee dat sinn d'Sue vun den Assurées aus dem Privatsecteur. Et sinn d'Sue vun deene Leit, déi schaffe ginn, wou Betriber zesumme mat de Leit Cotisatiounen bezuelen, wou déi den Iwwerschoss ausmaachen, de Moment bei deenen dräi mol 8 %, déi do an déi Reserven agefouert ginn.

An ech mengen, dass et ëmmer wichteg ass, och dat ze soen. A wa mer vun nohaltege Finanzsystemer bei dem Fonds de compensation schwätzen, sou ass et och wichteg, iwwer nohaltege Pensiounen ze schwätzen an ze diskutéieren.

Une voix | Richtig!

M. Marc Spautz (CSV) | An dofir erlaben ech mer elo och eng Kéier, e klengen Historique ze maachen. De Fonds de compensation: Et gëtt hei iwwert e geschwat, wéi wann dat schonn zanter Joerzëngte géif lafen a wat do alles schif a riicht gelaf ass. Et muss

ee wëssen: De Fonds de compensation ass eréischt duerch d'Gesetz vun 2004 geschafe ginn. Virdrun ass dat an der normaler Gerance vun der Pensiounskeess gewiescht, wou d'Pensiounskeess déi Sue placéiert huet. Deen Iwwerschoss, dee bei de Cotisationsen do war, ass op déi verschiddenst Aart a Weisen investéiert ginn.

An ee vun den Hauptpunkte war déizäit de Steen, nämlech dass de Pensiounsfong, wéi och nach aner Etablissementer aus der Sécurité sociale domadder Gebaier gebaut hunn, Ministère gebaut hunn, Verwaltunge gebaut hunn an ënner anerem dat Haus, wou den Här Minister haut dra sëtz. Och déi si mat Sue gebaut ginn a geschafe ginn, déi de soziale Versécherungsträger gehéiert hunn.

Dat selwecht fir europäesch Gebaier, déi hei zu Lëtzebuerg gebaut gi sinn, déi si mat deene Reserve gebaut ginn, déi an der Pensiounskeess do waren, well et sécher war, dass déi Locataire do, de Staat respektiv d'Europäesch Kommissioun, dass do d'Gefor relativ kleng war, dass se op eemol net méi géife bezuelen.

An ech mengen, och dat dierf een an deem ganze Kader net vergiessen. An ech ka mech erënneren, wéi ech nach e bësselche méi jonk war, also nach méi jonk, do war ech an der École supérieure du travail. An dat war eng Schoul, wou ee vill iwwert d'Sécurité sociale, iwwert d'Aarbechtsrecht geléiert huet. Dat eent Joer war et d'Sécurité sociale, dat anert war et d'Aarbechtsrecht a wéi dee ganze System och fonctionéiert, wéi dat bei de Pensiounskeese mat den dräi mol 8 % fonctionéiert. Am Ufank waren et zwee mol 8 % a 7 % huet de Staat bäigeluecht. An et ass eréischt méi spéit derzou komm, dass et dräi mol 8 % gi sinn. Da kënnen elo verschidde Leit rechnen, wéini ech an der École supérieur de travail war, wa se déi Formel nach wëssen.

Dass do ëmmer eng Diskussioun war ... Do sinn et nach méi Regimier ginn. Do ass et nach de Regimm gi vun der Aarbechterpensiounskeess, et ass de Regimm gi vun der Beamtepensiounskeess an d'Privatbeamten haten alleguerten d'Méiglechkeet, déizäit och e Prêt bei der Pensiounskeess ze maachen, wa se en Haus wollte bauen.

Ech weess net, ob där heibanne sinn, déi hiert Haus esou konnte bauen an esou konnte finanzéieren, mee dat ass gaangen, well déi Reserven den Assuréeen deementspreechend zur Verfügung gestallt gi sinn. Ee vun de Kritikpunkte war ëmmer: Firwat just deen ee Regimm an all déi aner net, well bei den Aarbechter ass dat nämlech net gaangen. Et war just d'Privatbeamtepensiounskeess, déi dat gemaach huet, well domadder och eppes fir de Logement gemaach ginn ass. Wat do och méiglech war, war den Assuréeen, déi bei hinne verséichert waren, ze hëllefen, fir fir méi en interessante Präis kënnen Suen ze léinen an och déi Suen ze kréien, fir sech kënnen véier Wänn unzeschaffen.

A wann een dann déi Diskussioun weiderentwéckelt, da muss ee jo wëssen, dass dat e Marché war, deen op eemol net méi interessant war, well d'Zënspolitick bis virun net allze laanger Zäit war net méi grad déi allerschéinst, déi allerflottst, dach, fir verschiddener ganz flott, fir anerer manner flott. Et hänkt dovunner of, op wat fir enger Säit vum Dësch Der souzt. Mee do waren d'Zësen net méi bei 5 % oder 6 %, wéi déi Zäit, vun där ech geschwat hunn, wou dat awer duerchaus normal war. An duerno ass d'Diskussioun och am Comité, déizäit vun der Pensiounskeess, komm, dass et vläicht wichteg wier, och e Fong ze schafen an dass een déi Placementer aneschtens kéint maachen. Dorausser ass de Fonds de compensation geschafe ginn.

An ech wëll do och dat ënnersträichen, wat de Minister gesot huet. Den Hauptpunkt am Code de la sécurité sociale ass: „La réserve de compensation est placée dans le but de garantir la pérennité du régime général de pension.“ Dass dat d'Haaptaufgab ass, déi dee Fong huet an dass et d'Haaptaufgab ass, mat deene Sue vun den Assuréeen alleguerten déi beschtméiglech Saach ze maachen.

An et muss ee jo och wëssen, wa mer hei heiansdo iwwert de Staatsbudget schwätzen, da schwätze mer jo ëmmer iwwert d'europäesch Krittären an iwwert d'Finanzkrittären, da schwätze mer ëmmer iwwert den Zentralstaat. Da schwätze mer ëmmer vun enger zweeter Linn. Dat ass d'Sécurité sociale. An och do ass et gutt, dass mer esou Saachen wéi de Fonds de compensation hunn, well an der Sécurité sociale alleguerten déi Suen do zesummekommen. An dann ass eng drëtt Kolonn do, dat sinn d'Gemengen a wéi déi do stinn. An dat spillt och alles ëmmer eng Roll, wa mer an den internationalen Diskussiounen sinn dorriwwer, wéi Lëtzebuerg do steet, wat seng Finanzen ubelaangt a wéi Lëtzebuerg do steet vun Triple-A oder net Triple-A, da sinn dat och Saachen, déi mat berücksichtegt ginn.

A wa mer dofir hei bei dem Fonds de compensation elo hei an der Sécurité sociale driwwer schwätzen – also hei elo am Plenum, mee dass et d'Kommissioun ass vun der Sécurité sociale an net d'Kommissioun vun de Finanzen –, dann ass dat eng vun den Erklärungen, well et nämlech d'Sécurité sociale ass, där dee Fong hei ënnersteet, a well et d'Sozialversécherungen, d'Assurée, déi hire Comité directeur, dee wéi d'Tripartitt zesummegesat ass – net de Comité directeur, mee hire Comité, wou déi dräi Säiten dra sinn ... An et si jo och si, déi zesumme mat hirer Direktioun dee Rapport, dee mer elo virun eis leien hunn, ausgeschafft hunn, wou mer awer och wëssen, dass d'Patronen an d'Regierung deem Dokument d'Zoustëmmung ginn hunn an dass d'Salariat-säit deem Punkt net d'Zoustëmmung ginn huet, an dat aus verschiddene Grënn, wou ech nach wäert am Kader vu menger Ried drop zrëckkommen.

Wa mer hei vun där ganzer Diskussioun schwätzen, wéi gesot: Et ass wichteg, nohalteg ze investéieren, mee et ass awer och wichteg, dass mer ëmmer drun denken, dass mer och en nohaltege Pensiounssystem hei zu Lëtzebuerg fir de Privatsecteur brauchen an dass mer deen och behalen.

Une voix | Très bien!

M. Marc Spautz (CSV) | Mir haten an deenen Diskussiounen, déi mer haten, déi de Minister ugestouss huet an déi de President vun der Kommissioun vun der sozialer Sécherheet a vum Travail presidéiert huet, dräi äusserst interessant Sitzunge mam Här Reuter, dem Här Fries an dem Här Würth vum Fonds de compensation, wou mer och den Abléck kritt hunn an den Detail, net nëmme den Abléck iwwert den Internetsite, wou een zwar alles drop fënnt, och wat ech Iech elo hei wäert zielen ... Wann Der den Internetsite consultéiert hutt, dann entschëllegen ech mech bei Iech, wann Der déi Säiten alleguerte gelies hutt, well ech wäert do vläicht verschidde Saache widderhuelen, déi Der och do konnt liesen. Et ass awer och wichteg, déi Diskussioun eng Kéier heibannen ze féieren an et war och äusserst interessant, déi Diskussioun mat deenen dräi Leit vum Comité directeur vum Fonds de compensation ze hunn, wou och de Minister a seng Beamten dobäi waren, wou een déi Froe konnt stellen, déi engem ënnert de Fingere gebrannt hunn a wou et och wichteg war, ze wëssen, wat fir e Wee mer wëlle goen an a wat fir eng Direktioun mer musse goen, fir och kënnen souwuel richtig a gutt Placementer ze maachen, awer och wéi mer

kënnen kucken, dass dat en anere Wee gëtt, méi nohalteg gëtt, fir och déi Finanze kënnen unzeleeën.

An an deem Rapport fënnt een zum Beispill eraus, dass do op där Lëscht – de Minister huet scho virdrun e bëssen driwwer geschwat – Betriber waren, déi op der schwacher Lëscht stoungen. Dat waren der an der Zäit 60. Duerno waren et der 120. Et ass elo op iwwer 150 Betriber ugewuess, wou opgrond vun deene Krittären, déi festgehalte gi sinn, déi Betriber net méi selektiv sinn, fir kënnen Investissementer ze maachen. Et ass dat selwecht mat groe Lëschten. De Minister huet et virdrun erkläert. Fir déi gro gëllt, dass et fir d'éischt gro ass, ier et schwaarz gëtt. Bei den Hoer ass et emgedréint, do huet ee fir d'éischt seng Faarf an duerno gëtt ee gro.

(Hilarité)

Mee hei ass dat esou, dass do iwwer 150 Betriber drop stinn an dass do keng Investor méi gemaach ginn, an dass et och wichteg ass, dass säit 2017 bei de Green Bonds Investissementer stattfannen.

Haut sinn et 27 Milliarden, déi an deene Reserven dra sinn, opgrond vun deene Chifferen, op déi mer eis baséiere vun 2021, well dat dat lescht Joer ass, wat ofgeschloss ginn ass. Et si 6.000 Sociéitéiten. Dat muss ee sech emol op der Zong zergoe loosse! Et si 6.000 Sociéitéiten, wou sech engagéiert ginn ass, wou Sue vun deem Fong mat dra sinn. Et si 25 Kompartimenter an et sinn 18 Gestionnairen. Et ass net d'Pensiounskeess selwer, déi dat mécht, mee et si Gestionnairen, déi mat hinnen zesumme dat uginn, fir déi Suen ze verwalten an och fir ze kucken, fir an déi richteg Betriber kënnen ze investéieren, déi och deene Krittären entsprechen, wéi et virdu scho gesot ginn ass, vun dem Accord de Paris, mee awer och gläichzäiteg vun den UNO-Resolutionsen, déi an deenen eenzelne Punkte geholl gi sinn, a wou et och wichteg ass, dass de Pensiounsfong vun der Pensiounskeess sech un déi Krittären hält, well dat eng Obligatioun ass, de Minister huet et ënnerstrach. Et war jo schliisslech d'Chamber, déi déi Saachen heibanne ratifizéiert huet, an d'Chamber huet gesot: „Mir wëllen net, dass op deene Punkten do nach iergendepes investéiert gëtt!“

Da komme mer zum Punkt vun der Taxonomie. An d'Taxonomie ass jo an deemem Punkt ee vun deenen Haaptkritikpunkten. Mir hunn heibannen eng Kéier dovu geschwat, virun zwee respektiv dräi Joer – ech mengen, et war nach virum Covid, ech sinn awer net méi ganz sécher –, do hate mer eng Diskussioun heibannen an do ware mer eis alleguerten eens, dass mer verschidde Saache missten aneschtens maachen.

Duerno koum awer de 24. Februar 2022 a Russland ass an der Ukrain amarschéiert. A säit deem 24. Februar 2022 ass net nëmme viles aneschtens op de Finanzmäert, et ass viles aneschtens fir déi Leit, déi an der Ukrain liewen, mee et ass awer och viles aneschtens, wat den Energiemaart ubelaangt, net nëmme hei zu Lëtzebuerg, mee a ganz Europa, jo souguer op där ganzer Welt.

A mir hunn eng Diskussioun. Mir hunn héieren, d'Regierung rufft d'Tripartitt zesummen, well mer wëssen, dass nach wäert eng zousätzlech Indexbranche kommen. A mir hunn och beim Statec gëscht an hirem Rapport héieren, dass d'Energiepräisser, wat Gas, Elektresch an Ueleg ubelaangt – Ueleg manner, mee Gas an Elektresch –, wäerten 2024 duerch de Plaffong goen, wann do net nach Moosnamen, sief et weidergefouert gi respektiv nei Moosname kommen.

A bei der Taxonomie huet jo och eng Diskussioun op europäeschem Niveau stattfonnt. Mir hu jo och op europäeschem Niveau driwwer geschwat: Wat ass gréng Energie? Wat ass net gréng Energie? Wat ass Atomenergie? Gehéiert Atomenergie dozou? Ass dat

eng alternativ Energie oder net? Ass Atomenergie eng propper Energie? Oder och net? Dann därfer een natierlech och do den Atommüll net vergiessen. An et muss een och nach aner Punkte kucken.

An do hunn ech eppes erëmfonnt an enger Zeitung, déi heescht „Süddeutsche Zeitung“, also net eng Zeitung, déi mir bluttgruppeméisseg sollt terribel nostoen. Déi huet do ënnerstrach, datt do eng Kéier eng Madamm Greta Thunberg war – dat seet bestëmmt deem engem oder deem aneren eppes heibannen –, déi do eng Kéier an enger Talkshow war. An do hu se och doriwwer geschwat, wéi et dann elo weidergeet mat der Energieproblematik. An do ass ënnerstrach ginn, ech zitieren – hei op Däitsch, et war bei der Madamm Maischberger bei der ARD –, dass et dann zu deem Zäitpunkt, wann d'Atommeilere scho lafen, vläicht besser wier, déi lafen ze loosse, wéi dass mer elo géifen a Kuel investéieren an erëm Kuelekraaftwierker ugeheien, fir da kënnen ze kucken, fir aus Kuel elektresch Energie ze maachen, well och dat wier alles anescht wéi gutt fir d'Natur an dat wier och alles anescht wéi gutt fir d'CO₂-Bilanz vun der Welt. Dat war d'Madamm Greta Thunberg bei der ARD an ech zitieren hei dat, wat an der „Süddeutsche“ vum leschte Samschdeg war a wou Der dat kënt noliesen. Och do fannen Diskussiounen statt, wat richteg ass a wat net richteg ass.

Och op europäeschem Niveau am Europaparlament war keng eenheetlech Meenung, jo, ass och keng eenheetlech Meenung, dass jiddwereen dat d'selwecht gesinn hätt. Also, ech muss och soen, ech perséinlech sinn och nach wie vor kee grouse Frënd vun der Atomenergie, mee ech weess awer, dass et méi einfach ass, nach e Meiler lafen ze loosse, wéi dass mer elo erëm Kuelemeilere ugeheien, wou mer wëssen, dass dat fir d'CO₂-Bilanz nach méi schlecht ass wéi dat, wat mer elo hei diskutieren.

A wa mer déi Diskussioun da féieren an och an en anere Volet eraginn – an ech mengen, de Minister huet et ënnerstrach –, dann ass et och wichtig, dass mer all déi Investissemter, déi mer tätigen, reegelméisseg kontrolléieren. Wat och geschitt! Dass kontrolléiert gëtt, a wat fir eng Betriber investéiert gëtt an a wat fir eng net!

An ech wëll dann elo bewusst hei e bësse provokativ ginn. Mir hunn zwou grouse Loftfaartfirmaen. Déi eng, dat ass eng, wou mir viru véier Wochen, wann ech mech nach gutt kann erënneren, Här President, heibannen iwwer e Fliger ofgestëmmt hunn, deen huet M400 (veuillez lire: A400M) geheescht. An dee gehéiert engem Grupp, ech mengen, en heescht Airbus. Dat ass d'europäesch Fligerindustrie, déi baue Fligeren am militäresche Beräich an déi baue Fligeren am ziville Beräich.

An dann hu mer eng Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg, wou de Staat och mat dran ass, awer och nach anerer, an et fueren der ganz vill mat där an d'Vakanz. An déi fléie mat Fligeren, do steet Boeing drop. An och Boeing investéiert net nëmme an zivill Fligeren, mee Boeing investéiert och a Militärfliageren.

Wa mer dann elo allkéiers an all Detail kucke bei deene Fligeren, därfer mer dann nach an eng Boeing oder an eng Airbus klammen, deemno wou mer hifueren? Oder muss mer do net och soen: „A, dat geet net méi!“?

Oder huele mer Energiekonzerner: Gëschter hat en Energiekonzern seng Generalversammlung an en huet gesot, en hätt dat beschte Resultat a senger Geschicht. Fir dass Der net braucht nosichen ze goen: Dat ass TotalEnergies! Déi hu gëschter dat gréisste Resultat an hirer Geschicht ugekënnegt. Déi si bekannt bei eis alleguerten, net fir d'24 Stonne vu

Spa-Francorchamps, mee hir Haaptaktivitéit ass am Bensinns-, Masutts- an am Pétrolsberäich.

Mee si sinn awer och e groussen Investor fir alternativ Energien, wou se och amgang sinn, ganz vill ze maachen. An och do ass et dann ëmmer wichtig: Wou fanne mer dann do den Ënnerscheid? Wien ass dann elo do dee Propperen? A wien ass dann elo do dee Knaschtegen? An dat sinn déi Diskussiounen bei all deene Firmaen, déi do um Dësch leien, déi een awer och muss féieren, an a wat investéiert gëtt an a wat net investéiert gëtt.

Mir sinn eis eens: Et soll een net onbedéngt an d'Waffenindustrie investéieren.

(Interruption)

Kommt, mir soen elo mol den Ukrainer dat a kommt, mir stellen elo mol alleguerten déi Froen: Dat Material, wat jo do vun der Europäescher Unioun geliewert gëtt – et ass zwar net d'Europäesch Unioun, et sinn NATO-Staaten, mee ech mengen, heiansdo sinn et déi selwecht –, dat gebraucht gëtt an deene Situationen, déi mer kennen ... Musse mer dann net och déi Diskussioun zu deem Zäitpunkt féieren? Dat hei ass jo limitéiert, den Här Minister verbessert mech, dat hei geet elo bis 2027, op dat mer eis hei festleeën. Ech weess net, wéi 2027 ausgesäit. Wann Der mech gefrot hätt 2019, ob 2023 soi-disant e Krich um europäesche Kontinent géif stattfannen, dann hätt ech gesot: „Du spënn!“ Mee an Zwëschenzäit ass dat de Fall. Dofir weess ech och net, wat 2027 geschitt. An dofir muss ee wëssen, wa mer elo vun Investissemter schwätzen, dass een, wann ee vun de Firmae schwätzt, och ëmmer muss drun denken, dass et do Duechtergesellschaften gëtt an dass déi dann net alleguerten an déi sougenannten, wéi ech dat virdu gesot hunn, „knaschteg Industrie“ investéieren.

Da muss mer och schwätzen iwwer all déi Kuelestoffdioxid, déi et gëtt, d'Karbonisierung. Och do si mer Engagemter agaangen. An ech mengen, dass dat och nach ëmmer en Engagement ass, fir dee mer solle stoen. Et ass scho gesot ginn: Den Accord de Paris huet eng grouse Wichtigkeet fir eis. Mir wëssen alleguerten, dass mer op deem Planéit hei net eleng sinn an dass mer mussen oppassen, wat mer hei mam Planéit maachen. Mee et ass dofir awer genaousou wichtig, dass mer kucken, wéi et ka viruoen a wat déi eenzel Investissemter sinn. Mir mussen a gréng Energien investéieren, mir mussen eise System, wat d'Energie ubelaangt, ëmbauen, mir mussen op alternativ Energien erauskommen!

Mee et därfer een awer och net vergiessen: Mir hei zu Lëtzebuerg, an den Energieminister – ech weess net méi, ob dat gëschter war oder ob dat virun dräi Woche war – hat et eng Kéier ënnerstrach, sinn nach ëmmer fir de Gros vun deem, wat Lëtzebuerg um Energiemarché brauch, net Selbstversuerger. Mir ginn nach ëmmer akafen dorëmmer, well mer et bis elo nach net fäerdegbruecht hunn, fir eise System esou ëmzebauen, dass mer kënnen selwer déi Energie herstellen, déi mer brauchen.

Dat ass bei verschiddene Länner an Europa anescht, wann ech da kucken op dee gréisste Fong, deen et gëtt: Norwegen heescht dat Land, déi hunn ee ganz grouse Fong, wat d'Energie ubelaangt, och wat d'alternativ Energien ubelaangt. Mee et ass awer och ee vun deene gréissten Energieträger, déi et gëtt an Europa. Et ass ee vun de gréissten Energieträger, déi et gëtt, an déi hunn och d'Méiglechkeet, déi Alternative vill méi séier spillen ze loosse wéi mir hei. An dat ass déi Diskussioun, mengen ech, wou een och ëmmer muss objektivéieren a wou een och ëmmer sech muss bewusst sinn, wat ee wëllt maachen a wat net.

Fir all déi Diskussiounen an all déi Beispiller, déi ech elo heibannen zitieren hunn – fir déi Kolleegen, déi mat an den Diskussiounen derbäi waren –, si Beispiller derbäi, déi ech och schon allkéiers an deene Sitzungen ugoustous hunn. Ech wëll drop hiweisen, dass een elo ka soen: „Dat do ass alles schlecht, wat mer maachen, an déi Investissemter, esou wéi se elo um Dësch leien a wéi se proposéiert gi vum Fonds de compensation, sinn net gutt!“ Mee, Kolleeginnen a Kolleegen, et soll een och ëmmer bedenken, wat dat bedeit, an dass et dofir och wichtig ass, dass elo déi Investissemter fir déi nächst véier Joer gemaach ginn, dat am Interêt souwuel vun eisem Pensiounssystem, mee awer och am Interêt vun all deene Projeten, déi heibannen ënnerstëtzt ginn.

An deem Dokument, wat mer kritt hunn a wat all Mënsch kann nokucken, wat och duerno wäert publizéiert ginn, do sinn Annexen derbäi. Do sinn Annexen derbäi, wou och allkéiers drasteet am Detail, wiwill vun de Suen investéiert gëtt a wiwill net investéiert gëtt. An do war ëmmer déi gälle Reegel, dass 5 % de Maximum ass, deen op iergendee Projet erausgeet, et sief dann, de Staat géif ausdrécklech soen, an da kann et bis op 15 % eropgoen: „Mir hätte gär, dass Der dat eent oder dat anert maacht!“ Dat ass mol geschitt, wann en e bestëmmt Gebai gären onbedéngt gebaut hätt oder e bestëmmte Projet onbedéngt gäre géif realisieren. Do huet de Staat d'Méiglechkeet, d'Pensiounskeess ze bidden, ob se net do kéint déi Investissemter maachen, déi noutwendeg si fir d'Lëtzebuurger Economie a fir d'Lëtzebuurger Land.

Ech ka mech erënneren, do war et de Fong nach net, et ass emol eng Kéier e Satellit an d'Luucht geschoss ginn, do huet et och geheescht: „Mir brauche Suen!“ An och do huet deemools de Pensiounsfong matgeholf an huet deemools Aktie kaaft vun där Gesellschaft, déi de Satellit bedriwwen huet.

Och do ass et wichtig, an dat gëtt och eng Kéier ënnerstrach, dass ee weess, wat alles an deene Fongen ass, an dass et awer gläichzäitig net méiglech ass – et wär vläicht méiglech, mee ech mengen, et géif awer e groussen Opwand –, datt een och an deene 6.000 Generalversammlungen ëmmer present ass, wann déi stattfannen, vun all deene Betriber, wou investéiert gëtt. Mee ech weess just net, wien deejéinege wier, dee Glécklechen oder deen Onglécklechen, deen alleguerten déi Generalversammlung géif besiche goen. Well et muss ee sech do och ëmmer bewusst sinn, och wann d'Aushängeschëld vun engem Betrib vläicht de Fliger ass oder de Masutt oder de Pétrol, dass awer och nach ëmmer alternativ Projeten do kënnen hannerdränken.

Dann ass et och wichtig, an Infrastrukturen ze investéieren, déi d'Land dréngend brauch. An de Minister huet scho gesot, dass mer och op anere Punkte wëllen de Betriber hei zu Lëtzebuerg hëllefen an dass och do d'Méiglechkeet besteet, dass déi kënnen Hëllef kréien, deemno wat se maachen, dass och d'Lëtzebuurger Economie kann dovun profitieren. Dat alles ass mat an deem Punkt, deen de Moment am Virschlag vun dem Fonds de compensation dran ass. Do wier et méiglech, fir der Economie kënnen ze hëllefen a fir gläichzäitig Placemter ze maachen am Interêt vun den Assurén, fir domadder och déi Reserven nach méi laangfristeg ofzesécheren.

An ech wëll just soen, datt mer d'Fro gestallt haten an der Kommissioun, wiwill Suen dann déi lescht Joren duerch déi Investissemter gemaach gi sinn. Ech iwwerloossen et dem Minister, herno den Detail ze soen. Mee dat ass ...

M. Claude Haagen, Ministere de la Sécurité sociale | Dir wësst et!

M. Marc Spautz (CSV) | Dat ass am zweestellige Milliardeberäich, wat dat bis elo erabuecht huet. An dat war am Interêt vun all deenen Assuréen. An ech mengen, dass et och eng Wichtegkeet huet fir eis, dass mat deene Gelder, déi den Assurée gehéieren, dat Beschtméiglecht gemaach gëtt, fir déi Systemer ofzesécheren an dass mer en nohaltege Pensiounssystem hunn. A wa mer en nohaltege Pensiounssystem hunn, dann ass et och wichtig, dass de Pensiounsfong nohaltege kann investéieren. De Moment ass an der Taxonomie virgesinn, dass Atomenergie kann derbäibleiwen. An dofir kënnen mir awer soen, dass mir dee Programm hei matënnerstëtzen, well mir der Meenung sinn: Dat ass eng vorübergeeënd Saach. An net dass elo ee kënnt: „D'CSV huet 2019 eppes aneschter gesot an deem dote Punkt!“ Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren: 2019 war viru Februar 2022! An do huet de Marché vun der Energie sech komplett geännert. An dofir kënnen mir eis Zoustëmmung ginn zu där Propos, déi elo vum Fonds de compensation virläit.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, wann ee säi Liewe laang geschafft huet, da soll een am Alter och ofgesécher sinn. Wann ee säi Liewe laang cotiséiert huet, zur Gesellschaft bäigedroen huet an de Wuelstand vun eise Land matgeholfen huet ze erwirtschaften, da soll een och an der Pensioun e wierdegt, en dezent Liewe kënnen féieren an net an d'Aarmut ofrutschen.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e ganz performanten, e ganz gudde Pensiounssystem. Eis Matbierger mussen sech keng Suerge maachen, spéiderhin net méi iwwert d'Ronnen ze kommen. Altersarmut, wéi mer se aus eisen Nopeschlänner kennen, gëtt et an deem Mooss net bei eis heiheim.

Et muss een et dohier als eng absolutt Prioritéit bezeechnen, dëst an Zukunft ze vermeiden an d'Pensioun laangfristeg ofzesécheren. Et ass eng Fro vun der sozialer a vun der intergenerationeller Gerechtigkeit. Mir sinn et deene Jonke schëlleg, dass déijéineg, déi haut abezuelen, och an Zukunft selwer eng Pensioun kréien.

De Fonds de compensation, och Pensiounsfong genannt, ass en zentraalt Instrument an deem Kader. Eis Reserven esou unzeleeën, dass eise Pensiounssystem op laang Dauer viabel, also liewensfäeg ass, dass genuch Rendement do ass, fir d'Pensiounen ausbezuelen, dat ass säi Sënn, dat ass säin Zweck.

Dat ass d'Haaptmissioun vum Pensiounsfong, déi mer – a mäi Virriedner huet et schon ënnerstrach – op kee Fall däerfen aus den Ae verléieren. Déi zukünftige Generatione mussen dorobber bauen a virun allem vertraue kënnen. Si mussen vergewëssert sinn, dass d'Reserve vun deem Fong verantwortungsvoll geréiert ginn.

Aktuell belafe sech d'Reserve gutt iwwer 26 Milliarden Euro; Reserven, déi duerch eng rasonabel, pragmatesch a virsiichteg Gestiou opgebaut konnte ginn. An et ass wichtig, op deem Wee weiderzefueren. Mir dierfen net vergiessen, dass de Pensiounsfong eng Responsabilitéit vis-à-vis vun de versécherter Persounen, virun allem de Salariéen, dréit. D'Kapital muss esou investéiert ginn, dass et Friichten dréit.

Op där anerer Säit bréngen déi ronn 26 Milliarden Investitionsvolumen – also mir leien tëschent 26 a

27 Milliarden, esou genee weess ech dat och net auswenneg – och eng grouss Responsabilitéit mat sech. Mat Geld gëtt Politick gemaach.

Jo, investéieren heescht, Aktivitéiten ënnerstëtzen, heescht, Aktivitéite féieren.

Et ass dowéinst wichtig, dass d'Investitiounen vum FDC, also dem Pensiounsfong, mat eise generelle politeschen Ziler alignéiert sinn, also net contraire derzou sinn. Et ass eng Fro, jo, vun der Kohärenz vun der Politick. Dozou gehéieren natierlech un éischter Stell de Respekt vun de Mënscherechter an de Respekt vun den internationalen Normen an Traitéen, déi Lëtzebuerg ënnerschriwwen huet an zu deenen och de Paräisser Klimaaccord zilt.

Virun allem a puncto Nohaltegkeet sinn an de leschte Jore scho vill Ustrengunge bei der Gestiou vum Fonds de compensation gemaach ginn, fir d'Ziler vum Paräisser Klimaaccord ze respektéieren. Dës Entwécklung huet 2010 mat der Formaliséierung vun enger responsabeller Investitionspolitik ugefaangen. Dat huet bedeit, dass zum Beispill all Joer d'CO₂-Intensitéit um Niveau vun der SICAV gemooss gouf an och den Alignment par rapport zum Zenario vun enger Zweegrad-Erwiermung.

D'Liste d'exclusion, déi zanter 2011 existéiert, ass e weidert essenzielt Instrument vun enger nohalteger Investitionspolitik. Op dëser Lëscht, déi och ëffentlech zougänglech ass, stinn Entrepreneuren, déi déi streng ESG-Krittären net erfëllen an esou vun den Investitiounen ausgeschloss sinn. Aktuell stinn op dëser Lëscht 137 Entrepreneuren. Dat krute mer an der zoustänneger Kommissioun am Echange mat de Responsablen vum Pensiounsfong gesot. Domadder ass déi Lëtzebuergesch Lëscht eng vun deene längsten Ausschlosslëschten.

An der Kommissioun gouf eis och matgedeelt, dass aner Länner, zum Beispill eist Nopeschland d'Belsch, Referenz op eis Exklusivlëscht, op déi vu Lëtzebuerg, maachen. Dat huet also schon duerchaus eng gewëssen Envergere.

Weider 180 Firme stinn op der groer Lëscht, also ënner Beobachtung. Si ginn engem sougenannte „processus d'engagement“, wéi dat an der Fachsprooch heescht, ënnerzunn. Jee no Resultat gi si dann als konform agestuift oder kommen och op d'Liste d'exclusion. Dat ass e weidert Mëttel, wéi d'Entrepreneuren derzou verflücht solle ginn, hir Beméiungen hin zu méi ekologescher Verantwortung a sozialer Gerechtigkeit ze intensivieren.

Weider Entwécklungen, déi de Pensiounsfong duerch gemaach huet, sinn d'Afëiere vun nohaltegen Investitionsusätz, vun enger järelecher Carbon-Footprint-Analys an enger Analys iwwert d'Anhale vun de Paräisser Ziler. Den FDC verspärt sech also neien Entwécklungen net, ganz am Géigendeel.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et wichtig, dass dës Ustrengunge weidergefouert ginn an d'Investitionseenen nach méi staark u Krittären vun der Nohaltegkeet an dem Respekt vun de Mënscherechter gebonne ginn.

Mat der neier Investitionsstrategie wäert d'Liste d'exclusion nach erweidert ginn. Zousätzlech soll en Infrastrukturmandat mat Fokus op Clean-Energy-Projete wéi zum Beispill Solar- a Wandparken an Héicht vu 500 Milliounen Euro implementéiert ginn. Eng hallef Milliard, déi eenzeg an eleng a soutenabel Projekte fléisst, dass ass en décke Batz Geld an dat kënnen mer dowéinst och nëmmen ausdrécklech begrëssen.

Gläichzäitig dierf de Pensiounsfong säin zentraalt Zil net aus den Ae verléieren. Seng Investitiounen mussen e gewëssene Rendement ervirbréngen, also

wirtschaftlech, ekonomesch sinn, fir d'Pensiounen vun de schaffende Leit ofzesécheren. Et gëllt also, d'Gläichgewicht ze fannen tëschent engersäits Krittären vun der Nohaltegkeet an de Mënscherechter respektéieren, an anersäits eis Pensiounen ofzesécheren. Et ass dëst, jo, ass e Balance-Akt, deen net esou evident ass, wéi ee mengt kéint.

(Interruption)

Här President, mir sinn an enger Iwwergangsphas, enger Transitionphas. Verännerunge brauchen hir Zäit a sinn net vun haut op muer ofgeschloss. Dat ass d'Realitéit. An et ass e Fakt, dass nohaltege Investitionsméiglechkeeten nach begrenzt sinn.

Ech ginn Iech e Beispill: Mam Budget fir d'Joer 2021 hu mer e Steiervirdeel op der Taxe d'abonnement agefouert fir Fongen, déi no der europäescher Taxonomie investéieren. Mam Budget fir dëst Joer hu mer d'Krittären, fir vun der reduziierter Taxe d'abonnement ze profitéieren, ugepasst, fir Investitiounen a Gas oder Atom net méi ze féieren. An deem Kader krute mer vun der Finanzministesch gesot, wéi vill Fongen da vun deem Steiervirdeel bis elo profitéiert hunn. Et waren der zwee. Op enger Finanzplaz, déi Virreider an der Fongindustrie ass, déi méi wéi 6.000 Milliarden Euro Kapital geréiert, hu grad emol zwee Fonge vun deem Steierkredit profitéiert! Dat läit net eleng dorunner, dass et net genuch nohaltege Investitionsméiglechkeete gëtt. Dat läit och drun, dass et aktuell nach eng Partie, eng Rei Schwierigkeete mam Reporting gëtt, fir sécher ze wëssen, a wat een dann investéiert. Ech kommen duerno nach méi am Detail op déi sougenannt Sustainable Finance Disclosure Regulation ze schwätzen.

Léif alleguer, wa mer vun elo un nach just an Entrepreneuren a Fongen investéiere géifen, déi d'ESG-Krittären zu 100 % erfëllen, dann hätt dat virun allem eng Konsequenz: Mir géifen eis a puncto Investitionsméiglechkeeten daitlech aschränken! Dat géif bedeuten, an een Echange an der Kommissioun huet dat och gewisen, dass mir, fir dee selwechte Rendement ze generéieren, e méi héije Risiko agoe missten. A méi en héije Risiko kann zwar zu méi Rendement féieren, mee nëmmen, wann alles geet, wéi geplangt. Wann net, da kéint de Fong och Verloschter maachen, wat sech negativ op déi versproche Pensiounen fir d'Leit, déi en droit sinn, fir eng Pensioun ze kréien, auswierke géif. Wier dat wierklech verantwortungsvoll? Sécherlech net.

Här President, mir däerfen an dëser Diskussioun net d'Kand mat der Bidden ausschëdden. Natierlech wëlle mer d'Nohaltegkeet bei den Investissementen virundreiwen, mee mir mussen hei pragmatesch a vernünfteg virgoen. Dat bedeit och, eng Konzentration vum Invest ze evitéieren a gläichzäitig de Risiko ze streeën, andeems weltwäit an diversifizéiert investéiert gëtt, also an ënnerschiddlech Aktivklassen, Secteuren a Regiounen.

Fir d'DP ass et wichtig, eng nuancéiert Diskussioun ze féieren, an där de Realitéiten um Terrain Rechnung gedroe gëtt a wou mer net an eng dogmatesch Denkwies verfalen, wou alles entweder total schwaarz oder ganz wäiss ass. D'Welt ass net schwaarz a wäiss, mee besteet aus ville Schattéierungen, aus villen Nuancen. Wien dës Wierklechkeet verkenne wëllt, dee spillt hei mat der Ofsécherung vun de Salariéen, déi eng dezent Pensioun versprach kritt hunn.

Firmer ze boykottéieren, am plaz hir Ressourcen an hiren Knowhow ze notzen, ass net zillféierend. De Marc Spautz huet och virdrunner e puer Beispiller genannt. Vill Pétrolsfirmen hunn d'Wëssen an d'Méiglechkeete fir d'Transitioun, also fir de progressiven Iwwergang an erneierbar Energien anzeleeden, a si

maachen dat haut schonn, och wann dat sécherlech dacks méi séier kéint goen.

Do ass et dach besser, si op dësem Wee ze begleeden, si ze incitéieren, méi séier um Wee vun der Nohaltegkeet weiderzokommen. D'Viraussetzung muss natierlech ëmmer déi sinn, dass dës Entrepreneuren och e reellt a spierbaar nohaltegt Engagement nowiesen, wéi eng Exitstrategie aus fossillen Energien oder aus der nuklearer Energie.

Bei der Diskussioun, dem Debat oder dem Echange iwwert de Pensiounsfong a seng Investitiounsstrategie gëtt dacks nach e weidere Punkt op den Dësch geluecht; dat ass dee vun der EU-Taxonomie. Mat dësem Reglement solle klimafreundlech an nohaltegt Investitioune geziilt gefërdert ginn. Aktuell léisst dës Taxonomie nach direkt Investissementer a Gas an an Atomkraaft zou. Dat gouf vu ville Säite kritiséiert, well dës Energiequellen a villerlees Hisiicht net als nohaltegt agestuft dierfte ginn. Lëtzebuerg huet sech Éisträich dann och an enger Klo virum Europäesche Geriichtshaff ugeschloss, déi d'Klassifikatioun vu Gas an Atom oder Atomkraaft als nohaltegt réckgängeg maache soll.

Verschiede Leit gesinn an dësem Verhale vun der Regierung e Widdersproch. Deem ass awer net esou. Et handelt sech hei ëm zwou ënnerschiddlech Diskussiounen. Fir d'Regierung si Gas an Atomkraaft keng nohaltegt Energiequellen. Dowéinst dierf een och net zuloossen, dass dës Produiten als nohaltegt agestuft ginn. Bei der Investitiounsstrategie vum Fonds de compensation ënnerleien Entrepreneuren strenge Ufuerderungen. E Gerant vun engem Portfolio dierf just a Projeten an a Firmen investéieren, déi dës Krittären zefriddestellend erfëllen. Ma och Entrepreneuren, déi aus der Gas- oder Atomkraaftindustrie kommen, kënnen en Engagement weisen, fir dës Industrie hannert sech ze loossen an hir Aktivitéiten méi nohaltegt auszerichten. A genee an dësen Engagement sollt investéiert ginn, fir eng ekologesch an eng energieetesche Transitioun proaktiv ze begleeden.

Léif alleguer, e weidere Punkt, op deem ech nach agoe wëll, ass dee vum indirekte Kontakt zu den net nohaltegen oder net sozial gerechten Entrepreneuren oder Produiten, well jee nodeem, wéi dësen indirekte Kontakt definéiert gëtt, kéint dat en déifgräifenden Impakt op d'Investitiounsstrategie vum Pensiounsfong vum FDC hunn.

Den indirekte Kontakt mat net nohaltegen oder net sozial gerechte Produkter oder Firms muss fir Investisseuren natierlech fir d'ëischt däitlech erkennbar sinn. Zanter Januar 2023 ass dowéinst eng nei Regulatioun a Kraaft, kuerz SFDR oder op Däitsch Offenlegungsverordnung.

Dës Regulatioun schreift vir, dass d'Finanzinstituter noweise mussen, dass bei eisen Investitioune bestëmmt Nohaltegkeetsstandarden erfëllt ginn. D'Zil ass et, fir e Greenwashing ze verhënneren. Prinzipiell ass un dëser Approche näischt auszesetzen. D'Ëmsetzung wäert awer nach eng Zäit Schwieeregkeete maachen, dëst well aktuell déi néideg Donnéeën feelen, fir e korrekte Reporting ze maachen oder ze erméiglechen.

Ouni dës Date kënnen Entrepreneuren awer net nowiesen, dass hir Aktivitéiten nohaltegt sinn a kee Greenwashing besteet. Entrepreneuren kéinten da vun Investitioune ausgeschloss ginn, obwuel hir Aktivitéiten d'Nohaltegkeet ënnerstëtzen. Esou riskéiere mer, eng nohaltegt Transitioun, en nohaltegt Iwwergang auszebremse.

An dat leet mech zu enger fundamentaler Fro: Wat heescht eigentlech nohaltegt a sozial gerecht?

D'Diskussioun iwwert d'EU-Taxonomie weist, dass et keng eenheetlech akzeptéiert Definitioun vun dëser

Notioun gëtt. Wou genee gëtt d'Linn gezunn? Ass nohaltegt just, wat zu 100 % op fossill Energiequelle verzicht? Ech froe mech a mir froen eis zu méi, denken ech, heibannen, ob dat iwwerhaupt méiglech ass. Eis Welt ass a villerlees Hisiicht nach esou ofhängeg vu fossiller Energie, dass mir dat dach onrealistesche erschéngt.

Grad de Krich an der Ukrain – et ass och virrunner gesot ginn – huet eis dës Realitéit jo nees däitlech virun Ae gefouert an d'Finanze sinn nun emol net getrennt vun der realer oder der reeller Economie.

Tatsaach ass dach, dass zu dësem Moment warscheinlech kee Produkt a keng Entreprise zu 100 % nohaltegt ass oder et op d'mannst net bewiese kann. D'Produktioun vu Solarpanelen enger grénger Energiequelle, ass vu rare Metaller ofhängeg. Ech woen awer ze bezweifelen, dass den Ofbau vun dësen Metaller als 100%eg nohaltegt oder sozial gerecht agestuft kéint ginn, fir just ee Beispill ze nennen.

Bedeit dat, dass mir net méi a Solarenergie investéiere sollen? Natierlech net. Den Usaz ass jo dee richtegen: nohaltegt Energie produzéieren. D'Zil soll et sinn, fir d'Technik virunzudriewen, méi nohaltegt Solarpanelen oder, loosse mer soen, méi effikass Solarpanelen ze entwéckelen an déi gesamt Produktionskette sozial gerecht ze gestalten. Dat geet awer just an Etappen, schrëttweis, an d'Entrepreneuren brauche geziilt Investissementer um Wee dohinner.

Här President, ech wëll zum Schluss nach kuerz op e leschte Punkt agoen, wat d'Investitioune vum Pensiounsfong uegen. Mir hunn als DP schonn dacks d'Iddi an d'Spill bruecht, en Deel aus der Reserve vun dësem Fong ze notzen, fir a Wunnraum hei am Land ze investéieren. Do ass jo nach Sputt no uewen. Grad an der aktueller Krisensituatioun wier et sënnavoll, Reserven ze notzen a Wunnengen um private Marché opzekafen. De Moment besteet also d'Opportunitéit, fir däitlech méi Suen aus dem Pensiounsfong an de Grapp ze huelen, fir an der aktueller Logementskris e Batz Wunnengen opzekafen a se am abordabelen a soziale Beräich ze verlounen.

Am Interêt vum gesellschaftlechen Zesummenhalt, der sozialer Kohäsioun, ënnerstëtzt meng Fraktioun verstärkt Investitioune an d'Schafe vun abordablem Wunnraum. Gläichzäitig hu mer hei awer en Hiewel, fir net just de Stock an öffentlechen abordable Wunnengen ze erhéijen, mee och en Hiewel, fir e wichtege Wirtschaftssektor oder eng Wirtschaftsbranche ze stäipen, Failliten ze evitéieren, ze vermeiden, an Aarbechtsplazen ofzesécheren.

Datt d'Immobilienbranche oder d'Entrepreneuren aus dëser Branche och duerch schwiereg Zäite kënnen goen, weist jo grad déi aktuell Situatioun. Engersäits si Materialenkpass an héich Energiekäschten déi grouss Erausforderung fir de Bau vu Wunnengen. Anersäits erschwéieren héich Zënsen et de potenzielle Keefer, e Prêt opzehuelen, wat sech onweigerlech op den Immobiliemaart auswierkt.

Här President, an der Finanzwelt huet sech an de leschte Jore vill godoen. Nohaltegkeet a sozial Gerechtegkeet gewannen an der Gesellschaft ëmmer méi u Bedeutung. A well d'Finanzwelt e Spiegelbild vun der Gesellschaft an der Realwirtschaft ass, hunn dës Sujete selbsterständlech och hei een ëmmer méi grouss Stellenwert. Dat bedeit awer och, dass d'Finanzwelt ni méi nohaltegt ka si wéi d'Wirtschaft, d'Realwirtschaft an d'Gesellschaft et insgesamt hierginn.

Wéi ech et a menger Ried duergestallt hunn, ass dës Transitioun kee Prozess, deem, wéi d'Lëtzebuerger soen, eenzock kann ëmgesat ginn. Mir mussen se proaktiv begleeden. A fir de Pensiounsfong bedeit dat, esou nohaltegt wéi méiglech ze investéieren am

Respekt vun internationalen Accorden an Normen, déi Lëtzebuerg ënnerzeechent huet, an dobäi ëmmer d'Pensioune vun de schaffende Leit an den zukünftige Generatioune am Bléck ze hunn.

A mir mussen bedenken, dass och dës Norme sech veränneren an nei Reglementer a Kraaft trieden. D'SFD-Regulatioun, vun där ech virrunner geschwat hunn, ass an deem Kontext e rezent Beispill. Dësen neien Normen a Regulatioune gerecht ze ginn ass och e Prozess, deem eng gewëssen Zäit an Usproch hëlt. D'Donnéeën mussen gesammelt an ausgewäert ginn, eier d'Fonge richteg klasséiert kënnen ginn. 307 Entrepreneuren, déi d'lescht Joer nach ënner den Artikel 9 gefall sinn, also een anscheinend nohaltegt Investitiounsobjektiv haten, goufen am September ënner den Artikel 8 erfogestuft.

Kann een engem Fong, deem an esou eng Firma investéiert huet, e Virwurf vu Greenwashing maachen? Wuel kaum, wann déi néideg Daten nach net virlouchen. Och e Gerant vun engem Fong ka just mat deenen Informatiounen schaffen, déi em eeben aktuell virleien.

Sécher Pensioune a méi Nohaltegkeet erreche mir net duerch eng iwwerstierzt Aschränkung vun den Investitiounsméiglechkeeten. Nee, mir erreche se duerch pragmatesch wueliwwerleucht Investissementer a verschide Branchen, Secteuren, Regiounen an Entrepreneuren, déi an der ekologescher an energieetescher Transitioun ënnerwee sinn. Mir erreche se, andeems mir jiddere mat op de Wee huelen an zesummeschaffen. Efforte vun Entrepreneuren mussen unerkannt a gefërdert ginn, hire liichtfankegen Ausschloss hätt keng Plus-value, kee Méiwäert fir déi ekologesch an energieetesche Transitioun.

Eis Krittäre wäerte kontinuierlech ugepasst a méi streng ginn. D'Entrepreneuren mussen awer och d'Méiglechkeet kréie fir sech unzepassen. A wann eis Gesellschaft an eis Realwirtschaft insgesamt méi nohaltegt ginn, wat dës Upassung méi einfach gëtt, well méi Alternativen dann och verfügbar wäerte sinn.

D'Investitiounsstrategie vum Fonds de compensation ass der Realitéit vun haut ugepasst. Nohaltegen Engagement gëtt kloer wäertgeschat a geziilt ënnerstëtzt. An d'Renten, d'Pensioune vun de schaffende Leit sinn ofgeséichert. Sou bleift dem Pensiounsfong säi Sënn a säin Zweck erfëllt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Bauler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eigentlech kéint een de Fonds de compensation, deem 2004 geschafe ginn ass fir ze hëllefen, d'Renten aus dem Privatsektor laangfristeg ofzesécheren, an e puer Wuert erklären.

An der Tëschenzäit si Reserve vu ronn 26 bis 27 Milliarden do, déi méi wéi fënnemol d'Joresausgaben ausmaachen, wat Europa-, jo scho bal Weltklass ass. D'Gesetz verlaangt 1,5-mol d'Joresausgaben. Als Verglach: Eis däitsch Nopere leien, mengen ech, bei 3 bis 4 Méint.

Ouni d'Decision, d'Reserven op de Finanzmäert unzeleeën, wieren et ongeféier – dee Chiffer hu mer genannt kritt – 10 Milliarde manner. E genaue Chiffer ass wéinst de variable Bourssendaten e bësse méi schwéier ze berechnen. Mee och dat ass e ganz beandrockende Chiffer.

Mee et ass ee sech natierlech och bewusst, dass een, wann ee vun esou grouss Chiffere schwätzt, eng

Verantwortung huet, souwuel eethesch, moralesch wéi och ëmweltpolitesch Krittären ze respektéieren, wéi ee mat deene Suen ëmgeet a wéi ee se wéll ueleën.

D'Verwaltung vun deem Fong gëtt iwwerholl vun deenen, déi e gläichberechtigt speisen: de Gewerkschaften, fir d'Salariéen ze verrieden, dem Staat an dem Patronat. Also vun deenen dräi Parteien, déi de Fong, wéi gesot, zu jeeeweils engem Drëttel speisen.

Fir d'Sozialisten ass et evident, dass dat och an Zukunft esou bleiwe muss. Och dat soll hei ganz kloer gesot ginn.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | A genau esou kloer sollt sinn, dass, wann een heibannen eppes aneschters wéll, en dann opgefuerdert ass, dat och hei ze soen.

Déi aktuell Verwaltung huet an deene leschten 12 bis 13 Joer enorm Ustregung gemaach, fir nohalteg Krittären an all hire Formen ze garantéieren. Eigentlech, Här President, wier domadder alles gesot. Mee esou einfach, an dat wësse mer, tickt d'Welt net a vill fille sech der beruff fir matzediskutéieren. An dat ass u sech ganz begréissenswäert, well et, wéi gesot, ëm grouss Zomme geet, vun deene mer hei schwätzen.

Well awer an der Diskussioun net ëmmer esou kloer ass, wie wat wéini wou wéll, wéll ech fir meng Partei kloerstellen, wat mir denken. Dofir ass et och wichtig, de legale Kader eng kéier kuerz ze belichten.

De gesetzliche Kader gëtt am Code de la sécurité sociale gesat. Den Artikelen 247 an 248 an 260 bis 268 vum CSS no huet de Fonds de compensation d'Gestioun vun der Réserve de compensation als Missioun, mam Zil, an dat ass wichtig, an ech zitieren dofir: „de garantir la pérennité du régime général de pension. Afin d'assurer la sécurité des placements il est tenu compte de la totalité des actifs et des passifs, de la situation [...], ainsi que de la structure et de l'évolution prévisible du régime. Les placements doivent respecter les principes d'une diversification appropriée des risques. À cette fin, les disponibilités doivent être réparties entre différentes catégories de placement ainsi qu'entre plusieurs secteurs économiques et géographiques.“ Dat ass, wéi gesot, de gesetzliche Kader.

Ganz rezent huet de Conseil d'administration eng nei Directive d'investissement, esou wéi et am Artikel 261 vum Code vun der Sécurité sociale virgesinn ass, fir déi nächst fënnf Joer ausgeschafft, déi dann dem Gesetz no vum Minister no Avis vun der Inspection générale de la sécurité sociale muss approuvéiert ginn. Et ass dobäi kloer, dass mer eis och, wat den Inhalt vun där Directive d'investissement ugeet, natierlech am Kader vun deene gesetzliche Bestëmmung muss beweegen.

Am Kader vun där legaler Rumm steet d'LSAP zu 100 % zur Transition énergétique gradewéi och zu allen Nohaltegkeetskrittären an der Gouvernance vun eise Pensionensfong. A wann ech vun Nohaltegkeet schwätzen, mengen ech den Nohaltegkeetsprinzip a senger Globalitéit, a senger Dräifaltegkeet, fir dem Här Galles seng Sprooch ze gebrauchen.

(Hilarité)

Et ass net vun Zoufall, dass ech déi dräi Ziler grad an dëser Diskussioun rappeléieren, well ech nämlech ganz oft den Androck net lass ginn, dass déi, déi vun Nohaltegkeet schwätzen, ganz oft dësen Dräi-Saile-Prinzip vun der Nohaltegkeetstheorie, sief et aus Onwëssenheet oder sief et aus politischem Opportunismus, vergiessen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | En ëmfaasst dräi Haaptziler: a) ökologesch Ziler: d'Erhale vun den Naturfunktione; b) sozial Ziler: eng intra- an eng intergenerationell Gerechtegkeet; an c) ekonomesch Ziler: eng ugemiesse Bedürfnisbefriedigung, fir emol eng kéier deen Term ze gebrauchen.

Ganz bewosst hunn ech hei a), b) an c) gesot an net 1), 2) oder 3), fir ze ënnersträchen, dass déi dräi Prinzipie gläichberechtigt op engem Niveau leien an net deen ee méi wichtig wär wéi deen aneren, mee ganz am Géigendeel, deen een ouni deen aneren net ka funktionéieren a vice versa. Et gëtt also dräi Prinzipien, déi mer muss berücksichtegen, och an der Gestioun vun eise Pensionensfong.

Här President, ech wéll weiderfuere mat engem Aveu. Wéi de Pensionensfong 2004 gegrënnt gouf, fir d'Rente-reserven ze geréieren, war ech ee vun de Skeptiker. Ech hunn net vill dovou gehalen, d'Sue vun den Assuréeen zum Deel op d'Bourse ze droen an domadder, wann och risikoaarm, mee awer trotzdem ze spekuléieren. Ech war an och bleiwen eeben éischter e virsiichtege Mënsch an en Unhänger vun der Realökonomie.

Ech hunn awer och scho gesot, dass, wa mer dat net gemaach hätten, mer da weesentlech manner Suen am Fong hätten, wat an Anbetracht dovun, wéi d'Welt funktionéiert, net ganz fair wär vis-à-vis vun deene Generatiounen, déi haut mat hire Beiträg d'Pensionne bezuelen an och en Urecht mussen hunn op eng Pension no hirem aktive Liewen. Dofir hunn ech, an ech ginn dat hei ganz gären zou, meng deemoleg Meenung revidéiert.

An de leschten Deeg ass mer och méi wéi bewosst ginn, wéi wéineg mir eis als Gesellschaft eigentlech Gedanke maachen iwwer esou wichtig Froe wéi d'Ofsicherung vun eise Renten an domat och den Émgang vun eiser Gesellschaft mat deenen, déi eise relative Räichtum an der Vergaangenheet geschafen hunn.

Une voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Dass hanner eise Rentensystem en héich eethesche System vun intergeneratiouneller Solidaritéit stécht, ass deene mannsten heibannen ..., oder vläicht heibannen, mee ville Leit dobaussen net bewosst. Oft gëtt dat leider vereinfacht esou duergestallt: „Déi Jonk mussen d'Pensionne vun deenen Ale bezuelen.“ An dat héiert sech dann esou un, wéi wann déi Jonk déi Al – an ech dierf deen Ausdrock „Al“ gebrauchen, well ech och lues a lues an déi Kategorie gehéieren – missten duerchfidderen.

M. André Bauler (DP) | Eeler.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här Bauler. Dat ass e gudder Kompromiss.

Dobäi gëtt vergiess, dass déi sougenannt Eeler et waren, déi fir d'Ausbildung vun deene Jonke gesuergt haten, déi Schoulen, Infrastrukturen an Knowhow kreéiert hunn, fir deene Jonke méiglechst gutt Chance fir hir Zukunftsgestaltung ze bidden. Dat alles an nach vill méi, dat war net zum Nulltariff ze kréien. Dofir huet missen investéiert ginn. An et ass gutt, dass déi Investissementer gemaach ginn. An ech hoffen, dass se och an Zukunft wäerte gemaach ginn.

Här President, ech hu sielen an esou kuerzer Zäit esou vill bäigeléiert wéi an deene leschten Deeg, wou mir an eiser Kommissioun dësen Debat preparéiert hunn. An ouni iergendengem Member an der Kommissioun wëllen ze no ze trieden, mengen ech, kënnen ze behaapten, dass ech net deen Eenzege war, deem dat esou gaangen ass. Et gëtt der natierlech, déi woussen et schon ëmmer besser, an ech fäerten, dass

mer dat och nach haut an dësem haitegen Debat wäerte matkréien. Et sief.

Duerfir wéll ech awer, Här President, eise Minister Claude Haagen ausdrécklech Merci soen, dass dësen Débat de consultation op seng Initiativ hi stattfënn. Wann ee méi laang an der Politick ass, da weess een, dass hie sech et weesentlech méi einfach hätt kënnen maachen. A wann ee méi laang dobäi ass, da weess een och, dass et fir d'éischt ass, dass hei an dësem Haus esou en Debat stattfënn.

De Virwurf, hei géif vum Ministère a vum Minister aus probéiert ginn, fäerdeg Tatsaachen hannert zouenen Dieren ze schafen, ass also absurd an am héchste Mooss onfair. Ech wéll och ausdrécklech deene Leit vum Fonds de compensation, wat Staatsbeamte mat engem ganz groussen Knowhow sinn, Merci soe fir hir detailléiert a fundéiert Erklärungen. Et ass ganz positiv a luewenswäert, dass mir hei zesumme kënnen iwwert déi nei Directive d'investissement vum Fonds de compensation commun au régime général de pension diskutéieren an iwwert d'Prinzipie, Krittären a Reegelen, déi dobäi sollen a musse spillen.

Den Här Minister huet der Chamberskommissioun an den Deputéierten all néideg a komplett Ënnerlagen zoukomme gelooss, fir dass mer eis kënnen e komplett Bild maachen. Hien an déi Responsabel vum FDC sinn dräimol an d'Kommissioun komm, fir Informatiounen, Erklärungen an Hannergrënn ze exposéieren, fir d'Froe vun den Deputéierten ze beäntweren. An ouni virzegräifen, wéll ech soen, dass dat ganz positiv ass, wat mir un Informatiounen kruten.

Här President, erlaabt mir awer bei aller Begeeschte- rung, dass mer dank der Transparenz vum Minister hei iwwert déi zukünfteg Strategie kënnen schwätzen, drëm ze bidden, dass mer als Chamber bescheide bleiwen. Mir schwätzen hei net, wéi et dobaussen alt heiansdo fälschlecherweis duergestallt gëtt, iwwer ëffentlech Suen, déi dem Staat géife gehéieren an deen dofir fräi doriwwer verfüge kéint, och wann de Staat se genee wéi d'Patronen an d'Salariéen zu jee engem Drëttel bezilt – ech hat et virdu gesot, jeeeweils 8 % vun der Lounmass. An all einzelnen, all einzelne Salarié ka Mount fir Mount op sengem Paiziedel kucken, opgrond vun sengem Ofzuch op der Brutttopai, wat hien all Mount dozou bäidréit.

Déi Sue gehéieren also, an ech soen et nach eng kéier, net dem Staat, mee si gehéieren eenzeg an eleng den Assuréeen aus dem Privatsecteur a soss kengem.

Déi net méi ganz jonk heibanne kënnen sech och erënneren, dass mer schon änlech Diskussiounen eng kéier hei haten. Dir kënnt Iech erënneren un déi Renteklau-Diskussioun. An ech hoffen, dass mer eis allegeren esou Diskussiounen an Zukunft erspueren.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Déi Suen, vun deene mer hei schwätzen, déi sinn eenzeg an eleng dofir do, déi zukünfteg Renten aus dem Privatsecteur ze bezuelen, an dierfen op kee Fall fir aner Zwecker, esou nobel se och wieren, gebraucht ginn. Och dat muss kloer sinn an och doriwwer dierf keen Zweifel bestoen.

An de vergaangene Jore gouf vill ënnerholl an et si grouss Progrès gemaach ginn a Saachen Nohaltegkeet bei der Gestioun vun de Reserve vun eise Pensionensfong. A wéi wäit d'Transparenz vun deene verantwortleche Beamten an de Kommissiounen gaangen ass, wéll ech verdäitliche un engem Beispill, wou onopgefuerdert d'Beamten eis gesot hunn, dass déi ganz Diskussioun eigentlech 2010 ugefaangen huet, wéi de fréieren Deputéierten André Hoffmann opgedeckt hat, dass verschidden Investissementer

vum Fong och Firms beinhalt hunn, déi offensichtlech an d'Produktioun vu Streebommen, déi international geächt waren, verwéckelt waren.

Virun 2010 schéngt et also offensichtlech esou gewiescht ze sinn, dass sech éischer wéineg Gedanke gemaach ginn ass iwwer eethesch, ëmweltpolitesch, mënscherechtskonform Investissementer. Eigentlech stoung just de Rentabilitéitskrittär am Vierdergrond.

Duerno huet sech awer munches geännert, fundamental geännert. Den Nohaltegkeetskrittär ass an der Tëschenzäit ganz uewen op der Lëscht bei de Kritikären. An ech deelen d'Aschätzung och vun einzelen Kritiker, dass dat keng Belaaschtung, mee éischer eng Chance fir de Fong duerstellt.

Zanter 2010 si mer e wäite Wee gaange mat enger éischer Exklusivléischt 2010, déi 60 Entrepreneuren ëmfaasst huet, wat u sech just am Ufank Firms waren, déi an der Produktioun vun Antipersouneminnen implizéiert waren, déi duerch d'Konventioun vun Ottawa scho geächt waren.

D'Nohaltegkeetskrittäre ginn zanterhier reegelméisseg iwwerschaaft a verstärkt. Si kënnen verschidde Formen hunn, sief et den negative Screening mat Exklusivléischen, Investitiounen a Firmen, déi e moossbare positiven Impakt op d'nohalteg Entwécklung hunn, oder och den Engagement, op deem ech duerno nach zréckkommen.

Ab 2012 gëllen och déi sougenannten ESG-Krittären, ekologesch, nohalteg, sozial a good-Governance-Krittären. En Deel vun den Aktiounen ass och vun deem Moment u just nach an Aktiounen gaangen no ESG-Krittären.

Ab 2017 sinn och progressiv d'Accord-de-Paris-Ziler plus d'Ziler aus der Agenda 2030 vun de Vereenten Natiounen integréiert ginn. Eigentlech ass den Nohaltegkeetskrittär elo de bestëmmende Krittär, deem ugewannt gëtt, an dat huet eis voll Ënnerstëtzung.

An et kann ee roueg soen, dass ee kann e bëssen houfreg sinn op dat, wat erreecht gouf. De Lëtzebuerger Kompensationsfong huet zum Beispill déi gréisst an ëmfangräichst Exklusivléischt am Verglach mat änlechen Institutiounen am Ausland. Garant fir d'Nohaltegkeet a responsabel Investissementer ass zum engen e ganz grouss Réseau vun Experten, déi zoustänneg si fir d'Kontroll, d'Bewäertung, de Choix an d'Exklusivléisch. Ech ginn, wéi gesot, duerno nach dorop an.

Mee et sinn och verschidden zertifizéiert Labelen an offiziell Reegelwierker, zum Beispill den ESG – ech hat et virdu gesot –, awer och ESG LuxFLAG, SFDR, Green Bonds oder och nach de Carbon Footprint an d'Paris-Alignment-Studien an de Bëschlabel PEFC. Iwwer 130 Betriber sinn an der Tëschenzäit op enger schwaarzer Lëscht. Och dat ass schonn hei gesot ginn. Dat heescht, déi verschidde Geranten dierfen net an déi Betriber investéieren.

Just als Verglach, den norwegesche Fong, deem eis ganz oft als Beispill empfole gëtt, schléisst 68 Betriber aus. A Frankräich sinn et der 15. Schweden huet ee mat 10 an ee mat 104 Exklusivléischen. Holland huet ee mat 30 respektiv 42 Exklusivléischen. Ech weess, dass dee Chiffer do eleng net alles ausseet. Mee e gëtt awer eng Indiciation, wéi seriö dës Fro am Lëtzebuerger FDC behandelt gëtt.

Une voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Et gëtt iwwregens kritiséiert, et géif un Transparenz feelen, wat déi Exklusivléischt ugeet. Wann ee sech da schlau mécht, da fënnt een eraus, dass d'Lëscht mat den Nimm vun all deenen 137 Firmen um Site vum FDC ze

fannen ass, zesumme souguer mat där Angab, aus wéi engem Grond se ausgeschloss goufen.

Dann héiert een aus där nämmlecher Kritikerquell, dass just 10 vun deenen 130 – a Wierklechkeet sinn et der, wéi gesot, 137 – aus ëmweltpolitesche Grënn ausgeschloss wieren.

Dierf ee froen, wéi et méiglech ass, esou Aussoen ze maachen, wann een op där anerer Säit behaupt, et hätt ee keng Informatiounen? De deux choses l'une, déi zwou zesumme sinn a mengen Aen net méiglech.

Weiderhi stinn eng ronn 180 Betriber op enger groer Lëscht. Dat heescht, déi stinn ënner méi enger genauer Beobachtung an de Fong huet a senger neier Strategie decidéiert, dass déi an Zukunft automatesch op déi schwaarze Lëscht wäerte kommen, wann net eng kloer Kursännerung a Richtung vun nohaltegem Wirtschaften erkennbar ass.

Här President, et ass kloer, wann een esou Lëscht mat Ausschlusskrittäre mécht, dass een déi Lëscht ënner permanenter Kontroll hale muss. Dat zielt virun allem fir déi Dausende Betriber, an déi investéiert gëtt – mir krute gesot, et wieren der ronn 6.000 –, well et kloer ass, dass eng Firma, déi haut konform ass mat eise Krittären, dat muer net onbedéngt och nach muss sinn. Et muss awer och fir déi, déi op enger schwaarzer oder groer Lëscht genannt sinn, méiglech sinn, dass et e Retour gëtt, wann en Ëmdenken am Betrib stattfënnt.

Ech nennen déi Zuelen hei ganz bewusst, einfach fir eng kéier d'Envergure vun der Operatioun ze verdäitlechen. An et ass och evident, dass déi doten Aarbecht net vun deene puer – an ech mengen dat net pejorativ – Staatsbeamten eleng ka gemaach ginn. Dofir gëtt op eng Kooperatioun mat spezialiséierten internationale Büroer gesat wéi PPCmetrics, déi Referenze wéi dat europäesch Patentamt kënnen opweisen, Trucost mat 50 Analysten, déi soss näischt aneschtens maachen, oder Sustainability, déi pro Dag mat iwwer 800 Mataarbechter 700.000 Kontakte maachen. Dat geschitt natierlech iwwer déi modernsten Algorithmen, well et soss net ze bewältege wier.

Déi PPCmetrics sëtzt iwwregens an der Schwäiz zesumme mat enger ONG, déi hei zu Lëtzebuerg den FDC kritiséiert, an engem Komitee, fir Evaluatiounen ze maachen. Och dat ass eng Informatioun, déi net oninteressant ass.

Déi Büroer hunn duerch d'Zuel vun hire Mataarbechter, duerch hir Screeningmethoden natierlech ganz aner Kontrollméiglecheete wéi eis Lëtzebuerger Mataarbechter vum Fong. Et ass och evident, dass dat net fir lau ze kréien ass, dat heescht, dat muss och bezuelt ginn, déi Servicer do. An de Fong gëtt – dat hunn ech extra haut nach eng kéier nogefrot – am Joer ronn 300.000 Euro aus, fir dese professionnelle Screening ze garantéieren.

Eng aner Method, fir Afloss op d'Respektiere vun den Nohaltegkeetsprinzipper bei de Firmen ze huelen, wou investéiert gëtt, ass d'Engagementstrategie, wou ee probéiert, zesumme mat anere groussen Aktionären, zum Beispill aneren auslännesche Pensiounsfongen, Afloss op d'Produktionsweeër a Methoden ze huelen.

Et muss een awer zouginn, dass dese Beräich mat Sécherheet ausbaufäeg ass an dass en eréischt am Ufank vun enger méi kohärenter Approche steet. Mee et ass mat Sécherheet e ganz interessanten Usaz.

2021 gouf opgrond vun éischen Nohaltegkeetsbericht vum FDC decidéiert, dass an Zukunft all Joer eng Carbon-Footprint-Analys an all dräi Joer eng Paris-Alignment-Analys iwwer den FDC muss gemaach ginn. A selbstverständlech ginn déi Etüden och

publizéiert a si ginn dem breede Public virgestallt a jiddweree ka sech dozou äusseren.

De Fong huet et an der Tëschenzäit och fäerdegbruecht, dass all Investissementer konform sinn zu den Engagementen, déi Lëtzebuerg op internationalem Plang geholl huet, sief et, wat de Schutz vun de Mënscherechter, vun der Ëmwelt oder vun den Aarbechtskonditiounen ugeet.

(Interruption)

Dat muss selbstverständlech och fir d'Paräisser Klimafokusses zielen. An de Verantwortlechen hir Aussoen a Presenz vum Minister, dass mir spëtstens Enn 2023, Ufank 2024 Paräis-konform wäerte sinn, stëmme mech an och anerer ganz optimistesesch.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | Domadder wier dann eng Upassung un e weidere verbindlechen internationalen Traité geschloss.

Här President, et ass an deem Kontext secondaire, iwwer wéi en Index mir dat wäerten errechen, sief et iwwer en MSCI Paris Alignment oder en MSCI World oder iergendeen anerem Index. Wichtig ass – an dat wëlle mer, mengen ech, alleguerten –, dass mer Paräis-konform ginn, an zwar séier. An ech hu keen Ulass, dorun ze zweifelen, nodeems wat mer héieren hunn.

Et gëtt dann och kritiséiert, de Fong géif net genuch an de Lëtzebuerger Immobiliemaart investéieren. Schonn a senger viregter Strategie war virgesinn, bis zu 5 % um Invest doran ze investéieren. An et muss ee feststellen, dass dat Zil mat ronn 2 % bis 3 % net erreecht ginn ass. Ouni Zweifel wier et gutt, wann an deem Beräich kéint nogebessert ginn. Allerdéngs, an och dat ass eis erkläert ginn, gëtt et natierlech Grënn, firwat dass dat an esou engem komplizéierte Lëtzebuerger Immobiliemarché net esou geschitt ass, wéi et gewollt war. Do war een e bëssen tschentsch Hummer an Amboss geroden, engersäits opgrond vu senger Finanzkraaft grouss an de Marché anzeklammen an dann esou à l'image vun aneren auslännesche Fongen d'Präisspiral mat unzedreiw an domadder och horrend Loyerspräisser mat grouss Gewënner ze generéieren.

De Fong huet an deem Kontext decidéiert, net an iwwerdeiert Projeten eranzeklammen a sech dann, fir eng gesetzlecher Obligatioun nozekommen, mat schëlleg un enger iwwerdeierter Loyerspolitik ze maachen, well dat eeben net an déi virdu beschriwven Nohaltegkeetskrittären erapasst.

Et huet ee sech par la force des choses eebe missen op Projete beschränken, déi net op deenen zentralsten an deierste Plazen am Land sinn, wat natierlech den Aktiounsradius weesentlech ageschränkt huet. D'Engagementer hu sech deementspreechend op Projete beschränkt, déi et méiglech gemaach hunn, bescheide Gewënner ze maachen an awer mat Loyerer ze schaffen, déi sozial Krittäre respektéieren. Doriwier eraus sinn déi finanziell Engagementer bei der SNHBM a beim Fonds du logement bäibehalen a souguer ausgebaut ginn, ouni awer selwer zu enger Wunnungsbaugesellschaft ze mutéieren, well dat definitiv net den Objet vum FDC ass.

Et ass evident, dass d'Situatioun, wéi mer se haut um Wunnungsmarché fannen, amgaangen ass ze änneren. D'Zënserhéijungen, d'Inflatioun, d'Verdeierung vun de Baukäschte sinn amgaangen, d'Donnéen ze änneren. Et ass dofir dee richtige Moment, de Fong ze encouragéieren, hir Ustrengungen ze vergréisseren, fir verstärkt an den abordabelen, an ech betounen dat nach eng kéier, an den abordabele Wunnungsmaart ze investéieren.

Här President, et ass an der Tëschenzäit opgrond vun der Diskussioun ronderëm d'Atomkraaft eng Kontrovers drëms entstanen, ob d'Gesetz et méiglech mécht, eenzel Secteuren ze ecartéieren. De Fong ass majoritär der Meenung, dat wier net méiglech, anerer hunn en Avis juridique, deen de Contraire behaupt, an Drëtter soen, et misst een d'Gesetz änneren.

Une voix | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | U sech, Här President, ass dat eng Diskussioun ëm dem Kaiser säi Baart. Et gött, mengen ech, an dësem Haus e grouss Konsens, fir sech géint Atomkraaft ze engagéieren. Stellt sech dann d'Fro no der Atomenergie, déi mer all net wëllen ënnerstëtzen, an ëmsou méi, well mer genuch Atomzentrale ronderëm eis hunn, an déi eis dat noutwendeg Vertrauen feelt.

Et ass och kloer, dass eng grouss Majoritéit vun de Mënschen hei zu Lëtzebuerg net fir Atomenergie ass an dass mer eis fir eis selwer a fir eis Nopeschlänner en Ausstig aus der Atomenergie esou séier wéi méiglech wënschen.

Den Ausstig aus dem Atom ass grad wéi den Ausstig aus de fossillen Energien e Prozess. Vill Firmen an Entrepreneuren hunn dat erkannt an hu sech Reversionsstrategie ginn. Et ass wichteg, déi Transformation ze ënnerstëtzen. Wéi wichteg a wéi schwiereng d'Spannungsfeld tëschen Ideal a Realitéit awer munchmol ass, huet eis d'Energiekris nach eng Kéier virun Ae gefouert. Jo, d'Energiekris treëft ëmsou méi staark, well mer d'Energiewende, fir emol eng Kéier deen däitschen Ausdruck ze gebrauchen, net genuch virbereet hunn an net genuch dran investéiert hunn. An deem Beräich musse mer net nëmmen eng Schëpp noleeën, fir geziilt an entschlossen d'Transitioun ze ënnerstëtzen.

Ech mengen, et wier dofir gutt, wa mir och vun hei aus e kloert Signal géife ginn, fir Investissementer a Firmen, déi Atomkraaft produzéieren, vun Investissementer vun Lëtzebuurger Pensionsfond auszeschlëssen.

An et ass och gutt ze wëssen, dass esou eng Approche och vun der Regierung gedeelt gött, déi och konform ass mat der internationaler Position vun eisem Land.

De Fonds de compensation huet, wéi ech et elo beleuecht hunn, also an deene leschten 13 Joer grouss Efforte gemaach gradewéi och aner Acteuren zu Lëtzebuerg an op EU-Niveau an och op internationalen Niveau, fir de responsablen Invest ze fërderen.

Déi meescht heibanne gradewéi och d'Leit dobausse si sech awer eens, an dat huet een och nach bei där Interpellatioun vu virun dräi Joer kloer eraushéieren, dass mer net a Kannerarbecht, Antipersouneminnen a modern Sklaverei an Ausbeutung wëllen investéieren. An den FDC huet ganz kloer de responsablen Invest als e Leitmotiv ugeholl a progressiv weiderentwéckelt a verbessert. Wéi gesot, sinn dat Saachen, wou mer enorm Progrès gemaach hunn an och nach wäerte weider maachen. Mee leider kann een net ëmmer op deen éischte Bléck gesinn, wat sech hantert esou engem Fong a senger Strategie verstoppt. Dofir brauch et Expertis, Bewäertung, Kontroll a permanent Upassungen.

Ech hoffen, dass mir mat eisem Debat vun haut kënnen derzou bäidroen, dass e bësse méi Objektivitéit an den Debat erakënn.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

M. Dan Kersch (LSAP) | An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Opmierksamkeet, net onni allerdéngs, Här

President, Iech eng Motioun ze deponéieren, déi vum Här Margue, vum Här Bauler a vu mir selwer ënnerschriwwen ass.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– considérant que le « Fonds de compensation commun au régime général de pension » (FDC), créé par la loi du 6 mai 2004 sur l'administration du patrimoine du régime général de pension, a pour mission de gérer la réserve du régime général de pension dans le but d'en garantir la pérennité ;

– considérant que l'article 248 du Code de la sécurité sociale prévoit que les placements du FDC doivent respecter les principes d'une diversification appropriée des risques répartissant les disponibilités entre différentes catégories de placement ainsi qu'entre plusieurs secteurs économiques et géographiques ;

– considérant que le FDC gère la réserve du régime général de pension selon le principe tripartite par les assurés, les employeurs et l'État ;

– considérant que, conformément à l'article 261 du Code de la sécurité sociale, il appartient au conseil d'administration du FDC d'établir les directives concernant les principes et règles de gestion du patrimoine et que celles-ci sont soumises à l'approbation du ministre ayant dans ses attributions la Sécurité sociale, sur avis de l'Inspection générale de la sécurité sociale ;

– considérant le débat de consultation sur la future directive d'investissement du FDC à la Chambre des Députés qui a été organisé sur demande du Ministre de la Sécurité sociale ;

– considérant les informations, documentations et explications fournies et discutées lors de diverses réunions de la commission parlementaire compétente en charge en amont dudit débat ;

– considérant que depuis 2010, le FDC a développé une politique d'investissement intégrant les aspects de durabilité, et plus précisément de critères environnementaux, sociaux et sociétaux et de gouvernance (critères ESG) au sein de sa stratégie d'investissement ;

– considérant que la stratégie d'investissement se fonde notamment sur les engagements pris par le Luxembourg dans le cadre des différents traités ou conventions, dont également les dix principes du « United Nations Global Compact » et ses standards complémentaires, couvrant le respect et la promotion des droits humains, la protection de l'environnement, le respect des normes internationales du travail ou la lutte contre la corruption, ou encore l'Accord de Paris ratifié en 2016 et visant à limiter les émissions de gaz à effet de serre ;

– saluant les informations fournies par les responsables du FDC, selon lesquelles les investissements du FDC visent à être conformes aux engagements pris dans le cadre de l'Accord de Paris d'ici le début 2024 au plus tard ;

– considérant que le FDC a développé les investissements dans le domaine de l'immobilier respectant les critères ESG, dont la création de logements à prix abordable ;

– considérant que la performance du FDC en matière de soutenabilité est évaluée régulièrement et que le « Sustainable Investor Factsheet 2021 » publié par le FDC fait état des résultats et progrès importants en la matière, corroborés notamment par une liste d'exclusion ambitieuse et étendue, inégalée par les institutions similaires d'autres pays européens ;

– considérant que la crise énergétique survenue suite à l'invasion russe en Ukraine a révélé une menace de pénurie énergétique mettant en exergue les déficiences et retards en matière de transition énergétique ;

– considérant l'opposition du Gouvernement luxembourgeois à l'inclusion de l'énergie nucléaire et du gaz naturel

dans la taxonomie des finances durables au niveau européen,

invite le Gouvernement à

– s'assurer que le FDC continue à intensifier sa stratégie d'investissement en cohérence avec les objectifs climatiques de l'Accord de Paris et les critères ESG ;

– inciter le FDC à favoriser les investissements soutenant la transition énergétique et écologique et lesquels sont en phase avec la position du Gouvernement par rapport à la nouvelle taxonomie européenne ;

– adopter une stratégie de désinvestissement dans des entreprises productrices d'énergie nucléaire et des entreprises ne pouvant pas se prévaloir d'une trajectoire de décarbonisation en ligne avec les objectifs de l'Accord de Paris ;

– encourager le FDC à soutenir la création de logements à coûts modérés.

(s.) Dan Kersch, André Bauler, Charles Margue.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Margue.

M. Charles Margue (déi gréng) | Léif Kollegeinnen a Kollegen, Här President, als eelste Riedner dann de Mëtteg, als Pensionsempfänger, als fréiere Beneficiaire vun engem Prêt vun der Privatbeamtekeess, als Papp vun dräi erwuessene Kanner, déi elo ugefaangen hunn ze schaffe kierzlech, erlaben ech mer dann elo e Bléck no vir.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Mir diskutéieren haut iwwert d'Strategie an d'Zukunft vum Fonds de compensation, vum Pensionsfond. Ausdrécklech e Merci un de Minister Claude Haagen, dass hien dësen Débat de consultation ugefrot huet. Hien huet dat gefrot, wéi e sot, fir ze wëssen, wéi eis Position op deene verschiddene Bänken heibannen ass.

Mir Gréng ginn haut eis Position an deem Sënn a mir Gréng ginn dovun aus, dass dësen Exercice nützlich ass an net onni Konsequenze wäert sinn op d'Haltung vum Verwaltungsrat vum Fonds de compensation. Et ass haut fir eis Deputéiert d'Geleeënheet, dat politesch Signal ze ginn, op dat op d'mannst eenzel Membere vum Verwaltungsrat waarden, am besteeënde gesetzleche Kader. Mir ginn haut de Mëtteg e politesch Signal an dësem Haus.

Ech wäert zum Schluss vu menger Ried méi ausféierlech op de gesetzleche Kader agoen, wann ech Iech soen, wat am Avis juridique steet, deen déi Gréng zu dësem Thema gefrot hunn.

(M. Charles Margue montre l'avis juridique.)

Mir hunn am Cercle, Här Spautz, et war während der Covidzäit, den 3. Dezember 2020, eng Interpellatioun zu dësem Thema gehat. Do hat ech schon d'Geleeënheet, déi gréng Position duerzeleeën. An eisem Communiqué vun der leschter Woch, den 30. Januar, war och zimmlech däitlech, wat déi gréng Position an dësem Dossier ass: „Die Investitionen unserer Pensionsreserven müssen im Einklang mit den Zielen des Pariser Klimaschutzabkommens stehen. Es reicht nicht, einzelnen Teilen des FDC einen grünen Anstrich zu verpassen. Das gesamte Portfolio muss kompatibel mit dem 1,5-Grad-Ziel sein, sonst hinterlassen wir den zukünftigen Generationen weder eine angemessene Rente noch einen lebenswerten Planeten. Investitionen in Atomkraft und in fossile Energie stellen außerdem ein finanzielles Risiko dar und gefährden die zukünftige Sicherheit unserer Renten.“ Souwäit

och fir d'Nohaltegkeet vum éischte Standpunkt, vum éischte Grond, firwat mer de Pensiounsfong hunn.

Mir hunn dunn och gesot, dass mir dës Debatt ausdrécklech begréissen iwwert d'Investitiounsstrategie vum Fong, mee awer och, dass dës Debatt nëmme Sënn mécht, wann opgrond dovunner déi Strategie kann ugepasst oder nogebessert ginn – also am Fong!

De Verwaltungsrot ka jo zu all Moment seng Strategie upassen, zemools elo, wou se nach net vum Minister formell guttgeheescht gouf. An deem Sënn befanne mir eis elo, wou de Strategiepabeier um Dësch läit an d'Effentlechkeet en och kennt, am Moment vum der Transparenz, wou d'Acteuren aus der Zivilgesellschaft och un der Debatt iwwert d'Investitiounsstrategie kënnen deelhuefen. Et ass en Ufank vum der Diskussioun, der politescher Diskussioun zur Strategie op Basis vum der Positioun, déi de Verwaltungsrot virgeluecht huet. Et ass awer net en Aboutissement, en Ofschluss vum dëser Diskussioun.

Ech begréissen hei ausdrécklech, dass Greenpeace an d'ASTM mat hiren Analysen an Experte gehollef hunn, de Fong ënnert d'Lupp ze huelen an och Alternativen zur Investitiounspolitik opzeweisen.

Mir sinn immens dankbar, dass d'ONGe sech aktiv an am Detail mat dësem Dossier beschäftegt hunn. An och haut de Mëtteg hu se mat hirer Presenz virun der Chamber gewisen, wéi wichteg hinnen dësen Dossier ass. Ech soen hinnen dofir en décke Merci fir hir Aarbecht a fir hiert Engagement.

Dir gesitt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, dass dëst en Thema ass, wat eis Gréng besonnesch um Härz läit. Mir haten och scho verschidde Questions parlementaires a Questions élargies dozou gestallt.

Wa mir och net frou sinn ... Ech weess, et ass gesetzlech net anescht virgesinn, dass d'Strategie vum Fong vum Verwaltungsrot ugeholl gëtt, ouni Matschwätzen an Unhéierung vum der Zivilgesellschaft – also éischer Blackbox wéi Transparenz. Wisou eigentlech am 21. Joerhonnert? Bon.

Also wa mer mat där Aart a Weis dës Gouvernance bedauern, esou wëll ech haut ausdrécklech den Hären Alain Reuter, Marc Fries a Christian Würth Merci soe fir hir Presentatioun vum der Strategie an hir Präzisiounen dozou an eiser Chamberskommissioun an dëse Sitzungen am Januar. Si hunn déi operationell Verantwortung. Mir kruten do d'Geleeënheet, eis Froen ze stellen, a krute gutt a fair Äntwerten. Merci dofir nach eemol vum dësem Pult aus.

Nodrëglech soen ech mer, dass mer vläicht och hätte sollen an der Chamberskommissioun eng Diskussioun mat de Membere vum Verwaltungsrot vum Fonds de compensation hunn. Well ech mengen, dass d'Divergenzen, d'Divergences de vue, vum deem, wat a wat net méiglech ass innerhalb vum gesetzleche Kader, mat deene Leit aus dem Wee ze raume wieren.

Et ass gesot gi vu menge Virriedner: Eist Pensiounswiese berout op engem Generatiounsvertrag, an dëse Vertrag muss eeben ugepasst ginn, vu déi Welt, an där mer haut liewen.

Haut muss et drëms goen: éischstens, natierlech weiderhin eng Récklag fir d'Pensiounen ze bilden, an awer och via d'Investitiounspolitik vum Fong derzou bäizedroen, dass déi Generatiounen, déi haut abezuelen, selwer och nach eng Welt virfannen, wou e Liewen an der Pensioun nach méiglech a liewenswäert ass.

An deem Sënn war fir eis Gréng ëmmer kloer: Et geet ëm soss näischt wéi ëm eng nohalteg Ausriichtung vum FDC: keen Atom, awer virun allem progressiven

Divest aus de fossillen Energien, fir endlech kohärent mat dem Paräisser Accord ze sinn.

Drëttens: Et gëtt eng schwaarz Lëscht, elo schonns; do sinn déi Betriber drop, déi de Moment ausgeschloss sinn;

An et gëtt eng gro Lëscht, wou déi Betriber drop stinn, déi sech net onbedéngt konform behuelen a puncto Klima, Mënscherechter, an esou weider. Déi Betriber sinn ënner Beobachtung an de CA kuckt och, wéi de Minister et virdru gesot huet, ob déi Betriber sech dann an eng positiv Richtung beweegen, an engem Zäitraum vu sechs Méint, engem, zwee Joer. Soss komme se op déi schwaarz Lëscht.

Déi Fuerderung, déi ech hei opgeschriwwen hunn, ass an deem Sënn erfëllt. An dat begréissen ech ausdrécklech. Ech mengen, ech hunn dat virdru richteg héieren.

Firwat ass elo op eemol, wéi ee seet, „méi Musek an der Saach“?

Nieft dem Drock aus der Zivilgesellschaft, huet sech 2022 och d'Salariat kritesch zum Fonds de compensation positionéiert. Engersäits gouf et d'Positioun vum der Chambre des Salariés, an déi am Verwaltungsrot selwer vum den zwou Gewerkschaften. Dat ass en neie Moment.

D'Resultater vum den Diskussiounen ronderëm déi nei Investitiounsstrategie hu gewisen, dass mir net méi am – ënner Gänseféisercher – „normale Modus“ sinn. Si gouf ouni Ënnerstützung vum de Gewerkschaftsvertrieber geholl. Ech erlabe mer, dat ze begréissen.

Bei de ronn 26 Milliarden, oder 27 – jee nodeem, wéi een et evaluéiert –, geet et net nëmme ëm vill Suen, mee et si jo och Sue vum de Bäitragzueler an de Pensionnären aus der Privatwirtschaft; also vum all deenen, déi zu Lëtzebuerg beim private Patron schaffen oder geschafft hunn.

Ech wëll hei d'Gesellschaft net splécken, mee et soll awer och emol eng Kéier kloergestallt sinn, dass net jiddereen hei am Land, dee schafft, seng Zukunft vum dem Fonds de compensation ofhängeg mécht.

Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mir haut iwwert d'Ausrichtung vum dësem Fong diskutéieren. Et brauch definitiv ee méi kloert, méi en demokratescht Mandat an e franchement méi couragéierten an ambitieuse Verwaltungsrot. Well et ass do, wou d'Musek gemaach gëtt, esou wéi d'Gesetz et virgesäit.

Firwat ass den FDC am aktuelle Kontext esou wichteg ginn?

Ma och mat 26, 27 Milliarde sinn dat Finanzflëss, déi a Richtung klimafreundlech Investitiounen ginn. An déi kënnen mer ëmlenken. An et ass wichteg, fir d'Klimatransitioun ze finanzéieren. Et ass wichteg, fir hei Gebaier ze bauen, déi deene leschte Standarden a puncto Ëmwelt an Zirkularwirtschaft entsprechen.

Grouss Fonge kënnen hei eppes bewierken an och eng Virbildfunktoun hunn. Dofir klamme grouss Pensiounsfongen an anere Länner progressiv aus de fossillen Energien eraus.

Eng Etüd vum de Fuerscher vum der ETH Zürich an der Londoner UCL weist, dass vu weltwäit 223 öffentleche Pensiounsfonge scho 15 % en Divest vu Fossillen decidéiert hunn.

Et si 15 %, déi en Divest decidéiert hunn, mee zesumme maachen déi knapp d'Hallschent vum allen Assets aus, déi vum öffentleche Pensiounsfonge geréiert ginn. E puer Beispiller:

– Zum Beispill de gréissten hollännesche Pensiounsfong huet virun e puer Méint annoncéiert, ganz aus de fossillen Energien erausklammen ze wëllen.

– Och eng Rei grouss Pensiounsfongen zu New York hunn dëse Schrëtt rezent annoncéiert.

– „The Guardian“ vum 3. Februar bericht, dass den norwegesche Staatsfong, vum deem jo scho geschwat ginn ass – also hiren Zukunftsfong, dee gréissten Eenzelinvestor op der Welt –, d'Direktiounen vum Entreprisé gewarnt huet, dass se net méi erëm géife gewielt ginn hirersäits, wa se sech net géifen druginn d'Klimakris, d'Mënscherechtsverletzungen ze bekämpfen a fir Diversitéit an hire Kommiteeën ze suergen.

Dës Beispiller weisen, datt dat, wat mir eis fir den FDC virstellen, keng verréckte Spënnerei ass, mee, au contraire, scho vu villen anere Big Players gelieft an ëmgesat gëtt.

Den FDC huet fir eis Gréng also och eng Virbildfunktoun ze spillen. Den FDC soll net just „im stillen Kämmerlein“ eis Pensiounsmouk en bon père de famille geréieren. Nee, mir Gréng trieden derfir an, dass den FDC beispillhaft soll sinn, wat nohalteg Finanzen zu Lëtzebuerg a fir Lëtzebuerg sinn. An deem Sënn wënsche mir eis, dass mer geschwënn den FDC op d'Visitkaart vu Lëtzebuerg a senger grénger an nohalteger Finanzplaz kënnen setzen, ouni dass mer Greenwashing kënnen virgeheit kréien. Let's make it happen!

Mir kruten de 26. Januar och an der Kommissioun gewisen, dass déi Exklusivlëscht ëmmer méi grouss gëtt, dass se méi grouss ass wéi den Hollänner, de Schweedden, den Norweger an de Fransousen hir. Jo, dat stëmmt. Dat ass begréissenswäert, mee awer erlabe och mer d'Fro: Geet dat duer, fir konform zu eisen internationalen Engagementer ze sinn?

An där neier Strategie gouf och festgehalten, op de Wee vum Engagement ze goen. Wat ass dat? Et ass virdrun e wéineg ugeklungen. Nach e puer Wuert mengersäits dozou: Et geet drëms, als Aktionär seng Roll ze spillen, fir sech Gehéier ze verschafe bei den Direktiounen vum den Entrepreneuren, fir méi Nohaltegkeet ze verlaangen an och d'Governance ze hannerfroen. Mir Gréng begréissen dëse Schrëtt ausdrécklech.

Den norwegeschen Zukunftsfong geet jo elo am Fréijoer op d'Generalversammlung vum den Aktionären, fir dat ze verlaangen. Als klengen Aktionär – an den FDC ass e klengen Aktionär – ass dat awer méi schwéier.

Wéi soll déi Engagementspolitik ausgeféiert ginn? Mir kruten d'Äntwert. Ganz kloer, dass déi elo an d'Strategie ageschriwwen ginn ass an dass dëst Joer, dat kommend Joer elo gekuckt gëtt, wéi déi soll a Musek ëmgesat ginn. Do ginn aner Partnerschaften gebraucht. Do gëtt eng Expertis mat an d'Boot geholl.

Also ëmzesetzen ass se nach, an als Chamberskommissioun oder déi nächst wiere mir frou, och doriwwer reegelméisseg informéiert ze gi fir ze wëssen – ech hat eng Fro dozou gestallt –, ob et net illusoresch ass als klengen Aktionär, wéi den FDC et forment ass, do duerch dass seng Placementer bewosst op 6.000 Betriber gestreekt sinn. Oder ech wëll engens Bessere beléiert ginn, dass mir do kënnen mat anere Leit, Partner zesummen eppes op deene Generalversammlungen bewierken. Wéi gesot, ech hoffen, dass esou eng Engagementspolitik méiglech ass, ënner anerem duerch gemeinsaamt Agéiere vu klengen Aktionären.

Mir sinn déi lescht Joren an enger positiver Dynamik am FDC. Jo, och an der Strategie, déi mer virgeluecht kruten an déi vu Patronat a Regierungsvertrieber majoritär ugeholl gouf. Ma geet dat duer? Ass se ambitieus genuch? Eis Äntwert ass Nee.

De Lëtzebuurger Pensiounsfong – ech sinn net deen éischten, deen et seet – ass net, enfin nach net en ligne mat den Ziler vum Paräisser Klimaaccord. De Rapport investisseur vum 2020 seet et: Investitiounen

vum Fong sinn op enger 2-3-Grad-Trajectoire an net op enger 1,5-Grad-Trajectoire.

(Interruption)

De Fong investéiert och fir de Moment nach an Atomkraaft. 2021 hat de Fong zum Beispill nach Milliounen an Engie an EDF investéiert, zwee Haaptacteure vum franséischen Atombusiness, Acteuren, déi vum aktueller President a Frankräich erëm beméit ginn, säin Atomprogramm ze ënnerstëtzen an ze finanzéieren.

An ech wëll kuerz vläicht zum Thema Atom dëst soen: Et ass dach wierklech net novollzéibar, dass während Lëtzebuerg sech um europäeschen Niveau géint d'Atomkraaft a fir d'Zoumaache vum Kättenuewen an Tihange asetzt, eis Pensiounen gläichzäiteg sollen an d'Bedreiwer vum deenen Zentralen investéieren.

Mir hunn och viru knapp zwee Méint hei nach an der Chamber d'Atomenergie aus der reduzéierter Taxe d'abonnement ausgeschloss, en ligne mam Koalitionsaccord, deen do seet: „Le Luxembourg continuera à s'opposer au financement public de nouveaux projets de centrales nucléaires par d'autres États membres.“ Kommt mir si kohärent a suergen dofir, dass den FDC net weider an Atom investéiert.

An der Motioun, déi mer no der Debatt am Dezember 2020 an der Chamber gestëmmt hunn, gouf schonns d'Regierung opgefuerdert, d'Investitionsstrategie vum Pensiounsfong an och déi vum Zukunftsfong méi nohalteg ze gestalten. Mir hunn zënterhier nach net erëm iwwert den Zukunftsfong geschwat an och net, wéi mer deemools an der Motioun gesot haten, ob een do kéint gemeinsam Weeër goen.

Et ass awer och aus ganz egoistesche Grënn, wou mer mussen handelen. Eis haart erschafte Mouk dierf nämlech net zu engem, wéi et an der Kommissioun och scho gesot ginn ass, „stranded asset“ ginn. Et besteet nämlech e reelle Risiko, dass mat der Beschleunigung vum der Transitioun fossill Konzern ganz schnell u Wäert kënnen verléieren, och wa se dës Deeg nach héich Resultater op Basis vun dem Misär, dee mer an der Ukrain hunn, konnte verzechnen.

Ech weess, d'Diversifikatioun, also d'Streeë vum Risiko, ass d'Schlagwuert, wat de Verwaltungsrot ëmmer erëm uféiert, fir sech ze rechtfertegen, dass den FDC Beräicher, Secteuren net kéint ausschléissen.

D'Diskussiounen an der Kommissioun hunn awer gewisen, dass alternativ Referenzindexe bestinn, dass deenen hir Performance de Moment op d'mannst um selwechten Niveau läit an dass dës Indexen nach ëmmer op enger breeder Basis vu Betriber bestinn, wou et also méiglech ass, den Investisrisiko ze streeën, vläicht net op 6.000, mee dann e wéineg manner. Da wär en ëmmer nach gestreet.

Den FDC soll wannechgelift kloer duerleeën, wéi eng Risikofuerderungen en huet. Da kann ee kucken, ob en Deelfong déi respektéiert oder net. Et gétt, esou Nextra Consulting no, elo schonns bei konventionellen Indexen munnech nohalteg Alternativen, wou en plus de Rendement vun dësen alternativen Indexen an der Reegel méi héich war wéi dee vun deene konventionellen.

E Verrieder vum Staat sot an der Kommissioun, dass den FDC an enger Transitioun ass. Jo, bravo, dat stëmmt an et geschitt do eppes. Ech hunn och e puer Zuelen an der Kommissioun opgegraff. De Carbon Footprint ass 2021 13 % méi niddreg wéi nach 2019. Mëttlerweil si mer vun 120 Entreprises op der Exklusivenslëscht op 180 ..., pardon, si mer eropgaangen op 120 an 180 stinn der op der groer Lëscht.

Den FDC mécht Exklusivone basierend op eisen internationale Verpflichtungen – meng Virriedner hunn et gesot –, an anere Wieder, d'Traitéen, déi mer ënnerschriwwen hunn, Waffen, Mënscherechter an esou weider ... Et ass also méiglech – ech soen: technesch méiglech –, Exklusivone ze maachen.

Ech hunn awer ee besonnesche Punkt, dee mer um Mo läit: Wann ech liesen, „reproduire le marché“ als Premiss fir eng Investitionsstrategie am Verwaltungsrot ze huelen, ass dat zumindest diskutabel. Dat ass e Parti pris, dee mir Gréng refuséieren. Dat géif jo heeschen, dass „reproduire le marché“ deen eenzege Garant vu Rentabilitéit wier. All déi Leit, déi vill oder wéineg Sue placéiert hunn, wësse spéitstens zënter 2008, fir wat fir eng Iwwerraschungen de Marché gutt ass. Et gétt keng absolutt Garantie vu Rentabilitéit.

De Glawen un de Maart – dat kléngt e wéineg wéi eng Ideologie – ass e Parti pris. Et ass net déi iwwergeuerdent ekonomesch Wourecht, vläicht vun e puer Leit, jo, mee et ass net deene leschte Joren ëmmer erëm gefrot ginn, wou mer eis dann astufen: als konservativ, spekulativ oder iergendanzwousch am Mëttelberäich.

Wéi d'Experte vun Nextra Consulting soen, geet et a Saache Rendement a Risikostreeung „um eine Optimierung des Rendite-Risikoverhältnisses bei einer vorgegebenen Risikobereitschaft“. Ech mengen, mir si vun eise Banken an deene leschte Joren ëmmer erëm gefrot ginn, wou mer eis dann astufen: als konservativ, spekulativ oder iergendanzwousch am Mëttelberäich.

Mir mussen eis eens ginn, wat mer do als Risikobereitschaft wëllen huelen. Dass mer konservativ an esou engem Fong sinn, schéngt mer op der Hand ze leien. Dass mer awer couragéiert an ambitionéiert solle sinn, dat ass och kloer.

Please, léif Leit vum Verwaltungsrot, dot eis dat net gleewen a verstoppt Iech net hannert esou enger Premiss!

Une voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng) | Erlaabt mer och, ausdrécklech dat ze begrëssen, wat de Minister a verschidde Virriedner viru mer gesot hunn: dass an der neier Strategie den Effort vun 2,5 % op 5 % Invest an den Immobiliensektor déi nächst Joren absolutt vun eis ze begrëssen ass, och an där Form, wéi et soll gemaach ginn, wat Infrastrukturen ugeet am Déngscht vun de Matbiereger, vun de Gemengen – kloer net wéi seinerzeit d'Privatbeamtekeess fir eenzel Stéit.

Erlaabt mer och nach e Wuert, wat bis haut nach net gefall ass, mee wat ech schon 2020 gesot hunn iwwer d'Zusammensetzung vum Verwaltungsrot a vun all de Gremie vum FDC. Ech hat deemools schon nogewisen, dass dat e rengen Männerclub ass, just véier Damme waren als Suppléantsfonctiounen an deem Organigramm. Souwäit ech weess, hu mer eng sensibel Verbesserung. Et ass elo eng Damm am Verwaltungsrot vum FDC. Här Minister, léif Sozialpartner, virun allem, ob Patronen oder Gewerkschaftler, Diversitéit gesäit anescht aus.

Eng weider Propos vun eis Gréngen ass, dass nieft dem Comité d'investissement ... Dir hutt op Propose gewaart, mä Virriedner huet dat och gesot, ech soen hei eng. Wat hätte mer gär? Dass nieft dem Comité d'investissement, deen dem CA Propose virbereet, an Zukunft och e Comité d'éthique oder op Däitsch gesot, en Nohaltegkeetsbäirot soll ageféiert ginn. Den Numm ass mer egal, an dee Gremium soll och elo net plethoresch mat vill Leit besat ginn.

Firwat ass esou e Gremium gutt? E schaaft eng Dynamik. Mir sinn an engem komplexen a komplizéierten

Émfeld ënnerwee. An haut Krittere festzeleeën, déi muer erëm evoluéieren, wou mer muer erëm nei Asiichten hunn, ass schwéier. Esou e Comité d'éthique kann d'Proposen, déi vum Comité d'investissement gemaach ginn, op enger konsultativer Basis aviséieren, fir dass d'Membere vum Verwaltungsrot sech hir Meenung kënnen bilden, ier se eng Decisioun en âme et conscience huelen. Déi Avisé kënnen natierlech och un d'Portfoliomanagere weidergereecht ginn.

Wann an der Lescht d'Fuerderung erhuewe gouf, méi a Saache Klima oder nohaltegem Invest ze maachen, da koud d'Äntwert ëmmer wéi aus der Kanoun geschoss, nämlech dass déi aktuell gesetzlech Basis dat net géif zoulossen an dass dofir eng gesetzlech Ännerung néideg wier. Ob dat wierklech stëmmt, gouf bis haut net ofschléissend gekläert. An dat huet mat derzou geféiert, datt mer bis elo och net wierklech virukomm sinn.

Dofir hu mir als Gréng en Avis juridique gefrot a kritt fir ze kucken, ob am Kader vum aktueller Gesetz vum Fonds de compensation eng Desinvestissementspolitik méiglech ass oder ob mer d'Gesetz mussen änneren, wéi d'Majoritéit vum Verwaltungsrot et mengt.

Hei ass dësen Avis.

(M. Charles Margue montre l'avis juridique.)

Deem Avis no ass esou eng Desinvestissementspolitik och haut schonns an dësem legale Kader méiglech. „Le CA est investi des pouvoirs les plus larges pour accomplir tous les actes de disposition et dans l'intérêt de la société“, Artikel 14.1. vun der Société anonyme, déi den OPC vum Fonds de compensation rechtlech reegelt. Weider seet den Avis juridique, dass d'Gesetz vun 2007 iwwert d'Fonds d'investissement spécialisés: „il peut être remarqué que celle-ci n'encadre nullement les compétences décisionnelles des OPC, ni ne conditionne les opérations de désinvestissement.“ Weeder an de Statute vum FDC nach vum OPC steet eppes, wat d'Cession d'actifs géif verhënneren oder eng Gesetzesännerung géif néideg maachen, also enger Desinvestissementspolitik géif am Wee stoen.

De Staatsrot huet a sengem Avis vum Gesetz vum 6. Mee 2004 iwwert de Fonds de compensation extra d'Autonomie vum OPC ervirgehewen, ëmmer am Hibleck op Rentabilitéit a Risikobereitschaft. Weider liesen ech also: „Il apparaît de ce qui précède que, d'un point de vue légal et statutaire, les dispositions qui ont été mises en place au niveau décisionnel ne semblent pas requérir à titre préalable un changement d'ordre législatif. Il pourrait par conséquent être légalement envisagé, via une initiative du conseil d'administration de l'OPC, d'étendre les listes d'exclusion et la prise de participation dans d'autres sociétés ou de programmes. En ce sens il est loisible de remarquer que c'est bien l'OPC qui décide, dans le contexte de la politique d'investissement responsable définie par le FDC, d'exclure des instruments financiers, et de définir ainsi les restrictions d'investissement.“

Weider zitieren ech aus dem Avis: „En s'appuyant sur ce facteur de conformité du marché, le FDC tire la conclusion qu'il ne disposerait pas du pouvoir de mettre en place d'autres restrictions, à défaut d'une disposition légale le permettant“, steet op der Säit 8. „Cette position semble juridiquement, difficilement admissible.“ D'Konklusioun vun eiselem Avis: „Il peut être déduit de ce qui précède que le cadre législatif en vigueur permet (et a déjà permis par le passé) au FDC via son OPC, de pouvoir prendre et exécuter des décisions de désinvestissements, que ce soit directement via des décisions de cession d'actifs, soit, indirectement, via l'élaboration et la mise en place de

nouvelles restrictions d'investissement.“ Ech mengen, méi kloer kann en Avis juridique net sinn.

An dofir ass et och fir eis Gréng méi wéi kloer, och ouni Ännerung vum Gesetz kann, nee, géif ech soen, muss den FDC seng Investitiounsstrategie elo dréngend iwwerschaffen. Den FDC muss sech eng méi ambitiéis Strategie ginn, déi sécherstellt, dass déi gesamt Avoire vum Fong, an net just eenzel Deeler, kohärent mam 1,5-Grad-Zil vum Paräisser Accord sinn an och mat eiser nationaler Atompolitik.

Mir si gutt ënnerwee, mee mir hu genuch Zäit an dësem Dossier verluer. Elo geet et drëm, séier a konsequent ze handelen, am Sënn vun eise Pensiounen a vun eisem Planéit.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ech gesinn, den Här Engelen ass scho prett an e kritt och direkt d'Wuert. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, d'Fro vun de Pensiounen ass fir d'ADR ëmmer en Häerzensuleies an och de Här vun eisem ursprüngelechen Engagement. Duerfir op dëser Plaz e Merci dem Här Minister fir d'Initiativ zu dësem Debat.

Erlaabt mer awer vläicht fir unzefänken e puer allgemeng Bemierkungen zu de Pensiounen. Lëtzebuerg verfuügt den Abléck iwwer e ganz generéise Pensiounsregimm, deem säin Niveau eis bei der aktueller Entwécklung momentan nach héich Reserven abréngt, well mer jo d'Émlageverfahren hunn; dat heescht, praktesch gesinn: 2,5 Aktiver cotisiéiere fir ee Pensionnaire. Dat ass och korrekt an dat ass och richtig esou, well eis Pensionnaire hu jo zum Wuelstand vun eisem Land bäigedroen.

Dëst wäert eis awer an net allze wäiter Zukunft viru grouss Problemer stellen. Vun 2013 bis 2020 ass d'Zuel vun de Leit, déi hei am Land Usproch op eng Pensioun hunn, ëm 27 % eropgaangen. Fir datt mer eisen émlagefinanziéierte Pensiounssystem, esou wéi en de Moment opgestallt ass, bäibehale kënnen, bräichte mer am Joer 2050 ongeféier 900.000 Aarbechtsplazen hei am Land. Am Joer 2060, dat ass net wäit duerno, wieren dat ronn 1.185.000 Aarbechtsplazen, dëst gekuckt op déi 474.000 Aarbechtsplazen, déi mir am Joer 2020 haten. Wuelgemierkt: Aarbechtsplazen, net Awunner.

Un dësen Zuele gesäit een, datt mer laangfristeg gekuckt, ganz grouss Problemer kréien. Ouni den Däiwel wëllen an d'Wand ze molen, muss mer hei duerno kucken. Duerfir fuerdere mer als ADR no de Walen en Zukunftsdesch, fir dëser Problematik an och nach anere Problematiken, verbonne mam Wuessstum, Rechnung ze droen.

Mir sinn an enger Aart Schnéiballsystem, deen ëmmer méi séier a méi schnell dréint, a mir mussen kucken, wéi mer do erauskommen.

Elo erëm zrëck zu de Pensiounen: De Kompensatiounsfong stellt hei keng Wonnerléisung duer, mee ëmmerhin eng Plooschter fir een oder zwee Joer. Dëst Instrument erlaabt eis et, gewönnbréngend un der globaler Produktivitéit ze participéieren, ouni hei am Land e weideren ongesonde Wuesstum müssen ze forcéieren. De Pensiounsfong géif mat senge 27 Milliarden Euro aktuell d'Pensiounen fir ronn fënnf Joer ofdecken. Fir datt mer nach eng Zäitche vun dësem Hëllefsmoosname kënnen profitéieren, sollt et dierfe selbsterständlech sinn, dat ënnert dem Zil vun der beschtméiglecher Relatioun Risiko–Renditt, datt dëst en bon père de famille géiert gëtt.

D'Leit vum Verwaltungsrout vum Pensiounsfong stoungen eis an de leschten Deeg a Woche mat Rot an Dot zur Säit. An hinnen duerfir fir déi Opklärungsarbecht och e richtig häerzleche Merci.

Am Dossier vun där neier Investitiounsdirektiv vum Verwaltungsrout vum Pensiounsfong gëtt dann och an der Introduktioun ganz kloer op den Alinea 1 vum Artikel 248 aus dem Code vun der sozialer Sécherheet verwisen, dee seet, datt de Pensiounsfong zur Aufgab huet, d'Gesamtheit vun eise Pensiounen ze garantéieren. Fir datt en dës Aufgab erfëlle kann, mussen d'Placementer reegelméisseg un déi abseebare Entwécklung vun de Pensiounen ugepasst ginn an de Prinzip vum enger méiglechst grousser Diversifikatioun vun den Aktiva vum Fong garantéiert ginn. Eenzel Zorte vun Investissementer vu virera kategoresch auszuschléissen, géif dann och am Contraire zu enger Politik vun der Diversifikatioun an domadder och vun enger beschtméiglecher Gestiou am Sënn vun eise Bierger oder Assurée stoen.

Falls dann awer bestëmmt Restriktiounen müssen decidéiert ginn, sollen déi kloer definéiert an objektiv novollzéibar ausfalen. Och de Kader fir d'Investitiounsstrategie vum Pensiounsfong ass no eiser Opfaassung kloer an no de gesonde Prinzipie vun engem breet opgestallte Fong definéiert.

Loosst mech ausnamsweis aus dem Punkt 1., Absatz b), Généralités, vun der Direktiv zitéieren:

„Le patrimoine doit être géré de sorte que :

- la prise de risque prévue par la stratégie d'investissement ne soit pas dépassée ;
- le rendement global (revenu courant plus fluctuation des valeurs) soit maximisé dans les limites de la prise de risque définie ;
- les liquidités pour financer les prestations soient assurées en cas d'insuffisance de recettes en cotisations par rapport aux prestations.“

Selbsterständlech heescht dat net, datt de Pensiounsfong sech ënner allen Ëmstänn just op d'Rentabilitéit soll fixéieren, mee et ginn eng Rei responsabel Ausschlosskrittären definéiert, déi mir als ADR selbsterständlech och matdroen.

Sou heescht et ënner Punkt f) vum Ënnerkapitel 2.2.1., Principes, datt sämtlech Investitiounen am Aklank mat den internationale Konventiounen stoe mussen, déi mir als Land matënnerschriwwen hunn.

Weider si sämtlech Investitiounen an ëmstridde Waffensystemer wéi Streebommen, Nuklearwaffen, biologesch a cheemesch Waffen, an nach verschiddener méi, kategoresch ausgeschloss, eng Politick, där hir Wichtigkeet een net zulescht am Hibléck op déi allgemeng Situatioun an der Ukrain nëmmen ënnersträiche kann.

Fir datt dës wichteg Prinzipien och kënnen agehale ginn, kritt dat zoustänneg Personal eng reegelméisseg aktualiséiert Lëscht vun deenen Entrepreneuren, déi ënnert dës Ausschlosskrittären falen. Krittären, fir eenzel Investissementer, zum Beispill no thematesche Beräicher, d'office auszuschléissen, déi net ënnert déi elo scho genannte Kategorië falen, si par contre net virgesinn. Et ass och schwéier, bei deenen eenzelnen Investissementer dat ze definéieren, wat sech do alles derhannert verstoppt. Mir hu jo eng schwaarze Lëscht vun 137 – et gouf schon e puermol hei gesot – an eng gro Lëscht vun 180. Mee dat, wat do derhannert stécht, dat ass d'Gretche-Fro an och dacks d'Sträitfro.

Falls eis Leit vum Pensiounsfong an dësem gudden Geescht kéinte schaffen, kéinte mir eis dës Debatt u sech spueren. Mee leider hunn am Virfeld eng Rei Fraktiounen den explizite Wëllen ausgedréckt, fir eise Pensiounsfong vun dëse richtegen a wichtege

Prinzipien ofzebréngen an ëmmer méi a Richtung vun enger kuerzfristeger Politiséierung ze drécken.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Jeff Engelen (ADR) | Amplaz vum Wuel vun de Lëtzebuurger Bierger am drëtten Alter soll an Zukunft ëmmer méi d'Ënnerstützung vu kuerzfristegen, méi ideologesche Projeten an de Mëttelpunkt vun den Aktivitéiten vum Fong réckelen. Dës Ziler ginn dann hanner flotte Begrëffer wéi „sozial responsabel“, „nohaltig responsabel“, „klimagerecht“ an esou weider verstoppt. Mee och dat ass zweedeiteg. A wat heescht dat alles? Et bedeit awer näischt anescht, wéi datt mer op déi eleng op gutt Rentabilitéit ausgeriicht Neutralitéit vum Pensiounsfong mussen verzichten.

Mir begrëssen zwar all Lobbyorganisatiounen vu bausse, mee mir mussen och oppassen, datt dës net Iwwerhand huelen. Jee nodeem, vu wat fir enger Säit datt se kommen, maache se dat medial mat groussen Instrumenter. An och dat mussen mer iergendwéi am Sënn vun der Gerechtegkeet andämmen oder verhënnere. Et geet hei primär ëm d'Saach vun dem Pensiounsfong an der Ofsécherung vun eise Pensiounen, an dëst dierf net politesch idealiséiert ginn.

Ech ginn Iech en hypotheescht Beispill: An der Direktiv heescht et am Bezuch op d'Klimapolitick, datt Lëtzebuerg d'Paräisser Klimaofkommes matënnerschriwwen huet an de Pensiounsfong deementsprechend keng Investitiounen dierf virhuelen, déi dem Zil, de globalen Temperaturustig bis d'Joer 2100 op 2 Grad Celsius ze limitéieren, widderstrieden.

Elo kéinte mer laang iwwert d'Wëssenschaft ronderëm dee mënschegemaachte Klimawandel streiden oder diskutéieren, mee, wéi gesot, et handelt sech ëm en internationalen Accord, dee Lëtzebuerg matënnerschriwwen huet.

Op där anerer Säit huet de Pensiounsfong awer och d'Missioun, fir 5 % vu sengen Aktiva an de Logement ze investéieren, dee Beräich, deen d'lescht Joer fir 40 % vun de globalen Zäregasemissiounen responsabel war. Dat sinn offiziell Zuelen.

Solle mer dem Pensiounsfong dann elo sämtlech Investitiounen an de Logement verbidden? Ech denken, dat Beispill schwätzt fir sech a mir denken: Nee!

Ganz konkret geet et jo aktuell souwisou drëm, de Pensiounsfong där erweiterter grénger Ideologie ze ënnerwerfen.

(Interruption)

Virun engem knappe Joer hat d'EU decidéiert, de Gas a virun allem d'Atomkraaft als gro Technologien an hir Taxonomie mat opzehuelen an domat speziell Steierkreditte fir Investitiounen an dës Technologien ze erméiglechen. Et sief op dëser Plaz drun erënnert, datt d'Atomenergie keng CO₂-Emissiounen verursacht. Atomenergie ass jo net d'Allheilmittel an huet och hir ganz negativ Säiten, mee momentan gëtt se nun emol dréngend gebraucht, fir datt an eisem Land an och an Europa d'Luuchten net ausginn. Dat hat och den Här Habeck an Däitschland erkannt an en huet decidéiert, fir momentan nach e Reakter an der Reserv ze halen. Doriwwer eraus gëtt den Atomstrom, ob mer wëllen oder net, nach gebraucht, bis mer d'Transitioun op grénge Strom komplett ëmgestallt hunn. Dat brauch Joerzénge, dat hu mer jo an Däitschland gesinn. Dat geet net vun haut op muer. Do derbäi kënnt jo dann nach d'Ëmstellung vun eisem Fuepark op Elektro.

Eng vun deene wéinege Regierungen, déi dës Decisioun vu Bréissel net matgedroen huet, sëtzt haut vis-à-vis vun eis. Obwuel d'Decisioun vu Bréissel kloer ass, gëtt hei am Land awer alles gemaach fir ze

probéieren, en nationale gréngen Alenggang ze starten.

Loosst mech nach e puer allgemeng Wieder zum Energiemarché soen. Bei eisen däitschen Noperen huet den Ëmsaz vun der Energiewirtschaft 2019 ronn 645 Milliarden Euro uitgemaach bei engem d'PIB vun 3,4 Billionen, also gutt 20 %. Dës Gréisstenueerdnung mécht kloer, datt och eise Pensiounsfong op dësem wichtege Marché net ka feelen an esou e wäitreechende legislative Kader wéi d'EU-Taxonomie op kee Fall kann ignoréieren. A wéi mer am Virfeld vun de Responsabele matgedeelt kruten, géif och esou eng Decisioun net ouni Impakt op d'Performance vum Fong bleiven.

Weider stellt sech och dann hei d'Fro, wéi schonn am Beispill vum Logement, wou mer d'Grenz zéien. Dierf de Pensiounsfong fréier oder spéider keng Aktie méi vun der ARBED kafen, wann dës deels mat Atomstrom schaff? Och dat musse mer eis iwwerleeën.

An engem Gaaschtbäitrag am „Lëtzebuenger Wort“ vum leschte Weekend mam flotten Titel „Rentenfinanzierung ohne pseudo-moralische Bremsklötze“ vun eisem fréiere Wirtschaftsminister, dem Här Robert Goebbels, gëtt dann och drop verwisen, datt souwuel déi grouss Wirtschaftsnatiounen wéi Amerika, China, Japan, Indien an och vill vun eisen EU-Partnerlänner wéi Schweden, Holland, Polen an och eis Nopeschlänner Belsch a Frankräich weider staark an d'Atomenergie investéieren.

(Interruption)

An nei nuklear Zentrale brauche mer menger Meenung net ze investéieren. Mir sollen awer emol dat toleréieren, wat do ass, bis datt mer den Iwwergang zu grénger Energie komplett gestalt hunn. An dat wäert nach Joerzéngten daueren.

Den Här Goebbels kënn da schliisslech zur Konklusioun: „Luxemburg, und damit Investoren wie der Pensionsfonds, darf sich nicht von den technologischen Entwicklungen der realen Welt abkoppeln.“ Domat géif ech dann den Här Minister invitéieren, sech d'Ausféierunge vu sengem Parteikolleeg zu eegen ze maachen a sech entspriedend géint déi an der leschter Zäit ëmmer méi geäussert ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Jeff Engelen (ADR) | ... ideologesch Fuerderunge viru seng Leit vum Kompensatiounsfong ze stellen an dës no beschem Gewëssen a Wësse schaffen ze loosenen.

Här President, an deem Sënn géif ech Iech dann elo nach eng Motioun deponéieren an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

Une voix | Ganz gutt!

Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– et staark Bestriewunge vu verschiddene Gruppe gëtt, fir de Pensiounsfong (FDC) mam Argument vun der Nohaltegkeet fir hir eegen Interessen ze politiséieren;

– dem Pensiounsfong entgéint de Bestëmmung vun der EU-Taxonomie soll verbuede ginn, weiderhin an Atomenergie ze investéieren,

ass sech bewusst, datt

– politesch motivéiert Ausschlosskrittäre fir de Pensiounsfong sech negativ op d'Risiko-Renditt-Relatioun an domat op d'Nohaltegkeet vum Pensiounssystem auswierken,

fuerdert d'Regierung op,

– dofir ze suergen, datt de Pensiounsfong sengen Aktivitéiten am Interessi vum Pensiounssystem soll kënnen ongehënnert nokommen;

– de Versich vun enger Politiséierung vum Pensiounsfong konsequent entgéintzietrieden an dem Verwaltungsrat a senge Mataarbechter deementspriedend de Réck ze stäipen.

(s.) Jeff Engelen.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Här Engelen, erlaabt Der, dass den Här Cruchten Iech eng Fro stellt?

M. Jeff Engelen (ADR) | Jo.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här Engelen. Ech wollt Iech net an Ären Ausféierungen ënnerbriechen. Ech weess jo, dass dat laang Riede sinn. Mee Dir hutt eppes gesot ... Dir hutt gesot, mir kéinten hei jo nach laang streiden iwwert de mëschegemaachte Klimawandel. Ech wollt Iech just froen, also mir sinn eis awer esou gutt wéi all heibannen eens, dass de mëschegemaachte Klimawandel e Fakt ass. Sidd Dir och där Meenung, dass et dee gëtt? Oder sidd Dir der Meenung, dass et deen net gëtt?

M. Jeff Engelen (ADR) | Dee gëtt et! Dat ass ëmmer esou.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Da brauche mer jo net driwwer ze streiden.

M. Jeff Engelen (ADR) | Jo. Mee et kann ee jo awer allgemeng driwwer diskutéieren. Et gëtt jo och Leit, déi dat net esou gesinn. Ech wollt elo net a mengem Fall driwwer diskutéieren, dat ass richtig, Här Cruchten. Mee ech wollt et allgemeng soen, well et si jo och Leit, wann ee mat de Leit dobausse schwätzt, ...

(Interruption)

... déi feststellen, datt dat net esou ass. Mir gehéieren net zu där Kategorie vu Leit. Ech wollt Iech dat just soen.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Dat berouegt mech, dass mer eis op deem dote Punkt eens sinn.

(Hilarité)

M. Jeff Engelen (ADR) | Dann ass et gutt. Da si mer eis jo emol eng Kéier eens, Här Cruchten. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ech mengen, d'Madamm Cecchetti waart drop, dass se d'Wuert huet. A si huet et elo. Dir hutt d'Wuert, Madamm Cecchetti.

(Interruption)

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Villmools merci, Här President. Ech ka mir ganz gutt virstellen, datt gewësse Leit net richtig verstinn, firwat déi ganzen Zäit esou eng Polemik ronderëm de Pensiounsfong gemaach gëtt. A bei deene meeschte Riedebeiträg, déi mer bis elo hei am Parlament héieren hunn, spiert een och e bëssen dat Onverständnis eraus.

„Den FDC ass dach bei Wäitem net dee schlëmmste Fong“, esou d'Verteideger vun der aktueller Politick.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

„A souwisou brauch dach keen ze mengen, datt ee mam Pensiounsfong d'Welt rette kann. Am Verglach zu de weltwäiten Zomme sinn déi 26 Milliarden dach just eng Dréps am Mier oder op de gliddege Steen.“

An trotzdeem hält d'Kritick vun den Ëmweltorganisationen an de Mënscherechtsorganisationen net op. An trotzdeem si grouss Deeler vun der Bevëlkerung, wéi d'Ëmfroen et weisen, mat der aktueller Ausrichtung net averstanen. An trotzdeem hale verschidde Parteie sech weiderhin drun, an elo fänken och nach d'Gewerkschaften – d'Sproochrouer vun den

Assuréen, muss een hei op dëser Plaz eemol ganz kloer soen – un, dat Ganz kritesch ze hannerfroen.

De Grond dofir ass, datt de Pensiounsfong méi ass wéi just e Fong, dee Sue verwalt. De Pensiounsfong huet eng symbolesch Bedeitung. Et ass e Symbol fir d'Aart a Weis, wéi mir als Lëtzebuenger Land wëllen d'Zukunft affrontéieren a gestalten a wéi mir eis Plaz an der Welt gesinn.

De Pensiounsfong ass d'Plaz vun enger Ausenaner- setzung tëscht enger aler an enger neier Welt, enger aler Welt, wou een nach alles konnt dem Profitt ënneruerden, wou een d'Ëmwelt an d'Mënschen onge- néiert konnt exploitéieren, fir op egoistesch Manéier Kapital unzehéieren, an enger neier Welt, an där et ëmmer méi d'itelech gëtt, datt d'Zerstéierung vun de Liewensgrundlagen an eng Verschäerfung vun den enorme sozialen Inegalitéiten eis onweigerlech wid- der eng Mauer féieren, an zwar mat 200 km/h. Et ass eng Ausenaner- setzung tëscht deenen, déi d'Eraus- fuerderunge wëllen ugoen an deenen, déi mengen, mir géifen an eisem Mariëländchen op enger Insel wunnen a stänneg soen: „Ma mir hunn dat dach nach ëmmer esou gemaach!“

Här President, am Virfeld vun dësem Debat konnt een aus der Press gewuer ginn, dass déi nei Strategie entstanen ass am Conseil d'administration vum FDC. Si ass votéiert gi mat de Stëmme vum Patronat an de Stëmme vun der Regierung, mee géint d'Stëmme vun den Assuréen, also géint d'Stëmme vun deenen, deenen d'Suen eigentlech gehéieren, fir dat och nach eng Kéier kloerzestellen. Well dat gëtt jo ëmmer erëm hei gesot: Et sinn net dem Staat seng Suen, et sinn d'Sue vun den Assuréen!

An de Grond, firwat d'Assuréen dergéint gestëmmt hunn, ass, well se méi Nohaltegkeet a méi Kohärenz wollten. Haaptsträitpunkt war anscheinend d'Fro ëm déi fossill Energien an den Impakt vum Pensiounsfong op de Klimawandel bezéiungsweis d'Fro, ob de Portfolio am Aklang ass mat den Engagementer vum Paräisser Accord.

Si hunn net déi zwou Saachen, nämlech de Rendement an d'Nohaltegkeet, géinteneen ausgespillt. Dat brauch een och net, well déi nohaltege Fonge leie beim Rendement net wäit hannert deenen aneren. Donieft hunn d'Gewerkschaftsvertrieder och den Ausschloss vun der Nuklearindustrie aus dem Pensiounsfong gefuerdert. Och hei hunn d'Regierungsvertrieder zesumme mat de Patronatsvertrieder dergéint votéiert. Ech muss soen, do sinn ech wierklech aus dem Staunen net méi eraus- komm! Eng Regierung, déi aus dräi Parteie besteet, déi allen dräi Member si vum nationalen Aktiounskomitee géint Atomkraaft. Eng Regierung, déi sech aus- sepolitesch vehement géint d'Atomkraaft stellt an um europäeschen Niveau souguer Kloe géint d'Atomkraaft ënnerstëtzt. Déi Regierung stëmmt da géint en Ausschloss vun der Nuklearindustrie aus dem Pensiounsfong, soudatt mir weiderhin Aktionär bleiwe kënnen vun de Bedriewerfirmen vu Cattenom an Tihange. Do muss ee soen: Chapeau, léif Kolleeg vun der DP, der LSAP an déi gréng!

Iwwerhaupt ass et elo eriwwer domadder, sech stän- neg hannert dem CA vum FDC ze verstopen an ze la- mentéieren. Et wär jo finalement un de Sozialpartner, dat ze decidéieren. Dës Kéier sinn et d'Regierungsver- trieder, déi den Ausschlag ginn hu beim Vott. Et sinn d'Regierungsvertrieder, déi eng méi progressiv Politick vehement verhënnert hunn. An et sinn iwwregens och d'Regierungsparteien, zesumme mat der CSV – d'ADR war an där Sëtzung net vertrauden, an d'Piraten si just Observateur an d'ärfen net matstëmmen, fir elo kom- plett ze sinn –, déi verhënnert hunn, datt d'ONGen am Virfeld vun dësem Debat konnten am Parlament an der Kommissioun gehéiert ginn.

D'Meenung vun den ONGen, déi scho jorelaang op dëser Fro schaffen an eng ganz Rei vu seriösen Etüden dozou an Optrag ginn hunn, schéngt Iech manifestement net ze interesséieren. Dann haut elo awer e grousst Staunen iwwert dëse Revirement!

Mir begréissen déi vun de Regierungsparteien deposéiert Motioun, an ech wäert duerno zur Motioun nach eppes soen.

Här President, d'Ännerungen an der neier Strategie par rapport zu där vun 2018 sinn an eisen Aen einfach net grouss genuch. Firmen, déi fir länger Zäit ënner Verdacht stinn, géint gewëssen international Konventionen ze verstoussen, kënnen elo ënner Ëmstänn op d'Exklusivléischt kommen. Dës Neierung, déi jo och op Drock vun de Gewerkschaften hin opgestallt gouf, ënnerstëtzt mir an hunn dowéinst dat och an der Kommissioun gelueft, woubäi d'Effektivitéit awer ganz staark dervunner ofhänkt, wéi se duerno ëmgesat gëtt. An dat ass fir eis net kloer, well et do jo och nach keen Text gëtt.

Donieft soll elo e reegelméisseg Monitoring gemaach ginn, wéi een Impakt de Fong op d'Klima huet. Et soll och eng sougenannt „Engagement-Strategie“ ëmgesat ginn. Dat heescht, et gëtt warscheinlech eng Sociéitéit beoptraagt, am Numm vum Pensiounsfong bei de grousser Multinationellen nozefroen, wat se dann a Saachen Nohaltegkeet wëlle hunn. Bon, eiseweegen! Mee wie mengt, datt Total oder Shell géifen dofir hir Politik och just ëm ee Millimeter änneren, dee gleeft awer wierklech hei un de Kleeschen! Si wäerte weiderfuere wéi gehabt an, bis déi lescht Drëps fossill Energie aus dem Buedem ass, déi och férdere.

No fénnef Joer, an deenen d'Fro vum Klimawandel ëmmer weider un Drénglechkeet gewonnen huet, nodeems e puer Analyse gemaach goufen, déi weisen, datt den FDC de Paräisser Accord net anhält, an nodeems hei am Parlament Debatte gefouert a Motiounen gestëmmt goufen, ass dat grosso modo alles, wat soll ännere fir d'Period bis 2027. Ma dat kléngt fir eis awer verdächtig no engem „Weider esou wéi bis elo“.

Wat eis awer besonnesch sauer opstéisst, sinn déi zwee Sätz, déi nei an dës Strategie agebaut goufen. Deen éischte Saz schléisst thematesch Exklusivitéiten, zum Beispill d'Exklusivitéit vum Nuklearsektor oder dem Kuelenofbau, kategoresch aus. Zumindest misst dee jo elo awer erausgeholl ginn, wa mer dës Motioun hei unhuelen, déi hei ofgeluecht gouf. An deen zweete Saz schléisst kategoresch aus, datt de Fong sech an Zukunft un nohaltege Benchmark-Indexen orientéiert. Dee misst ee jo dann och eraushuelen, well dës zwee Sätz missten iwwerhaapt net an dëser Strategie stoen, well et gëtt jo keng Necessitéit, an eng Strategie eppes dranzeschreiwen, wat een net wëllt maachen. Déi zwee Sätz sinn an eisen Ae just dowéinst opgeholl ginn, fir all politesche Diskussioun iwwer thematesch Exklusivitéiten an nohaltege Indexen an Zukunft besser ofwiergen ze kënnen.

Mir sinn a bleiwen der Meenung, datt ee verschidde Secteure sollt ausschléissen. An dorënner an éischter Linn all d'Enterprisen, déi e gewëssenen Deel vun hirem Chiffre d'affaires mat der Exploitatioun vu fossille Brennstoffen maachen, dat heescht, Pétrols-, Gas- a Kuelekonzerner. An ech soen Iech och firwat.

D'Diskussioun ronderëm de Klimawandel ass immens komplex. Mee am Fong ass d'Léisung vum Problem esou einfach, datt se an e eenzelne Saz passt: Déi fossill Energieträger mussen am Buedem bleiwen! Punkt, Schluss. An dann därefer mir net eis Cotisatiounen de Pétrolsfirmen zur Verfügung stellen, fir d'Exploitatioun vun neien Uelegfelder ze finanzéieren an

dei besteeënd Férdere ze rentabiliséieren. Dat ass eis Meenung, mat där mir awer hei am Parlament anscheinend zimmlech aleng dostinn.

Bon! Et ännert sech jo elo, wa mer déi Motioun do stëmme. Mir sinn a bleiwen och der Meenung, dass mer d'Ustreuung mussen verstärke fir sécherzestellen, datt mer net a Firmen investéieren, déi Mënscherechter oder Aarbechtsrechter violéieren. Den aktuelle Mechanismus garantéiert dat a leschter Instanz och net esou ganz. A mir sinn a bleiwen och der Meenung, datt am Pensiounsfong soll e Comité d'éthique geschaf ginn. De President vun der Securitëitskommissioun huet a senger Ried jo ganz oft vun Eethik geschwat, an dem honorabelen Här Charles Margue, deem soen ech e grouse Merci, e ganz grouse Merci, datt deen eis Propos esou staark ënnerstëtzt huet hei an dësem héijen Haus.

Une voix | Très bien!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Dee soll nämlech den CA an deene Fro beroden. Mir hunn dat an eiser Proposition de loi 7729 stoen, déi iwwregens scho säit iwwer zwee Joer deposéiert ass an zu där d'Regierung et nach net fir néideg empfongt huet, eng Stellungnam ofzeginn.

Här President, e Beräich, wou de Pensiounsfong eiser Meenung no besonnesch versot huet, ass de Logement. Am Koalitiounsaccord steet, ech zitieren: „il convient [...] de développer les investissements du Fonds de compensation dans le logement locatif à coût modéré.“ An der Annex 1 vun der Strategie 2018 ass eng Quot vu 5 % fixéiert gi fir d'Investissementen an den Immobiliemarché hei zu Lëtzebuerg.

Laut dem leschte Rapport 2021 si mer knapps emol bei 1,7 %, Tendenz falend. Déi ënnescht Marge ass bei 2,5 % fixéiert.

(Interruption)

Et steet awer esou an der Annex. Ech zitieren dat, wat an der Annex steet. An an der Annex 2 kann een noliesen, datt, wann den Undeel ënnert déi Marge fält, da muss obligatoresch no uewe reajustéiert ginn. Dat ass awer manifestement net geschitt, well den Undeel säit 2018 just nach biergof gaangen ass.

Nach eng Kéier méi problematesch gëtt et, wann ee kuckt, a wéi eng Immobilien den FDC seng Sue stécht, well et ass kengesweegs virun allem Logement locatif à coût modéré, wéi et am Koalitiounsaccord steet, mee et si virun allem kommerziell Flächen oder Büroflächen. Vun deenen 122.000 Meterkaree, déi den FDC hei zu Lëtzebuerg besetzt, si grad emol 7.000 Meterkaree Habitations privées.

D'Virgabe vun der Strategie 2018, déi also net agehale gi sinn, goufen elo einfach bei der neier Strategie onverännert iwwerholl. Mee et ass néierens erkennbar, wat dann elo an Zukunft anescht gemaach gëtt. An ze soen, et géif an administrativ Gebaier respektiv a Gebaier, déi dann och dem Gesondheessektor ugerechent kënnen ginn, investéiert ginn, mécht d'Saach vun de Logementen awer net besser. Et ass zwar luewenswäert, mee et mécht einfach dee ganze Volet net besser.

Une voix | Dat ass net de Rôle vum Fong.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Voilà! Et ass net de Rôle vum Fong, ech weess, mee et steet awer am Fong, et missten 2,5 % bis 5 % dran investéiert ginn.

(Interruption)

Da muss mer dat och eraushuelen. Da muss mer dat carrement eraushuelen!

Här President, d'Beispill vum Logement representéiert ganz gutt, firwat mir déi heiten aktuell Politik

vum Pensiounsfong fir falsch halen. Eiser Meenung no muss den FDC nieft der Ofsécherung vun de Reserven an nieft dem Schafe vun enger gewëssener Renditt och nach eng drëtt Funktioun iwwerhuelen, nämlech d'Schafung vun enger gesellschaftlecher Plus-value. Et kann dach net just drëms goen, esou wéi den Dagobert Duck, e riseg Geldspäicher unzesammelen, just fir sech all moies genësslech doranner ze bueden. Mir mussen d'Reserven an d'Zukunft investéieren an zwar a genee déi Zukunft, déi mir eis wënschen. Dat ass méiglech an et ass net eng technesch Fro. All déi laang finanztechnesch Argumentairen, déi wëlle gleewen doen, datt dëst dowéinst net geet an dat dowéinst net méiglech ass, dat si just Niwwelkäerzen, déi sollen oflenken.

Wann ee wëllt, an de politesche Wëllen do ass, da geet dat och! An dofir ass dës nei Strategie och mat Sécherheet keen Endprodukt vun der Diskussioun, mee allenfalls eng Tëschenetapp an dat hu mir jo och elo gemierkt mat där Motioun, déi deposéiert gouf. D'Ausenanersetzung, vun där ech virdru geschwat hunn, wäert weidergoen. Mir als déi Lénk wäerten op alle Fall derhannert bleiwen.

An da wollt ech ganz zum Schluss awer nach eppes richtegstellen, wat den honorabelen Här Spautz e bëssen aus dem Kontext gerappt huet. Jo, d'Greta Thunberg huet gesot, et wier besser, eng Atomzentral, déi nach gutt ass, e bësse méi laang weiderlafen ze loosse wéi e Kuelekraaftwierk. Et ass awer net esou, datt si gesot huet, fir an nei Atomkraaftwierker ze investéieren, mee déi Sue sollen da ganz séier an erneierbar Energien investéiert ginn, fir datt déi Transition eeben esou schnell wéi méiglech weidergefuert ka ginn.

Zum Schluss wollt ech soen, datt mir och eng Motioun haten, awer mir ginn déi elo net of, well d'Regierungsparteien, also d'Majoritéit, eng Motioun ofginn hunn, mat där mir ganz gutt liewe kënnen. Ech schwätzen awer herno nach zu der Motioun dann an deem Kontext.

Voilà! Merci fir d'Nolauschtenen.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut hu mer dann endlech d'Chance, fir iwwer déi nei Investitiounsstrategie fir eise Pensiounsfong ze schwätzen; eppes, wourobber net nëmme mir Piraten, mee och eng ganz Rei Acteuren aus der Zivillgesellschaft – a mir hu se virdru deelweis virun der Dier gesinn – gewaart hunn.

Mir gesinn als Chamber den éischte Rôle virun allem an der Opklärung beim Pensiounsfong. Mir als Politikerinnen a Politiker, geneesou wéi déi Responsabel vum Pensiounsfong, mussen d'Matbirgerinnen an d'Matbirger, jo d'Assuréeen, méi opklären, a wat fir Firmen a Projeten d'Suen am Moment investéiert ginn.

De Pensiounsfong ass e wichtegt Instrument, mat deem Lëtzebuerg eis Zukunft an déi vun eise Kaner muss ofsécheren, eng Zukunft, an där Investissementer a feindlech Länner a fossill Energie keng Plaz wäerten hunn, keng Plaz kënnen hunn, well Investissementer an déi Richtung weeder sécher nach mëttel- a laangfristeg rentabel sinn. Virun allem beim Pensiounsfong ass do nach vill Nohuelbedarf.

2021 goufen nëmme 23 Haiser aboardabel duerch de Pensiounsfong verlount. Vun iwwer 24 Milliarde sinn nëmme 500 Milliounen a Produite gaangen, déi als

Zil haten, d'Ärderwärmung ënner 2 Grad Celsius ze halen. Dat si grad emol 2 %. An nee, ech hu mech net verschwat bei den 2 Grad Celsius, ech kommen nach dorobber zrëck.

De Pensiounsfong huet et net gepackt an deene leschte Joren, fir déi selwer virgeschriww 5 % vu sengem Aktiv an Immobilien hei zu Lëtzebuerg ze investéieren. Mir waren do nëmme bei 2 %. Et gouf an deene leschten zéng Joer näischt méi Rentabelle wéi den Immobiliemarché zu Lëtzebuerg an de Pensiounsfong huet et net gepackt, do ze investéieren? Bref!

D'Zil vum Pensiounsfong ass ganz kloer – an dat krute mer an der Kommissioun ëmmer erëm gesot –, d'Risiken esou kleng wéi méiglech ze halen an esou breet wéi méiglech ze fächeren.

Mir Piraten sinn der Meinung, wann een dervunner schwätzt, datt een a Fonge wëllt investéieren, déi eng héich Qualitéit hunn, da muss een a Fongen investéieren, déi eng Zukunft hunn. A Fongen, déi a fossill Energien investéieren, déi an Atomenergie investéieren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi gehéiere fir eis net derzou!

Mir Piraten mengen, et soll een ophalen ze gleewen, datt Firme wéi Shell, Total oder BP wäerte bei der Bekämpfung vum Klimawandel hëllefen. Si weisen eis et ëmmer erëm. Shell huet bekannt gemaach, datt se d'lescht Joer 40 Milliarden Dollar verdéngt hunn. BP sot dës Woch, datt se am selwechten Zäitraum 27 Milliarde verdéngt hätten. An dann, jee nodeem, wéi eng Headline ee liest, kéint ee mengen, si wäere grouss Kämpfer fir d'gréng Zukunft, wa se soen: „Peak Oil war 2019“, fir dann am nächste Saz ze soen, datt si hiert Zil vum „net zéro“ bis 2050 fale wäerte loossen a sech just nach op eng Reduktioun vun hiren Emissiounen vu 35 % bis 2100 wëllen engagéieren. Dat ass de Contraire vun deem, wat mer als responsables belen Investisseur vun hinne wëllen. Se maachen de Contraire vun deem, wat eis Zukunft brauch.

D'Argument ass: „Jo, mee d'Demande fir fossill Energie muss gedeckt ginn!“ Eng Demande, déi do ass, well mir genau weider an déi Secteuren investéieren. An ech mengen, genau dee Fall weist dann d'Hamsterrad, an deem mer stiechen, an deem mer duerch eis politesch Decisiounen zum Deel stiechen. Dofir soll d'Zil vun der Investitiounsstrategie bis 2028 net sinn, fir weider fossill Energien oder fossill Konsumenten ze pushen, mee déi nohalteg Produiten ze stäerken, déi zum gréissten Deel schonn do sinn.

Fir eis sinn nohalteg Finanzproduiten och Produiten, déi eng Ärderwärmung op maximal 1,5 Grad Celsius uviséieren, an net 2 % (veuillez lire: 2 Grad Celsius), wéi de Pensiounsfong dat virgesäit. Dat widersprécht dann och erëm eisen nationalen Ziler, déi d'Regierung sech ginn huet an déi och an der neier Verfassung zumindest duerchkléngen.

De Pensiounsfong gesäit sech onofhängeg vun der Politick. Mee de Kampf géint de Klimawandel ass keng Moudeerscheinung, mee muss net nëmme déi gréisste Prioritéit vun dëser Regierung sinn, mee vun deenen nächsten zéng Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen! 2 % investéieren a Fongen, déi d'Paräisser Klimaoffkommens respektéieren, sinn do Welten ewech vun deem, wat mer maache mussen. Dat muss een hei och kloer soen: D'Entscheidung, fir verschidden Theemeberäicher net aus dem Pensiounsfong auszeschléissen, ass keng gesetzlech. Et ass eng reng Entscheidung vum Verwaltungsrout vum Pensiounsfong. Dat ass am Gesetz esou net virgesinn!

A Greenpeace huet bekanntlecherweis jo och an enger Etüd, déi eis alleguerten zougangen ass – dofir kann ech draus zitieren –, dat iwwerpräiwe gelooss. A wéi mer dunn an der Kommissioun iwwert

d'Investitiounsstrategie geschwat hunn, grad wat déi verschidden Indicen ugaangen ass, dunn ass et mer awer deelweis kal de Réck erofgelaf, mat wat fir enger Nonchalance d'Representanté vum Pensiounsfong den Deputéierten do wollten en X fir en U virmaachen. Mir krute gesot: „Mir kënnen net an nohalteg Fongen investéieren, well mer soss eis Investitiounsstrategie verletzen“, andeem gesot gouf: „Dann investéiere mer op emol 11 % an eng bestëmmte Firma!“ Dorobber nogehaakt, gouf gesot: „A nee, nee, et ass nëmme e Beispill.“

Mee vill méi schlëmm, an do si mer carrement – an ech soen dat mat ganz vill Oppassen op mäi Wuert – „ugeflunkert“ ginn an der Chamber, dat war, wéi de Pensiounsfong eis wollt wäismaachen, datt den MSCI Paris Aligned manner lukrativ, manner rentabel wier wéi den MSCI World. Fir déi, déi dat net wëssen: Den MSCI World ass den Index, deen de Fong hält, fir seng Performance ze moossen, a wou e probéiert, sech drun auszeriichten. Dat ass e Fong, deen an iwwer 1.000 Firmen investéiert an deen dofir eng ganz breet Streeung huet a wou de Pensiounsfong eis seet: „Doduerch geet de Risiko erof.“ „An de Rendement an d'Luucht“, dat krute mer da gläichzäiteg gesot, en hatt e bessere Rendement wéi de Paris-Aligned-Fong.

Et ass just blöd, datt all déi Fonge verpflichtet sinn, fir hir Rendementen ëffentlech ze dokumentéieren. A wann een och nëmme eng Kéier déi zwee Fonge bei enger gréisserer Sichmaschinn agëtt, fënnt een als éischt Resultat: genau déi Rapporten! An do gesäit een dann op emol, datt dee Fong, nämlech den MSCI World Paris Aligned, deen a Firmen a Produiten investéiert am Aklang mam 1,5-Grad-Zil, zanter 2013 – d'Zuele si vum 31. Januar – 8,76 % Rendement pro Joer gemaach huet, géint 7,98 % am MSCI World.

Mir als Deputéiert krute gesot: „Maacht Iech do keng Hoffnungen, deen ass manner rentabel wéi den MSCI World.“ Dat kléngt wéi eng Klenggekkeet. Mee ech fannen et awer dramatesch, datt mat esou Onwou-rechten, mat esou Geflunkers an enger Kommissioun muss geschafft ginn, wann d'Deputéiert sech wëllen informéieren.

A wien elo un deenen Zuelen zweifelt, deen invitéieren ech, d'PVe vun deene Kommissiounssätzungen nach eng Kéier nozeliesen, wou déi Zuelen explizitt genannt goufen a wou grad beim Rendement och net drop higewise gouf, datt et sech ëm Beispiller géif handelen.

Fir eis Piraten heescht „sécher a rentabel investéieren“ nämlech och, datt een net méi a sougenannt „stranded assets“ investéiert. D'Stranded Assets huet den Jeremy Rifkin definéiert, een, deen hei zu Lëtzebuerg an der Chamber nach e bësse bekannt misst sinn, ëmmerhin hat Lëtzebuerg jorelaang eng sougenannt „Rifkin-Strategie“.

(Interruption)

An en definéiert déi als Produiten, déi jeegleche Wäert verléieren, well déi Firmen, an déi een investéiert huet, selwer d'Welt futti maachen. Dat sinn also Produiten, wou mer wëssen, datt se an absebarer Zäit näischt méi wäerte wäert sinn. En ass iwwerzeegt, datt d'Industrie vun de fossillen Energie wäert 2028 duerch de Wëlle vum Marché ufänken ze kollabéieren – net well mir als Mënschen esou gutt sinn, mee ganz einfach well de Marché säi Choix getraff huet a wëllt weiderexistéieren –, an dat, well d'Käschte vun erneierbaren Energie bis dohinner ëmmer weider wäerte falen.

Wann eise Deputéiert mat dëser Strategie bis 2028 also nach ëmmer säi Geld a fossill Energien investéiert, riskéiere mir, mir alleguerten als Assuréeen, Pensiounsgelder ze verléieren duerch eng

Investitiounsstrategie, déi en Horizont huet, deen net méi wäit ass wéi eis Nuessespëtzt, an déi net gesäit, wat u Megatrends am Kommen ass.

Nach haut de Moien hate mer hei an der Chamber eng Kommissiounssetzung iwwer Megatrends, déi vun där neier Cellule „Luxembourg Strategie“ am Wirtschaftsministère begleet solle ginn. Ma ech géif eng Kéier de Pensiounsfong invitéieren, sech mat där Cellule kuerzschléissen, well wann een deenen nolauschert, dann ass warscheinlech dat, wat am Moment hei an der Investitiounsstrategie steet, net nëmme caduc, mee souguer brandgefäerlech fir eise Pensiounssystem.

A gläichzäiteg wäert déi virgeluechte Strategie derfir suergen, datt eis eegen Transition méi deier gëtt, well mer net matzäiten derfir gesuergt hunn, datt déi richteg Produiten, déi eng Zukunft hunn, geförderet ginn.

Dofir ass den Invest an erneierbar Energien an an eethesch Produiten net nëmme moralesch richtig, mee en ass finanziell onabdéngbar. Fossill Investissementer wäerten eis Pensiounsreserve schrumpfen doen, Solarinvestissementer se weider héichhalen. Eng net nohalteg Strategie vum Pensiounsfong bis 2028 wäert eis also all deier ze stoe kommen. An deem Sënn ass d'schwarz Lëscht vum Pensiounsfong och vill ze kleng an net transparent genuch. Mat der neier Strategie ass nämlech nach ëmmer net kloer, wat d'Krittären da fir eng schwaarz oder eng gro Lëscht sinn.

Wann ee bedenkt, wéi vill Firmen et hei op der Welt gëtt, déi e Profitt maachen duerch de Misär vun anere Leit an déi eis Welt weider verknaschten an de Klimawandel weider undreiwten, da kann et net sinn, datt mer nëmme 137 Firmen op eiser schwaarzer Lëscht stoen hunn. Mir sinn eis jo sécher eens, datt et méi Firmen op dëser Welt gëtt wéi 137, an déi eis Pensiounsgelder net sollen investéiert ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt de Pensiounsfong quasi ni vu sengem Recht als Aktionär Gebrauch mécht, fir an deenen AGen d'Positioun vu Lëtzebuerg ze verrieden oder iwwerhaupt emol Stellung ze huelen a verschiddene Saachen, ass fir eis net ze akzeptéieren. Et gëtt net deelgeholl oder d'Responsabilitéit gëtt deelweis souguer outgesourcet. Dat si fir eis keng akzeptabel Zoustänn an et wier an eisen Aen en Deel vum Volet, ech zitieren: „Engagement“, deen de Pensiounsfong virgesäit, e Volet, deen awer definitiv net esou eescht geholl gëtt, wéi mir eis dat wënschen.

Et ass eng verpasste Chance, léif Kolleeginnen a Kolleegen, well et ass definitiv eppes, wou d'Responsabilitéit gëtt deelweis souguer outgesourcet. De Marché sinn, musse Responsabilitéit huele fir hir Assuréeen. Well um Enn vum Dag, an dat huet all Riednerin a Riedner heibanne gesot, sinn dat hei jo net Suen, déi magesch op engem Kont oder magesch an engem Fong opgetaucht sinn, mee dat hei si Sue vun eis alleguerten, vun eis alleguerten als Assuréeen, déi esou sollen ugeluecht ginn, datt eis Pensioune stabil kënnen ausbezuelt ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grouse Kritikpunkt un der neier Strategie vum Pensiounsfong ass dann och nach ganz kloer, datt keng thematesch Exklusiv gemaach solle ginn. Atom a Gas wäerten och weiderhin net ausgeschloss ginn. Ob dat sech mat der Motioun, déi d'Majoritéit elo proposéiert, wäert änneren? Ech hoffen et. Mee déi Propos, déi de Pensiounsfong virgeluecht huet, huet dat net virgesinn.

Verschidde Staatsanleie ginn net d'office ausgeschloss, verschidde Firmen, déi géint Mënscherechter

verstoussen, ginn nach ëmmer net d'office ausgeschloss. Schockéiert huet mech dann an der Kommissioun an de Mëtten heibannen de Sozialversicherungminister, de Claude Haagen, dee sech net à l'aise genuch gespiert huet fir ze definéieren, wat eng Entreprise ass, déi an Atom investéiert.

De Minister Haagen sot an der Kommissioun, et kéint een net kloer soen, datt eng Entreprise, déi 5 % an Atom investéiert, eng Entreprise wier aus dem Atomsecteur. Hie sot, datt hien net kéint soen, ob een EDF, déi jo fir all Atomzentral a Frankräich zoustänneg ass, kéint ausschléissen opgrond vun hirem Lien mat Atomstrom. Ech zitéieren aus de PVen. Mir Piraten mussen also dervun ausgoen, datt mat dëser neier Investitiounsstrategie weider wäert Geld an Atomstrom fléissen. An ech fäerten, datt d'Motioun vun de Majoritéitskolleegen e bëssen ze spéit kënn. Lëtzebuerg hält sech also selwer net un déi Forderungen, déi mer op europäischem Plang vertrieeden. Dat mécht eis net glafwierdeg.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat muss sech also elo nach änneren? Fir d'alleréisch brauche mer méi Transparenz an deem ganze System, virun allem Transparenz um Niveau vun de Firmen, déi d'Fongen an d'Indicen zesummestellen, déi mer herno kafen. Och muss ëmmer erëm e Suivi gemaach ginn. Et soll iwwerpréift ginn, datt Firmen, déi eemol vum Pensionsfond als nohaltege agestuift goufen, dëst och spéiderhin nach sinn, dëst an Hिसicht op d'Gefore vum Greenwashing. Da muss de Pensionsfond sech och méi aktiv an déi Firmen abréngen, wou mer e gewichtegt Stëmmrecht hunn.

Nëmmen esou kënne mer sécherstellen, datt eis Investissementer durabel bleiwen a mer net op eemol als Contribuabel Deel vun de Prozesser wéinst Verletzung vu Mënscherechter sinn.

Schlussendlech muss mer eis un eis eege Virgaben halen, dat heescht: Investissementer just nach a Produiten, déi de Paräisser Klimaaccord respektéieren, Investissementer an de Lëtzebuurger Wunnraum. Dat heescht och: keng Investissementer a Gas an Atom.

De Kampf géint de Klimawandel ass keng Moudeerscheinung a kee politescht Spill. An ech sot et: E muss déi gréisst Prioritéit vun deenen nächsten zéng Regierung sinn. Den Akaf vun nohaltege Finanzproduiten ass méi rentabel wéi all Shell-Aktie.

Wann dës Konditiounen net erfëllt sinn, kënne mir Piraten eisen Accord fir dës Strategie 2023/2028 net ginn. Ech wäert awer herno nach e bëssen Hoffnung hunn, datt d'Motioun dat zum Deel wäert änneren.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement. Den Här Mars Di Bartolomeo freet nach d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Här President, ech wollt eppes net esou am Raum stoe loosse vis-à-vis vu Beamten, déi hiert Bescht ginn hunn an deene leschten 10, 15 Joer, fir de Pensionsfond vun eise Renten esou gutt ze betreiwen, wéi dat méiglech ass, no bestemtem Wëssen a Gewëssen. An ech wëll dat net einfach esou am Raum stoe loossen, ...

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | ... dass déi Leit eis hei wëllentlech „beflunkert“ hätten! D'Fairness, déi elementar Fairness an dësem Haus, géif verlaangen, dass een, wann een enger anerer Meinung ass, deenejéinegen, deenen ee virwerft, dass se ee beflunkert hunn, zumindest d'Geleeënheet géif ginn, déi verschidde Chiffere mateneen ze vergläichen. Ech wollt

dat just hei gesot hunn. Mir hunn och d'Flicht, eis viru Leit ze stellen, déi irrefrachabel an der Gestiou vum dësem Fond waren a sinn!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Den Här Sven Clement freet nach eng Kéier d'Wuert zréck.

M. Sven Clement (Piraten) | Ech sinn erschreckt iwwert dat, wat den Här Di Bartolomeo elo grad gesot huet!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Da sidd Dir awer deen Eenzegen!

M. Sven Clement (Piraten) | Éischtens emol, well an der Kommissioun déi Zuelen thematiséiert goufen. Et huet kee vun där anerer Säit hei sech iergendwéi interpelléiert gefillt, dozou eppes ze soen. Mir kënnen an all PV noliesen, datt ech hinnen d'Chance ginn hunn an der Kommissioun, dozou Stellung ze huelen, an datt genau zu deene Saache mam Rendement genau näischt zréckkonn.

An ech fannen et dramatesch, wann et objektiv Zuele gëtt, datt déi Leit, déi sech all Dag mat deenen Zuelen auserneeetze mussen, et trotzdem fir néideg fannen, enger Chamberskommissioun Saachen ze zielen, déi herno am PV stinn – a si haten d'Chance, fir dat jo dann am PV richtegstellen, wann dat falsch gewiescht wär, wat se gesot hunn. Da fannen ech et dramatesch, datt an engem PV, deen eng Chamberskommissioun huet, herno nach Saachen drastinn, déi objektiv falsch sinn, a wou dann herno d'Deputéiert, d'Representanté vum ganze Vollek, hir Aarbecht solle maachen a sech net kënnen op verifizierbar Fakte beruffen, well eppes Falsches an enger Kommissioun gesot gouf. Dat fannen ech dramatesch!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. Leschten ageschriwwene Riedner ...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Här President, just eng Präzisioun: Ech bleiwe bei deem, wat ech gesot hunn. An ech wëll just drop hiweisen, dass et der Fairness halber och net schlecht gewiescht wär, dass ee gesot hätt, dass dee vill geluften norweegesche Staatsfond a Pensionsfond am Joer 2022 e massive Rekordverloscht gemaach huet. Do wollt ech just drop hiweisen, der Vollstännegkeet halber soll een och dat kënne soen, ...

M. Sven Clement (Piraten) | MSCI World och!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | ... dass déi vill geluften Modellfongen d'Baach erof kënne goen!

M. Fernand Etgen, Président | Dont acte! An ech ginn elo d'Wuert un dee leschten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mech ausdrécklech am Numm vun der CSV den Ausféierung vum Här Mars Di Bartolomeo uschléissen, déi en elo just gemaach huet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Michel Wolter (CSV) | Ech brauch, Dir Dammen an Dir Hären, op villes net anzegoen, wat an deene leschten zwou Stonnen heibanne richtegerweis gesot gouf iwwert d'Ziler vun engem Fonds de compensation, wat e soll maachen, ënner wat fir enge Krittären datt e soll schaffen an op wat en ausgeriicht ass. Fir mech ass den haaptsächleche But vun esou engem Fond, dass en d'Perennitéit vun den Avoiren, déi en ze geréieren huet, garantéiert, well et geet ëm d'Sue vun de Leit, et geet net ëm ëffentlech Suen.

Dobäi ass d'Verdeelung vun den Avoiren an domat d'Verdeele vum Risiko mat dee wichtegsten Aspekt vun der Gestiou vun engem Pensionsfond. Pardon, datt ech dat soen, et ass mer an der Diskussioun e bëssen ze kuerz komm. Et ass d'Verdeelung vun den Avoiren an d'Verdeelung vum Risiko, déi fir mech dee wichtegsten Aspekt vun der Gestiou vun engem Pensionsfond sinn.

An dofir ass och weltwäit a besonnesch an Europa, zumindest am Privatsecteur, an deem ech an deem Domän ënnerwee sinn, déi Aktivitéit streng reguléiert an ënnerläit enger detaillierter Reglementatioun, déi och vum Regulateur genaustens kontrolléiert gëtt a sech permanent weiterentwéckelt.

Och am ëffentleche Secteur gëtt et Reegelen, an dësem Fall duerch eng Strategie dokumentéiert, déi mer jo haut mateneen diskutéieren. Et geet ëm Froe vu Liquiditéit, Volatilitéit, Perennitéit, Productmix, Klumpbildung an esou weider. Et geet drëm, e Fond op sécher Féiss ze stellen, fir datt e seng Engagementer laangfristeg honoréiere ka par rapport zu deene Leit, déi em hir Suen uvertraut hunn oder déi duerch Gesetz obligéiert ginn, em hir Suen unzevertrauen.

Beispiller an den USA an och op anere Plazen weisen, dass, wann een ze spekulativ – an ech leeën d'Betounung drop – an ze vill an „net liquid Assets“, Avoiren, investéiert, dass dann d'Geld ganz séier op eemol fort ass an domat och de Leit hir Pensiounen. Et ass net fir näischt, dass besonnesch déi net liquid Avoiren enger ëmmer méi grousser Risikoanalys, och hei am Land duerch d'CSSF, ënnerzu gi fir sécherstellen, dass an engem klengen Marché déi Bedeutung, déi se hunn, net iwwerproportionéiert gétt par rapport zu de Leeschtungen, déi se kënne ginn.

Lo héiert een och de Mëtten, dass et politesch gewollt wier, dass de Fonds de compensation an Zukunft net nëmme verstärkt an Immobilien, mee besonnesch – an ech hu gesinn, et ass och an der Motiou vun der Majoritéit dran – an de soziale Wunnengsbau investéiere soll, deemno seng Quote-part am Productmix vergréissere soll par rapport zu aneren Investem.

Den Här Margue huet gesot, et wier gutt, dass aus der Chamber géife Signaler kommen. Abee, ech géif zu dësem Punkt eist Signal, dat vun der CSV, wëlle kloer an d'äitlech souwuel un de Conseil d'administration wéi och un déi Leit ginn, déi d'Gestiou vum Fond ze maachen hunn:

Et muss ee sech, Dir Dammen an Dir Hären, a mengen Aen esou e Schrëtt ganz gutt iwwerleeën. Ass et opportun, e méi groussen Undeel, e substanzuell méi groussen Undeel vun de Reserven an en net volatillen, engem grousser Risiko ausgesaten, net liquiden (veuillez lire: net liquide Beräich), an op klengstem geografeschem Plang – spréich Bulle immobilière, spréich Klumpbildung – eranzebeweegen? Dat ass an eisen Aen unni kloren Encadrement problematesch.

Ech hunn d'Strategie am Detail duerchgelies, well et mech och berufflech interesséiert. An ech hu fonnt, dass dësen Deel vun der Strategie d'ailleurs deen ass, deen am Allgemengste gehalen ass, an dat huet mech eigentlech dozou bruecht, fir dës Interventioun hei ze maachen.

Wa sech, Dir Dammen an Dir Hären, déi Investissementer technesch novollzéie loossen, wa se sech an enger technesch novollzéibar Rumm beweegen an eng wuelverstanen Traditioun weiderliewe loossen – mäi Parteikolleg, de Marc Spautz, huet dovunner geschwat, dass et eng laang Traditioun ass, schon ier de Fond war, fir zur Bildung vun Eegenheim bäizedroen –, dann ass dat selbsterständlech fir eis ok.

Wann awer aus haaptsächlech politesche Consideratiounen eraus désen Engagement an d'Luucht gesat soll ginn, ouni dass déi technesch Viraussetzunge stëmmen, da si mir als CSV ganz retzet. Well et sinn net d'Sue vun der Politick, et sinn net d'Sue vum Staat, et sinn net d'Suen aus dem Budget, mee et sinn eenzeg an eleng d'Sue vun den Assuréen aus dem Privatsecteur, em déi et hei geet!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Michel Wolter (CSV) | Besonnesch gestéiert hunn ech mech de Mëtten un den Ausféierung vum der Demokratescher Partei duerch den Här Bauler, deen ech soss par ailleurs ëmmer extrem gutt fanne. Mee wat mech gestéiert huet un den Ausféierung vum der DP, dat ass, dass hir Argumentatioun de Mëtten, firwat dass d'Investitiounen an de soziale Wunnengsbau solle kommen, eng exklusiv politesch ass am Interêt vun der sozialer Kohäsion vum Land, fir d'Wirtschaftsbranche, déi a Schwierigkeeten ass, ze stäipen, Faillitten ze evitéieren, Aarbechtsplazen ofzesécheren, well den Akaf méi deier an d'Zëse méi héich gi senn. Esou hunn ech dat opgeschriwwen, wat den Här Bauler virdu gesot huet.

Dat sinn, Dir Dammen an Dir Hären, a mengen Ae reng politesch Argumenter, déi kenger technescher Analys standhalen. Si kënnen net d'Grundlag vun der Gestiou vum den Avoire vum Fong duerstellen.

M. Fernand Etgen, Président | Här Wolter, erlaabt Der, dass den Här Kersch ...

M. Michel Wolter (CSV) | Nee, den Här Kersch ka roueg schwätzen, wann ech ...

M. Fernand Etgen, Président | Herno dann.

M. Michel Wolter (CSV) | Voilà! Ech wollt mäi Räsonnement, wann Der erlaabt, fäerdeg maachen, well en ass eigentlech novollzéibar bis zum Schluss. Ech akzeptéieren, dass en net vu jiddwerengem akzeptéiert gëtt, mee ech mengen, dass e kohärent a senger Analys wier.

Et gëtt a mengen Ae vill Méiglechkeeten, fir dem Problem vun der Wunnengsnout entgéintzewirken. Mir sinn als CSV der Meenung, dat iwwerrascht Iech net, dass dës Regierung duerch eng Rei vun Decisiounen an deene leschte Méint weesentlech dozou bäigedroen huet, dass d'Situatioun sech op engem scho ganz ugespaante Wunnengsmaart verschlechtert huet respektiv riskéiert, sech ze verschlechteren. Ech erënneren drun, dass mir als Partei iterativ Propose gemaach hunn, esou den 23-Punkte-Programm am November 2019, duerch den Här Lies virgedroen, bis zu gëschter dem Depot vum enger Proposition de loi, fir kuerzfristeg eng Rei vun an eisen Ae schlechten Decisiounen ze rektifizéieren.

Mee et gëtt awer nach aner Moyenen. Et gëtt Moyenen notamment vun der Landesplanung. Mir hunn dës Deeg héieren, dass mer op e Land zouginn, wat eng Millioun Leit soll hunn. Wéi kënnen mer mat enger Millioun Leit mat engem Projet de PDAT konfrontéiert ginn, dee bis 2035 d'Entwécklung quasi lues a lues op null eroffiert an no 2035 seet, dass keng weider Terraine méi dierfen developpéiert ginn. Fir eis ass dat en absoluten Antagonismus, iwwert dee mer müssen ewechkommen! Well e Land ewéi Lëtzebuerg – änlech wéi d'Saarland, wat scho säit 40 Joer eng Millioun Leit huet a quasi déi selwecht Kilometerkareesziel opweist – huet Plaz fir eng Millioun Leit, awer net andeem mer se openeeknuppen, net andeem mer an all Duerf véier oder fënnf Stäck müssen oprichten, mee doduerch, dass mer geziilt op Plazen, wou den effentlechen Transport méiglech ass, kucken, fir groussflächeg nei Wunnraim ze schaffen.

Et ass d'ailleurs keng nei Iddi. Et ass eng Iddi, déi hunn ech virun ongeféier 20 Joer developpéiert am Kader vu menger Positioun als Landesplanungsmi-nister a si ass och am IVL-Dokument dokumentéiert. Also de Prinzipp vun enger geziilt Erweiterung vum Perimeter amplaz vum Prinzipp vun engem absolute Stillstand, dee viraussetzt, dass een déi Leit ni kann ophuelen, déi dann – wa se da sollten op Lëtzebuerg kommen – sollen op Lëtzebuerg kommen.

Mir sti fir eng weesentlech verbessert Kollaboratioun mam Privatsecteur iwwer Kontrakter a Konventiounen, nom Beispill vun der Stad Lëtzebuerg, déi dat säit Jore mécht, ...

Une voix | Très bien!

M. Michel Wolter (CSV) | ... amplaz dass mer mengen, dass effentlech Träger – déi dat ni wäerte fäerdegbréngen! –, de Problem vum Lëtzeburger Wunnengsmaart kënnen regléieren.

Mir setzen eis a fir eng Stärkung vun der Attraktivitéit vum Invest am Logement locatif, amplaz dass mer elo konfrontéiert si mat Propose vum zoustänneg Minister, déi eigentlech de Contraire bréngen, déi d'Leit dovun ofhalen, an de Logement locatif ze investéieren, dee mer esou noutwendeg wéi nach ni brauchen, well ëmmer méi Leit sech d'Eegenheem net méi kënnen leeschten. Do fuerdere mer, dass déi Proposen, déi um Dësch leien, dass déi ewechkommen, dass déi zrëckgezu ginn an dass mer deene Leit, déi nach wëllen investéieren, déi d'Moyenen hunn ze investéieren, e kloert Signal ginn, dass se wëllkomm sinn um Lëtzeburger Marché fir ze investéieren, fir de Leit eng abordabel Wunneng kënnen ze ginn.

A mir sinn och der Meenung, dass een déi aktuell Versioun vum Artikel 29bis vum Gesetz iwwert den Aménagement communal zrëckzéie muss, déi ganz kontraproduktiv ass, fir ganz vill Chaos a fir eng ganz Rei Rechtsunsécherheiten an deenen nächste Méint wäert suergen a fir mech een – wann ech mat de Leit schwätzen, déi an deem Domän ennerwee sinn – vun den Haaptpunkten ass, firwat dass zurzäit keng weider Projeten op den Immobiliemarché kommen, déi mer esou bluttnoutwendeg bräichten, fir kënnen deenen Erausforderungen entgéintzekommen.

Ech hunn deen Exkurs an d'Politick gemaach fir ze soen, dass deen Debat vun haut net d'Problemer léist, déi mer op engem aneren Niveau hunn. Vermësch mer dach, Dir Dammen an Dir Hären, net, wat net vermësch d'äerf ginn! Maache mer Budgetpolitik a Politick, fir Wunnengsbau ze schaffen, a loosse mer de Fong an déi Leit, déi dee Fong geréieren, hir Aarbecht maachen, am Respekt vun den nationalen an den internationale Krittären, wéi een esou e Fong op 10, 20 an 30 Joer geréiert.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Reserve vun den Assuréen dierfen an den Ae vun der CSV net um Altor vun engem voluntaristeschen a kontraproduktive politeschen Aktivismus geopfert ginn. Dat war dee Bäitrag, deen ech zum Deel méi technesch an zum Deel awer och méi politesch zu dëser Debat wollt bäidroen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wolter. Da ginn ech d'Wuert un den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här President. „Une fois n'est pas coutume“, mee mat dem éischten Deel vun den Ausféierung vum Här Wolter sinn ech méi wéi honnert Prozent averstanen. Ech deele seng Aschätzung, dass d'Sue vum Fong net dierfe gebraucht ginn, fir Problemer op aneren Niveauen ze léisen. Ech hunn dat och scho virdu an mengem Beitrag ganz kloer

ervirgestrach. An ëmsou besser, wann dat och hei vun anere Kolleegen esou gedeelt gëtt.

Den Här Wolter huet och iwwert d'Motioun geschwat. Ech wëll just soen, Här Wolter, an der Motioun steet, mir sollten de Fong encouragéieren, méi an de soziale Wunnengsbau ze investéieren. Dat ass konform mat der Strategie, déi de Fong virgestallt huet. Dat ass och konform mat der Strategie, déi de Fong schonno 2018 entwéckelt hat. Aus deene Grënn, déi ech virdu exponéiert hunn, konnt en net esou wäit goen, wéi dat u sech geplangt war. An ech deelen och d'Aschätzung, dass elo de Moment ass, an enger besonnescher Situatioun am Lëtzeburger Wunnengsbau, fir dat nozehuelen, wat an der Vergaangenheet aus deene Grënn, déi ech developpéiert hat, eeben net esou wäit komm ass.

Fir de Rescht ... Verstitt Der, Här President, ech si ganz frou, an enger Chamber ze sinn, wou een, wann een iwwert de Fonds de compensation schwätzt, herno kann en Exkurs an d'Landesplanung maachen an an d'Wunnengsbaupolitik. Tant mieux, wa mer eis déi Zäit hei kënnen huelen an eis dat kënnen leeschten.

Ech deelen allerdéngs net d'Aschätzung vun Här Wolter, dass et duerch schlecht Decisiounen vun der Regierung war, dass mer elo am Wunnengsmarché net méi esou evoluéieren, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war. Ech mengen, dass do ganz aner Grënn dofir do sinn. Enner anerem muss een dann, wa mer déi Diskussioun do eng Kéier féieren – an ech mengen, do ass den Här Wolter och ganz gäre bereet, fir dat ze maachen – och eng Kéier iwwer Gewënnmargë schwätzen, ob déi kënnen esou bleiwen an deem Beräich, wéi se an deene leschten zéng Joer waren, well ech mengen och, dass dat een Hindernis ass, fir dass mer kënnen nei Konzepter entwéckelen, wéi de Staat déi Zesummenaarbecht zwëschen Privatwirtschaft an effentlechem Secteur kann organiséieren, fir eeben de Problem gemeinsam ze léisen.

Mee, wéi gesot, dat ass eng Diskussioun, déi, mengen ech, net onbedéngt haut an dës Kader passt, mee vläicht op enger anerer Plaz muss diskutéiert ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch. Da ginn ech dem Här Wolter nach eng Kéier d'Wuert zrëck.

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, den Här Kersch ass de Künstler vun der Reduktioun vun engem Räsonnement! Ech hunn hei net dat developpéiert, wat hie mir elo hei an de Mond geluecht huet, mee ech hu weesentlech méi breet, weesentlech méi nuancéiert d'Positioun vu menger Partei ausgeféiert. Et ass elo déi zweete Kéier dës Woch, dass e probéiert, eigentlech d'Positiounen vun der CSV ze resüméieren. Et géif mir largement d'uergoen, wann en d'Positiounen vun der LSAP géif resüméieren. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wolter.

An elo kritt d'Regierung d'Wuert, den Här Minister fir sozial Sécherheet, den Här Claude Haagen.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Merci och Iech alleguerte fir déi flott, déi sachlech, déi interessant Debat mat deene verschiddenen Iddien an deene verschiddene Reflexiounen, déi all Spriecher hei un den Dag geluecht huet.

Ech wëll just als Introductioun bei der Konklusioun soen, datt, souwuel wat den Här Wolter elo gesot huet wéi den Här Kersch, dat kënn jo och aus dem

Strategiepabeier vum Pensiounsfong eraus, datt mer hei de Fong net an eng Richtung driewen, an déi eng oder an déi aner: éischtens, wou mer spekulativ an de Marché ginn, zweetens, datt mer keng Diversifizierung méi hunn, an drëttens, datt mer nach kënnen novollzéien an den Investissementer, déi mer maachen, firwat mer se maachen.

An den Investmentmix – an ech mengen, dat weess den Här Wolter, well dat ass am Fong dat, wat e gesot huet –, do ass all Assetmanager oder jiddwereen, deen investéiert, gutt beroden, eng Diversifikatioun ze maachen. Awéiwäit déi verschidde Secteuren do agräifen, awéiwäit dat erwénscht ass, kann d'Politick bestëmmen. Si muss awer oppassen, datt dann den Objet an d'Ziler vum Pensiounsfong och nach déi sinn, firwat datt e besteet. En ass net do – an do deelen ech d'Meenung vu verschiddene Leit –, fir aner Problemer ze léisen. Dat ass net d'Aufgab vum Pensiounsfong!

A wa mer soen, datt een am Fong jo och elo kéint an den abordable Wunnengsbau, direkt an d'Infrastrukturen investéieren, ob dat den Administratif ass oder ob dat aner Infrastrukture sinn, déi ech genannt hunn, ob dat elo méi d'Relatioun ass ... An dat huet mech e bësse gewonnert, datt am Fong keen hei driwwer diskutéiert huet, ob mer méi konservativ oder méi ..., ech wëll net soe „spekulativ“, mee wéi d'Relatioun tëschent Aktien an Obligatiounen ass, wéi dat um Niveau vum Fongen zesummesat ass, wéi dat, bon, Real Estate, dat heescht an den Infrastrukturen, am Immobilier zesummesat ass. Da muss ee jo och iwwerleeën: Wann een an eng aner Richtung geet, muss ee jo ëmmer nach d'Sue vun den Assuréeen esou ëmverdeelen innerhalb vum Pensiounsfong, datt een dat och ka maachen.

Hei gi jo och verschidden Investissementsiwwerleeungen iwwerhaapt net consideréiert. Et ass iwwerhaapt keng Optioun fir de Pensiounsfong, als Beispill, fir a Matière-première ze investéieren. Dat wier och komplett falsch! Mir maache jo keng Spekulationen elo hei um Sëlwer oder um Gold. Och dat ass net de Fall. Dofir wëll ech awer och eng Kéier soen ..., an dat géif e bëssen dat opmaachen, wann hei de Fong géif mat de Sue vun den Assuréeen spekulativ a verschidden ETFen, a verschidden héich spekulativ Valeuren um Finanzmarché investéieren, à court terme, à moyen terme. Bon, a Gold gétt ëmmer gesot à long terme, da kënnen mer och Diamanten huelen. Also, et fale mer verschidde Saachen an, déi ee ka maachen – dat ass exclu!

An dofir ass déi Diskussioun, déi elo gefouert gëtt, déi zum Schluss gefouert ginn ass: Awéiwäit gi mer – an ech hunn dee Saz an der Motioun gesinn – an d'Kreatioun vum Logement abordable, administrativen Infrastrukturen? Wat fir eng Zilsetzung soll de Fong sech do ginn? Do ass de Plaffong mat 5 % genannt. An et ass ugeschwat ginn, 1,7 % géif net duergoen. Mir müssen dat also pousséieren. Ech muss Iech soen: Déi 1,7 %, wa mer déi dann determinéieren, da muss mer déi jo determinéieren: 1,7 % vu wat?

(Interruption par M. Michel Wolter)

Här Wolter, genau, genau! Ech kommen elo drop, d'Valeur comptable. An d'Valeur comptable, Här Wolter, dat wësst Dir gradesou gutt wéi ech, ass net d'Valeur réelle, wann da muss eng Cessioun gemaach ginn. Do si mer beieneen. Dofir muss een ...

(Interruption par M. Michel Wolter)

Gelift?

M. Michel Wolter (CSV) | A besonnesch, wa se séier muss gemaach ginn.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | A besonnesch, wa se séier muss gemaach ginn! An da sinn nach aner Fraisen, déi dat engendréiert, déi derbäikommen. Dofir muss een ëmmer oppassen, wann ee vu Pourcentage schwätzt, och par rapport zum Montant total vun der Reserv vum Pensiounsfong. Wann deen natierlech an d'Luucht geet an dat anert stagnéiert, da geet de Pourcentage erof, dat ass eng normal Iwwerleeung.

Wat ech domadder wëll soen, ass, datt de Fonds de compensation an Investissementer soll goen, finanziell, fir zum Beispill d'Société nationale des habitations à bon marché ze ënnerstëtze bei Projeten, fir finanziell mam Fong dat kënnen ze maachen, finanziell vläicht och dat ze begleeden, wéi verschidden administrativ Gebaier. Ech hu gesot, datt an Infrastrukture géif investéiert ginn an Zukunft – wa mer se dann um Marché fannen! –, fir, loosse mer soen, de konventionéierten Associatiounen an de gesondheetlechen Iwwerleeungen a kulturellen a sozialen Associatiounen wëlle Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen, déi souwisou actuellement de Staat zur Verfügung stellt. An dat si jo dann Investissementer à long terme an déi sinn net spekulativ.

Dat anert ass a mengen Aen net d'Aufgab vum Fonds de compensation, fir elo wierklech sech opstellen nieft der Société nationale des habitations à bon marché, wou en iwwregens Aktionär ass, also och d'Participation financière ass am Fong. Dat wollt ech just eng Kéier elo och soen, ier ech op déi verschidden aner Iwwerleeungen kommen.

Ech wollt awer an deem Kontext trotzdem soen – an ech hu mer dat extra erausgeschriwwen, ech hat mer et opgeschriwwen –: D'Cité vun der Sécurité sociale hat ech an deem Domän genannt, dat sinn 158 Milliounen. Déi zweet Phas geet, dat hunn ech virrun an der Introduction gesot, am Hierscht vun dësem Joer un. Do ass de Montant nach net determinéiert, well de Fong den Devis nach net huet, an dee muss arrétéiert ginn iwwert de Conseil d'administration. Mee dat mécht Sënn. Dat mécht Sënn, datt mer déi ganz Cité vun der Sécurité sociale beieneen hunn.

Dann, well verschidde Leit gefrot hunn: „Wou gëtt a Wunnengen investéiert?“ Quartier Nei Hollerech, ech mengen, en ass bekannt, och der Stad Lëtzebuerg. De Quartier Nei Hollerech, dat si 50.000 Meterkaree, do sinn 20.000 Meterkaree Logement. Dat mécht ongeféier 190 bis 200, 190 Unitéiten. Bon, dat ass also och an deem selwechte Kontext. An dann – ech mengen, dat freet och de Jean-Paul Schaaf – ass de Centre administratif Nordstad e Projet, deen an der Nordstad och finanziell begleet gëtt vum Fonds de compensation, souwéi aner Logementsprojeten, déi awer de moindre envergure sinn, déi dann och a verschiddene Géigende wäerte gemaach ginn.

Bon, dat ass fir mech da scho bei anere Projeten och déi Richtung, an déi mer ginn. Wat de Logement ubelaangt, do si mer bei iwwer 500 Milliounen, wou mer actuellement wäerten op dee Wee goen, fir do ze investéieren.

Den Här Spautz huet a senger Interventioun gesot ... Nieft anerem ass vill iwwert d'Taxonomie geschwat ginn. Wat ass d'Taxonomie elo? Wéi ass se elo zesummesat? An do wësst Der och, datt dann den Europäesche Geriichtshaff wäert eng Decisioun huelen, wat d'Taxonomie ugeet, ob dann do Nuklearenergie, fossill Energien dra sinn oder net.

Wa se net dra sinn, da wäert menger Meenung no de Marché sech souwisou berengen an deem Sënn, datt se jo dann net méi eligibel si bei verschiddenen Entreprises, notamment bei der SFDR, wat d'Artikelen 8 an 9 ubelaangt. An da kënt eng Berengung um

Marché, notamment och um Niveau vun de Green Bonds.

A wa se natierlech derbäi sinn a mir hätten dat gären, wat verschidde Parteien, Fraktiounen hei presentéieren, da muss mer eis och Guidelines ginn, wéi mer dat maachen. An déi Guidelines, déi muss mer dem Fonds de compensation soen. Dat ass am Fong mäi Rôle – oder der Regierung hire Rôle – fir ze soen, mir ginn an déi doten an déi dote Richtung.

Dann ass ugeschwat ginn, datt dës Direktiv, dës Stratégie d'investissement, da vun 2023 fir fënnf Joer ass, bis 2027 – bon, 1. Januar 2028. Ech wëll domadder soen, datt natierlech och iwwer zum Beispill Analysen, Rapporten, déi gemaach ginn iwwert d'Analys vum CO₂ iwwert d'Analys vun der Trajectoire vun dem Accord de Paris, déi all dräi Joer gemaach gëtt, jo och Decisiounen do agebett sinn. Soss bräichte mer dat guer net ze maachen! Kloer, wa mer mierken, datt mer net Accord-de-Paris-compliant sinn, da muss mer eppes maachen. Kloer ass: Wa mer um Niveau vum Carbon Footprint dat net erreechen, wat mer eis virginn hunn, souwuel d'Politick wéi de Fonds de compensation, da muss mer reagéieren.

Dat heescht, och déi Strategie, déi ass gekuckt fir fënnf Joer. Kloer ass awer, datt an deene fënnf Joer och müssen Decisiounen geholl ginn. Déi gi souwisou geholl. Wann Entreprises op d'schwarz Lëscht kommen oder op d'gro Lëscht kommen, ginn déi Decisiounen jo souwisou geholl. Also huet erëm eng Ëmstrukturierung och domat ze dinn, eng Verbesserung – ech hoffen et, eng Verbesserung –, soss brauche mer déi net op déi schwarz Lëscht ze setzen, wa se net méi eligibel sinn.

Firwat soen ech dat? Well et ee Problem do gëtt, dat ass: Wann elo d'Assetmanager hir Portefeullen determinéieren, determinéiere se vläicht och eng gewëssen Durée. A wa se eng gewëssen Durée determinéieren, muss mer se och doraus erëm erauskréien. Mee dat kréie jo och déi verschidde Gestionnaire vum de Portefeullen gesot. An dat hunn ech a menger Introduction gesot beim Débat de consultation, wéi dat Ganzt viru sech geet.

Ech sinn net der Meenung, datt mer elo hei Diskussiounen solle féieren iwwert d'Ënnerscheeder vun de Fonds de compensation vu verschiddene Länner. Dat bréngt eis net vill weider, well Lëtzebuerg spezielles ass. An déi Iwwerleeung, déi ech da maache fir Lëtzebuerg, wann ech dann d'Fongenindustrie kucken, ass – an ech hoffen, datt ech mech dann net verrechent hunn –, datt de Fonds de compensation 0,45 % vun der Fongenindustrie ausmécht. Dat heescht, wa mer hei Signaler setzen, a wat fir eng Richtung datt mer ginn, da mengen ech, datt déi Signaler hoffentlech jo och vun der Fongenindustrie iwwerholl ginn, well soss ass den Input hei zwar luewenswäert, awer um finanzielle Secteur bal Peanuts.

Wéi een dat ka bewierken, ass eng aner Saach. Mir hunn hei als Lëtzebuerg, kann ech mech erënnere, virun zwee, dräi Joer gesot: „Mir ginn elo a Green Bonds.“ Green Bonds muss mer definéieren – da kommen ech nach eng Kéier op d'Taxonomie, dat hunn ech virdu gesot –, also muss mer kucken, wéi mer dat hibréien. Awer och dat ass net de Rôle vum Pensiounsfong. De Pensiounsfong ka sech warscheinlech méi séier do orientéiere wéi déi ganz Fongenindustrie, déi jo vun enger ganz anerer Valeur ass.

Ech wollt op e puer Saachen nach agoen. Et ass vu verschiddene Leit gesot ginn: „Et ass dann elo ‚endlech‘, datt mer déi Diskussioun hei hunn!“ Jo! Ech sinn och frou, datt mer se hunn. Ech kann Iech just proposéieren: D'nächst Joer wäerte mer se erëm féieren, ech hunn iwwerhaapt kee Problem domat. Da

gëtt d'Analys gemaach vun engem Joer par rapport zu den Decisiounen, déi de Pensionsfong geholl huet, dann huele mer déi an déi zoustänneg Chamberskommissioun an da kucke mer, wéi d'Resultater do sinn.

Ech maache just drop opmierksam: Wa mer dat all Joer maachen ... Dat éischt Joer géif ech et net maachen. Net, well Wale sinn, dat huet guer näischt domadder ze dinn. Et huet eppes domadder ze dinn: Wa mir elo d'Decisioun huelen oder wann ech d'Decisioun huele fir ze soen: „Ech ginn déi Direktiv fräi“, da brauche mer par rapport zu deenen neien Orientatiounen, vun deene mer hei geschwat hunn, Accord-de-Paris-konform, par rapport zur Clean Energy, par rapport zu aneren Investissementsstrategieë ronn aacht Méint, ier mer dat vun der Decisioun dann och bis op de Schinnen hunn. Also, esou séier geet et och net! Et ass net, wann de Minister d'Ënnerschrëft drëner mécht, dann iwwermer eene – ech weess net – op der Bourse urrifft: „Elo kafe mer dat emol an.“ Esou wäert dat net fonctionéieren. Mir brauchen och do Autorisatiounen, och Autorisatiounen vun der CSSF, wat jo kloer ass, an da gëtt dat ëmgesat.

Dofir, déi Relatioun fir ze soen: „Si mer elo Accord-de-Paris-konform?“ Op der Trajectoire honnertprozenteg! Mee d'Evaluatioun vun där Trajectoire wäert ëmmer e Retard hu vun engem bis annerhallwem Joer, well allkéiers, wa mer nei Investisementer maachen, déi konform sinn zum Accord de Paris – déi mer souwisou musse maachen, well mer déi Konventioun ratifizéiert hunn –, wäert dat jo d'Resultat eréischt annerhalleft Joer duerno mat sech bréngen. Mee d'Haaptsaach ass, mir maachen et, mir ginn an déi Richtung. An da gesi mer och, ob déi Trajectoire stëmmt. An et ass och an deem Sënn, wou de Fonds de compensation schafft.

Dofir: „Endlech...“, ganz gären déi Diskussioun. Ech muss Iech soen: Ech hunn deen Débat de consultation gefrot, du war déi Direktiv jo nach net do! An ier mer iwwer eng Direktiv schwätzen, musse mer awer och emol fir d'éischt d'Direktiv hunn. Elo sinn ech oft gefrot ginn: „Firwat bass de dann als Minister net intervenéiert bei den ...?“ Dat si keng Regierungvertrieder, wéll ech nach eng Kéier soen, déi do am CA sinn. Dat si Staatsbeamten, Fonctionnaires, déi dat maachen, déi do sëtzen. Déi musse sech u verschiddenen ..., oder déi solle sech un d'Gesetzter halen – wat se och alleguerte maachen. Et ass also net, dass d'Regierung do dauernd e Regierungvertrieder huet.

Wann dat gemaach gëtt, da muss ee jo och dat Ganzt esou analyséieren, dass mer do an där richteger Trajectoire sinn. Dat ass och relativ komplizéiert par rapport zu der Engagementprocedure, déi mer gemaach hunn, an och, wat ... Et huet ee Spracher gesot, da misst ee jo am Fong bei déi 6.000 Entreprises an d'Assemblée générale fueren. Ech mengen, et war den Här Spautz, deen dann och gesot huet, et géif e bësse sportlech ginn. Där Meenung sinn ech och. Ech géif awer just gären gesinn, wéi mer am CA vum Fonds de compensation eng Décision unanime téschent dem Patronat an de Salariéë krite, wat verschidden Decisiounen op enger AG géif ubelaange vun enger Entreprise, an där mer investéiert hunn.

Do wënschen ech da jiddwengem och bonne Chance! Dofir maache mer jo den Engagement, fir déi Nohaltegkeet an déi Transitioun och wierklech esou weiderzedreiwten, dass et och Sënn mécht. Ech denken, dass ass och dat Wichtigst.

Verschidden aner Iwwerleeungen: Ech mengen, den Här Bauler huet et och gesot, Atomenergie, Gas sinn net nohalteg fir dës Regierung; där Meenung sinn ech! Dofir maache mir jo och eng Transitioun

hei, déi mer am Fonds de compensation maachen, fir dass mer do an déi richteg Richtung kommen. An dat Beispill, wou den Här Clement mech zitéiert huet aus dem Rapport vun der Kommissioun: Här Clement, ech hunn en net gelies. Ech weess awer, wat ech gesot hunn. Elo kënnt Der mer soen: „Dat steet esou do.“ Da soen ech Iech, wat ech gemengt hunn. An Dir wësst och, wat ech gemengt hunn, well ech hunn et esou erkläert. Dat war, nodeem mer iwwer Microsoft geschwat hunn, Dir wësst nach hoergenau, wéi d'Situatioun war.

Da wëll ech just soen, dass mer jo och mussen determinéieren, an dat ass net, wann eng Entreprise 5 % an Atom investéiert, ob se dann nach aus dem Atomsektor ass oder net, mee wat wichtig ass, ass hei, dass mer zu enger Identifikatioun vun de Betriber kommen, ob déi nach an den Nucleaire investéieren oder net an/oder ob mer se begleeden, fir do eraus. A fir se ze begleede fir eraus, brauche se finanziell Mëttele. An do musse mer déi richteg Entreprises huelen. An ech sinn dee Leschten, dee seet: „Mir investéieren elo an Atomenergie!“ Dat wäerte mer op kee Fall maachen, dass wäerte mer och ausmaachen, do wäerte mer erausgoen!

Une voix | Très bien!

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | D'Fro ass: Begleede mer déi Entreprises oder begleede mer se net? An da kënnt jo dat, a verschidde Riedner hunn et gesot: EDF, Total, Shell, fir se net ze nennen, BP – mir wëssen alleguerten, vu wat fir enge Multikonzerner mer do schwätzen –, wann d'Taxonomie ännert, da wäerten déi Entreprisë sech doudsücher splécken intern an hirer Gestiou a si wäerten opdeelen a grénge Betrib an Atombetrib, fir et elo mol einfach duerstellen.

An dann ass d'Fro: Wann ee bei Shell investéiert, dann huet een nach ëmmer bei Shell investéiert! Wa se elo nach ganz duerdriwwe ginn, dann ännere se nach den Numm, dann nenne se et nach „Green Shell“ – eng Propos, déi ech hinne maachen, da weess och jiddwengen, wat et ass! Wat dann awer och dran ass, dass musse mer awer dann nach iwwerpräiwten. Dass ass dann eng aner Saach.

Wat ech domadder wëll soen, ass, dass jo och Projete gemaach ginn, och vu grouse Lëtzebuerger Entreprises, och vu franséischen, däitschen, belschen Entreprises, déi genau an eng Richtung ginn, déi mer gären hätten. An et ass an déi Projeten, wou een dann awer och vläicht kann investéieren.

Bon, och EDF – ech si bestëmmt kee Frënd vun EDF – huet zu Tignes och e Stauséi, wou Produktioun gemaach gëtt, déi näischt mat Atomenergie ze dinn huet. Mee bon, dass ass just ... Dass heescht, wou maache mer d'Limitt? Wou zéie mer d'Grenz? D'Liwverketten, do ass et dat selwecht. Entreprises, déi bei Atomreakteren Aarbechte maachen, zéie mer déi eraus? Zéie mer déi net eraus? Ech weess, déi sinn heimadder, fir mech, iwwert déi Motioun, déi ech elo iwwerflunn hunn, mat „producteurs d'énergie nucléaire“ – sou mengen ech, gëtt et genannt – guer net concernéiert, well déi sinn net „producteurs“. Also hu mer se an der Liwwerketten och net consideréiert. Dofir ass dat och wichtig.

An déi Iwwerleeunge souwuel vum Här Bauler, vum Här Spautz, vun anere Riedner, vum Här Kersch, wat d'Taxonomie ubelaangt par rapport zu fossillen Energien an Atomenergie, si ganz pertinent.

Dann ass gesot ginn: „Nohaltegkeet“, ech hu mer dat opgeschriwwen, „ass keng Belaaschtung, mee eng Chance fir de Fong.“

(Interruption)

Ganz genau! Mee dass ass net nëmmen eng Chance fir de Fong, dass ass eng Chance fir de Bierger an et ass eng Chance fir d'Entreprises. An dass muss een zesumme kucken, an net nëmmen de Fong eleng. Dofir ass dass fir mech relativ wichtig, an dass dat e Prozess ass, dee mer elo matmaachen, fir an déi Richtung ze kommen an och d'Resultater dovun ze kréien. Well mir kënnen och elo soen: „Ok, mir maachen dat“, an dann hu mer d'Resultater awer vläicht net. An ech sinn awer léiwer am Match mat dran an ech kann decidéieren, wouhin dass mer steieren, an d'Resultater bewierken, wéi dass och mech ganz aus dem Match erauszéien an dann hunn ech iwwerhaupt näischt méi do verluer. Dofir ass dass a mengen Aen op jidde Fall wichtig, dass mer dat och mam Fong zesummen ausloten.

Här Margue, Dir hutt mir vum Avis juridique geschwat. Dass éiert Iech, dass Dir en Avis juridique gemaach hutt. Ech kann näischt dozou soen, well ech en net gelies hunn oder en net kritt hunn. Oder hunn ech e kritt? Dann hunn ech en net gelies. Dann hunn ech en awer de Moie kritt oder de Mëtten um 12.00 Auer – ech wollt och eng Kéier eppes iessen, do war dann Ären Avis juridique vläicht zweetrangeg.

(Hilarité)

Mee ech kucke mer en op jidde Fall un. An ech wollt awer eppes Klenges dozou soen. De Pensionsfong ass jo kee Fong wéi eng SICAV ...

(Interruption par M. Charles Margue)

Ech weess net, wat drasteet. Dass hänt jo vun de Froen of, déi Der gestallt hutt. Jo, Dir braucht mer en elo net ze ginn! Elo liesen ech en net hei. Ech sinn amgaang ze schwätzen.

Mee et ass keng SICAV. An hei ass jo: De Fong ass jo selwer Client. An dass ass natierlech, wann Der eng Bank hutt, déi mat SICAVen operéiert, net de Fall. Dass heescht, hei muss de Fong sech jo u seng eege Gesetzgebung halen, während eng Bank, déi um Marché financier operationell ass iwwer SICAVen, sech un d'Reegelwierk vun de SICAVen hale muss. Ech ginn dass just ze bedenken, well ech hunn et net richteg suivéiert, ech hunn ... Dir sidd séier do driwwergaangen. Ech kucke mer et un. Mee dass ass just eng Remark, déi domat ze dinn huet.

Dann ass geschwat ginn, ob mer vill an nohalteg Investisementer actuuellement investéieren. Ech soen dass nach eng Kéier – ech hunn et elo nach eng Kéier nogekuckt, dass misst awer och normalerweis aus dem Rapport erauskommen -: Mir hu 500 Milliounen ..., oder net „mir“, de Fonds de compensation huet 500 Milliounen iwwer passiv Investisementer mat dem Accord de Paris kompatibel gemaach. Dass hunn ech gesot, dass dat elo géif ulafen. Ech hoffen, dass dat och séier uleeft. An ech wollt Iech dass och soen – compte tenu, wéi d'Motioun elo ausheet –, dass déi Decisioun scho geholl gëtt, well soss verléiere mer Méint a Méint. A wat mer méi Méint a Méint verléieren, wat mer manner Accord-de-Paris-kompatibel op der Trajectoire ginn. An ech mengen, dass wier déi schlechtest Decisioun, déi mer kéinten huelen.

Mir hunn awer och 900 Milliounen a Green a Sustainable Bonds investéiert. Déi sinn och dran. Dass ass dernieft. Dann hu mer 450 Milliounen an Investisementer gemaach, déi e Plus a sozialen an ëmweltlechen Impakter hunn. A mir hunn am gefzen 9,6 Milliarde laut den Alignement vun der SFDR – Artikel 8 an 9, do si mer dran –, also kommt, mer soen 10 Milliarden, wat och scho substanzuell ass. Mee och do wäert d'Remark erëm komme vu mir: Da muss een iwwerleeën ... Ech mengen, et sinn och Leit, déi

geschwat hunn, honorabel Deputéierter, déi gesot hunn, datt do Entreprisé vun 9 op 8 zrëckgestuift gi sinn. Dat ass net fir Greenbashing ze maachen oder Greenwashing ze maachen, mee dat hântk un der Definition, déi da geholl gëtt, fir den Artikel 8 an den Artikel 9 ze kadréieren.

Dofir ass dat a mengen Ae wichteg, datt mer och dee Cadrage an déi Identifikatioun hunn. An déi kann ee jo am Kader vun der Strategie all Joer op de Leescht huele fir ze kucken, wéi d'Decisionne sinn, datt mer wëssen, a wat fir eng Richtung datt mer ginn.

Här Margue, d'Relatioun tëschent der groer Lëscht an der schwaarzer Lëscht: Eng Entreprise kann och direkt op déi schwaarze Lëscht kommen. Wa se op déi gro Lëscht kënn an iwwert den Engagementprozess reagiert se net an et gëtt nogewisen no sechs, siwen, aacht Méint – ech soen dat lo mol –, datt deen Engagement net respektéiert gëtt, jo, dann ass et net méi, datt mer dräi Joer waarden, hunn ech gesot, mee da kënn se op déi schwaarze Lëscht! Ech mengen, dat ass evident.

An dann hutt Der mer d'Fro gestallt – ech mengen, Dir waart et –, fir ze soen: Kënne mer deen Engagement dann net zesumme maachen, mat engem anere Partner oder enger anerer Associatioun, Organisatiounen? Natierlech kënne mer dat maachen! An dat probéiere mer och ze maachen. Et mussen awer éischter Partner sinn, déi an déi Richtung ginn, déi mir och wëllen: Nohaltegkeet, déi ganz Saachen, déi mer elo geschwat hu mat der Dekarbonisatioun. An da kënne mer dat natierlech maachen. A mir – also de Fonds de compensation – hoffen, datt mer där Partner fannen, well dann ass een natierlech méi staark, fir och do Drock ze maachen. Dat ass jo och eng vun den Iwwerleeunge beim Engagement, fir dat ze maachen.

Also mir eleng, och als Fong, wäerten dat wahrscheinlech ... Et hântk och vun der Gréisst vun der Entreprise of an och dovun, wéi se opgestallt ass. Mee dat sinn Iwwerleeungen, déi gi souwiso geféiert fir ze kucken, wéi mer eis opstellen a Fonctioun vun der Strategie selwer.

Bon, ech hunn elo, mengen ech, e bëssen de Resümee gemaach. Ech hoffen, datt ech näischt vergiess hunn. Zu der Motioun schwätzen all d'Fraktiounen, denken ech, an da schwätzen ech nach eng Kéier duerno zu der Motioun.

Ech soen Iech op jidde Fall Merci fir dee konstruktiven Debat. An dann denken ech, datt mer dem Fonds de compensation déi Iwwerleeungen, déi hei sinn, déi mer da musse ficeléieren, och weiderginn, se weiderginn un déi Responsabel vum Fonds de compensation, deenen ech awer och eng Kéier wollt villmoos Merci soen, éischtens, fir hir Disponibilitéit, zweetens, fir hir Aarbecht, déi se maachen, an och drëtens, fir déi Transparenz, déi se op jidde Fall an deem heiten Dossier mat un den Dag geluecht hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Sozialminister Claude Haagen. Parole après ministre fir den Här Laurent Mosar.

M. Laurent Mosar (CSV) | Jo, merci, Här Minister. Ech hunn Iech ganz opmierksam nogelauschert, wat deen Aspekt vun der Taxonomie betrëfft, an ech hunn do net ganz richteg Äre Rasonement kënnen novollzéien.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Jo.

M. Laurent Mosar (CSV) | Duerfir erlaabt mer nach eng Kéier, dodrop zrëckzekommen. Ech mengen, mir

wëssen alleguerten, déi europäesch Taxonomie ass ugeholl ginn. Déi gëtt am Moment a 25 Länner applizéiert. Déi ass also am Moment d'Base légale. An et ännert och do guer näischt drun, datt e Recours unhängeg ass, dee Recours ass net suspensif. Dat heescht, mir hunn am Moment eng Gesetzgebung, déi ass am Moment do.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Richteg!

M. Laurent Mosar (CSV) | Meng Fro ... Dir hutt elo gesot, wann do deen Arrêt, dee vläicht dann iergendwéi eng Kéier an dräi, véier, fënnf Joer kënn, Eis-träich a Lëtzebuerg géif Recht ginn – wou, an da maachen ech eng Klammer op, all eminent Juriste soen, datt d'Chancé minimal, fir net ze soe quasiment inexistent sinn –, da missten natierlech déi verschiddenen Entreprisé sech do adaptéieren. Dat ass natierlech ganz kloer.

Elo ass awer meng Fro: En attendant hu mer eng Taxonomie an ech wëllt elo wierklech vun Iech wëssen, well dat och an der Motioun zimmlech onkloer ass, ob Dir, d'Regierung an haauptsächlech elo de Fonds de compensation déi Taxonomie esou applizéiert, wéi se elo do ass, en attendant datt vläicht iergendwéi eng Kéier an dräi, véier, fënnf Joer en Arrêt kënn, deen déi dann ännert. Ech wär wierklech do frou fir Kloerheet.

Well wësst Der, dat Signal, dat de Fonds de compensation hei gëtt, dat ass net onschëlleg: Mir hunn eng Finanzplaz. Mir hunn eng Fongindustrie, déi bis elo ëmmer duerch eng Previsibilitéit an eng juristesche Securitëit konnt iwwer Joren a Joerzëngte gutt iwwerliewen. Dat Schlëmmst ass, wann ee keng Securitëit huet. An ech mengen, et wär wichteg hei, datt och eng Kéier eng Regierung e kloert Signal gëtt – och wa mir net frou sinn iwwert déi Taxonomie! An och bei eis an der Partei si mer net frou doriwwer. Mee et ass awer einfach elo mol eng Realitéit, déi ee muss endlech eng Kéier akzeptéieren. An et geet dann net, fir déi ganzen Zäit erëm ze versichen, iergendwéi dozou Derogatiounen ze huelen!

An duerfir wär ech wierklech frou, fir hei eng Kéier vun Iech elo Kloertext ze héieren: Wéi geet et virun? Gëtt elo déi Taxonomie esou applizéiert, wéi se am Moment en vigueur ass, oder net?

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Jo, d'Taxonomie ass en vigueur. Dat, wat ech gesot hunn, dat ass, an ech ginn Iech Recht, deemno weini datt dat Urteel kënn – dat ass jo dat, wat ech gesot hunn –, da wäert de Marché sech aneschtors orientéiere compte tenu vum Arrêt vun der Cour européenne, dat schéngt mer evident ze sinn, an déi Richtung oder an déi aner Richtung. Wann et esou bleift, wéi et ass, da wäert de Marché sech net aneschtors orientéieren, well dann huet e sech scho laang esou forméiert, wéi en elo amgang ass, sech ze forméieren.

Mee compte tenu vun deenen Iwwerleeungen a compte tenu vun der Motioun, déi awer elo do ass, mussen mir eis jo dann och positionéieren an dat kadréieren, wa mer an déi Richtung wëlle goen, fir verschidden Entreprisen auszuschléissen, momentan Entreprisen ... Do gëtt jo gesot: „Iwwer Secteuren ass et gaangen.“ Et ass net iwwer „Secteur“ gaangen! Et ass gaangen iwwer Konventiounen, déi Lëtzebuerg ratifizéiert huet. Doriwwer ass et gaangen! An da si verschidden Entreprisen erausgaangen. Momentan gesinn ech net, wat fir ee „Secteur“ datt exclu ass!

An hei ass et déi selwecht Iwwerleeung: Wann dat da kënn, dann hätte mer eng Mainmise, fir dat ze maachen, well mer da kéinten déi Exklusivschwätzen. Anerefalls mussen mer eis iwwerleeën, wa mer

op deen dote Wee ginn, wéi mer dat handhabe par rapport zu den Assetmanager, déi da gefrot ginn. Dat hu mer och elo, mir hunn och elo Assetmanager, déi guer net an den Nuklear ginn. Mir hunn och Assetmanager, déi an aner Secteure guer net ginn, déi awer d'ESG-Krittäre respektéieren, déi och aner Krittäre respektéieren. Dat ass jo d'Vertrauen. Et ass jo net de Fong, deen op dem Marché aktiv gëtt, mee dee geet iwwer seng Assetmanager dohinner, si maachen hire Portefeuille a si hunn d'Iwwerleeunge vum Fonds de compensation, fir dat ze maache mat der Streeung an der Diversifikatioun, déi de Fong seet par rapport zu den Investissementen. Dat gëtt momentan gemaach. An dat wäerte mer och an Zukunft maachen.

A wa mer jo verschiddenen – soen ech elo – passiv Investissementen kënne maachen, do ass et méi einfach, do ginn ech Iech Recht. Wann déi dann um Marché bestinn, dat ass nach eng aner Konditioun, da kann een dat maachen. Bei aktiven Investissementen ass et schon e bësse méi quokeleg, well een do selwer an d'Entreprise erageet, an dann ass et eeben d'Responsabilitéit vun deem Assetmanager, fir dat ze maachen an dann eeben ze kucken, ob en esou konform ass oder net. Dat ass d'Virgeewis vum elo. Dat heescht, et ass net exclu juristesche actuellement. Wann dat d'Äntwert op Är Fro ass?

M. Laurent Mosar (CSV) | Nee, meng Fro ass eigentlech: Schléisst Dir aus, Här Minister, datt Entreprisen, déi sech 100%eg un déi europäesch Taxonomie halen, déi also konform sinn zu der europäescher Taxonomie mat de Krittären, esou wéi och ESG se am Moment formuléiert, datt déi ausgeschloss gi vum Fong? Dat ass eigentlech déi Fro.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Dat hântk vun Investissement of, a wat fir en Domän datt ee geet, ob e passiv ass oder aktiv ass. Dat hântk dovunner of. An dat kënne mer jo steieren, dat heescht, mir hunn da keng ... Mir hunn e Règlement interne, wou een dat ka maachen. Dat heescht, et keeft een dat net. Dat ass eng aner Iwwerleeung. Rechtlech kënne mer et net, dat wësst Der och.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Dann nach Parole après ministre fir den Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter (CSV) | Jo, Här President, ech wollt dem Minister villmoos Merci soe fir déi Äntwerten, déi e mer ginn huet op mäi Beitrag virduer hei zur Debat. Also Roum ass jo net an engem Joer gebaut ginn an e Changement an enger Strategie mécht sech jo och net innerhalb vun engem Joer. Ech hu wuel verstanen, datt de Secteur immobilier an Ärer Strategie als Secteur immobilier duergestallt gëtt a sech net opsplitt an déi verschidden Deeler vum Secteur immobilier.

Ech géif eng Propos maachen, well Der gesot hutt: „D'nächst Joer, et kann och dat Joer hannendru sinn, wou een nees eng Kéier diskutéiert iwwert dat hei“, dass Der vläicht déi Leit, déi sech ëm dee Fong bekëmmern, frot, bis dohinner eng méi prezisiéiert Analys ze maache vun deenen targeted 5 %, déi awer bis 7,5 % kënne goen, bis mindestens 2,5 % och, jee nodeem, wéi den Dëngen ass, datt se méi eng prezis Analys maachen.

Mech géif interesséieren an enger Nofollgedebatt, ob de Staat bereet ass, dem Fong dat spekulatiiv Element ze garantéieren, dat géif kommen duerch en Invest, deen e géif maachen.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Här Wolter, op wat spekuléieren?

M. Michel Wolter (CSV) | Majo de Risiko vun enger Diminutioun vun der Valeur vum Aktiva, deen en

investéiert, notament duerch de Fait vun enger Bulle immobilière, notament duerch de Fait vun engem staarken Erhoffe vum Präis. Dat ass zu Lëtzebuerg ni geschitt. Ech hoffen och, dass et net geschitt. Mee wann et geschitt – an ech kommen nees op dat zréck, wat ech virdu gesot hunn –: Mir schwätzen iwwert d'Sue vun de Leit.

Wann also de Staat der Meenung ass, dass dee Fong verstärkt an eng gewësse Richtung soll goen, da wär ech interesséiert dorun, méi genau ze wëssen, wéi dat elo de Fall ass an deem Dokument, wéi de Staat deem Fong dat da wëll kompenséieren, remuneréieren an esou weider.

An ech wier och net ondankbar, wann een d'CSSF, wat jo net de Regulator ass vun deem heite Fong, mee déi awer eng ganz grouss Erfahrung huet an der Fro vu Gestiouen vu Fongen, och vu Pensiounsfongen, vläicht an esou eng Reflexioun kéint matabanne fir ze soen, wat hirer Meenung no – et ass jo ëmmer en Avis, deen dee Moment gefrot gëtt –, wat dann hirer Menger no, compte tenu vun dem klengen Territoire, dem groussen Risiko an esou weider, alles dat, ech widderhuelen elo net nach eng Kéier alles dat, wat ech virdu gesot hunn, ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Nee, et ass an der Rei.

M. Michel Wolter (CSV) | ... wat da fir si als CSSF kéinte Limitte sinn, wéi een eeben tëschent dem Locativen, Netlocativen, dem Invest a wierklech Bürosgebaier ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Dem Administratif.

M. Michel Wolter (CSV) | ... respektiv, wat Dir och elo gesot hutt, der Zurverfügungstellung vu Gebaier fir Träger, déi eigentlech selwer den Invest net kéinte maachen, ... wat se dozou géif soen. Ech mengen, dass dat zu enger Vereinfachung vun der Debatt an och zu enger méi klorer Duerstellung vun deem Beräich vum Invest kéint bäidroen an dass mer eis da lues a lues an deenen nächste Joren zesumme mat deene Leit an déi Richtung kënnen taaschten, déi eeben am Interêt vun der laangfristeger Gestiouen vun deem Fong ass.

Merci.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Merci och, Här Wolter, fir Är Fro. Fir mech ass dat bal selbstverständlech, well ee soss no zwee, dräi Joer, wann een Investissemter mécht an den Immobilier, herno net méi weess, wou d'Rentabilitéit par rapport zum Immobilier ass op deem dote Punkt. D'CSSF gëtt, mengen ech – ech si mer awer elo net méi sécher, ech mengen, et ass awer esou –, bei den neie Kompartimenter, an déi investéiert gëtt, souwisou en Avis of.

Mee wat Dir mengt, ass och d'Durée an och, wéi soll ech soen, wéi d'Zukunftsaussichten an deem dote Secteur sinn, wann een an deen dote Marché geet, par rapport zum Abordabelen, par rapport zum Administratif, fir eeben eng Bulle ze evitéieren, dass een herno e Leerstand huet a kee Revenu méi kritt, also an deem Fall kee Loyer méi kritt. Déi Iwwerleeunge beim abordabele Wunnengsbau wéi och beim administrative sinn allkéiers gekuckt ginn op 20 bis 30 Joer, dass de Revenu, also de Loyer, garantéiert ass mat Upassungen, esou wéi en ass, wann de Pensiounsfong bis an de Marché erakënn, fir dat ze assuréieren. Dat gëtt ëmmer gekuckt. Et ass also net ... Soss kéint jo och ee kënnegen no zwee Joer, egal wien et ass, u wien dass Der dat verlount. Dat ass hei pertinemment net de Fall.

Dofir ass d'Zesummespill wichteg tëschent dem Pensiounsfong an dem Staat, dem Pensiounsfong an der Société nationale des habitations à bon marché an och dem Fonds du logement, fir dass dat op jidde Fall fir de Fong – well dat jo keng staatlech Sue sinn, mee déi vun den Assuréen sinn – garantéiert ass, dass déi Recetten och garantéiert sinn, fir d'Perennitéit eebe vum ..., vum ...

M. Michel Wolter (CSV) | Fong!

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Voilà! ... vum Fong anzehalen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci. An da Parole après ministre fir den Här Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Här Président. Wann ech elo nogelasschert hunn, wat op der Bänk vis-à-vis gesot ginn ass a puncto Taxonomie a wat de Minister erkläert huet: Ech mengen, wann ech verschidde Leit héieren, et kéint ee just nach Geld placéieren, wann een a Fossil a wann een a Atom investéiert. Wann een dat géif ausschléissen, da wär keng Chance méi, fir iergendwéi Geld sënnvoll a rentabel unzibréngen.

Hale mer dach wannechgelift op domadder! Mir hunn eis gëeenegt, mir hunn eng Proposition gemaach, och scho fir an d'Motioun ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Riicht Der d'Fro u mech? Oder u wie riicht Der se?

M. Charles Margue (déi gréng) | Jo, ech ..., „après ministre“, net „un“ ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Abee, Dir musst Iech elo just eens ginn, u wien dass Der ...

M. Michel Wolter (CSV) | ... Du bass net concernéiert.

(Hilarité générale)

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Also da kommt, mir maachen et esou: Dir gitt einfach eens an ech lauschten e bëssen no. Ech hunn eppes ze drénken hei, et ass an der Rei.

(Hilarité)

M. Charles Margue (déi gréng) | Ëmsou besser.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Voilà!

M. Charles Margue (déi gréng) | Mir sollen och, wat d'Finanzplaz ueget, an duerfir ass déi Strategie jo och an deem Sënn wichteg, beispillhaft kënnen virgoen, dass een och kann eng propper Finanzplaz hunn, eng gréng Finanzplaz hunn, wou ee sech dann op de Fändel schreift: Egal wat d'EU-Taxonomie elo ass, mir ginn net doranner, mir ginn a gréng Finanzen. A mir haten an eiser Fraktioun vill Entrevü mat Leit, déi net Member an eiser Partei sinn an déi froen, dass endlech Kloerheet kënn, dass d'Lëtzebuurger Finanzplaz an där Hisiicht kloer dosteet, eng Virreiderroll hält, wéi et schon an anere Punkten zu aneren Zäitpunkte komm ass. A wann ech déi do Gespéicher héieren, wa mer déi hei weiderféieren – ob Taxonomie, net Taxonomie, Ideologie oder esou weider –, mee da maache mer eis eege Finanzplaz an där Hisiicht schlecht! Dat wollt ech just dobäi gesot hunn.

Mme Jessie Thill (déi gréng) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Margue. Dat war éischer e Kommentar.

(Interruption)

Dann nach Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser. Duerfir, bleibt elo mol nach hei, Här Haagen.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Gären, Här President.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, den Här Minister ass hei wierklech an engem schwiereger Position, ...

(Interruption par M. Claude Haagen)

... well ech mengen, déi Saachen, déi sinn awer elo als Parole après ministre net ëmmer eng Question à Monsieur le Ministre. Mee et sinn awer eng Rei Iwwerleeungen, wéi och den Här Margue se elo gemaach huet, déi een awer sollt féieren.

Ech mengen, fir just ee kuerze Kommentar hei ze maachen a Bezuch op d'Taxonomie: D'Kollege vun der CSV hunn et mat Recht hei ënnerstrach, mir hunn eng legal Basis an Europa, mir mussen se applizéieren. An déi Taxonomie applizéiert sech jo net am lofteidele Raum, mee all déi Länner, déi elo och un déi Taxonomie gebonne sinn, si Signatairë vun dem Paräisser Ofkommen. Alleguer!

Dat heescht, alleguer kéinte se mat där selwechter Argumentation, wéi se hei vu verschiddene Parteien ugeféiert gëtt, soen: „Mir investéieren net elo an den Nucleaire oder an de Gas, well dat ass net nohalte.“ Mee et sinn awer 25 Länner vun deene 27 an doriwwer eraus nach ganz vill anerer, déi sech erëm nei a Richtung Atomenergie orientéieren. Dat ass d'Realitéit an Europa, dass d'Realitéit a groussen Deeler vun der Welt. Firwat? Ma well den Approvisionnement vun Gas manner sécher ass, well dee méi rar gëtt aus politeschen oder geostrateegesche Grënn. An et ass dach absurd fir ze gesinn, dass ausgerechent och Grénger zum Beispill an Däitschland massiv elo Kuelekraaftwierker uwerfen, massiv an dëser Situatioun! Et ass kloer, d'Atomenergie a Frankräich, dass ass déi, déi am mannsten CO₂-Emissiounen huet.

(Interruption)

An et ass kee Widderproch. Et ass eebe kee Widderproch zwëschen Nohaltegkeet an Atom, wéi en hei probéiert gëtt ze konstruieren, well eeben d'Atomenergie déi ass, déi am mannste Kuelendioxidemissiounen fräisetzt; contrairement zu enger däitscher Politik!

Kuckt d'CO₂-Emissiounen vu Frankräich, kuckt d'CO₂-Emissiounen vun Däitschland. An et ass dach och interessant, den Här Habeck – ech mengen, Här Margue, Dir hat en och zitëiert –, den Här Habeck huet zwee Atomkraaftwierker virulafe gelooss, en hält en drëtt an der Reserv.

Just fir ze soen, dass déi Debatt hei e bëssen aussergewéinlech ass, well et ass esou, dass mer als Lëtzebuerg hei praktesch eng Diskussioun féieren, wéi se a soss kengem Land geféiert gëtt – e bëssen Disneyland! Mir ignoréieren, dass all déi aner an där selwechter Situatioun sinn, alleguer hu se den Accord de Paris ënnerschriwwen. Mir ignoréieren, dass mer Atomkraaft importéieren zu Lëtzebuerg: aus Däitschland, aus Frankräich, aus der Belsch warscheinlech och, ech weess et net. Mee mir importéieren Atomstrom, mir gebrauchen Atomstrom, jidderee geet an Atomstrom, all eis Nopere ginn an Atomstrom, et ass déi Energie, déi am mannste Kuelendioxid verursaacht! An da gëtt hei eng extra ... An déi europäesch Taxonomie, eis europäesch Gesetzgebung, déi gesäit et och nach vir. An da maache mir hei de Lëtzebuurger Alleingang op der Welt a sou weider a schwätzen do dergéint.

Dat wär jo nach alles ze toleréieren. Et wär jo nach e bëssen eng Particularitéit, déi ee kéint kucken. Mee den Enjeu hannendrun, dass ass dach dee vun der Rentabilitéit vum Pensiounsfong. An do hunn d'Kollege jo och gesot: ...

Une voix | Ganz genee!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... „Jo, mee et geet jo ëm d'Sue vun de Leit!“ Et geet ëm d'Sue vun de Leit. Et geet ëm d'Sécherheet vun de Pensiounen.

(Interruptions)

An dat, wat wierklech hannendrusteet, wat wierklech hannendrusteet, dat hu mer haut emol net anstänneg diskutéiert, dat ass d'Perennitéit vum Pensiounssystem. Dat ass dat!

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Wat hätt dann elo missen do passéieren?

(Interruptions)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Nee, nee! Dat ass dat, wat hannendrusteet. Well mir wësse jo, datt dat heiten, dee Pensiounsfong, dee geet net duer, fir laangfristeg de System ofzesécheren! Dat heescht, mir hunn all Interessi drun, wa mer verantwortlech Politick wëlle maachen, hu mer all Interessi drun, derfir ze suergen, datt dee Pensiounsfong esou gutt wéi méiglech ekonomesch schafft, fir Pensiounen mat ofzesécheren an deem Land, a fir och endlech déi Debatt ze féieren, déi mer mussen am Land féieren, an dat ass d'Debatt iwwert d'Reform vum Pensiounssystem.

Firwat? Ma ganz einfach, an dat ass och e Virwurf, deen ee kann de Kollege vun der CSV maachen, well jiddereen hei am Sall – ausser eis, muss ech awer kloer soen – schéngt ze akzeptéieren, datt mer a Richtung vum Milliounestaat ginn, eng Millioun Awunner.

Den Här Wolter hat a senger Interventioun gesot, jo gutt, da misste mer landesplaneresch do ... an de Perimeter erweideren. Mee mir kënnen jo net éiweg esou wuessen! Mir musse kucken, datt mer deen Zwang zum Wuesstum, net de Wuesstum selwer, mir brauche Wuesstum, mee den Zwang zum Wuesstum a Fro stellen. An dozou gehéiert och d'Reform vun de Sozialsystemer. Dozou gehéiert och de politesche Courage fir ze froen, wéi mer de Pensiounssystem durabel kënnen opstellen.

An d'Äntwert dorobber ass ganz sécher net, fir aus engem reng ideologeschen Usaz elo hinzugeen an d'Rentabilitéit vum Pensiounsfong a Fro ze stellen – well dat sinn d'Sue vun de Leit –, just well verschidde Leit mengen, Lëtzebuerg wär eleng an Europa an eleng op der Welt, fir kënnen géint déi Energieform virzegoen, déi awer d'Äntwert op déi politesch an ekonomesch Situatioun ass, déi mer elo leider kennen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. D'Wuert geet zréck un den Här Minister. Oder fir d'éischt nach Parole après ministre fir den Här François Benoy.

(Brouhaha et exclamations)

M. Michel Wolter (CSV) | Ech mengen, Claude, du kanns dech sëtze goen.

(Hilarité et brouhaha)

M. Fernand Etgen, Président | Den Här François Benoy hat nach d'Wuert gefrot. Wëllt Der et huelen?

M. François Benoy (déi gréng) | Jo, ganz gären, Här President. Merci fir d'Wuert. Jo, ech wollt just kuerz, well mer elo hei eng Diskussioun gefouert hunn iwwert d'Atomenergie respektiv iwwert de Gas, déi jo als Transitionstechnologien an der Taxonomie virgesinn, e puer Wuert awer da soen.

Firwat ass den Atom fir eis keng Solutioun? Ben, éischtens wësse mer, dass en net sécher ass. Do gëtt et eng ganz Rei Beispiller, déi dat soen. Mir wëssen

och virun allem, dass en net séier genuch déi Äntwerte gëtt, déi mer brauchen. A virun allem ass d'Fro vun dem Offall net gekläert.

A firwat dass et net sännvoll ass, de Gas als eng Transitionstechnologie unzuerkennen, ech mengen, dat misst och deem Leschten nach bekannt sinn, wa mer driwwer schwätzen, dass mer zukunftsorientéiert wëlle sinn an dass mer esou séier wéi méiglech do sollten eraustrieden.

Wat ass d'Taxonomie a wat ass se net? Et ass jo eng Kategoriséierung, déi hei gemaach gëtt, an et steet eis jo natierlech fräi ze soen, wat mer domadder maachen a wat mer net domadder maachen. An déi Diskussioun, Här Mosar, hate mer jo och schon am Kader vun de Budgetdebatten. A mir op alle Fall hunn do eng kloer Position an eng kohärent Position, dass mer wierklech am Sënn vun der Klimaneutralitéit déi Saachen net férdere wëllen.

An ech mengen, ech wëll dat wierklech nach eng Kéier kloerstellen hei: D'Taxonomie ass e Kader, dee se eis gëtt, mee mir mussen awer dee Kader net komplett suivéieren. Dat ass eng Fro, mengen ech, vu Kohärenz vun der Politick. A mir soen, mir wëllen an deem Kontext kee Gas an och keen Nucleaire, genausou wéineg, andeems mer Subventiounen ginn, wann et ëm eng reduzéiert Taxe d'abonnement geet. A genausou wéineg wëlle mer dat an dem Fonds de compensation.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Benoy. An den Här Minister därerf nach eng Kéier dorobber reagéieren.

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Ech soen Iech Merci fir déi Interventiounen.

Une voix | Très bien!

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Merci dem Minister fir sozial Sécherheet Claude Haagen.

Motions

Da komme mer elo nach zum Ofstëmmen iwwert déi zwou Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt déi Motioun Nummer 1, déi vun den Häre Kersch, Bauler a Margue deposéiert ginn ass. Wie wëllt nach d'Wuert dozou ergräifen? Den Auteur, den Här Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här President. Ech wollt just soen, wat an där Motioun steet a wat net drasteet. Dann hat awer elo e bëssen hei ... Et ass keng Ausso dran iwwert de Für an driwwer, ob oder ob net Investissementer an d'Atomkraaft d'Perennitéit vum Rentensystem a Fro stellen. Esou eng Ausso fannt Der net an där Motioun.

Am Géigendeel, et ass eng Motioun, déi, mengen ech, ganz ausgewogen ass an déi seet, dass dat, wat bis elo an der Vergaangenheet am Fong gemaach ginn ass, nämlech méi no de Krittere vun der Nohaltegkeet ze kucken, dass all déi Ustrengungen do solle weidergemaach ginn an dass mer och solle kucken, fir eng Strategie ze entwéckelen fir en Desinvestissemment vun der Atomenergie. Méi steet net do dran.

Doriwwer eraus, an och dat ass wichteg, steet dran, dass mer de Fong encouragéiere fir d'Kreatioun vu Logement à coût modéré. Ech widderhuelen nach eng Kéier dat, wat ech virdu gesot hunn: De Fong huet sech selwer eng Strategie ginn, schon 2018, fir bis zu 5 % an de Lëtzeburger Immobiliemarché ze investéieren. Mir sinn aus deene Grënn, déi virdu etabléiert gi sinn, net dohinner komm. An deem Sënn

ass et nëmme logesch, dass mer en encouragéieren, op deem Wee weiderzemaachen, zemools an enger Situatioun, wou de Wunnengsmarché amgaangen ass, sech ze änneren, a mer riskéieren, dass mer aner Bedingunge virfannen, méi favorabel Bedingunge virfanne fir ze investéieren, fir och abordable Wunnumraum kënnen ze schafen. Dat ass dat, wat an eiser Motioun steet.

An ech mengen, dass dat och eppes ass, wat u sech ... An et ass e bësse virdrun och erauskomm am Debat, wéi wann dat elo e grouse Revirement wier an der Politick vun der Regierung. Ech ka just feststellen, dass mer kloer Aussoe kritt hate vun Minister an der Kommissioun, dass hien net derfir wär, dass mer géifen an Atomkraaft investéieren. Dat steet och hei an där Motioun. An dofir mengen ech, dass dat eng Motioun ass, déi u sech jiddwereen hei am Haus kéint matdroen. Dat wär op jidde Fall och e gutt Zeechen, wat mer géifen no baussen droen, a mat Sécherheet wäert et och net den Interëte vun eisem Land schueden.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch. An da geet d'Wuert un den Här Marc Spautz.

M. Marc Spautz (CSV) | Jo, merci, Här President. Den Här Kersch huet zwar elo schon zum Deel drop geäntwert, wat de véierten Tiert ubelaangt, well et eebe fir eis wichteg ass ze wëssen: Ass et dat, wat bis elo war, oder ass dat do eppes komplett Neies? Dat ass den éischte Punkt.

A beim zweeten Tiert, do hu mer e kleng Problem mat deem „soutenant la transition énergétique et écologiques et lesquels sont en phase [...] à la [...] taxonomie européenne“. Well mir sinn eis jo eens: Wann d'Urteil bis do ass vum Europäesche Geriichtshaff, muss dat Urteil applizéiert ginn, an dat huet de Minister jo och gesot. Dofir brauche mer jo dann net dat derzweeschent dohinnerzeschreiwene, mir schreiw just, dass et d'Taxonomie européenne ass. A wann do en Urteil geholl gëtt an dat gëtt annulléiert, ma dann ass et souwisou dat, wat do ass, an da brauche mer net nach dat anert rondrem ze maachen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Spautz. Da geet d'Wuert un den Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Bon, ech hätt mer déi heite Motioun scho virun e puer Joer gewënscht. Ech hätt mer vläicht gewënscht, datt mer haut guer net hätte missen driwwer schwätzen, well scho bei där leschter Investitiounsstrategie dat heite gegollt hätt, well ëmmerhin ass d'Klimakris net eréischt säit gëschter en Theema an d'Logementskris zu Lëtzebuerg och net.

D'Problemer si bekannt. Mir begrëissen d'Iddien, déi hei developéiert ginn, fir de Pensiounsfong méi nohalteg ze maachen. Mir gesinn awer e kleng Risk vum Greenwashing. An ech hunn eng kleng Fro vläicht un d'Auteuren, et sinn der jo dräi. De Minister huet elo nach eng Kéier op der Tribün d'Beispill vun EDF ginn. Ech wollt dann einfach emol vläicht eng Kéier fir Iech kloer d'Fro stellen: EDF, déi d'Atommeilieren a Frankräich bedreift, ass dat eng Entreprise, déi an Ären Aen an den Atomstrom investéiert oder net? Ech kann Iech meng Äntwert ginn: Fir mech ass et ganz kloer eng Entreprise, déi an Atomstrom investéiert an hei erausfällt!

An dann, datt de Fonds de compensation endlech vun 2 % säin Zil vu 5 % am Logement abordable géif errechen, dat kann ech nëmme begrëissen. Ech hoffen dat, datt en endlech wéinstens déi 5 % och erreche wäert.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, also mir wäerten dës Motioun matstëmmen. Si geet eis awer och net wäit genuch. Eis Motioun war e bësse méi eng sec Motioun. Mir hu se awer net deposéiert, well mer gären e groussen, breede Konsens heibannen hätten, well dat eis wichteg ass. Mir erwaarden eis dann och – dat ass och gesot ginn, den honorabelen Här Margue huet et gesot – e schnellen Desinvest.

Wat heescht dat: e schnellen Desinvest? Bon, dat kann een och vläicht e bësse wéi e Lastik zéien. Mee mir hoffen awer do op de „good will“. An Dir hutt gesot, alles, wat ee mécht, dauert souwisou minimum aacht Méint ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Net alles, wat ee mécht, mee wann een nei ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Maja, wann een nei ... Voilà! Da wësse mer jo ongeféier, wat „schnell“ hei kéint sinn. Sou, kommt, mir ginn eis e Joer! Voilà!

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | D'Decisioun fir ze investéiere geet eraus. Bis se ëmgesat gëtt um Terrain, brauche mer ... Dat muss jo preparéiert ginn, mir schwätze jo hei vu substanzuelle Montanten. Mir kënnen dat jo net innerhalb vun dräi Deeg maachen.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ma eeben!

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | De Fong kann dat net maachen. Dat muss jo kontrolléiert ginn, wa mer dat dote maachen, ob déi Entreprisë kompatibel sinn. An dann dee ganzen Agencement, also fir d'Contrôlen en place ze setzen. Dat mat dem Assetmanager, dat muss jo ausgeschriwwen ginn. Also, dat ass schonn eng Prozedur.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Eng Prozedur, jo, genau. Voilà, duerfir hunn ech jo gesot ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Voilà, dat dauert eng gewëssen Zäit!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | An Dir hat vun aacht Méint do geschwat. Dofir soen ech: Kommt, mir schwätze vun engem Joer! Wa mer „schnell“ soen, ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Mee ech soen, aacht Méint, an dann ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Wa mer „schnell“ soen, kommt, mir schwätze vun engem Joer, plus ou moins, dat ass méi wéi aacht Méint. Kommt, dat wier dann esou eppes, mat deem ...

M. Claude Haagen, Ministre de la Sécurité sociale | Wann ech d'Direktiv muer de Moien ënnerschreiwten a si geet eraus mat där Motioun hei, da geet se op de Wee.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Voilà! Bon, domadder kënnen mer liewen. Wéi gesot, et geet eis net wäit genuch. Mee fir eis ass et ganz kloer: De Minister huet de Mandat kritt, dat do ze maachen, hie mécht dat och! En huet dat jo och elo gesot, datt en dat mécht, wann déi Motioun hei gestëmmt gëtt. Mee Dir do iwwer stëmmt se jo sécher, mir stëmme se och mat, also hu mer schonn eng Majoritéit. Da brauche mer schonn net ze fäerten. An da geet dat dee richteg Wee.

An ech wollt awer och soen, wat den honorabelen Här Clement gesot huet: Effektiv, mir dierfen net blauäugeg sinn! Mir wëssen, dat verschidde Firmae ganz kloer en Zil hunn. A wa se hir Dénger net kompartimentéieren, datt se wierklech soen: „Hei, deen do Deel vun den Investissementer huele mer wierklech fir erneierbar Energien“, da maache se dat net! Ech

mengen, virun e puer Deeg, virun zwee, dräi Deeg hat Shell nach eng Plattform am Mier, wou se nei Pétrolsfelder elo am Mier erauszéien. Ech mengen, dat sinn esou Saachen, déi dierfen net goen. Mir kënnen dann net an esou Firmen investéieren.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. Mir stëmme dës Motioun net mat aus enger Rei Grënn. Éischtens emol ass et awer, egal wat eis hei verzielt gëtt, eng ideologesch Motioun, déi einfach esou opgestallt ass, fir eeben en Investissement an d'Atomenergie ze verhënnere.

Mee loosst mech dozou e puer Kommentare maachen. Et gëtt heibannen eng Partei, déi systematesch probéiert, de Leit Angscht ze maache viru gewëssenen Technologien, dat sinn déi gréng. Dat ass an eisen Aen eng Stengzäitpartei, well se einfach den technesche Fortschritt net esou versteet, wéi en ass.

(Interruption)

Mir féieren hei Diskussiounen iwwer verschidden Technologien, esou als wäire mer nach an de 70er-Jore vum leschte Joerhonnert. Mee de Stand ass haut e ganz aneren!

(Interruption par M. Sven Clement)

Eng zweet Bemierkung ass ganz einfach déi hei, an den Här Keup huet et gëschter an enger anerer Diskussioun gesot: Mir sollten eis emol bewusst ginn, iwwer wéi eng Gréisstenuerdnung mer schwätzen, wa mer iwwer eis Energiebesoinen nodenken. Mir hunn an den Energien, déi Lëtzebuerg brauch, a bei allen anere Länner ass et ganz änlech, en totalen Undeel vun erneierbaren Energien am 1%ege Beräich. Am 1%ege Beräich! A si kënnen net onendlech ausgebaut ginn, och wann terribel vill dran investéiert gëtt, ganz einfach, well se volatil sinn, well mer net alles kënnen mat Wandmillen zoubauen, well mer iwwerhaupt net esou vill Sonnekollektoren kënnen oprichten, well mer keng Späicherkapazitéiten hunn.

D'Realitéit, déi energiepolitesch Realitéit ass: Wa mer esou vill alternativ Energien opbauen, mussen mer all eis Installatiounen, fir d'Reseauen oprechtzeerhalen, dobliéieren! A virun allem, fir d'Effikassitéit an d'Zouverlässigkeet vun der Stroumversuergung ze garantéieren, brauche mer, well mer keng aner Méiglechkeeten hunn hautzedaags, nukleare oder fossill Energie. Dat ass einfach eng Tatsaach!

Den Här Keup huet gëschter e puer Zifferen genannt. Vun deene 50 Terawattstonne Lëtzebuurger Energiebesoin leie mer bei den erneierbaren Energien am Stroumberäich bei maximal 18 %, am Gesamtenergieopkomme bei 1 %. Dat sinn d'Realitéiten.

Wann een elo higeet an et seet een: „Mir verbidden en Investissement an Atom oder a fossill Energien“, da verbidde mer den Investissement an 99 % vun deenen Energien, déi mir als Land brauchen a consuméieren. Dat sinn einfach d'Realitéiten.

Mir hunn e Rendement bei den erneierbaren Energien, deen inverse proportional zu där Zäit ass, déi mir hei am Parlament doruwwer schwätzen. Mir ginn de Leit den Androck, als wär dat d'Energie vun der Zukunft. Et ass just eng Energie d'appoint, awer déi grouss Léisung fir eis Energieproblemer ass dat net. Dat sinn d'Realitéiten. Mir gesinn déi. Mir schwätze se un a mir probéieren, realistesch Léisungen ze proposéieren. Alternativenergien hëllefen dobäi. Mir kënnen se ausbauen, si sinn net d'Léisung vun eisem Energieproblem.

Fir d'Léisung vum Energieproblem, do gi mer elo hin a mir verbidden den Investissement, wou all déi aner Länner awer en anere Wee ginn! An do muss ee sech dach d'Fro stellen, ob mir ekonomesch rational denken, ob mir iwwerhaupt nach eng realistesch Energiepolitik an dësem Land verfolgegen oder ob mer wierklech higinn a virun enger grénger Angschtpolitik hei eis dauernd vernäipe wëllen, ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

... fir einfach ze soen: „Déi do Energien, déi si sou geféierlech, do kënnen mer net drugoen!“, wann déi ganz Welt an déi do Richtung geet.

Här President, fir eis ass et ganz kloer: Mir soen, mir solle realistesch denken an der Energiepolitik. Mir sollen ekonomesch verantwortlech denken, och am Pensiounswiesen. An dofir stëmme mir dat hei net mat.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. Dann hat den Här Charles Margue d'Wuert gefrot.

M. Charles Margue (déi gréng) | Jo, ech versichen, elo e wéineg méi roueg ze schwätzen an net esou am Äifer wéi mäi Virgänger. Ech weess net, wat en ..., jo, ...

Une voix | ... wat e gebass huet.

M. Charles Margue (déi gréng) | ... wat e gebass huet, oder jo, e gréngen Hond warscheinlech, an d'Feescht.

(Hilarité)

Mee ech sinn am Fong berouegt, dass se déi Motioun net matstëmme, well soss wier iergendeppes mëssverständlech an deem Text gewiescht. Well mir investéiere mat dësem Pabeier an nei Technologien, ...

Plusieurs voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng) | ... an aner Technologien, ...

Une voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng) | ... a keng verëelt Technologien, déi Zäit brauchen, wou mer och elo nach versprach kréie vun President aus menger Nopeschrepublik hei, dass domadder dee Krich erëm ze gewanne wär. Mir hunn deen ee Krich nach ëmmer net gewonnen. Mir sinn amgang ze verléiere mat der Atomenergie am Frankräich, mam Offall, wéi mäi Kolleg François Benoy et gesot huet, mat der Sécherheet. Mir multiplizéieren domadder all d'sécherheetspolitesch Froen, wa mer nach méi där Meileren iwwerall dohinner bauen!

Une voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng) | A mir mussen virun allem 10, 15 Joer waarden. An déi Suen, de Claude Turmes huet et gëschter gesot, déi hu mer net, fir se do sënnvoll ze investéieren.

Mir gi mat där Motioun hei an d'Richtung, dass dat Geld vun de Lëtzebuurger Beitragszueler, vun de Lëtzebuurger Pensionnären – wou ech derzou gehéieren – esou investéiert gëtt, dass och mer déi Firmaen nach bestinn an dass se rentabel sinn.

Une voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng) | Et gëtt net nëmme Invest an diskutabel Betriber! A 26 Milliarde wäerten och nach hire Wee fannen a positiv Investissementer. An et gëtt vill Betriber, déi Geld brauchen.

Duerfir sinn ech houfreg, dass mer och esou e breeden Zouwuess kréien. Merci un déi honorabel Madamm Cecchetti fir hir Zoustëmmung, och wa mer net esou „sec“ sinn, wéi Dir dat gesot hutt.

Ech wëll awer virun allem och drop hiweisen, dass mer elo e Signal hei ginn. An duerfir brauche mer

esou eng Motioun mat engem breeden Akzent, enger breeder Zoustëmmung, dass de Minister déi ka mat-huelen. An ech sinn iwwerzeegt, dass de Verwaltungsrot déi kann ophuelen. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Margue. An ier ech dem Auteur d'Wuert zrëckginn, huet nach den Här Clement d'Wuert gefrot.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. Also, wa bis gréng Hënn hei optauchen, da maachen ech mer Suergen.

(Hilarité)

Déi gréng Hënn waren da warscheinlech ze no bei engem Atommeiler, datt se gréng gi sinn a stralen. Mee bon.

Ech wollt awer ganz kuerz hei reagéieren op dat, wat den honorabele Kollege Fernand Kartheiser hei gesot huet. En huet gesot, dat wär net méiglech. Domadder stellt en u sech wëssenschaftlech etabléiert a peerreviewt Studien a Fro, wéi ënner anerem déi vum Professor Mark Jacobson vun der Uni Stanford, deen nogewisen huet, datt „100 % wind, water and solar energy“ fir Lëtzebuerg méiglech wären, datt et finanzierbar wär an datt et no 2,7 Joer souguer schonn e Rendement hätt. Dat heescht, mir hätten eise „return on invest“ no 2,7 Joer erreicht.

Ech op alle Fall wëll menge Kanner eng sonneg Zukunft hannerloossen a keng verstraalt, an dofir wäert ech dat heite matstëmmen.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. An elo geet d'Wuert zrëck un den Auteur, den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Merci, Här President. Ech mengen, et ass alles gesot.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch.

Ech mengen, da kënne mer zum Vott iwwert d'Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass mat 35 Jo-Stëmme géint 21 Nee-Stëmme a 4 Abstentioune ugeholl.

Résultat définitif après redressement : la motion est adoptée par 35 voix pour, 22 voix contre et 3 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Claude Wiseler), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert,

MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus : M. Paul Galles, Mme Elisabeth Margue et M. Jean-Paul Schaaf.

Motion 2

Da kéime mer elo zur Motioun Nummer 2, déi vun der ADR deposéiert ginn ass. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? Ech gesi keng Wuertmeldung. Da kënne mer iwwert déi Motioun Nummer 2 ofstëmmen. Den Här Margue wëllt nach d'Wuert ergräifen. De Vott huet nach net ugefaangen.

M. Charles Margue (déi gréng) | Pardon! Zum Vott 2: Also, wa mir heibanne sinn, dann ass et, well mer Politick maachen. Alles am Liewen huet säi politeschen, wéi soll ech soen, politeschen Deel dozou. Soss wäere mer jo net ..., soss bräichte mer jo an engem Land net ze wielen a keng politesch gesellschaftlech Verrieder ze hunn.

A mir suergen derfir, dass mer eist Geld fir zukunfts-fäeg Investissementer benotzen. An Är Virstellung, an Atom ze investéieren, mee dat ass Äre politesche Choix, dat ass net eisen! Mee dat ass e politesche Choix.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Margue. Elo huet den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Also, ech hu virdru 15 Minutte laang duergeluecht, firwat d'Investitionspolitik eng Prioritéit vun der Politick muss sinn. Dat ass net eppes, wat am Vakuum entsteet. A wann de Fong net a fossill Energië géif investéieren, mee a Startups vu queere Grënner/innen, da géif d'ADR genau de Contraire verlaangen, nämlech, datt mer aus deenen desinvestéiere géifen, fir a fossill Energien ze investéieren. Dat heescht, dat hei ass un Hypokrisie net ze iwwerbidden. Et ass just, well elo mol eng Kéier de Fong an eppes investéiert, wat der ADR gefält, datt se soen, elo misste mer d'Fanger dovun loossen. Wann et de Contraire wär, da wäere se och dergéint.

Also deementspreechend ass dat hei e Biais a mir wäerten do dergéint stëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. Da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser, fir den Auteur vun der Motioun.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President. Ech mengen, mir hunn effektiv scho ganz vill haut diskutéiert. Ech wëll vläicht just zwou oder dräi Bemierkunge maachen. Éischtens wëll ech emol soen, datt effektiv e Professor esou eng Etüd gemaach huet. Si ass och direkt auserneegehall gi vu jidderengem, dee Lëtzebuerg kennt, ënner anerem wéinst deene Grëss-teneruendungen, déi domadder verbonne wäeren. Ech verweisen och just op Äntwerte vum Ingenieur Heinen an anerem, déi dat dann nogepreift hunn. An et ass ganz kloer, datt dat fir eis kee realistesch Wee ass, egal wien dat geschriwwen huet. Ech mengen, et muss een awer och gesinn, datt een d'Land net kann, wéi gesot, mat Wandmillen zoumaachen. An déi Fläche, déi mer hätten national, géif emol net duergoen, fir all dat opzehuelen, wat dofir néideg wär. Dat just dozou.

Politick a Politick ass zweeërlee. Mir gi wielen, fir politesch Richtunge festzeleeën, fir Parteien e Vertrauen auszeschwätzen, fir Grondiwuerzeegungen do auszedeckchen. Mee dat heiten ass eppes anescht. Hei

geet et drëm, engem Fong, deen zoustänneg ass fir d'Gestioun vu Suen, ënner de politesche Prioritéiten, ideologesche Prioritéite Richtunge virzeginn, déi seng Rentabilitéit a Fro stellen. Dat ass eppes anescht.

A wann et haut drëm geet, fir Atomenergie oder Gas oder aner Saache vläicht auszeschleissen, da komme muer de Moien aner ONGen oder aner Prioritéiten oder aner Aktualitéitsfroen, an da gëtt dat ausgeschloss. An da kënnt dat Nächst! An dat ass eeben de Risiko, wann een esou e Fong wierklech politesch wëllt un d'Léngt huelen. Et ass déi niddreg Politick ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Kartheiser, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech kommen zum Schluss.

M. Fernand Etgen, Président | Dir hutt fënnf Minutte bei de Motioune.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech kommen zum Schluss, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | An Är Riedezäit ass scho laang iwwerschratt. Ech wëll Iech et just soen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Fir ze soen, datt déi heite Politick, déi mer deem Fong wëllen opzwéngen hei – also op jidde Fall d'Regierungskoalitioun –, eng ass, déi der Rentabilitéit vum Fong an domadder de Sue vun de Leit net zeguttkënnt. An dofir leene mir dat of. An dës Motioun ass genee déi richteg!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An da freet d'Wuert den Här Dan Kersch.

M. Dan Kersch (LSAP) | Här President, wann ech déi Motioun do liesen, da froen ech, wat mer haut de Mëtten hei gemaach hunn. Ech mengen, et war eng gesellschaftlech Noutwendegkeet, fir hei an dësem Haus iwwert d'zukünfteg Ausrichtung vum Fonds de compensation ze schwätzen. Dat hu mer hei an aller Serenitéit gemaach.

De Minister hat gesot, e géif gären d'Meenunge vun alle Parteien héieren. Déi konnt en elo anhuelen. An ech mengen, domadder ass déi Motioun, déi do vun der ADR abruecht ginn ass, esou eppes vun absurd, dass ech nëmme kann driwwer laachen. An duerfir kann ech se och net stëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch. Da komme mer elo zum Vott iwwert d'Motioun Nummer 2.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Claude Wiseler), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

5. 7753 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création de deux établissements publics dénommés

1) Centres, foyers et services pour personnes âgées ;

2) Centres de gériatrie

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7753, eng Ofännerung vum Objet vun de Missiounen a vun der Gouvernance vu Servior. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den honorablen Deputierte Max Hahn ass prett fir de Rapport. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Max Hahn (DP), rapporteur | Merci, Här Präsident. Beim Gesetzestext 7753 geet et em eng Partie Ännerungen, wat d'Missiounen an de Fonctionnement vu Servior betrëfft.

De Fleege- a Gesondheessektor kennt zanter Joren eng ganz dynamesch Entwécklung. D'Populatioun klëmmt, d'Leit gi méi al an d'Besoinen huelen domat zou. Servior ass hautdesdaags ee vun deenen 20 gréissten Employeuren am Land a geréiert 15 Wunnstrukture fir Seniore mat insgesamt iwwer 1.800 Better. Hei dernieft organiséiert Servior och de Service „Repas sur roues“ fir een Drëttel vun de Lëtzeburger Gemengen.

Mëttlerweil ginn d'Missiounen vu Servior allerdéngs wäit iwwert d'Aufgaben eraus, déi am initiale Gesetz vun 1998 fixéiert goufen. Nieft der Offer u Wunnunitéiten a Fleegeeservicer fir eeler Leit huet Servior iwwert d'Joren nämlech eng ganz Partie logistesche, technesch an administrativ Aufgaben derbäikritt. Fir dës nei Tâchen esou effizient wéi méiglech ze léisen, schafft Servior punktuell mat externe Partner wéi den Hospices civils vun der Stad Lëtzebuerg an dem Centre Hospitalier Emile Mayrisch zesummen. Sait 2013 kollaboréiert Servior mat den Hospices civils, wat de Volet IT betrëfft, a mam CHEM, wat d'Produktioun, d'Verpackung an d'Ausliwwere vun den dräi Haaptmoolzechte fir déi 70 Unitéite vun der Geriatrie am Diddelenger Spidol betrëfft.

Fir den ëmmer méi heterogeene Besoine vu senger Clientèle gerecht ze ginn, wëllt Servior engersäits seng bestoend Zesummenaarbecht mam CHEM weider ausbauen an anerersäits nei Partnerschaften mat Acteuren aus dem Gesondheits- a Fleegeesektor erschléissen.

Aktuell besteet an deem Beräich e grouss Potenzial, fir Synergien ze schafen, duerch déi déi verschidden Acteuren net just Käschte kéinte spueren, mee och d'Qualitéit vun hiren Servicer verbessere kéinten. De virleierende Gesetzestext huet als Zil, d'Missiounen vu Servior ze kompletéieren a schafft eng legal Basis fir Aktivitéiten, déi haut zwar scho reegelméisseg a

sengen Haiser praktizéiert ginn, mee déi bis ewell nach net an d'Gesetz vun 1998 ageschriwwen goufen.

Servior kritt deemno d'Erlabnis, fir technesch, logistesche an administrativ Servicer ze offréieren, déi entweeder an direkter Relatioun mat sengen anere Missiounen stinn oder déi d'Realisatioun vun dese Missiounen vereinfachen.

Wéi virdu schonn erwäant, kacht a liwwert Servior haut schonn d'Lesse fir verschidde Patiente vum CHEM, dat, well Servior sech an de leschte Joren eng grouss Expertise an dem Beräich vun der Ernährung fir eeler Leit opgebaut huet a well Servior genee iwwert déi spezifesche Besoine vun dieser Zilgrupp Bescheid weess. D'Käch vu Servior sinn zum Beispill gewinnt, fir eeler Leit ze kachen, déi Problemer mam Knaen oder Schwieeregkeete mat der Verdauung hunn. Do fir mécht et Sënn, dass Servior och d'Lesse fir d'Geriatiepatienten vum CHEM produzéiert. An Zukunft sollen eventuell nach weider Kollaboratiounen am Beräich vun der Restauratioun erméiglecht ginn.

An engem zweete Punkt gesäit de virleierende Gesetzestext vir, dass Servior – zesumme mat anere Partner – Participatiounen a Societéite kann huelen, déi entweeder ënnert d'ASFT-Gesetz oder ënnert d'Gesetz vum 8. Mäerz iwwert d'Établissements hospitaliers falen.

An der éischter Versioun vun deem Text stoung ausserdeem dran, dass Servior an Zukunft eege Filiale kéint grënnen. Dese Punkt huet bei de Leit um Terrain allerdéngs fir gréisser Opreegung gesuergt. D'Chambre des Salariés hat an hirem Avis d'Angscht geäussert, dass dese Approche zu enger Privatiséierung vu verschidde Aufgaben vu Servior kéint féieren. Si huet sech kloer géint d'Kreatioun vu Filialen an de Modell vum Outsourcing positionéiert, well een domadder risquéiert, dass verschidde Salariéer an Zukunft net méi ënnert de Kollektivvertrag vum Alters- a Fleegeesektor falen.

An enger Sëtzung vun der Familljekommissioun huet d'Madamm Ministesch Corinne Cahen allerdéngs prezisiéiert, dass et ni d'Absicht war, fir d'Aktivitéit vu Servior ze privatiséieren, a scho guer net, fir déi sozial Rechter vum Kollektivvertrag ze ëmgoen. Fir sämtlech Zweifel aus dem Wee ze schafen, hu mer den Artikel 2 Paragraph 2 vum Projet de loi dunn amendéiert an d'Méiglechkeet vun der Kreatioun vu Filialen aus dem Text gestrach.

Wat d'Prise de participations vu Servior betrëfft, hu mer dräi Garde-fouen an den initialen Text derbäigesat fir sécherzegoen, dass d'Salariéer hir Kollektivrecht net verléieren. An der Familljekommissioun gouf nämlech d'Fro opgeworf, ob Servior och Participatiounen a Betriber kéint huelen, an deenen d'Salariéer net ënnert den SAS-Kollektivvertrag (ndlr: SAS – Secteur d'aide et de soins et secteur social) falen.

De Ministère huet eis dunn erkläert, dass dräi Limiten an de Gesetzestext matagebaut goufen, fir genee dës Méiglechkeet ze verhënnere. An engem éischte Punkt prezisiéiert den Text, dass Servior just zesumme mat engem anere Partner aus dem Sektour hospitalier oder dem ASFT-Beräich Participatiounen an enger Societéit kann huelen. Servior kann also net eleng handelen. Zweetens muss d'Participatioun ëmmer en direkte Lien mam Objet vu Servior hunn. An drëttens muss sämtlech Participatiounen, déi vum Conseil d'administration vu Servior decidéiert ginn, am Virfeld vun der Familljeministesch approuvéiert ginn, esou wéi et am Artikel 3 vun deem Gesetzestext virgesinn ass.

Nieft der Entwécklung vu senger Missiounen huet sech och déi intern Struktur vu Servior iwwert d'Jore

verännert. Wéi virdu schonn erwäant, ass Servior haut ee vun deenen 20 gréissten Employeuren vum Land. Am initiale Gesetz vun 1998 ware just zwee Direkteschposten virgesinn, dee vum Direkter an dee vun Chargé de direction. Mëttlerweil ass Servior allerdéngs vill méi grouss ginn, sou dass zwou Persounen eleng net méi duerginn, fir d'Direktiounsaarbecht ze geréieren. Effektiv gëtt Servior haut vu véier Direktoren geleet: vun engem Directeur général, engem Directeur opérationnel, engem Directeur des ressources humaines et services clients an engem Directeur infrastructure et finances. Dese Gesetzesprojet schafft also elo eng legal Basis fir dese Direkteschposten.

Wat d'Avis vum Staatsrot an deene verschidde Beruffskommere betrëfft, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An ech ginn heimat den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei an ech soen Tech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, villmools Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapportier Max Hahn.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Här Präsident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci dem Max Hahn fir säi Rapport iwwert dat, wat elo bei Servior soll geschéien. Ech wëll direkt virewechhuelen, bei all deenen Émwardlungen, wat d'Direktioun ubelaangt, dass mer domadder iwwerhaupt kee Problem hunn an dass dat och zäitgeméiss ass, fir déi Adaptatiounen ze maachen, nodeems d'Gesetz schonn iwwer 20 Joer do ass, a fir dann och elo déi noutwendeg Upassungen ze maachen, fir dass dat och e legale Kader huet.

Bei engem anere Punkt hu mer awer e bësse méi Problemer. An d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der Familljekommissioun wëssen dat, mir hunn dat och ëmmer erëm ënnerstrach, de Max Hahn ass och schonn drop agaangen. Dat ass de Problem mam Kollektivvertrag, deen d'application ass. Et ass eng mierklech Verbesserung vun dem éischte Projet, deen do war, op deen zweete Projet, deen elo virläit. De Punkt, deen awer fir eis nach ëmmer bleift, ass dee vum Risiko, wat mat deene Firms geschitt, déi iwwerholl ginn oder wou Servior eng Participatioun mécht.

Deen ee Volet, dee gëtt hei ofgedeckt domat, dass et heescht, et muss och ee si mat enger Konventioun, déi vum Familljeministère ausgeschwat gëtt. Dann heescht et awer gläichzäiteg, an dat ass am neien Artikel 3 Punkt 12), dass d'Approbatioun muss virleie fir all Participatioun vun de Societéiten. Do hätt een och kënnen derbäischreien, dass gläichzäiteg ëmmer muss dee beschte Kollektivvertrag gëllen, well reng theoretesch kann een och eng Participatioun huelen an enger Firma, déi och schonn e Kollektivvertrag huet. An et sinn och Firms, déi elo scho plazeweis a verschidde Alters- a Fleegeheimer oder och an anere Strukturen Aarbechten ausüben, déi net ëmmer onbedéngt ënnert den ASFT-Kollektivvertrag falen. An dann ass d'Diskussioun: Et sinn zwee Kollektivverträge do! An dat ass déi Angscht an déi Gefor, déi mer gesinn: dass et domadder méiglech ass, en Nivellement vers le bas ze maachen. An dat ass dee Problem, dee mer bei där ganzer Dispositioun hunn.

An den Här Hahn ka sech erënneren, de leschte Méindeg, wéi mer d'Ofstëmmung iwwert de Rapport gemaach hunn, hat ech schonn eng Kéier souligéiert, dass dat de Problem ass, dee mir gesinn, dass et méiglech ass, dass herno Leit fir manner gutt Konditiounen do schaffen an dass mer méi wéi eng oder

zwo Applikatioune vun engem Kollektivvertrag an deem Secteur hunn.

Mir hunn de Moment zwee Kollektivverträge, dat ass dee vun dem SAS respektiv dee vun der Entente des hôpitaux. Mee do wier et reng theoreetesch och nach méiglech, dass Servior bei enger Societéit, mat der Autorisatioun vun der Ministesch, och eng Participatioun hëlt an engem Betrib, dee schonn e Kollektivvertrag huet, an da sti mer virum dem Problem mat der Konventioun.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos, Här Spautz. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz. Madamm Asselborn-Bintz, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi mer scho virun héieren hu vun eisem Rapport, deem ech och op dëser Plaz direkt Merci soen, ass d'Zil vum Projet de loi, fir d'Gesetz vum 23. Dezember 1998 ofzeänneren an den Objet an d'Missioun vu Servior un d'Realitéit vun haut unzepassen. Et geet drëms, e gesetzleche Kader ze setze fir Partnerschaften, fir eng Partie Aktivitéiten oder och fir d'Zusammenaarbecht mat aneren Acteuren a Servior, zum Beispill eeben am administrativen, techneschen a logistesche Beräich oder och an der Restauratioun.

De Projet de loi ass, wéi den Här Spautz gesot huet, an ech mengen, de Rapport selwer och, ugangs ganz vill kritiséiert an och diskutéiert ginn. A wéi esou dacks, huet dës kritesche Bléck vu bause gehollef, de Projet de loi op eventuell Failen ofzeklappen an ze adaptéieren an dann och ze verbesseren.

Virun allem op Gewerkschaftssäit, an dat fënt een och an den Avisa vun der Chambres des Salariés an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics erëm, gouf den initialen Text vum Projet de loi ganz schaarf kritiséiert. Si hunn drop higewisen, dass do eventuell eng Dier kéint opgemaach gi fir en Outsourcing vun enger Rei vun Aktivitéiten, an dat hätt och als Konsequenz, dass d'Salariéen, déi dës Aktivitéiten assuréieren, géife riskéieren, net méi ënnert d'Kollektivverträge ze falen, an dass eeben esou sozial Rechter géifen ofgebaut ginn.

Och de Staatsrot huet dat ënnerstrach, dass et zwar aner Etablissement-publicke gëtt, déi Kollaboratiounen a Partenariater agoen a sougenannt „sociétés filiales“ grënne kënnen. Allerdéngs seet de Staatsrot jo awer och, dass et sech do ëm reng kommerziell Etablissements publics handelt. An de Staatsrot betount eeben, dass et sech hei bei Servior ëm e sensibele Beräich dréit, wou et ëm d'Gesondheet an de Bien-être vun den eelere Leit geet.

Eng Vue, déi mir als LSAP och zu 100 % deelen. Dofir si mer frou, dass mer als Chamberskommissioun eng Partie Ännerunge virgeholl hunn, och opgrond vun den Iwwerleeunge vum Staatsrot. Den Text gesäit dann elo vir, dass Servior nëmme ka mat Societéiten zesummeschaffen a sech och nëmme kann u Societéite bedeelegen, déi en Agreement hunn, entweeder opgrond vun dem ASFT-Gesetz oder dem Spidols-gesetz.

Als LSAP ass et eis wichtig, dass de Beräich vun der Gesondheet an der Fleeg sech an engem kloren gesetzlechen Kader beweegen kann, mat Salariéen, déi geschützt sinn, déi ënner adequate Konditiounen schaffen kënnen. Et geet drëms, fir d'Qualitéit ze sécheren an derfir ze suergen, dass d'Wuel vun de Mënschen an eischter Plaz steet.

Mir droen dës Projet de loi esou mat, wéi e geännert ginn ass, an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Bis herno.

M. Fernand Etgen, Président | Merci Madamm Asselborn-Bintz. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci dem Max Hahn fir dee gudden Rapport, deen och Diskussiounen ervirgeruff huet. Ech sinn absolutt frou, dass esou e Projet haut gestëmmt gëtt, dass Servior endlech d'Méiglechkeet huet vun Zesummenaarbecht, déi, aner Leit géife soen, vu gesondem Mënscheverstand ass. Mat engem Noper kënnen ze soen: „Mir kachen zesummen“, oder: „Mir entwéckelen eng Software zesummen“, oder: „Mir schaffen en bon voisin zesummen“, dass dat méiglech ass.

Aner sozial Aariichtungen am Land, déi net de Statut hu wéi Servior, déi kënnen dat scho laang maachen a maachen dat och: Wie kacht deem aneren net en Deel vu Repas sur roues mat? Oder dass d'Kiche vu Maison-relais eebe fir den Alterssecteur gebraucht ginn? Déi Méiglechkeet huet Servior elo och, mam CHEM zesummen, mat den Hospicë vun der Stad zesummen. Ech si frou, dass mer dat haut endlech op d'Bee kréien. An ech gi ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Projet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Margue. An de Mikro ass elo fräi fir den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei ginn effektiv eng Partie Saache geännert, an dat zu engem gudden Deel zum Gudden, och wann awer eng Partie Risike bleiwe bei där heiter Saach. An et ass eeben och u eis ze kucken, wéi dat sech an Zukunft wäert entwéckelen.

Et ass op jidde Fall net am Interêt vum ganze Secteur an och net vun de Leit, déi betreit ginn, vun deenen eelere Leit, wann duerno d'Konditiounen, déi déi Leit hunn, déi do schaffen, sollten erofgoen.

Ech wollt awer op zwo Saachen agoen, déi och hei genannt gi si vun der Staatsbeamtekummer am schrëftleche Rapport, awer elo hei net an der Chamber. An et schéngt mer awer wichtig, fir dat ze soen. Dat sinn zwo Saachen:

Déi éischt ass am Fong déi, dass bei de Chargés de direction eng Partie vu Konditiounen, déi normalerweis wichtig sinn a gefrot sinn, hei net gefrot ginn, dorënner zum Beispill d'Sprochekonditiounen.

Déi zweet Saach, déi d'CGFP och kritiséiert – dat si si, déi dat soen –, dat ass, dass et wichtig ass, drun ze erënneren, an dat maachen ech och ganz gären hei, dass et en Accord ginn ass vum 21. März 2002, deen deemools geschloss ginn ass zwëschen der Regierung an der CGFP, dee virgesäit, dass Leit, déi vun engem Etablissement public agestellt ginn, dann och ënnert de Regime vum Statut public falen. An dann ass dat am Fong eppes, wat ee soll respektéieren. Dat ass juristesche kloer. Dat ass prezis an dat misst am Fong esou ugewannt ginn – gëtt et awer net.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Keup. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Dem Rapport e grouse Merci fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Hoffentlech kommen duerch dës Projet de loi net eng Rei Verschlechterungen am Beräich vun dem Hebergement an dem Encadrement vun deenen eelere Mënschen, andeems d'Aarbechtsbedingungen an dem Secteur eventuell kéinte verschlechtert ginn.

Jiddereen, deen Elteren oder Grouselteren an engem Heem huet, an ech ginn dervunner aus, dass

vill Leit heibannen an där Situatioun sinn, misst wëssen, dass sech d'Situatioun ëmmer méi verschlechtert huet. D'Präisser fir den Hebergement klammen an ëmmer manner Leeschtunge sinn am Basispräis mat dran, esoudass sech hannert dem Basistariff fir en Hebergement nach e ganze Kazeschwanz vu Käschte verstoppt, entre autres fir esou elementar wichteg Servicer wéi d'Wäsche vu Gezei a Bettgedecks.

D'Konsequenz ass, dass eeler Leit mat enger klenger Pai, oft natierlech Fraen, déi eng Witwerent bezéien, sech dat alles net méi leeschte kënnen a gezwonge sinn, d'Kanner froen ze goe respektiv beim FNS den Accueil gérontologique ufroen ze goen, deen d'Kanner am Reegelfall dann och zréckbezuele mussen.

A wéinege Beräicher weist sech esou däitlech, dass d'sozial Ongerechtegkeete sech duerch dat ganz Liewe bis an den Doud zéien a vu Generatioun zu Generatioun weidervererwen.

Dat muss net esou sinn, dat ass e politesche Choix. Altersheimer missten net käschtedeckend fonctionéieren oder souguer zu engem kommerziellen Zweck genotzt ginn, esou wéi dat verstärkt de Fall ass. D'Gesetz, wat hei virläit, an och de Projet de loi 7524 ginn awer verstärkt an dës Richtung. Mat deem Gesetz soll Servior nämlech d'Méiglechkeet kréien, fir Aktivitéite kënnen auszesourcen. Awer et däerfe keng Filialen opgebaut ginn, wat jo eng Verbesserung an e Garde-fou ass.

Am Gesetz gëtt hei vu komplementären Aktivitéite geschwat, grad wéi wann Hygiène, Iessen oder Transport an engem Altersheim net awer elementar wieren, esou wéi se fir all Mënsch elementar sinn! Eleng dat ass schonn eng onméiglech Konzeptioun.

Ënnert dem Stréch bedeit dës Gesetzesännerung awer, dass Servior dës elementar Servicer auslagere kann u potenziell kommerziell Entreprises, an deene Servior da Participatiounen hëlt, fir Käschte kënnen ze spueren, wéi den honorabelen Här Hahn hei gesot huet. Dat kéint dann awer och fréier oder spéider bedeiten, dass en Deel vun de Salariéen, déi all Dag fir d'Betreiung vun de Bewunner/innen an engem Haus schaffen, net méi nom am Secteur gültege Kollektivvertrag behandelt géif ginn. Dat war jo och d'Suerg vun der CSL. Dat géif nämlech da manner gutt Aarbechtsbedingungen. Do sinn duerch Amendementer Verbesserungen komm.

Ech erënneren och drun, dass déi betraffe Salariéen d'Helden aus der Pandemie sinn. Deemools hu mir alleguer an och d'Regierungsmemberen hinne vill geklappt an hinnen e grouse Merci gesot.

Donieft gesäit d'Gesetz vir, dass Servior sech vun de Revenue finanziert, déi d'Entreprises, an deene Servior eng Participatioun huet, generéieren. Domadder kënt awer eng kommerziell Komponent bei Servior mat eran, déi an eisen Ae konträr ass zu engem öffentliche Service fir d'Betreiung vun eelere Mënschen, zumindest esou, wéi mir eis se virstellen.

Als d'Reform vum Accueil gérontologique, déi ass als solch schonn iwwerfällg, mee gëtt awer entre autres och domadder begrënnt, dass ëmmer méi Leeschtungen net zum Basistariff gehéieren, déi da separat musse verrechent ginn a leider vun externe Prestataire dann och gelescht ginn. Fir dass esou Aktivitéiten dann och weider bezuelt gi vun de Leit am Heem an och lukrativ sinn, muss hannendrun natierlech och derfir gesuergt ginn, dass den FNS dat och bezilt, mee natierlech no dem sozial ongerechte Schema, wéi ech en am Ufank kuerz skizzéiert hunn.

déi Lénk warne virun der Liberaliséierung vum Care-Secteur. An Zukunft wäert dese Gesellschaftsberäich ëmmer méi wichteg ginn. Mir brauchen eng héichwäerteg a fir jiddwereen accessibel Prise en charge vun den alen a kranke Mënschen, mat gudden Aarbechtsbedingungen. Déi sinn ëmsou méi wichteg fir jonk Leit, déi sech fir dese Beruff begeeschtere sollen, a fir d'Penurie beim Personal an deem Beräich endlech bekämpfen ze kënnen. Well am Moment stinn a verschiddenen Heemer Zëmmeren eidel, well se leider net genuch Personal méi hunn, fir kënnen weider Leit opzehuelen.

(Brouhaha)

Dat gehéiert elo net zu deem heite Gesetzesprojet, mee ass awer wierklech, Madamm Ministesch, eng Saach, déi mer missten ugoen, aktiv ugoen, ...

M. Fernand Etgen, Président | Hei, wannechgelift, e bësse méi roueg. Dat gëllt elo fir déi lénks Säit hei.

(Brouhaha)

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | ... fir vläicht de Beruff erëm méi an de Fokus ze réckelen, datt e méi attraktiv ass, datt mer endlech erëm méi Leit kréien, déi an dee Beräich ginn. Ech weess, Dir kënnt keng Wonner bewierken, mee et ass awer derwäert.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Max Hahn fir dee gudden schréftlechen a mëndleche Rapport. Also, ech hätt elo nach villes kënnen verzielen iwwert d'Seniorien. Mee haut geet et ëm den Text, dass mer dem Servior nei Méiglechkeete ginn, fir dass se kënnen hir Aarbecht esou gestalten, wéi eeben d'Erausforderunge vun haut sinn. An do wäerte mir och den Accord ginn.

Ech sinn awer gäre bereet, eng Kéier méi laang wéi fënnf Minutten iwwert d'Seniorien ze schwätzen, well dat ass och net wierklech de Respekt, deen déi Leit awer bräichten an hirem Alldag, a fir eng Kéier déi Diskussioun seriö politesch ze féieren.

Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert. Nee, den Här Hahn freet nach eng Kéier d'Wuert.

M. Max Hahn (DP), rapporteur | Jo, vläicht virun der Ministesch, wa si erlaabt. Ech hat virdu probéiert, et ze soen, well et war eng Diskussioun an der Chamberskommissioun de Méindeg: Mir mussen awer wëssen, vu wat mer hei schwätzen! Dat ass mer nämlech ganz, ganz wichteg. Hei gouf et um Ufank, wéi dee Projet deposéiert gouf, eng Angscht, dass et zu engem Outsourcing kéint kommen. Dunn ass den Text amendéiert ginn. Dat war och ganz gutt esou. Ech mengen, mir hate ganz flott Diskussiounen an der Chamberskommissioun.

De Méindeg gouf an der Chamberskommissioun dunn nach eng Kéier, wéi mer de Rapport gestëmmt hunn, awer d'Fro opgeworf: „A, ass dann net awer vläicht nach e Risiko?“ Ech wëll Iech just soen, dass mer do eppes erkläert kruten, wat ech och probéiert hunn, a mengem Rapport hei virzedroen, dat ass, dass dräi Garde-fouen hei agebaut sinn. An ech géif se vläicht awer nach eng Kéier rappeléieren, well dat ganz wichteg ass:

Éischtens, Servior kann net eleng handeln. Servior ka just zesumme mat engem anere Partner aus dem

Secteur hospitalier oder dem ASFT-Beräich Participatiounen an enger Societéit huelen. Ganz wichteg! Zweete Punkt ass, dass d'Participatioun ëmmer en direkte Lien mam Objet vu Servior muss hunn. An deen drëtten, dat ass deen – an d'Ministesch hätt et vläicht gär selwer gesot, mee ech si Rapporteur vum Gesetz, duerfir probéieren ech awer och nach eng Kéier, dat am Virfeld ze soen –: Sämtlech Participatiounen, déi da vum Verwaltungsrot vu Servior decidéiert ginn, déi mussen am Virfeld vun der Familljeministesch approvéiert ginn. An ech brauch Iech do kee Bild ze molen, wat géif passéieren, wann dee Fall wier: Dann hätt Der dräi Piquete virum Familljeministère, sou dass dat doten auszeschleissen ass.

Ech mengen, dat war eppes, wat eis ganz wichteg war, soudass ech op alle Fall nach eng Kéier wëll soen, dass een dat heite rengen Gewëssens ka stëmmen. An ech mengen, mir hätten hei e ganz gutt Gesetz, wat eigentlech net vill aneres mécht, wéi de gesetzleche Kader fir eppes ze schafen, wat am Moment scho gemaach gëtt.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur fir déi Präzisiounen.

An elo ass et awer un der Regierung, un der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci. Ech mengen, de Rapporteur huet en exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport gemaach. An en huet och elo nach eng Kéier erkläert, dass et wierklech net an eiser Iddi oder am Interêt vun iergendengem war, fir iergendeppes ze privatiséieren. A wéi du gesot ginn ass an der Chamberskommissioun: „Mir mussen do nach Garde-fouen abauen a mir mussen dat nach wierklech e bëssen detailléieren“, dunn hu mer dat gemaach. An ech géif och gären all de Memberen aus der Familljekommissioun villmools Merci soen, well mer wierklech ganz konstruktiv do geschafft hunn um Text, fir och ze kucken, fir effektiv déi Garde-fouen anzubauen.

Et ass iwwerhaupt net am Objet vu Servior, dass se iergendeppes privatiséiere wëllen! An et ass och net an hirem Interêt an och net an hirem Wëllen, fir de Kollektivvertrag net méi ze applizéieren. Ganz au contraire. Ech mengen, Dir hutt et gesot: Et ass scho schwéier, Personal ze fannen am Moment.

Ech kann allerdéngs net stoe loossen, dass d'Leeschtinge sech verschlechtert hunn. Dat stëmmt definitiv net! Ech hunn och selwer Familljememberen an Alters- a Fleegeheemer. Dat heescht, dat kann ech esou net hei stoe loossen. Do gëtt eng exzellente Aarbecht gemaach. An ech mengen, mir kënnen ganz frou si fir déi Aarbecht, déi do geleescht gëtt.

(Brouhaha)

Nach eng Kéier: Wéi gesot, et war iwwerhaupt net den Objet, fir iergendeppes ze privatiséieren. Den Objet ass, fir einfach dat, wat et scho gëtt, an engem Gesetz och ze verankeren – Här Di Bartolomeo – an ...

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Et ass e bësse komplizéiert, wann hei direkt nienendru geschwat gëtt.

(Interruptions et hilarité)

Une voix | Den Educatiounsminister gëtt ...

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Ech fueren da just eng Kéier kuerz weider.

D'Zil ass et, esou wéi de Rapporteur et och richtig gesot huet, dass ee Synergjé ka maachen do, wou se Sënn maachen. An ech géif nach eng Kéier gären op dat Beispill agoen, well dat awer eppes ass, wat immens wichteg ass: Wann Der Servior hutt, déi vis-à-vis vum CHEM zu Esch sinn, an am CHEM, do gëtt gekacht an der Geriatrie, an do kann net jiddwereen déi nämmelech Konsistenz iesse, a Servior huet den Knowhow a weess, wéi et ass, fir verschidde Konsistenzen ze kachen – jo, firwat sollt een et dann zweemol maachen oder firwat sollt d'Leit net esou z'iesse kréien, wéi se dat am Fong geholl brauchen, wa vis-à-vis en Noper ass, deen et dann direkt ka maachen?

Dorëms geet et. An et goung natierlech och e bëssen ëm den Toilettage de texte, well, wéi den Här Spautz gesot huet, dat Gesetz elo 20 Joer al ass an do verschidde Saachen och hu mussen der Realitéit elo ugepasst ginn. Dofir soen ech Iech elo scho villmools Merci och fir Är Zoustëmmung.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Familljeministesch. Parole après ministre fir den Här Georges Mischo.

M. Georges Mischo (CSV) | Jo, et ass just eng kleng Präzisioun: Den Här Halsdorf, den Här Biancalana an ech selwer, mir sinn am CA vum CHEM an dofir wäerte mer net um Vott deelhuele.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Mischo. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7753. Den Text steet am Document parlementaire 7753¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7753 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7753 ass mat 32 Jo-Stëmme géint 22 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mmes Simone Asselborn-Bintz, Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Mmes Elisabeth Margue, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz et Claude Wiseler ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7975 – Projet de loi relative aux exigences en matière d'accessibilité applicables aux produits et services

Den drëtten Punkt vum Ordre du jour vun dëser Sitzung ass de Projet de loi 7975, d'Ëmsetzung vum enger Direktiv iwwer Fuerderungen a puncto Accessibilitéit fir d'Produkten a d'Servicer. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. An och hei ass de Rapporteur den honorabelen Här Max Hahn.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Max Hahn (DP), rapporteur | Villmools merci, Här President. An Europa liewen de Moment méi wéi 80 Milliounen Mënsche mat enger Behënnerung, also ee Sechstel vun der gesamter Populatioun. Vu dass d'Liewenserwaardung vun der Bevëlkerung ëmmer méi klëmmt, ass et gutt méiglech, dass den Undeel vun Leit mat enger Behënnerung an Zukunft nach weider an d'Luucht geet, an domat och d'Demande fir accessible Produiten a Servicer.

An de leschte Jore gouf op internationalem Niveau scho vill ënnerholl, fir d'Chancégerechtkeet an Autonomie vu behënnerter Leit ze stäerken. D'Aféierung vun engem Recht op Accessibilitéit am Kader vun der UNO-Konventioun iwwert d'Rechter vun Mënsche mat enger Behënnerung huet dobäi de Grondstee fir eng méi inklusiv Gesellschaft geluecht. Mëttlerweil hu sämtlech EU-Länner des Konventioun adoptéiert a garantéieren soumat de fräien Zougang op ëffentlech Servicer an Ekipementer fir Persounen mat enger Behënnerung.

Och zu Lëtzebuerg hu mir eis dozou verpflichtet, bestoend Barriären a Limiten fir behënnerter Leit aus dem Wee ze schafen. D'Regierung huet an dëser Legislatur eng Rëtsch Mesuren ëmgesat, fir Persounen mat Handicap an hirem Alldag ze ënnerstëtzen. An des Efforte wäerten och an Zukunft weidergefouert ginn. Schliesslech soll all Mënsch aktiv un eiser Gesellschaft kënnen deelhuelen a säi Liewe fräi an onofhängeg no sengen eegene Wënschen kënnen gestalten.

2019 hu mir d'Assistance à l'inclusion dans l'emploi geschaaft, ee Programm, mat deem mir d'Integratioun um Aarbechtsmarché a virun allem och de Maintien dans l'emploi vu Persounen mat enger Behënnerung stäerken. Engersäits hëllef mir behënnerter Leit doduerch, eng Aarbechtsplaz ze fannen oder hir Aarbechtsplaz ze behalen. Anerersäits incitéiere mir och d'Patrone mat deem Programm, fir méi Leit mat Handicap anzustellen.

De 7. Januar 2022 hu mir e Gesetz gestëmmt, mat deem mir eenheetlech Krittere fir e behënnerterge-rechten Accès zu Gebaier fixéiert hunn: méi breet Dieren a Lifter, Rollstullrampen, speziell Toiletten. Dat alles si Beispiller, mat deene mir Leit mat enger Behënnerung e méi fräi an onofhängegt Liewen erméigleche wëllen.

Mat deem Gesetzestext mussen an Zukunft all d'Geschäfte, d'Dokteschcabineten an d'ëffentlech Gebaier fir behënnerter Leit fräi zougänglech sinn. Och d'Parties communes vun Appartementer mussen fir jiddereneen accessible sinn. Sämtlech Konstruktiounen, déi ab dem 1. Juli vun deem Joer nei gebaut ginn, mussen déi nei Krittere erfëllen. Bei bestoende Gebaier dogéint hunn d'Leit zéng Joer laang Zäit, fir déi néideg Amenagementer ze maachen, falls dat och materiellement méiglech ass.

Hei dernieft wëll ech och nach eemol drun erënneren, dass d' Stad Lëtzebuerg den Access City Award gewonnen huet, e Präis, mat deem d'EU-Kommissioun eis Stad fir hir grouss Efforten am Beräich vun der Accessibilitéit gelueft huet. An och d'EU-Kommissärin

Helena Dalli huet bei hirem Visitt d'lescht Joer constatéiert, dass mir zu Lëtzebuerg eng ganz behënnerterfrëndlech Atmosphär geschaaft hunn.

Trotz deene villen Efforten, déi schonn op nationalem an internationalem Niveau ëmgesat goufen, gëtt et awer leider nach ëmmer eng ganz Partie Barriären, un deene sech behënnerter Leit am Alldag stoussen. Och wann d'Stied an den Transport lues a lues méi accessible ginn, sou besteet bei der Offer vun accessible Produiten a Servicer nach Loft no uewen.

Am Gespräich mat de Betriber stellt sech da schnell eraus, dass d'Penurie vun dëser Offer net op technesch oder wirtschaftlech Facteuren zrëckzuféieren ass, mee vill méi op legal Divergenzen tëscht den EU-Memberlänner. Den Ament gëtt et nämlech grouss Ënnerscheeder, wat d'Ufuerderungen an d'Accessibilitéit vu Produiten a Servicer an der EU betrëfft. Dëst huet als Konsequenz, dass déi meescht Betriber sech reng op hiren Heemechtsmarché konzentréieren, anstatt hir Wueren a Servicer och am Ausland unzebidden. Schliesslech misste si soss hir Offer fir all Land un déi jeweilige Reegelen vun deem Land adaptéieren, wat mat héijem Zousatzkäschte verbonnen wier.

Fir deem Problem entgéintzewierken, huet d'EU-Parlament 2019 eng Direktiv mat eenheetleche Krittere fir accessible Produiten a Servicer ausgeschafft. D'Direktiv 2019/882 schaaft en harmoniséierte Gesetzeskader, deen den Entrepreneuren eng besser Planungs- a Rechtssécherheet erméiglecht an doduerch d'Venten vun accessible Produiten a Servicer innerhalb vun der EU vereinfacht. Den europäeschen Text erlaabt de Memberlänner also, méi gezielt op d'Besoinen vu Leit mat enger Behënnerung anzegoen.

An engem éischte Punkt definéiert d'Direktiv allgemeng d'Krittere fir den Design an d'Fonctionnalitéit vun accessible Produiten. D'Hiersteller ginn ausserdeem obligéiert, wichteg Informatiounen iwwer hir Produiten op eng behënnerterfrëndlech Manéier ze affichéieren respektiv den Accès dorobber ze garantéieren.

An engem zweete Punkt wëllt d'Direktiv Persounen mat enger Behënnerung den Accès op aldeeglechen an essenziell Déngschtleeschungen vereinfachen. Deemno sollen d'Bankautomaten an Zukunft Instruktiounen per Audiomessage ubidden, fir dass och blann Persounen ouni Problem kënnen Suen ophiewen.

De virleiende Gesetzestext huet als Zil, des Direktiv an nationaalt Recht ëmzesetzen. Op där enger Säit profitéieren eis Betriber vun engem harmoniséierte Gesetzeskader beim Export an Import vu Produiten a Servicer, déi den europäeschen Accessibilitéitsregelungen ënnerstinn. An op där anerer Säit stärke mir d'Recht op Accessibilitéit fir behënnerter Persounen.

Ech wëll allerdingens betounen, dass net just Leit mat enger geeschteger oder kierperlecher Behënnerung vun deem Projet de loi profitéieren, mee och Mënschen, déi aner funktionell Aschränkungen hunn, wéi beispillsweis eeler Leit.

Nieft der Transpositioun vun der Direktiv gesäit dese Gesetzesprojet nach e weidere wichtege Punkt vir, nämlech d'Kreatioun vum Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services. Des Administratioun soll an Zukunft als zentral Ulaflaz fir sämtlech Froen iwwert d'Recht op Accessibilitéit funktionéieren.

Wat déi eenzelen Avisen ugeet, sou verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. An ech géif Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci soe fir d'Nolauschteren a ginn och heimat schonn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Max Hahn villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Georges Mischo.

Discussion générale

M. Georges Mischo (CSV) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Stand 2022 liewen, wéi den Här Hahn gesot huet, 87 Milliounen Mënsche mat enger Form vu Behënnerung an der Europäescher Unioun, also eng Persoun op véier. Och d'demografesch Alterung bedeit, dass den Undeel vun de Leit, déi mat enger Behënnerung konfrontéiert sinn, an d'Luucht geet. D'Tranche vun den iwwer 65-Järege an der EU wäert schätzungsweis tëscht 2019 an 2050 vun 90,5 op 129,8 Milliounen eropgoen.

Esou Entwécklungen wäerten déif Implikatiounen hunn, net nëmme fir Einzelpersounen, mee och fir Regierungen, fir Entrepreneuren an d'Zivillgesellschaft. D'Responsabilitéit läit hei bei de Regierungen.

Et ass méi wéi evident an noutwendeg, en Ëmfeld ze schafen, wou d'Produiten an d'Servicer méi accessible sinn, mam Zil, sozial Spaltungen an eiser Gesellschaft ze eliminéieren an illegitim Grenzen duerchlasseg ze maachen. Inklusivitéit ass d'Leetwert. Et gëtt keen „normal“: All Mënsch ass ënnerschiddlech an all Mënsch huet d'Recht, en Deel dovun ze sinn an och matzestëmme, wéi eis Gesellschaft soll gestalt sinn!

Jo, mir brauchen eng méi inklusiv Gesellschaft, déi d'Autonomie vun all de Mënsche garantéiert an erliichtert, och an zemoos vun deenen, déi kierperlech, mental, intellektuell a sensorieel Aschränkungen hunn. Als EU-Bierger profitéieren och des Mënsche vun Droit à l'accessibilité, fir an deem Sënn onofhängeg ze liewen an onageschränkt an allen Aspekter vum Liewen deelehuelen.

Leider gi Persounen mat enger Behënnerung nach ze dacks mat Accessibilitéitsproblemer bei hiren aldeeglechen Aktivitéiten konfrontéiert. Wat vill vun eis fir selbstverständlech huelen, ass fir vill Leit mat enger Behënnerung alles anescht wéi eng Selbstverständlechkeet. D'Ophiewe vun Suen, d'Bedéngungen vun Ticketautomaten an Checkinmaschinen, d'Lieser vun digitale Bicher, d'Shoppen am Internet, d'Consultéiere vu Bürosfichieren, d'Lieser vun elektronesch Reesticketen, d'Wouerhuele vun Informatiounen, déi per audiovisuell Medien ausgestraalt ginn, d'Lieser vu Produktinformatiounen si Banalitéiten a Routine, iwwert déi vill Leit emol net mussen nodenken. D'Lescht kéint nach vill méi laang sinn.

Fir Mënsche mat engem Handicap si se eng aldeegleche Erausforderung. De Schwéierpunkt läit hei op Barriären, déi déi Betreffen drun hënneren, Handlungen an Aktiounen am Alldag auszeféieren. Jo, des Leit sinn an hirem Deelhuelen um gesellschaftleche Liewen ageschränkt, wa si Déngschtleeschungen, Objeten a Géigestänn net bedéngen, erkennen oder notze kënnen. Den Alldag ass nach ëmmer voller Hindernisser.

Obwuel d'Theema Accessibilitéit vun Designer, Entwéckler a Betriber an deene leschte Joren ëmmer méi Opmerksamkeet kritt huet, si vill Produiten an Déngschtleeschungen nach ëmmer net barriärfrei. Wat natierlech mat sech bréngt, dass et fir Mënsche mat Behënnerung schwéier ass oder heiansdo souguer onméiglech ass, des Produiten a Servicer ze notzen.

Bis dato huet eng legal Basis gefeelt, déi eng Harmoniséierung an der EU mat sech bréngt, déi gemeinsamen Exigenzen imposéiert, wat d'Accessibilitéit ugeet,

fir den Design vun engem Produit oder Service, mee och de User Interface an och d'Fonctionnalité. Fir e puer Beispiller ze nennen: Sou soll op enger Internetsäit e Service d'assistance disponibel sinn, och sollen an automatesche Bankguichete Kopfhörer fir Mënschen zur Verfügung stoen, déi Siichtproblemer hunn, fir dass se mat Audioinstruktiounen weidergeholfen kënnen.

Bis elo ënnerscheede sech d'Accessibilitätsufoerderungen, déi d'EU-Memberstaaten op nationalem Niveau fixéiert hunn, souwuel wat hiren Ëmfang wéi och hire Grad vun der Präzisioun ugeet. Dës Divergenz decouragéiert besonnesch enzel Fachleit, PMEen a Mikroentreprisen, fir sech ausserhalb vun hiren nationale Mäert an der EU ze engagéieren. Dës Divergenzen hunn an deem Sënn en negativen Impact op d'Kompetitivitéit an de Wuesstum.

Engersäits wäerten d'Betribler et méi einfach fannen, mat anere Länner an der EU ze handelen a sécherzestellen, dass si hir Produiten a Services esou an der EU verkafe kënnen. Op där anerer Säit profitéieren d'Clientë vun enger méi breeder a sozial inklusiver Offer zu méi kompetitive Präisser. Kuerz gesot: An deem Sënn profitéieren eis Entreprisen an eis Consommateuren.

Et ass d'Responsabilitéit vun eis all, fir déi géeegeent Moosnamen ze huelen an esou ze assuréieren, dass d'Mënsche mat enger Behënnerung gläichberechtigt sinn, andeems den Accès zu all Produit a Service, déi fir d'Effentlechkeet zugänglech sinn, och fir si garantéiert ass.

Et ass eng gutt Initiativ vun der Europäescher Kommissioun, mat dëser Direktiv d'Memberstaaten ze encouragéieren, méi Engagementer an dësem Beräich ze huelen an an deem Sënn dat anzehalen, woufir si sech engagéiert hu mat der Convention relative aux droits des personnes handicapées.

Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Leit mat enger Behënnerung sinn an hirer Selbstbestimmung duerch d'Ëmweltdéngunge limitéiert. Hir Sozialisierung gëtt dovu bestëmmt, awéifern hiert Ëmfeld inklusiv gestalt ass.

Här President, an deem Sënn stëmme mir als CSV dëse Projet natierlech mat an ech soen dem Rapporteur nach eng Kéier e grouse Merci fir säi gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mischo. An d'Wuert geet wider un déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP) | Ech hat jo gesot: „Bis herno“ – hei sinn ech!

(Hilarité)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann Der an der leschter Zäit emol an engem modernen, neie Gebai waart an do wollt zum Beispill bei en Dokter oder bei e Kiné goen, dann hutt Der do an der Entrée vläicht e Mënsch gesinn, esou ee wéi mech, deen do stoung an net wusst, wou e sollt schellen, fir an dat Gebai eran. Amplaz vu Schellen – also sou Knäppercher, wou een drop dréckt an da mécht een d'Dier op – war do esou ee klengen Ecran an ech hu versicht erauszefannen, wéi ech do da géif d'Dier opgemaach kréien. A gottseidank ass e Mënsch du komm, dee mer erkläert huet, wéi dat geet. Ech stoung u sech e bëssen topeg do an ech war frou, dass dee mer da gewisen huet, dass een do muss scrollen an da kann den Numm dohinnerkommen an da kann een do drécken an da mécht een d'Dier op. Et ass ee ganz neit, modernt Gebai.

Här President, dëst eng kleng Episod, wou ech – dat jo awer u sech mat Brëll relativ gutt gesäit an och

eenegermoosse gutt héiert, zwar e bësse manner wéi virun 20 Joer, an och un de Gebrauch vun Handy, Computer a Co gewinnt ass, also op d'mannst grondleeënd Notiounen am Ëmgang mat sou Technologien huet – mech gefillt hu wéi u sech den Ochs virum Bierg! An ech wëll net wëssen, wéi Leit, déi net gutt oder guer näischt gesinn oder och nach aner Beantwärdungen hunn, esou an aner Hürde vum deegleche Liewe bewältegen.

Wéi vill där Hürden et generell fir Leit gëtt, déi spezifesch Besoinen hunn, däärs ass ee sech net bewusst, soulaang een net selwer am Fall ass a soulaang een net eng Person a sengem noen Ëmfeld huet, déi do-vunner betraff ass.

Suen op engem Bancomat ophiewen, um Busarrët wëssen, wéi ee Bus een elo muss huelen a wou ee muss eraklappen, iergendwou op eng Toilette goen oder awer Informatiounen nosichen, fannen a verstoen, Saachen, déi engem soss selbstverständlech sinn, kënnen fir anerer zu engem richtege „parcours du combattant“ ginn.

A well mir hei zu Lëtzebuerg d'Konventioun iwwert d'Rechter vu Mënsche mat engem Handicap ënnerschriwwen a ratifizéiert hunn, muss mer och derfir suergen, dass d'Mënsche mat spezifesch Besoinen oder engem Handicap voll a ganz hir Mënscherechter kënnen ausüben an och um politeschen, ekonomeschen, sozialen a kulturelle Liewe kënnen deelhuefen.

D'Direktiv, déi mer hei mat engem liichtem Retard ëmsetzen, soll also hëllefen, d'Accessibilitéit zu de Produiten an de Services ze verbesseren. Dëse Projet de loi ass an deem Sënn och complémentaire – an de Rapporteur huet dat gesot – zum Gesetz iwwert d'Accessibilitéit vun de Lieux ouverts au public, dat mer jo virun engem Joer gestëmmt hunn.

Fir d'LSAP ass dëst Gesetz – zesumme mat eeben deem Gesetz vum 7. Januar 2022 – e wichtegen, indispensable Baustee fir eng besser Inklusioun vu Mënsche mat spezifesch Besoinen an et ass dofir och evident, dass mir dëse Projet natierlech matstëmmen an och fir eng séier a komplett Ëmsetzung suergen an déi ënnerstëtze wäerten.

Ech wëll dann nach eng Kéier dem Rapporteur Max Hahn Merci soe fir säi gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här President. E grouse Merci un de Rapporteur fir säi ganz gudden an och gutt erkläerte Rapport, deen et mer erlaabt, dass ech net méi vill muss soen. Och merci menge Virriednerinnen a Virriedner.

Mir setzen eng Direktiv ëm, déi sech ëm d'Produiten an ëm d'Services dréit. Déi ass complémentaire zum Accessibilitéitsgesetz, et gouf schon e puermol gesot. An et ass wierklech an deem Esprit, dass mer hei ganz kohärent sinn. A wa mer vu Kohärenz schwätzen, ass et wichteg, dass ee wierklech hei déi europäesch Dimensioun vun där Problematik unerkennt. An Zäiten, wou mer keng Grenzen hunn, d'Mobilitéit grouss ass an och eebe Produiten enorm schnell tëscht de Länner wiesselen, ass et wichteg, dass mer hei kohärent sinn an eisem Fonctionnement. An dat erfëllt dës Ëmsetzung vun der Direktiv, dat begrësse mer. An ech mengen, dass dat wierklech dat ass, wat déi betraffe Mënschen an dësen Zäite brauchen.

Mir grënnen heimadder och den Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services, e Guichet unique, dee sech un d'Opérateur-économique wennet an un d'Consommateuren an dee sech notamment och ëm d'Statistike këmmert. An ech mengen, dass dat och ganz wichteg ass, dass een hei ëmmer kohärent Zuelen huet, fir dass mer wëssen, vu wat mer schwätzen.

An deem Sënn eng absolutt begrëssenswäert Direktiv, déi mir als Gréng ganz, ganz gäre matdroen! An ech ginn heimadder dann den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Kollegeen, ech wëll och ufänken an dem Rapporteur Merci soen, dem Max Hahn, fir de Rapport.

Et ass am Fong egal, wéi vill Leit elo mat enger Behënnerung gehäit sinn, ob dat elo 50 Milliounen an Europa sinn oder 100 Milliounen an Europa sinn, de Punkt ass deen, dass mer mussen kucken, dass se sou gutt wéi méiglech kënnen um Liewen deelhuefen, sou wéi mir et da maachen, déi vläicht dann d'Chance hunn, dat net ze hunn. An dat gëtt hei mat dësem Gesetz verbessert an dat ass eng gutt Saach! Et soll een och bedenken, dass warscheinlech e groussen Deel vun eis alleguerten och eng Kéier an déi Situatioun kommen, wou se ageschränkt sinn a vläicht net méi goe kënnen oder soss Problemer wäerten hunn.

Ech wëll dann och op eppes nach hiweisen, wourop elo net higewise ginn ass, an dat ass am Fong, wou mer hei am Land och mussen eng gewësse Sensibilitéit derfir hunn: Et ass jo net esou, dass jiddwereen, wou mer hei driwwer schwätzen, an engem Rollstull setzt an doduerch ageschränkt ass, mee et si jo och aner Aschränkungen, Leit déi net gutt gesinn, Leit déi Sproocheproblemer hunn. A mir mussen hei am Land ganz besonnesch sensibel sinn eeben och op deem Punkt Sproochen a mir mussen drun denken, dass mer Informatiounen, déi mer hei am Land erausginn, zemools vun offizieller Säit, an enger Virbildfunktions och ëmmer sollen an deenen dräi administrative Sproochen erausgi ginn, och um Internet ugewise ginn, beim Staat, bei de Gemengen, a wa méiglech – an dat ass jo och en Zil – a Leichter Sprache, fir dass jiddwereen sou gutt wéi méiglech d'Saache ka verstoen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, merci. Als Alleréischt emol dem Rapporteur e grouse Merci fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, mir wäerten als Fraktioun dat Gesetz, dee Gesetzesprojet do och matstëmmen. Et ass alles vu menge Virriedner a -riednerinnen gesot. Duerfir, voilà, ganz kuerz, den Accord vun eiser Säit.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Här President, fir d'éischt soen ech dem Max Hahn Merci fir säi gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et gëtt vill verschidden Zorte vun enger Beantwärdung, engem Handicap. En Handicap ka mental oder

kierperlech sinn. E kann no baussen hi siichtbar sinn oder och net. Wann een da liest, dass méi wéi 80 Millioune Leit, also ongeféier een op sechs, hei an der Europäescher Unioun ënner iergendenger Form vun engem Handicap leiden, dann ass et e groussen Undeel vun der europäescher Populatioun. Mee egal, ëm wéi eng Aart vun Handicap et geet, déi betraffe Persounen hunn et dacks schwéier am Liewen.

Firwat? Ma well eis Gesellschaft d'Leit mat engem Handicap dacks ongewollt vergiess huet. Dat ass natierlech net béis gemengt, mee deem muss een trotzdem Rechnung droen, a vu politescher Säit ass et eeben eisen Deel, deen derzou muss bäigedroe ginn.

Persounen mat engem Handicap si genauou gutt en Deel vun der Gesellschaft wéi Leit ouni Handicap a mir mussen dowéinst och derfir suergen, dass si och trotz hirer Aschränkung un eiser Gesellschaft an um aldeegleche Liewe kënnen onageschränkt deelhuelen, ouni dauernd op iergendwelch Hürden ze treffen.

Mat deem heite Projet de loi setze mir eng EU-Direktiv ëm, déi fir méi eng grouss Accessibilitéit vu Produiten a Servicier fir Leit mat engem Handicap soll suergen. An dat ass och noutwenneg, well och Persounen mat engem Handicap hunn e Recht op en onofhängegt a selbstbestëmmt Liewen!

Ginn duerch d'Ëmsetze vun dëser Direktiv alleguerten d'Problemer direkt geléist? D'Äntwert ass Nee. Ech hat nach am November an engem Question parlementaire, der Nummer 7246, drop opmierksam gemaach, dass et zum Beispill hei am Land, wann een am Rollstuhl sëtzt, quasi onméiglech ass, mat engem Elektroauto ze fueren. An do huet den Här Turmes mer drop geäntwert: „Aktuell ginn et keng spezifesch Virgaben, fir Luedstatiounen fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel ze gestalten“, souwuel fir d'Parkplaze selwer wéi och den Display oder d'Utilisatioun vu sou Bornen. Et ass ee Beispill, wou vläicht nach keen dru geduecht hat virdrun, fir déi och accessibel ze maachen. Mee zum Beispill Leit mat engem Handicap kënnen den Elektroauto net benotzen, well vu staatlécher Säit net virginn ass, dass déi Borne mussen deementspriedend ausgerüst sinn an déi Plaz hunn an déi Displayen.

Dat ass ee kleng Punkt, wou sécherlech kee béise Wëlle war, mee wou een awer am Alldag drop stéisst a wou een op esou Punkte muss nobesseren. Ech hoffen och, d'Regierung hëlt eng aner Positioun a wéi nëmme, dass et aktuell keng Virgabe géif ginn. Mee ech hoffen, dass d'Elektromobilitéit sech herno un jidderee ka riichten.

Mir maachen trotzdem a ville Beräicher e ganz grouss Schrëtt no vir, e Schrëtt fir eng gläichberechtigt Gesellschaft. Dat Eenzegt, wat mir Piraten bedauern, ass, dass dëst Gesetz eréischt a méi wéi zwee Joer, also 2025, wäert a Kraaft trieden an dass et dann eng Période transitoire bis 2030 gëtt.

Mee ech soen Iech awer scho mol Merci, mir wäerten dësen Accord och haut matstëmmen. A mir freeën eis op d'Gesetz, an dass dann och déi kleng Feeler, déi nach an der Gesellschaft bestinn, zum Beispill zur Mobilitéit, och behuewe ginn. Merci.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

An elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Villmools merci, Här President. Merci och dem Rapportier fir säin exzellente schrëftlechen a

mëndleche Rapport. Merci och all de Riedner haut hei an der Chamber. Ech spieren, dass mer ons, mengen ech, eens sinn, duerfir brauch ech net ganz laang ze sinn.

D'Madamm Simone Asselborn-Bintz huet e Beispill gi vun Accessibilitéit, mee et gëtt anerer: Wann Der iergendeen elektrescht Gerät kaaft an Dir hutt eng Gebrauchsanweisung, déi Der net verstitt, Installatiounsweisungen, déi Der net verstitt, dann ass dat scho ganz komplizéiert. Elo kann et awer och sinn, dass Der zum Beispill op e Bancomat kënnst goen an engem Land, an engem aneren net, well et aneschters funktionéiert. An do geet et eebe grad drëms, an Europa d'Saachen an eenheetlech ze maachen, fir dass Leit, déi speziell Bedürfnisser hunn, sech och a ganz Europa zurechtfinden an dass se och kënnen a ganz Europa circuléieren an alles kënnen benotzen.

Bon, hei geet et natierlech ganz wäit bei deem European Accessibility Act. Et geet drëms, dass Computer- a Betriebssystemer accessibel ginn, d'Geldautomaten – dat hunn ech scho gesot –, awer och Smartphones zum Beispill, dass déi och méi accessibel ginn, d'Télee, d'Telefondéngschter, d'Noutruffnummer 112 zum Beispill, audiovisuell Mediendéngschter, Déngschtleeschungen a Loft-, Bus-, Schinnen- a Schëffsverkéier, Bankdéngschtleeschungen, E-Books, E-Commerce. Dir gesitt, dat ass ganz vast, dat geet ganz, ganz wäit an dat ass och gutt esou, well mer alleguerten Accessibilitéit brauchen!

Mir brauchen eenheetlech Ufuerderungen an der ganzer EU a mir mussen dat och dofir ëmsetzen. Mir si liicht a Verspéidung, awer glécklecherweis net ze vill. An ech sinn immens frou, dass dat Gesetz haut hei an der Chamber ka gestëmmt ginn.

Et gouf nach eng fakultativ Dispositioun iwwert d'Accessibilité de l'environnement bâti. Do ass déi gutt Nouvelle, dass mer dat schonn ëmgesat hunn, mam Gesetz, dat Dir de 7. Januar 2022 gestëmmt hutt, wou d'Accessibilitéit wierklech wäert garantéiert sinn hei am Land. An Zäit vun zéng Joer muss alles esou ëmgebaut sinn, dass et accessibel ass, an ech mengen, souwuel de Staat wéi och all déi aner mussen sech drun halen.

Wat ass beim European Accessibility Act interessant? Ech mengen, et ass gesot ginn: Et ass interessant, dass et europawäit ass. Dat heescht, et kann ee wierklech dran investéieren an et muss een net fäerten, dass iergendwéi en anere mat engem anere System kënnst, well de System muss esou sinn, dass en accessibel ass, an da kann en och a ganz Europa dee Moment gebraucht ginn.

Dir hutt et och gesot, den OSAPS wäert gegrennt ginn, dat ass den Office de la surveillance de l'accessibilité des produits et services, deen da wierklech wäert och sécherstellen, dass alles wäert accessibel sinn. An dat ass genau dat, wat mer wëllen am Zeeche vun der UN-Behënnerterechtskonventioun, déi mer ënnerschriwwen hunn: dass mer méi accessibel ginn, fir ons alleguerten! Well et betrëfft ons alleguerten an net nëmme déi Leit, déi speziell Bedürfnisser hunn, mee et betrëfft ons alleguerten. Et ka muer fir ons alleguerte sinn. An dofir soen ech Iech elo scho villvillmools Merci fir Är Zoustëmmung.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7975. Den Text steet am Document parlementaire 7975⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7975 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7975 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegoholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7883 – Proposition de loi portant modification 1^o de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de technologie de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ; 2^o de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Mir kommen elo zum nächste Punkt um Ordre du jour, der Proposition de loi 7883 iwwert den informatischen Ekipement an de Primärschoulen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dëser Proposition de loi, déi honorabel Madamm Martine Hansen.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

Mme Martine Hansen (CSV), auteure-rapportrice | Merci, Här President. De 14. September 2021, matzen an der Covidkris, an där Zäit, wou och vill Home-schooling war, hunn ech dës Gesetzespropositioun deposéiert, mam Zil vu méi Chancégerechtkeet queesch duerch d'Land.

D'Gesetzespropositioun huet just zwee Artikelen, et geet also relativ séier. Éischtens: Mir froen eng Upassung vum Gesetz vun 1993 iwwert de SCRIPT an de CGIE, de Centre de gestion informatique de l'éducation. Et gëtt proposéiert, den Aufgabeberäich vun deem CGIE, dee bis elo just fir den Enseignement secondaire zoustänneg ass, also fir d'Lycéeën, och op d'Grondschoulen ze erweideren. Dat heescht, de Kaf vum informatesche Material, d'Maintenance an d'Assistance technique sollen och an de Grondschoulen iwwert de CGIE gemaach ginn an d'Gemengen esou entlaascht ginn.

Zweetens: Et gëtt eng Upassung vum Grondschulgesetz vun 2009 virgeschloen. Konkreet heescht dat, dass den Artikel 75bis soll reformuléiert ginn an deem Sënn, dass de Staat eebe soll verantwortlech ginn, fir d'Käschten am Zesammenhang mam informatesche Material vun de Grondschoulen ze iwwerhuelen. De Staat soll derfir suergen, dass all Enseignant, all Schüler, egal a wéi enger Gemeng e wunnt, iwwer gläichwäertegt Material verfüügt – an dëst am Sënn vun der Chancégerechtkeet.

Den 21. Oktober 2021 war d'Gesetzespropositioun an der zoustänneger Kommissioun um Ordre du jour, wou ech zum Rapporteur genannt gi sinn. Ech mengen, et ass déi éischte Kéier am mengem Liewen. Et ass awer net schéin an der Oppositioun, well da kënnt dee Rapport ëm dës Auerzäit. An ech mengen, e gëtt och nach net ugeholl!

Plusieurs voix | O!

Une voix | Et kann dach net sinn!

Mme Martine Hansen (CSV), auteure-rapportrice | Déi verschidden Avis sinn ugefro ginn. De Syvicol huet säin Avis de 6. Dezember 2021 ginn. De Syvicol begréisst d'Gesetzespropositioun. E seet a sengem Avis, dass d'Prise en charge vun den Digitalisatioungskäschten an der Grondschul vum Staat déi eenzeg Méiglechkeet wär fir sécherzestellen, dass all Schüler déi selwecht Chancen an der Ausbildung hätt.

D'Chambre des Salariés huet de 4. August 2022 hiren Avis zur Gesetzespropositioun ofginn. Och si begréisst d'Gesetzespropositioun a weisen op hiren Avis zum Budget 2022 hin, wou si gefuerdert haten, dass de Staat misst de Schoulen e Budget zur Verfügung stellen, fir informatescht Material ze kafen, fir géint aktuell Inegalitéite virzegoen.

D'Chambre de Commerce huet hiren Avis dann den 29. August ofginn. Hiren Avis kann een an dräi Punkte resüméieren. Éischtens: Si encouragéiert all Initiativ, déi géint Ongläichheete virgeet. Si ënnersträicht d'Bedeitung vu reegelméisseg Weiderbildungen am Beräich vun der Informatik fir d'Enseignanten. An drëtens: Si weist drop hin, dass d'Fiche financière feelt, an dass si duerfir u sech d'Propositioun net kéint approvouieren.

De Staatsrot huet säin Avis dann den 22. Juli 2022 ginn. Hie seet, dass et beim Legislativ léich, fir d'Oppositioun ze beurteilen. Zum Fong vun der Propositioun huet de Staatsrot awer keng Observatiounen.

An da kommen ech zu dem an dësem Fall ausschlaggebenden Avis, nämlech deem vun der Regierung. Den 11. Januar dëst Joer huet d'Regierung an hirer Prise de position kloergemaach, dass si d'Gesetzespropositioun net géif ënnerstëtzen an dëst aus follgende Grënn:

Éischtens: De Fait, dass de Staat géif fir dat informatescht Material an de Grondschoulen d'Verantwortung iwwerhuelen, dat wär net reng eng finanziell, mee och eng organisatoresch Decisioun an et géif déi pedagogesch Autonomie vun de Schoulen an domadder och d'Gemengenautonomie betreffen, an d'Fro

vun der Gemengenautonomie wär net am Koalitiounsaccord virgesinn. Zweetens: D'Käschte fir d'Acquisitioun vum Material, 36 bis 45 Milliounen, wäeren net am Budget virgesinn. Drëtens: D'Regierung schätzt, dass 200 nei Poste misste geschaf gi beim CGIE. Véiertens: Si weist op de Problem vun der Responsabilitéit fir d'Sécherheet vum Material hin, an där Situatioun, wou de Staat fir d'Informatik responsabel wär, d'Gemengen awer fir d'Gebaier.

Den 1. Februar 2023 ass dunn de Rapport an der Educatiounskommissioun presentéiert ginn an och adoptéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport an ech kommen och direkt zur Positioun – wann dat geet? – vun der CSV-Fraktioun.

(Assentiment de la présidence)

Discussion générale

A fir et direkt ze soen: Mir fannen et schued, dass dës Majoritéit d'Gesetzespropositioun einfach ofleent, ouni och nëmmen ze probéieren, de Problem op eng aner Aart a Weis ze léisen!

Well et gëtt Problemer vun Inegalitéiten, och hei am Land, och am Enseignement an de Schoulen. Net all Gemeng huet déi selwecht finanziell Mëttelen. Ech erënneren do un d'Gemengefinanzreform. Vill Gemenge kënnen d'Ham an der Mëllech kachen an aner Gemengen hu weeder Ham nach Mëllech a se sti mam Fanger am Mond do!

Modernt informatescht Material gehéiert awer an all Schoul, et ass eng wichteg Basis fir e modernt Léieren an et gëtt, mengen ech, nach ëmmer méi wichteg – an et gëtt och vum Ministère gefuerdert. A genau duerfir si mer der Meenung, dass de Staat muss seng Verantwortung iwwerhuelen am Sënn vun der Chancégerechtkeet.

Ma dat gesinn d'Regierung an d'Majoritéit, wéi ech a mengem Rapport erkläert hunn, anescht. Ech wëll awer op e puer eenzel Kritikpunkten agoen. Dat Éischt ass de Fait, dass d'Regierung seet, dass hei géif jo och an d'pedagogesch Autonomie agräifen. Do soen ech als Enseignant, dass dat a mengen Aen awer – ech soen et elo, wéi ech et denken – Quatsch ass! Well d'pedagogesch Autonomie hänkt net vun der Hardware of, déi hänkt villméi vun der Software of a wéi een déi Hardware géif asetzen. Also ass dat fir mech keen Argument.

Dann dat zweet Argument vun der Gemengenautonomie: Och dat Argument kann ech u sech net akzeptéieren, well d'Gemenge selwer fuerdere jo ... Si wëllen déi do Verantwortung jo net, dat heescht, si wëllen an deem Beräich d'Autonomie net.

D'Käschten: Jo, et kascht eppes. Mee elo mussen d'Gemengen dës Käschte stemmen, a wéi gesot: Fir déi eng ass et kee Problem a fir déi aner ass et awer e grouss Problem! An da riskéieren d'Kanner eventuell, net vun deem néidege Material ze profitéieren, an d'Bildungsongläichheete riskéieren zouzehuelen.

An da verweisen ech awer op déi Etüd vun der OECD zur Gestiou vun der Kris. Déi gëtt jo dacks vun der Regierung gelueft. An do steet am Kapitel „Le système éducatif luxembourgeois pendant la pandémie“ eng Recommendatioun: „Repenser la répartition des responsabilités de gestion et d'équipement en infrastructure numérique des établissements scolaires entre l'État, qui fournit directement les lycées, et les communes, qui équiper les écoles par le biais de financements [...] de l'État. Dans le fondamental, la centralisation de la fourniture d'équipements numériques pourrait décharger les communes [...] et

harmoniser la qualité de l'infrastructure numérique entre les écoles elles-mêmes, mais aussi entre les écoles et les lycées.“

An da kommen ech u sech erëm zréck bei meng Remark vu virdrun, dass ass, dass ech et traureg fannen, dass d'Propositioun einfach ofgeschmettert gëtt, ouni awer och nëmmen eng Géigepropos ze maachen, ouni nëmmen ze probéieren, de Problem unzepaken! Well ech ka mer jo awer net virstellen, dass d'Majoritéit der Meenung ass, dass et keng Ongläichheete gëtt duerch d'informatescht Material. An eng Partie vun de Majoritéitsleit, déi hunn – mat hirer Gemengekap am Syvicol – d'Propositioun guttgeheescht.

Mee dann hätt ech mer definitiv erwaart, dass ee vläicht gesot hätt: „Dat do ass ze schwéier ze organiséieren“, oder: „Kommt, mir kafen nëmmen d'informatescht Material“, dass een zumindest iergendeng Léisung opgewisen hätt, well dat heiten ass schued fir d'Kanner an déi Jugendlech, well et ass eng verpasste Chance, fir fir Chancégerechtkeet queesch duerch d'Land ze suergen!

Am Numm vun der CSV-Fraktioun hunn ech dës Gesetzespropositioun gemaach a mir wäerten et natierlech och stëmmen. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Martine Hansen. An als nächste Riedner ass den honorablen Här Claude Lamberty agedroen. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty (DP) | Merci, Här President. Merci och dem Martine Hansen als Rapportrice, natierlech zu spéider Stonn, mee trotzdeem: Ganz gutt gemaach als Rapportrice!

E puer Reflexiounen zu deem heite Sujet, well ech mengen, dass en net esou einfach ass, wéi dat vläicht an deenen Artikelen, déi solle geännert ginn, kléngt. Well et ass ugeklongen: Mir hunn am Moment eng Opdeeling zwëschent de Fraisen, déi de Staat dréit, an de Fraisen, déi d'Gemenge mussen droen. Mir ginn do vum Prinzipp aus, dass de Proprietär vun engem Gebai och d'Ekipement dovunner soll bezuelen. An dësse Prinzipp, dee gouf och an éischter an och an zweeter Instanz vum Tribunal confirméiert.

D'Gemenge sinn obligéiert, souwuel d'Raimlechkeete wéi och d'Ekipement zur Verfügung ze stellen, déi fir de Grondschulunterrecht néideg sinn, dorënner och dat informatescht Material. D'Gemenge si Proprietär vun dëse Gebaier an Ekipementer a mussen dann och d'Fraisen dovunner droen. De Staat kann natierlech zu engem Deel zu dëse Fraise bäidroen. Dësen Deel gëtt dann och am Budgetgesetz fixéiert.

D'Regierung schätzt d'Käschte vun engem initialen Akaf vum IT-Material op zwëschent 36 a 45 Milliounen Euro. Dat hänkt och e bëssen natierlech dervun of, wat genau akaf gëtt, mee de Montant ass egal wéi fir en initialen Impakt enorm héich. An derbäi kommen natierlech nach méi grouss Personalkäschten, wann een dat mëttel- a laangfristeg kuckt, well, wann ee bedenkt, dass ee vu Wäiswampech bis op Rëmeleng a wann ee vu Stengefort bis op Waasserbëlleg dat do national reegelt, da brauch een natierlech och eng ganz Rei nei, kompetent Leit an där doter Matière.

Reflexiounen och zur Maintenance: Den Ament reegelen d'Gemengen d'Maintenance vum Material op ganz verschidden Aart a Weisen: Déi eng, déi fueren iwwer Kontrakter mat private Betriber, déi aner hu fir deen Zweck eege Leit agestallt. Also Firmen oder eege Leit, dat si meeschtens déi grouss Weeër. An et gouf eebe Kontrakter, déi ofgeschloss goufen, déi gëtt et haut, déi sinn en cours! Wann de CGIE dann

an Zukunft déi ganz Maintenance misst iwwerhuelen, werft dat natierlech och Froen op: Wat ass mat deene Kontrakter? Wat ass och mat deem Personal? Géifen déi iwwerholl ginn? Dat heescht, dat kann een, mengen ech, net vun haut op muer einfach esou duerch d'Ännerung vun engem Artikel reegelen.

Et ass also éischtens emol e Käschtepunkt an och en Organisatiounspunkt.

Dann natierlech awer och Reflexiounen betreffend déi lokal Bildungspolitik: D'Gemenge kënnen an hirem Plan de développement scolaire lokal Akzenter setzen, wat d'Prioritéit vun hirem Bildungspolitik betrifft. D'Schoulgesetz vun 2009 gesäit vir, dass d'Schoulen eng gewisse pedagogesch Fräiheet hunn, wat och dat didaktescht Material betrifft. Déi sollen hiert Material – an dorënner fale Computeren – un d'Besoinen vun hire Schüler an hirem Géigend, an hirem Duerf, an hirem Gemeng kënnen upassen. Wann den Akaf awer elo zentral duerch de Staat gereegelt gëtt, géif fir d'Gemengen dës Fräiheet einfach just entfalen.

Dann ass och ugeklonge bei der Rapportrice, wat et betreffend d'Sécherheet vun den Ekipementen a Gebaier vun de Gemenge géif bedeiten.

Ech wëll net sou wäit goen, dass d'Iddi net kéint diskutéiert ginn. Ech mengen eebe just, dass et zu dësem Zäitpunkt net méiglech ass, einfach ze soen: „Mir änneren zwee Artikelen“, a muer reegelt dann de Staat dat do! Well dat géif – fir eng einfach Formel vläicht ze applizéieren – zu Problemer féieren, well et einfach net organisierbar wär vun haut op muer.

Ech mengen awer och, dass d'Autonomie communale hei eng Roll ze spillen huet an dass mer déi net einfach esou kënnen a Fro stellen. Et ass, mengen ech, manner d'Fro vum Finanzement, wéi dass mer müssen eng breet Diskussioun doriwwer féieren, wann ee wëll iwwert d'Kompetenzen vun de Gemenge schwätzen.

(Brouhaha)

An nach eng Kéier: Dat heescht net, dass mer elo kategoresch dergéint sinn, esou eng Diskussioun ze féieren! Mee ech mengen, et geet net, fir einfach just ze soen: „Mir änneren zwee Artikelen, domat sinn d'Problemer aus der Welt geschaf“, well ech mengen, domadder schafe mer eis kuerzfristeg definitiv méi Problemer, wéi mer der léisen.

An da ginn ech awer och ze bedenken: D'Iddi, mengen ech, ass nämlech, Madamm Hansen, dass d'Schüler gutt kënnen virbereet ginn op d'Zukunft. An dat wëll ech och guer net ofstreiden, dass Der dat mat där Iddi mengt. Just, wa mer de System hei eng Kéier opmaachen, da kann een dat do jo eigentlech weiderféieren: Wat huele mer nach alles eraus aus de Grondschoulen, wat mer dem Staat ginn? An och déi Diskussioun, déi kann ee féieren. Et muss ee just ëmmer wëssen: Et huet ze di mat Personal an et huet ze di mat Suen.

An dofir: Ech mengen, dass et eng interessant Diskussioun kéint sinn, mee just net just op zwee Artikelen op dësem spezifesche Punkt. An dofir soe mir als DP-Fraktioun Nee zu dëser Proposition de loi.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Lamberty. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Francine Closener (LSAP) | Merci, Här Präsident. Virop der Madamm Hansen natierlech och e Merci fir hiren exzellente Rapport zu engem wichtigen Thema. A scho wéi mer an der Kommissioun

eng éischte Kéier iwwert dës Thema geschwat hunn, war mir déi Iddi, déi à la base ass vun der Proposition de loi, net ganz onsympathesch. Fir meng Partei ass de Prinzip vum der Chancégerechtigkeit an eisem Schoulsystem eigentlech eng Selbstverständlechkeet. All Kand, onofhängeg vun der Gemeng, an där et wunnt, soll a senger Schoul kënnen e Computer oder soss Outils benotzen, wéi et dat am Unterrecht brauch respektiv wéi de jeeweilige Schoulentwécklungsplang dat virgesäit. Dat ass souwiesou am digitalen Zäitalter eng absolutt Noutwendegkeet an natierlech huet d'Pandemie eis demonstréiert, wéi vill een ugewisen ass op den Accès zu an den Émgang mat den digitalen Technologien.

Wéi gesot, d'Noutwendegkeet, fir sämtleche Schoulkanner esou een Accès ze erméiglechen, ass evident, do si mer eis eens. Leider ass et awer effektiv esou, dass den Ekipement a puncto informatesch Material vu Gemeng zu Gemeng ënnerschiedlech ass. Verschidde Gemenge leeë grouse Wäert drop, fir si ass et eng Prioritéit, fir all hiren Awunner – also eeben och de Kanner – de beschtméiglechen Zougang zu der digitaler Welt méiglech ze maachen. Anerer si manner gutt opgestallt oder si sinn eeben einfach net gewëllt, fir dat als budgetär oder schoulpolitesch Prioritéit festzeleeën.

Et stëmmt deemno, dass net all Kand hei d'selwecht behandelt gëtt, an dat ass net gutt an dat ass net am Sënn vun der Chancégerechtigkeit!

Trotzdem si mer awer net der Meenung, dass dës Proposition de loi de richtege Wee ass, fir de Problem ze léisen. Wuelverstanen: E muss geléist ginn, do si mer eis eens, mee dësen Text géif eng Rei nei Problemer mat sech bréngen. Den éischte Problem concernéiert natierlech déi prinzipiell Fro vun der Kompetenzopdeeling tëscht Staat a Gemengen. De rezenten Arrêt vun der Cour administrative huet jo nach eng Kéier confirméiert, dass d'Acquisitioun an den Entretien vum informatesch Material an der Responsabilitéit vun de Gemengen ass.

Wann een dat géif änneren, da kann ee sech jo och froen, wou een dann do de Stréch zitt tëscht Gemeng a Staat. An den Här Lamberty huet et ugeschwat: Firwat just d'Informatik an der Schoul? Da kann de Staat jo och direkt ganz an aleng responsabel gi fir alles, wat d'Grondschoul ueet, sämtlech pedagogesch Material, déi allgemeng Ausstattung vun de Klassensäill oder d'Schoulgebaier tout court. A wat ass da mat der nonformaler Bildung? Iwwerhëlt de Staat dann och sämtlech Maisons relais? Wëlle mer dat? Wëllen d'Gemengen dat? Ech mengen net!

D'Gemengenautonomie ass jiddefalls fir eis en anere wichtige Prinzip. Als LSAP sti mir dozou. D'Gemenge sinn no, ganz no bei de Bierger – an dat ass och gutt esou an déi Béchs wëlle mer eigentlech net opmaachen!

Dovunner ofgesi gëtt dee proposéierten Text keng Äntwert op d'Fro, wéi een dee ganze Switch géif organiséieren. Wat ass mam Personal, dat sech haut an de Gemengen ëm d'Informatik këmmert? Mussen déi da lo de Patron wiesselen? Géifen déi bei de Staat goen? Dat heescht: D'Gemenge misste selwer erëm nei Informatiker astellen. Wat ass mat deene Gemengen, déi d'Informatik outgesourcet hunn? Wie mécht den Inventaire vun deene 400 Schoulgebaier? Wéi laang dauert et, fir op e gemeinsame System ze wiesselen? Wat maache mer an der Tëschenzäit? Froen iwwer Froen!

An derbäi kënn natierlech och den zousätzleche Käschtepunkt: De Ministère schätzt, dass iwwer 200 Leit missten zousätzlech rekrutéiert ginn, a mir wësse jo schon haut, wéi rar d'IT-Spezialiste sinn. Et misst eng nei staatlech Verwaltung geschafe ginn. Wéi gesot, de Käschtepunkt wier considerabel.

(Interruption)

Mee nach eemol: Mir sinn absolutt derfir, dass all Schoulkand Zougang kritt zu engem Computer oder engem Tablet, sou wéi et gebraucht gëtt. Duerfir muss mer, mengen ech, am Sënn vun der Chancégerechtigkeit, e Schratt weidergoen.

2019 huet de CGIE e Guide vum informatesch Material an de Grondschoulen erausbruecht. Eng vun de Recommendationen ass zum Beispill: ee Computer op fënnf Kanner. Spéitstens no sechs Joer soll d'Material ersat ginn. Et gëtt och Recommendationen fir d'Gestioun vun de Softwaren, d'Mise en place vun engem sécheren Netzwierk an esou weider. Verschidde Schoulen – also Gemengen – setzen déi Richtlinnen ëm, verschiddener gi méi wäit. Et gëtt awer och Gemengen, déi dat net maachen.

De Guide a sech ass eng ganz gutt a wichtig Saach. D'LSAP ass awer der Meenung, dass déi Recommendationen méi e bindendene Charakter misste kréien. An anere Wieder: Et wier sënnvoll, sech op kloer Mindeststandarden ze eenegen, un déi all Gemeng sech misst hale beim informatesch Ekipement vun de Grondschoulen. Natierlech wier all Gemeng weiderhi fräi, iwwert dee Mindeststandard do erauszegeen.

Deem virusgoe misst awer natierlech och en Austausch mat de Gemengen, déi haut d'Recommendationen net erfüllen, fir eeben erauszefannen, ob se sech dat net leeschte wëllen oder ob se sech dat net leeschte kënnen. An deen État des lieux, deen Inventaire, dee wier egal wéi net vu Mutterwëll. An da kéint een e Schratt weidergoen, mat de Gemengen diskutéieren, fir eebe gemeinsam Mindeststandarde festzeleeën. D'Gemenge sinn no um Bierger, si kennen hir Leit, si kennen hir Besoinen, an zu deene Besoinen gehéiert de Schoulkanner hiren Accès zu zäitgemäissen a séchere Computeren oder Tabletten.

De Staat an d'Gemengen hunn hei eng gemeinsam Responsabilitéit, si sinn zesummen an der Pflicht, fir fir Chancégerechtigkeit fir d'Kanner ze suergen. Dozou sti mir an duerfir wäerte mir als LSAP dës Proposition de loi net esou kënnen stëmmen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Closener. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Jo, och fir eis kléngt dës Proposition de loi ganz sympathesch a si ass och sécher gutt gemengt, well éischtens geet et jo ëm dat eedelt Zil, duerch e staatleche Finanzement duerfir ze suergen, dass all Schoulkand déi néideg informatesch Outilen zur Verfügung huet, déi am digitalen Zäitalter an de Schoulen nu mol gebraucht ginn. An zweetens freeën d'Gemengeresponsabel sech natierlech iwwer all Euro, dee se net müssen ausginn, an dowéinst géife se ganz sécher net Nee Merci soen, wann de Staat de Finanzement vun den informatesch Ekipementen an de Schoule géif iwwerhuelen. De Problem ass awer, dass et net esou einfach ass, wéi et kléngt.

Et gëtt nämlech scho méi komplizéiert a méi onkloer op den zweete Bléck, wann ee sech virstellt, dass en Deel vun de kommunalen Informatikreseauen – notamment déi vun de Schoulen an net déi vun der Verwaltung, obschonn déi Reseauen oft zesummenhänken – an dann en plus sämtlech informatesch Installatiounen an de Grondschoulen zentral vum Staat respektiv vum CGIE gereegelt a geréiert solle ginn. An dat just dann, wa se fir schoulesch Zwecker genotzt ginn an net zu aneren Zwecker, wéi beispillsweis fir

d'nonformal Bildung, woufir déi Säll jo och kënnen zur Verfügung gestallt ginn, wou awer dann net aus dem Text ervirgeet, ob dann och déi selwecht Zou-stännegkeet wäert gereegelt ginn iwwert de CGIE oder awer iwwert d'Gemeng selwer.

Net kloer ass och, ob just déi informatesch Outil viséiert ginn, déi d'Kanner am normale Schoulall-dag als materielle Support benotzen, oder och déi Outilen, déi fir d'Éducation aux médias gebraucht ginn a vu Schoul zu Schoul variéieren, an zwar jee no Schoulpopulatioun, jee no Alter, jee no Projet a jee no pedagogescher Approche, déi vun den Enseignanté gewielt ginn an op déi eenzel Gruppe ganz genee zougeschnidde ginn.

Als Gréng woe mir hei ze bezweifelen, datt de CGIE staark genuch opgestallt ass, fir d'Éducation aux médias schonn aleng logisteschem an all Grondschoullklass vum Land ze geréieren. An dofir ass et och kee Wonner, dass d'Regierung vun engem Personalman-gel op deem Niveau schwätzt, wa mer op dee Wee géife goen. 200 nei Persounen, déi missten do age-stallt ginn, wäere schonn e gudd Batz. An, wéi gesot, mir fannen net méi vill Leit um Aarbechtsmaart, déi iwwerhaupt déi Kompetenzen hunn. Si si sou wierklech ganz rar an deem Secteur, während se an de Ge-mengen awer scho schaffen an och agestallt sinn.

Net ausgeräift ass dës Proposition de loi dann och um Niveau vun der Gemengenautonomie, wéi elo scho méi oft widderholl ginn ass, a virun allem och um Niveau vun der Autonomie vun de Schoulen, also deenen zwee Grundprinzipien, déi an eiser Legisla-tioun kloer verankert sinn. Hei stellt sech notament d'Fro, ob d'Autonomie vun de Schoulen net prinzi-piell respektéiert muss ginn, wann et ëm de Choix vum informatesche Material geet, mat deem an där enger oder anerer Schoul geschafft soll ginn. Dat ass a mengen Aen net kompatibel mat der Fuerderung, datt all Schüler déi selwecht Ekipementer muss zur Verfügung gestallt kréien, wéi et am Text heescht.

Jiddwerfalls weess an eisen Aen d'Léierpersonal, dat um Terrain schafft, am beschten, wéi ee Material fir wéi eng Schoulpopulatioun a fir wéi eng pedagogesch Approche néideg ass, an och zu wéi engem Zäitpunkt. Un der Gemeng – an déi huet nun emol och hir Ver-antwortung ze droen – ass et dann, dës Uschafung am Dialog mat de Schoulpartner, mat de Schoulkom-miteeën a respektiv och mat der Schoulkommissioun an d'Weeër ze leeden a se dann och ze finanzéieren.

Natierlech si mer eis bewosst: Dat kascht Geld. Et erlaabt awer och en differenzéiert Virgoen, dat op d'Besoine vun de jeeweilige Schüler zougeschnidde ass, an et stärkt den Dialog tëscht de Schoulen an de Gemengen. An ech mengen, dat ass e ganz wichtige Volet.

An deem Kontext woen ech och ze soen, datt all res-ponsabel Gemengeféierung sech hirer Verantwor-tung bewosst ass a bereet ass, déi néideg Budgeten zur Verfügung ze stellen. Ech gesinn dat net esou schwaarz wéi d'Madamm Hansen. Ech géif scho mengen, dass d'Gemengeféierung virun allem an der Pandemie erkannt hunn, wéi wichtig et ass, hir Schülerpopulatioun gutt ze bestécken.

Wat de Budget ueegt, wéilt ech eng Ziel nennen aus enger Gemeng, déi ech besser kennen. Well ech Schoulschaffin sinn, hunn ech gekuckt: De Budget fir d'Schoule läit am informatesche Beräich bei 230 Euro pro Kand am Joer an dréit praktesch alle Besoine Rechnung, déi vun de Schoulen un d'Gemeng eruge-droe ginn. Bei eppes iwwer 1.000 Schüler sinn dat 254.000 Euro am Joer. Dat ass natierlech Geld, jo, et ass Geld, et ass vill Geld, deemno wéi een et gesäit, et ass awer och net d'Welt par rapport zu villen aneren Depensen, déi d'Gemeng ze tätügen huet.

Eng weider fundamental Fro ass dann déi, ob dat in-formatescht Material prinzipiell zu den Ekipementer vun der Schoulinfrastruktur gehéiert – och dovun ass scho geschwat ginn – oder eeben vun pedagogesche Material vun de Schüler. Dës Proposition de loi erhieft am Fong den Usproch, dës Punkt nei ze interpre-téieren an deem Sënn, datt en anescht interpretéiert gëtt wéi vum Verwaltungsgericht, wou jo schonn en Urteel gesprach ginn ass a wou ech elo net am Detail drop aginn, well et bekannt ass.

D'Verwaltungsgericht huet an der éischter an och an der zweeter Instanz nämlech festgehalten, datt dat in-formatescht Material zu der Infrastruktur gehéiert an deemno vun der Gemeng finanziert muss ginn. An da stellt sech eeben och d'Fro vum Finanzement vum Sportsmaterial, vun de Museksinstrumenter, dem Material fir den Éveil aux sciences, fir Konscht an esou weider.

Sollt déi Diskussioun dann nach eng Kéier gefouert ginn – mir verschléissen eis där guer net –, da muss dës spezielle Volet natierlech an de Gesamtkontext gesat ginn an da muss och de Gesamtkontext disku-téiert ginn an da muss gekläert ginn, ob a wéi sën-nvoll et definitiv wär, de Secteur vun de Grondschoulen nach méi vun de Gemenge lasszekoppelen, wéi se scho mam Schoulgesez vun 2009 lassgekoppelt gi sinn. Souwäit ech weess, war dat nach laang net ëm-mer am Sënn vun der CSV!

Här President, well dës Proposition de loi méi Froen opwerft, wéi se der Léist, kënnen och mir se net ën-nerstétzen. Mir stellen awer och – wéi meng Virried-nerinnen – net a Fro, datt d'Kanner eng gutt Bildung a gutt Outilen mussen zur Verfügung gestallt kréien an datt alles muss gemaach ginn, fir d'Bildungsgerech-tegkeet ze stärken. Mee och do hunn d'Gemengen hir Verantwortung ze iwwerhuelen. A fir datt d'Ge-mengen hiren Deel dozou bäidroen kënnen, brauche se natierlech finanziell Mëttelen, ...

(Interruption par la présidence)

... an dofir ënnerstéize mer och all Schrëtt, deen um nationale Plang gemaach gëtt, fir d'Gemengefinan-zen ze stärken.

An dann nach just ee Saz: Mir géifen et begréissen, wann déi staatlech Subventionen, déi d'Gemenge beim Bau vun enger neier Schoul an Usproch kënnen huelen, no uewen uegass géife ginn, well et ass do, wou et richteg deier gëtt, do schwätze mer net vun 230 Euro pro Kand, mee vu Milliounen a Milliounen.

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Lorsché, Dir musst zum Schluss kommen!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | An och déi mussen mer investéieren.

A well ech gesot hat, ech géif nach just ee Saz soen, halen ech mech drun. Deen ass gesot. An domat soen ech, dass ech Äre léiwe Rapport (veuillez lire: Är léif Proposition de loi) net ka stëmmen – a merci, dass Der se awer deposéiert hutt.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och dem Martine Hansen fir de Rapport an och fir déi Propositioun.

Ech wollt e puer Saache vläicht ganz kuerz hei eng Kéier uschwätzen. Méi allgemeng hu mer jo bei de Primärschoulen, oder Grondschoulen, wéi se elo heeschen, d'Fro, a mir wëssen dat elo, mee vill Leit wëssen dobaussen net: Wat reegelt do d'Gemeng – d'Personal? –, de Staat, wat reegelt de Staat?

Sou kennen ech zum Beispill vill Leit, déi mengen, dass de Buergermeeschter de Chef vum Léierpersonal wier, esou Saachen. Also, ech mengen, dass do schonn e gewëssene Mischmasch ass, deen eis vläicht – oder deenen, déi an der Gemengeresponsabilitéit sinn – ganz evident schéngt, mee deen d'Leit dobaussen, deene mer an de Gemengen jo no solle sinn, guer net kënnen novollzéien. An dann déi verschidde Kom-miteeën, déi et gëtt – eng relativ komplizéiert Ge-schicht!

Soit. Hei ass jo dann d'Fro, ob am Fong d'Gemenge kënnen assuréieren, dass d'Kanner an der Primär-schoul dat néidegt an adequat informatescht Mate-rial hunn. An do stellen ech mer dann d'Fro: Gëtt et dann eventuell Gemengen, déi dat net assuréieren? Gëtt et Gemengen, déi dat net kënnen bezuelen oder net wëlle bezuelen? Gëtt et Gemengen, wou dat in-formatescht Material tatsächlech sou ënnert dem Ni-veau ass, wéi dat vläicht am Duerchschnéit ass oder wéi dat misst sinn? Dat ass d'Fro, déi ech mer stellen.

Wann ech da kucken, dass awer dann och hei ... Ech weess et jo net, ech sinn net an all deene Gemengen do. Wann ech gesinn, dass de Syvicol dann awer seet, dass dat heiten eppes wier, wat néideg ass, da ginn ech dervun aus, dass effektiv e Problem do ass. Déi soen dat jo net just, fir Suen ze kréien. Déi soen dat jo, well e Problem do ass! Déi si jo um Terrain.

An aus deem Grond sinn ech am Fong der Mee-nung ... Quitte dass ee kann driwwer schwätzen, dass dat problematesch ass, hei 200 Leit ze fannen. Mee dat hu mer jo an alle Beräicher hei am Land, dass mer keng Leit méi fannen. Ech mengen awer, dass dat heite grondsätzlech a wierklech am Sënn vun enger Chancégerechtgkeet vu Gemeng zu Gemeng, vu Schoul zu Schoul fir d'Kanner eppes ass, wat positiv ass. An duerfir wäerte mir dat heiten och mat ënner-stéizen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos, Här Keup. An da wier et un der Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Léink) | Här President, als Alleréischt emol der Rapportrice e ganz grouse Merci fir hiren exzellente mëndlechen a schrëft-leche Rapport. Mir fannen dës Proposition de loi ganz sympathesch, well et gëtt Gemengen, déi hu Schoulen, déi si super, super ekipéiert mat Informa-tiksmaterial – ech kennen do eng, do wou ech och selwer wunnen, d'Gemeng Suessem, do feelt wierklech näscht –, et gëtt awer och Gemengen, déi si méi schlecht wéi recht ekipéiert, egal aus wéi enger Ursaach, esoudatt eng seriö Aarbecht mat de Kan-ner dann dee Moment och net esou am Kader vun deenen „digital classrooms“ ka stattfannen.

An et gëtt dann awer och Gemengen, bei deenen d'Material fir d'iPad-Klassen zwar do ass, mee awer ganz ongläich tëschent verschiddene Schoulen op-gedeelt ass. An et gëtt schlussendlech Gemengen, déi sech weigern, dat Material op eege Käschten ze kafen, och wa se déi néideg Moyenen dofir hunn. Zu Käerjeng zum Beispill weess ech, datt ëmmer erëm d'Problematik besteet, firwat d'Gemeng dat Material misst bezuelen, dat wier eng Saach eigentlech vum Staat.

A wie gëtt eigentlech domadder bestrooft? D'Kanner! D'Kanner, déi do an d'Schoul ginn, d'Elteren, déi mat de Kanner solle schaffen, d'Enseignanté ginn eigent-lech da bestrooft, wa keen esou e Material do ass aus egal wéi enge Grënn, well da feelt nämlech déi Méig-lechkeet, dem nationale Schoulprogramm nozegoen, well dee gesäit jo awer iPad-Klasse vir. An e gesäit

och vir, datt d'Kanner schonn am Fundamental solle codéiere léieren. A wann also d'Material plazeweis an de Schoule feelt, da suergt dat fir feelend Bildungschancen a fir Ongläichheeten.

E Buergermeeschter, dee sech am Prinzipp weigert, dat Informatiounsmaterial ..., Informatiksmaterial – pardon, et ass scho spéit – fir d'Schoulen a senger Gemeng unzeschaffen, handelt géint den Interessi vun de Kanner, wéi ech scho gesot hunn, an dat ass einfach schued! Mat där heiter Proposition de loi kéint een dat alles verhënnere. Dat ass dofir an eisen Ae wierklech dee richtege Wee, fir datt mer kucken iwwert d'Education, datt wierklech an all Schoule Chancëgläichheet do ass.

Et gëtt Problemer, Dir hutt et hei gesot, d'Virriednerinnen a -riedner hu ganz vill Problemer ugeschwat. Mee dofir ass jo awer eng Kommissiounssëtzung do! An ech fannen, fir all Problem gëtt et eng Léisung, a mir hätte kënnen derfir suergen an där Kommissioun, dat do adequat an uerdentlech ze diskutéieren. Fir all déi Problemer, déi opgetaucht sinn, hätte mer bestëmmt eng Léisung fonnt.

Ech sinn der Meinung nämlech, datt d'Gemengen och kéinten einfach e Budget, e „Budget x“ soen ech emol, zur Verfügung gestallt kréien, dee si da selwer ausschliisslech fir d'Informatiksmaterial kéinten asetzen. An da kéint jo all Gemeng op d'Besoinen vun hire Bierger a Biergerinnen oder vun hire Kanner agoen. D'Gemenge kéinten dann iwwert hir Schoullkomiteeën, iwwert hir Comités de cogestion an iwwert hiren eegene Service informatique och Pläng ausschaffen. Dat misst scho verbindlech sinn, datt de Ministère och gesäit: Wat gëtt gemaach? Wéi gesäit dee Plang aus? Wivill Material hu se? Wat brauche se zousätzlech? Wéini soll dat Material ausgetosch ginn? Ech mengen, et ass jo net, fir einfach esou de Gemengen déi Suen ze ginn, mee do soll schonn hannendrun e Plang bestoen.

An da kéint een ... Et ass gesot ginn: „Mir brauchen da 400 nei Leit, déi musse mer dann astellen, fir d'Informatik ze geréieren.“ Nee, d'Gemengen hunn dat jo alles schonn! Do kéint ee jo och dann hinnen ënnert d'Äerm gräifen an eeben eventuell en Deel vun de Paie bezuelen oder, wa se eng Maintenance maachen iwwer Firmaen, déi Fraisen zum Beispill iwwerhuelen. Ech mengen, do wier et eng ganz Rei Léisunge ginn, déi elo net esou an deem Gesetz hei stinn, mee déi een hätt kënnen adaptéieren, an da wier dat awer schonn eng ganz flott Saach gewiescht.

Et ass geschwat gi vun de Kompetenzen vun de Schoulen, vum PDS (ndlr: Plan de développement de l'établissement scolaire). Ech mengen, och e Schoulenentwicklungsplang kéint net méi ouni Computeren aus, egal wéi eng Schwéierpunkten ee sech gesot huet, et brauch een awer dat informatesch Material. Doriwwer si mer scho wäit eraus, datt eng Schoul wierklech ouni dat eens gëtt. Voilà!

Also, mir wäerten dat ënnerstëtzen. Wéi gesot, et ass net perfekt, mee et geet fir eis awer an eng richteg Richtung a mir wëlle weisen, datt mer mat där Richtung eigentlech d'accord sinn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci fir d'éischt emol dem Martine Hansen fir déi gutt Propos, déi awer muss diskutéiert ginn a wou ee sech awer Gedanken driwwer maache soll, well wat d'Buch vu gëschicht war, ass d'IT-Material vun haut. Et

ass also eng Erausforderung an a mengen Iwwerleeungen – an och an den Iwwerleeunge vun de Piraten – geet et guer net ëm d'Geld an där Geschicht, et geet einfach drëm, dass een déi selwecht Chancë muss hunn. Well ob de Staat et elo bezilt aus enger Hand vun de Steiergelder oder d'Gemeng aus där anerer, et ass kif-kif! Et geet drëm, dass einfach jiddere soll déi selwecht Chancen hunn.

Mir hunn elo zënter gëschicht 100 Gemengen am Land, da sinn et och 100 verschidde Chancen, déi déi eenzel Kanner herno um Terrain hunn. Et sinn 100 verschidde Aarbechtsbedéngungen, déi d'Educationspersonal huet. An dat ass eppes, wou mer als Chamber mussen eng Kéier méi op de Fong goen. Wéi kann et an esou engem klengen Land sinn, dass mer 100 verschidde Chancen hunn, dass ee muss ...? Jo, ech hat eng Kéier dem Fränk Colabianchi gesot: „Bei dir ass jo eppes wéi Disneyland! Dat ass jo super bei Dir zu Bartreng, do ass alles un IT-Material!“

Wann een d'Chance huet, do ze liewen an do an d'Schoul ze goen, huet een natierlech aner Chancen, fir an d'Liewen ze starten, wéi elo an enger anerer Gemeng – an dat ass eng Ongerechtegkeet! Dat ass eng Ongerechtegkeet, iwwert déi mir als Parlament eng Kéier musse schwätzen, well déi 60 si gewielt fir jiddereen. An dat ass déi Ongerechtegkeet, déi mer mussen aus der Welt schafen.

D'Personal ass jo och net iwwerall d'selwecht opgestallt, dat hu mer an der Covidpandemie gesinn. Ech hunn do jo och Question-parlementairen derzou gestallt. Et gouf dem Personal gesot: „Maacht Home-schooling!“ Jo, si kruten awer d'Material net zur Verfügung gestallt! Dat heescht, si hu misse kucken, dass se dat privat Material dann huelen, fir iergendwéi mat de Kanner kënnen déi Schoul ze halen.

Do hat ech dann och nach ganz frech gefrot, ob de Ministère da wéinstens iergendwéi do géif entgéintkommen an an deene Situatiounen dann d'Material géif ganz schnell zur Verfügung stellen – ass awer leider net esou! Dat heescht, alleguerten déi an de Primärschoulen, déi hu misse kucken, dass se iergendwéi als Personal eens gi sinn, well se dat net haten. An on top kéint nach derbäi: Déi, déi dunn eppes kaf hunn, hunn dann och nach Schwieregkeeten, fir dat steierlech ofzesetzen. Dat heescht, een, deen dohinneergeet an e seet och nach: „Ech maachen et privat, ech kafen deen“, deen huet och nach esou vill Bedingungen, dass en dat steierlech emol net einfach kann ofsetzen. Dat ass deen anere Problem, dat ass d'Question parlementaire 5505 vum 22. Februar d'lescht Joer.

Déi 36 bis 45 Milliounen, déi de Staat geschat huet, jo, an déi 200 Leit – mee rechent dat emol eng Kéier ëmgedréint –: Wéi vill géift Der da spuere par rapport zu elo? Elo hutt Der 100 Gemengen, wou jiddere seng Informatiker muss astellen. Herno hutt Dir der 200 ... Ech versti just Är Zuelen net, well dee CGIE – ech hunn dat elo nogesicht –, dee gëtt selwer un op sengem Internetsite, 30.000 iPads, 20.000 Computeren a 600 Serveren ze hunn. Dat ass schonn eppes Gréisseres! Dass déi mussen 200 nei Informatiker astellen, fir de Gemengen eppes ze ginn, wat den Educationsmintère jo a sech virgëtt ... Den Educationsmintère seet dem Personal: „Dir musst“, ech weess, ech sinn dergéint, „den Office 365 benotzen“, mee Dir gitt et awer vir, mee de Support kéint awer net vum Educationsmintère!

Gesitt Der, wéi vill Problemer do sinn? Ech soen net, dass deen heiten Text déi perfekt Léisung ass, mee als Chamber sollte mir awer deen dote Problem eng Kéier seriö diskutéieren, op där enger Säit fir d'Personal, fir Léisungen ze sichen, op där anerer Säit awer och fir d'Schüler. Well wéi ech am Ufank gesot hunn:

Et ass net eng Käschtefro, déi herno soll bestëmmen, wéi eng Chancen een am Liewen huet.

Beim Dateschutz, do muss ee jo och soen ... Ech war do e bëssen iwwerrascht, wéi de Minister mer op d'Question parlementaire geäntwert huet, dass ee soll dann de private Support benotzen. Dat heescht, all déi Daten, déi d'Educationspersonal huet, iwwert d'Schüler, d'Auswärtungen, dee ganzen Office 365, do seet den Educationsmintère dann an der offizieller Question parlementaire, dat solle se op engem private Computer benotzen. Dat ass fir eis Piraten total onlogesch. An dat ass och einfach näischt vun Dateschutz verstanen!

Wa mer gären en Dateschutz hätte fir alleguerten déi Date vun de Kanner, mee da muss den Educationsmintère senger Leit – an dat ass nu mol an de Gemengen de Fall, dass den Educationsmintère och sech ëm d'Personal këmmert –, da musse mer deenen och dee Support zur Verfügung stellen. Mir mussen hinnen dann och dat néidegt Material ginn. Wéi soll ee schaffen, wann een dat net zur Verfügung kritt? Well dat ass awer den Educationsmintère, dee gewësse Kadere setzt, dee seet, wéi eng Software ee muss benotzen, wat ee soll maachen – mee e gëtt näischt! An dat ass eng Diskussioun, déi een eng Kéier muss féieren.

Et ass einfach, elo ze soen: „Dat dote kéint vun der Oppositioun, dat leene mer emol of!“, mee mir hunn awer schonn e puermol opgeworf, dass et do Problemer gëtt! A wat ass bis dohinner geschitt? Well dat dote war elo 2022; ech kann och nach zrücksiche goen, et sinn och nach aner Question-parlementairen do, déi de Problem opgeworf hunn. Bon, Kapp an de Sand an et geschitt näischt!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Et sinn der esou vill, dass e sech net méi erëmfënnt.

M. Marc Goergen (Piraten) | Genau, Här Di Bartolomeo, Dir hutt Recht, et sinn der esou vill, do géif ech se net méi erëmfannen! Dofir hat ech mer déi heiten elo erausgeschitt, well ech déi nach am Kapp hat vun deemools mat där Problematik, well eeben d'Léierpersonal deemools während Corona schonn déi Problemer opgeworf huet. Wat ass geschitt? Näischt! Si stinn nach ëmmer haut ouni dat néidegt Material do, well de Ministère sech et einfach bequeme mécht a seet: „Dat maachen déi 100 Gemengen.“ Déi 100 Gemenge mussen eens ginn, an doduerjer, wat ass et? De Bierger huet herno net déi selwecht Chancen!

Mir sinn eeben e Parlament, wat fir jiddere gewielt ass, da solle mer och jidderengem déi selwecht Startchancen an d'Liewe ginn, an net ofhängeg dovunner, wou ee wunnt!

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmintère Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat kéint net dacks vir, datt ech der Madamm Hansen Merci soen als Reporter vun hirer eegener Proposition de loi. Ech denken, datt an deem Rapport – schrëftlech wéi awer och mëndlech – hei sämtlech Argumenter schonn eng Kéier ganz objektiv duergeluecht goufen, souwuel de Pro wéi och de Kontra, fir an déi dote Richtung ze goen. Eenzel Riedner hunn et vun där enger Säit respektiv vun där anerer Säit och nach eng Kéier belicht.

D'Regierung huet sech effektiv derfir ausgeschwat, elo net deen dote Wee ze goen, well mer och

mengen, dass es isoliert nur auf d'informatescht Material net ze goen ass. An ech denken, dass sinn organisatoresch Argumenter, et si logistesche Argumenter, et sinn technesch Argumenter, et juristesche Argumenter, déi hei awer ganz kloer soen: Esou einfach, wéi et hei proposéiert ass, geet et sécherlech net.

Do dernieft huet d'Regierung awer och nach ëmmer eng prinzipiell Haltung, dass mer soen: Déi Bildungspartnerschaft, déi mer hunn tëschent staatlechen Instanzen an de Gemengeninstanzen, fir eebe gutt Bildung och an der Grondschoul ze assuréieren, ass eng Plus-value. Et ass eng Plus-value, well mer zesumme kënnen kucken, eeben alles dat ze maachen, wat all d'Riedner hei vereent huet: nämlech ze kucken, d'Moyenen zur Verfügung ze stellen, dass d'Schoulpersonal gutt ka schaffen an dass all Kand gutt Moyenen huet, fir kënnen säi Schoulparcours ze maachen, d'technesch Moyenen an Ekipementer huet an e Kader duerfir fënnt. Do denke mir als Regierung op jidde Fall, dass et eng Plus-value ass, dass mer do als Gemengen an als Staat zesummen un engem Strang zéien.

Bis elo ass et déi dote Kompetenzopdeeling an ech warnen op jidde Fall virdrun, fir elo just ee Punkt do ze diskutéieren. Wann een deen dote wéilt änneren, da misst ee sécherlech méi grondsätzlech kucken. An am Avis vun der Regierung hu mer jo och drop opmierksam gemaach, wat dann nach vu Froe misst kommen. Ech géif souguer soen, wann een elo seet, fir de Kanner dee selwechte Kader an de Schoulen ze bidden, misst ee kucken, dass de Staat dat dote quasi integral finanzéiert, da kéint een dat selwecht Argument op eemol fir quasi all obligatoresch Missiounen vun de Gemengen hei och uwenden. An dann, all obligatoresch Missiounen, déi eigentlech vun de Gemenge musse fir d'Bierger gelescht ginn, wann déi déi selwecht Qualitéit missten hunn, da misst eigentlech de Staat den integrale Finanzement dovun assuréieren, mee et eigentlech selwer och an d'Hand huelen, dat heescht, et verstaatlechen.

Oder, wann ech dat doten Argument nach eng Kéier weiderdreien: Da géifen d'Gemengen hei finalement ganz vill Kompetenz opginn. An ob et dat ass, wat mer wëllen, dat woen ech ze bezweifelen! Ech war e Buergermeeschter, deen ëmmer houfreg drop war, fir senge Schoulen, sengem Schoulpersonal an och senge Schülerinnen a Schüler an de Grondschoule gutt informatesch Ekipementer zur Verfügung ze stellen, awer och do dernieft ze kucken, dass mer gutt an d'Gebaier investéiert hunn, dass mer se ausgebaut hunn, dass mer se moderniséiert hunn, dass mer Schwämmcapacitésen haten. Well alles dat dréit derzou bäi, dass et do eng Chancéglichheet gëtt! An nach eng Kéier, ech denken, wa mer zesummen, Staat a Gemengen, an déi dote Richtung schaffen, da komme mer e Stéck méi wäit.

Villmoos merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7883. Den Text steet am Document parlementaire 7883⁵.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7883

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maache lo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi 7883 ass mat 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmme verworfen.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon

Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ech géif dann d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen gi fir den Depot vun enger Proposition de loi.

(Brouhaha)

Mme Martine Hansen (CSV) | Ech hat elo grad e Rapport iwwert eng Proposition de loi, mee dat geet am Prinzip duer fir mech den Owend.

M. Fernand Etgen, Président | A ok.

(Hilarité)

Dann hat een dat hei uewen net richtig verstanen.

8. 8012 – Projet de loi portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise

Da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour an dat ass de Projet de loi 8012 iwwert d'Schaf vum Institut national des langues Luxembourg. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Jo, merci, Här President. „Sproochevillfalt“ a „Lëtzebuerg“, dat sinn zwee Begrëffer, déi ganz oft zesumme genannt ginn.

(Interruption)

Mat vill Bewonnerung gëtt oft am Ausland op Lëtzebuerg gekuckt, wann ee beschreift, wéi breet a wéi vill Sproochen hei am Land present sinn. Aleng schon, wann ee kuckt, wéi eis Kanner opwuessen a wéi vill Sproochen si an hirem Schoulparcours léieren, dann ass dat einfach e ganz groussen Atout vun eisem Land.

Als weltoppent Land kommen natierlech och vill Leit aus dem Ausland bei eis, fir hei ze liewen an och fir

hei ze schaffen. Oft mussen dofir nei Sproochen geléiert ginn oder awer och Sproochen zertifizéiert ginn, heiansdo och Sproochen perfektionéiert ginn.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

An do brauch een Ulafstellen! Schliisslech kann d'Léiere vun enger Sprooch engem och ganz nei Perspektive bidden, sief dat am Beruff, mee sief dat awer och heiansdo am Privatliewen. D'Sprooch spillt also eng primordial wichteg Roll fir ganz vill Leit, an dat a ganz ënnerschiddleche Situatiounen.

Den INL, den Institut national des langues, ass zu Lëtzebuerg dee wuel wichtigsten Acteur, wann et ëm Sproochecoursé fir Erwuessener geet. Säit senger Grënnung am Joer 2009 ass d'Demande fir seng Coursé konstant an d'Luucht gaangen. Méi wéi 150.000 Inscriptiounen huet den INL iwwert déi lescht zéng Joer gezielt, dorënner virun allem auslännesch Residenten, Frontalieren, Primo-arrivanten, also Leit, déi nei hei an d'Land, op Lëtzebuerg komm sinn. Och ënnert den europäesche Fonctionnairen an am Bankesecteur sinn d'Sproochecoursé vum INL ganz beléift, an dat net zu Onrecht, schliisslech proposéiert den INL eng grouss Panoplie un international unerkannte Formatiounen.

Och wann d'Léiere vu Friemsproochen haut an och an Zukunft ëmmer op éischter Plaz wäert stoen, sou huet den INL am Laf vun de Joren awer eng ganz Rei vun aneren an neie Missiounen bäikritt. Nief dem rengen Apprentissage ass den Institut haut nämlech och nach zoustänneg fir d'Zertifizéiere vu Sproochekompetenzen a fir d'Formatioun un Leit, déi d'Lëtzebuurger Sprooch wëllen enseignéieren.

Mee vu dass dës Missiounen net alleguerde kloer gesetzlech festgehale goufen, hëlt de virleiede Gesetzesprojet genau dës Punkten op de Leescht. Dat aalt Gesetz vun 2009 gëtt abregéiert an duerch en neien Text ersat, deen der Evoluitioun vum INL Rechnung dréit. Engersäits ginn d'Aufgabebereicher vum Sproocheninstitut méi kloer definéiert an anersäits verschidden Adaptatiounen un der Organisatioun an um Fonctionnement vum INL virgeholl.

An engem éischte Punkt proposéiert dëse Projet de loi, den Numm vum INL liicht ëmzënnern. Aus dem „Institut national des langues“ gëtt elo den „Institut national des langues Luxembourg“. Mir hänken also d'Wuert „Lëtzebuerg“ un den alen Numm drun, fir déi lëtzebuergesch Originne vum INLL no baussen och nach besser ervirzehiewen.

An engem zweete Punkt preziséiert dësen Text déi verschidde Charakteristike vun de Sproochecoursen, déi den INLL kann organiséieren.

(Interruption)

Nief den normalen Dagescoursen, den Intensivcoursen an och den Owescoursé ginn och ganz spezifesch Formullen ugebueden, déi de jeeweilege Besoine vum Marché entsprechen. D'Coursé gi souwuel en présentiel wéi och à distance oder souguer an hybrider Form organiséiert. Vum Niveau A1 bis C1 – an am Franséischen och C2 – ginn am INLL sämtlech Sproochenniveaue couvréiert.

Fir der grousser Nofro no de Coursé gerecht ze ginn, goufen an de leschte Jore schon Annexen zu Miersch an um Belval opgemaach. De virleiedenen Text proposéiert elo, eng weider Annex am Norde vum Land ze grënnen a soumat d'Dezentraliséierung vum INLL virunzedreien.

Une voix | Ganz gutt!

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Mat enger drëtter Annex sollen an Zukunft nach méi Kandidaten un de Sproochecoursé kënnen deel huelen a ganz

besonnesch sollen awer och d'Waardelëschten an d'Waardezäite reduzéiert ginn.

Nieft dem rengen Apprentissage ass den INL, wéi virdu schonn erwäant, och fir d'Zertifikatioun vu Sproochekompetenzen zoustänneg. An Zesummenaarbecht mat auslännesche Sproocheninstituter organiséiert den INL nämlech international unerkannt Tester an Examen. Genee wéi d'Sproochecoursë sollen des Tester an Zukunft och an den Annexe vum INLL ugebuede ginn.

Den INL ass haut deen eenzege Centre de certification aus der ganzer Groussregioun, deen Zertifikatiounen a sechs verschiddene Sproochen ubitt: Am Däitschen, am Franséischen, am Engleschen, am Portugiseschen, am Italieeneschen an am Spueneschen. An deem Kader gëtt den INL och reegelméisseg vu Lycéëen hei am Land kontaktéiert, déi hire Schüler d'Méiglechkeet wëlle bidden, sech hir Sproochekompetenzen duerch en internationalen Test zertifiéieren ze looschen. Hei dernieft organiséiert den INL och déi franséisch Sproochentester fir d'Rekrutementsprozedur vum den europäeschen Institutiounen.

Den INL huet haut niewent der Zertifikatioun vun der Friemsproochen och d'Zertifikatioun vun der Lëtzebuurger Sprooch als Missioun. Dofir bitt den INL hautdesdaags zwee verschidden Tester un, den „LaF – Lëtzebuergesch als Friemsprooch“ an de „Sproochentest“ fir d'Acquisitioun vun der Lëtzebuurger Nationalitéit. Spéitstens säit der Reform vun Nationalitéitgesetz ass d'Demande fir de Lëtzebuurger „Sproochentest“ exponentiel an d'Luucht gaangen. Innerhalb vun dräi Joer hu ronn 6.700 Kandidaten diesen Test gepackt a soumat déi duebel Nationalitéit accordéiert kritt.

Wéinst der grousser Nofro no deem Test koum et an der Lescht oft zu laange Waardezäiten, soudatt de verleiende Projet zwou konkreet Léisunge proposéiert: Engersäits schaaft diesen Text eng Onlineplattform, fir d'Organisatioun vun den Épreuves orales ze vereinfachen, an anerersäits kritt an Zukunft all Lëtzebuergesch-Enseignant aus dem INLL d'Erlabnis, de „Sproochentest“ och ze examinéieren. Doduerch sollen da méi Epreuven a méi kuerzer Zäit kënnen organiséiert ginn.

Ech hu virdu gesot, dass den INL nieft dem Apprentissage an der Zertifikatioun nach op engem drëtten Piliër aktiv ass, nämlech an der Formatioun. Säit 2009 organiséiert den INL zesumme mat der Uni Lëtzebuerg eng Formatioun fir Leit, déi spéiderhi selwer Lëtzebuergeschcoursë wëllen offréieren. Et handelt sech heibäi ëm eng Formatioun vun 120 Stonnen, déi op där enger Säit sämtlech Aspekter vun der Lëtzebuurger Sprooch, Geschicht a Kultur couvriert an op där anerer Säit de Leit bäibréngt, wéi een enseignéiert.

D'Reussite vun dieser Formatioun gëtt mam „Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur“ ausgezechent. All Mënsch, dee vun doheem aus Lëtzebuergesch schwätzt an op d'mannst e Premièrediplom huet, kann heirun deelhuelen. Den INL iwwerhëlt op dieser Plaz also de Rôle vum Multiplicateur vun der Lëtzebuurger Sprooch.

A genee dësse Rôle wëllt de verleiende Gesetzesprojet stäerken, andeems en d'Formatioun vum ZLSK moderniséiert an nach besser un d'Besoinen vum Terrain upasst. Ausserdeem sollen d'Coursen an Zukunft ënnert dem Format vum „blended learning“ funktionéieren. Fir den Zweck vun dieser Formatioun besser ze verbildlechen, soll den Diplom en neien Numm kréien: Aus dem „Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur“ gëtt den „Zertifikat Lëtzebuergesch Léiere Léieren“.

Hei dernieft schaaft dës Gesetzestext nach e weidere Zertifikat fir Sproocheformateuren: de „Certificat d'enseignement en langues à visée professionnelle“. D'Detenteuren vun deem Zertifikat sollen zum Beispill als zousätzlech Intervenanten an de Formatiounen vun zum Beispill der ADEM intervenéieren. Während déi zousätzlech Intervenanten den Erwuessenen also dobäi hëllef, hir Sproochekompetenz ze verdéieren, kënnen d'Enseignantë sech eleng op d'Ennerriichte vun hirer Matière konzentréieren.

Nieft sengen dräi Haaptmissiounen – dem Apprentissage, der Zertifikatioun an der Formatioun – ass den INL och an der Fuerschung aktiv. Zesumme mam Commissaire à la langue luxembourgeoise a mam Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch a mam Service de la formation des adultes schaaft den INL un der Entwécklung vu Lëtzebuergesch Onlineresourcen an un der Digitaliséierung vun de Sproochecoursen. Säit e puer Jore publizéiert den INL ausserdeem d'Léierbuch „Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?“.

Am neie Gesetzestext schafe mir elo eng legal Basis fir dës Aufgaben a setze kloer Grenzen tëscht de Missiounen vum INLL an deene vun Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch a vum Service de la formation des adultes.

Zu gudder Lescht proposéiert dës Projet de loi nach eng Rei strukturell Ännerungen um INL. Et gëtt eng Commission consultative gegrennt, déi d'Entwécklungen am Beräich vun der Erwuessenebildung suivéiert an d'Direktioun berode soll. An zwee nei Directeur-adjoints-Poste ginn och geschaaft.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis Oppositionformellen ausgeschwat, véier Stéck, déi no Amendementen vum Ministère dunn all konnte bei eis an der Kommissioun diskutéiert ginn an och opgehuewe ginn. D'Avise vun der Staatsbeamtekummer, der Chambre de Commerce, der Chambre des Salariés an der CNPD sinn, bis op verschidde Remarken, zimmlech positiv ausgefall.

Fir all Detailer verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn och elo den Accord vun der DP-Fraktioun. Ech soen Iech alleguerter Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci dem Här Rapporteur.

An déi éischt agedroe Riednerin ass d'Martine Hansen. Madamm Hansen.

Discussion générale

Mme Martine Hansen (CSV) | Merci, Här President, an e grouse Merci dem Här Rapporteur fir den ausféierleche Rapport. Ech hat mer fënnef Remarken opgeschriwwen, ech bleiwen awer bei enger. Zu dëser Auerzäit geet dat, mengen ech, duer.

Mir begréissen natierlech och, dass eng Annex soll an den Norde kommen. Mir wäeren awer frou, wann dat zäitno géif geschéien an net bis op Mokuchsday e bësse vertaagt géif ginn. An dann awer vläicht eng zweet Remark do derzou: Ech sinn der Meenung, dass mer d'Onlinecoursen an deem Ugebot beim INLL mussen ausbauen, well dat anert wär net méi zäitgeméiss.

Mat deenen zwou Remarken ginn ech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. Dann d'Madamm Closener.

Mme Francine Closener (LSAP) | Villmools merci, Här President. Ech wäert mech och kuerzfaassen, well

de Rapport vum Rapporteur Claude Lamberty war jo ganz exzellent an och detailléiert.

Wien als Erwuessenen eng nei Sprooch léiert, dee mécht sech op fir eng nei Kultur, fir eng nei Mentalitéit. Dat ass ganz gutt an ech mengen, dass dat grad zu Lëtzebuerg extrem wichteg ass. Ech sinn immens frou och doriwwer, dass déi Demande, fir Lëtzebuergesch ze léieren, ëmmer nach weider wisst. Dat beweist jo, dass Lëtzebuergesch net amgaangen ass auszestierwen, ganz am Contraire: 20.000 Leit schreibe sech an all Joer beim INL – INLL méttlerweil –, fir Sproochen ze léieren. An ech denken, d'Sproocheninstitut huet seng Preuvë gemaach. An dee juristesche Kader, deen et elo kritt, fir seng Missiounen och auszufüllen, deen ass méi wéi néideg. Mir begréissen déi Stärkung. Oppenheet an Toleranz si Valeuren, déi och am INL säit jeehier gelieft ginn. Och dat kënnen mer nëmme begréissen.

An deem Sënn ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Här President, mir stëmme mat deem Gesetz, an et gouf scho gesot, net just en neien Numm, mee och eng legal Basis fir den Institut national des langues Luxembourg. Hei ass d'Plaz, wou d'Formatiounen, d'Zertifikatioun an d'Diplomer ronderëm d'Sprooch gereegelt ginn. A mat deem Gesetz ass den Institut elo d'national Autoritéit vun dem Enseignement, der Didaktik an der Zertifikatioun vun der Lëtzebuurger Sprooch.

Säit der Grënnung vum Centre des langues am Joer 1991 huet d'Heterogenitéit vun eiser Populatioun nach eemol maassgeeblech changéiert. Am multilinguale Kontext vun haut, an deem international Mobilitéit, Talentattraction a Migration méi aktuell wéi jee sinn, ass eng zäitgeméiss staatlech Sproocheförderung an Organisatioun e Must.

D'Offer vu Sproochecoursë riicht sech u Residentë wéi Frontalieren, un nei Bierger/inne wéi och déi, déi scho laang hei sinn. Nieft der Offer vu Sproochecoursen huet d'Roll vum Zertifikatiounszentrum an der Ausbildung vun Enseignanten an de leschte Joren eng méi kloer Kontur kritt an den Opdrag ass evident ginn. Dëst spigelt sech am Projet de loi erëm, deen hei en zäitgeméisse Kader festleet an definéiert.

Operationell wäert den Institut net just, wéi elo, an der Stad, zu Miersch an um Belval sinn, mee e wäert och eng weider Annex am Norde vum Land opbauen, fir nach manner Hürden a puncto Accessibilitéit vun de Coursen ze hunn. Accessibilitéit ass evidenterweis e wichteg Stéchwuert: Wéini d'Leit hir Sproochecoursë frequentéieren, hänkt och staark vun hirer socioprofessioneller Situatioun of. Owescoursen, Intensivcoursen vun zwee bis dräi Mol d'Woch, Coursen am Dag oder spezifesch op d'Besoinen vum Aarbechtskontext ugepasst Coursen sinn alleguer wichteg a mussen deemno offréiert ginn.

Och fir d'Lëtzebuurger, déi sech mat internationale Standarde wëllen an enger Sprooch zertifiéieren, ass den Institut des langues eng wichteg Ulafstell. Sou maache beispillsweis sëllege Studenten hei hir Sproochenzertifikatioun, éier se an d'Ausland op eng Uni ginn oder un engem internationale Programm deelhuelen.

A puncto Lëtzebuergesch-Zertifikatioun ass den INLL natierlech d'Referenzinstitution, bei där een den Diplom „Lëtzebuergesch als Friemsprooch“ ka maachen an och den Test fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit ka kréien.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Den neien Institut national des langues Luxembourg ass e breetgefächerten a multidisziplinäre Sproochenzenter: Vu Formatioun, Zertifikatioun, Ausbildung, Recherche a Promotioun vun der Sprooch bitt den Institut vill Offere ronderëm d'Sproochen, mee virun allem och ronderëm d'Lëtzebuenger Sprooch un.

Leit, déi also Ängschte schüeren, dass mer eis Sprooch verléieren an eis Kultur accaparéiert gëtt, kënnen berouegt sinn: D'Lëtzebuenger Sprooch lieft! An dat ass gutt esou. Loosst eis also net Ängschten, Mësstrauen a Grief schüeren! Loosst eis eist grousst Talent fir d'Sproochveifalt héichhalen a mat innovative Vermëttlungsmethoden, mat Coursen, déi op d'Besoinen vun dem Aarbechtsmaart an dem Zesummeliewen ugepasst sinn, an enger enker Zesummenaarbecht ronderëm d'Lëtzebuenger Sprooch an hir Promotioun schaffen!

Merci dem Rapportier fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport. An ech ginn heimadder gären den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Ech soen der Madamm Bernard Merci a ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci och direkt un de Rapportier fir de Rapport. Villmools merci.

Den INL spillt eng ganz grous Roll, eng wichteg Roll. An déi gefält eis och ganz besonnesch, well et ëm Sprooch geet, an och ganz besonnesch dann ëm d'Lëtzebuenger Sprooch. Dat ass eng ganz gutt Saach. A mir hoffen a mir wënschen eis, dass dat an den nächste Jore vill Succès wäert hunn.

A mir hunn déi Zuelen héiere gëschter ..., virgëschter, wéi d'Bevëlkerung an d'Luucht gaangen ass: 150.000 Leit bäikomm an Zäit vun zéng Joer. An da gesi mer awer, bon: Am INL sinn der natierlech vill manner ageschriwwen. Et ass nach Loft no uewen, fir dass mer all deene Leit, déi hei am Land sinn, ubidden, Lëtzebuergesch ze léieren, se dofir motivéieren an hinnen d'Méiglechkeeten dofir ginn.

Komme mer elo hei op de Gesetzestext: Aus dem INL gëtt dann den INLL. Domadder soll da gewise ginn, dass dat zu Lëtzebuerg ass an net iergendwou an der Welt. Ech hu mech dunne erënnert un en anert Gesetz, wat hei gestëmmt ginn ass virun e puer Joer. Dunn ass aus dem SREL den SRE gemaach ginn. Et ass also de Contraire gemaach ginn: Do ass den „L“ fale gelooss ginn – ech weess net firwat –, soudass een hei ka soen: Den „L“ vum SREL, dee geet elo bei den INL.

(Hilarité)

Bon, mir hätten et ganz aneschters gemaach. Mir hätten am Fong, fir elo wierklech dat Lëtzebuergesch ze betounen, ...

(Brouhaha)

... och de Lëtzebuergesch Numm méi erausgestach. Also, mir hätten et genannt – ech mengen, deen Numm gëtt et och –: Nationale Sproocheninstitut Lëtzebuerg.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Fred Keup (ADR) | NSL, mengetweegen.

(Interruption)

Ech mengen, dat ass ...

(Interruption)

Jo, et ass net fir ze laachen. Ech mengen, et geet hei trotzdem ëm eppes ganz, ganz Wichtiges.

M. Sven Clement (Piraten) | Nee, nee, SNL ass „Saturday Night Life“. Dat wär Droit d'auteur gewiescht.

M. Fred Keup (ADR) | De Punkt ass jo deen: Wa mer wëllen an där Logik sinn, wou mer jo och dat dann ënnerstëtzen, dass vill Leit dohinnerkommen an dass déi solle Lëtzebuergesch léieren, dann ass et dach awer e bëssen en zweifelhaft Signal, wa mer grad där Plaz, wou d'Leit Lëtzebuergesch léieren, wou d'Lëtzebuenger Sprooch zertifizéiert gëtt, wou déi, déi dat solle léieren, och ausgebild ginn, wa mer deem Institut dann e franséischen Numm ginn, dee mer dann och permanent widderhuelen.

An dowéinst – do kann ee soen: „Dat ass eng Klenggeheet“ –, mee dowéinst hu mer och hei eng Motioun derbäi. Well et ass eng grous Symbolik, déi matspillt, an et ass net nëmmen an dësem Fall. An ech wëll dofir hei eng Kéier dervu profitéieren, fir dat kloer ze soen, well et ass ee sech d'äers net ëmmer bewusst: Mee déi grous Symbolik vun deenen Nimm! Firwat soe mer de ganzen Zäit „Stade de Luxembourg“? Firwat soe mer „Ville de Luxembourg“? Mir kéinte jo och „Stad Lëtzebuerg“ iwwerall hischreiwene.

(Interruption)

Firwat benotze mer do, wou et wierklech kengem géif wéidoen, net einfach dat, wat typesch Lëtzebuergesch ass – an dat ass d'Lëtzebuenger Sprooch? Ech mengen, dat géif kengem wéidoen an dat wier e flotte Message.

Mee hei ganz konkret schloe mer also mat dëser Motioun absolut et eppes ganz Harmloses vir. An dat ass zwar, dass dee Lëtzebuergesch Numm och dann nieft deem franséische benotzt gëtt an och da genauou vill benotzt gëtt. Dat heescht, wann Der Paperassen hutt oder wann dat iergendwou steet, dass et also op Franséisch an op Lëtzebuergesch ass. Ech mengen, dat misst e Kompromëss sinn, mat deem hei jiddweree kéint liewen.

Ech soen Iech Merci.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

– de *Projet de loi* Nr. 8012 „portant création de l'Institut national des langues Luxembourg et modification de la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité luxembourgeoise“ virgesäit, den „Institut national des langues“ ëmzebennen an „Institut national des langues Luxembourg“,

ass sech bewusst, datt

– en zweifelhaft Signal u Mënschen, déi d'Lëtzebuenger Sprooch léiere wëllen oder léiere müssen, ausgesent gëtt, wann den Institut, deen op nationalem Plang eleng zoustänneg ass fir d'Zertifizéierung vun de Sproochekompetenzen am Lëtzebuergesch, nëmmen e franséischen Numm huet, a kee Lëtzebuergesch, fuerdert d'Regierung op,

– dem „Institut national des langues“ och e Lëtzebuergesch Numm ze ginn, eventuell: „Nationale Sproocheninstitut Lëtzebuerg“, an dësen och ze benotzen, esou wéi dee franséischen.

(s.) Fred Keup.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup. An den nächste ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, ech wëll just villmools Merci soe fir dee gudden Rapport. A mir stëmmen dat dote Gesetz mat. An ech hoffen, déi aner Leit sinn och esou séier, well um 20.50 Auer wëll ech mäin Zuch huelen.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. An ech mengen, dee brauch net op den Zuch ze goen.

(Hilarité et interruption)

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn elo grad mat mengem Kolleeg, dem Marc Goergen, ofgemaach, datt hien d'Madamm Cecchetti kann heemféieren, wann et ...

(Hilarité)

... e Problem mam Zuch sollt ginn.

(Interruption)

Als Éischt emol wollt ech dem Claude Lamberty Merci soe fir den exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Den Institut national des langues ass zu Lëtzebuerg net ewechzededenken. En organiséiert hei am Land net nëmmen d'Sproochecoursen, fir eebe Lëtzebuergesch ze léieren – déi iwwregens esou beléift si wéi nach ni an alljoers quasi nei Aschreiwungsrekorder opstellen –, mee e bitt och nach Coursen an enger ganzer Rei anere Sproochen un, wat et also och Lëtzebuengerinnen a Lëtzebuenger erméiglecht, weltopp an d'Welt ze goen.

Mir sinn e Land mat ville Leit, déi e Migratiounshannergrond hunn, a vun de Frontalieren, déi all Dag heihinnerkommen, guer net ze schwätzen. Nëmmen 38 % vun der Populatioun si Lëtzebuenger an hunn allen zwee Elteren, déi e Lëtzebuergesch Pass hunn. Dat heescht ëmgedrëit, datt 62 % vun eiser Populatioun direkt e Migratiounshannergrond hunn – heiansdo vu méi no, heiansdo vu méi wäit.

A Kanner, déi hei am Land opwuessen, léieren déi offiziell Sproochen zum gréissten Deel an der Schoul. Mee wéi ech grad gesot hunn, gëtt et der ganz vill, déi hir Sprooch eebe vun iergendwou matbruecht hunn an awer Lëtzebuergesch wëlle léieren, an deementspreechend besteet och bei Erwuessenen dëse Besoin. An dat gesi mer mat den Aschreiwunge beim INL.

A genau fir déi brauch et eng breetgefächert Offer. Sief et, datt een eng Sprooch brauch fir seng Aarbecht, mee grad am Fall vun Lëtzebuergesch ass et och eng vun de Viraussetzungen, fir d'Nationalitéit ze kréien. De Besoin no Sproochecoursen, dat net nëmmen am Lëtzebuergesch, ass also immens grous. Dat bewiese jo och d'Zuele vun den Inscriptiounen.

Ech kommen awer nach eng Kéier zrëck op de Punkt vun der Lëtzebuenger Nationalitéit, well grad am Beräich vum Sproochennowais ass de Besoin am Moment ganz grous. An eng engleschsproocheg Onlineplattform huet elo rezent geschriwwen, datt d'Waardezäiten, fir de „Sproochentest“ ofzeleeën, aktuell bei bis zu zwee Méint lieen.

Wann een do derbäi nach déi bis zu aacht Méint rechent, déi de Justizministère brauch, fir neie Lëtzebuenger hir Nationalitéit dann duerno och nach ze octroyéieren, da mierkt ee ganz séier, datt dat eng laangwiereg Prozedur ass. An ech hoffen iergendwou, datt ee vun de positiven Nieweneffekter vun dësem Gesetz wäert sinn, datt mer déi Prozesser e bësse straffe kënnen, datt mer se méi séier gemaach kréien an datt mer doduerjer och vläicht nach deem engen oder aneren, deen et elo wëllt maachen, well am Hierscht Wale sinn, erméiglechen, un dësen als frëschgebakene Lëtzebuenger deelzehuelen, nodeem en da seng Sprooch ganz gutt um INLL geléiert huet. An ech hoffen ...

Domadder gi mir eisen Accord dann och fir dese Projet. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei geet och e grouse Merci un de Claude Lamberty, dee wierklech all Detail vun deem Projet de loi, awer och vun der Offer vum INL hei beliicht huet – wat elo nach den „INL“ ass, an nom Vott hoffentlech dann an der Publikatioun vun deem neie Gesetz den „INLL“.

Ech wëll vläicht nach just kuerz eng Kéier ënnersträichen, datt mer nieft der Dezentraliséierung vun der Offer – well virun e puer Joer war den INL just um Glacis present, um Belval, zu Miersch, an och a Richtung Nordstad wäert e goen, wou konkreet och dru geschafft gëtt – virun allem d'Offer méi no bei d'Leit bruecht hunn, mee awer och d'Offer vervillfältegt hunn an op eng ganz kloer Resonanz och gestouss sinn, mat enger Verdueblung zum Beispill vun den Inscriptiounen, wat Lëtzebuergeschcoursen ubelaangt. Dat heescht, dat sinn 100 % méi Schülerinnen a Schüler, Erwuessener, déi Lëtzebuergesch wëlle léieren.

Mir hunn och am Schouljoer 2019/2020 fir d'alleréischte Kéier méi Inscriptiounen an de Lëtzebuergeschcoursé gehat am INL wéi an de Franséischcoursen, wat ganz kloer en Trend ënnersträicht. A wa mer op déi Chifferen hei verweisen, wéi d'Population zouhëlt – an deem selwechten Zäitraum ëm 25 % –, da gesäit een, datt souwuel den INL eng Offer entwéckelt huet, déi bei d'Leit kënnt, an op där anerer Säit awer och déi Leit, déi bei eis kommen, e groussen Interêt un eiser Sprooch do hunn.

Den INL ass natierlech net nëmmen en Institut, fir d'Lëtzebuergesch ze promovéieren – dat mécht en! Madamm Hansen, dat mécht en och online, mat der Offer „Léier Lëtzebuergesch Online“, Ilo.lu, wou 43.000 Leit sech – net nëmmen hei vu Lëtzebuerg! – ageschriwwen hunn an haut d'Chance notzen, fir online op där Onlineplattform eis Sprooch ze léieren. Et sinn der 27.000 vun hei aus, also Residenten, déi sech ageschriwwen hunn an déi vun där Offer profitéieren, mee et sinn der nach eng Kéier iwwer 16.000, déi net Resident sinn, déi aus dem noen an heiansdo och aus dem wäiten Ausland do eis Sprooch kënne léieren. Dat weist och nach eng Kéier, datt d'Offer vum INL vill méi villfältig ginn ass an iwwert d'Grenze vum Land souguer mëttlerweil schonn erausreecht.

Mee natierlech konzentréiert den INL sech net nëmmen op d'Lëtzebuerg Sprooch, mee op eis Méisproochegkeet ganz besonnesch. An et ass vun deem engen oder anere jo och ënnerstrach ginn: An engem Land mat esou ville Sproochen, mat ënnerschiddleche Kulturen, wou Leit vu baussen och mat hire Sproocher bei eis kommen, do ass et wichteg, fir datt mer eis verstinn an och verstännege kënnen hei zu Lëtzebuerg, datt mer och aner Sproocher léieren an d'Leit eis Sproocher kënne léieren. An dat ass eng zentral Aufgab fir den INL.

Ënner anerem awer och d'Zertifizéierung vun de Sproocher gëtt hei nach eng Kéier ganz kloer als Aufgab ënnerstrach, wéi awer och d'Ausbildung vun den Enseignant, wann et ëm Lëtzebuergesch-Formatioun geet, wat zousätzlech Missioun fir den INL sinn, déi nach eng Kéier gestärkt gi sinn.

An domadder ass den INL haut eppes, soe mer mol, wéi e klenge Goethe-Institut. Mir wëssen, wat d'Goethe-Institut fir déi däitsch Sprooch ass. Den INL – den INLL dann an Zukunft – wäert e Genre Goethe-Institut fir d'Lëtzebuerg Sprooch sinn. An dofir wëll ech hei Merci soe fir d'Zoustëmmung vun deenen allermeeschten Deputéierte fir deen heite Projet de loi.

Vläicht nach, Här President, direkt ee Wuert zur Motioun. Also ech wäert dem INLL recommandéieren, datt een d'Méisproochegkeet och da soll liewen an der Kommunikatioun an dann och soll op Lëtzebuergesch eng Formulatioun fannen, wéi awer och a ganz villen anere Sproochen, fir datt jiddereen, dee bei eis kënnt, och versteet, wat den INLL da bitt a wat en duerstellt, an dann hoffentlech och nach de Wee finalement dohinner fënt.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Educationsminister Claude Meisch. Domat ass d'Diskussion ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8012. Den Text steet am Document parlementaire 8012⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8012 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8012 ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentiuon unanime ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Paul Schaaf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Diane Adehm), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Max Hengel), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth (par Mme Elisabeth Margue), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Paul Galles), Serge Wilmes (par M. Emile Eicher) et Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Mars Di Bartolomeo), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Francine Closener) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da komme mer nach zur Motioun, déi den Här Keup deposéiert huet. Wëllt nach een d'Wuert zu deser Motioun ergreifen?

(Négation)

Da komme mer zum Vott vun deser Motioun.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Da maache mer och elo hei de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 59 Nee-Stëmme ofgeleent.

Une voix | Dat geet net!

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 4 voix pour et 55 voix contre.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par Mme Elisabeth Margue), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth (par M. Paul Galles), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par M. Emile Eicher) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. André Bauler), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par Mme Francine Closener), MM. Dan Kersch et Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Jessie Thill), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

M. Fernand Etgen, Président | Domat si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kënnt de 7., 8. an 9. Mäerz erëm zesammen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 20.23 heures.)

Sommaire

Objet	N°	Auteur	Page	Objet	N°	Auteur	Page
Session ordinaire 2021-2022				Chaleur des datacenters	7341	Martine Hansen, Paul Galles	62
Soutien aux femmes iraniennes	6915	Fernand Kartheiser	46	Autorisation de travail	7343	Nathalie Oberweis	62
Session ordinaire 2022-2023				Salles de bains dans les maisons de retraite et de soins	7346	Marc Goergen	63
Mesures sociales pour aider les personnes physiques et les ménages	7021	Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten	47	Pont sur la Sûre près de Goebelsmühle	7347	André Bauler	63
Vérification des tests PCR	7136	Jeff Engelen	48	Situation des animaux domestiques des réfugiés	7355	Nathalie Oberweis	63
Projets d'infrastructure à Echternach	7194	André Bauler, Carole Hartmann	49	Contrôle des dossiers de protection jeunesse	7357	Sven Clement	63
Accès routier à la « Cité Manertchen » à Echternach	7207	Carole Hartmann	50	Enquête sur les besoins des personnes en situation de handicap au Luxembourg	7358	Sven Clement	64
Nouveau service de messagerie instantanée « Luxchat »	7212	Elisabeth Margue, Diane Adehm	50	Reconnaissance envers le métier d'aide-soignant	7359	Mars Di Bartolomeo	64
Indice de densité du bétail	7232	Martine Hansen	51	Comptes de réseaux sociaux de membres du Gouvernement	7360	Marc Goergen	65
Bornes de charge privées	7241	Martine Hansen, Emile Eicher	51	Androcide	7362	Fernand Kartheiser	65
Bornes de recharge pour voitures électriques	7246	Marc Goergen	51	Diffusion directe ou indirecte de chaînes sanctionnées	7364	Sven Clement, Marc Goergen	65
Taux de suicide chez les jeunes	7247	Nancy Arendt épouse Kemp	52	Évaluation par dépassement	7366	Myriam Cecchetti	66
Problèmes techniques de l'opérateur de paiement Worldline	7250	Nancy Arendt épouse Kemp	53	Fermeture du bureau d'imposition à Wiltz	7369	Carlo Weber	66
Fréquence des trains dans le nord du pays	7251	Marc Goergen	53	Incidents liés à la drogue GHB	7370	Nancy Arendt épouse Kemp	67
Rappel mondial d'appareils respiratoires	7253	Sven Clement	53	Situation au Haut-Karabakh	7372	Fernand Kartheiser	67
Hangar de l'Administration des ponts et chaussées à Echternach	7256	Carole Hartmann	54	Situation à l'Unité de sécurité de Dreiborn (Unisec)	7375	Marc Goergen	67
Natation pour les personnes à mobilité réduite	7257	Sven Clement	55	Mise en œuvre du Pacte logement 2.0	7377	Marc Lies	68
Personnel de l'École nationale pour adultes (ENAD)	7258	Sven Clement	55	Radars sur l'A7	7379	André Bauler	68
Compensation pour le gasoil dans le secteur agricole	7260	Martine Hansen	55	Mise en service de navettes autonomes sans chauffeur au Luxembourg	7380	Chantal Gary	68
Nombre de dossiers au tribunal de la jeunesse et des tutelles	7267	Sven Clement	56	Primes dans le cadre de la mobilité électrique	7383	Léon Gloden	69
Métier d'aide-soignant	7277	Fred Keup, Jeff Engelen	56	Monitoring gratuit du cycle du carbone et de l'azote et de la performance climatique à toute exploitation agricole	7384	Martine Hansen	69
Langues administratives au Luxembourg	7278	Fred Keup	56	Agence européenne de lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme (AMLA)	7385	Dan Biancalana	69
N7 à Marnach	7308	André Bauler	57	Décharge à Nothum	7386	Carlo Weber	69
Renaturation de la Syre	7319	Fred Keup	57	Avenir du chauffage à gaz	7390	Sven Clement	70
Recommandation de construire une piste cyclable « express » entre Arlon et Luxembourg	7321	Chantal Gary, Djuna Bernard	58	Réseaux dans le domaine de la médecine dentaire	7393	Mars Di Bartolomeo	70
FLEX Carsharing	7322	Dan Biancalana	58	Formation professionnelle	7395	Martine Hansen, Marc Spautz	70
Prix de l'eau	7326	Fred Keup, Jeff Engelen	58	Pénurie de pièces centimes d'euro	7396	Mars Di Bartolomeo	71
Construction d'un internat aux alentours du Lycée de Clervaux	7327	André Bauler	59	Aménagement d'une bande de covoiturage sur l'A6	7397	Mars Di Bartolomeo	71
Sécurité routière au croisement entre le CR101 et le CR110 à Clémency	7330	Marc Goergen	59	Mécanisme temporaire de la voie express de la Police grand-ducale	7398	Marc Goergen	71
Foyers pour réfugiés	7332	Nathalie Oberweis	59	Impact du scandale de corruption au Parlement européen sur le Luxembourg	7399	Fernand Kartheiser	71
Contrôle des crèches privées	7334	Marc Goergen	60	Charte chèques-cadeaux	7400	Gusty Graas	72
Politiques de protection des enfants contre les abus dans le sport	7335	Josée Lorsché, Stéphanie Empain	61	Nuisances sonores dans les alentours de l'Aéroport de Luxembourg	7401	Claude Lamberty, Max Hahn	72
Étude concernant les décharges pour déchets inertes	7336	Martine Hansen	61	Risques de santé liés à l'amiante	7402	Mars Di Bartolomeo	72
Sécurité des chauffeurs de bus	7340	Jeff Engelen	62	Évasion fiscale	7403	Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten	73

Mécanisme temporaire de la voie express de la Police grand-ducale	7404	Fred Keup	74	Propositions de la réforme judiciaire avancées par le Ministre de la Justice israélien	7451	Gusty Graas	86
Production de pommes de terre	7405	Martine Hansen	74	Concurrence déloyale dans le secteur agricole	7453	André Bauler, Gusty Graas	86
Vaccination contre la Covid-19	7406	Claude Wiseler	74	Infarctus du myocarde chez les femmes	7454	Carole Hartmann, Gusty Graas	87
Mastectomie	7407	Nancy Arendt épouse Kemp	74	Renouvellement de la route N27A	7456	André Bauler	87
Publication journalière des chiffres concernant la Covid-19	7408	Gusty Graas	75	Encadrement des DPI et BPI arabophones	7457	Sven Clement	87
Immeubles des communes et de l'État vacants	7409	Jeff Engelen	75	« Dry January »	7458	Josée Lorsché, Marc Hansen	88
Nouvelle législation concernant le changement de nom	7410	Mars Di Bartolomeo	75	Augmentation de la traite et de l'exploitation des êtres humains	7460	Nancy Arendt épouse Kemp	89
Héritage de la capitale culturelle Esch2022	7411	Djuna Bernard	75	« FLEX Carsharing » de CFL Mobility	7461	Jean-Paul Schaaf	89
Accouchements	7412	Nancy Arendt épouse Kemp	76	Prise en charge des vasectomies	7462	Nancy Arendt épouse Kemp	90
Aide publique au développement (APD)	7414	Dan Kersch	76	Température de l'eau dans les piscines publiques	7463	Fred Keup, Jeff Engelen	90
Maisons relais	7416	Simone Asselborn-Bintz	77	Interdiction du smartphone à l'école	7464	Fred Keup	90
Mise à disposition des données du transport public	7417	Marc Goergen	77	Délais d'examen de demandes de protection internationale	7469	Djuna Bernard, Stéphanie Empain	91
Éducation financière	7418	Fernand Kartheiser, Roy Reding	77	Ligne de bus 170 de Huldange vers Ettelbruck	7472	André Bauler	92
Épidémie de grippe aviaire	7419	Mars Di Bartolomeo, Tess Burton	78	Pauvreté des personnes âgées	7475	Nancy Arendt épouse Kemp	92
Délais d'attente dans les urgences hospitalières	7420	Mars Di Bartolomeo	78	Centre socio-éducatif de l'État	7479	Octavie Modert, Léon Gloden	92
50 ^e anniversaire du décès d'Edward Steichen	7421	Mars Di Bartolomeo, Simone Asselborn-Bintz	79	Vote du PAG de Grevenmacher	7481	Jeff Engelen	93
Taxation des multinationales	7422	Mars Di Bartolomeo, Yves Cruchten	81	Base légale de la sous-location	7482	Fernand Kartheiser	93
« Push-backs » le long des frontières extérieures européennes	7423	Stéphanie Empain	81	Pompes à chaleur	7483	Marc Goergen	94
Groupe national de guidance en matière de prévention des infections nosocomiales (GNPIN)	7425	Martine Hansen	82	Bureau de poste de Rédange	7485	André Bauler	94
Personnel des centres de vaccination	7426	Sven Clement, Marc Goergen	82	Maison médicale à Ettelbruck	7487	Martine Hansen, Jean-Paul Schaaf	94
Chantier sur l'A13	7427	Nancy Arendt épouse Kemp	82	Projet de construction d'un hôtel à Rodange	7489	Marc Goergen	95
Attaques de loups	7428	Carlo Weber	83	Buts de guerre de l'Ukraine	7490	Fernand Kartheiser	95
Accords de Minsk	7429	Fernand Kartheiser	83	Programme démençe prévention	7492	Gusty Graas	96
Jours fériés listés pour 2024	7433	Marc Spautz	83	Enregistrement de permis de conduire étrangers	7494	Sven Clement	96
Vaccins contre la Covid-19	7434	Marc Spautz	83	Évolution des différentes formes de travail	7500	Mars Di Bartolomeo	96
Carrefour à Reichlange	7435	André Bauler	84	Jeux de hasard	7501	Laurent Mosar, Léon Gloden	97
Finances communales	7438	André Bauler	84	Remboursement des prises en charge en orthophonie	7505	Josée Lorsché, Marc Hansen	97
Sécurité à l'Aéroport de Luxembourg	7440	Fernand Kartheiser	85	Fiabilité des contrôles de la centrale nucléaire de Cattenom	7510	Gusty Graas, Max Hahn	97
Obligation de présenter un numéro de compte bancaire luxembourgeois dans le cadre d'une demande RPGH ou REVIS auprès du FNS	7445	Sven Clement	85	Déclaration de la Ministre des Affaires étrangères allemande à propos de la Russie et de la guerre en Ukraine	7513	Fernand Kartheiser	98
Gouttes K.-O.	7448	Max Hengel, Laurent Mosar	85	Statut de repent	7518	Dan Biancalana	98
				Compte bancaire des sociétés	7519	Laurent Mosar	98
				Sécurité des enfants autour des écoles	8091	Nancy Arendt épouse Kemp	99

Soutien aux femmes iraniennes | Question **6915** (28/09/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An der 19. Sëtzung vun der UNO-Vollversammlung (Sessioun 76) ass Lëtzebuerg, de 14. Oktober 2021, an den UN-Mënscherechtsrot (2022–2024) gewielt ginn. Dofir ass et vu besonneschem Gewiicht, wann den Här Staatsminister a senger rezenter Ried virun der UN-Vollversammlung (23.9.2022) seet: « Nous nous

engageons aussi au Conseil pour promouvoir l'égalité des genres, lutter contre toutes les discriminations, renforcer l'État de droit et l'espace civique et lutter contre l'impunité. » Dës Wieder si vu besonnescher Bedeitung am Liicht vun den aktuelle Fraeprotester am Iran, iwwer déi am „Tageblatt“ vum 24.9.2022 ze liese war („Irans mutige Frauen“): „Wer so handelt, setzt sein eigenes Leben aufs Spiel. Doch ein Ausweg ist mit dem

Regime nicht in Sicht – welche Zukunft soll es also zu verlieren geben, wenn die Menschen nicht einmal eine Gegenwart haben? Wie können wir die Iranerinnen und Iraner unterstützen? Die Amerikaner haben Sanktionen verhängt. Deutschland will den Fall vor den UN-Menschenrechtsgerichtshof bringen.“

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Huet Lëtzebuerg säit dem 1. Januar 2022 am UN-Mënscherechtsrot d'Mënscherechtssituatioun am Iran, besonnesch am Hibleck op d'Ënnerdréckung vun de Fraen, ugeschwat? Wann net, wäert Lëtzebuerg dat am Kontext vun den aktuelle Fraeprotester maachen?

2. Ass Lëtzebuerg bereet, Däitschland dobäi ze ënnerstëtzen, de Fall virun den UN-Mënscherechtsgeriichtshaff ze bréngen? Wann net, aus wéi enge Grënn ass Lëtzebuerg dozou net bereet?

Réponse (31/10/2022) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État

Um Niveau vum UNO-Mënscherechtsrot huet Lëtzebuerg sech den 30. September bei enger gemeinsamer Deklaratioun iwwer d'Situatioun am Iran, a speziell d'Rechter vun de Fraen, ugeschloss (cf. Annex).

An dëser Deklaratioun goufen d'iranesch Autoritéiten ënner anerem dozou opgeruff, onvzüglech eng transparent an onafhängeg Enquête iwwert den Dout vun der Madamm Mahsa Amini ze féieren, soudass déi Responsabel kënnen zur Rechenschaft gezu ginn. Heifir wäert Lëtzebuerg sech och weiderhin asetzen, am Aklang mat der éischter Prioritéit vun eisem Mandat am UNO-Mënscherechtsrot (Kampf géint d'Impunitéit vu Mënscherechtsverletzungen).

Et existéiert allerdéngs keen UNO-Mënscherechtsgeriichtshaff.

(Annexe à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

.....

Mesures sociales pour aider les personnes physiques et les ménages | Question **7021** (19/10/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** | **M. Yves Cruchten** (LSAP)

L'État luxembourgeois dispose d'un réseau considérable de mesures sociales ciblées, de subsides, de subventions, d'aides, de primes pour aider les personnes physiques et les ménages. Ces aides sont précieuses, surtout en temps de crise. Il est évident que pour être efficace, ce soutien doit effectivement atteindre les ayants droit.

Or, certaines de ces aides semblent ne pas être connues ni sollicitées ou encore accordées pour des raisons diverses.

1) Nous aimerions dès lors savoir de Madame la Ministre de l'Environnement quelles sont les aides respectivement subventions, primes, subsides destinés aux personnes physiques et aux ménages, qui tombent sous ses responsabilités.

2) Quel a été le nombre de bénéficiaires et le coût budgétaire estimés lors de la création de ces mesures ?

3) Combien d'ayants droit bénéficient effectivement de ces aides et quel en est le coût budgétaire réel ?

4) Combien de demandes ont été refusées et quelles en sont les raisons principales ?

5) Quelles sont les initiatives des services responsables pour assurer qu'un droit théorique devienne un droit réel aux mesures précitées ?

6) Quelles initiatives ont été prises par le passé pour mieux faire connaître les mesures ? Quelles initiatives sont prévues à l'avenir ?

Réponse (20/02/2023) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Je me permets de répondre aux questions des honorables Députés en structurant la réponse selon les

administrations ou fonds relevant de mes compétences ministérielles et qui traitent les demandes d'aides financières de particuliers.

ad 1) Administration de l'environnement (AEV) :

- PRIME House (trois régimes),
- prime d'encouragement écologique,
- remboursement de la taxe sur les véhicules routiers pour les ménages d'au moins 5 personnes,
- prime pour véhicules à zéro ou faibles émissions de CO₂,
- prime pour bornes de recharge privées.

Administration de la gestion de l'eau (AGE) :

- aide budgétaire aux particuliers pour la mise en place d'une installation de collecte des eaux de pluie.

Fonds pour la gestion de l'eau (FGE) :

- Prise en charge de jusqu'à 33 pour cent des coûts des études et des investissements relatifs à la mise en œuvre des réseaux de collecte des eaux pluviales et des ouvrages destinés à la gestion des eaux pluviales de surfaces à l'intérieur des agglomérations dotées d'un système de collecte des eaux urbaines résiduaires de type séparatif (sont éligibles : communes, syndicats de communes, établissements publics, personnes physiques et morales de droit privé).
- Prise en charge de jusqu'à 100 pour cent du coût des travaux de restauration et de renaturation des cours d'eau, ainsi que les frais d'études et les frais d'acquisitions des terrains nécessaires à la réalisation de ces travaux, mis à part toute mesure de compensation octroyée dans le cadre d'une autorisation au titre de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles (sont éligibles : administrations de l'État, communes, syndicats de communes, établissements publics et [en application de la loi modifiée relative à l'eau de 2017] les personnes physiques et morales de droit privé).

- Prise en charge de jusqu'à 90 pour cent du coût des mesures destinées à réduire les effets des inondations, et jusqu'à 100 pour cent du coût des frais d'études et dépenses connexes (sont éligibles : communes, syndicats de communes, établissements publics, personnes physiques et morales de droit privé : limites supérieures de 20.000 € pour maisons unifamiliales et de 45.000 € pour immeubles d'appartements).
- Prise en charge de jusqu'à 75 pour cent du coût des travaux d'aménagement et d'entretien effectués sur les cours d'eau (sont éligibles : communes, syndicats de communes, établissements publics, personnes physiques et morales de droit privé).

- PRIME House, le règlement grand-ducal modifié du 12 décembre 2012 : 7.598 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis sa mise en vigueur le 01.12.2022, le coût budgétaire est de 78,19 millions d'euros.
- PRIME House, le règlement grand-ducal modifié du 23 décembre 2017 : 5.885 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis l'entrée en vigueur le 01.01.2018, le coût budgétaire est de 36,57 millions d'euros. De plus 3.123 accords de principe ont été accordés.

- PRIME House, le règlement grand-ducal du 19 avril 2022 : 153 accords de principe ont été accordés depuis sa mise en vigueur rétroactive au 01.01.2022. Cependant à ce jour, le traitement des demandes de liquidation par rapport à ce régime n'a pas encore pu être entamé en raison des retards accumulés sur le régime précédent.
- Prime d'encouragement écologique : 33.265 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis sa mise en vigueur le 01.01.2001, le coût budgétaire est de 171,6 millions d'euros.
- Prime pour véhicules à zéro ou faibles émissions de CO₂ (autres que les cycles et cycles à pédalage assisté) : 11.949 véhicules ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2019, le coût budgétaire s'élève à 61,86 millions d'euros.

Administration de la nature et des forêts (ANF) :

- Klimabonusbësch (règlement grand-ducal du 16 avril 2021 instituant une prime pour la fourniture de services écosystémiques en milieu forestier).
- Aides aux mesures forestières (règlement grand-ducal du 3 mars 2022 instituant un ensemble de régimes d'aides pour l'amélioration de la protection et de la gestion durable des écosystèmes forestiers).
- Aides pour l'amélioration de l'environnement naturel (règlement grand-ducal du 30 septembre 2019 concernant les aides pour l'amélioration de l'environnement naturel).

ad 2) AEV :

A priori, chaque habitant peut profiter des aides financières prévues. Dès lors, les articles budgétaires correspondants sont non limitatifs, alors que toutes ces aides financières visent à rendre les citoyens et en revanche notre pays plus indépendant des énergies fossiles. Pour ce qui est du régime d'aides « PRIME House » actuellement en vigueur, les dépenses annuelles moyennes sont estimées à 15 millions d'euros, tendance à la hausse. Les dépenses liées à la promotion de

l'électromobilité et de la mobilité douce évoluent fortement dans le temps, avec la progression de l'électromobilité. Pour 2023, elles sont estimées à plus de 70 millions d'euros.

AGE :

Le montant maximum du subside peut atteindre 1.000 € par demande. Au cours des dernières années, environ 100 demandes sont parvenues annuellement. Lors de la création de la mesure, aucune date limite n'a été fixée.

FGE :

Depuis les inondations de juillet 2021, le FGE constate une hausse du nombre de demandes de subside introduites par les personnes physiques dans le contexte des mesures de protection individuelle contre les inondations (48 nouvelles demandes en 2022).

ANF :

Le coût budgétaire lors de la création du Klimabonusbësch a été estimé à 336.450 € pour 2021. Le pluriannuel évolue pour les années suivantes pour arriver en 2025 à 1.682.250 €.

Le coût budgétaire lors de la création des aides aux mesures forestières a été estimé à 1.500.000 € pour 2022, 1.800.000 € pour 2023 et 1.800.000 € pour 2024.

Le coût budgétaire relatif aux aides pour l'amélioration de l'environnement naturel a été estimé à 80.000 € pour 2022.

ad 3) AEV :

La plupart des régimes d'aides sont ouverts aux personnes physiques et morales (y compris l'État). Il est possible que les aides soient demandées par des sociétés qui peuvent alors déduire le montant du subside sur le prix de vente des objets (maison, appartement, voiture de leasing, ...). Ces régimes sont les suivants :

- PRIME House, le règlement grand-ducal modifié du 12 décembre 2012 : 7.598 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis sa mise en vigueur le 01.12.2022, le coût budgétaire est de 78,19 millions d'euros.
- PRIME House, le règlement grand-ducal modifié du 23 décembre 2017 : 5.885 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis l'entrée en vigueur le 01.01.2018, le coût budgétaire est de 36,57 millions d'euros. De plus 3.123 accords de principe ont été accordés.

- PRIME House, le règlement grand-ducal du 19 avril 2022 : 153 accords de principe ont été accordés depuis sa mise en vigueur rétroactive au 01.01.2022. Cependant à ce jour, le traitement des demandes de liquidation par rapport à ce régime n'a pas encore pu être entamé en raison des retards accumulés sur le régime précédent.
- Prime d'encouragement écologique : 33.265 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis sa mise en vigueur le 01.01.2001, le coût budgétaire est de 171,6 millions d'euros.
- Prime pour véhicules à zéro ou faibles émissions de CO₂ (autres que les cycles et cycles à pédalage assisté) : 11.949 véhicules ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2019, le coût budgétaire s'élève à 61,86 millions d'euros.

- PRIME House, le règlement grand-ducal du 19 avril 2022 : 153 accords de principe ont été accordés depuis sa mise en vigueur rétroactive au 01.01.2022. Cependant à ce jour, le traitement des demandes de liquidation par rapport à ce régime n'a pas encore pu être entamé en raison des retards accumulés sur le régime précédent.
- Prime d'encouragement écologique : 33.265 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis sa mise en vigueur le 01.01.2001, le coût budgétaire est de 171,6 millions d'euros.
- Prime pour véhicules à zéro ou faibles émissions de CO₂ (autres que les cycles et cycles à pédalage assisté) : 11.949 véhicules ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2019, le coût budgétaire s'élève à 61,86 millions d'euros.

- Prime d'encouragement écologique : 33.265 demandes ont pu être attribuées par le biais de ce régime depuis sa mise en vigueur le 01.01.2001, le coût budgétaire est de 171,6 millions d'euros.
- Prime pour véhicules à zéro ou faibles émissions de CO₂ (autres que les cycles et cycles à pédalage assisté) : 11.949 véhicules ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2019, le coût budgétaire s'élève à 61,86 millions d'euros.

- Prime pour véhicules à zéro ou faibles émissions de CO₂ (autres que les cycles et cycles à pédalage assisté) : 11.949 véhicules ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2019, le coût budgétaire s'élève à 61,86 millions d'euros.

Les régimes où des subventions sont exclusivement attribuées aux personnes physiques sont les suivants :

- Remboursement de la taxe sur les véhicules routiers pour les ménages d'au moins 5 personnes : 23.910 familles ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2009. Le paiement des aides est effectué par l'Administration des douanes et accises.

– Prime pour les cycles et les cycles à pédalage assisté : 41.441 personnes ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2019, le coût budgétaire est de 16,56 millions d'euros.

– Prime pour bornes de recharge privées : 2.160 personnes ont pu profiter de ce régime depuis sa création en 2020, le coût budgétaire est de 1,67 millions d'euros.

Depuis la création des aides étatiques auprès de l'Administration de l'environnement, un nombre total de 235.567 dossiers a été accordé et le montant des aides attribuées directement par l'administration s'élève à 635.754.267 € (situation au 01.12.2022).

AGE :

Les 5 dernières années et jusqu'au 11 novembre 2022, 328 dossiers ont été traités et un montant total de 325.176,36 € a été accordé.

FGE :

– Gestion des eaux pluviales : Le montant total des subsides versés aux personnes physiques et ménages au cours des onze dernières années (2012 à 2022) s'élève à un montant de 1.505.522,54 € (24 bénéficiaires).

– Renaturation des cours d'eau : Pas de paiement à ce jour.

– Mesures anti-crues : Le montant total des subsides versés aux personnes physiques et ménages au cours des onze dernières années (2012 à 2022) s'élève à un montant de 89.678,69 € (10 bénéficiaires).

– Entretien des cours d'eau : Le montant total des subsides versés aux personnes physiques et ménages au cours des onze dernières années (2012 à 2022) s'élève à un montant de 10.082,32 € (2 bénéficiaires).

ANF :

– Klimabonusbësch

Pour l'année 2021, 297 demandes ont été accordées pour un montant total de 7.925.455,30 € sur une période de 10 ans. Le montant de la première tranche sur dix liquidé en 2021 s'élève à 792.545,53 €.

Pour l'année 2022, le montant de la deuxième tranche sur dix liquidé pour les demandes de 2021 s'élève à 792.545,53 €.

Au cours de l'année 2022, 127 nouvelles demandes ont été introduites, dont la première tranche sur dix sera liquidée en 2023.

– Aides aux mesures forestières

En ce qui concerne le règlement grand-ducal du 3 mars 2022 instituant un ensemble de régimes d'aides pour l'amélioration de la protection et de la gestion durable des écosystèmes forestiers, 61 demandes ont été accordées et liquidées pour un montant de 329.330,19 €. En ce qui concerne le règlement grand-ducal du 12 mai 2017 instituant un ensemble de régimes d'aides pour l'amélioration de la protection et de la gestion durable des écosystèmes forestiers, un certain nombre de demandes ont été finalisées au courant de l'année 2022. 389 demandes ont été accordées et liquidées pour un montant de 2.471.986,27 € pour l'année 2022.

– Aides pour l'amélioration de l'environnement naturel
En exécution du règlement grand-ducal du 30 septembre 2019 concernant les aides pour l'amélioration de l'environnement naturel, 34 demandes ont été accordées et liquidées pour un montant de 47.789,42 € en 2021. Pour 2022, nous estimons 20 à 25 dossiers pour un montant de 80.000 €.

ad 4) AEV :

Les principales raisons pour lesquelles les demandes sont refusées sont des spécificités techniques qui ne sont pas éligibles au subside respectivement le

non-respect des délais. Le tableau ci-dessous reprend les refus en relation avec les dossiers relevant des réglementations actuellement en vigueur (situation au 01.12.2022).

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

AGE :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

FGE :

Entre 2012 et 2022, dix demandes de subside ont été refusées pour des raisons de non-éligibilité.

ANF :

– En ce qui concerne le Klimabonusbësch, aucune demande n'a complètement été refusée. Pour certaines demandes, quelques parcelles ont été refusées en raison du non-respect des dispositions du règlement grand-ducal. La raison principale était la surface minimale de 0,5 ha non respectée ou la présence d'une monoculture de résineux.

– En ce qui concerne les aides aux mesures forestières du règlement grand-ducal de 2022, 13 demandes ont été refusées en raison du non-respect des dispositions du règlement grand-ducal.

ad 5) et 6) AEV :

Les services responsables continuent leurs initiatives diverses afin que les aides étatiques soient connues par les ménages, que les démarches pour solliciter les aides puissent se faire dans les meilleures conditions et que les aides puissent être accordées pour les projets éligibles des ménages dans des délais raisonnables.

En effet, la Klima-Agence fait une promotion active des aides financières disponibles à travers son site www.klima-agence.lu et à travers ses nombreuses campagnes et événements et l'Administration de l'environnement propose un service de soutien par rapport aux démarches soit dans l'échange direct avec le requérant ou encore sur les sites www.emwelt.lu et www.guichet.lu.

Ainsi, les citoyens ont la possibilité de contacter la Klima-Agence ou l'Administration de l'environnement en amont et tout au long de leur projet. La Klima-Agence propose ainsi un conseil aux citoyens et peut fournir des explications par rapport aux aides adaptées à leurs besoins. Elle peut être jointe au 8002 11 90 ainsi que sous www.klima-agence.lu.

L'Administration de l'environnement mettra sous peu un « FAQ » (foire aux questions) à disposition des requérants (www.emwelt.lu) par le biais duquel il est répondu aux questions et problèmes les plus fréquents.

Pour les questions qui n'y sont pas renseignées, les agents du service aides financières se tiennent à disposition pour toute question relative aux demandes introduites et peuvent être contactés comme suit :

energie@aev.etat.lu pour toutes questions concernant les aides « Klimabonus Wunnen »

car-e@aev.etat.lu pour toutes questions concernant les vélos et voitures.

AGE :

La subvention existe depuis longue date. De manière générale, les entreprises (promoteurs, construction) qui proposent une installation de récupération d'eaux de pluie, informent les clients de la possibilité d'une subvention. Il revient aussi à ces entreprises de garantir au client la conformité de l'installation par rapport aux exigences réglementaires, afin que sa réception résulte dans le droit à l'aide financière. La nécessité d'une campagne relative aux subventions pour la mise en place d'une installation de collecte des eaux de pluie sera analysée.

FGE :

Le Fonds pour la gestion de l'eau peut être contacté pour demander les informations nécessaires par voie téléphonique ou par courrier électronique (fge@mev.etat.lu). Au cours des dernières années, les moyens suivants ont été utilisés pour informer la population :

- réunions d'informations publiques,
- site Internet,
- conférence de presse,
- circulaire ministérielle.

ANF :

L'Administration de la nature et des forêts se tient toujours à disposition à travers la direction et les cinq arrondissements pour toutes questions relatives aux critères à respecter pour bénéficier des aides en question. S'y ajoutent les canaux d'information suivants :

- publications sur www.guichet.lu,
- publications sur www.emwelt.lu,
- élaboration et diffusion d'une brochure,
- articles dans le journal du « Lëtzebuenger Privatbësch »,
- il est prévu de publier également les aides Klimabonusbësch et les aides aux mesures forestières sur le site de www.klima-agence.lu.

Vérification des tests PCR | Question 7136 (08/11/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

Esou wéi an engem oppene Bréif vun der Biergerorganisatioun „Fräi Liewen“ ervirgeet, gouf bei enger Stéchprouf duerch den LNS (Laboratoire national de santé) zu de PCR-Tester, déi am Kader vum Covid-19 erhuewe goufen, festgestallt, datt bei der Géigeprouf just 15 Prozent vun de positive Resultater konnte confirméiert ginn. Den LNS huet insgesamt 59 Tester iwwerpréift, déi sech op 50 Bierger verdeelt hunn, dëst well fir verschidde Bierger méi ewéi een Test kontrolléiert gouf.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill positiv PCR-Tester zu Lëtzebuerg vum 1. Mäerz 2020 u bis zum Enn vun der 42. Kalennerwoch 2022 gemaach goufen, wéi dacks duerch den LNS eng Géigeprouf geholl gouf a wéi d'Resultater vun dëse Prouwen (positiv, negativ, onbestëmmt asw.) ausgefall sinn?

2. Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob Leit, deenen hire PCR-Test bei der Géigeprouf negativ war, heiriwwer informéiert goufen an aus den offiziellen Statistiken zu den Infektionszuelen erausgerechent goufen? Falls net, wéi war déi Decisioun motivéiert? Kann d'Madamm dann nodréiglech déi berengert Statistik presentéieren?

3. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi eng Käschen d'Sozialversécherunge fir Bierger iwwerholl hunn, deenen hir Géigeprouf negativ ausgefall, a wéi héich de Gesamtmontant vun dëse Käsche louch? Falls déi Leit am Hibleck op d'Isolationsdauer, de Krankeschäin asw. d'nämmlecht behandelt goufen, wéi wann d'Géigeprouf positiv gewiescht wier, kann d'Madamm Minister da matdeelen, wéi vill Suen hätte kënnen agespuert ginn, wann d'Leit nom zweeten Test als negativ gehandelt gi wieren?

4. Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob déi Leit, déi no engem positiven Test verstuerwe sinn, awer d'Géigeprouf sech als negativ erausgestallt huet, och an der Statistik vun de Covidverstuerwene gezielt goufen? Goufen déi Hannerbliwwen heiriwwer

informéiert? Falls net, wéi war déi Decisioun motivéiert? Kann d'Madamm Minister nodréiglech déi berengett Statistik presentéieren?

Réponse (11/01/2023) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

Säit dem ministeriellen Arrêté vum 6. Januar 2021 baséierend um Gesetz vum 1. August 2018 iwwert meldepflichteg Krankheeten, ass den Nationale Gesondheitslaboratoire (Laboratoire national de santé – LNS) een nationale Referenzlaboratoire fir akut respiratoresch Infektiounen.

An deem Kontext kritt den LNS all positiv Covid-19-Echantillone vun den anere Laboratoiren, déi medezinnesch Analyse maachen, zougestallt. Den LNS krut säit dem Januar 2021 esou eng 69.851 Echantillonen iwwermëttelt¹.

Den eenzegen Optrag, deen den LNS am Kader vum Referenzlaboratoire huet, besteet doran, e Sequençage vun de Viren op enger statistesch signifikanter Unzuel (d. h. nëmmen engem klengen Deel) vun de positiven Echantillonen ze maachen, fir domat den Typ vu Variant festzustellen a Statistiken iwwert d'Zirkulatioun vun de Varianten zu Lëtzebuerg ze erstellen an dem Europäeschen Center fir de Contrôle an d'Preventioun vun Infektiounskrankheeten (European Centre for Disease Control and Prevention – ECDC) ze mellen.

Et sief ënnerstrach, datt den LNS net den Optrag kritt huet, eng diagnostesch „Géigeprouf“ ze maachen an d'Aarbecht vun den anere Laboratoire souzesoen domat ze kontrolléieren. Dëst ass eng falsch Informatioun, déi leider nach ëmmer diffuséiert gëtt.

Wat déi sougenannte Statistike betrëfft, déi d'Biergerorganisatioun verbreet, muss ee Follgendes soen:

– Et handelt sech heibäi ëm eng ganz geréng Zuel vun ongeféier 50 Tester, aus där een näischt extrapoléiere kann iwwert den Total vu bal 70.000 Echantillonen, déi den LNS kritt huet.

– Den Detectiounsseuil (d. h. d'Quantitéit vu Virus, déi ee brauch, fir en Test ze maachen) ass bei der diagnostescher PCR vill méi niddereg wéi beim Sequençage. Et brauch ee wéineg Virus, fir eng Infektioun festzestellen mat enger PCR, mee et brauch ee vill Virus, fir e Sequençage ze maachen. Dofir kënnen béid Tester net mateneen verglach ginn.

– Well den LNS de Sequençage nëmmen op engem klengen Deel vun den Echantillone mécht, ass et normal, datt ee manner Resultater fir de Sequençage am LNS huet wéi fir d'diagnostesch PCR-Tester an den anere Laboratoiren.

De Sequençage ass deemno keng Géigeprouf fir eng diagnostesch PCR, soudatt déi vum honorabelen Deputéierte gestallte Froen ouni Objet sinn.

Projets d'infrastructure à Echternach | Question 7194 (16/11/2022) de **M. André Bauler** | **Mme Carole Hartmann** (DP)

Zanter Jore stellen sech eng Rei Infrastrukturproblemer zu Iechternach, déi entweder ongeléist bleiwen oder nëmme lues a lues aus der Welt geschaf ginn. Och wann dës infrastrukturell Retarde virun allem an d'Verantwortung vun der Gemeng oder vu privaten Acteuren falen, sou dréit awer och de Staat eng speziell Responsabilitéit, wann et drëms geet, fir den „Image de marque“ vun der Abteistad, déi international bekannt ass, opzewäerten.

An deem Kader wollt mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an der Madamm Kulturministesch follgend Froen stellen:

1. Ass et virgesinn, fir de Site vum Lycée opzewäerten (Restauration vun de Fassaden, Erneuerung vun den ëffentleche Plaze ronderëm de Lycée, ...)? Gëtt och un eng Restauratioun vun der Basilika geduecht, déi dem Staat jo gehéiert (Renovierung vum Banneraum, Restauratioun vun de Fassaden, ...)?

2. Ass och schonn e Projet entwéckelt ginn, fir de Park laanscht d'Sauer ze rehabilitéieren? Wéi wäit sinn d'Aarbechten um historesche Pavillon fortgeschratt?

3. Wou ass de Staat nach gewëllt, fir seng eegen Infrastrukturen am Raum Iechternach ze moderniséieren?

4. Wéi laang wäerten déi archeologesch Fouillen um Site vun der fréierer „Petite Marquise“ nach daueren? Wat sinn d'Conclusiounen zu de rezenten Aarbechten?

Réponse (06/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Culture

ad 1. No den Iwwerschwemmung vum 14. a 15. Juli 2021 huet de Staat vill an d'Reparatur an den Neesopbau vun den Infrastrukturen an de Gebaier vum Site vum Lycée investéiert.

Grouss Deeler vun den techneschen Infrastrukturen an der Bausubstanz sinn deemools zerstéiert oder beschiedegt ginn.

Et sinn aktuell nach ëmmer Sanéierungsarbeiten am Lycée amgaangen, déi nach bis Enn 2024 wäerten daueren, well a Phase geschafft muss ginn:

– Ersetze vum Parquet an der Cafeteria,
– Sanéierung vun all de Klasesäll (insgesamt 28 Stéck), déi sech um Rez-de-chaussée vun den Annexe befannen,

– Déplacement vum Nidderspannungshaaptverdeelung vum ganze Site an der Aile gendarmerie: d'Héichsetze vun der Zentralbatterie vun der Noutbellichtung, vun der Zentral vun der Feierdetektioun, vum Rack informatique a vum Reegelungschaaf vun der Heizung.

Des Weidere kann och eng Sanéierung vun de Fassade vun den Annexe vum Lycée néideg ginn, well och si duerch d'Iwwerschwemmung staark beschiedegt gi sinn. An deem Kontext muss nach eng Expertise op der Plaz gemaach ginn, fir d'Envergure vun den Aarbechten ze definéieren.

Déi ëffentlech Plaze ronderëm de Lycée sollen och renovéiert ginn. Heifir ass geplangt, eng Etude am Zusammenhang mam Projet vum Park laanscht d'Sauer ze lancéieren.

All dës Moosname wäerten zu enger Opwärtung vum Site vum Lycée bäidroen.

Bezüglech der Basilika sinn Aarbechten an der Planung, dat zesumme mam Institut national pour le patrimoine architectural – INPA. Eng Pre-Etüd an eng finanziell Aschätzung vun dësen Aarbechten si schonn ausgeschafft ginn. En Opmooss mat enger statescher Analys ass och fäerdeg, souwéi och eng Etüd vun de Vitrauen. Weider Etüde sinn an der Maach, dat fir d'Fassaden, de Banneraum, d'Wandmolereien, d'Gespär, d'Klima, d'Uergel, d'Klacken, de Mobilier an d'Konschtwierker an der Basilika.

ad 2. Fir de Park ass eng historesch an architektonesch Etüd ausgeschafft ginn. D'Entwécklung vum Park vum 16. Joerhonnert konnt esou retracéiert ginn. En Ensembl vu Kaarten, Zeechnungen, Pläng a

Fotoe sinn archivéiert an opgeschafft ginn. En Inventaire vun den architektoneschen Elementer gouf och gemaach. Eng präzis Analys vum Henri Luja sengem Plang ass identifizéiert an interpretéiert ginn. Dorops ass en éischte „schéma directeur“ betreffend d'Konzept vun der Conservatioun a vun der Restauratioun ausgeschafft ginn. De „schéma directeur“ muss elo mat alle concernéierten Acteuren diskutéiert ginn, éier dann e Gestionsplang opgestallt gëtt.

ad 3. D'Policekommissariat vun Iechternach gëtt komplett renovéiert an transforméiert. Hei fänken d'Aarbechten am Januar 2023 un an dauere virausiichtlech bis Ufank 2024.

Eng Étude de faisabilité fir d'Gebai 47, rue des Romains ass amgaangen. An dëser fréierer Déngschwunneng vun der Police soll e Foyer de jour et de nuit fir 8 Kanner amenagéiert ginn. D'Gebai ënnerläit dem Educatiounsministère.

Den Daach vum Gebai vun der Stroossebauverwaltung, 21, route de Wasserbillig, kritt eng nei Iwwerdeckung aus Schifer. Dës Aarbechte si fir d'éischt Semester 2023 geplangt.

Ausserdeem ass geplangt, fir an der Villa Gallo Romaine déi bestoend Gasheizung duerch eng Wärmepompe ze ersetzen. Dës Aarbechte sollen am 2. Semester 2023 realiséiert ginn.

ad 4. De Gros vun de Fouillen ass ofgeschloss, am Moment sinn nach punktuell Ënnersichungen amgaang, fir nach weider Erkenntnisser aus dem Ëmfeld vum Virhaff ze kréien, wou spéiderhin d'Fundamente fir den Neibau vun der Petite Marquise solle stoe kommen. Am Beräich vun Haaptgebai, der Curtis, déi hanner der deemoleger Petite Marquise läit, sinn d'Ausgruewungen ënnerbrach, well d'Strukturen am Buedem besser duerch de Wanter respektiv duerch de spéideren Iwwerbau kommen. Hei hänkt et vun de Planifikatiounen of, wéini a wou nach eng Kéier kuerzfristeg intervenéiert muss ginn. Dat wäert an enker Ofsprooch mat alle Bedeelegte geschéien.

D'Ausgruewungen am Beräich vun der Petite Marquise hu ganz bedeutend Strukturen un den Dag bruecht, déi net nëmmen um Plang vun der Abteistad, mee och um nationalen an europäesche Plang vu grousser Bedeitung sinn: Mir hunn hei de komplette Grondrëss vun Iechternacher Klouschterhaff, dee laut Recherchë vum Historiker Henry Trauffer bis an d'Grënnungszäit vum Klouschter, also bis an d'Zäit vum hellege Willibrord zréckgeet. Déi archeologesch Decouverté ginn effektiv bis an dës Zäit zréck.

D'Mauern aus Steng hunn hir Ufäng allerdéngs aus der Zäit vum Siegfried I. vu Lëtzebuerg, deen als leschte Laienabt vum Klouschter déi sougenannten Ottonesch Klouschterreform ëmgesat huet, dat heescht hien huet d'Amt vun Laienabt si gelooss, ass awer Vogt bezéiungswies Obervogt vum Klouschter bliwwen. Als Vogt huet hien (a seng Nofolger) d'Klouschter no bausse vertruuden a war op deementsprechend representativ Gebailechkeeten ugewisen. De Site läit strateegesch gutt um Kräizpunkt tëschent den Haaptstroossen, déi sech um Maartplaz treffen, mee och d'Veaarbechtung vun de Steng ass extreem opwenneg.

Am Verglach mat aneren europäesche Sitte weist sech, dass mir et hei mat extreem fréi an elaboréierten herrschaftleche Strukturen ze dinn hunn, déi esou an hirer Gesamtheit bis elo eenzegaarteg sinn. Hei besteet also eng eenzegaarteg Méiglechkeet, fir den Ufank vun eiser mittelalterlecher Geschicht ze verdäitlechen, dëst géllt net nëmme fir d'Geschicht vum Klouschter, mee besonnesch fir d'Geschicht vum Grof Siegfried a senger Famill, déi Ëmgang mat den héchste Perséinlechkeeten aus där Zäit haten, an där

¹ Situatioun op Mëtt Oktober 2022

hir Duechter d'Kunigunde souguer Keeserin ginn ass. Dësen Aspekt vun eiser Geschicht gëtt effektiv bis elo kaum duergestallt, well dat aalt Bild vum „Klenge Grof aus den Ardennen“ nach ëmmer dominiéiert.

.....

Accès routier à la « Cité Manertchen » à Echternach | Question 7207 (17/11/2022) de **Mme Carole Hartmann** (DP)

Hannert der Industriezon vun Iechternach soll d'Wunngebitt „Cité Manertchen“ iwwer e Projet vum Fonds du logement considerabel ausgebaut ginn. Et gëtt de Moment just een Accès zu der Cité Manertchen, deen iwwer d'Nationalstrooss CR139 féiert. E Fousswee gëtt et net, net fir an d'Industriezon, an net fir an d'Cité Manertchen.

An engem Vëloskonzept vun der Stad Iechternach vun 2011 gouf e Vëloswee ugeduecht, deen duerch d'Industriezon an d'Cité Manertchen géif féieren. Eng aner Méiglechkeet wär e Vëlos- a Fousswee duerch de sougenannten „Alen Uesweiler Wee“.

An deem Kader wollt ech dem Här Wirtschaftsminister, dem Här Wunnungsbauminister an dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Fro stellen:

– Ass et iwwer déi lescht Joren, zesumme mat de Gemengeresponsabele vun der Stad Iechternach, Iwwerleeunge ginn, fir weider Accésen an d'Cité Manertchen ze schafen? Wa jo, wéi eng Optioune goufen ugeduecht?

– Wäert et en zweeten Accès fir motoriséiert Gefierer an d'Cité Manertchen am Kontext vum Ausbau vun der bestoender Cité ginn? Wa jo, wou soll dësen Accès hikommen? Wann nee, firwat gëtt et kee weideren Accès? Misst net weinstens fir d'Chantiersperiod vum Ausbau vun der Cité Manertchen en zweeten Accès virgesi ginn? Wa jo, wou?

– Ass ugeduecht, dass e Vëlos- an/oder Fousswee vum Kär vun Iechternach an d'Industriezon respektiv an d'Cité Manertchen féiere soll? Wa jo, wou soll(en) dës(e) Wee(ër) laanschtféieren? Wéi ass et notament mat engem Vëlos- a Fousswee duerch de sougenannten „Alen Uesweiler Wee“ oder op der bestoender Strooss vun Iechternach an d'Industriezon? Wa kee Wee envisagéiert gëtt, firwat net?

– Wéi stinn d'Häre Ministeren zu engem Wee respektiv engem Strooss, deen d'Industriezon mat der Cité Manertchen verbënnt? Wéi ass et notament mam Vëloswee duerch d'Industriezon an d'Cité Manertchen, deen am lokale Vëloskonzept vun 2011 ugeduecht war?

Réponse (17/01/2023) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Eng Rei Accésen zur Cité Manertchen goufen am Joer 2021 studéiert an dem Schäfferot an dem Gemeengerot presentéiert: den Accès fir de motoriséierten Trafic, fir déi douce Mobilitéit tëscht der Cité Manertchen an der Stad Iechternach, esouwéi och e proviso-reschen Accès fir d'Dauer vun den Amenagements- a Bauaarbechten.

Eng Analys vum aktuellen Trafic an eng déifgräifend Etude iwwert den zukünftege motoriséierten Trafic hu gewisen, dass den aktuellen Accès haut schonn d'Dimensiounen huet vun deem, wat an Zukunft gebraucht gëtt. Den zousätzleche Verkéier, deen duerch den Ausbau vun der Cité Manertchen entsteet, wäert nëischt änneren un der Qualitéit vum aktuellen Accès.

Fir d'Dauer vum Chantier ass e proviso-reschen Accès virgesinn am Oste vum Quartier, fir ze verhënneren,

datt Baumaschinnen duerch den existente Quartier fueren.

Wat déi douce Mobilitéit betrëfft, ass e Wee fir Foussgänger a Vëlosfuerer studéiert ginn. Dräi Variante sinn zrëckbehalen an der Gemeng presentéiert ginn.

D'Etudé fir e Foussgänger- a Vëloswee tëscht der Cité Manertchen an der Stad Iechternach si vum Fonds du logement financéiert a begleet ginn. Déi verschidden Alternative sinn dem Schäfferot presentéiert ginn. De Choix an d'Realisatioun dovu leien an der Kompetenz vun der Gemeng.

D'Vëlosubannung vun der Cité Manertchen an der Aktivitéitszon un den Zentrum vun Iechternach ass eng Aufgab vun der Gemeng. An enger Concertatioun vum 14. Oktober 2020 mam Wirtschaftsministère ass constatéiert ginn, dass et a priori schwierig wier, eng sécher Fous- a Vëlosverbindung duerch d'Aktivitéitszon ze realiséieren. Well awer d'Ubannung vun de Wunnquartieren an den Aarbechtsplazen un de Vëlosreseau och am Nationale Mobilitéitsplang 2035 als eng noutwenneg Measure erkannt ginn ass an et sech bei dem Haaptaccés an d'Aktivitéitszon ëm d'Staatsstrooss CR368A handelt, sinn d'Servicer vum Ministère fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte gäre bereet, zesumme mam Wirtschaftsministère an der Gemeng méi am Detail ze kucken, ob net awer technesch eppes méiglech wier.

D'Planifikatioun vum neie Quartier Manertchen gesäit eng Ubannung vir un den existente Foussgängerreseau. Eng vun de Variante fir e gemëschte Wee fir Foussgänger a Vëlosfuerer tëscht der Cité Manertchen an der Stad Iechternach respektéiert d'Vëloskonzept vun 2011 vun der Stad Iechternach.

.....

Nouveau service de messagerie instantanée « Luxchat » | Question 7212 (21/11/2022) de **Mme Elisabeth Margue** | **Mme Diane Adehm** (CSV)

Le 16 novembre 2022, le Gouvernement a annoncé le lancement d'un nouveau service de messagerie instantanée baptisé « Luxchat », un service développé au Luxembourg et dont les données sont hébergées au Grand-Duché. L'objectif est de fournir un moyen de communication sécurisé pour les communications professionnelles au sein du secteur public.

Dans ce contexte, nous voudrions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre délégué à la Digitalisation :

1) Quelle est la nécessité d'un tel nouveau service de messagerie instantanée ? Est-ce qu'une analyse du véritable besoin d'une application de ce type pour le secteur public a été réalisée ?

– Dans l'affirmative, qui a procédé à cette analyse ? De quelle manière a été sélectionnée la partie ayant procédé à cette analyse ?

– Dans l'affirmative, combien a coûté cette analyse ?

– Dans l'affirmative, quelles sont les conclusions de cette analyse ?

2) Qui est en charge du développement de l'application « Luxchat » ? Est-ce qu'un cahier des charges a été élaboré ?

– Dans le cas où une entreprise privée serait en charge du développement, est-ce qu'un appel d'offres a été organisé ?

• Dans la négative, comment cette entreprise a-t-elle été sélectionnée ?

• Dans l'affirmative, est-ce que cette entreprise a su répondre précisément à tous les besoins exprimés par l'appel d'offres ?

• Combien coûte le développement de l'application « Luxchat » ?

3) Est-ce que l'exploitation de ce nouveau service de messagerie instantanée est liée à des frais de licence ? Dans l'affirmative, à combien s'élevaient-ils ?

4) Qui est en charge de l'exploitation et la maintenance de l'application « Luxchat » ? Est-ce qu'un cahier des charges a été élaboré ?

– Dans le cas où une entreprise privée serait en charge de l'exploitation et de la maintenance, est-ce qu'un appel d'offres a été organisé ? Dans la négative, comment cette entreprise a-t-elle été sélectionnée ?

– Combien coûte l'exploitation et la maintenance de l'application « Luxchat » ?

5) Prenant en compte tous ces différents frais, quel est le budget total de l'application « Luxchat » ?

6) Quel est le délai prévu pour le lancement de ce nouveau service de messagerie instantanée pour les agents du service public ? Quels agents exactement du service public pourront bénéficier de l'application « Luxchat » ?

– Quels sont les critères de sélection pour déterminer quels agents pourront bénéficier de l'application « Luxchat » ?

– Est-ce que l'application « Luxchat » sera installée sur leur téléphone portable privé ou est-ce que le Gouvernement entend mettre à disposition des téléphones professionnels à tous les agents concernés par l'utilisation de ce nouveau service de messagerie instantanée ?

7) D'après les informations relayées par le Gouvernement, « Luxchat » sera disponible à terme pour l'ensemble de la population. Quel est le délai prévu pour la version « tout public » ?

– Est-ce que cette version « tout public » sera gratuite pour ses utilisateurs ? Est-ce que le Gouvernement entend monétiser ce nouveau service de messagerie instantanée, notamment via de la publicité ?

– Est-ce que les données de cette version « tout public » seront stockées sur les mêmes serveurs que les données liées à l'utilisation de l'application « Luxchat » par les agents du secteur public ?

– Est-ce que les données de cette version « tout public » vont bénéficier du même niveau de sécurité que les données liées à l'utilisation de l'application « Luxchat » par les agents du secteur public ?

Réponse (11/01/2023) de **M. Marc Hansen**, Ministre délégué à la Digitalisation

À ce jour, il n'existe pas de solution de messagerie instantanée unifiée et dédiée à des fins professionnelles pour le secteur public.

Pour remédier à cette situation, le Ministère de la Digitalisation a, en 2020, commandé un projet pilote réalisé par Securitymadein.lu, la Fondation Restena et le GIE LU-CIX, qui vise à évaluer la faisabilité d'une solution de messagerie instantanée pour le secteur public, garantissant notamment un chiffrement end-to-end des communications, une interopérabilité avec des mécanismes d'authentification tiers et un hébergement au Luxembourg. Lors de ce projet, les besoins et attentes des différentes administrations et entités étatiques ont été collectés.

Sur base des expériences gagnées par le projet pilote précité, le Ministère de la Digitalisation a fait élaborer un cahier des charges pour la mise en place d'un service de messagerie instantanée pour le secteur public. En août 2022, le marché a été attribué au GIE LU-CIX suivant les dispositions de la loi du 8 avril 2018 sur les marchés publics.

L'État a conclu un contrat de prestation de service avec le GIE LU-CIX, chargeant le prestataire de la mise en place du service, ainsi que de l'exploitation et de la maintenance du service pendant cinq ans. Le contrat couvre différents scénarios dépendant du nombre

d'utilisateurs, allant de 10.000 à 40.000 utilisateurs. Pour le démarrage du service, les coûts liés au développement des applications, ainsi qu'à la mise en place de l'infrastructure et la mise en production du service de messagerie adapté aux besoins du secteur public s'élèvent à environ 630.000 EUR HTVA en frais unique. Les frais annuels liés à la mise à disposition du service, le support et la maintenance s'élèvent pour un scénario de 10.000 utilisateurs à un montant de 550.000 EUR HTVA. Lorsque le nombre augmente à 40.000 utilisateurs, ces frais annuels pourront évoluer jusqu'à un montant de 725.000 EUR HTVA. Des frais éventuels de coûts de licence seront couverts par le prestataire de service. En ce qui concerne le service offert au secteur public et couvrant le scénario d'un maximum de 40.000 utilisateurs, l'État a prévu pour les années 2022 à 2028 un budget pluriannuel total de 4.340.789 EUR HTVA.

Il est prévu d'offrir à partir du deuxième trimestre 2023 la solution «Luxchat du secteur public» à tous les agents ayant un identifiant IAM géré par le CTIE. Les applications pourront être installées sur le matériel informatique fixe ou mobile des agents de l'État ainsi que sur leurs appareils personnels.

Le contrat de prestation de service conclu avec le GIE LU-CIX ne couvre ni la mise en place de l'infrastructure, ni la mise en production du service de messagerie destiné au grand public.

Cependant le Ministère de la Digitalisation s'est associé au GIE LU-CIX et à la Chambre de Commerce pour lancer une version «Luxchat grand public» destinée à l'ensemble de la population, des frontaliers et des entreprises.

Le GIE LU-CIX est le premier prestataire du service en question ayant confirmé vouloir offrir le service «Luxchat grand public» au courant du troisième trimestre 2023.

D'après le GIE, l'application sera mise à la disposition du grand public et des entreprises gratuitement et les données bénéficieront du même niveau de sécurité que celles liées à l'utilisation de l'application du secteur public. Les infrastructures informatiques et le stockage des données seront décentralisés et sous l'autorité des différents prestataires de services, et séparés du service «Luxchat du secteur public» dédié aux agents du secteur public.

Indice de densité du bétail | Question 7232 (23/11/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

An de leschten Deeg sinn d'Bauern iwver d'Berechnung vum Véibestand bei den eenzele Fördermoosnamen an den Agrarëmwelt- a Klimaprogrammer informéiert ginn. Eisen Informatiounen no gëtt z. B. bei der „Beihilfe zur Beibehaltung eines niedrigen Viehbestandes“ an och bei der „Beihilfe zur Reduzierung des Rinderbestandes“ fir d'Berechnung vun der Besatzdichte nëmme d'Fudderfläch zu Lëtzebuerg berécksiichtegt. Allerdéngs bewirtschafte vill Betriber Fudderflächen an der Grenzregioun, och well den Drock um Land an der Landwirtschaft extreem héich ass. Dës Situatioun gëtt nach verstärkt, well de Staat selwer, mee och eng Partie aner Organisatiounen, landwirtschaftlech Flächen opkafen.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Wéi vill Hektar Fudderfläch gi vu Lëtzebuurger Baueren an den Nopeschlänner bewirtschaft?

2. Firwat gëtt bei de Fördermoosnamen net no der reeller Situatioun vum Betrieb gekuckt respektiv firwat ginn d'Fudderflächen, déi Betriber an der Grenzregioun bewirtschaften, net bei der Berechnung vun der Besatzdichte berécksiichtegt?

3. Ass de Minister gewëllt, dës Reegelung nach unzepassen?

– Wa jo, wéini?

– Wann neen, firwat net a wéi wëll de Minister déi konsequent Benodeelegung vun dese Betriber verhënnere?

4. Wéi wëll de Minister Bauere motivéieren, déi bereet sinn, hire Véibestand pro ha Fudderfläch ze reduzéieren, déi awer e groussen Deel vun hirer Fläch am Ausland hunn?

5. Ass de Minister net der Meenung, datt dës Reegelung den Drock op d'Land zousätzlech verschäerft?

– Wa jo, wat wëllt de Minister dergéint maachen?

Réponse (11/01/2023) de M. Claude Haagen, Ministere de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Am Ganze gi 4.917 ha Fudderfläch vun 240 Lëtzebuurger Bauerenhäff am Ausland bewirtschaft, dat si 6 % vun den insgesamt 82.458 ha Fudderfläch, déi d'inlännesch Bauerebetriber bewirtschaften.

ad 2. D'Zil vun dese Moosnamen ass, datt am Inland eng substanzuell Reduktioun vum Véibestand erreicht gëtt, notamment am Sënn vun engem verbesserte Waasserschutz an der Reduktioun vun de Luftschadstoff.

Et soll verhënnert ginn, datt Betriber sech am Ausland Fläche bäipachten, fir iwwer dee Wee an de Genoss vun dese Primmen ze kommen, ouni datt awer déi ugestriefte niddreg Bestandsdichten a Wierklechkeet op den Terrainen hei am Land agehale musse ginn.

ad 3.

– Neen, et ass am Moment aus den opgezielte Grënn net virgesinn, dës Reegelung unzepassen.

– /

ad 4. Et sinn eng ganz Rei aner Moosnamen virgesinn, déi och vu Betriber genotzt kënnen ginn, déi hire Véibestand reduzéiere wëllen, awer ee gréisseren Deel vun hire Fudderflächen am Ausland hunn.

Dozou gehéieren zum Beispill d'Reduzierung vun der Stéckstoffdüngung, d'Moosnamen fir d'Extensivierung vum Dauergréngland oder och d'Weidehaltung.

Och déi Primme kënnen awer nëmme op de Flächen ausbezuelte ginn, déi och hei am Land bewirtschaft ginn.

ad 5. Neen, net méi wéi déi aner Primmen, déi un d'Fläche gebonne sinn.

– /

Bornes de charge privées | Question 7241 (24/11/2022) de Mme Martine Hansen | M. Emile Eicher (CSV)

Laut eisen Informatiounen kritt all eenzel stoend Haus just eng privat Luedstatioun fir E-Autoen opzeluede vun der Creos autoriséiert.

An deem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann den Här Minister eis dës Informatioun bestätegen? Wa jo, wat sinn d'Ursaachen heifir?

2. Ginn et hei Ennerscheeder jee no Leeschtung vun der Luedstatioun, bzw. jee no Unzuel vun den Uschlëss pro Statioun?

3. Ginn et hei Ennerscheeder an den eenzele Regiounen vum Land?

4. Wéi eng Léisunge ginn et fir Appartementshaiser an de verschiddene Regiounen vum Land?

Réponse (11/01/2023) de M. Claude Turmes, Ministere de l'Énergie

ad 1. bis 3. D'Netzbedreier autoriséieren am Prinzip 11 kW fir Elektromobilitéit an engem Eefamilljenhaus. Déi Reegel ass doduerch bedéngt, dass d'Netzer och esou ausgeluecht ginn, dass all Eefamilljenhaus déi Leeschtung fir Elektromobilitéit ka kréien, an dass déi Leeschtung fir déi allermeeschte Fäll duergeet. Dës Limitatioun bedeit nämlech net, dass een nëmme eng Born dierf installéieren, mee dass ee muss sécherstellen, dass d'Bornen an engem Eefamilljenhaus zesumme gläichzäitig net méi wéi 11 kW Leeschtung zéien. Dëst kann zum Beispill duerch en intelligente Laaschtmanagementsystem séchergestallt ginn.

Et ass och ervirzehiewen, datt et interessant ass, bei der Mobilitéit zum „Selbstversuerger“ ze ginn a mat eegenem Strom ze fueren, andeems ee vun den aktuell attraktive Subside profitéiert a sech doheem eng Fotovoltaikanlag kombinéiert mat enger Batterie installéiere léisst.

Ennerscheeder no Regioun ginn et bei dese Froen am Prinzip keng.

ad 4. Bei den Appartementshaiser hänkt d'Leeschtung, déi autoriséiert gëtt, vun der Unzuel un Appartementen of. Wéi an der QP N° 6522 erkläert, kann et heibäi virkommen, dass déi gebrauchte Leeschtung physesch net direkt zur Verfügung steet.

Bornes de recharge pour voitures électriques | Question 7246 (28/11/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

De perséinlechen Auto spillt am Beräich vun der Mobilitéit eng grouss Roll. Nieft dem klassesche Verbrenner ginn awer och d'Elektroautoen ëmmer méi populär. Fir dës Elektroautoe mussen ëmmer méi Luedborne geschaaft ginn, dëst souwuel am öffentleche wéi och am private Raum. Am Ausland gëtt et schon eng ganz Rei un Temoignagë vu Leit mat ageschränkter Mobilitéit, déi festgestallt hunn, dass vill Luedborne fir si guer net accessibel sinn, sief et zum Beispill, dass beim Rausklamme keng Plaz fir de Rollstull ass, oder dass si vum Rollstull aus net un d'Displaye vun de Borne kommen.

An deem Zusammenhang wëllt ech dem Minister fir Energie dës Fro stellen:

1. Gëtt bei der Geneemegung vun neien Elektrobornen drop opgepasst, dass dës och fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel sinn, souwuel wat d'Plaz ronderëm d'Born wéi och den Zougang zur Born selwer ugeet? Wann nee, firwat net?

2. Gëtt et Virgaben dozou, wéi déif en Display muss sinn, fir dass och Persounen am Rollstull druckommen?

Wa jo, wéi eng sinn dat? Wann nee, firwat net?

Réponse (18/01/2023) de M. Claude Turmes, Ministere de l'Énergie | M. François Bausch, Ministere de la Mobilité et des Travaux publics

Den honoréierten Deputéierte Marc Goergen freet Informatiounen iwwer d'Luedstatiounen fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit.

Aktuell gëtt et keng spezifesch Virgaben, fir Luedstatiounen fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit accessibel ze gestalten. Generell sinn d'Parkplaze fir Luedstatiounen an der Reegel méi breet wéi normal Parkplaze – dëst virun allem bei de méi séiere Luedstatiounen. Dës zousätzlech Plaz erliichtert och de Persounen mat ageschränkter Mobilitéit d'Benotze vun de Borne. Bei „Chargy“ steet et de Gemengen awer

fräi, fir och Handicapéierteparkplaze mat Bornen ze ekipéieren, wéi dëst zum Beispill am Parking Fort Neipperg scho gemaach gouf.

Wat d'Benutzerfrëndlechkeet fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit vun de Luedstatiounen selwer ubelaangt, wéi zum Beispill d'Héicht vun Display an de Knäppercher oder d'Positioun an d'Gewicht vun de Luedkabelen, esou gëtt et hei um europäesche Plang nach keng Virgäben. Am Kader vum „Fit for 55“-Package ass am geplangte Reglement iwwert d'Infrastruktur fir alternativ Kraaftstoffer virgesinn, datt d'Europäesch Kommissioun déi europäesch Norméierungsagence chargéiert, fir eenheetlech Virgäbe fir Luedstatiounen auszeschaffen, an déi sech d'Hiersteller an Europa hale mussen.

Och am Ausland gëtt et, no den Informatiounen vun de Ministèren, wéineg konkret Virgäben, fir déi ëffentlech zougänglech Luedstatiounen duerchgoend benutzerfrëndlech fir Persounen mat Mobilitéitsaschränkungen ze gestalten. Den Debat, wéi dëst soll erreecht ginn, gëtt awer ëmmer méi gefouert an d'Regierung suivéiert dës Diskussiounen, wéi zum Beispill den Austausch „Laden ohne Hindernisse“ vun der däitscher nationaler Leitstelle Ladeinfrastruktur. Et ass dohier geplangt, datt d'Ministère mat de betroffenen Interessevertreider zesumme kucken, wéi ee beschtméiglech ka sécherstellen, d'Luedinfrastruktur och accessibel fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit ze gestalten.

Taux de suicide chez les jeunes | Question 7247 (28/11/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Mengen Informatiounen no wier den Taux de suicide vun de Jugendlechen an deene leschte Méint geklommen. De Gros vun dëse Persounen wier männlech gewiescht.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt den Taux de suicide an de leschte Méint bei de Jonke geklommen ass?
2. Wéi een Alter hunn dës jonk Leit? Wéi ee Geschlecht? Kann d'Regierung bestätegen, datt de Gros vun deenen, déi sech d'Liewe geholl hunn, männlech war?
3. Sinn der Regierung d'Ursaache bekannt, déi des jonk Leit op dee Wee gedréckt hunn?
4. Sinn am Nachhinein Virzeeche bekannt, unhand vun deenen een d'Suiciden hätt kënne verhënnern?
5. Gëtt eng genau Analys gemaach, wou a wéini d'Suicidë verheeft virkomm sinn/ virkommen?
6. Gëtt et Statistiken, déi weisen, wéi d'Situatioun virun, während an no der Covidpandemie evolueiert ass?
7. Wëssend, datt de Suicide-Plan-national fir d'Joren 2015 bis 2019 an d'Liewe geruff ginn ass, wat gesäit d'Regierung elo um Niveau Preventioun vir? Wou kann een déi Jonk, déi a Gefor sinn, geziilt erreechen?

Réponse (18/01/2023) de **Mme Paulette Lenert**, Ministère de la Santé | **M. Claude Meisch**, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Den Taux de suicide gëtt unhand vun den Donnéeën aus dem Doudesursaacheregëster aus de Joren 1998 bis 2022 berechent.

D'Daten (Stand 21. Dezember 2022) vun 1998 bis 2021 si validéiert, déi vum Joer 2022 sinn nach provisoresch.

Fir dee gefroten Taux ze ermëttelen, gëtt de Code „X60-X84 – Suizid a selwerverschëllt Verletzungen“ (Y10-Y34 – Event vun onbestëmmter Absicht – ginn net gekuckt) gekräizt mat den Donnéeën, ob et sech ëm e Resident aus Lëtzebuerg handelt (Netawunner, déi am Land stierwen, ginn net berücksichtegt), deen zwëschen 10 an 19 Joer aal ass. Den Doudesursaacheregëster huet keng Informatiounen zu Fäll, wou Persounen am Ausland gestuerwe sinn (z. B. wann se an eng Klinik an d'Ausland transferéiert sinn an do verstuerwe sinn).

An de Joren 2021 an 2022 bis zum Datum vum Extrait vun den Donnéeën si keng Doudesfäll mat dëse Kriterien enregistriert ginn.

ad 2. Déi lescht Suicidë bei jonke Leit tëschent 10 an 19 Joer, wéi se am Doudesursaacheregëster enregistriert sinn, sinn op d'Joer 2020 zeréckgefëieren. Hei si Suicidë vun 3 jonke Männer vun 18 respektiv 19 Joer festzestellen.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

Déi historesch Donnéeën hei uewe weisen, datt d'Suicidë bei 10 bis 19 Joer ale Leit meeschtens Männer betreffen: 75 % vun den 10 bis 19 Joer ale Leit, déi tëscht 1998 an 2022 Suizid begaangen haten, wore Jongen.

ad 3. Der Regierung sinn déi konkret Ursachen net bekannt, aus wéi enge Grënn dës 3 jonk Männer sech d'Liewe geholl hunn.

ad 4. De Suizid ass d'Resultat vu komplexen Interaktiounen tëschent Risikofaktoren a Protektiounsfaktoren. Mir wëssen och, datt all Suizid ze evitéieren ass an datt d'Handlungsméiglechkeeten, d'Suizidunzuel signifikant ze reduzéieren, existéieren.

Virzeechen existéieren ëmmer, sinn awer net offensichtlech. Derbäi kënn, datt ee Virzeechen nach keen däitlechen Hiweis ass op eng Suizidintentioun. Awer wat méi Virzeechen ze erkenne sinn, desto méi wichteg ass et, de betroffene Jugendlechen unzeschwätzen a professionell Hëllef derbäizehuelen.

Follgend Virzeeche sinn ëmmer eescht ze huelen: iwwer Suizid schwätzen an/oder konkret de Wonsch nom Doud auszedrécken, Réckzuch vu Frënn a beléiften Aktivitéiten, Opraumen a Verschenke vu beléifte Géigestänn, an onerwaarte Situatiounen Äddi soen, permanent Beschäftege mam Thema Doud, no Stierfmethode recherchéieren, massiv Erliewe vu Kränkungen, onerklärlecht ongewéinlecht Risikoverhalen oder soss opfälleg Verännerungen an sengem Verhalen.

ad 5. D'Donnéeën vum Doudeschäin an aus der Analys vun de Médecins-légistes no enger Autopsie médico-légale kënnen a ville Fäll méi genee Ëmstänn vum Doud festleeën, an de meeschte Fäll och den ongeféieren (wann net genee gewossten) Zäitpunkt vum Doud.

Fir déi 3 Suicidë vun 10 bis 19 Joer ale Männer am Joer 2020 gëtt et follgend Resultater:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

ad 6. *(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)*

ad 7. Um Niveau Suizidpreventioun bei de Jonke gesäit d'Regierung am Kader vun de Follgeaktiounen vum Suizidpreventiounsplang 2015–2019 vir, d'Preventioun ze verbessern, andeem den Zougang zu de jugendpsychiatriesche souwéi psychosoziale Servicer verbessert gëtt. Sou soll d'Kollaboratioun tëschent dem Service national vun der Jugendpsychiatrie, de

Strukture vun der Aide à l'enfance an dem Office national de l'enfance renforcéiert ginn. Zil wier, d'Evaluatioun souwéi d'Prise en charge vun de Jonken, déi eng akut oder latent suizidal Symptomatik opweisen, ze renforcéieren.

D'Preventioun ass ee vun den Hauptpilieren bei der Ënnerstëtzung vum Bien-être an der mentaler Gesondheet, deen déi Professionell aus der gesamter Schoulcommunautéit viséieren. Et bestinn eng ganz Rëtsch Projeten a Prozeduren, déi geziilt agesat ginn, fir déi Jonk a Gefor ze erreechen. Heibäi geet et haauptsächlech ëm d'Fërderung vun de sozioemotionale Fäegkeeten wéi och déi fréi Identifikatioun, Bewäertung, Betreierung an de Suivi vu Persounen, déi e Suizidverhale weisen.

Am Kontext vun der Suizidpreventioun ginn an all Lycée Multiplicature fir de „Premiers secours en santé mentale – PSSM“ forméiert, déi ganz cibléiert d'Unzeechen an d'Risikofacturen bei de Jonken, awer och bei den Erwuessenen aus der Schoulcommunautéit erkennen an doropshin agéieren. Zil heibäi ass et, sou séier wéi méiglech dës Risikopersonen ze identifizéieren an hinne professionell Ënnerstëtzung unzebidden.

Duerch d'Ausbildung vun enger grousser Unzuel vu PSSM-Secouristen, 500 bis d'Joer 2025, wat ronn 10 % vun dem gesamte Personal aus de Lycéeën ausmécht, inklusiv d'Enseignanten, kréien déi Persounen, déi an emotionaler Nout sinn, d'Méiglechkeet, vun enger Uspriechpersoun identifizéiert a gehéiert ze ginn. Et geet dobäi och dorëms, den Tabu vun de mentale Gesondheitsproblemer ze verréngeren an d'Schoulgemeinschaft méi opmierksam ze maachen op déi psychologesche Schwierigkeeten, déi souwuel d'Schüler wéi och d'Aarbechtskolleege kënnen begéinen.

Am Kontext vun der Enttabuiséierung vu Problemer ronderëm d'mental Gesondheet leeft och de Projet #ShareYourCloud, eng Kooperatioun tëscht dem MENJE, dem CHDN an dem Gesondheitsministère. Dëse Projet gëtt de Jonken d'Méiglechkeet, hiert mentaal Wuelbefanne via den Hiewel vun der Konscht (an all hire Formen) ze exterioriséieren a gläichzäiteg, duerch eng Peer-to-Peer-Approche, hir Matschüler iwwert d'Thema vun der mentaler Gesondheet ze sensibiliséieren.

E weidere Volet betrëfft d'Mise en place vun enger Équipe de postvention (EPV) an all Lycée. Postvention ass ze verstoen als eng Interventioun, fir déi Hannerbliwwen, déi e léiwe Mensch no engem Suizidfall verluer hunn, an hirem Trauerprozess ze ënnerstëtzen an doduerch d'Imitatioun vum Suizidverhalen ze reduzéieren. D'Postvention huet ënner anerem follgend Ziler:

- weider Suiziden ze verhënnern;
- d'Leed vun deenen Einzelnen ze verréngeren;
- d'Gefill vu Sécherheet am eegenen Ëmfeld ze erhéien;
- d'Kapazität an d'Resilienz, fir mat enger schwéierer Situatioun ëmzegoen, ze stäerken;
- de Retour an en normalen Alldag ze erméiglechen.

Konkret geet et bei der Postvention och drëm, géeege Coping-Strategie bei de jonke Leit ze aktivéieren, fir de Verloscht besser kënnen ze bewältegen. Op dës Manéier kann d'Postvention och als preventiv Moosnam definéiert ginn.

Eng lafend Offer, déi an dësem Zesammenhang net ongenannt daerf bleiwen, sinn déi psychosozial an edukativ Berodungsgesprécher, déi an all Lycée an de SePAS an de Services socio-éducatifs fir all Schüler accessibel sinn. Am Duerchschnitt huelen d'Schüler tëschent 25 an 30 Berodunge pro Woch a pro Lycée an Usproch am Kontext vu perséinlech Mal-être.

Déi Haaptproblematike sinn déi follgend:

- Schoulstress;
- Angschtstéierungen;
- Gewalt;
- depressiv Stéierungen.

Ausserdeem ass duerch Erhiewunge bei 36 Lycéeën am Fréijoer 2022 erauskomm, datt vun 100 Gespréicher am Mount, pro Lycée, am Duerchschnitt drai dovun d'Problematik vum Suizid concernéieren (Suizidgedanken, Suizidpläng, Suizidversich). Dës Berodungsofferen erméiglechen de Professionellen, fréizäiteg dem Suizid entgéintzewierken an de Schüler eng adequat, professionell Hëllefstellung unzebidden, ier et zum Versuch komme kann.

Doriwwer eraus erhofft sech d'Regierung natierlech och mam rezenten Accord betreffend de Remboursement vun de Psychotherapeuten, datt dës Aktioun och en Impakt op Suizidtauxe bei de Jonke wäert hunn, duerch e vereinfachten Zougang zu enger Psychotherapie. Weider Follge-Suizid-Preventioun-Aktiounen sinn den Ament nach amgaangen, am Kader vum zukünftigen nationale Plang vun der mentaler Gesondheet ausgeschafft ze ginn.

Problèmes techniques de l'opérateur de paiement Worldline | Question 7250 (28/11/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Le 24 novembre dernier, les paiements par carte bancaire et les retraits d'espèces ont été perturbés pendant plusieurs heures au Luxembourg. D'après les informations communiquées par l'opérateur de paiement Worldline, un problème technique aurait rendu le paiement par carte temporairement impossible.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

– Combien de pannes de ce genre ont eu lieu en l'espace d'une année ? Quelle est la durée moyenne de ce type de pannes ?

– Quelles sont les raisons expliquant ce type de pannes ?

– D'après mes informations, cette situation a eu comme conséquence que certaines opérations financières ont été prélevées deux fois. De quelle manière est géré le remboursement ?

Réponse (11/01/2023) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

L'honorable Députée s'enquiert sur des perturbations survenues le 24 novembre 2022 au niveau de l'infrastructure de paiement de l'opérateur Worldline Financial Services (Europe) SA.

Il relève des informations communiquées par Worldline au Ministère des Finances, en réponse à la question, que de manière générale « très peu de pannes de ce genre » ont lieu. Celle du 24 novembre 2022 a été la seule à être enregistrée pour l'année 2022. En ce qui concerne la durée moyenne de ce type de pannes, Worldline révèle qu'il s'agit « d'une donnée très aléatoire et dépend de facteurs techniques ».

Au niveau des raisons de la panne du 24 novembre 2022, Worldline évoque entre autres « [une] rupture des câbles de fibre optique ». En effet, les investigations de Worldline auraient montré que « des travaux de construction à proximité des locaux du centre de données luxembourgeois de Betzdorf ont été la cause » de cette rupture.

Quant à la question de savoir si certaines opérations financières ont été prélevées deux fois, Worldline précise : « [I]l n'y a pas eu de retour de clients sur des

demandes d'indemnisation suite à des doubles paiements. Nos équipes ont assuré une communication téléphonique permanente avec les banques d'une part et avec les marchands d'autre part et une communication officielle a été envoyée aux marchands dans le courant de l'après-midi. En conclusion, à notre connaissance, les porteurs de cartes des banques avec qui nous sommes liés contractuellement n'ont pas été concernés par des doubles prélèvements. A posteriori, si des plaintes de double paiement devaient nous parvenir, nos équipes de support commercial assureraient les opérations de "cash-back" y relatives »

Fréquence des trains dans le nord du pays | Question 7251 (29/11/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

D'Regierungspartei vum Här Mobilitéitsminister huet a Social-Media-Posten ugekënnegt, dass d'Linnen 179, 170, 174, 146 an 153 ab dem 28. November géife mat erhéichter Frequenz fueren. Mengen Informatiounen no, sinn awer haut op d'mannst op verschiddene Linnen, net vu méi Busse gefuer. De Bus N° 170 ass haut, laut Mobilitéitsapp, innerhalb vun de Spëttestonnen all 30 Minutte gefuer an ausserhalb vun dësen nëmmen eemol d'Stonn. Ugekënnegt war awer all 15 Minutten ee Bus an de Spëttestonnen, an all 30 Minutten ausserhalb vun dësen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Sinn d'Linnen 179, 170, 174, 146 an 153 ab dem 28. November an enger verstärkter Frequenz gefuer? Wa jo, wéi eng Linnen? Wann nee, firwat net?

2. Ab wéini sollen déi an dem Social-Media-Post ugekënnegt Ännerunge kommen (opgeléicht no Linn)? (Linn 179 (+170) Cliärréf–Ettelbréck: Tëscht Maarnech an Ettelbréck gëtt den 30-Minuttentakt an de Spëttestonnen op e 15-Minuttentakt erhéicht.

Linn 174 Èlwen–Hengescht–Ettelbréck: Zousätzlech Busse méi fréi a méi spët, an de Spëttestonnen elo och bis op Ettelbréck.

Linn 146 Wooltz–Géisdref–Kautebaach: Elo besser op d'Zich zu Kautebaach ofgestëmmt a méi Buskapazität.

Linn 153 Housen–Holztem–Kautebaach: D'Horairé ginn un den Zuch gepasst.

Schülertransport: Besser Verbindungen an eng nei Buslinn aus dem Raum Wooltz an d'Akerbauschoul. (Quell: Facebook DG Norden)

Réponse (04/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Déi nei provisoeresch RGTR Linn 179 Ettelbruck–Clervaux ass den 19. September 2022 agefouert ginn. An der Haaptverkéierszäit am 30-Minuttentakt, an der Nieweverkéierszäit am 60-Minuttentakt (Avis RGTR 2022/133 vum 13. September 2022).

D'RGTR Linn 170 Ettelbruck–Diekirch–Huldange ass net verstärkt ginn, fiert och an der Haaptverkéierszäit am 30-Minuttentakt, an der Nieweverkéierszäit am 60-Minuttentakt.

D'RGTR Linnen 179 an 170 fuere gebündelt an offréieren doduerch an der Haaptverkéierszäit e 15-Minuttentakt an an der Nieweverkéierszäit en 30-Minuttentakt.

D'RGTR Linn 174 Troisvierges–Heinerscheid–Hosingen krut den 19. September 2022 zwou Faarte moies an drai Faarten owes bäi (Avis RGTR 2022/134 vum 14. September 2022). De 5. Dezember 2022 si verschidde Faarte bis op Ettelbréck verlängert ginn (Avis RGTR 2022/210 vum 23. November 2022).

De 17. Oktober 2022 ass den Horaire vun der RGTR Linn 146 Wiltz–Goesdoerf–Kautebaach ugepasst ginn, fir kënnen zu Kautebaach, „Op der Gare“ eng Korrespondenz op den Zuch ze maachen (Avis RGTR 2022/181 vum 12. Oktober 2022). Den 28. November 2022 ass d'Buskategorie op der selwechter Linn ugepasst ginn, fir kënnen der Demande entgéintzekommen (Avis RGTR 2022/207 vum 23. November 2022).

Den 28. November 2022 ass den Horaire vun der RGTR Linn 153 Hosingen–Holzthum–Kautebaach ugepasst ginn, fir kënnen zu Kautebaach, „Op der Gare“ eng Korrespondenz op den Zuch ze maachen (Avis RGTR 2022/208 vum 22. November 2022).

Den 28. November 2022 ass eng nei a provisoeresch RGTR Schülerlinn K48 Wiltz–Heiderscheid–Ettelbruck–Akerbauschule agefouert ginn (Avis RGTR 2022/209 vum 23.11.2022).

All dës Informatiounen fannt dir op mobiliteit.lu.

Rappel mondial d'appareils respiratoires | Question 7253 (29/11/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

De Konzern Philips huet am Juni 2021 eng Pressemitteilung erausginn, laut där verschidden Otemgeräater missten zréckgeruff ginn. Et geet ee vu 5,5 Milliounen Apparater weltwäit an 873 Geräter zu Lëtzebuerg aus. Richtigeg zu Lëtzebuerg ukomm ass dës Meldung awer eréischt Mëtt November. Vill Patienter goufen aus der Press gewuer, dass hei Problemer mat hirem Gerät kéinte sinn. An der Äntwert op d'Fro N° 7178 huet d'Madamm Ministesch éischt Erklärungen ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Konsumenteschutz a Gesondheet dës Froe stellen:

1. Aus der Äntwert op d'Fro N° 7178:

« Il convient de préciser que le dispositif médical en cause a été vendu sous différents noms de marque et par différents distributeurs au Luxembourg. »

– Wéi kann et sinn, dass dee selwechten Apparat ënner verschiddenen Nimm verkaaft gouf?

– Gëtt et hei Weeër fir de Konsumenteschutzministère, fir dës Nummännerungen nozevollzéien?

2. Aus der Äntwert op d'Fro N° 7178:

« Il faut cependant remarquer qu'il y a eu de nombreux retards dans la mise en œuvre de cette action corrective car Philips Respironics n'a pas été en mesure de réparer ou de remplacer tous les appareils concernés en raison de l'ampleur énorme du rappel, concernant plusieurs pays et des millions de patients. [...] À cet égard, de nombreux pays européens ont fait part de leurs inquiétudes et tenté de faire pression sur le constructeur dans une action coordonnée par l'autorité française compétente (Agence nationale de sécurité du médicament et des produits de santé – ANSM), cependant sans résultat notable. »

– Wat fir Moyenen huet Lëtzebuerg, fir hei Philips zu engem méi schnellen Auswiesselen ze zwängen?

– Wat fir Moyene gëtt et op EU-Niveau?

– Wat fir weider Aktiounen sinn hei méiglech?

3. Wéini genau sinn déi éischt Informatiounen zu Problemer vu Philips an dem Ministère agaangen?

4. Wéini genau ass déi éischt Informatioun vu Problemer an dem Réckruff vum Ministère un d'Kliniken an d'FHL gaangen?

5. Wie wär am Fall, wou ee Patient negativ Folgen duerch den Defekt vun der Maschinn huet, responsabel?

Réponse (12/01/2023) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé, Ministre de la Protection des consommateurs

ad 1.

– Et sief rappeléiert, dass, am Géigesaz zu de Medikamenter, medezinnesch Apparater kenger Prozedur d'authorisation de mise sur le marché ënnerleien.

E medezinneschen Apparat kann op de Marché bruecht ginn an a Betrib geholl ginn, wann e konform mat de generellen Uspräch vu Sécherheet a Leeschtung ass, wéi se an der Annex I vum EU-Reglement 2017/745 opgezielt sinn, soulaang e richteg installéiert, ënnerhalen an zu sengem Zweck genotzt gëtt.

Konform zum EU-Reglement 2017/745, wat d'Definitione vun Dispositif „médical“ a „fabricant“ betrëfft, bestëmmt den Hiersteller, wou de medezinneschen Apparat agesat gëtt, deen hien ënnert sengem Numm oder senger Mark op de Marché bréngt. All Hiersteller oder Commerçant kann also ouni Aschränkungen seng Produiten an Europa verkafen ënnert der Konditioun, dass d'EU-Reglement 2017/745 respektéiert gëtt.

D'Apparater vun de Marke Löwenstein a Philips Respireonics sinn also, laut den Definitione vum applizéierte Gesetz, verschidde Produiten, mee esou gutt Philips wéi och Löwenstein kënnen hir Produiten ënnert hirem Numm a Mark ubidden.

– Anescht wéi fir d'Produzenten, präziséiert dat aktuellt Gesetz (article 16 du règlement (UE) 2017/745), dass e Verdreiwer, Importateur oder eng aner physisch oder moral Persoun, déi ënnert hirem Numm e Gerät op de Marché bréngt, kenger Verflichtung ënnerläit. Et sief dann, dësen hätt en Ofkommen mam Hiersteller getraff, dass dese kloer als Fabrikant um Etiquetage erwänt gëtt an och responsabel bleift, fir d'EU-Reglement 2017/745 ze respektéieren. Ab deem Moment kënnen analog Geräter ënnert verschiddene Marken a vu verschiddene legale Fabrikanten ugebuede ginn.

ad 2.

– Nodeems eng Notifikatioun vun der FSCA (Field Safety Corrective Action) un d'national Autoritéite vun all Memberstaat, wou dësen Apparat um Marché war, erausgaangen ass, huet de Produzent d'Gesondheitsdirektioun iwwert d'Schrëtt informéiert, déi hien doropshin ënnerholl huet, iert eng Note, wat d'Sécherheitsmoosname betrëfft, an Ëmlaf bruecht ginn ass. Opgrond vun engere Evaluatioun vun dëser Note huet d'Gesondheitsdirektioun et fir néideg empfongt, de korrektive Moosnamen, déi vu Philips Respireonics proposéiert goufen, ënnert der Koordinatioun vun den däitschen Autoritéiten nozegoen.

Vu datt dësen Dossier allerdéngs esou wäitgräifend ass, gesäit et aus, wéi wann Aktiounen op nationalem Niveau net géifen duergoen. Och d'Decisiounen, déi vu Frankräich schon am Februar 2022 respektiv vu Portugal am November 2021 geholl goufen, konnten d'Ersetzen an/oder Reparatioun vun den Apparater effektiv net beschleunegen. Vu datt duerch dës Korrekturmoosname méi wéi 5,5 Milliounen Produiten a verschiddenen europäesche Länner betraff sinn, dauert de Remplacements- respektiv Reparatiounsprozess laang.

– Vu datt den europäesche Vertrieber vum amerikanesche Fabrikant Philips Respireonics säin Haauptsätz an Däitschland huet, hunn déi däitsch Autoritéiten, konform zum Artikel 89 vum EU-Reglement R2017/745, d'Roll vum Koordinator iwwerholl an hu bestätegt, dass dës Korrekturmoosnamen, wéi se vu Philips Respireonics proposéiert goufen, berechtigt sinn.

Wann d'Europäesch Kommissioun der Meenung ass, datt de Risiko fir d'Gesondheet an d'Sécherheet

net zefriddestellend kann erofgesat ginn duerch d'Moosnamen, déi vun de betraffene Memberstaate getraff gi sinn, kann dës, a Konformitéit mam Artikel 96(3) vum EU-Reglement 2017/745, aus eegener Initiativ aschränkend Moosnamen ergräife respektiv sech fir d'Verbidde vun der Mise sur le marché an der Mise en service vum betraffenen Apparat ausschwätzen.

– D'Gesondheitsdirektioun bedauert zudéifst, wéi vill Zäit d'Firma an Usproch hält, fir déi feelerhaft Apparater ze ersetzen. D'Approvisionnementkette vu Stécker vun den Ootmungsapparater leeft allerdéngs iwwer e puer Länner, wou elo dobäikënn, datt d'Produktioun duerch d'Folge vum Covid a vum Krich an der Ukrain ugeschloen ass. D'Käschte vun der Réckruuffaktioun an den eventuelle finanzielle Konsequenze vu Gerichtsprozesser riskéieren de Fonctionnement vu Philips an hir Kapazität, fir aktuell Retarden opzeschaffen, op d'Spill ze setzen.

Eng detailléiert Informatiounsnote betreffend d'Sécherheet vun dësen defekten Apparater ass um Site sante.lu publizéiert ginn (op Franséisch: <https://sante.public.lu/fr/espace-citoyen/dossiers-thematiques/d/dispositifs-medicaux/rappel-appareils-philips-loewenstein.html>) an op Däitsch: <https://sante.public.lu/fr/espace-citoyen/dossiers-thematiques/d/dispositifs-medicaux/rappel-appareils-philips-loewenstein.html>).

Dës Note präziséiert, datt bei all Typ vun Apparat, dee benotzt gëtt, et recommandéiert ass, an Ofsprouch mat sengem Dokter, den Traitement op kee Fall ze ënnerbriechen. Bis haut läit der Gesondheitsdirektioun keen Tëschefall am Zesummenhang mat dësen Apparater zu Lëtzebuerg vir.

ad 3. Lëtzebuerg ass am Juni 2021 vun engem auslännesche Verdeeler a vum Fabrikant benoriichteg ginn iwwer d'Problematik am Zesummenhang mat den Apparater vu Philips Respireonics. Säit Mee 2022 stoung d'Division de la pharmacie et des médicaments (DPM) vun der Gesondheitsdirektioun, déi de Suivi vun Incidenten am Zesummenhang mat medezinneschen Apparater assuréiert, reegelméisseg am Kontakt souwuel mat der Firma wéi och mat de kompetenten Autoritéiten aus deenen anere Memberstaaten.

Nodeems déi kompetent Autoritéite benoriichtegt gi sinn, läit et beim Distributeur, de Suivi vun de Korrekturmoosnamen, déi vum Fabrikant opgestallt gi sinn, ze maachen (article 14 du R2017/745). Lëtzebuerg huet d'Informatiounen analyséiert, déi an de Sécherheitsnotte stinn, déi un d'Professionels de santé geschéckt gi sinn. Des Weideren huet Lëtzebuerg d'Konformitéit vun der Procédure réglementaire verifizéiert an huet dem auslänneschen Distributeur seng Disponibilitéit zougeseit, wann dës géif op Schwiereregkeete mam Fabrikant stoussen, wat de Suivi vun den Aktiounen betrëfft.

Vu datt d'Gesondheitsberuffler vun hire Fournisseuren iwwert d'Sécherheitsnotten informéiert goufen, ass et un hinnen, fir de Suivi mat de Patienten ze assuréieren (article 8 (4) de la loi du 24 juillet 2014).

ad 4. A Konformitéit mam Artikel 89(8) vum EU-Reglement 2017/745, ass et um Fabrikant sécherzestellen, dass d'Informatiounen esou séier wéi méiglech un d'Utilisateure vum betraffenen Apparat weideregeleert ginn.

A Konformitéit mat den Artikelen 25(2c) a 14(4) vum EU-Reglement 2017/745, läit d'Responsabilitéit bei den ekonomeschen Operateuren, all Gesondheitsariichtung a Gesondheitsberuffler ze identifizéieren, déi direkt vun hinnen en Apparat geliwwert kruten, a fir mam Fabrikant zesummenzeschaffen, sou datt déi néideg Korrekturmoosname geholl ginn, fir den Dispositif nees a Konformitéit ze setze respektiv je no deem zeréckzezéien.

Wat d'FHL betrëfft, sou ass si weeder een ekonomeschen Operateur nach eng Gesondheitsariichtung am Kader vun der Approvisiounsketten, sou wéi vum EU-Reglement 2017/745 definéiert.

ad 5. De Paragraph 16 vum Artikel 10 vum EU-Reglement 2017/745 am Zesummenhang mat de generellen Obligatiounen vun den Hiersteller beseet folgendes: « Les personnes physiques ou morales peuvent demander réparation pour des dommages causés par un dispositif défectueux conformément à la législation de l'Union et à la législation nationale applicables. Les fabricants auront, d'une manière qui soit proportionnée à la classe de risque, au type de dispositif et à la taille de l'entreprise, pris des mesures pour disposer d'une couverture financière suffisante au regard de leur éventuelle responsabilité en application de la directive 85/374/CEE, sans préjudice de l'adoption de mesures plus protectrices en vertu du droit national. » Am Fall wéi hei, wou d'Responsabilitéit beim Hiersteller läit, ass et deemno och un him, eng finanziell Couverture ze hunn en vue vun eventuellen Entschiedegungen.

Hangar de l'Administration des ponts et chaussées à Echternach | Question 7256 (29/11/2022) de Mme Carole Hartmann (DP)

Am Ausgang vun Iechternach a Richtung Mompech, an der Route d'Oswweiler, läit een Hangar vun der Administration des ponts et chaussées, deen am Ablack awer net am Gebrauch ze si schéngt. D'Fläch bitt genuch Plaz fir potentiell aner Projeten. Beispillsweis kéint hei, sou wéi et e Schéma directeur vum zukünftege PAG vun der Stad Iechternach virgesäit, neie Wunnraum entstoen.

An deem Kader wollt ech dem Här Wunnungsbauminister an dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

1. Gëtt dësen Hangar nach vu Ponts et chaussées oder vun engem anere Service genotzt, a falls jo, fir wat?

2. Kéint op dësem Terrain, deen dem Staat gehéiert, subventionéierte Wunnraum geschaaft ginn, eventuell an Zesummenaarbecht mam Fonds du logement oder mat der SNHBM? Falls jo, ginn et schonn éischt Iddien? Falls nee, wísou net?

3. Ginn et eventuell aner Pläng fir dësen Terrain fir d'Zukunft?

Réponse (06/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox**, Ministre du Logement

ad 1. Bis virun 2 Joer war dësen Hangar den Atelier vum regionale Service Iechternach vun der Stroossebauverwaltung. Säit dës Service en aneren Atelier besat huet, gëtt dësen Hangar nëmme nach als Lager benotzt. Dësen Hangar gëtt donieft der Gemeng Iechternach bis Enn 2023 zur Verfügung gestallt fir de Stockage vu Material no den Iwwerschwemmungen am Juli 2021.

ad 2. an 3. Den Ament gëtt et also keen direkten Notze fir de Site vum fréieren Atelier an den Terrain eegent sech beschtens, fir Wunnraum ze schaffen.

Donieft ass den Terrain an der Neifaassung vum Flächennutzungsplang (Refonte du PAG 2020) vun der Stad Iechternach als Wunnzon HAB-1 klasséiert. Dës PAG gouf an der Sëtzung vum 7. November 2022 vum Gemengerot approvüiert (2. Vott).

De Moment ass den Terrain awer nach net dem Ministère du Logement affektéiert. Eréischt wann dat gemaach ass, ka mat dem Fonds du logement oder

der SNHBM gekuckt ginn, wéi e Wunnungsbauprojet do ëmgesat ka ginn.

Natation pour les personnes à mobilité réduite | Question 7257 (29/11/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Gutt schwammen ze kënnen ass wichteg, well et ka Liewe retten. Zum Schwamme léiere gehéiert och, dass eng Persoun a méi déiwem Waasser schwamme kann. Eis ass zougedroe ginn, dass et an de Schwämmen, a virun allem an der Coque, géif d'Reegel ginn, dass een eng ganz Längt vum Basseng an engem Schwammstil perfekt muss kënnen schwammen, fir dass eng Persoun an déi grouss a méi déif Bassengen dierf schwamme goen. Wien dës Voraussetzungen net erfëllt, dierf just an déi manner déif Becke schwamme goen. Dës Reegel géif awer virun allem Leit mat ageschränkter Mobilitéit dovun ausschléissen, gutt schwammen ze léieren an och an deene grouse Becke schwammen ze dierfen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministere fir Famill an Integratioun a Sport dës Froe stellen:

1. Gëtt et dës Reegel tatsächlech? Wa jo, wou ass dës Reegel néiergeschriwwen?
2. Falls d'Äntwert op d'Fro 1 jo ass, géllt dës Reegel och fir Leit mat engem Handicap?
3. Falls d'Äntwert op d'Fro 1 jo ass, wéi gëtt séchergestallt, dass och Leit mat engem Handicap gutt schwamme léieren, wann se net a Becken dierfe schwammen, wou se net mat de Féiss bis op de Buedem kommen?

Réponse (30/12/2023) de M. Georges Engel, Ministre des Sports

ad 1. No Récksprooch mat der Verwaltung vum Centre national sportif et culturel d'Coque (CNSC), kann ech als Sportminister confirméieren, dass esou eng Reegel net besteet. Am Règlement d'ordre interne (ROI) vum CNSC steet just präziséiert, dass den olympesche Basseng, wéi och de „bassin de plongeon“, verbueden ass „aux non-nageurs“. An deem selwechte ROI ass am Artikel 22 nach Follgendes präziséiert: « ...les surveillants peuvent notamment : ...ne pas admettre au bassin de compétition, ni au bassin de plongeon/plongée des baigneurs qui n'ont pas une expérience suffisante de la natation... ».

Schwammmeeschtere kucke generell wéi d'Leit schwammen an intervenéieren wann eng reell Gefor besteet. An deem Fall muss déi betreffend Persoun fir hir eege Sécherheet an de 25 m Basseng. Schwammmeeschtere jugéieren awer a kengem Moment de Schwammstil vu där Persoun. Wéi déi Persoun schwëmmt (Stil ewéi Vitess) ass dem Schwammmeeschter net wichteg, hie kuckt eleng ob eng méiglech Gefor géing bestoen.

Et muss een och ënnersträchen, dass dëst och fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit géllt. Eenzeg d'Sécherheet vun den Utilisateure priméiert. CNSC wéi och déi meeschte Schwämmen am Land proposéieren Schwammstonne fir sech ze verbessern.

Personnel de l'École nationale pour adultes (ENAD) | Question 7258 (29/11/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

An der École nationale pour adultes (ENAD) schaffen ënner anerem Proffen (professeurs, fonctionnaires) a Formateurs d'adultes (fonctionnaires). Am Géigesaz zu anere Lycéeë gëtt et an der ENAD am Kader vun der Berechnung vun der Täche eng Partie

Ënnerscheeder, méi genau eng Partie Ongerechtegkeeten. Dat selwecht géllt fir d'Ënnerscheeder tëscht de Proffen an de Formateurs d'adultes, déi alle béid de Statut vum Fonctionnaire hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister fir Bildung dës Froe stellen:

1. Wat fir Ënnerscheeder an der Bezuelung (ACTen, Koeffizienter, ...) gëtt et tëscht de Proffe vun der ENAD an de Formateurs d'adultes?
2. Op wéi enge legale Basisse ginn dës Ënnerscheeder gemaach?
3. Hunn d'Formateurs d'adultes an der ENAD eng Décharge pour ancienneté zegutt?
4. Laut Artikel 32 vum Gesetz vum 2009 gëtt de Volume vun den Tächen an engem Règlement grand-ducal festgehalen. Ëm wéi ee Règlement handelt et sech heibäi?
5. Ass et fir ee Formateur d'adultes méiglech, fir sech op eng Plaz an engem Lycée ze mellen, déi net zum Reseau vun de Formations d'adultes gehéiert? Wa jo, wéi eng Konditiounen mussen dee Moment erfëllt ginn a firwat?

Réponse (31/01/2023) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

D'Fro vun honorabelen Deputéierte bezitt sech op d'Tächë vun den Enseignanten aus der École nationale pour adultes (ENAD) a vun de Formateurs d'adultes. Dozou fir d'ëischt e puer allgemeng Consideratiounen.

D'ENAD gouf mam Gesetz vum 29. Mee 2009 als „École de la 2^e chance“ kreéiert. Zanter dem Gesetz vum 1. August 2018 dréit si den Numm „École nationale pour adultes“. D'Gesetz preziséiert der Schoul hire spezifesch Fonctionnement duerch d'Mise en place vu multiprofessionellen Equippen, woubäi eng Equipe allkéiers e puer Klasse regruppéiert an d'Ausbildung vun de jeeweiligen Apprenanté koordinéiert. Jee nodeem, wéi d'Besoinen vun der Ausbildung sinn, setzen dës Equippen sech zesummen aus Schoulmeeschteren aus dem Enseignement préparatoire, Chargéen a Professeren aus dem Enseignement secondaire, Formateurs d'adultes, Maîtres d'enseignement technique an edukativem Personal.

Och den individuellen Tutorat ass eng Particularitéit vun der ENAD an ergëtt sech aus der Noutwendegkeet, e reegelméisseg an personaliséierte Suivi vum Apprenant ze maachen, fir esou d'Ursaache vu senger fréieren Echecken ze berücksichtegen an him déi néideg Ënnerstützung unzebidden, fir datt e säi Projet d'apprentissage packt. Den Unterrecht an den Encadrement an der ENAD baséieren um Grondsaz, datt all Member vum Léierpersonal a gläichem Mooss zum Apprenant senger Beméiungen, fir seng Léierziler ze errechen, baidréit.

D'Klasseneffectiver ginn esou wäit wéi méiglech erfogesat, dëst am Allgemengen, mee virun allem och op Klassen, déi eng änlech Finalitéit ustriewe wéi d'Klassen aus der Formation initiale, fir op dës Manéier eng perséinlech Betreierung an eng intern pedagogesch Differenzéierung ubidden ze kënnen.

D'Gesetz vun der ENAD gesäit vir, datt d'Tächë vun den Enseignanten a vun de Formateurs d'adultes iwwer Règlement grand-ducal fixéiert ginn. Well esou ee Règlement awer ni geholl gouf, huet sech eng Praxis entwéckelt, déi doranner bestan huet, den Enseignanten an de Formateurs d'adultes keng Koeffizienten ze accordéieren. Dës Praxis huet sech duerch déi geréng Klasseneffectiver justifiéiert.

Opground vun der Entwécklung vun der Schoul, déi ëmmer méi Coursen aus der Formation initiale organiséiert an och mat méi héije Klasseneffectiver schafft, muss dës Praxis iwwerduecht ginn. Dat heescht, datt d'Tächë vun den Enseignanten an de Formateurs d'adultes op de Leescht geholl musse ginn; dobäi muss derfir gesuergt ginn, datt keng Ënnerscheeder tëscht de Statuten entstinn.

Déi entsprechend Gespréicher mat de Gewerkschafte sinn dofir schon entaméiert ginn.

Compensation pour le gasoil dans le secteur agricole | Question 7260 (30/11/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Virum Hannergrond vun der Käschenexplosioun bei de Betriebsmittel (Energie, Dünger a Fuddermitteln) hat d'Regierung den 20. Mee eng Rei Moosnamen präsentéiert, fir d'Resilienz vun de Bauerebetriber ze stäerken. D'Bäihëllef um sougenannte rouden Diesel sinn den 31. August 2022 ausgelaf. Den 20. Oktober huet de Landwirtschaftsminister recommandéiert, d'Motion 3993 vun der CSV, an där mir eng Verlängerung vun de Kompensationsmesuren um Agrardiesel verlaangt haten, net matzestëmme. Hien huet op déi am Solidaritéitspak virgestallte Mesure vum enger Entschiedegung fir zousätzlech Käschen bei de Betriebsmittel vu maximal 35.000 Euro pro Betrib verweisen an eng Verlängerung vun de Moosnamen esou wéi eng méiglech Erhéijung vum Montant an Aussicht gestallt. An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

1. Kann den Här Minister eis Detailler ginn, wéi dës Bäihëllef op den Energie- an Düngemittelkäschen, déi den 20. Mee virgestallt goufen, solle konkret berechent ginn?
2. Wéi vill Prozent vun de Méikäschen gi vum Staat iwwerhollt?
– Op wat fir Produkter sinn Aidé geplangt?
3. Goufen d'Bauere schon iwwert dës Bäihëllef informéiert?
– Wann nee, wéini soll dat geschéien?
4. Ab wéini kënnen dës Aiden ugefrot ginn a wéini ginn se ausbezuelte?
5. Wéini fällt Decisioun, ob dës Aiden och fir d'Joer 2023 verlängert ginn?

Réponse (11/01/2023) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. bis 5. Et war festgehalen ginn, datt d'Evolutioun vun de Marchéë géif analyséiert ginn, ier decidéiert gëtt, ob eng Aide fir d'Hausse bei de Betriebsmittel bezuelte gëtt oder net.

Am Moment ass et esou, datt déi héich Marchéspräisser an alle Secteuren, déi méi héich Käschen, wat d'Energie an aner Intranen ugeet, kompenséiert hunn. D'Betriber hunn sech zum Deel och adaptéiert, zum Beispill andeem manner Dünger kauft ginn ass.

Am Secteur vun der Mëlch gëtt sech souguer e ganz gutt ekonomesch Resultat fir d'Joer 2022 erwaart. Deemo ass bis elo nach keng Decisioun geholl ginn, fir eng weider Entschiedegung fir méi héich Käschen ze proposéieren, an deementspreechend ass och net diesbezüglich kommunizéiert ginn.

Besonesch en vue vun de Präishaussé beim Stroum, déi elo am Raum stinn, riskéieren déi méi energieintensiv Produktionssecteuren am Joer 2023 eng grouss finanziell Méibelaaschtung missen ze stemmen.

Den 9. Januar 2023 war eng Reunioun mam gesamte landwirtschaftleche Secteur, wou déi aktuell Zuelen zu der ekonomescher Situatioun an de Marché virgestallt gi sinn. Bei där Geleeënheet ass de Réckbléck op d'Krisejoren 2021 an 2022 gemaach ginn an och dobäi souwäit wéi méiglech, en Ausbléck fir dat nächst Joer.

D'landwirtschaftlech Administratiounen si permanent amgaang am Detail ze evaluéieren, wéi eng Elementer vun der Käschtestruktur relevant si fir d'Akomesstruktur vun de Betriber, fir gegebenefalls op weider Präishaussé reagéieren ze kënnen.

Et muss nach eng Kéier ënnerstrach ginn, datt den EU-Kader nëmme virgesäit, fir deene Betriber ze hëllef, déi reell vun der Kris betraff sinn an exzeptiounell Akomesaboussen hunn.

Den 9. November 2022 ass d'Kommunikatioun vun der Kommissioun iwwert den temporäre Krisekader, fir staatlech Bähëllef fir d'Ekonomie no der russescher Aggressioun géint d'Ukrain ze ënnerstëtzen, am Journal officiel vun der Europäescher Unioun publizéiert ginn (2022/C426/01).

Dëse Kader erlaabt den États membres ënner anere, eng Aide vu bis zu 250.000 Euro pro Entreprise aus der primärer landwirtschaftlecher Produktioun ze ginn. Dës Aidë kéinte bis den 31. Dezember 2023 ausbezuel ginn.

.....

Nombre de dossiers au tribunal de la jeunesse et des tutelles | Question 7267 (30/11/2022) de M. Sven Clement (Piraten)

Eng vun den Haaptaufgaben vum Tribunal de la jeunesse et des tutelles ass dofir ze suergen, dass d'Gesetz zum Jugendschutz applizéiert ginn a vu juristescher Säit fir déi néideg Protektioun ze suergen a Fäll wou Kanner oder Jugendlecher a Gefor sinn a mussen aus hirem Doheim geholl an an engem Foyer oder eng Fleegefamill placéiert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Justiz dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Joer, wéi huet sech d'Unzuel vun de Fäll an Dossieren, ëm déi sech den Tribunal de la jeunesse et des tutelles këmmert, zënter 2010 verännert?
2. Wéi vill Persounen sinn zënter 2010 bei den Effectif vum Tribunal dobäikomm?
3. Wéi laang Zäit hunn d'Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Moyenne fir den Traitement vun engem Dossier?
4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Aarbecht vum Tribunal esou ka mat der néideger Suergfalt gemaach ginn? Wann nee, wat fir Ännerunge gesäit si konkret vir?

Réponse (04/01/2023) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

Vu dass d'parlamentaresch Fro méi spezifesch de Jugendschutz viséiert, bezéien sech déi gefroten Zuelen an Informatiounen op déi zwee Jugendgerichter vum Land.

ad 1. Dës Zuelen si fir déi Zäit virun 2016 net disponibel a kënnen aus deem Grond eréischt ab dem Joer 2016 geliwwert ginn.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

ad 2. Zënter 2010 besteet den Tribunal de la jeunesse vu Lëtzebuerg aus engem Juge directeur vum Tribunal de la jeunesse et des tutelles, 2 Juges de la

jeunesse, 2 Substituten, 4 Greffieren an engem Mataarbechter, deen ënner engem CAE (Contrat d'appui-emploi) agestallt ass.

Zënter 2010 besteet den Tribunal de la jeunesse vun Dikrech aus engem Juge de la jeunesse, engem Substitut an engem Greffier.

De Gesetzesprojet N° 7994 iwwert de Jugendschutz gesäit eng Erhéijung vun der Unzuel vu Jugendrichter vir (vun 2 op 4 Jugendrichter zu Lëtzebuerg). Ausserdeem gesäit de Gesetzesprojet N° 7991 iwwert e Jugendstrofrecht vir, dass e separat Geriicht fir d'Jugendstrofrecht geschaf gëtt.

ad 3. Et gëtt kee festgesaten Delai, an deem en Dossier muss traitéiert ginn. All d'Dossiere gi mat der néideger Suergfalt traitéiert, fir déi beschtméiglech Léisung fir d'Kand ze fannen, woubäi d'Durée vum Traitement jee no Dossier a Komplexitéit vun deem variéiert.

D'Dossiere ginn och periodesch reevaluëiert fir ze analyséieren, ob déi geschwate Moosnamen nach néideg sinn oder kënnen opgehewe ginn.

ad 4. Wéi an der viregter Fro erwänt, schaffen d'Magistrate mat gréisstem Engagement, fir all Dossier mat der néideger Zäit a Suergfalt ze traitéieren.

Natierlech ass et wichteg, dass d'Justiz eng adequat Zuel vu Mataarbechter, ënner anere vu Magistraten huet, fir dass eng effikass Gestiou an Opdeelung vun den Dossieren, souwéi och den Accès zur Justiz duerch de Justiciabel, kënnen garantéiert ginn.

Wéi an der Äntwert zu der 2. Fro scho präziséiert gouf, wäert d'Unzuel vun de Magistraten deementsprechend an d'Luucht gonn.

.....

Métier d'aide-soignant | Question 7277 (02/12/2022) de M. Fred Keup | M. Jeff Engelen (ADR)

D'Aide-soignanten hu während der Pandemie wäertvoll Déngschter fir eist Land a seng Bierger geleesch. Si sinn e wichtege Bestanddeel vun eisem Gesondheitswiesen. Wann een awer um Internetsite vum MEN nokuckt, fir Informatiounen iwwer déi ugestriefte Reorganisatioun vun den Ausbildung fir Gesondheitsberuffer gewuer ze ginn, stellt ee fest, datt de Beruff vum Aide-soignant do quasi inexistent ass. Derbäi kënnt, datt, wéi een an engem Artikel am „Tagblatt“ vum 28.11.2022 („Wat geschitt mam Beruff vum Aide-soignant?“) noliese kann, an de Klinicken elo scho bal keng Aide-soignanté méi agestallt ginn, well d'Infirmièren d'Responsabilitéit fir déi medezinesch Handgrëffer vun den Aide-soignanten iwwerhuele mussen. Et schéngt den Aide-soignanté keng Eegeverantwortung méi zougetraut ze ginn.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi eng Mesuren ergräift d'Regierung, fir de Beruff vum Aide-soignant besonnesch bei de Jonken ze promovéieren?
2. Kann d'Regierung confirméieren, datt bei der Reorganisatioun vun den Ausbildung fir Gesondheitsberuffer och de Beruff vum Aide-soignant matconsideréiert gëtt? Wann net, wie soll d'Aarbecht vun den Aide-soignanten um Terrain iwwerhuelen?

Réponse (18/01/2023) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. De Gesondheitsministère huet am September 2022 eng grouss Campagne „healthcareers.lu“ lancéiert. An dëser Campagne ginn déi reglementéiert

Gesondheitsberuffer valoriséiert a promovéiert. An engem éischter Phas ginn d'Gesondheitsberuffer vum Aide-soignant niewent dem Infirmier, der Hiewamm, dem Infirmier an Anästhesie a Reanimatioun, dem Infirmier en pédiatrie an dem Assistant technique médical de radiologie virgestallt.

Den Aide-soignant schafft am Binôme mat dem Infirmier an de verschiddene Secteure vum Lëtzebuerges Gesondheitssystem; dëst gëtt och deementsprechend op dem Site „healthcareers.lu“ presentéiert.

An der Rubrick „témoignages“ ginn zwee Videoe presentéiert, wou de Beruff vum Aide-soignant am Spidolssecteur an am Secteur „aides et de soins à domicile“ valoriséiert a promovéiert gëtt:

Den Aide-soignant ënnerstëtzt krank an net krank Persounen an der Realisatioun vun alldiegleche Grondbedierfnesser wéi der Alimentatioun, der Hygiène, der Mobilitéit, fir nëmme dës opzezielen. Den Aide-soignant férdert och d'Autonomie vun de Persounen. Doduerch huet den Aide-soignant eng privilegiéiert Relatioun mat de kranken an net kranke Persounen: Duerch seng Observatioun a Kommunikatioun kritt den Aide-soignant wichteg Informatiounen iwwer déi physesch a psychesch Gesondheet vun den eenzele Persounen mat. Dës Informatiounen sinn essenziell an engem Prise en charge, déi zu méi Qualitéit a Sécherheet vun der Persoun féiert.

ad 2. De Beruff vum Aide-soignant soll och no der Reorganisatioun vun der Formatioun vun de Gesondheitsberuffer a senger aktueller Form weider bestoen. Den aktuelle Projet gesäit keng Changementer um Niveau vum Inhalt vun der besteeënder Formatioun vir.

.....

Langues administratives au Luxembourg | Question 7278 (02/12/2022) de M. Fred Keup (ADR)

De 17. November huet POST Luxembourg, an där hirem Verwaltungsrot acht Verrieder vum Staat sëtzen, en Onlinesondage verschéckt ënner dem Titel „Vos attentes – Ihre Erwartungen – Your expectations – As suas expectativas“. Wéi den Titel scho weist, ass dës Ëmfro just a véier Sprooch verschéckt ginn: op Franséisch, op Däitsch, op Englesch an op Portugisesch, awer net op Lëtzebuergesch, wat verwonnerlech ass, well Lëtzebuergesch jo déi offiziell Landessprooch vun eisem Land ass a well d'Regierung am Mäerz 2012 an engem Strategiepaper fir d'Promotioun vun der Lëtzebuergescher Sprooch 40 Mesurë festgehalen hat, déi et erlabe sollten, mëttel- a laangfristeg Initiativen ze ergräifen, fir d'Lëtzebuergesch Sprooch an der Bevëlkerung méi staark ze verankeren.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Wirtschaftsminister a Schoulminister:

– Gëtt et en offiziell Reglement, dat d'Verwaltungen, Servicer an Établissements publics unhält, Dokumenter, Informatiounen, Ëmfroen asw. an den dräi Verwaltungssprooch vum Land erauszeschécken? Wa jo: Firwat ass dat bei dëser Ëmfro net gemaach ginn? Wann nee: Gëtt d'Regierung Uweisungen un d'Verwaltungen, Servicer an Établissements publics, fir esou Dokumenter an den dräi Verwaltungssprooch vum Land erauszeschécken? Wann nee: Firwat gëtt dat net vun der Regierung gemaach? Ass dat kompatibel mam uewe genannte 40-Punkte-Plang fir d'Lëtzebuergescher Sprooch?

Réponse (17/01/2023) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Et ass natierlech den ausdréckleche Wunsch, och unni entsprechend Reglement, vun der Regierung,

datt d'Verwaltungen sech an den dräi Landessproochen un d'Bierger richten, besonnesch och op Lëtzebuergesch. Mëttlerweil huet de Regierungsrat de 14. Dezember 2022 den neien „Aktionsplang fir d'Lëtzebuerg Sprooch“ ugeholl. Dësen Aktionsplang gouf vum Commissaire fir d'Lëtzebuerg Sprooch no der nationaler Sproocheronn, an an enger Zesummenaarbecht mat alle Ministèren, ausgeschafft. E sellegen Aktiounen hunn als Zil, d'Verwaltung beim Verfaasse vu Matdeelungen a Lëtzebuerg Sprooch ze ënnerstëtzen. Et sief och gesot, datt déi eenzel Departementer de spezifesche Glossaire fir hire Fachberäich opstellen, deen da vum ZLS op Lëtzebuergesch „iwwersat“ gëtt.

Bei der vum honorabelen Deputéierte genannter Ëmfro léisst POST Lëtzebuerg d'Regierung op Nofro hi wëssen, datt d'Lëtzebuerg Sprooch duerch virgesi war, mee duerch en technesche Feeler war den Onlinesondage leider nëmmen an de genannte Sprooch verschéckt ginn.

POST Lëtzebuerg mécht an der Reegel hir Ëmfroen iwwert d'Qualitéit vun hire Servicer an den dräi Verwaltungssproochen, also och op Lëtzebuergesch. Wa bestëmmte Gruppe vu Leit vun esou Sondage viséiert sinn, zum Beispill Entrepreneuren oder Geschäftsleit, da ginn zousätzlech Sprooch benotzt, déi och bei deenen Zilgruppe méi geleefeg sinn.

N7 à Marnach | Question 7308 (06/12/2022) de M. André Bauler (DP)

Zanter Joren ass d'N7 duerch Maarnich a Fëschbich bei Clierf net nëmmen eng vill befuerde Streck. Et stellen sech och eng Rei Sécherheetsprobleemer, besonnesch an der Héicht vum Hotel-Restaurant, deen no bei der Aktivitéitszon läit. Effektiv gëtt op dëser Plaz ëmmer méi geféierlech gerannt. Dat bréngt d'Visiteure vum Restaurant, déi deelweis laanscht d'Strooss parken, a Gefor. Et sinn apaart schwéier Gefierer, wéi z. B. d'Camionen, déi ganz no laanscht de Parksträife fueren, déi Accidenter kënnen provozéieren.

An deem Zesammenhang wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an Infrastrukture folgend Froe stellen:

1. Ass et net méiglech, fir dësen Deel vun der N7 duerch Maarnich a Fëschbich ze securiséieren – am Besonnesche beim Hotel-Restaurant (tëscht dem Rond-point bei der Transversale an dem Lieu-dit „dräi Hiwwelen“)?
2. Wa jo, wéi kéint dës Streckenofschneitt punktuell nei amenagéiert ginn?
3. Gëtt et Statistiken, déi d'Intensitéit vum Trafic op dëser Plaz detailléiert quantifizéieren?

Réponse (11/01/2023) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Wéi och schonn an der parlamentarescher Fro N° 6233 vum Här Deputéierte Jeff Engelen duergeleucht, stoungen op der Héicht vu Maarnich a Fëschbich, während dem Ausbau vun der Nationalstrooss N7 an de 70er respektiv 80er Joren, nëmmen e puer vereenzelt Haiser laanscht d'Strooss. D'Unzuel vun den Haiser ass awer am Verlaf vun de Joren duerch déi zousätzlech Bebauung vun deenen un d'N7 ugrenzende Parzelle geklommen. Esou ass d'N7 deemools och ni als „Duerfstrooss“ ugeduecht gewiescht.

Als Reaktioun op déi zousätzlech Bebauung laanscht d'N7 ass déi maximal erlaabte Vitess op där Plaz op 70 Stonnekilometer erofgesat ginn, a fir den Automobilist

zousätzlech op dës Vitess opmierksam ze maache respektiv ze sensibiliséieren, sinn nient der Beschëldung, zwou Geschwindegkeetstafelen opgeriicht ginn.

ad 2. Allgemeng ass ze betounen, datt d'Stroosbauverwaltung uechter d'Land probéiert, geféierlech Zonen ze detektéieren a se dann, jee no Prioritéit a Ressourcen, progressiv ze eliminéieren. Den Ament gëtt an der Géigend vu Maarnich un e puer relativ groussen a komplexe Projekte geschafft, an zwar der Securisatioun vun der N7, dem Contournement vun Hengescht an dem Contournement vun Housen.

De Projet vun der Securisatioun vun der N7 konzentriert sech op déi Tronçonnen, déi ausserhalb vun den Uertschaften respektiv de Flouernimm leien. Hei gëtt zum Beispill déi maximal erlaabte Vitess op 90 Stonnekilometer uniformiséiert, Mëttelleitplanken amenagéiert, an esou weider.

D'Uertschaften dogéint gi punktuell duerch baulech Mesuren an hiren Aganksberäicher securiséiert. Esou ass am nördlechen Agang vu Fëschbich e Rond-point geplangt, deen d'Uertschaft kloer markéiert an dem Automobilist signaliséiert, datt hien sech an enger Agglomeratioun befënnt.

Zousätzlech Moosnamen an den Uertschaften, wéi zum Beispill d'Amenagéiere vu Mëttelinsel bei Zebrasträifen, d'Belichtung vun Zebrasträifen, d'Opriichte vun digitale Geschwindegkeetstafelen an esou weider, kënnen och vun der Gemeng op Basis vun enger Permission de voirie realiséiert ginn.

Et ass awer ze bemierken, datt nieft all den Efforten, déi um Niveau vun der Infrastruktur ënnerholl ginn, d'Automobiliste gebiede sinn hir Fuerweis unzepassen, fir geféierlech Situatiounen ze antizipéieren an esou eventuell Accidenter ze vermeiden.

Et bleift nach ze soen, datt eventuell Sanktiounen bei Verstéiss géint de Code de la route een Deel vun de Missiounen vun der groussherzoglecher Police duerstelt.

ad 3. Unhand vu permanente Compteur, déi am ganze Grand-Duché op Vélosweeër, Autobunnen a Staatsstroossen installéiert sinn, ka permanent d'Intensitéit vum Trafic op bestëmmte Plaze kontrolléiert ginn.

Déi Donnéeë sinn ëffentlech a kënnen vu jiddwengem zu all Moment réckwierkend op déi fënnf lescht Joer um Portail des travaux publics opgeruff ginn (travaux.public.lu > Infos trafic > Comptage du trafic).

Op deem Site gesäit een dann, datt tëscht Fëschbich an dem Flouernimm „Kocherei“ effektiv ee permanenten an automatesche Compteur steet, an zwar de Compteur N° 946.

Tëscht de Joren 2018 an 2022 gesäit den duerschneittlechen deegleche Verkéier an deenen zwou Richtungen op dëser Plaz folgendermoossen aus:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu*).

(Dës Zuele representéieren wéi uewe bemierkt de järelechen Duerchschnittstrafic op dëser Plaz während engem Zäitraum vu 24 Stonnen a béid Richtungen.)

Renaturation de la Syre | Question 7319 (05/12/2022) de M. Fred Keup (ADR)

Well d'Cité Sirdall bei Wecker elo nei bebaut gëtt, muss am Kader vum Naturschutzgesetz kompenséiert ginn. An der neier Cité „An der Schmëtt“ muss domadder d'Sir renaturéiert ginn, déi duerch d'Cité leeft. Dofir ass de Laf vun der Sir, deen ekologiesch

intakt war, mam Bagger verännert ginn, fir mat Honnerten Tonne schwéiere Steng erëm ausgekleet ze ginn. De Projet soll am Ganze bal zwou Milliounen Euro kaschten. Vu Renaturéierung kann awer keng Ried goen, well de Laf vun der Sir nach ni esou ausgesinn huet.

1. Wien dréit d'Responsabilitéit fir d'Ëmsetze vun dësem Renaturéierungsprojet?

2. Wat ass de Grond, fir d'Renaturéierung vun der Sir op dës Manéier duerchzezéien?

Réponse (12/01/2023) de Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. D'Aschätzung vum éierewäerten Deputéierte stëmmt net. D'Sir ass net am gudden ekologeschen Zoustand, de Contraire ass de Fall. Am genannten Tronçon ass d'Vernetzung vun de Liewensraim ënnerbrach, a soll duerch d'Renaturéierung nees hiergestallt ginn. Dofir ass dee Renaturéierungsprojet an de Moosnameprogramm vum drëtte Waasserbewirtschaftungsplang vun der Waasserdirektiv (EG/2000/60) opgeholl ginn.

D'Zil vun deem Moosnameprogramm, wéi en am Waasserbewirtschaftungsplang virgesi gouf an deen op diverse Waasserleef Agréff virgesäit (Fëschtrape, Renaturéierung etc.), ass et, ee gudden Zoustand vun eise Baache bis 2027 ze erreechen. Dass d'Sir wäit vu engem gudden ekologeschen Zoustand ass, fënnt sech och am Dokument „État des lieux“ vum drëtte Bewirtschaftungsplang zréck, engem Dokument, dat no strengen allgemeng unerkannte wëssenschaftleche Kritären ausgeschafft ginn ass.

Fir den ugeschwaten Tronçon vun der Sir ass d'Zil, d'Duerchgängegkeet op dësem Tronçon erëm hierzustellen. An der Äntwert op déi 2. Fro gëtt am Detail erkläert, firwat d'Netduerchgängegkeet ee Problem ass a firwat et wichteg ass, dee Problem ze léisen.

Während de Planungen zum Deelbebauungsplang „An der Schmëtt“ ass decidéiert ginn, d'Sir gläichzäiteg zu dësem Projet mat ze renaturéieren. Sou sinn d'Aarbechten allgemeng iwwer ee manner laangen Zäitraum verdeelt an déi zukünftige Awunner gi manner laang duerch d'Aarbechten um Renaturéierungsprojet gestéiert. Déi zwee Projekte sinn däitlech vuneneen ze trennen: De Bauhär vum Bauprojet vun der neier Cité ass de Fonds du logement, Bauhär vun der Renaturéierung vun der Sir ass d'Gemeng Biver. De Projet vun der Renaturéierung gëtt vum Waasserfong kofinanzéiert. De Projet ass dohier och keng Kompenséierungsmoosnam fir de Bau vun der neier Cité am Kader vum Naturschutzgesetz.

ad 2. Den natierleche Laf vun der Sir war an der Vergaangenheet vun engem vum Mënsch gebaute Wier ënnerbrach ginn. Dëst gouf an der Vergaangenheet op ville Gewässer gemaach, fir zum Beispill d'Waasser aus de Baachen an ee kënschtleche Millekanal ze devéieren a mat deem Waasser eng Millen ze bedriewen. Doduerch war d'Sir awer ekologiesch net méi komplett funktionell. Déi fräi Bewegung vu Waasserorganismen wéi zum Beispill de Fësch an Insektelarve gëtt duerch esou Bauwierker an eise Baache verhënnert, well dës d'Wier net iwwerwanne kënnen, dat heescht hire Liewensraum ass ageschränkt. D'Fësch an aner aquatesch Liewewiese si während hirem Liewenszyklus awer op verschidde Liewensraim ugewisen. Dozou gehéieren zum Beispill Laichplazen am Uewerlaf vun enger Baach, déi fir hir Fortplanzung wichteg sinn. Déi

² <https://eau.gouvernement.lu/dam-assets/administration/documents/3-cycle/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final/anhang-10-zustandsbewertung-der-oberflachenwasserkorper.pdf>

feelend Duerchgängegkeet ass dann och eng vun den Haaptursachen an eise Gewässer zu Lëtzebuerg fir de Réckgang vun der Fëschfauna, well d'Fësch net méi bei hir Laichgrënn fannen an doduerch hir Reproduktioun ufälleg ass.

D'Zil vun der Renaturéierungsmaassnam op der Sir ass et, déi ekologesch Duerchgängegkeet nees hierzestellen, dat heescht, d'Liewensraum vun der Sir nees a Richtung Uewerlaf fir d'Waasserorganismen zougänglech ze maachen. An deem Zesammenhang ass d'Wier ofgesenkt ginn an ee Fëschpass a Form vun enger rauer Ramp, déi de biologeschen Ufuerderung vun der lokaler Fëschfauna gerecht gëtt, gebaut ginn. No den Aarbechte kënnen d'Fësch an aner Waasserorganismen sech nees flossopwäerts a flossofwäerts beweegen a sinn net méi vun engem kënschtleche Wier blockéiert.

Zousätzlech ginn an aktuell monotonen Deeler vun der Sir méi strukturräich Beräicher geschaaft, zum Beispill duerch d'Abau vum Doudholz oder Bamwuerzelen. Op dës Manéier kënnen spezifesch ekologesch Nische geschaaft ginn, duerch déi d'Habitatvillfalt erhéicht an d'Biodiversitéit laangfristeg gefërdert gëtt.

Et ass och wichteg dorop hinzewisen, dass no der Ëmsetzung vu Renaturéierungen eng gewëssen Zäitspan vergeet (e puer Méint bis 3 Joer), bis sech déi positiv Effekter an der Ekologie bemierkbar maachen. Fir den Erfolleg vun der Maassnam ze evaluéieren an ze dokumentéieren, gëtt virun de Maassnamen a 4-5 Joer no der Ëmsetzung ee Monitoring duerchgefouert. Dofir gesäit fir de Bierger an der Chantiersphas ee Projet oft net attraktiv aus. Duerno hëlt sech d'Natur ëmsou méi deen nei geschaaft Liewensraum zeréck.

Recommandation de construire une piste cyclable « express » entre Arlon et Luxembourg | Question 7321 (05/12/2022) de **Mme Chantal Gary** | **Mme Djuna Bernard** (déi gréng)

La feuille de route « Bicycle Stimulation », lancée le 28 novembre par le Benelux et la Rhénanie-du-Nord-Westphalie, est le résultat de l'un des points d'action de la déclaration vélo du Benelux de 2020 et vise à inciter les citoyens à utiliser davantage le vélo. Dans le cadre de l'élaboration de cette feuille de route vélo, une étude a été commandée au bureau d'études belge Transport&Mobility Leuven, spécialisé dans les études de mobilité. Cette étude conclut entre autres qu'une liaison cycliste transfrontalière « express » entre Arlon et Luxembourg possède le potentiel le plus important des 5 axes cyclistes transfrontaliers étudiés (Arlon-Luxembourg, Gent-Neuzen; Venlo-Mönchengladbach; Maastricht-Genk/Hasselt; Heerlen-Aachen) et recommande explicitement la construction de cette liaison cyclable « express ».

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

– Monsieur le Ministre entend-il donner suite à cette recommandation de construire une piste cyclable « express » entre Arlon et Luxembourg ?

Réponse (12/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

En ce qui concerne une liaison cyclable « express » entre la Ville de Luxembourg et Arlon, le Plan national de mobilité 2035 prévoit (pages 77 et 150) la mise en place d'un « itinéraire cyclable performant à dominante pendulaire » reliant la ville de Luxembourg à Arlon via Steinfort. Une telle infrastructure est définie (page 76) comme un « itinéraire cyclable direct et

rapide menant jusqu'au cœur des agglomérations depuis un rayon d'au moins 15 kilomètres ».

Il est précisé (page 76) que les infrastructures qui satisferont au mieux les critères, prévoyant un nombre minimum d'arrêts imposés aux cyclistes, des pentes et des virages adaptés à une vitesse de 25 km/h et une séparation avec les flux piétons, se verront attribuer le label d'« itinéraire cyclable express ». L'étude commanditée par le Benelux et la Rhénanie-du-Nord-Westphalie estime qu'entre 4 % et 20 % de cyclistes supplémentaires emprunteraient cet axe cyclable projeté s'il satisfaisait les critères exigés pour ce label.

L'approche du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics consiste à se concentrer dans une première phase à la réalisation de l'itinéraire cyclable PC28 (itinéraire cyclable desservant la ZAE Windhof, Capellen et Mamer et assurant l'accès vers les itinéraires cyclables PC12, PC13 et PC34) et à trouver un tracé plus direct pour les sections existantes (notamment entre la ZAE Windhof et Steinfort).

En raison du degré d'urbanisation sur la route d'Arlon, qui ne permet pas la réalisation d'un itinéraire « express » continu le long de ladite route nationale, il est difficile de pouvoir répondre aux exigences d'un itinéraire cyclable « express » dans la traversée de Bertrange et de Strassen jusqu'au centre de la ville de Luxembourg.

Toutefois, les acteurs belges et luxembourgeois ont entamé des discussions préliminaires pour un projet Interreg commun, sous l'aspect que c'est la qualité réelle de l'infrastructure cyclable qui intéresse et attire les cyclistes et non pas le label visé par celle-ci.

FLEX Carsharing | Question 7322 (05/12/2022) de **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Selon mes informations, la société appartenant au groupe CFL nommée « CFL Mobility », responsable pour le développement et la commercialisation de l'autopartage et connue pour son service « FLEX Carsharing », prévoit un changement de stratégie dans ses partenariats avec les communes. Ce changement implique l'abolition du principe du remboursement pour les communes partenaires, ce qui exigera une contribution mensuelle par voiture mise à disposition que les communes partenaires devront payer.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

– Quels sont les motifs pour cette nouvelle stratégie ?

– Combien de communes sont concernées par ce changement ?

– Quels sont les montants des bénéfices annuels de la société « CFL Mobility » et quelle a été l'évolution du nombre des utilisateurs depuis sa création ?

– Est-ce que les recettes générées par la société couvrent l'ensemble des dépenses de la société ?

– De quelle manière cette société a-t-elle été impactée par l'épidémie de Covid-19 ? Des répercussions au niveau de la trésorerie ou du nombre de clients ont-elles été constatées ?

Réponse (04/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

En vue de continuer à développer le service d'autopartage FLEX à travers le pays et en s'inspirant des meilleures pratiques internationales, la société CFL Mobility est en train d'actualiser sa stratégie commerciale. Le partenariat avec les communes est un pilier important

de cette stratégie pour pouvoir établir un tel service dans toutes les régions. L'objectif de la stratégie est d'atteindre une taille critique pour garantir un équilibre financier de cette activité dans les années à venir.

CFL Mobility a actuellement des partenariats avec 16 communes.

Le résultat net de CFL Mobility en 2021 était de -1.033.600 euros. L'évolution du nombre d'utilisations du service FLEX depuis sa création est reprise ci-dessous :

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).

L'épidémie a eu un effet seulement pendant les semaines du premier lockdown en printemps 2020. Pour le reste, le nombre d'utilisateurs a continué à croître en 2020 et 2021.

Prix de l'eau | Question 7326 (06/12/2022) de **M. Fred Keup** | **M. Jeff Engelen** (ADR)

Den 1. Dezember war am „Essentiel“ ze liesen, datt de Waasserpräis d'nächst Joer ëm ronn 15 Prozent wäert klammen. Dëst, well d'Gemenge weinst den héijen Energiepräisser eng Rei zousätzlech Betribskäschte mussen weiderreechen.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng zousätzlech finanziell Belaaschtungen duerch d'Upassung vum Waasserpräis all Mount op en duerchschnëttleche Stot zoukommen a preziséieren, ob hei méiglech Ënnerstützungsmaassname geplangt sinn?

2. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng zousätzlech finanziell Belaaschtungen duerch d'Upassung vum Waasserpräis op eis landwirtschaftlech Betriber zoukommen a preziséieren, ob hei méiglech Ënnerstützungsmaassname geplangt sinn?

Réponse (16/01/2023) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Protection des consommateurs | **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

ad 1. Zu Lëtzebuerg gëtt d'Waasserversuergung vun der Gemeng séchergestallt. De Bierger ass Client bei der Gemeng a kritt seng Rechnung och vun dëser. D'Waassergesetz vum 19. Dezember 2008, dat d'EU-Waasserdirektiv 2000/60/EG ëmsetzt, imposéiert e käschtedeckende Waasserpräis, dee sech aus enger Rei vu Komponenten zesummesetzt. Zu dëse Komponente gehéieren den Amortissement vun den Infrastrukturen (Behälter, Leitungen...), Käschte fir den Akaf vum Waasser bei engem Syndikat oder enger anerer Gemeng, lafend Käschten an Energie-, Verwaltungs- a Personalkäschten. Doduerch ass de Waasserpräis an all Gemeng anescht.

De Waasserpräis ass eng Redevance, déi no de Prinzipie vum „utilisateur-payeur“ (Dréinkwaasser) an dem „pollueur-payeur“ (Ofwaasser) gerechent gëtt an ënnerschiddlech op 4 verschidde Secteuren (Stéit, Industrie, Landwirtschaft an Horeca) weider verrechent gëtt. Bei all Secteur hänken d'effektiv Käschte vun jee-weilege Waasserverbrauch of. Duerch dëse Verrechnungsmodus iwwerdréit sech eng Hausse vum Präis net 1:1 op de Bierger.

D'Käschte gi landeswäit no enger harmoniséierter Method ermëttelt: Ier de Präis un de Konsument weider verrechent gëtt, geschitt e Reequilibrage, deen

engersäits de geografischen Ëmstänn (z. B. ländlech Gemengen an Dierfer) an anersäits de wirtschaftleche Facteuren (forfaitaire Plaffong vu 7 €/1.000 Liter) Rechnung dréit.

Präiserhéijunge vu 15 %, wéi et am genannten Artikel erwänt ass, entspreche jee no Gemeng enger Erhéijung vun 0,2–0,4 €/1.000 Liter. Fir en Haushalt vu 4 Persounen mécht dat am Joer ca. 40–80 € aus, also ca. 3–6 € pro Mount. Aus deem Grond si fir de Moment keng Ënnerstützungsmoosname geplangt. Et sief bemierkt, datt bis haut eréischt een Drëttel vun de Gemengen e konforme Waasserpräis nom Käschtendeckungsprinzip hunn.

Krunnewaasser bleift awer weiderhi ganz gönschteg, wann een dëst a Relatioun mam Fläschewaasser setzt. Fir 1 Liter Krunnewaasser bezilt een zu Lëtzebuerg am Duerchschnitt manner wéi 0,005 €. Fir Fläschewaasser muss een am Duerchschnitt mindestens 0,5 €/Liter bezuelen, also dat Honnertfacht.

Pro Joer kann e 4-Persounen-Haushalt, deen an der Moyenne 2 Liter Krunnewaasser den Dag drénkt, dofir 1.500 € spueren, wann e kee Fläschewaasser keeft, mee nëmme Waasser vun Krunn drénkt. Ausgabe fir d'Waasser (Drénk- an Ofwaasser cumuléiert) maache laut OECD zu Lëtzebuerg manner wéi 3 % vun de Gesamtdépendé vum engem duerchschnittlechen Haushalt aus. Dat ass ee vun den niddregste Prozentsätz an Europa.

ad 2. De Fait, datt de Waasserpräis d'nächst Joer ëm ronn 15 % klamme soll, wäert an der Reegel e relativ geréngen Afloss op eis landwirtschaftlech Betriber hunn. An der Moyenne leien d'Waasserkäschte bei 3.520 € pro Betrib a pro Joer, „toutes orientations confondues“. Déi 25 % Betriber mat den niddregste Waasserkäschten hunn an der Moyenne 728 € am Joer bezuelen. Déi 25 % Betriber mat den héchste Waasserkäschten hunn an der Moyenne 9.346 € pro Joer bezuelen. D'Waasserkäschte maachen domat nëmme knapp 1 % vun de gesamte Betribskäschten aus.

Am Geméisbau leien d'Käschte pro Betrib a pro Joer op engem änlechen Niveau. Dobäi ass de Waasserbesoin staark kulturofhängeg. Et ass an deem Secteur ganz wichteg ofzeweien, a wéi enger Hisiicht en Accès zum Waasser besteet, wann ee sech als Chef d'exploitation an eng Kultur lancéiert.

Wat d'Ënnerstützungsmoosnamen ubelaangt, ass ze ënnersträichen, datt d'Infrastrukture fir ze nützen am Kader vun der Investitiounsförderung vum Agrargesetz subventionéiert ginn. De regulären Taux d'aide läit bei 40 %. Jonk Baueren, Wënzer a Gäertner kënnen fir hire Betrib an den éischte 5 Joer vun der Installatioun un, vun engem Supplement vu 15 % profitéieren. Fir de Geméisbau, deen zu Lëtzebuerg staark defizitär ass a ganz besonnesch mat der Problematik vum Accès zum Waasser ze kämpfen huet, ganz geziilt ze ënnerstëtzen, ass geplangt, den Taux d'aide op Investitiounen a Gebaier an Aariichtungen an deem Secteur an Zukunft nach eng Kéier ëm 20 % eropzesetzen. Et gétt och probéiert, de Secteur ganz cibléiert ze sensibiliséieren an ze encouragéieren, bei dese waasserintensive Produktiounen net op Drénkwaasser zeréckzegräifen, mee op Reewaasser. Aariichtungen, fir Reewaasser opzefänken, ze traitéieren, ze stockéieren oder weiderzeleeden gi selbsterständlech och am Kader vum Agrargesetz ënnerstëtzt.

Construction d'un internat aux alentours du Lycée de Clervaux | Question 7327 (06/12/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Dans leur réponse commune à ma question parlementaire n° 3616 du 11 février 2021 concernant la construc-

tion d'un internat aux alentours du Lycée de Clervaux, Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et Monsieur le Ministre des Finances de jadis avaient précisé que le Gouvernement avait été officiellement saisi par la direction du Lycée de Clervaux (LCL) en vue de la construction d'un internat à proximité de cet établissement postprimaire dont les besoins s'élevaient à une capacité maximale de 50 lits.

La demande en question aurait été transmise au comité d'acquisition qui « est actuellement en négociations avec divers propriétaires en vue d'acquiescer des surfaces supplémentaires pour les besoins du projet d'extension du LESC ainsi que pour l'implantation d'un futur internat. »

À noter également qu'aucun programme de construction n'avait été transmis à l'Administration des bâtiments publics jusqu'à cette date (11/02/2021).

Voilà pourquoi je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

- 1) Monsieur le Ministre peut-il informer sur l'avancement de ce projet ? Les terrains en question ont-ils pu être acquis entre-temps ?
- 2) Est-ce qu'un programme de construction a été transmis d'ores et déjà à l'Administration des bâtiments publics ? Dans l'affirmative, quels en sont les détails ?

Réponse (11/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Une étude de faisabilité sommaire quant à la construction d'un internat a été réalisée pour différents sites d'implantation.

Actuellement un terrain n'a pas encore pu être acquis.

ad 2) Le Ministère de la Mobilité et des Travaux publics n'a pas encore reçu de programme de construction.

Sécurité routière au croisement entre le CR101 et le CR110 à Clémency | Question 7330 (06/12/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

An der Nuecht vum 1. Dezember op den 2. Dezember si bannent 24 Stonnen zwee Accidenter op der Kräizung tëschent dem CR101–CR110 zu Kéinzeg passéiert (Kräizung tëschent der Rue Basse, Rue Longue a Rue de la Gare). Et ass net déi éischte Kéier, dass et zu Accidenter op deser Plaz këmmt.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter goufen an de leschten 20 Joer op deser Kräizung gezielt?
2. Wat hunn d'Ponts et chaussées an der Vergaangenheit op deser Plaz ënnerholl, fir d'Verkéierssicherheit ze verbessern?
3. Wéi eng Léisunge ginn aktuell fir dës Kräizung zeréckbehalen?
4. Wéi bewäert de Minister d'Opstelle vu roude Luuchten op deser Plaz a wéi géif dese Léisungsusaz d'Verkéierssicherheit beanträchtegen?
5. Wäert de Minister hei bannent dem nächste Joer eppes ënnerhuelen, fir d'Verkéierssicherheit ze verbessern? Falls jo, wat fir Moosname ginn ënnerholl a bis wéini ginn se ëmgesat?

Réponse (16/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Laut Informatiounen vun der groussherzoglecher Police gouf et op der vum honorabelen Deputéierte

beschriwwener Kräizung säit 2014 néng Accidenter mat Kierperschued, dovunner 6 Accidenter mat liicht Blesséierten an 3 mat schwéier Blesséierten.

Déi presuméiert Ursach vun den Accidenter war an alle Fäll d'Méssuechtung vun der Virfaart.

ad 2. an 3. Als Gerant vum staatleche Stroossereseau ass eng vu den Attributiounen vun der Stroossebauverwaltung, d'Infrastruktur an engem gudden Zoustand ze halen. Op der Kräizung CR101/CR110 zu Kéinzeg schéngt et awer esou, datt de virleiende Problem op d'Méssuechte vun de Virfaartsreegelen zréckzeféieren ass.

Opgrond vun der Heefegkeet vun Accidenter gétt d'Kräizung momentan enger Analys ënnerzunn, fir méiglech Moosnamen ze proposéieren, déi zu enger Verbesserung féieren. Méiglech Mesuren, déi sech aus deser Analys erginn, kënnen souwuel reglementarescher wéi infrastruktureller Natur sinn.

Well d'Reglementéierung vum Verkéier inneruerts eng Gemengekompetenz ass, ass hei och eng Ofstëmmung mat der Gemeng néideg an och schonns an d'Wëeër geleet ginn.

ad 4. Wéi richteg vum honorabelen Deputéierte proposéiert, ass d'Opstelle vu roude Luuchten eng vun deene méiglechen Optiounen, déi op deser Plaz zu enger Verbesserung kéinte féieren. Aner Mesurë ginn awer och nach parallell analyséiert.

ad 5. Wann all d'Analysen ofgeschloss sinn, kann eng Decisioun geholl ginn, wat op deser Plaz ubruecht ass, fir konkret op déi virleiend Problematik nohaltig ze reagéieren. Am Moment sinn d'Analysen op deser Plaz awer nach net finaliséiert, soudatt och nach keen Zäitfenster ka genannt ginn, an deem konkret Mesurë kënnen ëmgesat ginn.

Foyers pour réfugiés | Question 7332 (07/12/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

L'intégration est un processus fait d'interactions multilatérales mais surtout aussi d'opportunités d'autonomisation et d'épanouissement.

Partant, j'aimerais poser les questions suivantes au Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

- 1) Alors que l'article 10.7 de la loi du 18/12/2015 évoque un comité ou un conseil consultatif dans les structures d'hébergement permettant aux résident.e.s d'avoir une voix au chapitre, si s'avère qu'à ce jour aucune instance pareille n'est en place. Comment expliquer ceci alors qu'il s'agirait d'un outil de participation essentiel ? Qu'envisagez-vous pour remédier à ce non-respect de la loi ?
- 2) L'encadrement social des résident.e.s de foyers est essentiel pour leur intégration dans la société et dans le marché du travail : pouvez-vous me fournir pour chaque foyer le nombre de résident.e.s, le nombre de travailleurs sociaux à plein temps et le nombre de personnel de sécurité ? Aussi, quel est ce nombre pour les weekends sachant que les enfants se retrouvent au foyer ?
- 3) L'implication des résidents dans la vie de tous les jours est sans doute un autre facteur d'épanouissement et d'autonomisation. Pouvez-vous compléter le tableau des foyers par une rubrique indiquant la possibilité de cuisiner sur place, si les résidents bénéficient du projet pilote « Cash for Food » ou de cartes de crédit et quels sites sont servis par l'unique épicerie sur roues.
- 4) Si les réunions d'information pour le voisinage précédant l'ouverture d'une nouvelles structure sont à

saluer, j'aimerais savoir ce qu'il en est des comités de suivi annoncés par l'ONA le 20 septembre 2021 à Munsbach et devant permettre un suivi régulier entre les autorités communales, les gestionnaires et les résidents.e.s ayant comme objectif d'assurer un échange et un suivi régulier entre les parties prenantes et de pallier aux difficultés rencontrées. Est-ce que ces comités existent et quelle est la fréquence des rencontres ? Ne pensez-vous pas que le voisinage pourrait faire partie de ces comités ?

5) Concernant le personnel de gardiennage, quels sont les modules de formation demandés lors du recrutement d'une société de gardiennage ? Est-ce que des formations continues ont lieu une fois les contrats effectués ?

6) Dans le cadre du Fonds de l'Union européenne AMIF, l'ONA a bénéficié d'une aide de 76.500 € pour le développement des compétences de ses agents en matière d'accueil et d'encadrement des demandeurs de protection internationale (DPI). En quoi consistait cette formation ? Pareille formation est-elle prévue pour les autres gestionnaires de foyers ?

Réponse (06/01/2023) de M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

ad 1) L'article 10, paragraphe 7, de la loi Accueil du 18 décembre 2015 constitue une transposition fidèle de l'article 18, point 8, de la directive 2013/33 (UE) du 26 juin 2013. Lesdits comités ou conseils consultatifs peuvent être mis en place sur demande d'une majorité des demandeurs de protection internationale de la structure d'hébergement respective. Ceci dit, de manière générale, les demandeurs sont incités de participer activement à la vie quotidienne dans les structures en collaborant avec le personnel encadrant qui a notamment pour mission de faciliter leur responsabilisation et autonomisation et de promouvoir leur intégration dans la société d'accueil.

ad 2) À la fin de 2022 l'Office national de l'accueil (ONA) a géré 57 structures d'hébergement pour demandeurs de protection internationale (DPI) (primo-accueil inclus) dans lesquelles sont hébergés 4.227 DPI. La dotation en personnel dans les structures d'hébergement pour DPI se compose en principe comme suit (même s'il peut y avoir des exceptions à ces ratios en fonction de certains arrangements au niveau local) :

Personnel de gardiennage :

Durant toute la semaine (lundi à dimanche) :

– 1 gardien pour 40 personnes dans les structures d'hébergement pour DPI (y inclus les centres de primo-accueil).

Personnel social :

De lundi à vendredi :

– 1 encadrant pour 40 personnes dans les centres de primo-accueil ;
– 1 encadrant pour 50 personnes dans toutes les autres structures d'hébergement pour DPI.

De samedi à dimanche :

– 1 encadrant pour 120 personnes dans les centres de primo-accueil et la structure d'hébergement pour DPI Don Bosco à Luxembourg-ville ;
– pas d'encadrants dans toutes les autres structures d'hébergement pour DPI.

À noter que des adaptations peuvent être faites à tout moment et en cas de besoin. Par ailleurs, une permanence téléphonique est en place pour répondre aux urgences pendant les weekends.

ad 3) Hormis les structures d'hébergement de primo-accueil, le réseau DPI de l'ONA compte actuellement 55 structures d'hébergement équipées avec un total de 42 cuisines à disposition des résidents. Ainsi 75 % des résidents ont la possibilité de cuisiner pour eux-mêmes.

8 structures d'hébergement font actuellement partie du projet pilote des « cartes d'achat » utilisables auprès d'un supermarché.

14 structures d'hébergement sont impliquées dans le projet pilote « Cash for Food ». Ce projet entrera dans une nouvelle phase à partir du mois de janvier 2023, où 3 structures d'hébergement supplémentaires seront incluses dans le projet.

16 structures d'hébergement sont actuellement desservies par l'épicerie sur roues.

N.B. : Dans les centres de primo-accueil, il n'y a pas de possibilité de cuisiner sur place en vue de la courte durée d'hébergement des DPI avant leur transfert vers une structure d'hébergement temporaire pour DPI.

ad 4) Les comités de suivi sont mis en place sur demande des communes concernées par le biais d'une convention de collaboration entre l'ONA et la commune. L'objectif du comité est de veiller à la bonne exécution opérationnelle des accords et conventions établis entre la commune et l'ONA, de développer les relations entre les acteurs impliqués et d'assurer une convergence des procédures de l'ONA avec les procédures des acteurs communaux. À ce jour, sept conventions de collaboration instaurant des comités de suivi sont en place. La fréquence des rencontres varie en fonction des besoins. Les comités de suivi sont composés de représentants de la commune et de l'ONA. Chaque comité peut s'adjoindre des professionnels et des personnes dont la présence est jugée utile.

ad 5) Le personnel de gardiennage de l'ONA doit, notamment, disposer des formations suivantes :

– formation « Gestion de conflits et de l'agressivité » visant à mieux gérer la violence pouvant apparaître dans une structure ;
– niveau de formation M1, englobant les modules « Premiers secours », « Lutte incendie et évacuation de bâtiments » ;
– formation « Hygiène » visant à garantir une distribution des repas respectueuse des règles d'hygiène actuellement en vigueur (cette formation est uniquement requise pour les structures d'hébergement Lily Uden, Esch-sur-Alzette et Ettelbruck CHNP) ;
– formation « Poste d'inspection filtrage rayon-X » (cette formation est uniquement requise pour le bâtiment administratif sis à 5, rue Carlo Hemmer).

Les formations énumérées ci-dessus doivent être effectuées par le personnel de gardiennage du prestataire retenu dans un délai de 6 mois après la date de publication de l'avis sur le portail des marchés publics.

ad 6) La cible principale de cette formation portait sur les sections de nos agents qui sont directement en lien avec les DPI et pour lesquels l'ONA a sollicité un renforcement des compétences professionnelles :

– Section Guidance et allocations ;
– Section Administrations des sites ;
– Section Suivi social et réinstallation ;
– Section Accompagnement pédagogique et interculturel.

Afin de garantir un accueil et un hébergement professionnel des demandeurs de protection internationale, et en particulier des personnes vulnérables, le présent projet a permis de financer des formations et supervisions dans le but de développer et de renforcer les compétences des agents de l'ONA en matière d'accueil et d'encadrement des demandeurs de protection internationale.

Les formations ont été regroupées sous trois volets :

– Le volet supervision ayant pour objectif de faciliter la prise de conscience, l'expression et l'émergence de pistes d'amélioration et d'innovation, sur le plan des exigences du travail et/ou du service rendu. Elles ont un effet éducatif et s'inscrivent dans une

préoccupation générale de formation continue et d'éducation permanente.

– Le volet vulnérabilité comporte un certain nombre de formations qui ont recours à différents experts en la matière comme par exemple des formations sur le trouble de stress posttraumatique, les mutilations génitales féminines ou bien la traite des êtres humains.

– Le volet langues et culture comportant par exemple des cours sur les langues arabes.

Les autres gestionnaires de structures d'hébergement (Caritas et Croix-Rouge) sont de par leur convention soumis à une série de formations obligatoires correspondant aux fonctions exercées.

Contrôle des crèches privées | Question 7334 (07/12/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Zanter dëser Woch gi viru Geriicht d'Virwërf géint d'Gerante vun enger Crèche gepréift. Der Ugeklote gëtt premeditéiert Kierperverletzung géint Kanner a Salariéë virgehait.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kontrolle goufen an deene leschte 5 Joer bei private Crèchè gemaach, fir sécherzestellen, dass den Aegrement agehale gëtt?

2. Wéi vill Prozent mécht dat en vue vun der Gesamtunzuel u private Crèchen aus?

3. Wéi vill Crèchè goufe méi wéi 1 Kéier an de leschte 5 Joer kontrolléiert a wéi oft?

4. Wat fir Verstéiss goufe bei dëser Kontrolle festgestallt? Kann d'Ministesch duerleeën, wéi vill Prozent déi jeeweileg Verstéiss par rapport zur Gesamtunzuel u Verstéiss ausmaachen?

5. Wat fir Prozedure ginn ageleet am Fall wou Verstéiss festgestallt ginn?

Réponse (13/01/2023) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Et ginn ënnerschiddlech Typpe vu Kontrollen, déi zu verschiddene Momenter stattfannen.

Am Kontext vun der Demande d'agrément, der Erweiterung oder der Erneuerung vum Aegrement ginn, wéi vun der Prozedur virgesinn, Kontrollen duerchgefouert.

Donieft ginn awer och Kontrollen duerchgefouert, déi net am Virfeld annoncéiert ginn. Heirënner falen z. B. administrativ Kontrollen an Inspektiounen vu Strukturen, deenen een oder méi Verstéiss reprochéiert ginn. An dësem Kader sinn an deene leschte fënnf Joer ronn 200 administrativ Kontrollen an/oder Inspektiounen an de kommerziell ausgeriichte Bildungs- a Betreuungsstrukturen (SEA) gemaach ginn, fir ze iwwerpréieren, ob de legalen a reglementairë Kader respektéiert gëtt. Des Weidere sinn 43 Stellungname wéinst signaléierte Verstéiss ugefrot ginn.

Et ass ze bemierken, datt et an de Joren 2020 an 2021 wéinst der Fermeture vun de Strukturen opgrond vun der Pandemie temporaire net méiglech war, fir verschidde Kontrollen duerchzeféieren.

ad 2. Am Dezember 2022 zielt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) 489 Zouloossungen (Aegrementen) fir SEAen am kommerzielle Beräich. Dës Zuel ass an de leschte Jore stänneg geklommen, soudatt eng Ausso zum prozentualen Undeel net méiglech ass. Et ass och ze bedenken, datt et SEA ginn, wou an de leschte Jore méi wéi eng Kontroll duerchgefouert gouf.

ad 3. Insgesamt sinn an de leschte fënnf Joer 60 kommerziell Strukturen méi wéi eng Kéier kontrolléiert

ginn. Et si pro Struktur bis zu siwe Kontrollen duerchgefouert ginn.

Nieft dëse Kontrolle vum Ministère maachen d'Agents régionaux vum Service national de la jeunesse zanter 2017 all Joer an der Reegel zwou Visitten op der Plaz, fir de Suivi vun der pädagogescher Qualitéit ze assureieren. Wa bei dëse Visitten Onreegelméissegkeete festgestallt ginn, gëtt den zoustännege Service vum Ministère an d'Bild gesat. Et ass net méiglech, déi genee Zuel vun de Visitten an de private Crèchen unzegeen, mee an de leschte fënnf Joer si ronn 6.000 där Visitte gemaach ginn, woubäi et der an de Joren 2020 an 2021 coronabedéngt manner waren. Zousätzlech sinn am Kader vun den Agreementsdemandë souwéi Ännerungen oder Verlängerunge vun Agreements ronn 1.000 Visitten an SEAE gemaach ginn.

ad 4. Bei de kommerziellen SEAE si 427 Verstéiss festgestallt ginn. Dat mécht ongeféier d'Hallschent vun de constatéierte Verstéiss am ganze Secteur aus.

Bei de Kontrolle gi folgend Verstéiss am meeschte festgestallt:

– d'Konditioun vum Agreement ginn net respektéiert, z. B.:

- Depassement vun der Kapazität oder Accueil vu Kanner, déi net vum Agreement ofgedeckt sinn;
- Personalmangel oder net genuch qualifizéiert Personal respektiv ze vill onqualifizéiert Personal;
- Problemer um Niveau vun der Infrastruktur (Sécherheet, Hygiène, Amenagement, Virschrëfte vum Reglement zu den Infrastruktur ginn net agehalen);
- obligatoresch Prestatiounen ginn net ugebueden;
- Kontrakter, déi net konform zu de gesetzleche Bestëmmunge sinn;
- Problemer um Niveau vun der Facturatioun (z. B. Verrechner vu méi Stonnen, wéi am Kontrakt virgesinn);
- d'Konditioun vum Programm vun der Méisproochegkeet sinn net erfëllt;
- d'Qualitéitsinstrumenter (Journal de bord, Weiderbildung asw.) ginn net respektéiert.

Eng genau Ausso zum prozentualen Undeel vun den eenzelne Verstéiss ass net méiglech.

ad 5. D'Gesetzger gesi Prozedure vir, un déi d'Gestinnaire sech hale mussen. Ausser am Fall, wou d'Kanner an direkter Gefor sinn, gëtt en Delai accordéiert, bannent deem de Gestinnaire beleeë muss, datt hien sech konforméiert huet. Hien huet och d'Méiglechkeet, gehéiert ze ginn, fir seng Erklärungen matzedeelen. Dës Informatiounen mussen bei enger méiglecher Decisioun mat betruuecht ginn.

Jee no Situatioun, schafft de MENJE enk mat anere staatlechen Instanzen, wéi zum Beispill der ITM, der Inspection sanitaire, der Sécurité alimentaire an och dem Parquet zesammen.

Méiglech Suttien um Niveau vum Agreement sinn eng Reduktioun vun der Kapazität oder de Retrait vum Agreement.

Um Niveau vum Chèque-service accueil sinn eng Suspension, de Retrait an och e Remboursement als méiglech Konsequenze virgesinn.

D'Zil vun de Sanktiounen ass et, virun allem de Gestinnaire dozou ze beweegen, sech ze konforméieren, soudatt d'Kanner an deene beschtméiglechste Konditiounen encadréiert ginn.

Politiques de protection des enfants contre les abus dans le sport | Question 7335 (07/12/2022) de **Mme Josée Lorsché** | **Mme Stéphanie Empain** (déi gréng)

Le 23 juin 2022, les résultats du projet conjoint Union européenne et Conseil d'Europe (UE-CoE) « Child

Safeguarding in Sport » (CSiS) ont été présentés lors de l'événement de clôture. Ce projet, ayant comme objectif l'élaboration de feuilles de route spécifiques aux pays partenaires pour des politiques efficaces de protection des enfants dans le sport, a identifié comme l'un des principaux défis la mise en place de responsables de la protection de l'enfance à différents niveaux.

À nos connaissances, ce sujet ne se trouve qu'à ses débuts dans le monde sportif luxembourgeois, avec seulement deux fédérations qui auraient entamé des bases de travail dans ce domaine. À noter cependant que de plus en plus de fédérations internationales demandent des efforts substantiels de leurs fédérations nationales respectives.

Étant donné qu'au Luxembourg, la plupart des fédérations sportives sont de petite, voire de moyenne taille et qu'elles ne disposent souvent pas des ressources nécessaires pour pouvoir réaliser un tel projet, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre des Sports :

1) Monsieur le Ministre a-t-il l'intention d'aborder le sujet du « Child Safeguarding in Sport » au niveau national afin de tenir compte des résultats du projet conjoint de l'Union européenne et du Conseil d'Europe susmentionné ?

2) Dans l'affirmative, Monsieur le Ministre envisage-t-il de créer une structure, voire de mettre à disposition des ressources personnelles afin de fournir l'expertise nécessaire et d'encadrer les fédérations sportives en la matière ?

3) Dans la négative, est-il prévu d'élaborer des directives et des recommandations claires auxquelles les différentes fédérations pourront s'orienter dans le but de prévention des enfants contre tout abus et toute violence physique ou morale ?

Réponse (11/01/2023) de **M. Georges Engel**, Ministre des Sports

ad 1) En tant que Ministre des Sports, j'accorde une valeur importante au sujet du « Child Safeguarding in Sport ». Le sport devrait être un moyen d'offrir aux enfants un environnement social où ils peuvent se rencontrer sans contrainte et faire du sport ensemble. Le sport peut être un multiplicateur d'intégration et d'inclusion, mais les fédérations et clubs du sport organisé doivent veiller à ce que l'environnement soit sûr. Le Ministère des Sports et le Service de l'enfance du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ont créé un groupe de travail qui élabore depuis deux ans un plan d'action dans le domaine de la protection de l'enfance dans le sport. Outre le Comité olympique et sportif luxembourgeois (COSL), d'autres partenaires sont impliqués dans les discussions. La base doit être la Charte des droits de l'enfant dans le sport de l'Institut international des droits de l'enfant, qui doit être adaptée à la structure sportive luxembourgeoise.

La Charte des droits de l'enfant dans le sport a été développée en réponse au besoin de prévention et de protection des enfants dans le sport. Issue d'un travail interdisciplinaire, elle est utilisée avec les jeunes sportifs, les clubs sportifs et dans la formation des professionnels encadrant les enfants. C'est un outil remarquable pour sensibiliser aux facteurs de vulnérabilité de l'enfant sportif et pour établir les bases de la surveillance préventive et de la protection. Pleinement convergente avec la Convention internationale des droits de l'enfant, cette charte en donne l'application concrète dans le domaine du sport. Utilisée au quotidien sur le terrain, elle contribue à transformer le regard des adultes et les pratiques éducatives pour un

sport respectueux de l'enfant et de ses besoins, et favorable à son bien-être et à sa santé.

ad 2) Sur la base de la charte, il est prévu d'élaborer un guide pratique pour les professionnels du secteur (enseignants, éducateurs, entraîneurs et encadrants) et ce guide fera également partie intégrante de la formation de l'ENEPS. En outre, la procédure pour signaler un problème doit être clairement définie.

Une adresse de contact doit permettre d'apporter une aide rapide et concrète. Une campagne de sensibilisation avec des affiches et des bannières dans les infrastructures sportives doit également représenter la thématique de manière imagée et simplifiée. Il faut également veiller à ce que les enfants et les jeunes puissent assimiler ces informations et agir correctement en cas de besoin.

Étude concernant les décharges pour déchets inertes | Question 7336 (07/12/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Laut dem Artikel vum „Reporter“ „Wo neue Bauschuttdeponien entstehen können“ vum 6.12.2022 gouf am Joer 2016 eng Etüd vum Ëmweltministère an Optrag gi fir potenziell Standuerter ze fannen, wou de Bauschutt kann deponéiert ginn. D'Resultater vun dëser Etüd goufen awer bis elo net publizéiert.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministeschen stellen:

1. Kann d'Ministeschen bestätegen, dass esou eng Etüd 2016 an Optrag an och fäerdeggestallt ginn ass?

2. Wa jo, no wéi enge Critèren sinn déi potentiell Standuerter ausgewielt ginn?

3. Wat ass an der Tëschenzäit mat der Etüd geschitt?

4. Firwat sinn d'Resultater aus der Etüd net ëffentlech gemaach ginn?

5. Wat war de Käschtepunkt vun der Etüd?

Réponse (13/01/2023) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Déi Etüd mam Titel „Ermittlung grundsätzlich geeigneter Standorte für Deponien für mineralische Inertabfälle im Großherzogtum Luxemburg“ ass 2015 beoptraagt ginn an Enn Juli 2016 der Ëmweltverwaltung (AEV) zugestallt ginn.

ad 2. D'Sich no potentielle Standuerter fir Bauschuttdeponien huet sech op déi folgend methodologesch Prozedur a Krittären baséiert:

Fir den Ënnersichungsberäich ofzegrenzen, goufe fir d'éischt informatesch eng 70 Layeren/Schichten mat de relevante Selektions- an Ausschlosskrittären ewéi ë. a. Gréngzonen, Biotopen, Qualitéit vum Buedem fir landwirtschaftlech Nutzung, Dréinkwaasserquellen, Héichwaassergebieder, Waasserleefere, Gemeengeflächen, Gewerbegebieder (ZAE) etc. inwert déi allgemeng topographesch Kaart vu Lëtzebuerg geluecht an esou déi d'office ongéeeegent Flächen am Virfeld ausgeschloss.

Den nationalen Territoire gouf an 10 Regiounen nom Plan directeur sectoriel „décharges pour déchets inertes“ opgedeelt an déi identifizéiert Fläche fir all eenzel Regioun goufen als sougenannt „Positivflächen“ agestuift fir weider ënnersicht ze ginn.

An der nächster Etapp sinn déi potentiell Flächen nom Punktesystem vum Krittärenkatalog „Critères d'évaluation comparative des différentes propositions de sites de décharges pour déchets inertes et de remblais“ aus der Annex V vum Règlement grand-ducal du 9 janvier 2006 déclarant obligatoire le plan directeur sectoriel

« décharges pour déchets inertes » (am Juli 2021 abrogéiert) bewäert gi fir méiglech Standuerter ze identifizéieren. Doropshi gouf fir dës nach eng Visitt um jeeweilige Site gemaach, fir déi tatsächlech Situatioun sur place mat de Pläng an Informatiounen, déi zur Verfügung stoungen, ofzegläichen an ze ergänzen.

ad 3. a 4. Dës Etüd gouf deemools vun der AEV an Optrag ginn, fir am Kader vun hirer Missioun als Member vun der spezieller Kommissioun nom Règlement grand-ducal du 9 janvier 2006 déclarant obligatoire le plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes » nei Sitte fir Bauschuttdeponien ze sichen a fir dee sektorielle Plang virzeschloen.

Als Resultat vun der Etüd sinn eng Rei Standuerter ermëttelt ginn, déi no den uewe genannte Krittäre grondsätzlech fir eng Bauschuttdeponie kéinten a Fro kommen. Dës Standuerter goufen awer an der Etüd net an allen Detailler bewäert. No der fréierer Legislatioun hätt an der Suite vun der Etüd fir all eenzel ausgewielte Standuert missen eng technesch Machbarkeetsstudie beoptraagt ginn, an där ë. a. d'Geologie vum Site, d'Hydrologie op der Plaz a weider Analyse vum Ëmfeld vum Site hätte misse gekuckt a bewäert ginn.

Tëschenzäitlech, wéi an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen N° 5662 vum 2. Februar 2022 vun der éierewärter Deputéierter Madamm Myriam Cecchetti an N° 5548 vum 24. Januar 2022 vun den éierewärten Deputéierten Här Fred Keup an Här Jeff Engelen gesot, sinn déi virewäanten Texter net méi applikabel an et gëllt de Règlement grand-ducal du 25 août 2021 déterminant la procédure de recherche de nouveaux emplacements pour décharges régionales pour déchets inertes ze berücksichtegen.

Dee Moment, wou d'Etüd fäerdeg war, war scho kloer, dass déi legislativ Virgabe wäerte geännert a vereinfacht ginn. Dofir gouf drop verzicht, d'Machbarkeetsstudien op Steierkäschen ze beoptrage fir ze verhënneren, dass esou Etüden dee Moment vun hirem Ausschaffen an hirer Fäerdegstellung net méi den da gëltege Krittäre géingen entsprechen. Dat ass och de Grond, firwat déi Etüd deemools net verëffentlecht ginn ass. Si war awer zu jidder Moment fir jiddereen op Basis vum Ëmweltnformatiounsgesetz anzeséinn an ass dat och lo nach.

ad 5. De Käschtepunkt vun dëser Etüd louch bei 57.213 €.

Sécurité des chauffeurs de bus | Question 7340 (08/12/2022) de M. Jeff Engelen (ADR)

D'Sécherheet vun de Buschauffere gëtt akut diskutéiert, net eréischt zënter d'Buslinne vun hei a Frankräich wéinst der Onsécherheet net méi funktionéieren. D'Chauffere sollen elo mat spezielle Kabinne geschützt ginn. Dës Initiativ dréit net zur Sécherheet vun de Passagéier bäi, iwwer déi an dësem Kontext net geschwat gëtt. Duerfir hunn ech dës Fro un den Här Transport- an d'Madamm Justizminister:

1. Ass et net un der Zäit, d'Sécherheet am ëffentlechen Transport fir d'Personal a fir d'Passagéier zu all Dages- an Nuechtzäit ze garantéieren?
2. Ass d'Regierung bereet, private Sécherheitsfirmen am Interessi vun de Passagéier a vum Personal dës Aufgaben ze iwwerdroen?
3. Wien ass responsabel, wann eng Persoun am ëffentlechen Transport en Affer vu Gewalt gëtt?
4. Ass kloer etabliert, datt am Rumm vum RGTR net de private Busbetrieb a säi Personal, mee ëmmer den Transportministère d'Verantwortung dréit?

Réponse (04/01/2023) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

D'Sécherheet am ëffentlechen Transport ass en Dauertheema, wat reegelméisseg fir parlamentaresch Froen opgegraff gëtt. Et ass en Theema, dat verständlecherweis wichteg ass an och vun den ëffentlechen Instanzen eescht geholl gëtt, wat déi permanent Efforte beweisen, déi gemaach ginn, fir d'Situatioun ze verbesseren. Ech erlabe mer allerdéngs, op déi sellegen aner Froen an Äntwerten zum Theema Sécherheet ze verweisen (6040, 6237, 6943 an 1259/7125), an och nach emol ervirzesträichen, dass de Sujet vun der Sécherheet net just den ëffentlechen Transport betrëfft, an de Volume vun der Populatioun an den Aarbechtskräften an eisem Land och zouhëlt.

Wéi och schonn a viregten Äntwerte gesot, mécht et kee Sënn, fir déi ëffentlech Transportmittel mat Agenten, sief et privaten oder net, ze begleeden.

Wat d'Responsabilitéit ugeet am Fall vun enger Gewaltwendung, verweisen ech den honorabelen Deputéierten op déi bestoend Legislatioun a besonnesch de Code pénal.

Wat den honorabelen Deputéierte mat der Verantwortung vum Transportministère am Kader vum RGTR mengt, gëtt net präziséiert, ech verweisen dofir engersäits op d'Exploitationskontrakter, déi duerch d'Ausschreiwung vum RGTR ëffentlech zougänglech waren, an d'Legislatioun an d'Reglementatioun zur Sécherheet am ëffentlechen Transport, iwwer déi och schonn an de viregte parlamentaresche Froe bericht gouf.

Chaleur des datacenters | Question 7341 (08/12/2022) de Mme Martine Hansen | M. Paul Galles (CSV)

A verschiddene Länner gëtt d'Ofwiermt, déi vu Rechenzentere produzéiert gëtt, genotzt, fir domadder d'Fernwärmenetze ze beliwweren. Dat geschitt zum Beispill zu Stockholm an och anere skandinavische Länner, déi grouss Rechenzentere bedriewen.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un den Energieminister stellen:

1. Gëtt zu Lëtzebuerg d'Ofwiermt aus Rechenzentere genotzt?
2. Wéi grouss ass d'Potenzial zu Lëtzebuerg, fir d'Ofwiermt aus Rechenzentren ze notzen?
3. Wa jo, plangt de Minister, den Energieversuenger ze hëllefen, fir Investissemter ze tätigen, soudass an Zukunft d'Ofwiermt aus den Datenzentere ka genotzt ginn?

Réponse (17/01/2023) de M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie

ad 1. Heizou gëtt et keng generell Donnéeën zu Lëtzebuerg. Op europäischem Niveau gëtt dëst Theema an der Energieeffizienzdirektiv (EED) behandelt, déi momentan iwwerschaaft gëtt; an der neier Versioun ass een neien Artikel (11a) an eng nei Annex (VIa) virgesinn, wou et ëm Datenzentere geet an notament dorëm, dass Datenzentere mat signifikantem Energieverbrauch an Zukunft musse järelech Donnéeën zu hirem Verbrauch verëffentlechen. Bei deenen Donnéeën sinn och Informatiounen zur Notzung vun Ofwäermt an der verfügbarer Ofwäermt virgesinn (wéi eng Donnéeë müssen an Zukunft rapportéiert ginn, gëtt am Moment an Aarbechtsgruppen op EU-Niveau definéiert).

Lëtzebuerg huet de Sujet vum Energieimpakt vun den Datenzentren um EU-Niveau virgedriwwen a setzt sech an dësem Zesummenhang bei de

Verhandlungen zur neier EED dofir an, dass méiglechst net nëmmen de Reporting vun Donnéeë fir Datenzentren agefouert gëtt, mee och Ufuerderungen un hir Energieeffizienz an Effizienzverbesserungen.

Et gëtt zu Lëtzebuerg Datenzentren, déi hir Ofwäermt net, do sief z. B. Luxconnect zu Beetebuerg genannt, wou een Deel vun der Ofwäermt genotzt gëtt, fir hir eege Büros an déi vu verschiddene Locatairen um Site ze notzen, an do ginn och nach weider Notzungsméiglechkeeten ënnersicht, well nach Wäermt verfügbar ass.

ad 2. D'Potenzial, fir Ofwiermt aus Rechenzentren ze notzen, besteet generell ëmmer, allerdéngs muss och ee Bedarf fir Wäermt relativ no beim Rechenzentrum bestoen.

Fir d'Potenzial an Zukunft kënnen ze erfaassen an d'Notzung vun Ofwäermt ze plangen, hu mir zu Lëtzebuerg ee „Wärmekataster“ entwéckelt, deen et erméiglecht, souwuel verfügbar Wäermt op lokalem Niveau ze erfaassen, wéi och de Bedarf u Wäermt. Dës Wärmekataster riicht sech virun allem un d'Gemengen, déi domat hir Energieplanung an hir Energiebilanzierung an Energiemonitoring maache kënnen, an dësse Kataster kann och vun de Gemenge genotzt ginn, fir eenzel Gebaier oder Entreprene ze erfaassen an dann iwwer Berodung Projete fir d'Notzung vun Ofwäermt (vu Rechenzentren oder aus anere Quellen) ze initiéieren.

(<https://www.pacteclimat.lu/de/engagierter-akteur/news/waermekataster-luxemburg#:~:text=Nachdem%20das%20W%C3%A4rmekataster%20bereits%20beim,Rahmen%20des%20Klimapakts%20nutzen%20k%C3%B6nnen.>)

ad 3. Notzung vun Ofwäermt ass eng wichteg Energieeffizienzmesur an dofir bestinn zu Lëtzebuerg och schonn Hëllefe fir Investissemter am Kader vun der Loi modifiée du 15 décembre 2017 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement (Artikel 6.), an dëst och spezifesch fir Wärmetauschersystemer oder am Zesummenhang mat der Notzung vun Ofwäermt iwwer eng Wärmepompe. D'Theema „récupération et valorisation de chaleur fatale“ gëtt am Guide du requérant zu dësen Hëllef adresséiert an do sinn och d'Rechenzentren (salles informatiques) speziell ernimmt.

Fir eng potenziell Notzung vun Ofwäermt ze evaluéieren, besteet an deem selwechte Kader och eng Hëllef fir Machbarkeetsstudie fir esou Projeten.

Autorisation de travail | Question 7343 (08/12/2022) de Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)

Le statut de membre de famille d'un ressortissant de pays tiers donne droit à un titre de séjour sous certaines conditions mais pas à un permis de travail. Pour introduire une demande d'autorisation de travail, la personne doit faire les démarches avec un employeur. Ces démarches sont souvent longues, fastidieuses à tel point de décourager les employeurs à entamer cette démarche.

Pourtant, cette procédure retient de nombreuses épouses dans une situation de dépendance envers le mari et de non-autonomie. Une vraie politique d'émancipation et d'intégration devrait permettre aux épouses voire aux membres de famille plus généralement de travailler et de s'émanciper. De plus, certaines femmes se retrouvent à travailler clandestinement ce qui les expose davantage aux risques d'exploitation.

Partant, j'aimerais poser les questions suivantes au Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Qu'est ce qui justifie l'octroi de titres de séjour sans autorisation de travail pour les membres de famille ressortissant de pays tiers ?

Selon nos informations, des changements seraient en cours vers un accès immédiat au marché du travail.

2) Existe-t-il la volonté de donner un accès immédiat au marché de travail aux membres de famille des ressortissants de pays tiers ? Si oui, où en sont les démarches ?

3) Est-ce que vous pouvez me communiquer le nombre de personnes ayant une autorisation de séjour sans autorisation de travail inscrites à l'ADEM ?

Réponse (06/01/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) Lors de l'élaboration de la loi du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration, la volonté du législateur n'existait pas pour donner un accès direct au marché de l'emploi au membre de famille du ressortissant de pays tiers. Dans un contexte où les États membres gardent une marge de manœuvre au niveau de leur politique d'immigration et de l'accès au marché de travail selon les besoins de ce dernier, une priorité était donnée au principe de la préférence communautaire, alors que la pénurie de main-d'œuvre n'était pas encore à l'ordre du jour avec un plus grand nombre de citoyens de l'Union encore disponibles sur le marché de l'emploi.

ad 2) Oui, un avant-projet de loi est en cours de préparation.

ad 3) L'ADEM compte actuellement 499 demandeurs d'emploi ressortissants de pays tiers enregistrés en tant que membre de famille sans autorisation de travail.

Salles de bains dans les maisons de retraite et des soins | Question **7346** (08/12/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

An der Äntwert op meng Fro N° 4733 hat d'Familljeministesch mech informéiert, dass Stand August 2021, 271 Logementer an Alters- a Fleegeheemer keng eegen Toilette haten. Des Weideren hate 495 Logementer weeder Toilette nach Dusch. An der Sëtzung vum 8. Dezember sot d'Ministesch, dës Zuele wieren net méi aktuell.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun de Bewunner an de lëtzebuergesche Fleegeheemer hu keng eegen Dusch, déi ausschliisslech fir hire Privatgebrauch reservéiert ass? A wéi enge Fleegeheemer ass dëst de Fall?

2. Wéi vill vun de Bewunner an de lëtzebuergesche Fleegeheemer hu keng eegen Toilette, déi ausschliisslech fir hire Privatgebrauch reservéiert ass? A wéi enge Fleegeheemer ass dëst de Fall?

3. Wéi vill vun de Bewunner an de lëtzebuergesche Fleegeheemer hu keen eegent Buedzëmmer mat Toilette, Lavabo an Dusch, dat ausschliisslech fir hire Privatgebrauch reservéiert ass? A wéi enge Fleegeheemer ass dëst de Fall?

Réponse (06/01/2023) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Bedéngt doduerch, dass zënter August 2021, 2 Alters- a Fleegeheemer – Servior Thilleberg zu Déifferdeng a Servior Roude Fiels zu Rémeleng – zougemaach gi sinn an duerch een neit Haus zu Déifferdeng um Wower ersat gi sinn, hunn, Stand Januar 2023, nach 124

Logementer an Alters- a Fleegeheemer keng eegen Toilette (am August 2021 goufen et nach 271 Logementer ouni eegen Toilette) an 347 Logementer hu weeder Toilette nach Dusch (am August 2021 goufen et nach 495 Logementer ouni eegen Toilette an Dusch).

Pont sur la Sûre près de Goebelsmühle | Question **7347** (08/12/2022) de **M. André Bauler** (DP)

Actuellement le pont sur la Sûre près de Goebelsmühle est entièrement rénové si bien que cet ouvrage d'art est fermé durant une période assez longue.

Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Infrastructures :

1) Quels sont les travaux qui seront réalisés au fil des mois à venir ?

2) Quel en est le coût estimatif ?

3) Pour quand au plus tard le chantier en question pourra-t-il être clôturé ?

Réponse (12/01/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Les travaux, qui ont déjà fait l'objet d'une question parlementaire de Madame la Députée Martine Hansen (n° 7130), au droit des deux ouvrages d'art OA1214 et OA1215 franchissant la Wiltz, respectivement les voies CFL à Goebelsmühle, comprennent la réhabilitation des superstructures des deux ouvrages, le renouvellement de l'éanchéité en vue de la durabilité des ouvrages, la réalisation d'une dalle en béton armé sur toute la longueur de l'OA1215 et la mise en conformité des systèmes de retenue le long de la route, respectivement des écrans de protections des voies CFL.

ad 2) Le coût global des travaux est estimé à 1.462.000 euros HTVA.

ad 3) L'achèvement des travaux est envisagé pour fin mars-début avril 2024.

Situation des animaux domestiques des réfugiés | Question **7355** (09/12/2022) de **Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk)

Le site Tony Rollman au Kirchberg est le site de primo-accueil des réfugiés. Jusqu'en septembre, le site fut seulement destiné à des réfugiés ukrainiens et venant d'Ukraine. Mais depuis, le site accueille aussi tous les autres primo-arrivants en vue de l'enregistrement de leur demande de protection.

Mais devant la guerre ne furent pas que les femmes et hommes mais aussi les animaux. La guerre n'est pas fait ni pour les femmes et les hommes ni pour les animaux. Ainsi, certains réfugiés ukrainiens et venant d'Ukraine arrivaient avec leurs animaux et heureusement l'ONA leur permettait de garder les animaux dans un endroit spécialement prévu sur le site Tony Rollman.

Récemment, cette possibilité leur a été enlevée. Ainsi, il n'est plus possible d'emmenner ses animaux sur le site Tony Rollman alors qu'un endroit spécialement conçu était déjà en place et fonctionnait dans ce sens.

Il est difficile d'imaginer la détresse d'un réfugié qui doit tout quitter et qui à l'arrivée dans un pays étranger doit se séparer en plus de son animal.

Partant, je voudrais poser ces questions suivantes au Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Quelle est la raison pourquoi cette possibilité de garder des animaux a été enlevée aux résidents du site Tony Rollman ?

2) Combien de réfugiés venant d'Ukraine ont emmené des animaux ?

3) Au-delà des réfugiés bénéficiant du statut de protection temporaire, combien de demandeurs de protection internationale ont emmené un animal ?

4) Quelle est la durée de séjour des demandeurs de protection internationale sur le site Tony Rollman sachant que les foyer pour réfugiés sont largement saturés ?

5) Concernant le foyer de la VDL à Hollerich, est-ce que la possibilité d'y emmener des animaux persiste et persistera ? Combien d'animaux s'y trouvent actuellement ?

6) Y aurait-il la possibilité de réserver temporairement des chambres d'hôtel pour les cas où des réfugiés arrivent avec des animaux si le site Tony Rollman ne devrait plus les reprendre ?

7) Sinon, quelle est l'issue que vous proposez aux réfugiés arrivant avec des animaux ?

Réponse (06/01/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

ad 1) Au vu de la saturation des structures d'hébergement pour demandeurs de protection internationale (DPI) de l'Office national de l'accueil (ONA), le Centre de primo-accueil Tony Rollman assure depuis le 30 septembre 2022 non seulement le primo-accueil des personnes ayant fui la guerre en Ukraine, mais également le primo-accueil pour demandeurs de protection internationale. En raison de ce changement et de l'augmentation du nombre de personnes accueillies sur le site, la sécurité des personnes hébergées et l'hygiène doivent y être garanties.

ad 2) Fin décembre 2022, 287 personnes ayant fui la guerre en Ukraine et ayant eu un entretien au guichet unique ont emmené des animaux avec eux.

ad 3) Selon les statistiques de l'ONA, aucun demandeur de protection internationale n'a emmené un animal avec lui.

ad 4) La durée moyenne d'hébergement des demandeurs de protection internationale sur le site de primo-accueil Tony Rollman est de 14 jours.

ad 5) La structure d'hébergement pour bénéficiaires de protection temporaire à Hollerich assure une prise en charge adéquate des animaux. Fin décembre 2022, 21 animaux y sont logés : 8 chiens et 13 chats.

ad 6) L'Office national de l'accueil (ONA) n'a pas la possibilité de réserver des chambres d'hôtel dans le cas où des demandeurs de protection internationale ou des demandeurs de protection temporaire arrivent avec des animaux sur le site Tony Rollman.

ad 7) Tous les animaux sont relogés dans les meilleurs délais dans la structure d'hébergement pour bénéficiaires de protection temporaire à Hollerich.

Contrôle des dossiers de protection jeunesse | Question **7357** (12/12/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Bei dem Dossier de protection jeunesse handelt et sech ëm Dossiere vu Kanner, déi an eng Institution placéiert ginn, well e Jugendrichter eng physisch, psychesch oder moralesch Gefor fir si an hirem aktuellen Émfeld gesäit. D'Gesetz gesäit vir, dass dës Dossieren ab dem Zäitpunkt vum Placement all dräi Joer vum Jugendrichter musse kontrolléiert ginn, fir

ze kucken, ob de Besoin vun engem Placement vum Kand nach ëmmer noutwennege ass oder net.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Justiz dës Froe stellen:

1. Zënter 2010 an opgeléicht pro Joer, a wéi ville Fäll goufen dës Kontrollen no dräi Joer net gemaach?
2. Wat sinn d'Grënn dofir, dass dës Kontrollen net, ewéi vum Gesetz virgesinn, gemaach goufen?
3. A Fäll, wou dës Kontroll no dräi Joer net gemaach gouf, wat fir Méiglechkeeten hunn déi biologesch Elteren oder aner Familljemembere, fir esou eng Kontroll an d'Weeër ze leeden?

Réponse (12/01/2023) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1. an 2. Et sief drop higewisen, dass e Jugendschutzdossier net nëmme Kanner betrëfft, déi an engem Institutioon placéiert gi sinn, an dass déi triennial Kontroll net ausschliisslech fir dës Placementer géllt.

Dës Iwwerprüfung gétt gemaach wann en Urteel eng Moosnam unuerdent, déi de Suivi vun der Situation vum Kand implizéiert, sou wéi e Placement, e Maintien vum Kand a sengem familiären Ëmfeld ënner Oplagen oder eng Assistance éducative.

Aktuell geréiert d'Jugendgeriicht vu Lëtzebuerg déi triennial Revisioun vu ronn 1.668 Mannerjärege. Beim Jugendgeriicht vun Dikrech handelt et sech ëm 473 Mannerjärege. D'Ventiléierung vun dësen Zuele presentéiert sech follgendermoossen:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).

Jee no Mesure, déi geholl gouf, ginn dës Kontrollen op Basis vu Rapporte vum SCAS, vun engem Service fir Familljplacement oder vum concernéierte Foyer duerchgefouert. Déi Dossieren, déi an deem Kader musse kontrolléiert ginn, sinn op enger Lëscht opgezielt, déi vun de Jugendrichter an de Greffiere consultéiert gétt fir sécherzegoen, dass dës Kontrollen duerchgefouert ginn. Déi betraffe Servicer an Institutioone ginn dann och vum Jugendgeriicht gefrot, hire Rapport triennial ofzeginn.

Et gétt keng Statistike vun den Dossieren, an deenen dës Kontroll net gemaach gi wier, wuel bemierkt, dass de Jugendrichter kee rezente Fall, an deem dës Kontroll net gemaach gi wier, bekannt ass.

Ausserhalb vun dëser triennialer Kontroll gétt de Placement vun engem Kand, virun allem wann dësen an enger Institutioon ordonéiert gouf, reegelméisseg (mindestens ee- bis zweemol d'Joer) op Basis vun de Rapporten (vum SCAS, vun de Foyeren etc.) vun de Jugendrichter reevaluéiert, esou datt eng Kontroll ëmmer garantéiert ass.

ad 3. D'Kand selwer, seng Elteren, Tuteuren an d'Persounen, déi d'Garde vum Kand hunn, kënnen all Joer eng Modifikatioun oder d'Zeréckzéie vun den decidéierte Jugendschutzmesurë beim Jugendgeriicht ufroen (Artikel 37 vum Jugendschutzgesetz vum 10. August 1992).

Bei enger Mesure de garde provisoire kënnen d'Kand, seng Elteren, Tuteuren an d'Persounen, déi d'Garde vum Kand hunn, zu all Moment eng Demande fir d'Zeréckzéie vun dëser Mesure areecheen (Artikel 27 vum Jugendschutzgesetz vum 10. August 1992).

Enquête sur les besoins des personnes en situation de handicap au Luxembourg | Question 7358 (12/12/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Et gouf an der Vergaangenheet ëmmer nees dovun geschwat, fir Statistiken zu Persounen mat Handicap

ze maachen. Am éischte Plan d'action de mise en œuvre de la Convention des Nations Unies relative aux droits des personnes handicapées 2012–2017 gétt schon op d'Wichtigkeet vu komplette Statistiken zu Persounen mat Handicap higewisen. Am Bilan vun dësem éischte Plang ass ze liesen, dass dës Statistiken awer bis dohin nach net zustane komme waren. Am zweete Plan d'action fir d'Joren 2019–2024 ass dann allerdéngs just am Beräich vun der Aarbecht vun der Erhiewung vun Date riets. Am Rapport d'activité 2020 vum Familljeministère steet dann ze liesen, dass zesumme mam LISER eng grouss Enquête iwwert d'Situatioun vu Persounen mat Handicap soll duerchgefouert ginn. Am Rapport fir d'Joer 2021 vum selwichte Ministère steet dann, dass souwuel d'Questionnaire wéi och d'Prozedur vun der Enquête etabliert gi wieren an d'Enquête am Laf vum Joer 2022 soll duerchgefouert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Konnt d'Enquête schon (Stand 1. Dezember) ofgeschloss ginn?

Wa jo, wéini wäerten d'Resultater dovun virleien?

Wann nee, wéini soll dës Enquête ofgeschloss ginn a wéini ass mat de Resultater ze rechnen?

2. Wäerten d'Resultater vun dëser Enquête och den am Beräich vum Handicap aktiven Associatiounen an ASBLen zur Verfügung gestallt ginn? Wann nee, firwat net?

3. Wäerten d'Resultater vun dëser Enquête och dem breede Public zougänglech gemaach ginn? Wann nee, firwat net?

Réponse (06/01/2023) de **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. D'Zil vun dëser Ëmfro, déi online duerchgefouert gétt, ass et un éischter Stell eng Bestandsopnam vun de bestoenden Hëllef a Mesuren ze maachen, vun deene Leit mat enger Behënnerung profitéiere kënnen. Gläichzäitgeet et bei dëser Ëmfro dorëms auszewäerten, wéi eng Leeschtungen an zousätzlech Mesuren zu Lëtzebuerg misste geholl ginn, fir eng Behënnerung auszegläichen.

D'Enquête iwwert d'Besoin vu Leit mat enger Behënnerung, déi an Zesummenaarbecht mam LISER duerchgefouert gétt, wäert am Laf vum Januar 2023 lancéiert ginn. D'Resultater, déi dobäi erauskommen, gi mat Donnéeën vun der Vollekszielung vun 2021 vum Statec kombinéiert fir méi aussokräfteg ze ginn. Et handelt sech ëm eng wichteg Enquête, déi komplex a wäitreechend ass, sou datt d'Resultater net virun Enn 2023 ze erwaarde sinn.

Dës Resultater wäerten et erméiglechen, iwwer adequat Statistiken zur Situatioun vu Leit mat enger Behënnerung hei am Land ze verfügen a wäerten esou de Recommandatiounen vum Comité des droits des personnes handicapées vun der UNO nokommen. Si wäerten eis och erlaben, grouss Deeler vum Artikel 31 vun der UN-Behënnerterrechtskonventioun iwwer d'Statistiken an d'Datesammlung ze transposéieren.

ad 2. D'Resultater vun dëser Enquête wäerte selbstverständlech och den am Beräich vum Handicap aktiven Associatiounen zur Verfügung gestallt ginn. Eng aktiv Collaboratioun a Kommunikatioun mat de Leit vum Terrain ass fundamental, fir d'Situatioun vun de Betreffenen ze verbessern.

ad 3. Opgrond vun der Envergure vun dëser Enquête, wäerten d'Resultater och dem breede Public zougänglech gemaach ginn.

Reconnaissance envers le métier d'aide-soignant | Question 7359 (12/12/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Dans une interview récente, l'Association luxembourgeoise des aides-soignants (ALAS) déplore un manque de reconnaissance envers le métier d'aide-soignant. Elle dresse le constat que les hôpitaux recourent de moins en moins aux aides-soignants parce que pour un certain nombre d'interventions de leur part, la présence d'un infirmier est nécessaire. Ce qui implique que les infirmiers effectueraient eux-mêmes les actes en question. Or, selon l'ALAS, les aides-soignants ont un rôle important à jouer et pourraient permettre aux infirmiers de se concentrer sur leurs attributions propres.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé et à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Quelles mesures sont prévues pour préciser les attributions du métier des aides-soignants impliquant une plus grande autonomie de ces derniers ? Leur rôle sera-t-il redéfini ?

2) Le cas échéant, comment cette révision se répercutera-t-elle sur le parcours de formation des aides-soignants ?

Réponse (18/01/2023) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1) La profession d'aide-soignant est régie par la loi du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé et le règlement grand-ducal du 25 juillet 2002 portant sur l'exercice de la profession d'aide-soignant.

L'aide-soignant fait partie intégrante des équipes soignantes. Dans ce sens, le Ministère de la Santé a réalisé un projet de réactualisation des attributions de la profession d'aide-soignant qui vise à renforcer la coopération interdisciplinaire, autour et avec le patient et la personne non malade/dépendante. Ce projet met en avant et reconnaît la plus-value de la profession d'aide-soignant pour la santé de la population.

Le champ d'exercice et de responsabilité de cette profession est défini et décrit sous forme d'activités professionnelles que l'aide-soignant exerce au quotidien. Ces activités considèrent l'ensemble des missions, tâches et attributions inhérentes à la mission de cette profession.

La réactualisation des attributions permettra également à l'aide-soignant de se comporter de manière responsable dans l'exécution de sa pratique au sein du périmètre de ses activités professionnelles et de connaître ses limites tant réglementaires et organisationnelles que lorsque la situation dépasse ses connaissances, ses compétences et/ou ses aptitudes. Tout au long de sa carrière, l'aide-soignant pourra acquérir de nouvelles compétences et/ou qualifications spécifiques par le biais de la formation continue.

En septembre 2022, le Ministère de la Santé a organisé et lancé une vaste campagne « healthcareers.lu ». Cette campagne vise la valorisation et la promotion des professions de santé réglementées au Luxembourg.

Dans une première phase, les professions de l'aide-soignant, de l'infirmière/ier responsable de soins généraux, de la sage-femme, de l'infirmière/ier en anesthésie et réanimation, de l'infirmière/ier en pédiatrie et de l'assistant technique médical de radiologie sont

présentées. L'aide-soignant exerce sa profession en binôme avec l'infirmière/ier responsable de soins généraux, ceci dans les différents secteurs du système de la santé au Luxembourg.

La profession de l'aide-soignant est valorisée et promue sur le site « healthcareers.lu » :

- sous la rubrique « témoignages », deux vidéos sont présentées décrivant la profession de l'aide-soignant dans le secteur hospitalier et le secteur « aides et soins à domicile »,
- sous la rubrique « fiches métiers » les missions, les rôles et responsabilités, les secteurs d'activités, ainsi que la formation de la profession de l'aide-soignant sont détaillés.

L'aide-soignant est le professionnel de santé, spécialisé dans la réalisation des soins de la vie quotidienne, liés aux fonctions d'entretien et de continuité de la vie. Il soutient les personnes dans la réalisation des soins tels que l'alimentation, l'hygiène ou la mobilisation. Il dispense des soins qui ont pour objectif entre autres de promouvoir l'autonomie de la personne.

De par son travail, l'aide-soignant a une relation privilégiée avec les personnes à travers son observation et sa communication, l'aide-soignant collecte des informations importantes concernant l'état physique et psychique des personnes. Ces informations sont primordiales pour des prises en charge sécurisées et de qualité.

ad 2) Le projet actuel ne contient pas de changement au niveau de la formation actuelle de l'aide-soignant.

Comptes de réseaux sociaux de membres du Gouvernement | Question 7360 (12/12/2022) de M. Marc Goergen (Piraten)

Ech hu schonn a vieregte Froe probéiert, d'Regierung op méiglech Interessekonflikter a punkto Social Media Accounts vu Ministère opmierksam ze maachen (é. a. N° 0948 an N° 0633). Elo huet d'Familljeministesch als éischte Regierungsmember ugekënnegt, bei de Gemengewalen 2023 matzemaachen.

An deem Zusammenhang wéilt ech dem Premierminister an der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung fir sech Reegelen opsetzen, wéi Social Media Accounts vun de Ministère genotzt solle ginn en vue vun de Gemengewalen an den nationale Wahlen 2023? Wa jo, wäert d'Regierung dës Reegele kommunizéieren? Wann nee, firwat net?
2. Wéi wäert d'Regierung mat Social Media Accounts vun de Ministère emgoen am Fall wou ee Regierungsmember bei de Gemengewalen als Kandidat*in matgeet?
3. Kann d'Madamm Familljeministesch assuréieren, dass d'Accounts vum Familljeministère keng Reklamm fir d'Ministesch wäerten am Walkampf maachen?
4. Kann de Premier assuréieren, dass keng Ministère-Accounts oder Minister-Accounts genotzt ginn, fir Reklamm während dem Walkampf fir dee jeeweilige Kandidat/déi jeeweileg Kandidatin ze maachen?
5. Wéi wäert d'Ministesch während de Gemengewale mat deene Follower emgoen, déi si op hirem privaten Account duerch Interaktiounen mat dem Ministère-Account oder dem Minister-Account krut?
6. Wat waren d'Käschte vum Familljeministère fir d'Gestioun vun de Social Media Accounts säit 2018, Personalfrais an extern Agencé mat abegraff (opgeléicht pro Joer)?

Réponse (05/01/2023) de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Wéi schonn an den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen N°s 0633, 0948 a 6803 ënnerstrach, sinn déi eenzel Regierungsmemberen eegestänneg an der Organisatioun vun hirer Kommunikatioun, konform zum Artikel 78 vun der Constitutioun an dem Code de déontologie vun der Regierung. Reklamm am Kader vun enger Walcampagne huet kee Lien mat der offizieller Aarbecht vun engem Regierungsmember a gëtt deemno weeder vu Staatsagenten organiséiert nach vun öffentliche Gelder finanziert.

D'Familljen- an Integratiounsministesch ënnerscheet zwou Saache ganz kloer: op där enger Säit hir perséinlech Social Media Accounts, déi si selwer verwalt, an op déi och keen Aneren Zougang huet als Administrateur. An op där anerer Säit d'Social Media Accounts vum Ministère, fir déi d'Ministesch selwer keng Zougangssaccësen huet.

D'Käschte vun der Gestioun vun den offiziellen Accounts vum Familljeministère op de soziale Medien kënnen net wéi gefrot eenzel opgeschlüsselt ginn, well dës Gestioun eng Aarbecht ënner villen ass, déi de Service vun der Kommunikatioun am Familljeministère am Alldag leescht.

Do donieft sief prezisiéiert, dass de Ministère zanter 2015 en Twitter-Account, zanter Juli 2021 e Facebook-Account, zanter Abrëll 2022 en Instagram-Account an zanter September 2022 e LinkedIn-Account huet. De Ministère schafft mat externen Agencen zesummen am Kader vu gréisseren Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen. Sou sinn 2022 am Kader vun der nationaler Campagne „Je peux voter“ tëscht Mee an Dezember 2022 am Ganze 16.660 Euro un eng extern Agence bezuelt ginn. Am Kader vun der nationaler Campagne „Wat ass normal“ waren et 2.765,88 Euro, déi un eng extern Agence bezuelt goufen. Fir d'Campagne ronderëm d'Energieprimm an d'Allocation de vie chère goufen 877,50 Euro un eng extern Agence bezuelt.

Androicide | Question 7362 (13/12/2022) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

A ville Länner op der Welt gi Männer ëmbruecht, gefoltert oder verstümmelt, well si Männer sinn, sou z. B. ganz aktuell am Ukrainkrich, wou Dausende vu Männer ëm d'Liewe kommen, well si als wehrpflichteg Männer agezu goufen. Donieft gëtt et vill aner Formen vun Androzid, wéi z. B. de Maritizid, de Pappemord an de Brudermord. Och ginn a ville Länner Männer onfräiwëleg kastréiert, vun deenen der vill un hire Verletzung stierwen. Trotzdem ass de Phänomeen vum Androzid bis elo en Tabu theema an der EU an zu Lëtzebuerg. Et feelt u konkreeten Informatiounen zu dësem Sujet an den Androzid ass och net als spezifesch Verbrechen am Code pénal festgeschriwwen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gläichstellungsminister an un d'Madamm Justizminister:

1. Wéi steet d'Madamm Gläichstellungsminister zum Begrëff „Androzid“? Huet d'Madamm Minister dee Begrëff an hirer Fonctioun als Gläichstellungsministesch scho benotzt?
2. Erkennt d'Regierung d'Noutwennegkeet un, „Androzid“ als politesche Begrëff ze institutionaliséieren, fir extreem Gewaltverbrechen, déi u Männer begaange ginn, besser bekämpfen ze kënnen?
3. Kann d'Madamm Gläichstellungsminister preziséieren, ob si sech fir d'Benotzung vum Begrëff

„Androzid“ am Joresbericht vum Conseil violence a setze géif?

4. Envisagéiert d'Madamm Minister, Mesuren ze ergreifen, fir d'Bevëlkerung vum Land iwwer d'Phänomeen vum Androzid ze informéieren, z. B. iwwer de Site violence.lu? Wann nee, firwat net?

5. Gëtt et Iwwerleeunge bei der Madamm Justizminister, fir de Begrëff „Androzid“ am Code pénal festzuschreiwen? Wann nee, firwat net?

Réponse (12/01/2023) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Égalité entre les femmes et les hommes | M. Sam Tanson, Ministre de la Justice

Déi national Gesetzgebung a Saachen Egalitéit, mä och d'Lëtzebuerg Strofrecht, besonnesch am Kontext vu Gewaltverbrechen an all sengen Dimensiounen, si geschlechtsneutral formuléiert.

Deemno riicht sech eis Legislatioun, mä och all aner Präventiounsmesuren a Begleedinstrumenter (wéi z. B. den Internetsite www.violence.lu oder de Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence) souwuel u Frae wéi och u Männer, u Meedercher wéi och u Jonge gläichermoossen. Aus dësen Ursache gesäit dës Regierung keng Noutwendegkeet, fir op de Begrëff vum Androzid ze réckzegräifen.

Et sief awer och bemierkt, dass de Projet de loi 8032 („projet de loi complétant le Code pénal par l'introduction d'une circonstance aggravante générale pour les crimes, délits et contraventions commis en raison d'un mobile fondé sur un ou plusieurs des éléments visés à l'article 454 du Code pénal“) et de Geriichter wäert erlaben unzëerkennen, dass eng Person wéinst hirem Geschlecht ëmbruecht gouf, a soumat eng méi héich Strof ze schwätzen.

Diffusion directe ou indirecte de chaînes sanctionnées | Question 7364 (13/12/2022) de M. Sven Clement | M. Marc Goergen (Piraten)

Wéi „Reporter“ den 13. Dezember bericht, mécht d'SES, déi zu 11 % direkt dem Lëtzebuerg Staat gehéiert, et méiglech, dass d'Sendere wéi Russia Today weider an Asien an Afrika gesent ginn. D'Regierung kommentéiert d'Recherchen a mengt, d'Sende vun Drëttstaaten un Drëttstaate géifen net ënner EU-Sanktiounen falen. Op d'Nofro vu „Reporter“ huet d'EU-Kommissioun awer kloer wësse geden:

« Il est interdit aux entités basées dans l'Union européenne de transmettre des diffusions ou contribuer autrement à la diffusion directe ou indirecte de ces chaînes sanctionnées. »

An deem Zusammenhang wéilt mir dem Premierminister an dem Minister fir Kommunikatioun a Medien dës Froe stellen:

1. Wäert d'Regierung bei der SES intervenéieren, fir dass TV-Chäinen, déi kloer vun der EU sanktionéiert a blockéiert ginn, net méi duerch d'SES gesent ginn?
2. Wéi steet d'Regierung zu der am Artikel zitierter Ausso vun engem Porte-parole vun der EU-Kommissioun, déi contraire ass zur Positioun vun der Regierung?
3. Geet d'SES hei an den Ae vun der Regierung de Risiko an, vun der EU wéinst Netanhale vun de Sanktiounen géint Russland gestrooft ze ginn?
4. Wéi vill géif d'SES d'Ofschalte vun de Packagen, an deenen dës TV-Chäin mat dra sinn, kaschten?
5. Wéi oft huet d'SES säit de Sanktiounen géint Sputnik a Co bei den afrikaneschen an asiateschen Entitéiten,

déi dës TV-Chäinen iwwerdroen, nogefrot, fir domat opzehalen?

Réponse (17/01/2023) de **M. Xavier Bettel**, Ministre des Communications et des Médias | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

– D'Regierung setzt sech fir eng robust, effizient an um europäeschen Niveau enk koordinéiert Ëmsetzung vun de Sanktiounen an. Zanter Ufank steet si an enkem Kontakt mat der SES, fir eng kohärent Implementatioun vun de Sanktiounen ze garantéieren. Bei deenen zwee Fäll, an deene sanktionéiert Senderen op SES-Satelliten net konnten direkt ofgeschalt ginn, handelt et sech ëm isoléiert Fäll, wou d'SES aus techneschen a rechtliche Grënn net konnt selwer direkt agéieren. Dës Senderen hu keen direkte Kontrakt mat der SES, mee mat der SES hire Clienten, déi net an Europa baséiert sinn. Technesch gesinn huet d'SES keng Méiglechkeet, déi sanktionéiert Senderen eenzel ofzeschalten.

– D'Lëtzebuerger Autoritéite sti vun Ufank un an engem stännegen Dialog mat de kompetente Services vun der EU-Kommissioun, fir rechtlech Froen ze klären, wéi och politesch Implicatiounen ofzeweien.

– Esoubal wéi am Mäerz Sanktiounen verhaange gi sinn, huet d'SES direkt agéiert an déi concernéiert Sendere vun de Satelliten iwwert Europa geholl. Doriwwer eraus huet d'SES och alles gemaach, fir ukrainesch Senderen och nom Ausbroch vum Konflikt weider verdeelen ze kënnen, z. B. nodeems Uplink-Stationen zerstéiert gi sinn. D'SES huet och ukrainesch Senderen zousätzlech op hirer Positioun 19.2° opgeholl, déi Nouvelles a Kannerprogrammer australe fir Ukrainer, déi an Europa sinn.

– Zu kengem Ament gouf et en Zweifel um Wëlle vun der SES, Sanktiounen ëmzesetzen. Den ablécklechen Dialog mat der EU-Kommissioun soll hëllefzen ze klären, wéi d'EU-Sanktiounen an dës spezifesche Fäll vun EU-Satellitbedreiwere sollen an enger kohärenter an effikasser Aart a Weis ëmgesat ginn.

– An den Ae vun der Regierung besteet also kee Risiko, dass d'SES wéinst Netanhale vun de Sanktiounen kéint gestrooft ginn.

– Eventuell finanziell Käschten, déi duerch d'Ëmsetzung vu Sanktiounen géifen entstoën, sinn net entscheidend – weeder fir d'Regierung nach fir d'SES.

– De Message, dass d'SES d'Sanktiounen wëllt a muss ëmsetzen, ass kloer un déi Entitéiten, déi dës Sendere kënnen ofschalten, kommunizéiert ginn. Och an dësem Kader sinn d'Regierung, d'SES an d'EU-Kommissioun am Kontakt, fir eng juristesche a politesche korrekt Léisung fir d'Ëmsetzung vun de Sanktiounen ze fannen.

Évaluation par dépassement | Question 7366 (13/12/2022) de Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)

Selon les critères de correction pour le français des classes 7^e de l'enseignement secondaire classique (ESC), décrits dans le chapitre VI du programme, le double dépassement est toujours en vigueur³.

Cette méthode de notation des exercices fermés (exercices de grammaire, de vocabulaire et d'orthographe) signifie que l'élève peut perdre le double de points prévu pour un exercice. Pour les exercices plus complexes, par exemple, les exercices de transformation, un dépassement allant jusqu'à 1,5 est recommandé⁴.

³ <https://ssl.education.lu/eSchoolBooks/Web/ES/1102/1/Programmes/Search/?GradeId=41467&SubjectId=98402> ; p. 28

⁴ Ibid.

Ces mêmes critères sont en vigueur pour les classes de 6^e et de 5^e pour le français de l'ESC.

L'enseignement au secondaire se base sur les référentiels des compétences, élaborés pour chaque matière et indiquant pour chaque année scolaire les compétences à atteindre. Ces compétences sont évaluées en cours d'année et se traduisent par une note sur le bulletin à la fin de chaque semestre/trimestre.

Cependant, la pratique d'évaluation, utilisée en français des classes de 7^e, 6^e et 5^e de l'ESC, va à l'encontre de l'évaluation par compétences et poursuit la logique du retraitement des points pour les fautes commises. Dans le cas du double dépassement, l'élève qui répond correctement à la moitié des items, reçoit la note de zéro. Il obtient donc que ses compétences seraient équivalentes à zéro dans cette matière.

Il est aussi à noter que l'évaluation par dépassement ne figure pas dans les programmes des autres matières scolaires.

En l'occurrence, le programme d'anglais en 6^e de l'ESC plaide contre cette forme d'évaluation :

“Negative marking or marking by 'dépassement' [...] If the number of difficulties corresponds to the number of total marks, 2 marks are withdrawn per wrong answer. The pupils merely get negative feedback. Their correct answers pass unnoticed. The focus is on deficits rather than competences. All in all, the approach is not psychologically sound. It is possible for a pupil to have a number of correct answers and be awarded no marks. This way of marking risks demotivating pupils and should be avoided.”⁵

Donc dans le document du programme anglais (6^e ESC), l'évaluation par double dépassement est explicitement non recommandée à cause de son caractère démotivant.

Nous constatons qu'au sein du même système éducatif, les critères d'évaluation diffèrent selon les matières scolaires.

Partant, je me permets de poser les questions suivantes au Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

1) Sur quels concepts scientifiques se base la méthode d'évaluation par double dépassement ou par dépassement, tout court ?

2) Pourquoi au sein du même système scolaire, les méthodes d'évaluation se différencient-elles selon les disciplines ?

3) Comment cette forme d'évaluation se justifie-t-elle dans le cadre d'un enseignement par compétences ?

4) Quels sont les arguments pédagogiques qui soutiennent l'application de l'évaluation par dépassement ?

5) Existe-t-il des études scientifiques démontrant l'impact positif de l'évaluation par dépassement sur les performances des élèves ? Dans l'affirmative, pourriez-vous m'indiquer la référence ?

6) Quel est l'impact de cette méthode d'évaluation sur la motivation, le concept de soi et l'estime de soi des élèves ? Existe-t-il des données permettant d'évaluer cet impact ? Si oui, pourriez-vous me faire parvenir ces informations ?

Réponse (13/01/2023) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

En matière d'élaboration des programmes scolaires, l'enseignement secondaire au Luxembourg se caractérise traditionnellement par une approche ascendante

ou « bottom-up » : en effet, les Commissions nationales de l'enseignement secondaire (CNES), mises en place pour une discipline ou une section dédiée, ont pour mission d'émettre des avis ou de faire des propositions concernant e. a. les objectifs et programmes d'enseignement, les méthodes d'enseignement, les mesures de différenciation et de soutien aux élèves, les manuels et tout autre matériel didactique ainsi que les principes et modalités d'évaluation des élèves. Les CNES se composent d'enseignants ; leur effectif varie en fonction du nombre de lycées ayant la discipline en question dans leur offre scolaire, sachant qu'il y a un représentant au sein d'une CNES pour chaque lycée concerné. Dans l'exercice de leurs missions, les commissions peuvent être accompagnées par des experts.⁶

Le principe d'une évaluation portant sur 60 points, tel qu'il est appliqué à l'enseignement secondaire luxembourgeois, est unique en son genre et n'est dès lors pas pris en considération par la recherche internationale en la matière. De même, le concept du double dépassement dans le cadre de l'évaluation ne fait pas l'objet d'études scientifiques. Cependant, il n'est pas rare de trouver dans d'importants tests de langue internationaux des modalités exigeant des candidats un taux d'items corrects de plus de 60 %, voire 70 % (note de passage) pour se voir attester le niveau minimal visé. Le plus souvent, les grilles de correction pour des productions libres ne permettent pas non plus de délivrer un certificat de réussite si un score de bande de seulement 50 % est atteint. En outre, la note de passage (« cut score ») est parfois ajustée en fonction de la performance de la cohorte.

Au sein de la CNES français de l'enseignement secondaire classique, des réflexions sont actuellement menées autour des programmes des classes inférieures, notamment dans le cadre des nouveaux matériels didactiques utilisés à l'enseignement fondamental, concernant entre autres la progression grammaticale. Dans ce contexte, la question des modalités d'évaluation devra être posée à nouveau, afin de considérer l'impact des principes en vigueur sur la motivation des jeunes.

Fermeture du bureau d'imposition à Wiltz | Question 7369 (13/12/2022) de M. Carlo Weber (LSAP)

Eent vun den Ziler vun dëser Regierung ass et, d'De-zentraliséierung vu staatleche Services an Administratiounen virunzudreiwene, fir ënnert anerem eng ausgeglichen territorial Entwécklung hei am Land ze erméiglechen a fir d'Wunnen an d'Schaffe méi no beieenen ze bréngen.

Laut mengen Informatiounen soll awer de Steierbüro zu Wolz seng Dieren zoumaachen, wat fir de Standuert Wolz als Gemeng mat engem groussen Entwécklungspotenzial a seng Matbierger eng schlecht Nouvelle wier.

An deem Zesammenhang wëll ech der Madamm Ministesch fir Finanzen dës Fro stellen:

– Kann d'Madamm Ministesch dës Informatiounen confirméieren? Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir?

– Ass geplangt, fir en neie Büro op enger anerer Plaz zu Wolz opzemaachen?

Réponse (17/01/2023) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

D'Fro vun enger Schléissung vum Steierbüro zu Wolz stellt sech zu dësem Zäitpunkt net.

Méi generell ass awer erwirzesträichen, dass de Staat weider wichteg Investissementen an d'effentlech Infrastrukturen zu Wolz virgesinn huet. Esou gëtt aktuell een neit Verwaltungsgebai zu Wolz geplangt a

⁶ Loi du 13 mars 2018 portant sur le développement curriculaire de l'Éducation nationale. / Voir aussi : www.curriculum.lu

gebaut, fir d'Servicer vun der Police a vum Ministère de l'Éducation nationale ze vergréisseren. Donieft gëtt et ee Projet, fir d'ADEM zu Wolz auszubauen. Dës Investissementer droen direkt dozou bäi, dass d'Gemeng och weider fir hir Matbierger an Entrepreneuren attraktiv bleift.

Incidents liés à la drogue GHB | Question 7370 (13/12/2022) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

An de leschte Méint sinn ëmmer nees Fäll bekannt ginn, wou Persounen eegenen Aussoen no Affer vu K.-o.-Drëpse gi sinn. An e puer Fäll ass eng Plainte gemaach ginn. Leider wennet sech awer net all betraffte Persoun un d'Police. D'Donkelziffer ass héich.

An deem Zesammenhang géing ech gär follgend Froen un Här Minister fir bannenzegt Sécherheet stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn an de leschten 12 Méint eng Plainte bei der Police gemaach, well si Affer vu K.-o.-Drëpse gi sinn?
2. Sinn dem Minister weider Fäll vu Leit bekannt, déi Affer vu K.-o.-Drëpse goufen, déi sech awer net bei der Police gemellt hunn, mee bei enger vun de verschidde- nen Ulafstellen, déi an der Drogenhëllef tätég sinn?
– Wa jo, wéi vill?
– Bei wat fir Organisatiounen hunn si sech gemellt?
– Gëtt et eng Gesamtstatistik?

3. Wat wëllt d'Regierung maachen, fir d'Leit virun de K.-o.-Drëpsen ze warnen, a fir ze sensibiliséieren?

Réponse (11/01/2023) de **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1. Datebanke vun der Police sinn net drop ausgeluecht, fir automatiséiert Recherchen op spezifesche Modus operandi duerchzuführen. Am Fall vu sougenannte K.-o.-Drëpsen, erkläert et sech doduerch, dass Plaintë meeschtens am Zesammenhang mat aneren Infraktiounen (Viol, Déifstall, Homejacking asw.) gemaach ginn.

Well dës Substanzen niëme ganz kuerz no der Dot kënnen bei engem Affer nogewise ginn, ass et schwéier, en eendeitege Beweis heifir ze kréien. Falls keen eendeitege Beweis besteet, gëtt d'Analys vum Protokoll just op déi confirméiert Strofdote gemaach.

ad 2. Et ass fir déi verschidden Ulafstellen, déi och am Beräich vum Nuetsliwen aktiv sinn, net méiglech d'Verofreechung vu K.-o.-Drëpsen ze confirméieren. Wann awer de Verdacht besteet, da ginn dës Persounen un d'Police weider verwisen.

Dës Ulafstelle kënnen dofir och keng Gesamtstatistik vu confirméierte Fäll féieren.

ad 3. Och wann d'Datebanke vun der Police et net erméiglechen, erauszefanne wéi vill Persounen Affer vu sougenannte K.-o.-Drëpse goufen, ass d'Problematik bekannt. Well d'Police d'Obligatioun huet, fir d'Erhale vun der öffentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vum Bierger ze suergen, mécht si am Kader vu Preventiounsaarbechten, sief et an de Schoulen oder um Internetsite vun der Police, d'Leit opmierksam a gëtt hinne Verhalensmesuren, wéi se sech besser schützen kënnen.

Et ass wichteg, d'Leit fir dës Problematik ze sensibiliséieren an ze informéieren, wéi eng Geste-barriären ee kann adoptéieren fir sech ze schützen; déi concernéiert Associatiounen maachen dozou Sensibilisatiounsaarbecht.

Doriwwer eraus developéiert de Gesondheitsministère momentan zesumme mat Acteuren vum Terrain eng Kommunikatiounscampagne zu dësem Thema.

Situation au Haut-Karabakh | Question 7372 (13/12/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

D'Situatioun tëscht Armenien an Aserbaidjan verschäerft sech nees an der ëmstriddener Géigend vu Biërg-Karabach. Eng wichteg Verbindungsstrooss mat Armenien, déi d'russesch Arméi iwwerwaacht, ass do blockéiert. Wéi ëmmer ass et schwéier, Detailler gewuer ze ginn, mee eenzel Quellen nennen esouguer d'Presenz vun tierkesche Milizen als Ennerstëtzung vum Aserbaidjan. De Krich an der Ukrain, kombinéiert mat aneren Interessen, ermontert dat aggressiivt Virgoe vum Aserbaidjan. Duerfir hätt ech dës Froen un den Här Bausseminister:

1. Wéi geféierlech ass déi nei Situatioun an der armeenesch-aserbaidjanescher Grenzregioun Biërg-Karabach?
2. Wéi kann déi Situatioun, an där Armenien relativ isoléiert erschéngt, stabiliséiert ginn?
3. Wat ënnerhëlt d'Lëtzebuurger Regierung konkret an den internationalen Institutiounen, fir Armenien eng gerecht Behandlung ze garantéieren an d'Situatioun ze entschäerfen?
4. Ass eng Hëllefssaktioun geplangt fir déi vun Armenien ofgeschnidde Bevëlkerung am Biërg-Karabach oder si Gespréicher iwwert esou eng Hëllefssaktioun geplangt?

Réponse (11/01/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. Déi aserbaidjanesch Offensiv, déi am September 2022 am Süde vun Armenien stattfonnt huet, weist dass d'Situatioun an der armeenesch-aserbaidjanescher Grenzregioun an am Biërg-Karabach geféierlech bleift.

ad 2. Et ass wichteg, dass Armenien an den Aserbaidjan sech zu weidere Friddensbeméiunge verpflichten. Eng militäresch Léisung wäert a kengem Fall zu engem dauerhaften an nohaltege Fridde féieren.

ad 3. Lëtzebuerg huet säin déift Besuerge betreffend déi militäresch Operatiounen vum Aserbaidjan géint Armenien zum Ausdrock bruecht an eng direkt Astellung vun alle Feindséilegkeete gefuerdert.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Mediatiounsefforte vun der EU, fir d'Friddensbeméiunge mat allen Acteuren weiderzeféieren. D'EU-Beobachtungsmissioun an Armenien („EUMCAP Armenia“) ass den 19. Dezember 2022 op en Enn komm a Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Initiativ, eng nei EU-Missioun an Armenien fir 2023 ze plangen, fir eng konstruktiv europäesch Präsenz an der Regioun ze verankeren an den Dialog ze erliichteren.

Wat d'OSZE betrëfft, huet Lëtzebuerg ëmmer d'Mediatiounsefforte vun de Co-Présidencë vum Minsk Grupp ënnerstëtzt.

ad 4. Am Fall wou d'EU eng Hëllefssaktioun géif plangen, wier Lëtzebuerg bereet, déi mat ze ënnerstëtzen.

Situation à l'Unité de sécurité de Dreibern (Unisec) | Question 7375 (14/12/2022) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Ufanks vun dësem Joer war et am Jugendprisong zu Dräibuer (Unisec) zu engem Opstand vu jugendlechen Insasse komm, woubäi dräi Poliziste bei der Interventioun verletzt goufen.

Den Ombudsmann souwéi den Ombudsmann fir Kan-ner a Jugendlecher (OKaju) haten dëst Joer fir Verbesserung vum Jugendprisong a vum Encadrement vun

de concernéierte Jugendleche plädéiert. Dobäi gouf virun allem d'Gesetzgebung kritiséiert, déi aktuell mat de Gesetzesprojete 7991 a 7992 verbessert soll ginn, mee och de Manktem u psychiatreschem Encadrement, wou et zurzäit keng Aussicht op Besserung gëtt.

Mir gouf zougedroen, dass d'Ambiance an der Unisec sech och zum aktuellen Zäitpunkt net verbessert huet.

An deem Zesammenhang wëilt ech dem Minister fir Bildung dës Froen stellen:

1. Stëmmt et, dass an de Raimlechkeeten zu Dräibuer Fënsteren an Diere futti sinn?
Wa jo, zënter wéini ass dat de Fall a bis wéini soll dat behuewe sinn?
Wéi oft kënn et vir, dass Objeten oder Armaturë futti ginn?
2. Wéi oft kënn et zu physeschen Ausernanersetzungen vu Jugendlechen zu Dräibuer?
3. Wéi wäert d'Unisec an Zukunft opgestallt ginn, fir den Erausfuorderungen, déi den OKaju ernimmt huet, ze entgéien?
4. Bis wéini soll eng permanent psychiatresch Betreuung an der Unisec garantéiert sinn? Wéi eng finanziell Moyenen huet d'Regierung 2023 dofir virgesinn?

Réponse (13/01/2023) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Den Enfermement vu jonke Mënschen huet den Effet, datt Spannungen entstinn. Dës entlueden sech, dacks onerwaart, an dobäi kënn och Material zu Schued. Dëst ass och reegelméisseg an der Unité de sécurité (Unisec) de Fall. Wann dëst geschitt, ginn déi Schied duerch de Service technique vum Centre socio-éducatif de l'État (CSEE) an an Zesummenaarbecht mat Handwierksbetreiber sou séier wéi méiglech behuewe.

An alle Fäll gëtt probéiert, de Moment selwer op d'mannst eng provisoresch Solutioun ze fannen, wann dat néidegt Material net den Ament selwer verfügar ass.

ad 2. Sou wéi Spannungen sech entlueden, andeems Material zu Schued kënn, kann et och zu Spannungen tëschent Jonke kommen, dëst entweder opgrond vum Zesummeliewen an der Unisec oder opgrond vun de Relatiounen, déi déi Jonk ënnerhalen hu virun hirem Séjour an der Unitéit.

Déi lescht kierperlech Ausernanersetzungen tëschent Jonken an der Unitéit goufen et am Mount November an am Mount August 2022.

ad 3. D'Aféierung vun engem getrennte Jugendschutz- a Jugendstroferecht zu Lëtzebuerg an den doraus resultéierenden Transfert vun der Unisec an dem Site Dräibuer an d'Kompetenz vun der Prisongsverwaltung wäert ee klere rechtlechen a pädagogesche Kaderschaffen, an deem sech d'Erausfuorderung vum der Gestion vun der Unisec besser meeschtere loosse. Eng kloer Trennung tëscht Schutz a Strof wäert dozou féieren, datt der momentaner extremer Villfalt vu Profiller vu Jonken an der Unisec entgéintgewierkt ka ginn.

Vu datt d'Unisec momentan souwuel schutzbedürfteg wéi schwéier delinquent Jonker, zesumme mat Jugendlechen, déi psychesche Problemer opweisen, a Mineurs non accompagnés betreit, ass et schwéier, eng Prise en charge ze garantéieren, déi fir all Jonken ideal ass. Wann an Zukunft de Profil vun deene Jonken an der Unisec méi uniforme ass, kann och eng méi adaptéiert Prise en charge stattfannen.

Och déi verbessert prozedural Garantien, wéi eng Privation de liberté mat engem kloren Enddatum an eng kloer gereegelt Untersuchungshaft wäerten ze enger méi harmonescher Situatioun an der Unisec bäidroen. Duerch déi kloer Messagen zu Schutz a Strof an och zu der Dauer vun engem Enferment, wäert deen neie gesetzleche Kader bei de Jonken d'Gefill vun ongerechter Behandlung a Willkür vermeiden an ee wichtege Usporn fir eng Rehabilitatioun liwweren.

ad 4. Schonns elo ass duerch een Accord de coopération mam Centre hospitalier neuro-psychiatrique (CHNP) déi permanent psychiatresch Betreuung vun de Jonken an der Unisec garantéiert. Bei Bedarf gi si vun engem Pedopsychiater ambulant betreit, kënnen, wann et néideg ass, awer och stationär an der Psychiatrie betreit ginn.

Fir d'Joer 2023 huet d'Regierung fir déi medezinesch Betreuung vun de Pensionnéier vum CSEE 138.000 Euro virgesinn. Dëse Montant deckt d'Ausgaben zousätzlech zu deene vun der Gesondheetskeess an de Posten (Psychologen, Psychotherapeuten an eng Infirmière psychiatrique), déi dem CSEE schonn zur Verfügung stinn.

Mise en œuvre du Pacte logement 2.0 | Question 7377 (14/12/2022) de M. Marc Lies (CSV)

De Pacte Logement 2.0 ass am Juli 2021 gestëmmt ginn a retroaktiv op den 1. Januar 2021 a Kraaft getrueden. Haaptzil ass et, d'Gemengen als zentrale Partner vun der Regierung an der Entwécklung vun abordable Wunnengen ze ënnerstëtzen. Nieft dem verstärkter Matabanne vun de Gemenge gëtt och verstärkt op eng Biergerbedelegung a Sensibiliséierung vun der Gesellschaft gesat.

Laut Gesetz si Gemengen dru gehalen, virum Enn 2022 ee lokalen Aktiounsprogramm fir de Logement opzestellen (PAL) an d'Convention de mise en œuvre vun deem selwechte fäerdegstellen. Am Kader vun der Ënnerschriift vun enger Convention de mise en œuvre gëtt dës Konventioun nëmmen applikabel op dat Joer virum hirer Ënnerschriift. Sou eng Dispositioun um Ufank vun engem Pakt oder Engagement ass extreem onglécklech.

Bei engem partnerschaftleche Verhältnis tëscht Staat a Gemenge sollt ee staatlechersäits all Effort maachen, fir d'Gemenge bei der Erausforderung bei der Schafung vun erschwénglechem Wunnraum op all Niveau ze ënnerstëtzen. Dozou gehéiert sécherlech och een Entgéintkomme bei den Delaie fir d'Opstelle vun der Convention de mise en œuvre. Mengen Informatiounen no hunn nämlech vill Gemenge Problemer, an de virgeschriwwenen Delaie hir Aarbechten ofzeschléissen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Wunnungsbauminister stellen:

– Wéi vill Gemengen hunn eng Verlängerung beim Erstelle vum PAL ugefrot, fir den Delai op d'Joer 2023 ze verréckelen?

– Huet de Ministère net ugeduecht, fir d'Gesetzgebung eventuell unzepassen, datt d'Convention de mise en œuvre réckwierkend op 2 Joer ka gräifen, soudatt d'Gemengen nach een Obschub vun 1 Joer kënnen kréien, fir net an e Vide tëscht dem Pacte Logement 1.0 an dem Pacte Logement 2.0 ze falen?

Réponse (12/01/2023) de M. Henri Kox, Ministre du Logement

Am Joer 2021 hunn insgesamt 98 Gemenge beim Pacte Logement 2.0 matgemaach an eng Convention

initiale mam Ministère du Logement ënnerschriwwen. Am Joer 2022 ass nach eng weider Gemenge dem Pacte Logement 2.0 bäigetritt. Domadder maachen elo 99 Gemenge mat. Am Laf vum Joer 2022 hunn 79 Gemengen en Avenant vun der Convention initiale ënnerschriwwen, fir hir Lafzäit ëm 12 Méint ze verlängeren.

Bei de Viraarbechte vum Gesetz huet den Aarbechtsgrupp, dee mam Ausschaffe vum Gesetz beoptraagt war, och analyséiert, wéi laang et géif daueren, fir de Froebou vum PAL ze beantwerten. Bei dësen Analyse gouf geschat, datt et mat alle Consultatiounen a Votten ongeféier 6 Méint géif daueren, fir e PAL opzestellen. Dat ënner anerem och, well effektiv keng zousätzlech Etüden noutwendeg oder gefrot sinn, fir dëse Plan d'action opzestellen.

Fir all de Gemenge genuch Zäit ze ginn, hire PAL auszuschaffen, gouf am Gesetz d'Dauer vun der Convention initiale op 12 Méint festgeluecht, mat der Méiglechkeet, dës Lafzäit eng Kéier ëm 12 Méint ze verlängeren.

Schonn ier d'Gesetz gestëmmt war, huet de Ministère am Joer 2020 an 2021 mat der Sensibiliséierung an der Formation initiale ugefaangen, fir d'Gemengen an d'Logementsberoder ze forméieren. Doduerch waren d'Logementsberoder och direkt asazbereet, wéi déi éischt Gemengen am Summer 2021 eng Convention initiale ënnerschriwwen hunn.

Vun den 99 Gemengen, déi dem Pacte Logement 2.0 bäigetruede sinn, haten der 69 och virum Enn vum Joer 2021 e Logementsberoder. Weider 24 Gemengen haten en éischte Kontakt mat hirem Logementsberoder an den éischte 6 Méint vum Joer 2022. Vun den 99 Gemengen hunn also nëmme 4 Gemengen um Enn vum Joer 2022 säit manner ewéi 6 Méint e Logementsberoder.

Iwwert d'Joren 2021 an 2022 goufen d'Gemengen an hir Logementsberoder reegelméisseg iwwert déi ënnerschiddlech Delaie a Prozeduren informéiert. Dëst war Theema vu verschiddene Circulären a gouf och op den „Assises du logement“ an op der „Semaine nationale du logement“ an de Joren 2021 an 2022 diskutéiert.

Um Enn vum Joer 2022 hate 45 Gemengen hire PAL fäerdeg a kruten deen och vum Ministère validéiert. Dowunner hunn 43 Gemenge virum Enn vum Joer 22 hir Convention de mise en œuvre ënnerschriwwen an dem Ministère zrëckgeschéckt, soudatt hir Dotatioun konform zum Gesetz réckwierkend op d'Joer 2021 gerechent gëtt.

D'Dotatioun, déi d'Gemengen nom Kritär vun de konventionéierte Wunnenge kréien, gëtt ëmmer retroaktiv op dat viregt Kalennerjoer gerechent. Déi éischte Kéier kritt eng Gemeng dës Dotatioun gerechent, wann d'Convention de mise en œuvre ënnerschriwwen gëtt. Dono all Kéier am Ufank vum neie Kalennerjoer. Dëst ass onofhängeg dovunner, wéi laang d'Convention initiale gelaf ass.

Och déi Gemengen, déi nach keng Convention de mise en œuvre am Joer 2022 ënnerschriwwen an zrëckgeschéckt hunn, kréien d'Dotatioun vu 25 Euro pro Awunner (mat engem Minimum vun 100.000 a Maximum vu 500.000 Euro), wann se eng Convention initiale virum 31. Dezember 2021 mam Ministère ënnerschriwwen hunn.

Radars sur l'A7 | Question 7379 (14/12/2022) de M. André Bauler (DP)

D'Streckeradaren an den Tunnelen op der A7 sinn zënter dem 1. Dezember an hirer Testphas.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Automobilisten a Camionsfuere si während der Testphas op der A7 bis elo geblézt ginn?

2. Vu wéini u ginn dës Streckeradare schaarf gestallt?

Réponse (12/01/2023) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Während der Testphas vun de Streckeradaren an den Tunnelen Stafelter, Grouft a Gousselerbiereg op der A7 gi keng Donnéeë gespäichert. Alles wat vun de Streckeradaren erfaasst gëtt, gëtt direkt gelöscht. Esou leien och keng Statistike mat de gewënschten Donnéeë vir.

ad 2. D'Streckeradare gi schaarf gestallt, soubal d'Anlagen homologéiert an alles richteg paramétréiert ass.

Mise en service de navettes autonomes sans chauffeur au Luxembourg | Question 7380 (14/12/2022) de Mme Chantal Gary (déi gréng)

La Société nationale des chemins de fer luxembourgeois (CFL) vient d'annoncer qu'elle va ajouter « une corde innovante à leur offre multimodale avec la mise en marche progressive, en 2023, de deux minibus autonomes » électriques, d'une longueur de 4,7 mètres, ayant une capacité de 14 passagers dont des personnes à mobilité réduite et pouvant atteindre une vitesse de 25 km/h. Selon les informations communiquées par les CFL, les deux navettes d'une société néo-zélandaise seront livrées aux CFL en mars 2023 et seront d'abord testées en site fermé, chez IEE à Bissen et au terminal de CFL multimodal à Bettembourg-Dudelange, avant de recevoir leur homologation de la part de Luxcontrol.

Bien qu'une entreprise de transport privée luxembourgeoise ait déjà fait circuler des navettes autonomes électriques en tant que projets pilotes dès 2018, l'annonce des CFL constitue néanmoins un pas en avant décisif en vue de l'intégration de tels véhicules autonomes dans l'offre « normale » des transports publics au Luxembourg, c'est-à-dire en complément de l'offre actuelle de trains, tram et bus, ainsi que des vélos et voitures en partage.

Dans ce contexte, je me permets de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) Est-ce qu'une circulation dans l'espace public est envisagée au terme de leur homologation complète ? Dans l'affirmative, à quelle échéance ?

2) Est-ce que ce modèle de navette néo-zélandaise effectuée déjà des trajets réguliers autonomes dans l'espace public dans d'autres pays ?

3) Quel genre de trajet pourraient-elles effectuer en service régulier de transport public au Luxembourg et à quels endroits ?

Réponse (13/01/2023) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie

Les CFL prévoient effectivement d'exploiter les navettes après leur homologation dans l'espace public. La première mise en circulation sur la voie publique est prévue pour septembre 2023. Le projet serait a priori de relier dans une première phase la gare de Belval Université avec l'université et le lycée et dans une deuxième phase éventuellement la maison de retraite. Ces projets, classés sous l'étiquette « essai scientifique », seront réalisés avec un chauffeur à bord des navettes.

Les navettes néo-zélandaises circulent déjà régulièrement sur la voie publique de la ville de Sejong, la capitale administrative de la Corée du Sud, dans un déploiement orchestré par KOTI, l'institut coréen des transports. Une visite de ce site par une délégation luxembourgeoise a eu lieu en novembre 2022 dans le cadre de la dernière mission économique en Corée du Sud. Des essais sur la voie publique à Suncheon et Gangneung (Corée du Sud) sont actuellement en cours. En Nouvelle-Zélande, une navette circule sur les routes à l'intérieur de l'aéroport de Christchurch et au sein de Paerata Rise, un nouveau village intelligent aux abords d'Auckland. De plus, une navette d'Ohmio circule sur les routes de l'université La Trope à Melbourne.

En Europe, suite aux premières opérations au Luxembourg, Ohmio a récemment soumis une offre en Finlande et travaille sur un projet majeur au Royaume-Uni. L'entreprise utilisera sa nouvelle base européenne auprès de l'Automobility Campus à Bissen pour développer des opportunités commerciales et repérer les opportunités futures à travers l'Europe. Au niveau national, une coopération avec d'autres acteurs de l'écosystème est déjà envisagée et l'entreprise a exprimé le souhait clair de développer et valoriser l'expertise technique, entre autres en rejoignant diverses organisations internationales de normalisation.

Les CFL ont l'objectif d'offrir à leurs clients un service de mobilité supplémentaire. Ceci surtout pour parcourir les derniers kilomètres entre un pôle d'échange et un point d'intérêt spécifique. Ces points pourraient être en l'occurrence des zones d'activités/industrielles, un hôpital, une maison de retraite, une école, un centre commercial, etc.

Primes dans le cadre de la mobilité électrique | Question 7383 (15/12/2022) de **M. Léon Gloden** (CSV)

Den Ausbau vun der E-Mobilitéit ass e wichtege Schrëtt fir ons Klimaziler ze errechen. Niewent elektreschen Autoen, Véloen a Camionnetten, fir déi et och eng Primm gëtt, ginn et méttlerweil awer och Camionen a Busser, souwuel mat engem 100 % elektreschen Undriff wéi och an eng hybrider Ausféierung, um Marché ze kafen. D'Entrepreneuren, déi sech kéinte virstellen, hir klassesch bedriwwen schwéier Gefierer duerch emissionsfräi oder emissionsaarm Gefierer ze ersetzen, kënnen awer bis ewell net vun esou enger Primm profitieren.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch stellen:

1. Gedenkt d'Ministesch och eng Primm fir emissionsfräi oder emissionsaarm Busser, Camionen an aner grouss Aarbechtsmaschinne wéi e Bagger anzeféieren?

2. Wann nee, wat sinn d'Grënn fir dës Entscheedung?

3. Wa jo, wéini kënnen d'Entrepreneuren domadder rechnen hir Demande ze stellen a kann d'Ministesch schonn ofschätzen, ëm wéi ee Montant et sech dobäi handele kéint?

Réponse (13/01/2023) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. an 2. Esou wéi am Accord tëschent der Regierung, der UEL, dem LCGB an der CGFP vun Enn Mäerz 2022 festgehalen, wäert d'Regierung ee Primmergimm opsetze fir d'Betriben ze ënnerstëtzen hire Fierpark, notamment bei Camionen oder Bussen, op emissionsfräi Gefierer ëmzestellen. Aktuell gëtt un eng deementspriedender Etüd geschafft.

Emissionsfräi Busser ginn haut och schonn indirekt gefërdert, andeems d'ëffentlech Hand bei Ausschreiwunge verstärkt oder deelweis exklusiv op emissionsfräi Busser setzt.

ad 3. Op der Basis vun den Erkenntnisser a Recommendationen aus der uewe genannter Etüd, déi am Laf vum 1. Trimester 2023 ofgeschloss wäert sinn, schaffen de Wirtschaftsministère, de Ministère fir Energie a Landesplanung, de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, zesumme mam Finanzministère, zäitno eng Proposition fir ee Primmergimm aus.

Monitoring gratuit du cycle du carbone et de l'azote et de la performance climatique à toute exploitation agricole | Question 7384 (15/12/2022) de **Mme Martine Hansen** (CSV)

Den 19. November 2019 huet d'CSV d'Regierung an enger Motioun opgefuerdert, fir de Baueren am Kader vum Klimawandel e gratis Monitoring vum Kohlen- a Stéckstoffkreeslaf a vun der klimatischer Performance (Klimacheck) mat konkreeten Nohaltegekeetskrittären unzebidden. Dës Motioun ass eestëmmege uegeholl ginn.

An deem Kontext wollte mir follgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

– Kruten all d'Betriben e gratis Monitoring uegebueden?
• Wa jo, wat fir Instrumenter si genee an dem Monitoring enthalen?

• Wat fir Mesurë sinn als Konsequenz vum Monitoring ëmgesat ginn?

• Wann nee, firwat ass d'Motioun an de leschte Joren net ëmgesat ginn?

Réponse (13/01/2023) de **M. Claude Haagen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Um Klimadësch-Landwirtschaft vum 11. Oktober 2021 huet den deemolege Landwirtschaftsminister Romain Schneider d'Plattform www.klimacheck.lu virgestallt. No der Eingab vu Basisdonnéeën a Beäntwere vun engem theemen- a produktionspezifische Froekatalog kritt de Betrib online a via Mail een direkte Feedback, wéi et puncto Klima- an Energieeffizienz op sengem Betrib ausgesäit. Dobäi ginn déi Moossname speziell ervirgehewen, wou de Betrib schonns besonnesch klima- an energieeffizient ënnerwee ass. Beim Feststelle vu Verbesserungspotential oder Mängel kritt de Betrib dann och eng Rei vu Moossnamen (insgesamt 18 Beräicher) proposéiert, déi en aktiv ëmsetze kann, fir seng Klima- an Energieeffizienz an Zukunft ze verbessern.

Fir weiderféierend Informatiounen stinn dann ënner anerem déi agreéiert landwirtschaftlech Berodungsorganisationen zur Verfügung.

Agence européenne de lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme (AMLA) | Question 7385 (15/12/2022) de **M. Dan Biancalana** (LSAP)

Il ressort que la ville de Paris s'est portée candidate pour héberger la future agence européenne de lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme (AMLA) en vue de son installation en 2024. Ceci après que d'autres capitales européennes comme Vienne et Madrid se sont également officiellement portées candidates. Le Luxembourg héberge déjà plusieurs institutions européennes sur le territoire de la ville de Luxembourg.

Dès lors, j'aimerais poser la question suivante à Madame la Ministre de la Justice :

– Le Luxembourg entend-il se porter candidat pour héberger l'AMLA ? Si non, quelles en sont les raisons ?

Réponse (17/01/2023) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances | **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

Bien que le processus formel quant à la détermination du futur siège de l'AMLA n'ait pas encore été arrêté entre les institutions européennes, le Luxembourg, comme plusieurs autres États membres, a signalé son intérêt pour héberger la future agence européenne en charge de la lutte contre le blanchiment de capitaux et le financement du terrorisme.

Dans ce contexte, le Luxembourg met en avant l'avantage d'un environnement propice en ce qu'il accueille déjà plusieurs institutions et agences européennes, dont notamment la Cour de justice de l'Union européenne (CJUE) ainsi que le Parquet européen (EPPO) qui est chargé de rechercher, poursuivre et renvoyer en jugement les auteurs d'infractions pénales portant atteinte aux intérêts financiers de l'Union telles que la fraude, la corruption ou encore le blanchiment de capitaux.

La proximité de ces institutions et agences pourra certainement bénéficier à l'AMLA dans la mise en œuvre de ses missions et faciliter la coopération envisagée entre ces organes par le futur règlement visant à établir l'AMLA (AMLAR).

L'emplacement au cœur d'un des centres financiers importants du marché unique, dans un écosystème multilingue et l'excellente connexion paneuropéenne du Luxembourg avec les autres capitales d'Europe, garantiront un lancement efficace et rapide de sa mission de surveillance unique, tout en réunissant les conditions idéales pour l'installation de l'AMLA et celle de ses équipes ainsi que de leurs familles.

Décharge à Nothum | Question 7386 (15/12/2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP)

De Manktem u Bauschuttdeponien hält un. D'Deponie Noutem ass dëst Joer zoubliwwen. Well d'Camion mat Bauschuttmaterial méi wäit Weeër musse fueren, si souwuel de regionale Verkéier wéi och d'Ëmwelt ronderëm Wooltz méi belascht ginn. D'Deponie Noutem sollt awer erweidert ginn an elo ass eng Prozedur amgaangen, fir datt de Betrib nees opgeholl ka ginn.

An deem Zesammenhang wëll ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Huet d'Madamm Ministesch weider Detailler zum aktuelle Fortschrëtt vun dëser Prozedur?

2. Wéini ka mat enger Ouverture vun der Deponie Noutem gerechent ginn?

Réponse (13/01/2023) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Am Dossier „Noutem“ gëtt et säit der Äntwert vun Enn Oktober 2022 op d'parlamentaresch Fro N° 6889 vun den éierewäerten Deputéierten Här Emile Eicher, Madamm Martine Hansen, Här Aly Kaes an Här Jean-Paul Schaaf keen neie Moment. Eisen Informatiounen no schafft de Maître d'ouvrage um EIE-Rapport.

Grondsätzlech muss gesot ginn, dass de Ministère an d'Verwaltung keen Afloss op d'Zäitschinn hunn, wat d'Ausschaffen an d'Areche vun den néidegen Dokumenter a Geneemegungsdossieren ueget, déi fir déi

jeeweileg Prozeduren (EIE, Kommodo, Naturschutz, Waasserschutz etc.) néideg sinn.

Avenir du chauffage à gaz | Question 7390 (16/12/2022) de **M. Sven Clement** (Piraten)

An senger Äntwert op meng Question parlementaire N° 7133 huet de Minister Follgendes geäntwert: „Dat am aktuelle ‚Plan national intégré en matière d'énergie et de climat‘ (PNEC) formuléiert Zil ass d'Klimaneutralitéit spéitstens bis 2050. Fir déi Klimaneutralitéit ze erreechen, ass et noutwenneg, dass op de Gebrauch vun alle fossillen Energiequelle muss verzicht ginn, och op de Gas.“

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Froe stellen:

1. Ass beim Verzicht op de Gas och de Biogas mat abegraff?

Wa jo, wat fir Alternative si konkret fir de Biogas virgesinn, wéssend, dass mat enger ganzer Rei Biogasanlage gréisser Infrastrukturen oder Deeler vu Gemengen (souwuel privat ewéi och öffentlech Gebaier) uechtert d'Land (zum Beispill d'Biogasanlagen zu Bierkereich an zu Réiden Atert) gehéizt ginn?

2. Wéi steet de Minister dozou, fir nom Enn vum Gas aus fossille Quellen, Waasserstoff an déi bestoend Gasreseauen anzespisen, wéssend, dass et haut Chaudière ginn, déi mat Waasserstoff funktionéieren?

Réponse (11/01/2023) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie

ad 1. Déi zitéiert Ausso vum éierewäerten Deputéierte Sven Clement bezitt sech op de fossille Gas. Erneierbar Energiequelle solle progressiv déi fossill Energien ersetzen, dofir ass an der nationaler Biogasstrategie virgesinn, d'Brutto-Biogasproduktioun op 330 GWh am Joer 2030 auszubauen. D'Regierung huet als Zilsetzung gesat, 50 % vum Gülle- a Méschtopkommen, mat maximal 1,0 Milliounen Tonne pro Joer, 75 % vum Biofallpotenzial a Biogasanlagen ze verwäerten. Energieplanze solle just als Ergänzung, fir eng wirtschaftlech Erschleissung vun dëse Potentialer ze garantéieren, agesat ginn. Et ass virgesinn, souwuel d'Biomethanaspesung wéi och d'Stroum- an Hëtztproduktioun aus Biogas ze developpéieren. Déi national Biogasstrategie gëtt Ufank 2023 publizéiert.

ad 2. Zum Punkt Chaudière, déi mat Waasserstoff funktionéieren, verweisen ech op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 7036 vum 20. Oktober 2022 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup iwwert „chaudières à hydrogène“.

An der Lëtzebuurger Waasserstoffstrategie ass virgesinn, de Waasserstoff mëttel- a laangfristeg, also no der Industrie an dem Transport, och an dem „Wärmt“-Secteur anzesetzen. Dëst awer dann net an eenzelen Haiser, mee éischter zentral, fir Cogeneratiounsanlagen, déi u Wärmenetze hänken, ze dekarboniséieren an eng relativ flexibel Stroumproduktioun (als Nieweprodukt vun der Hëtzt) ze erlaben.

Réseaux dans le domaine de la médecine dentaire | Question 7393 (19/12/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Selon le Président de la Caisse nationale de santé, la CNS serait en contact avec le Collège médical concernant l'existence éventuelle de sociétés, respectivement de réseaux, dans le domaine de la médecine dentaire au Luxembourg. Il s'agirait en l'occurrence de centres transfrontaliers.

– Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale dispose-t-il d'informations sur ces centres ?

– Quelle est leur origine et quel est leur statut ?

– Pourquoi serait-il difficile d'avoir des informations sur ces centres, comme l'a noté le Président de la CNS, étant donné le conventionnement obligatoire de tous les médecins établis au Luxembourg ?

Réponse (19/01/2023) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale

En ce qui concerne les informations sur ces centres disponibles par la Caisse nationale de santé (CNS), elles sont limitées étant donné que les missions de la CNS se limitent à l'attribution d'un code médecin en application des dispositions des articles 3 et 4 de la convention conclue entre la CNS et l'Association des médecins et médecins-dentistes (AMMD). Ces articles prévoient que :

« Art. 3. Dans le cadre des dispositions légales et réglementaires réglant l'accès et l'exercice de la profession de médecin au Grand-Duché de Luxembourg, les parties à la présente convention reconnaissent à tout médecin le droit de s'installer librement dans le pays.

La pratique de la médecine en association n'est opposable à l'assurance maladie que si les médecins associés pratiquent tous la même discipline médicale.

L'installation d'un médecin dans une association n'est opposable à l'assurance maladie qu'après notification à la Caisse nationale de santé de la composition personnelle de l'association. Cette notification doit comporter déclaration des noms et prénoms des médecins associés, le numéro de leur code médical individuel, le numéro du code médical de l'association, ainsi que la date de prise d'effet de leur entrée dans l'association. Il en est de même en cas de cessation d'une association ou en cas de départ d'un membre de l'association.

Art. 4. Avant leur entrée en fonctions, les médecins se font attribuer par la Caisse nationale de santé un code médecin individuel. À cet effet, il suffit de notifier à la Caisse nationale de santé leur agrément ministériel et l'adresse de leur cabinet.

Un code médecin collectif est attribué aux associations de médecins dès leur constitution sur communication des données visées à l'article précédent. »

Il en résulte que chaque médecin doit, pour pouvoir exercer dans le cadre de l'assurance maladie-maternité luxembourgeoise, se faire attribuer un « code médecin » individuel sur base de la notification de son agrément ministériel et de l'adresse de son cabinet. En outre, il peut déclarer s'il veut travailler en association avec d'autres médecins. La décision de la CNS d'attribuer un code médecin se base sur les éléments fournis par le demandeur.

La CNS enregistre par code attribué une seule adresse de cabinet lui permettant d'appliquer les contrôles de facturation et de liquidation tels que prévus pas les dispositions légales, réglementaires, conventionnelles et statutaires.

Formation professionnelle | Question 7395 (20/12/2022) de **Mme Martine Hansen** | **M. Marc Spautz** (CSV)

Am November dëst Joer huet d'Regierung den nationalen Ëmsetzungsplang am Kader vun de Recommendation vum Conseil zum Enseignement an der Berufsausbildung (Vocational Education and Training) zu Bréissel eraginn. Eis fällt op, dass iwwert dëst Areeche guer net kommunizéiert gouf, an och am Virfeld gouf et keen öffentlechen Opruff zu enger

Consultatioun, obwuel dëse Sujet vun enger enormer Wichtigkeet ass. D'Analys vum Dokument werft eng Partie Froen op.

An dësem Kontext géife mir gäre follgend Froen un de Minister fir Educatioun stellen:

1. Goufen d'Berufschamberen an d'Sozialpartner am Virfeld consultéiert iwwert hir Positioun zum Sujet Berufsausbildung an och zu hirem Bäitrag zur Ëmsetzung vun der Strategie?

2. Wéi ass d'Zesummespill tëscht dësem Pabeier an der OECD-Etüd, déi aus dem Skillsdësch ervirgeet an am Abrëll nächst Joer wäert publizéiert ginn?

Réponse (31/01/2023) de **M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

ad 1. Den nationalen Ëmsetzungsplang bezitt sech an enger integréierter Approche op d'Objektiver, déi souwuel an der Recommendation vum Conseil vun der Europäescher Unioun ewéi och an der Deklaratioun vun Osnabrück festgehal goufen. D'Ziler vun der Deklaratioun vun Osnabrück goufen den 30. November 2020 ënnert der däitscher EU-Rotsprezidentschaft mat Zoustëmmung vun de Ministere vun de 27 EU-Staaten a mat Zoustëmmung vun der europäescher Verriedung vun de Sozialpartner (ETUC, BusinessEurope, SMEUnited, CEEP) ugeholl. Der Adoptioun vun der Recommendation vum Conseil de l'Union européenne vum 24. November 2020 (2020/C417/01) ass eng formell Consultatiounsprozedur um Niveau vum „Advisory Committee on Vocational Training“ (ACVT) virausgaangen, an där déi europäesch Gewerkschaftsverriedungen an interprofessionell Organisatioune per Statut vertruede sinn.

Lëtzebuerg huet d'Objektiver, déi no der Deklaratioun vun Osnabrück bis 2025 sollen erreecht ginn, zum gréissten Deel ewell ëmgesat, notamment am Beräich vun der initialer Berufsausbildung. Am nationalen Ëmsetzungsplang ass als Zil am Beräich vun der initialer Berufsausbildung formuléiert, dass d'Attraktivitéit vun der Berufsausbildung duerch eng kontinuierlech Mise à jour vun de Curricula an hir Adaptatioun un d'Entwécklung vum Aarbechtsmarché, an Zesummenaarbecht mat sektorielle Verrieder, soll gesteigert ginn. Dës Zesummenaarbecht ass am Gesetz vum 12. Juli 2019 iwwert d'Veriedung vun de Berufschamberen am Groupe de pilotage verankert. Am Kader vum Groupe de pilotage ginn Demandé fir eng Mise à jour oder nei Programmer gemeinsam diskutéiert. Upassung gi berufsspezifesch vun den Équipes curriculaires ëmgesat, an deenen Enseignanten a Representanté vun den zoustännege Berufschamberen (Verrieder vun der Salarischamber a sektoriell Patronatsverrieder) d'Programmer entsprechend der Evolutioun vun de Kompetenzen, déi am Berufsliewen erfuerdert sinn, iwwerschaffen oder nei entwéckelen.

Esou erkläert sech, dass den nationalen Ëmsetzungsplang virun allem d'Berufswiederbildung („formation professionnelle continue“) viséiert.

D'Berufswiederbildung gëtt aktuell an enger gemeinsamer Approche am Kader vum Skillsdësch, dee vum Comité de coordination tripartite 2020 an d'Liewe geruff gouf, behandelt. Beim Skillsdësch sinn nieft dem Minister fir Aarbecht, Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung och d'Berufschamberen an déi sektoriell Verrieder representéiert. Den 28. Januar 2021, de 26. Abrëll 2021 an den 3. Juni 2021 hunn dräi Reunioune vum Skillsdësch stattfont.

De 9. Juni 2021 gouf d'OECD-Etüd „National Skills Strategy in Luxembourg“ vun de Ministere fir

Educatioun, Kanner a Jugend souwéi fir Héichschoul a Fuerschung a vum deemolege Minister fir Aarbecht, Beschäftegung a fir d'Sozial- a Solidarwirtschaft, en présence vun de Verrieder vum Comité de coordination tripartite, der OECD an dem Europakommissär fir Beschäftegung Nicolas Schmit lancéiert.

ad 2. Doduerch, datt d'Resultater vun der OECD-Etüd eréischt am Abrëll 2023 publizéiert ginn, konnt am nationalen Ëmsetzungsplang net ausdrécklech drop zeréckgegraff ginn. D'OECD-Etüd wäert Recommendationen zu enger nationaler Skills-Strategie enthalten. D'Zilsetzung ass et, d'Konditiounen ze verbessern, fir de Leit an de Betriber et ze erlaben, déi Kompetenzen ze entwéckelen, déi an den nächste Jore gebraucht ginn, fir datt d'Land sech ka weiterentwéckelen. Eng Rei vun Elementer aus den Diskussiounen mat deenen Acteuren, déi vun der OECD consultéiert goufen, sinn awer natierlech bei der Redaktioun vum nationalen Ëmsetzungsplang berücksichtegt ginn.

Pénurie de pièces centimes d'euro | Question 7396 (20/12/2022) de M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)

Il faut aussi souligner que la datation de tirages photographiques est une entreprise complexe, qui souvent ne permet que de donner un terminus post quem, et dans laquelle interviennent principalement trois types de critères :

- la date de la prise de vue/de la première publication de la photo pour autant qu'elles soient connues ;
- des données techniques relatives à la nature du procédé, des produits chimiques et du papier utilisés ;
- des indications inscrites sur le tirage lui-même.

Collection du MNAHA :

Pour la collection du MNAHA, tous les tirages ont été analysés par deux expertes allemandes en la matière, Mmes Anna Veronika Jüster et Kerstin Barthels. Suivant elles :

- pour les prises de vues de Steichen des années pictorialistes et des années 1910, 1920 et 1930, la majorité des tirages sont tardifs, c.-à-d. réalisés après 1953. Il y a cependant des exceptions notables : certaines images familiales (cat. 10, 11, 14, 16, 21, 23) sont des « vintage prints » dans le sens d'être contemporains ou produits endéans quelques années seulement après la réalisation de la prise de vue. Pour un autre (cat. 25) cela est probable, de même que pour les photos montrant Linda Martin,

petite-fille de Steichen, prises dans les années 1940. Il en va aussi pour le tirage de « Grasshopper and Wheat Stalk » des années 1920. Le tirage le plus ancien de la collection est sans doute le portrait charmant de la fille aînée de l'artiste, Mary Steichen, réalisé dans les années 1910 (cat. 10).

– Les tirages d'une quarantaine de portraits de célébrités des années 1920, 1930 et 1940 ont également été réalisés l'année même ou quelques années seulement après la prise de vue. Les autres n'ont été réalisés qu'après 1953.

– Les tirages en couleur (cat. 162-175) sont quant à eux plus ou moins contemporains des prises de vue respectives.

Collection de la Ville de Luxembourg :

Quant aux 44 tirages appartenant à la Ville de Luxembourg, ils ont été analysés par l'experte italienne Silvia Berselli.

Suivant elle, neuf tirages sont à considérer comme « vintage prints », c'est-à-dire comme tirages réalisés l'année de la réalisation de la prise de vue ou endéans quelques années seulement après celle-ci. Deux d'entre eux sont des tirages des années 1920, quatre des tirages des années 1930 et trois des tirages des années 1950.

Les autres 35 tirages sont à considérer comme tirages plus tardifs, l'intervalle entre la prise de vue et le tirage étant au moins supérieur à 10 ans et la plupart du temps à 20 ans voire plus.

Collection de la BCEE :

Des échanges concernant les informations sur les techniques et la datation de tirages appartenant à la BCEE sont en cours.

ad 5)

– La collection patrimoniale « The Bitter Years » a été présentée en deux rotations entre 2012, 2016 et 2020. Elle est composée de tirages originaux et fragiles de 1962. Dans une approche et une démarche à la fois de conservation et exposition du patrimoine, un monitoring régulier des œuvres a eu lieu pendant les périodes d'exposition. Les résultats ont amené le CNA à engager une expertise de conservation/restauration pour évaluer l'état des œuvres et de leur imposer une « pause » – chose familière pour des expositions de photographie et pour favoriser la conservation des œuvres.

– Le Waassertuerm présentant un espace hors du commun pour la présentation de la collection et par ailleurs en écho à l'histoire du site et de sa région, on doit toutefois remarquer qu'il ne permet pas d'exposer la collection dans son entièreté. Il est examiné à l'heure actuelle dans quelle mesure l'exposition « The Bitter Years » pourrait être exposée dans le cadre d'une collaboration européenne/internationale pour retrouver sa forme originale d'exposition. Ceci permettra également de placer ce patrimoine luxembourgeois sur la scène internationale et ainsi d'attirer l'attention et un nouveau public plus large pour la collection et le Luxembourg. Dans cette perspective, une étude sur l'état de conservation de la collection en vue d'une réexposition future a été finalisée en automne 2022.

– La communication autour des Steichen Collections du CNA met en valeur les deux collections « The Family of Man » et « The Bitter Years ». Depuis 2021, cette mise en valeur double prend place principalement en ligne.

– Le Waassertuerm constitue en effet un repère dans la ville de Dudelange tout en étant un lieu insolite. L'expérience de la programmation sur le site a montré que les événements et expositions temporaires

permettaient de mettre en valeur le site architectural davantage et aussi de générer des publics différents et multiples selon les programmes proposés. Le site du Waassertuerm + Pomhouse restera un point fixe dans la face publique du CNA et de sa programmation, présentant un attrait pour des publics diversifiés.

Taxation des multinationales | Question 7422 (23/12/2022) de **M. Mars Di Bartolomeo** | **M. Yves Cruchten** (LSAP)

Un accord européen vient d'intervenir sur la taxation des multinationales. Les grandes sociétés se verront imposer un taux de taxation minimal de 15 %. L'idée majeure de cet impôt minimum est de limiter la concurrence fiscale entre les États, qui a conduit les multinationales à payer toujours moins d'impôts sur leurs bénéfices.

– Nous aimerions savoir de Madame la Ministre des Finances quelle est la portée exacte de cet accord et combien de sociétés sont concernées au Luxembourg.

– Quel sera l'impact estimé au Luxembourg notamment en termes d'évolution des recettes fiscales ?

Réponse (23/01/2023) de **Mme Yuriko Backes**, Ministre des Finances

Tel que mentionné par les honorables Députés, le Conseil de l'UE vient de trouver un accord politique sur une directive visant à assurer un niveau minimum d'imposition mondial pour les groupes d'entreprises multinationales et les groupes nationaux de grande envergure dans l'Union. Ainsi, la directive (UE) 2022/2523 du Conseil du 14 décembre 2022 a été publiée le 22 décembre 2022 dans le Journal officiel de l'UE et devra être transposée d'ici le 31 décembre 2023.

Cette directive est basée sur des principes de fonctionnement fondamentalement nouveaux dans le contexte de la fiscalité internationale et européenne, et aura dès lors un impact indéniable sur le cadre fiscal national de tous les États membres de l'UE. La directive s'appliquera notamment à toutes les sociétés luxembourgeoises qui appartiennent à un groupe national et multinational d'entreprises ayant un chiffre d'affaires consolidé égal ou supérieur à 750.000.000 d'euros pendant au moins deux des quatre années fiscales précédant immédiatement l'année fiscale en question.

Sans tenir compte d'une éventuelle restructuration des groupes visés, le nombre d'entités atteintes par cette directive au Luxembourg peut être estimé à environ 7.500 entités.

La question de l'impact d'un impôt minimal global de 15 % sur l'évolution des recettes fiscales est une interrogation centrale à laquelle divers travaux de l'OCDE ont tenté de fournir des réponses à l'aide de modélisations budgétaires afin de permettre aux États de mieux mesurer les conséquences sur leur budget. L'issue de ces travaux reste néanmoins insatisfaisante dans la mesure où les données à la base de ces travaux sont par la force des choses basées sur des hypothèses.

En effet, l'impact sur les recettes fiscales dépendra fortement notamment de paramètres dynamiques tels que les réactions adoptées par les multinationales suite à la mise en œuvre du Pilier 2 en termes de structure organisationnelle et juridictionnelle ou encore l'attitude des politiques publiques dans d'autres pays quant à d'éventuelles modifications de leur cadre fiscal et de leur taux d'imposition.

L'ampleur de l'impact – positif ou négatif – sur les recettes fiscales reste à ce jour difficilement quantifiable et peu précis compte tenu des facteurs dynamiques mentionnés ci-avant. Il n'est dès lors pas possible de fournir une estimation chiffrée dans ce contexte.

.....
« Push-backs » le long des frontières extérieures européennes | Question 7423 (27/12/2022) de **Mme Stéphanie Empain** (déi gréng)

Comme certains médias allemands l'ont rapporté le 5 décembre 2022, un réfugié a été blessé par balles par des gardes-frontières nationales à la frontière extérieure de l'Europe en Bulgarie¹¹. Selon ces médias, cet incident s'inscrit dans tout un contexte de pratiques illégales exercées le long des frontières sud-est de l'Union européenne, dans le cadre desquelles les migrant.e.s sont détenu.e.s dans de mauvaises conditions et repoussé.e.s avant de pouvoir effectuer une demande d'asile.

Ainsi, à la frontière extérieure bulgare et malgré la présence d'agents de l'agence Frontex, des migrant.e.s ont été enfermés pendant plusieurs jours dans des enclos aménagés, sans ravitaillements et sans avoir accès à des installations sanitaires, avant d'être finalement repoussé.e.s.¹²

Face à ces révélations, je voudrais avoir les renseignements suivants de la part de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Monsieur le Ministre a-t-il des informations plus précises concernant ces violations des droits humains et celles-ci ont-elles déjà été abordées au sein du Conseil européen ?

2) Quelles sont les pistes que le Ministère des Affaires étrangères et européennes poursuit au niveau de l'UE pour que l'accueil aux frontières extérieures se fasse de manière humaine ?

3) Quelles procédures ont été déclenchées au niveau européen pour assurer que les responsables de ces traitements violents soient tenus responsables ?

4) Existe-t-il des rapports de Frontex sur les incidents susmentionnés ? Dans la négative, quelle en est la raison ?

Réponse (20/01/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

ad 1) Le ministre est au courant des allégations rapportées par plusieurs médias en date du 5 décembre 2022. Il ne dispose cependant pas d'informations plus précises et ne saurait s'exprimer sur les discussions au sein du Conseil européen, qui réunit les chefs d'État ou de Gouvernement.

ad 2) Au niveau européen, le Luxembourg soutient sans ambiguïté le respect des droits fondamentaux aux frontières extérieures de l'Union. Il accueille favorablement les efforts des agences et organismes chargés de surveiller le respect des normes de droit international et européen, notamment des dispositions de la directive « accueil ».

ad 3) Le droit d'enquête et d'instruction relatif à des infractions pénales commises sur son territoire national incombe aux autorités judiciaires de l'État membre concerné.

ad 4) Dans sa réponse aux médias ayant rapporté les violations, l'Agence Frontex indique avoir enregistré 10 rapports « d'incidents sérieux » à la frontière turco-bulgare au cours de 2022. Parmi ces rapports, aucun n'aurait trait aux allégations du 5 décembre. Les informations ont été communiquées à l'Officier des droits fondamentaux de l'Agence, qui décide s'il y a lieu d'ouvrir une enquête ou non. Aucun rapport spécifique sur

¹¹ Tagesschau.de: Flüchtling an der EU-Außengrenze angeschossen. 5.12.2022

¹² Tagesschau.de: Asylsuchende eingesperrt und misshandelt. 8.12.2022

les incidents susmentionnés n'a été partagé avec les États membres.

Groupe national de guidance en matière de prévention des infections nosocomiales (GNPIN) | Question 7425 (27/12/2022) de Mme Martine Hansen (CSV)

Aus der Äntwert vom fréiere Gesondheitsminister op d'parlamentaresch Fro 0671 vum 12. Juni 2019 geet ervir, datt de „Groupe national de guidance en matière de prévention des infections nosocomiales“ (GNPIN) amgaange wier, allgemeng Recommendationen fir den Émgang mat multiresistente Keimen an de Klinicken auszeschaffen. Op der Internetsäit vum GNPIN ass bis haut keng nei Recommendationen publiziert ginn.

An deem Kontext wollt ech follgend Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

1. Huet de „Groupe national de guidance en matière de prévention des infections nosocomiales“ méttlerweil eng Recommendationen fir den Émgang mat multiresistente Keimen an de Klinicken ausgeschafft?
– Wa jo, wat recommendéiert de GNPIN a firwat sinn d'Recommendatiounen net publick gemaach ginn?
– Wann nee, aus wat fir Ursaache si keng Recommendationen ausgeschafft ginn?
– Wéini wäerten dës Recommendationen publiziert ginn?
2. Wäert deen am Koalitionsaccord an Aussicht gestallte „Fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique“ fir d'Schied, déi duerch multiresistent Keimen an de Klinicken entstinn, opkommen?
– Wa jo, wéini wäert dës Fong operativ sinn?

Réponse (26/01/2023) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1. Bedéngt duerch d'Covidkris ass de Groupe national de guidance en matière de prévention des infections nosocomiales (GNPIN) effektiv an deene leschte Méint net méi zesummekomme an déi besoten Aarbechten hunn net kënne fortgesat ginn. Dëst hânt virun allem domat zesummen, datt aktuell generell Diskussiounen ëm d'Reorganisatioun vum Aarbechtsgrupp gefouert ginn a verschidde Piste fir den Aarbechtsgrupp legal ze verankeren amgaange sinn, analyséiert ze ginn.

Parallèll dozou ass allerdéngs am Kader vum den Aarbechte ronderëm de Plan national antibiotiques an den Antibiotic Stewardship Programme, d'Thematik ronderëm d'multiresistent Keimen adresséiert ginn. Hei lafen aktuell Aarbechte fir d'Ausschaffung vum enger Strategie ronderëm d'Prise en charge vum multiresistente Keimen. Den Antibiotic Stewardship Programme ass an deem Sënn och schonn de concernéierten Acteuren, ënnert anerem de Spideeler an der COPAS als Vertrieber vum de Gestionnaire vum den Haiser aus dem „long séjour“ virgestallt ginn an d'Diskussiounen fir eng Ëmsetzung vum Programme sinn amgaangen.

ad 2. Den Zweck vum engem „Fonds d'indemnisation de l'aléa thérapeutique“ ass d'Entscheidung vum anormale Schied, déi bei Leit duerch e medezinneschen Accident, eng iatrogen Krankheet oder eng nosokomial Infektioun verursaacht goufen, ouni dass d'Responsabilitéit vum engem Dëngschtleeschter engagéiert ass. Fir dass de Fong zoustänneg ass, wäerte verschidde Konditiounen erfëllt musse ginn.

Wa multiresistent Keimen oder Bakterien eng nosokomial Infektioun verursaachen, déi enger medezinnescher Behandlung direkt zouzschreiwien ass, kéinten d'Schied vum dëser Infektioun och duerch sou e Fong entschiedeg ginn.

Den Zäitplang vum den Aarbechtsgruppen, déi op dësem Projet schaffen, huet misse wéinst der Pandemie

geännert ginn. Opgrond vum de geleschten Aarbechten an deenen, déi nach ze maache sinn, ass zu dësem Zäitpunkt nach net gewosst, wéini dës Fong operativ wäert sinn.

Personnel des centres de vaccination | Question 7426 (28/12/2022) de M. Sven Clement | M. Marc Goergen (Piraten)

Während dem Héichpunkt vum der Covidpandemie sinn an den Impfzentren zu Lëtzebuerg Dausende Persounen pro Dag geimpft ginn. D'Hale ware voll an d'medezinnescht Personal op der Plaz war ausgelascht. Haut ass d'Situatioun eng aner: Wie selwer rezent am Impfzentrum um Lampertsbiërg war, dee war erstaunt doriwwer, dass zu ville Momenter méi Personal ewéi Patienten an der Hal uwiesend waren.

An deem Zesammenhang wéilte mir der Ministesch fir Gesondheet dës Fro stellen:

1. Wéi vill Persounen hu sech an deene leschten 12 Méint (opgeschlüsselt pro Mount) an deene verschidde Impfbeständen hei am Land impfe gelooss?
2. Wéi vill Personal war am Duerchschnitt iwwert déi eenzel Méint an den Impfbeständen opgestallt?
3. Wéi eng lafend Käscht bréngt een Impfzentrum pro Mount mat sech (Personal an Energiekäscht matabegraff)?
4. Wéi eng Indicateure berécksiichtegt d'Ministesch, fir een Impfcenter zougemaachen an d'Impfung op anere Plazen dezentraliséiert unzebidden?
5. Wéi schnell wier een Impfcenter am Fall vum enger weiderer Covidwell erëm asazbereet?

Réponse (24/01/2023) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

ad 1. Follgenden Tableau schlësselt d'Unzuel vum de geimpfte Residenten, jee no Impfcenter an no Mount, fir 2022 op:

(tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).

ad 2. Fir d'Joer 2022 waren am Ganze 507 Leit iwwer d'Reserve sanitaire agestellt, déi a Fonctioun vum de Besoinen op déi verschidde Impfbestände verdeelt gi sinn (bei dëser Zuel handelt et sech exklusiv ëm Gesondheitsberuffer an administratiivt Personal; IT-Personal a Sécherheitsleit sinn hei net matberechent).

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).

D'Unzuel u Personal huet a Fonctioun vum de Besoinen an den Impfbeständen ëmmer nees staark variéiert, mee am Duerchschnitt hunn eng ronn 184 Leit pro Mount aus den uewe genannte Kategorien an den Impfbeständen geschafft.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu).

ad 3. An engem Impfcenter falen zu engem Deel fix Käschten un. Dat si Käschten, déi all Mount ufalen, onofhängeg vum der Unzuel vum de Leit, déi sech impfe loosse. Et handelt sech heibäi virun allem ëm follgend Käschten: Locatioun vum der Infrastruktur, Nettoyage, Surveillance, Support IT, Personal fir den Enregistrement an de Coordinateur um Site.

Nieft dës fixe Käscht gëtt et dann nach d'Remuneratioun fir d'Gesondheitspersonal, dat d'Impfung mécht. Dës Käschten hänke vum zwee Facteuren of. Als Éischt vum der Unzuel vum de „files de vaccination“, déi an engem Impfcenter operationell sinn. Dës Zuel

gëtt vu Woch zu Woch festgeluecht, dat en fonctioun vum de Leit, déi ee Rendez-vous geholl hunn, respektiv vum dem erwaarten Undrang. Als Zweet hänken dës Käscht vum Statut vum Gesondheitspersonal of, dat an der jeweileger Woch am Impfcenter intervenéiert: fräiberufflechen Dokter, Kinesitherapist an Infirmier, Fonctionnaire oder awer Gesondheitspersonal, dat een zäitlech befristete Kontrakt vum der Réserve sanitaire huet.

Esou hunn déi fix Käschten am Mount November fir den Impfcenter Victor Hugo sech op ronn 122.000 Euro belaf.

D'Personalkäscht vum Gesondheitspersonal, dat am Impfcenter intervenéiert ass, huet sech op ronn 198.000 Euro belaf.

ad 4. An dem Kontext vum Op- an Zoumaache vum engem Impfcenter ginn eng Rei Indicateure gekuckt. Et handelt sech heibäi ënnert anerem ëm d'Unzuel vum de Leit, déi ee Rendez-vous geholl hunn, ëm d'Proportioun vum de Leit, déi an engem Impfcenter geimpft gi par rapport zu der Unzuel vum de Leit, déi sech op enger anerer Plaz impfe gelooss hunn (Apdikten an Dokercabinetten), ëm eventuell nei Elementer bei den Impfrecommendatiounen, ëm nei Impfstoffer, déi op de Marché kommen, oder ëm Entscheidunger bei der Boosterimpfung.

Well d'Impfungen iwwert déi lescht Méint lues a lues ofgehol hunn, sinn all d'Impfbeständen – ausser den Impfcenter am Victor Hugo – zougemaach ginn. Een Impfcenter huet de groussen Avantage, datt d'Leit sech ganz spontan ouni Rendez-vous mat all Impfstoff kënne impfe loosse.

Bis elo war et esou, datt de Ratio vum den Impfungen, déi an engem Impfcenter gemaach goufen, méi héich ass ewéi de Ratio vum Impfungen op anere Plazen. Dës Ratio huet sech an de Woche virun der Chrëschtvakanz bei ronn 50 % agependelt. Allerdéngs ass déi absolut Zuel vum Impfungen an den Impfbeständen zanter dem Enn vum Oktober lues, awer kontinuierlech erofgaangen. Well d'Unzuel vum den neien Infektiounen an de Wanterméint an de leschte Joren ëmmer eropgaangen ass a well gesi gouf, datt d'Impfbereitschaft an der Vergaangenheet bei héijen Infektiounszuele méi héich war, gouf decidéiert, nach een Impfcenter iwwert d'Wanterméint opzeloossen.

Sollt den uewe genannten Trend vum der Baisse sech awer an den nächste Woche fortsetzen, mécht et Sënn, d'Impfung komplett an d'Dokercabinetten an d'Apdikten ze verleeën. Doriwwer eraus kann ee periodesch mat mobillen Equippen oder engem Impfbus Impfungen uechtert d'Land ubidden.

ad 5. Am Fall wou eng Infrastruktur fäerdeg ageriicht ass, kënnen Impfungen innerhalb vum enger Woch operationell sinn. An deem Fall wou déi ganz Infrastruktur (Impfboksen, Elektronik, extra Belichtung, Waassercurven, Informatik...) an engem Impfcenter nees nei muss ageriicht ginn, kann een, jee no Disponibilitéit vum Material um Marché, mat 6–8 Woche rechnen.

Chantier sur l'A13 | Question 7427 (28/12/2022) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

De Chantier op der A13/Rout Bréck dauert elo scho bal 4 Joer. Op der selwechter Streck gouf och d'Stroosbeliichtung ewechgeholl. Am Moment däreft ee just deelweis op enger Bunn an eng Richtung fuere. De Passage ass geféierlech, well den Tronçon op dëser Plaz ganz enk ass a well d'Stroos staark befuer ass, och vu Camionen.

An deem Zesammenhang géif ech gär folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute stellen:

1. Wéi vill Accidenter sinn op dëser Streck scho passéiert?
2. Ass eng provisoersch Beliichtung virgesinn, well de Chantier extreem schlecht belicht ass?
3. Wéini ass de Chantier endlech fäerdeg?

Réponse (03/02/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Dësen Tableau weist d'Unzuel vun den Accidenter vun de leschte 5 Joer, déi op der Streck A13/Rout Bréck passéiert sinn:

	Accidenter
2018	4
2019	9
2020	1
2021	9
2022	7

ad 2. Wéi richteg vun der Madamm Deputéiert beschriwwen, huet dësen Tronçon vun der Autobunn A13 keng Beliichtung. D'Beliichtung op der A13 téschent Schëffeng a Beetebuerg ass awer schonn 2014 ewechgeholl ginn, well d'Luuchtepottoen an d'Luuchten um Enn vun hirer Liewensdauer (30 Joer) ukomm waren. Fir Energie ze spueren, war deemools decidéiert ginn, d'Beliichtung net ze erneieren.

D'Fuerbunnen op der Héicht vum Chantier si wuel ageengt, mee fir d'Sécherheet vun den Automobilisten an den Aarbechter ze garantéieren, ass déi maximal erlaabt Geschwindigkeit op 50 respektiv 70 Stonnekilometer limitéiert. Dobäi ass eng verkéiersféierend Laflichtanlag (konform zu der Broschür „Signalisation des chantiers“ vun der Commission de circulation de l'État) a Plaz gesat ginn, déi de Verkéier duerch hannereneen oplichtend Warnluuchte guidéiert.

Opgrond vun dëser Anlag gëtt deemno och keng zousätzlech Beliichtung op der Héicht vum Chantier gebraucht.

Fir de Chantier awer nach zousätzlech ofzesécheren, wäert d'Unzuel vun de Reflektoren op de mobile Leitplanken erhéicht ginn.

ad 3. De Chantier wäert viraussichtlech am spéide Fréijoer 2023 ofgeschloss kënnen ginn.

Attaques de loups | Question **7428** (28/12/2022) de **M. Carlo Weber** (LSAP)

Medieberichte no gouf am Raum Élwen en dout Schof fonnt, dat méiglecherweis vun engem Wollef gerappt gouf. Entsprechend dem nationale Wollef-Aktionsplang gouf de Besëtzer mat 75 % entschiedegt.

Prinzipiell ass och virgesinn, dass de Staat Preventiounsmesurë finanziell ënnerstëtzt. Dozou wéilt ech der Madamm Ëmweltminister folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir sou eng finanziell Hëllef goufe bis elo gestallt? Wéi vill dovou goufen akzeptéiert?
2. Ëm wat fir Preventiounsmesuren huet et sech dobäi konkret gehandelt?

3. Wéi vill Véibesëtzer schützen hir Häerd mat engem Häerdeschutzhond? Gouf et Fäll, wou fir d'Uschafe vun sou engem Hond eng finanziell Hëllef accordéiert gouf?

Réponse (06/01/2023) de **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Bis ewell gouf keng sou eng Demande gestallt. n.a.

ad 2. n.a.

ad 3. De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung huet keng Zuelen dozou, ob a wa jo, mat wéi vill Häerdeschutzhënn eenzel Véibesëtzer hir Häerd schützen. Et ass natierlech méiglech, dass Véibesëtzer hir Häerd esou schützen, ouni awer eng finanziell Hëllef dofir ugefrot ze hunn.

Accords de Minsk | Question **7429** (29/12/2022) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An engem Interview mat der Wochenzeitung „Die Zeit“, deen de 7. Dezember publizéiert gouf, huet déi fréier däitsch Bundeskanzlerin, d'Madamm Angela Merkel, iwwert d'Verhandlung vum Minsk-II-Vertrag dat hei gesot: „Und das Minsker Abkommen 2014 war der Versuch, der Ukraine Zeit zu geben. Sie hat diese Zeit auch genutzt, um stärker zu werden, wie man heute sieht. Die Ukraine von 2014/15 ist nicht die Ukraine von heute. Wie man am Kampf um Debalzewe Anfang 2015 gesehen hat, hätte Putin sie damals leicht überrennen können. Und ich bezweifle sehr, dass die Nato-Staaten damals so viel hätten tun können wie heute, um der Ukraine zu helfen.“

De President vun der Russescher Federatioun gëtt an den ëffentlech-rechtlechen, russesche Medien iwwersat mat dëser Reaktioun zitéiert: „Ich bin enttäuscht von Merksls Äußerungen zu den Minsker Vereinbarungen. Das war völlig unerwartet, das ist enttäuschend. [...] Das Vertrauen ist schon fast bei null. Aber nach solchen Äußerungen, wie Merkel sie gemacht hat, ist nicht klar wie man verhandeln kann, mit wem und mit welchen Garantien, obwohl wir am Ende verhandeln müssen.“

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu der Ausso vun där fréierer däitscher Bundeskanzlerin elabouieren a preziséieren, ob a vu wéini un hir dës verstoppt Agenda vun de Verhandlungen iwwer de Minsker Vertrag bekannt war? Wéi gesäit si de „bona fide“-Charakter an de Minsker Ofkommen nach respektéiert? Ass an hiren Aen d'Normandie-Format nach e glawwierdege Verhandlungsforum wann déi gutt Intentione vun EU-Memberstaaten duerch Däitschland hannergeange ginn?

2. Kann d'Regierung matdeelen, wou an op wéi enger Basis si no den zitéierten Äusserunge vun där fréierer däitscher Regierungschefin nach Verhandlungsméiglechkeeten téschent der EU a Russland gesäit? Wat wéll d'Regierung ënnerhuelen, fir dat verluerent Vertrauen an d'EU nees hierzustellen?

Réponse (27/01/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. François Bausch**, Ministre de la Défense

ad 1. Den éischte Minsker Vertrag vun 2014 gouf haaptsächlech vun den Haaptprotagonisten am Kader vun der Trilateraler Kontaktgrupp (zesummegesat vu Russland, der Ukrain an der OSZE) ausgeschafft. Nom Scheitern vun deem Accord, hu Frankräich an

Däitschland am sougenannten Normandie-Format duerch hir Mediatoun matgeholf, fir eng friddlech Léisung am Donbass-Konflikt ze fannen („Minsk Vertrag II“). Ouni wëllen d'Aussoe vun där fréierer däitscher Bundeskanzlerin ze kommentéieren, ass d'Regierung net der Meenung, dass et an deem Kontext eng verstoppt Agenda gouf.

Mat der Unerkennung vun den zwou selwer ernannte Republicken duerch de Präsident Putin, den 21. Februar 2022, huet Russland de „Minsker Vertrag II“, a soumat och d'Normandie-Format, als glawwierdege Verhandlungsforum, de facto zerstéiert.

ad 2. Op Basis vun der brutaler russescher Aggressioun géint d'Ukrain sinn d'Verhandlungsméiglechkeeten téschent der EU a Russland momentan tatsächlech ganz staark limitéiert. Dat verluerent Vertrauen an déi russesch Regierung kann net sou einfach nees hiergestallt ginn, besonnesch ugesiichts vun deene massive Krichsverbrieche, déi all Dag an der Ukrain dokumentéiert ginn.

Jours fériés listés pour 2024 | Question **7433** (02/01/2023) de **M. Marc Spautz** (CSV)

Parmi les jours fériés listés pour 2024, le jeudi de l'Ascension et le jour de l'Europe tombent tous les deux le 9 mai 2024, ce qui signifie un jour férié en moins.

Dans ce contexte, je voudrais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

– Est-ce que Monsieur le Ministre mène des discussions avec les partenaires sociaux au sujet de ce jour férié en moins ?

– Est-ce que Monsieur le Ministre entend accorder un jour férié ? Sous quelles conditions ?

Réponse (24/01/2023) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Selon l'article L. 232-3 du Code du travail, si l'un des jours fériés légaux tombe sur un dimanche, le salarié a droit à 1 jour de congé compensatoire à prendre individuellement dans un délai de 3 mois à partir de la date du jour férié en question.

Ce principe doit évidemment aussi être applicable si deux jours fériés tombent sur un même jour calendrier. Afin de garantir que chaque salarié est en droit de pouvoir bénéficier de ces deux jours de congé, un projet de loi sera élaboré afin de compenser le jour férié en moins.

Vaccins contre la Covid-19 | Question **7434** (03/01/2023) de **M. Marc Spautz** (CSV)

Obwuel d'Coronapandemie esou gutt wéi eriwuer ass a kaum nach Leit sech impfe loosse, gëtt a ganz Europa weiderhi vill Impfstoff ausgelievert. Grond sinn déi laangfristeg Verträge, déi d'EU-Kommissioun mat de Produzenten ofgeschloss huet. Eng Rei europäesch Länner fuerderen dofir, dass nach eng Kéier noverhandelt gëtt, well duerch déi zousätzlech Liwwerungen déi national Budgeten onnëtz belaascht ginn. Zu Lëtzebuerg goufe bis elo insgesamt 2.602.940 Dose gelievert, allerdéngs goufen der nëmme 1.292.714 tatsächlech genotzt. Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6933 vum 3. November 2022 geet ausserdeem ervir, dass d'Regierung alles géif maachen, fir d'Dosen, déi net gebraucht ginn, a Länner weiderzerechen, déi nach e Besoin hunn.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Schléisst sech Lëtzebuerg der Fuerderung vun den aneren EU-Länner un, fir d'Vertrag, déi d'EU-Kommissioun mat de Pharmakonzerner ofgeschloss huet, nach eng Kéier nozeverhandelen?
– Wa jo, wat fir eng Léisung envisagéiert d'Regierung?
2. Wéi vill Dose solle laut den aktuelle Verträge nach op Lëtzebuerg geliwwert ginn a wéi vill wäerten dës zousätzlech Dose kaschten?
3. Wéi vill Geld huet d'Regierung bis elo insgesamt an d'Beschaffung vu Coronavaccinen investéiert?
4. Wéi vill Dosen, déi hei am Land net gebraucht goufen, konnten un aner Länner ausgelievert ginn?
5. Wéi vill Dosen hu bis elo missen zerstiért ginn, well de Verfallsdatum iwwerschritt war?

Réponse (27/01/2023) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1. Mat Pfizer/BioNTech sinn aktuell Renegotiatione vun de besteeënde Kontrakter zwëschen der EU-Kommissioun an dem Pharmakonzern amgaangen. Zil vun dësen Negotiationen ass et, déi geplangte Liwwerung fir 2023 zum Deel op 2024 an 2025 ze verdeelen.

Fir Moderna sinn déi lescht Liwwerunge fir Februar 2023 virgesinn. Duerno ass de Kontrakt ofgeschloss an et sinn aktuell och keng Noverhandlung geplangt.

Fir Novavax sinn déi lescht Liwwerunge fir dat 2. Quartal vun 2023 virgesinn an et sinn aktuell och keng Noverhandlung hei geplangt.

D'Kontrakter mat AstraZeneca, Johnson & Johnson a Valvna si clôturéiert an et si keng weider Liwwerunge méi virgesinn.

ad 2.

– Vu Pfizer/BioNTech wäerte viraussichtlech 633.621 Dosen opgespléckt op d'Joren 2023 an 2024 geliwwert ginn. Déi ganz Liwwerung wäert nach ronn 12.355.609,50 € kaschten.

– Moderna wäert viraussichtlech nach 81.000 Dosen liwweren, déi scho bezuelt sinn.

– Novavax wäert viraussichtlech nach 34.000 Dosen noliwweren, déi ganz Liwwerung wäert nach ronn 680.000 \$ kaschten.

ad 3. D'Käschte fir den Akaf vun de Covidimpfstoffer belafen sech aktuell op 51.193.848,54 €.

ad 4. Fir 2021 an 2022 sinn am Ganze 623.450 Impfdosen, déi hei net gebraucht gi sinn, un aner Länner gespent ginn.

Enn 2022 sinn ënner anerem Diskussiounen mam Bangladesch gefouert ginn en vue vun enger Donatioun vun Dosen. De Bangladesch huet seng Demande fir Impfdosen an Zwëschenzäit awer nees zeréckgezunn.

Eng Donatioun vun 103.680 Pfizer/BioNTech-Impfdosen ass iwwerdeems via de COVAX-Mechanismus fir Brasilien fir Februar 2023 geplangt.

ad 5. Säit dem Ufank vun der Impfcampagne sinn am Ganzen 155.660 Impfdosen zerstiért ginn, fir déi de Verfallsdatum iwwerschritt war.

129.600 Impfdose vun AstraZeneca, déi iwwerdeems ni op Lëtzebuerg geliwwert gi sinn, goufen direkt beim Fournisseur zerstiért.

Carrefour à Reichlange | Question 7435 (03/01/2023) de M. André Bauler (DP)

Op der Kräizung zu Rächel bei Réiden, wou sech déi dräi Nationalstroossen N12, N22 an N23 begéinen, kënnst et ëmmer nees zu geféierleche Situatiounen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Ass schonn driwwer nogeduecht ginn, fir op dëser Plaz e Giratoire ze amenagéieren? Wa jo, ass sou ee Projet schonn an der Maach?
2. Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Gefierer all Dag op dëser Plaz laanschtueren? Wéi huet sech hir Zuel an de leschte Joren entwéckelt?
3. Wou ass de Projet vun enger Vëlospist tëscht Réiden a Rächel, déi laanscht dës Plaz verlafe soll, de Moment drun? Goufen do méttlerweil Emprisé gemaach?

Réponse (02/02/2023) de M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. Opgrond vun der vum Här Deputéierten duergeleechter Problematik ass effektiv schonns am Joer 2016 ee Projet lancéiert ginn, fir op der Kräizung zu Rächel ee Rond-point ze amenagéieren. Den aktuelle Stand vum Projet ass, datt den Ausschreibungsdossier finaliséiert ass an déi néideg Autorisatione virleien. Deemo goufen Enn 2022 am Beräich rond-rëm déi aktuell Kräizung d'Hecken an d'Beem ewechgeholl, déi duerch déi viséiert Aarbechte betraff sinn.

Am Fréjoer ginn nach archeologesch Ënnersichunge gemaach, ier dann déi eigentlech Aarbechten um Rondel zu Rächel lassginn, déi fir Enn dës Joer virgesi sinn.

ad 2. Unhand vu permanente Compteuren, déi duerch d'ganz Land op Vëlosweeër, Autobunnen a Staatsstroossen installéiert sinn, ka permanent d'Intensitéit vum Trafick op bestëmmte Plaze kontrolléiert ginn.

Déi Donnéeë sinn effentlech a kënnen vu jiddweringem zu all Moment réckwierkend op déi fënnf lescht Joer um „Portail des travaux publics“ opgeruff ginn (travaux.public.lu > Infos trafic > Comptage du trafic).

Zu Rächel stinn zwee Compteuren, an zwar de Compteur N° 805 op der N22 a Richtung Réiden, an de Compteur N° 807 op der N12 a Richtung Bieberg. Ausserdeem steet direkt bei Rächel op der N23 a Richtung Rammerech nach de Compteur N° 809.

Tëscht de Joren 2019 an 2022 gesäit den duerchschnëttlechen deegleche Verkéier an deenen zwou Richtungen zu Rächel follgendermoossen aus (Notzgefierer an Autoen):

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu*).

Wann een d'Donnéeë vun deene Jore kuckt, gesäit een, dass d'Unzuel vun de Gefierer relativ konstant bliwwen ass (am Joer 2020 ass duerch d'Pandemie ee lichte Réckgang vum Verkéier ze verzechnen). Dës Zuele representéieren wéi uewe bemierkt de järelechen Duerchschnëttstrafick op dëser Plaz während engem Zäitraum vu 24 Stonnen a béid Richtungen.

ad 3. Tëscht Réiden a Rächel ass laut dem modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 betreffend den nationale Vëlosreseau keng nationale Vëlospist virgesinn. Dës bedeit, datt dës Verbindung net op staatlech Niveau studéiert gëtt.

Trotzdem ass op Demande vun der Réidener Gemeng an op Initiativ vum interkommunale Syndikat vum Réidener Kanton e Raccord vu Rächel un d'PC17a (PC17a: Antenn, déi den Atert-Lycée mat der PC17 verbënt) geplangt. Heifir ginn op Käschte vun der Gemeng approximativ 500 Meter Pist am Kader vum Projet vum Rondel mat realiséiert. Dës Verbindung wäert et de Vëlosfuere erlaben, net méi mussen op der Nationalstrooss N22 ze fueren. Allgemeng ass an dësem Kader och ze erwänen, datt d'Uschlëss vu kommunale Vëlospisten un den nationale Vëlosreseau, ënnert Anhale

vun diversen technesche Konditiounen, eligibel si vun enger staatlecher Subventioun ze profitéieren.

Finances communales | Question 7438 (03/01/2023) de M. André Bauler (DP)

Récemment la réponse à la question parlementaire n° 7374 (concernant le niveau d'endettement des communes) ainsi que celle relative à la question parlementaire n° 5886 (concernant la répartition des avoirs du Fonds de dotation globale des communes) a bien fourni des informations sur les finances communales ainsi qu'un classement des communes selon le volume de leur dette. Hélas, ces réponses ne permettent pas d'effectuer une analyse comparative adéquate.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de l'Intérieur :

– Madame la Ministre pourrait-elle nous fournir un tableau indiquant pour les années 2018 à 2022 et pour chaque commune du pays le ratio « dettes financières/recettes ordinaires » (c'est-à-dire le rapport <annuité¹³/recettes ordinaires>) ?

– Le seuil maximal recommandé de 20 % fixé dans la circulaire du Ministère de l'Intérieur du 22 mai 1992 est-il respecté par chaque commune pour le même intervalle de temps ? Selon vos estimations et prévisions, quelles sont les communes qui risquent de dépasser ce seuil au cours des cinq prochaines années ?

– Madame la Ministre pourrait-elle fournir un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2022 (au 31 décembre de chaque année) indiquant pour chaque commune :

- le total des recettes ordinaires ;
- le total des dépenses ordinaires ;
- le total des recettes FDGC ;
- l'enveloppe indice socio-économique ;
- le total des recettes ICC (impôt commercial communal) généré sur le territoire communal ;
- la participation directe du produit en ICC ;
- le total des impôts fonciers (IFON) ;
- le total des emprunts ;
- le total des recettes extraordinaires ;
- le total des dépenses extraordinaires ?

Réponse (01/02/2023) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

L'honorable Député souhaiterait disposer de toute une panoplie de données financières des communes afin d'effectuer une analyse comparative adéquate en matière de finances communales.

Il m'est demandé de fournir des tableaux comparatifs des communes pour les années 2018 à 2022. Sachant que les communes n'ont pas encore clôturé le compte 2022, je m'empresse de fournir ci-joint les données financières comparatives pour les exercices 2018 à 2021 :

– annexe 1 – un tableau indiquant pour les années 2018 à 2021 et pour chaque commune le rapport annuités/recettes ordinaires ;

– annexe 2 – un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2021 indiquant pour chaque commune le total des dépenses ordinaires, le total des dépenses extraordinaires, le total des recettes ordinaires et le total des recettes extraordinaires ;

– annexe 3 – un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2021 indiquant pour chaque commune le total des recettes FDGC ;

– annexe 4 – un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2021 indiquant pour chaque commune l'enveloppe indice socio-économique ;

¹³ Intérêts et remboursement du principal

– annexe 5 – un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2021 indiquant pour chaque commune le total des recettes de l'impôt commercial communal (ICC) généré sur le territoire communal et la participation directe du produit en ICC ;

– annexe 6 – un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2021 indiquant pour chaque commune le total de l'impôt foncier (IFON).

Quant à la situation des emprunts demandée par l'honorable Député, un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2022, au 31 décembre de chaque année, est également joint en annexe :

– annexe 7 – un tableau comparatif des communes pour les années 2018 à 2022 indiquant pour chaque commune le total des emprunts.

À noter encore que toutes les communes respectent la règle de bonne conduite, à savoir le seuil maximal de 20 % communiqué par la circulaire n° 1464 du 22 mai 1992 des ministres des Finances et de l'Intérieur de l'époque.

(Annexes à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

Sécurité à l'Aéroport de Luxembourg | Question 7440 (04/01/2023) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Den Europäesche Rot huet Lëtzebuerg a puncto Findel iwwer 30 Rotschléi mat op de Wee ginn, wat d'Sécherheet um Flughafen ugeet („Virgule“ vum 5. Dezember 2022). Tatsächlech wär de Flughafen e schwacht Glidd an der Schenge-Welt. Virgehät gëtt Lëtzebuerg e Manktem u Sécherheitsbeamten a bei hinnen u Qualifikatioun, fir falsch Reesdokumenter ze erkennen. Och gëtt et kee Koordinatiounszentrum, fir mat aneren Autoritéiten zesummenzeschaffen. Lëtzebuerg misst och Pläng ausschaffe fir eng eventuell nei illegal Migratiounswell. Weider gëtt bemängelt, datt d'Douaniere keen Zougang zu zentralen Datebanken hunn.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Akzeptéiert d'Regierung dës Kritik un der Sécherheet um Findel?

2. Ass et richtig, datt Lëtzebuerg e relativ kuerzen Delai gesat kritt huet, fir dës Virschléi ëmzesetzen? Bis wéini?

3. Wéi wäit ass Lëtzebuerg bis elo bei der Ëmsetzung vun dese Punkten? Wéi eng Moosname sinn am Eenzelne fir wéi eng Verwaltung néideg?

4. Wéi laang ass scho gewosst, datt d'Sécherheitsmoosnamen um Findel am Schenge-Raum kritesch gesi ginn?

5. Wat fir Auswierkungen huet dat fir Passagéier, déi vum Findel aus wëlle fléien? Gëtt d'Prozedur méi laang oder méi onkamoud?

6. Den Zougang zu Datebanken an den internationalen Austausch vum Donnéeë schéngen an den Ae vum Europäesche Rot eng grouss Roll ze spillen. Ass d'Regierung gewëllt, der Police méi Autonomie bei hirem Zesummespill mat anere polizeilechen Autoritéiten am Ausland ze ginn, ouni datt en Accord vum Parquet muss virdrun ageholl ginn?

Réponse (30/01/2023) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure | Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice

ad 1. bis 5. Déi sougenannte Schengen-Evaluatiounen gi reegelméisseg als „peer evaluation“ an all de Länner vum Schenge-Raum gemaach. D'Zil vun desen ass, fir ënner anerem d'Kontrolle vun de Baussegrenzen nach weider ze verbesseren an ze harmoniséieren.

Dëst ass et och schonn an der Vergaangenheet fir Lëtzebuerg ginn an déi rezent Recommendatiounen sinn amgaang, an en nationale Plan d'action anze-fléissen, wou op déi eenzel Punkten agaange gëtt, fir de System weider ze verbesseren. Et kann een hei och preziséieren, dass verschidde Punkte entre-temps adresséiert sinn. D'Delaie fir d'Ëmsetzung vun de Recommendatiounen hänke vu villen Elementer of, déi zesumme mat der EU-Kommissioun adresséiert ginn.

D'Ëmsetze vum Plan d'action wäert keng negativ Konsequenze fir d'Passagéier hunn. Wann d'Mesuren am Beräich vun der Personalverstärkung vun der Flughafepolice bis konkret ëmgesat ginn, wäerten d'Passagéier och vu méi schnellen Ofleef bei Kontrollen um Flughafen profitéieren. Dës Personalverstärkung vun der Flughafepolice wäert duerch de verstärkte Rekrutement vun der Police ënnerstëtzt ginn.

ad 6. Den internationalen Austausch vu polizeilechen Informatiounen ass ganz allgemeng e wichtege Aspekt vun der Justiz- a Sécherheitspolitik a gëtt dofir och ëmmer erëm, besonnesch an den EU-Rechtsinstrumenter, un d'Erausfuorderung vum enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung ugepasst. An deem Kontext hat d'Europäesch Unioun e ganz wichtegt Instrument adoptéiert mat der Kaderdecisioun vum 18. Dezember 2006 iwwer d'Veinfachung vum Austausch vu polizeilechen Informatiounen („décision-cadre 2006/960/JAI du 18 décembre 2006 relative à la simplification de l'échange d'informations et de renseignements entre les services répressifs des États membres de l'Union européenne“). Zu Lëtzebuerg, wéi an deenen aneren EU-Memberstaaten och, ass déi Kaderdecisioun d'Haaptinstrument vum allgemenge polizeilechen Informationsaustausch ginn, deen zu Lëtzebuerg haut geregelt ass duerch e Gesetz vum 22. Februar 2018 („loi du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère personnel et d'informations en matière policière“).

2021 huet d'EU-Kommissioun eng nei Direktiv proposéiert, déi d'Kaderdecisioun vum 2006 soll ersetzen, an am Dezember 2022 ass no den Trilogü mam EU-Parlament e finale Kompromësstext zréckbehalde ginn, deen elo nach formal vun den EU-Instanze muss adoptéiert ginn. Opgrond vun där neier Direktiv gëtt dann dat uewegenannte lëtzebuergesch Gesetz vum 22. Februar 2018 op de Leescht geholl fir ze kucken, ob a wéi dat Gesetz eventuell muss un déi nei Direktiv ugepasst ginn.

Et sief nach ernimmt, dass et bei deem Thema ëmmer gëllt, e rechtsstaatlechen Equilibre ze fannen zwëschen engem effikasse polizeilechen Informationsaustausch op där enger Säit an engem zolitte Schutz vun de perséinlechen Donnéeën op där anerer Säit. An deem Sënn muss d'Ëmsetzung vun där neier Direktiv och d'Prinzipie respektéieren vum lëtzebuergesche Gesetz vum 1. August 2018 iwwer de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën am Strofrecht an an der nationaler Sécherheet („loi du 1^{er} août 2018 relative à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel en matière pénale ainsi qu'en matière de sécurité nationale“), mat deem Lëtzebuerg d'EU-Direktiv 2016/680 vum 27. Abrëll 2016 iwwer de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën an der Stroferverfolgung ëmgesat huet.

Obligation de présenter un numéro de compte bancaire luxembourgeois dans le cadre d'une demande RPGH ou REVIS auprès du FNS | Question 7445 (05/01/2023) de M. Sven Clement (Piraten)

Vill Mënschen hunn hautzudaags Konten online op net lëtzebuergesche Banken, wat duerch d'Prinzipie vun der Verkéiersfräiheet vu Kapital a Commerce een onëmstridde Recht ass, och fir Lëtzebuurger Residenten.

Mir gouf vu vertrauleche Quellen zougedroen, dass de Fonds national de solidarité (FNS) keng Kontosnummern akzeptéiert, déi net lëtzebuergesch sinn an och emol dann net, wann dës europäesch sinn. Mir läit ee Brëif vir, an deem kloer ervirgeet, dass den FNS eng lëtzebuergesch Kontosnummer fir den Traitement vum Dossier freet.

Vulnerabel Persounen, déi op Leeschtunge wéi de REVIS oder de Revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH) ugewise sinn, gi vum FNS opgefuehert, eng lëtzebuergesch Kontosnummer virzeleeën, ansonste géif hiren Dossier net weider traitéiert ginn.

Allerdéngs gëtt et kee Grond, d'Mënsche wéinst der Origine vun enger Kontosnummer an der Prozedur ze blockéieren, wann u sech all gesetzlech Bedéngungen erfëllt sinn, fir d'Indemnitéiten ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch fir Famill an Integratioun dës Froe stellen:

1. Wéi eng gesetzlech Basis gesäit vir, dass ee fir d'Demande vum RPGH oder REVIS ausschliisslech eng lëtzebuergesch Kontosnummer muss hannerloossen? Falls dës legal Basis existéiert, huet d'Ministesch keng Zweifel, dass dës Dispositioun am Konflikt zu den europäesche Reegelen vum fräie Bannemaart ass?

2. Wäert den FNS weider un där Reegel festhalen?

Réponse (16/01/2023) de Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. Den Artikel 2 (1) a) vum modifizéierte Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwer de Revenu d'inclusion sociale (REVIS) gesäit vir, datt den Demandeur en Droit de séjour muss hunn, am Registre principal vum Registre national des personnes physiques ageschriwwen ass an effektiv do wunnt, wou en ugemellt ass.

De Revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH) gesäit änlech Konditiounen vir.

Am Kader vun der Instruktioun vun dësem Demandé muss de Fonds national de solidarité (FNS) dës Residenzkonditioun iwwerpréieren.

D'Exigence vum FNS, fir e Relevé d'identité bancaire vun enger lëtzebuergescher Bank ze froen, huet dem FNS an deem Zesummenhang eng zousätzlech Garantie ginn, datt d'Residenzkonditioun erfëllt ass.

Bis elo huet sech och nach kee Problem mat där Konditioun gestallt, och net juristescher Natur.

ad 2. Au vu vun de renforcéierte Kontrollen, fir Abusen ze evitéieren (Kreatioun vun engem Service Répression des fraudes), ass déi Exigence awer iwwerflësseg, d'autant plus datt se jo nâischt iwwert déi effektiv Residenz vum Demandeur ausseet.

Den FNS ass also bereet, fir op déi Exigence ze verzichten, an d'Relevés d'identité bancaire vun auslännesche Konte wäerten dann och an Zukunft akzeptéiert ginn.

Gouttes K.-O. | Question 7448 (05/01/2023) de M. Max Hengel | M. Laurent Mosar (CSV)

An de leschte Wochen hunn eng ganz Rei Virfäll mat Verdacht op K.-o.-Drëpsen hei am Land op sech opmierksam gemaach. Eng Keier war et op engem Bal zu Ell, op engem Bal zu Helzen, op dem Zürcherbal an op dem Silvesterbal, déi allen zwee an der Luxexpo stattfont hunn. Et ass gewëss ëmmer schwéier, a

konkrete Fäll K.-o.-Drëpsen nozeweisen, virun allem wann net séier genuch reagéiert gëtt. Oplklärung a Sensibiliséierung mussen dofir op allen Niveauen Hand an Hand goen, fir esou Virfäll ze evitéieren oder gegebenefalls richtig ze reagéieren.

An deem Kontext wëllte mir folgend Froen un d'Madamme Gesondheitsministesch an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet stellen:

1. Wat mécht d'Regierung a puncto Sensibiliséierung vu Jonke bei K.-o.-Drëpsen am Gedréns?

2. Huet d'Regierung wëlles Oplklärungscampagnen, notament an de Schoulen, ze lancéieren?

3. Wéi encouragéiert d'Regierung déi Jonk sech fir eng Analys an d'Spidol ze beginn, respektiv Plainte bei der Police ze deposéieren, am Fall wou ee Verdacht op K.-o.-Drëpse besteet?

4. Wéi eng Ulafplaze bitt d'Regierung de concernéierte Persounen fir esou Virfäll kënnen ze verschaffen?

Réponse (02/02/2023) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. bis 3. Et ass wichteg, d'Leit fir dës Problematik ze sensibiliséieren an ze informéieren, wéi eng Gestes barrières ee kann adoptéieren fir sech ze schützen. Déi concernéiert Associatiounen maachen dozou Sensibilisatiounsaarbecht an de Gesondheitsministère schafft momentan zesumme mat Acteuren um Terrain eng Kommunikatiouns- a Sensibiliséierungscampagne zu dësem Thema aus, déi viraussichtlech am Summer 2023 erauskomme wäert. D'Zilgrupp vun dëser Campagne si Schüler, Studenten a jonk Leit, déi um Nuetsliewen deelhuefen.

Well d'Police d'Obligatioun huet fir d'Erhale vun der effentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vum Bierger ze suergen, maache si parallell dozou am Kader vu Preventiounsaarbechten, sief et an de Schoulen oder um Internet-Site vun der Police, d'Leit opmierksam a ginn hinne Verhalensmesuren, wéi se sech besser schützen kënnen.

ad 4. Fir dës Fro géinge mir gären op eis gemeinsam Äntwert op der honorabeler Deputéiert Nancy Arendt hir parlamentaresch Ufro vum 13. Dezember 2022 zu dësem Thema verweisen.

Am Fall wou e Verdacht op K.-o.-Drëpse besteet, soll d'Police ëmmer déi éischt Ulafstell fir déi concernéiert Leit sinn. Den Associatiounen, déi am Beräich vum Nuetsliewen aktiv sinn, ass et nämlech net méiglech, d'Verofreechung vu K.-o.-Drëpsen ze confirméieren.

Propositions de la réforme judiciaire avancées par le Ministre de la Justice israélien | Question 7451 (06/01/2023) de M. Gusty Graas (DP)

En Israël, une réforme majeure de la Cour suprême envisagée par le Ministre de la Justice est sujette à discussion. Compte tenu du programme de réformes proposé, des critiques s'attendent à un affaiblissement important du système judiciaire et anticipent un déséquilibre au niveau des pouvoirs en Israël. Plus particulièrement, c'est l'introduction d'une clause dérogatoire qui permettrait à la Knesset d'annuler les décisions de la juridiction suprême qui évoque d'immenses critiques. De même, les propositions suivant lesquelles la procédure de nomination des juges affectés sera modifiée, suscitent des préoccupations.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes :

1) Comment Monsieur le Ministre évalue-t-il les propositions de la réforme judiciaire avancées par le Ministre de la Justice israélien ?

2) Y aura-t-il une réaction au niveau de l'Union européenne, et laquelle ?

3) Est-ce que la réforme du système judiciaire israélien telle proposée aura un impact sur la continuation et les travaux du Conseil d'association UE-Israël qui s'était rencontré en session en octobre 2022 pour la première fois depuis 2012 ?

Réponse (03/02/2023) de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Je ne peux me prononcer sur un projet de réforme sous considération dans le parlement d'un État tiers, mais il va de soi que l'indépendance de la justice et l'État de droit sont des principes fondamentaux pour toute réforme d'un système judiciaire.

ad 2) et 3) À ce stade, je ne peux pas me prononcer sur une réaction éventuelle de l'Union européenne ou sur l'impact de ce projet de réforme sur les relations entre l'Union européenne et Israël.

Il convient cependant de noter que, selon l'article 2 de l'accord euro-méditerranéen établissant une association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et l'État d'Israël, d'autre part (dit « accord d'association »), « les relations entre les parties, de même que toutes les dispositions du présent accord, se fondent sur le respect des droits de l'homme et des principes démocratiques, qui inspire leurs politiques internes et internationales et qui constitue un élément essentiel du présent accord ».

Par ailleurs, dans le « nouvel agenda pour la Méditerranée »¹⁴ adopté le 9 février 2021 par la Commission européenne et le Haut représentant de l'Union pour les affaires étrangères et la politique de sécurité, l'UE a renouvelé son engagement en faveur de l'État de droit : « Good governance and the respect for human rights, fundamental freedoms, democratic institutions and the rule of law are founding principles of the EU, integral to our partnership since the Barcelona Declaration, and part of our joint commitments. [...] In line with the "EU Action Plan on Human Rights and Democracy for 2020-2024", the EU will step up its engagement with partners to promote the respect for human rights, the rule of law and democratic values. The independence and accountability of the judiciary and prosecution are essential for state institutions to abide by the law, for citizens to be able to exercise their rights, and for the fight against human rights violations, corruption or organised crime. »

Au vu des dispositions de l'accord d'association UE-Israël et du nouvel agenda pour la Méditerranée, j'estime donc que l'Union européenne se doit de maintenir son engagement avec le gouvernement d'Israël sur ces sujets.

Concurrence déloyale dans le secteur agricole | Question 7453 (09/01/2023) de M. André Bauler | M. Gusty Graas (DP)

Des représentants du milieu agricole se plaignent de des intervalles plus ou moins réguliers de la concurrence déloyale livrée par des pays d'outre-mer et autres qui ne respectent pas les mêmes obligations en matière de protection de l'environnement et du bien-être animal que l'agriculture luxembourgeoise. Il va sans dire que l'Union européenne importe les produits agricoles les plus divers de tous les coins du monde.

¹⁴ https://www.eeas.europa.eu/eeas/renewed-partnership-southern-neighbourhood-new-agenda-mediterranean_en

Voilà pourquoi nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural :

1) Monsieur le Ministre peut-il présenter des statistiques concernant les importations au Luxembourg des principaux produits agricoles en provenance de pays d'outre-mer et leur évolution récente ? Comment les contrôles de qualité en la matière sont-ils organisés et à l'échelle européenne et au niveau national ?

2) Les produits qui ne respecteraient pas les mêmes exigences de qualité imposées aux producteurs européens, et partant luxembourgeois, se voient-ils infliger des taxes spécifiques ? Dans l'affirmative, lesquelles ?

3) Dans quelle mesure la politique commerciale de l'UE tiendra-t-elle compte à l'avenir des évolutions récentes en matière de protection animale et environnementale dans la conclusion de nouveaux accords ? À quel stade les discussions en la matière se trouvent-elles actuellement ?

Réponse (10/02/2023) de M. Claude Haagen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural | M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie | M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1) Au niveau européen les contrôles concernant les produits agricoles sont effectués au point d'entrée dans l'UE. Une fois que les produits ont été déclarés conformes à la législation européenne, ils peuvent circuler librement au sein de l'Espace économique européen (EEE). Le Luxembourg possède un seul point d'entrée pour des produits en provenance directe d'un pays tiers, à savoir l'Aéroport de Findel. Ainsi tous les produits nécessitant un contrôle et arrivant par avion au Cargocenter sont contrôlés avant de pouvoir être mis sur le marché national ou celui d'un autre membre de l'EEE.

Les honorables Députés trouveront en annexe de la présente réponse un tableau retraçant pour les années 2019 à 2022 les importations au Luxembourg de produits alimentaires et/ou agricoles en provenance des différents continents ainsi que de l'UE, avec une distinction entre la zone euro et hors zone euro.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

ad 2) Les produits qui ne sont pas conformes à la législation communautaire et ne respectent pas les conditions de sécurité alimentaire exigées ne peuvent pas entrer dans l'UE et sont rejetés au niveau du poste de contrôle frontalier. Dans ce cas, les produits peuvent soit être renvoyés dans leur pays tiers d'origine, soit être détruits sur le territoire national si un renvoi n'est pas possible.

ad 3) Les chapitres relatifs au commerce et au développement durable (CDD) qui sont désormais inclus dans tous les accords commerciaux de l'UE permettent à la politique commerciale de l'UE de contribuer aux efforts dans la lutte contre le changement climatique et de la protection de l'environnement.

Le 17 octobre 2022, le Conseil de l'Union européenne a marqué son accord aux propositions de la Commission européenne visant à renforcer la contribution des accords commerciaux de l'Union européenne à la protection du climat, de l'environnement et des droits des travailleurs, en retravaillant l'approche des chapitres relatifs au commerce et au développement durable (CDD).

L'UE prévoit désormais d'inclure dans les nouveaux accords, ainsi que dans les accords existants qui sont mis à jour, un chapitre sur les systèmes alimentaires durables, qui comprend également un volet sur le

bien-être des animaux, ainsi que d'autres questions de durabilité telles que la résistance antimicrobienne ou la réduction de l'utilisation de pesticides et d'engrais. Ainsi l'accord modernisé avec le Chili, dont les négociations ont abouti le 9 décembre dernier, est le premier accord qui contient un article consacré au bien-être des animaux. L'Union européenne coopère également avec le Japon et le Canada en matière de protection du bien-être des animaux.

L'UE s'est également dotée de mesures dites autonomes. Ainsi le règlement visant à lutter contre la déforestation importée a pour objectif d'assurer que les produits importés vers et exportés par l'Union européenne proviennent d'une production durable, éliminant ainsi du marché européen des produits responsables de déforestation ou de dégradation des forêts.

La stratégie de l'UE « de la ferme à la table », une initiative clé du pacte vert pour l'Europe, qui cherche à faire évoluer le système alimentaire actuel de l'UE vers un modèle durable, a également pour objectif de continuer à améliorer la protection des animaux.

Par ailleurs, une étude d'impact concernant la législation sur le bien-être des animaux est en cours de finalisation. Elle inclura également une analyse de l'impact des règles européennes sur le bien-être animal dans les relations avec les pays tiers. Une fois l'étude finalisée, la Commission européenne sera en mesure de présenter aux États membres des options telles que l'interdiction des cages et des limitations du temps de transport.

Sur le plan multilatéral, lors de la conférence ministérielle de l'OMC de juin 2022, l'UE a soutenu la déclaration sur les mesures sanitaires et phytosanitaires. Celle-ci réaffirme notamment l'engagement des membres signataires à renforcer leur soutien au commerce international tout en assurant la protection des êtres humains, des animaux ainsi que des plantes et de la santé. Ces efforts se retrouvent donc reflétés dans les objectifs commerciaux de l'UE.

Infarctus du myocarde chez les femmes | Question 7454 (09/01/2023) de **Mme Carole Hartmann** | **M. Gusty Graas** (DP)

En 2020, les maladies cardiovasculaires étaient la première cause de mortalité chez les femmes au Luxembourg. 24,1 % des décès féminins ont pu être attribués aux maladies cardiovasculaires.

Selon l'OMS, des données indiquent que les femmes ont tendance à être diagnostiquées et soignées plus tardivement que les hommes, et de manière moins active. Cela s'explique notamment par une manifestation différente des symptômes.

Les femmes présentent des symptômes tels que l'essoufflement, la nausée, la douleur dans le dos, le cou, la mâchoire ou la gorge. La douleur dans la poitrine est également ressentie de manière différente par les femmes. Elles la décrivent comme une pression ou une sensation de tiraillement, et non pas nécessairement comme la douleur typique « poignardante ».

À ce sujet, nous aimerions poser quelques questions à Madame la Ministre de la Santé et à Madame la Ministre de l'Intérieur :

1) Madame la Ministre de la Santé dispose-t-elle de chiffres sur la durée du diagnostic d'un infarctus du myocarde chez les femmes et les hommes au Luxembourg ?

2) Mesdames les Ministres, ne serait-il pas opportun d'informer la population sur les différences symptomatiques entre les sexes en cas d'infarctus du myocarde ?

3) Madame la Ministre de l'Intérieur peut-elle nous informer sur le contenu des cours de premiers secours ? Les différences de symptômes entre les sexes y sont-elles traitées ?

La poitrine féminine représente pour beaucoup de personnes une barrière intime qui peut les empêcher d'entreprendre les tentatives de réanimation nécessaires chez les femmes. D'autant plus que les soutiens-gorge devraient également être dégrafés, car d'une part ils compriment la poitrine et d'autre part ils peuvent devenir un danger potentiel lors des tentatives de réanimation avec un défibrillateur automatique externe en raison de leurs composants métalliques. Une infirmière néerlandaise a donc développé un mannequin de réanimation avec des caractéristiques féminines afin de surmonter les barrières intimes lors de la réanimation des femmes.

4) De tels mannequins de réanimation aux caractéristiques féminines sont-ils utilisés dans les cours de premiers secours au Luxembourg ? Dans la négative, ne serait-il pas judicieux d'utiliser de tels mannequins à l'avenir ?

Réponse (09/02/2023) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

ad 1) Sur base des données de l'Institut national de chirurgie cardiaque et de cardiologie interventionnelle (INCCI), la durée du diagnostic d'un infarctus du myocarde (IDM) qui comprend le temps entre l'apparition des premiers symptômes et la confirmation par électrocardiogramme n'est pas la même lorsque la victime est un homme ou une femme. En effet, le délai de reconnaissance du diagnostic d'infarctus est plus long chez la femme avec en moyenne plus de 100 minutes pour les infarctus de moins de 24 h et plus de 30 minutes pour les infarctus de moins de 12 h.

ad 2) Plusieurs actions de prévention auxquelles le Luxembourg participe au niveau national permettant d'informer la population de manière générale et plus spécifiquement la population féminine existent déjà :

– la journée mondiale du cœur au mois de septembre qui a pour objectif de sensibiliser et renforcer la prévention pour tous et qui informe donc la population de manière générale sur les symptômes liés à l'infarctus du myocarde ;

– le premier vendredi du mois de février dans le cadre du « International Wear Red for Women » qui porte une attention particulière aux maladies cardiovasculaires chez la femme et adresse ainsi plus précisément la symptomatique chez les femmes.

ad 3) Dans le cadre des cours de premiers secours offerts gratuitement à la population par le CGDIS font partie les volets suivants en relation avec l'infarctus du myocarde et surtout la prise en charge de l'arrêt cardiaque :

– les causes, déclencheurs, facteurs de risques, conséquences et complications dans le cadre de l'infarctus du myocarde ;

– les symptômes ;

– les gestes de premiers secours ;

– les manœuvres de réanimation cardiopulmonaire en théorie et pratique chez l'adulte ainsi que l'enfant ;

– l'utilisation du défibrillateur externe automatique (DEA) en toute sécurité.

Depuis 2020, l'Institut national de formation des secours (INFS) du CGDIS est reconnu organisateur de cours du Conseil européen de réanimation ERC (European Resuscitation Council – www.erc.edu) et propose en complément des cours de premiers secours un module de 4 heures dédié à la prise en charge de l'arrêt

cardiaque (BLS-AED), également à titre gratuit au profit de la population.

Les messages pédagogiques au sujet de l'infarctus du myocarde ainsi que de l'arrêt cardiaque sont issus de recommandations internationales éditées par l'ERC.

ad 4) Le CGDIS utilise lors de ses formations des mannequins adultes et pédiatriques, masculins et féminins. Les messages pédagogiques dans le contexte des compressions thoraciques ainsi que les modalités d'utilisation du DEA chez la femme font partie intégrante des volets théorique et pratique.

Renouvellement de la route N27A | Question 7456 (09/01/2023) de **M. André Bauler** (DP)

Le renouvellement de la route N27A passant par la nouvelle zone d'activités de la Nordstad (ZANO) n'a pas été finalisé jusqu'à présent dans la mesure où la couche finale en béton asphaltique n'a pas encore été réalisée – ce qui gêne la conduite des voitures.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics :

1) L'Administration des ponts et chaussées se propose-t-elle de finaliser ce tronçon de la N27A dans un avenir proche ?

2) Dans l'affirmative, dans quel laps de temps ces travaux pourraient-ils être mis en œuvre ?

Réponse (10/02/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1) Bien que les travaux de renouvellement du tronçon de la route nationale N27A aient été achevés en grande partie, il a été décidé de ne pas réaliser le revêtement définitif en asphalte pour le moment.

En effet, comme certaines entreprises doivent encore finaliser l'installation de leurs conduites de gaz, il serait contre-productif et extrêmement onéreux de creuser des tranchées dans le nouveau revêtement de la chaussée à chaque fois qu'un bâtiment est implanté le long de la N27A.

De plus, les saignées risqueraient de se dégrader beaucoup plus rapidement dû au passage élevé de poids-lourds à travers la zone industrielle. Le revêtement d'une route ayant habituellement une durée de vie de 10 à 15 ans, une telle dégradation entraînerait la nécessité de renouveler le tapis dans un délai plus court. De plus, une nouvelle chaussée ressoudée de tous les côtés nuirait à l'esthétique de l'ensemble du tapis.

ad 2) Afin de garantir aux usagers de la route une conduite fluide et confortable, il est prévu de finaliser les travaux sur la route nationale dès l'établissement définitif des différentes entreprises.

De ce fait, et compte tenu de ce qui précède, il est difficile de fixer une date précise pour l'achèvement des travaux en question.

Encadrement des DPI et BPI arabophones | Question 7457 (10/01/2023) de **M. Sven Clement** (Piraten)

D'ASBL „Eng Zukunft zu Lëtzebuerg“ setzt sech zënter Jore fir eng besser Integratioun vu Flüchtlingen hei zu Lëtzebuerg an, notamment, well d'Personal an d'Fräiwëlleger vun der ASBL den arabophone Persounen a Familjen hei am Land bei hiren Demarchen hëllefen. Fir dëse Service kënnen ronderëm d'Auer ze garantéieren, gouf d'ASBL während 4 Joer vun der Œuvre

Grande-Duchesse Charlotte financéiert. Am Dezember huet d'ASBL matgedeelt, dass dëse Finanzement op een Enn kënn. Et ass net gewosst, ob de Staat oder eng aner Organisatioun d'Servicer, déi d'ASBL ugebueden huet, wäert iwwerhuelen.

An deem Zesummenhang wëllt ech dem Minister fir Immigration an Asyl dës Fro stellen:

– Ass vu Säite vun der Regierung virgesinn, d'Servicer, déi d'ASBL „Eng Zukunft zu Lëtzebuerg“ ugebueden huet, weiderhin unzëbieden?

• Falls jo, wéi eng Organisatioun oder wéi ee staateleche Service wäert der arabophonere Communautéit zur Säit stoen, an ass de Minister der Meenung, dass d'Prestatiounen gläichwäerteg erhale wäerte bleiwen, wéi ënnert der Leedung vun der ASBL?

• Falls jo, wéi wäert de Minister dat garantéieren a wéi vill Sue wäerten hei investéiert ginn?

Réponse (03/02/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

D'Regierung wäert d'Servicer, déi d'ASBL „Eng Zukunft zu Lëtzebuerg“ ugebueden huet, weiderhin ubidden. De Ministère fir Famill, Intégréatioun an d'Groussregioun huet säit Joren eng Konventioun mat der ASTI a mam CLAE, an deenen e Finanzement virgesinn ass, op där enger Säit fir de Service „Guichet Info-Migrants“ bei der ASTI a fir de Service „Espace d'Accueil Citoyen“ beim CLAE. Wéinst der staarker Nofro vun dëse Servicer, net nëmmen am Beräich vun der Begleedung vun der arabophonere Communautéit, huet de Ministère fir Famill, Intégréatioun an d'Groussregioun, zesumme mam Aussen- an Europaministere, dës Konventioun gestärkt, am Kader vun engem Projet, deen deelweis mat Hëllef vum europäesche Fong „Asile, migration et intégration“ (AMIF) financéiert gëtt. D'Koordinatioun vun den zwee Servicer kann doduerch gestärkt ginn an déi zwee Servicer wäerte vun den aktuellen 3 ETP op 5 ETP eropgefuer ginn. D'Infrastruktur vun den zwee Prestatairë wäert och gestärkt ginn. D'Gesamtfinanzement vun den zwee Servicer wäert dann 2023 bei 717.461 Euro leien.

D'Regierung ass iwwerzeegt, datt d'ASTI an de CLAE wäerten op d'mannst esou héichwäerteg Prestatiounen ubidden wéi d'ASBL „Eng Zukunft zu Lëtzebuerg“. Reegelméisseg Reunione vun den zwee Ministère mat den zwou ASBL wäerten och garantéieren, datt d'Zesummenaarbecht gutt funktionéiert an datt d'Prestatiounen kënnen ugepasst ginn, fir datt se esou héichwäerteg wéi méiglech bleiwen.

.....
« Dry January » | Question **7458** (10/01/2023) de **Mme Josée Lorsché** | **M. Marc Hansen** (déi gréng)

En chaque début d'année, des dizaines de milliers de personnes participent au « Dry January », un défi initié en 2014 par l'organisation « Alcohol Change UK » et consistant à ne pas boire d'alcool durant tout le mois de janvier. Depuis ses débuts, cette initiative s'est répandue à travers plusieurs pays, notamment la France, la Suisse, la Norvège et l'Islande.

2023 marque le lancement de la première édition du « Dry January » en Allemagne. La campagne est conduite par la « Blaues Kreuz Deutschland » sous le patronage du chargé du Gouvernement fédéral en matière de dépendances et de drogues. Certaines caisses de maladie allemandes participent au financement de la campagne.

Alors qu'une période d'abstinence d'un mois peut paraître peu, les effets bénéfiques sur la santé sont néanmoins réels et comportent par exemple un meilleur

sommeil, une perte de poids, plus d'énergie, un teint plus frais, la régénération du foie, un renforcement du système immunitaire ou encore une réévaluation personnelle de la consommation d'alcool des participants. Des statistiques suisses montrent en effet que 70 % des participants à l'initiative réduisent leur consommation d'alcool sur le long terme.

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de la Santé :

1) Madame la Ministre partage-t-elle l'avis qu'une période d'abstinence, même limitée sur un mois, peut avoir des effets bénéfiques sur la santé ?

2) Le défi du « Dry January » ne pourrait-il pas faire partie des efforts entrepris par le Ministère de la Santé en matière de lutte contre l'abus de l'alcool ?

3) L'initiative pourrait-elle le cas échéant être intégrée dans la prochaine édition du PALMA, le Plan d'action luxembourgeois de réduction du mésusage de l'alcool ?

Réponse (09/02/2023) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Une période d'abstinence dans sa consommation d'alcool est une tendance récente de plus en plus populaire, particulièrement au retour des fêtes de fin d'année où la consommation d'alcool peut s'avérer plus élevée que d'habitude.

En effet, en début d'année, beaucoup de personnes prennent la résolution de renoncer pendant un mois à l'alcool. Il s'agit ici d'un défi personnel qui permet surtout de se poser des questions par rapport à sa consommation d'alcool en général, mais aussi de retrouver tous les bienfaits que présente l'abstinence à l'alcool. Il existe en effet de nombreux avantages et bénéfices liés à la renonciation à l'alcool, notamment en ce qui concerne le niveau d'énergie, le sommeil, l'apparence de notre peau, la stabilisation des sauts d'humeur, l'amélioration de la concentration, de l'attention et de la mémoire, etc.

Les raisons pour lesquelles les gens choisissent de s'abstenir de consommer de l'alcool pendant une période déterminée sont très variées :

– avoir eu une consommation trop élevée ou plus élevée qu'en temps normal d'alcool dans les semaines ou les mois précédents ;

– avoir envie de se défaire d'habitudes considérées malsaines ou qui occasionnent des inconforts ou des problèmes ;

– être curieux des effets d'une telle abstinence sur le corps, le sommeil, le poids, le niveau d'énergie ;

– pour soutenir une bonne cause, pour montrer aux autres et à soi-même qu'on est capable de se passer d'alcool,

– etc.

Dans tous les cas, vouloir réduire ou mettre fin à sa consommation d'alcool découle d'une prise de conscience que la consommation d'alcool qu'on a ne répond peut-être pas ou plus aux habitudes qu'on aimerait avoir et est certainement à encourager.

Cependant, avant d'entamer une période sans consommation d'alcool et en fonction de la quantité et de la fréquence de consommation de la personne, il ne faut pas hésiter à rechercher de l'aide pour se faire accompagner dans cette abstinence qui peut être très dure et poser un défi pour certains. En effet, pour certains l'abstinence peut précipiter l'apparition d'une dépression larvée ou peut faire apparaître une recrudescence de symptômes d'angoisses, etc.

Il s'agit également d'être attentif à la manière dont la personne souhaite mettre fin à sa période

d'abstinence. En effet, un comportement de récompense est souvent observé à la fin du challenge « Dry January » : les efforts d'abstinence ponctuelle et de privation sont alors récompensés par une soirée bien arrosée lors de laquelle les personnes se lâchent et ont peut-être une consommation plus excessive d'alcool. Il faut également garder en tête qu'un mois sans boire d'alcool ne compensera pas pour autant les anciens abus et ne rendra pas non plus les abus qui suivront moins nuisibles. Un mois sans alcool permet néanmoins pour la majorité des personnes de réaliser qu'elles n'ont pas forcément besoin de consommer de l'alcool pour profiter d'un moment de détente en toute convivialité. Cette prise de conscience peut effectivement être importante et encourager certaines personnes à réaliser que prendre un verre peut être un choix et pas forcément une évidence.

ad 2) L'opportunité que la résonance mondiale du « Dry January » offre au sujet de l'abstinence à l'alcool est certainement intéressante et il est probable que beaucoup de résidents luxembourgeois ont profité du défi lancé via notamment les réseaux sociaux et autres canaux de communication.

Une étude réalisée en Grande-Bretagne démontre néanmoins que le « Dry January » n'a eu aucun impact discernable sur la consommation d'alcool au niveau de la population entre 2015 et 2018¹⁵ et qu'il n'a pas engendré de différence significative dans la consommation hebdomadaire moyenne d'alcool. Les résultats indiquent même que le « Dry January » pourrait ne pas être une « intervention de santé publique » efficace puisque l'initiative risque d'engendrer surtout un effet positif de courte durée qui n'aura que peu d'impact si les participants retournent à leurs modes de consommation d'alcool antérieurs.

Dans d'autres pays, des études similaires indiquent les mêmes conclusions. Cependant, au vu des études disponibles, il est à ce stade trop tôt pour en tirer des conclusions définitives. L'initiative « Dry January » est un type d'intervention relativement nouveau et il vaut la peine de garder un œil sur la littérature qui émergera au cours des prochaines années pour mieux comprendre sa capacité à réduire les méfaits liés à l'alcool.

De manière générale, il n'est cependant pas à exclure que cette initiative contribue à un changement culturel plus large en encourageant une consommation plus réfléchie de l'alcool. De plus, il est possible que, plutôt que de modifier les habitudes de consommation d'alcool des individus, ce type d'initiative ait un effet systémique plus large en modifiant la culture et en affectant ainsi la consommation globale et à long terme.

ad 3) Le Plan d'action luxembourgeois contre le mésusage de l'alcool (PALMA) 2020-2024 a été approuvé par le Conseil de Gouvernement en date du 24 janvier 2020.

La mise en place d'une série de mesures a déjà été entamée sous l'égide du PALMA avec les acteurs du terrain concernés, notamment en ce qui concerne la prévention de la consommation d'alcool auprès de toute femme en désir de grossesse, pendant la grossesse et pendant l'allaitement (via le renouvellement d'une campagne de sensibilisation) ainsi que la prévention et la diffusion d'informations sur les dangers de l'alcool dans le milieu du travail et de l'entreprise.

L'opportunité d'inclure l'initiative dans la prochaine édition du PALMA sera évaluée dans le cadre de l'évaluation générale de l'édition en cours, ainsi que de la préparation d'une édition suivante.

¹⁵ Has the increased participation in the national campaign "Dry January" been associated with cutting down alcohol consumption in England?
<https://www.sciencedirect.com/science/article/pii/S03768716-210043367via%3Dihub>

Augmentation de la traite et de l'exploitation des êtres humains | Question 7460 (11/01/2023) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Wéi d'Generalsekretärin vun der OSZE Helga Schmid der „Welt“ den 9. Januar matgedeelt huet, ass am Kontext vum Ukrainkrich de Mënschenhandel massiv an d'Luucht gaangen. Zënter dem 24. Februar 2022 ass d'Onlinerecherche no sexuellen Déngschtleeschungen a pornographeschem Material vun ukrainesche Fraen a Kanner ëm ganzer 600 % geklommen. Dës considerable Hausse weist sech och um Niveau vum Handel mat schwangere Fraen. Oftmools stécht organiséiert Kriminalitéit hannert dem Ausnotze vun der Noutsituatioun vun de Leit aus der Ukrain an d'Affer ginn online mat falsche Versprechen uegezunn oder direkt un de Grenze vum jeeweilegen Destinationsland vu Mënschenhändler ofgefaangen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Justizministesch an un den Här Ausseminister stellen:

– Wat ënnerhëlt d'Lëtzebuurger Regierung op europäeschem Plang, fir dëser Entwécklung entgéintzewierken?

– Wéi vill Meldungen zu Mënschenhandel am Kontext vum Ukrainkrich leien dem Parquet hei zu Lëtzebuerg vir?

D'OSZE an Thomson Reuters hunn an deem Kontext d'„Be-Safe“-Campagne lancéiert, fir concernéiert Persounen Ulafstellen opzeweisen, bei deenen si sech informéiere kënnen, oder am konkrete Fall Ënnerstëtzung kréien.

– Gëtt et esou eng Ulafstell zu Lëtzebuerg?

– Wa jo, firwat ass dës net an der Be-Safe-Campagne opgelésch?

– Wa jo, wéi vill Affer hunn sech do scho gemellt?

Réponse (10/02/2023) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

Vum Ufank vum Ukrainkrich un huet de Comité fir de Kampf géint de Mënschenhandel (Comité de suivi de la lutte contre la traite) verschidde präventiv Moosname geholl mam Zil, all Risiko vun Ausbeutung ze reduzéieren. Och ass viru Kuerzem den europäesche Plang fir d'Bekämpfung vum Mënschenhandel ugeholl ginn, dee vum EU-Coordinateur vun der Bekämpfung vum Mënschenhandel koordinéiert gëtt, zesumme mat de 27 nationale Rapportereuren an de concernéierten EU-Agencen.

De 25. März 2022 gouf e gemeinsame Pressecommuniqué vum Justizministère, dem Ausseministère souwéi dem Ministère fir Familljen, Integratioun an der Groussregioun publizéiert, fir iwwert de Risiko vun Ausbeutung a Mënschenhandel vun de Leit, déi virum Krich aus der Ukrain flüchten, opmierksam ze maachen an ze sensibiliséieren.

Dës Pressematdeelung enthält virum allem och Informatiounen iwwer d'Mesuren, déi geholl goufen, wéi zum Beispill d'Verdeelung vun enger Informatiounsbroschür op Ukrainesch, déi d'Zil huet, potenziell Affer vu Mënschenhandel iwwert hir Rechter ze informéieren oder spezifesche Broschüren iwwert d'Aarbechtsrecht.

Dës Informatiounen goufe verstärkt duerch e „Pop-up“ op der Websäit www.stoptraite.lu, deen sech an ukrainescher Sprooch direkt u potenziell Affer aus der Ukrain adresséiert.

D'Vertrieeder vum Comité wéi och aner Acteuren huet mat den Administrateuren vu verschiddene Facebooksäite fir Ukrainer Gespräicher gefouert, fir iwwert de Risiko vu béiswëllegen Annoncen a Publikatiounen ze sensibiliséieren.

Schlussendlech gouf eng beschleunegt Formatioun zum Thema Mënschenhandel opgeholl a Form vun engem Video, déi et erlaabt, esou breet a séier wéi méiglech vill Leit ze forméieren, a besonnesch all nei Mataarbechter vun den Acteuren, déi sech ëm den Accueil vu Leit, déi geflücht sinn, këmmere.

Weider Initiative goufen zum Beispill mat der ABBL ënnerholl, wou och eng Broschür ausgeschafft gouf à destination vun den ukrainesche Persounen (mam Titel „Your Safety In Luxembourg“), déi allgemeng Informatiounen beinhalt, mee och spezifesche iwwert de Mënschenhandel.

Stand haut sinn déi zoustänneg Sektione vun der Police judiciaire mat kenger Enquête befaasst ginn, wou et ëm potenzielle Mënschenhandel am Kontext vum aktuellen Ukrainkrich geet. Bis elo huet sech och keen Affer gemellt.

D'OSZE hat direkt am Ufank vum Aggressiounskrich géint d'Ukrain op d'Gefor vum Mënschenhandel vun de Leit, déi virum Krich flüchten, opmierksam gemaach a Guidelines ausgeschafft, an dës Informatiounen sinn och de Lëtzebuurger Autoritéite matgedeelt ginn. D'Be-Safe-Campagne gouf an enger zweeter Phas ausgeschafft a richt sech spezifesche un d'Ukrain an un déi Länner, déi am meeschte vum Flux vun de Leit, déi virum Krich flüchten, affektéiert sinn. Net all Memberstaat ass deemno vun der OSZE kontaktéiert ginn, fir sech der Campagne unzeschleissen.

Lëtzebuerg huet also och seng eegen Initiativen an deem Sënn ergraff an deelt och regelméisseg Campagnen, sief et vun der EU, EUCPN etc, op senger Facebooksäit stoptraite.lu.

An deenen uewe genannte Broschüren an Internet-säite stinn och d'Ulafstelle vu Lëtzebuerg. Déi sinn och der Europäescher Kommissioun matgedeelt ginn.

« FLEX Carsharing » de CFL Mobility | Question 7461 (11/01/2023) de **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV)

Aus der Äntwert op d'Question parlementaire N° 7322 vum 5. Dezember 2022 geet ervir, dass d'CFL Mobility aktuell seng Geschäftsstrategie a punkto „FLEX Carsharing“ ajustéiert. Zil vun dëser neier Strategie soll et sinn, an den nächste Joren ee finanziell Gläichgewicht mat de Gemengen ze etabléieren. Déi Gemengen, déi gewëllt sinn, mat dem FLEX Carsharing zuzummenzeschaffen, missten deemno öffentlech Parkplaze fir privat Carsharing-Autoe reservéieren. An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Inneministesch an un den Här Minister fir Mobilitéit stellen:

– Wat gesäit de Code de la route vir, wann eng privat Firma eng Parkplaz am Domaine public reservéiert?

• Kënnen d'Gemenge Loyer fir esou eng reservéiert Parkplaz froen?

• Wat gesäit d'Regierung vir, wann nach aner Carsharing-Firmen, ofgesi vum FLEX Carsharing, esou Demandé maachen?

– Kënnen d'Gemengen, déi ee Parking résidentiel hunn, Kaarte fir Carsharing-Autoen ausstellen, esou dass dës befreit si vun der Taxe de stationnement?

– Gesäit de FLEX Carsharing vir, beim A-A-System (den Auto muss op seng Ausgangsplaz ofgestallt ginn) ze bleiwen, oder ass een A-B-System (den Auto

kann och op enger anerer CFL-FLEX-Station ofgestallt ginn) envisagéiert?

Réponse (20/02/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **Mme Taina Bofferding**, Ministre de l'Intérieur

A senger parlamentarescher Fro stellt den honorabelen Deputéierte Froen iwwer FLEX Carsharing a speziell d'Reservatioun vun öffentleche Parkplaze fir Carsharing-Autoe vu privatrechtleche Firmaen.

Well déi zwee Begrëffer oft verwiesselt ginn, sief aleedend rappeléiert, dass Carsharing (autopartage) doranner besteet, dass ee sech fir e kuerzen Trajet en Auto vun enger Privatfirma léint, während Carpooling (Covoiturage) doranner besteet, dass eng Privatpersoun eng aner mat hirem Privatauto mathëlt. Den Impakt ass deen, dass de Carsharing d'Unzuel vu Gefierer, déi dauergeparakt sinn, reduzéiert, während de Carpooling d'Unzuel vu Gefierer erofsetzt, déi ënnerwee sinn.

De Code de la route gesäit net vir, dass eng Privatfirma op eegen Ufro hin eng Parkplaz am öffentleche Stroosseraum reservéiere kann. D'Gesetz vun 1955 iwwert de Stroosseverkéier gëtt der Gemeng awer d'Méiglechkeet, fir eenzel Plaze fir Gefierer vu verschiddene Kategorië vu Benotzer am Gemengeverkéiersreglement festzehalen an deementsprechend ze beschëlderen. Et gëtt am Ablack e Gesetzprojet ausgeschafft, deen d'Thematik vum Carsharing präzis encadréiert an deen och als eng Kategorie definéiert, fir déi Parkplazen am öffentleche Stroosseraum kënnen reservéiert ginn.

Déi proposéiert Gesetzännerung geet dorop zrëck, dass de Ministère fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten 2021 vun internationalen Experten analyséiere gelooss huet, wat d'Meilleures pratiques vum Carsharing am Ausland sinn a wat de Potential vum Carsharing zu Lëtzebuerg ass. Carsharing huet fir Gemengen de Virdeel, dass een domat d'Zuel vun Autoen, déi an de Wunnquartieren och daagsiwwer stinn, ka reduzéieren, well ee gutt placéierte Carsharing-Auto 10 bis 20 Autoe kann ersetzen, déi do praktesch dauernd parken, notamment well se net fir den Aarbechtsweg gebraucht ginn. De Virdeel vum Carsharing fir Menagen ass, dass si d'Käschte vun engem Privatauto kënnen spueren, deen net all Dag gebraucht gëtt, trotzdem bei Bedarf awer Zougrëff op e Gefier halen, wat an hirer Stroosse geparkt ass. Doriwwer eraus hunn d'Menagen de Virdeel, jee no Besoin kënnen op verschidde Gefierer zrëckzegräifen, wéi zum Beispill e Liwwerwon, e klengen Auto oder en Auto vun der Mëttelklass. Och am Ausland fonctionéiert dee System awer nëmmen do, wou dës Carsharing-Autoen och genau op deene Plaze stinn – an der Reegel an de Wunnquartieren –, wou déi potentiell Clienten och hiren Zweet- oder Drëttwon de ganzen Dag ofstellen a virfannen.

D'Gemenge wäerten net kënnen e Loyer froen, si hunn awer d'Méiglechkeet, fir eng Redevance fir de kommerzielle Gebrauch vun der Voie publique ze froen, déi si de Firmen zum Zweck vum Carsharing zur Verfügung stellen. Allerdéngs kéint eng Gemeng virun der Aféierung vu sou enger Redevance bedenken, dass dës als lescht Konsequenz och fir de Client selwer d'Käschte vun engem Service géif erhéijen, deen op Wonsch vun der Gemeng fir hir Bierger soll ugebuede ginn.

Déi international „best practice“ ass et, dass eng Gemeng e Carsharing-Operateur dofir bezilt, eng Station ze installéieren an net ëmgedréint. Am Géigesaz zu enger Privatpersoun oder enger Firma, déi am öffentleche Raum eng Parkplaz géif mat engem Gefier zoustellen, vun deem soss kee profitéiere kann, versinn d'Gemengen d'Notze vun dëser Parkplaz duerch

e Carsharing-Gefier als e Service, vun deem all d'Awunner vum Quartier kënnen profitieren.

Beim Choix vun der Carsharing-Firma, där d'Gemeng eng Plaz zur Verfügung stellt, ass de Staat net concernéiert. Et ass der Gemeng hir Decisioun, ob a wou si Carsharing-Parkplazen an hirer Gemeng installéieren wëll. D'Konditiounen ginn an enger Ofmaachung tëscht der Gemeng an där vun hir ausgesichter Carsharing-Firma festgehalten. Den uewe genannte Projet de loi wäert präzisieren, wat d'Mindestuferderunge fir d'Servicer vun enger Carsharing-Firma am Sënn vum Bierger musse sinn.

Am Kontext vun de Gemengen hirer Gestiou vum Parkraum ass och virgesinn, dass spezifesch Tariffer oder Exoneratiounen fir d'Carsharing-Gefierer agefouert kënnen ginn.

Op Nofro hi konnt CFL Mobility matdeelen, dass FLEX Carsharing an noer Zukunft beim A-A-System wäert bleiwen. Et wier awer net ausgeschloss, dass mëttel- bis laangfristeg en A-B-System op ganz bestëmmte Relatiounen kann agefouert ginn. Dëst entsprécht den internationale „best practices“. Et ass nämlech sou, dass en A-B-System baussent dem Zentrum vun enger Grousstad, wou een egal wéi all puer Honnert Meter e Carsharing-Gefier géif untreffen, de System fir de Client vill méi deier a manner zuverlässeg mécht: méi deier, well d'Carsharing-Firma all Dag muss Leit erausschécken, fir iwwer Land ofgestallte Gefierer erëm asammelen ze fueren; manner zuverlässeg, well d'Carsharing-Firma dem Client net am Virus ka matdeelen, wou wéini e Gefier wäert ze fanne sinn.

An deem Sënn ass Carsharing, wéi all aner Mobilitéets-offer och, net d'Léisung fir alles, mä just eng Contributioun zur Gesamtléisung.

Prise en charge des vasectomies | Question 7462 (11/01/2023) de Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)

Am Koalitiounsprogramm vun 2018 war festgehale ginn, dass d'Verhütungsmëttel generell fir jiddereen onofhängeg vum Alter an der Method zougänglich gemaach géife ginn an dass d'Käschte vun der Krankekeess géifen iwwerholl ginn, wann eng Ordonnance vum Dokter virläit. D'Vasectomie ass en zuverlässeg Verfahren, fir eng Schwangerschaft ze verhënneren. Dëst Verfahren huet de Virdeel, dass d'Fra keng Hormonpräparater muss huelen.

An deem Zesammenhang géif ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

1. Iwwerhëlt d'Krankekeess och d'Käschte vun enger Vasectomie?

– Wann nee, firwat net?

2. Wéi vill Vasectomie sinn an de leschte 5 Joer zu Lëtzebuerg duerchgefouert ginn?

Réponse (09/02/2023) de Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

ad 1. Am Moment iwwerhëlt d'Krankeversécherung just d'Käschte vun enger Vasectomie, déi op medezinesch Indikatioun ausgefouert gouf.

D'Käschte vun de Vasectomien, déi als Contraceptiounsmeasure oder aus anere perséinleche Grënn ausgefouert goufen, ginn op der considerierter Periode nach net iwwerholl.

Am Dezember 2022 hunn de Staat an d'Krankekeess awer eng Konventioun ënnerschriwwen, déi d'Prise en charge vun der Vasectomie virgesäit, dëst am Kader vun der *Prise en charge universelle des contraceptifs*. Dat deementsprechend groussherzoglecht

Reglement, dat d'Ofännerung vun der Nomenclature an deem Sënn virgesäit, ass den 20. Januar vum Regierungsrat approuvéiert ginn. Wann dat entsprechend groussherzoglecht Reglement bis a Kraaft ass, wäerten d'Frais fir eng Vasectomie also vum Staat en charge geholl ginn.

ad 2. An de leschte 5 Joer (2017–2021) si manner ewéi 10 Vasectomie vun der Krankeversécherung iwwerholl ginn. Wichteg ass dobäi ze wëssen, dass dës Zuel just déi Vasectomie betrëfft, déi wéinst enger medezinescher Ursach ausgefouert goufen, an esou e Remboursement am Kader vun der Krankeversécherung méiglech war.

Température de l'eau dans les piscines publiques | Question 7463 (11/01/2023) de M. Fred Keup | M. Jeff Engelen (ADR)

Aktuell heefe sech d'Reklamatiounen vun Elteren, déi sech beklagen, dass hir Kanner am Kader vum Sportunterrecht genéidegt ginn, an äiskalem Waasser ze schwammen. D'Waasser an de betreffende Schwämmen, vun deenen der vill a Gemengenhand sinn, wier däitlech méi kal wéi fréier. D'Kanner géifen am Waasser zitteren, a vill vun hinne géifen der doduerch krank ginn.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Leien der Regierung Statistike vir, déi iwwer d'Waassertemperatur an de Schwämmen, déi fir de Sportunterrecht am Fundamental an an de Lycéee genotzt ginn, informéieren? Wa jo, wéi hu sech déi Temperaturen an deene leschten dräi Joer entwéckelt?

2. Gëtt et Instruktiounen vun der Regierung, wat d'Waassertemperatur an de Schwämmen, déi fir de Sportunterrecht am Fundamental an an de Lycéee genotzt ginn, ueegt? Wa jo, wat genau sinn dat fir Instruktiounen? Wann net, ass dru geduecht, fir esou eng Instruktioun auszeschaffen am Hëllef vum d'Ännerung vun der uewe beschriwwener Situatioun?

3. Gesäit d'Regierung en Zesammenhang tëscht enger niddreger Waassertemperatur an de Schwämmen an enger Heefung vu Krankheetsfäll bei Schüler?

Réponse (01/02/2023) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

ad 1. Der Regierung leie keng Statistiken iwwer d'Entwécklung vun de Waassertemperaturen an de Schwämmen iwwer déi dräi lescht Joer vir.

De Schwammunterrecht fënt a Gemengepiscinne gradewéi och a staatleche Piscinne statt, déi gewéinlech zu engem Lycée gehéieren; donieft ginn nach eng Rei vu Coursen an der Coque organiséiert.

Am Kader vum Opruff vun der Regierung, fir Energie ze spueren, sinn d'Waassertemperaturen an enger Rei vu Schwämme liicht erofgesat ginn.

Aus den Informatiounen, déi eis aus de Lycéeeën an aus der Coque virleien, ergëtt sech folgend Bild:

(*tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu*.)

ad 2. Bis op d'Coque, déi en Établissement public ass, sinn d'Lycéee selwer fir hir Schwämmen zoustänneg. Fir d'Gemengeschwämme sinn d'Gemenge verantwortlech.

Zu Lëtzebuerg gëtt et weeder vum Service national de la sécurité dans la fonction publique (SNSFP) nach vun der Administration des bâtiments publics (ABP) oder soss enger staatlecher Institutioun konkret

Instruktiounen zu der Temperatur vum Waasser an de Schwämmen.

Et sief awer hei eng Circulaire vum franséschen Éducatiounsministère zu deem Sujet zitéiert, déi seet: « La sensation de confort thermique pour les participants aux activités d'enseignement est essentielle au bon déroulement des activités d'enseignement. [...] Pour les classes de l'école primaire, cette sensation correspond généralement à une température de l'eau de 27 °C et à une température de l'air de 24 à 27 °C. »¹⁶ Aus den uewe reproduzéierten Tableaux geet ervir, dass d'Waassertemperaturen an de Lëtzebuerger Schwämmen dëser Recommandatioun entsprechen.

ad 3. Traditionell ass d'Zuel vun de Krankheetsfäll am Wanter méi héich wéi an deene waarme Joreszäiten, dëst net nëmme bei Schüler, mee an allen Alterskategorien. D'Wëssenschaft féiert dës Heefung vu Krankheetsfäll drop zeréck, dass d'Leit an de Wanterméint méi Zäit an zouene Raim verbréngen, wat d'Iwwerdroe vu Vire favoriséiert. Een Zesammenhang mat méi niddreger Waassertemperaturen an de Schwämmen ass net ze erkennen.

Interdiction du smartphone à l'école | Question 7464 (11/01/2023) de M. Fred Keup (ADR)

Et gëtt kee Gesetz, dat hei am Land d'Benotze vu Smartphones a Schoule verbitt oder erlaabt, wat doru läit, dass esou e Smartphone-Verbuet an d'Perséinlechkeets- an Eigentumsrechter vum betreffende Schüler agräife géif. A Bayern gouf e Smartphone-Verbuet a Schoulen duerchgezunn. Do war d'Benotze vum Smartphone just an Noutfäll an zu Unterrechtzwecker erlaabt. Obschonn dës Reegelung an deem däitsche Bundesland mëttlerweil gelackert gouf, schwätze vill Argumenter fir e generell Smartphone-Verbuet a Schoulen, zum Beispill de Konzentratiounsverloscht, deen duerch d'Benotze vum Smartphone verursaacht gëtt, mee och d'Méiglechkeeten, déi e Smartphone bitt, fir bei Tester ze knäipen. Cybermobbing während dem Unterrecht an d'Ofhuele vun der realer Konversatioun a Pausen duerch déi virtuell Smartphone-Kommunikatioun si weider Argumenter.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Wéi steet den Här Minister zu engem generelle Smartphone-Verbuet an eise Schoulen?

2. Huet den Här Minister zum Thema Smartphone an de Schoule Recommandatiounen un d'Primärschoulen an d'Lycéeeën erausginn? Wann net, gëtt et Iwwerleeungen am Ministère, fir de Schoulen an deem Kontext eng bestëmmt Approche ze recommandéieren?

3. Kann den Här Minister präzisieren, ob et a verschiddene Schoule sougenannt „Smartphone-Zone“ gëtt, an deenen d'Benotze vum Smartphone erlaabt ass? Wa jo, huet an deene Schoulen d'Leierpersonal d'Méiglechkeet, Smartphones, déi ausserhalb vun dësen Zone benotzt ginn, ze konfiszieren? Wa jo, ënner wéi enger Bedéngungen?

Réponse (31/01/2023) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

De Smartphone ass aus eiser haiteger Gesellschaft net méi ewechzeddenken; reegelméisseg fanne sech nei Applikatiounen a Funktionalitéiten, déi dem Smartphone eng ëmmer méi grouss Wichtigkeet an eisem alideegleche Liewe ginn.

¹⁶ Circulaire n° 2004-139 du 13-07-2004, Enseignement de la natation dans les établissements scolaires du premier et du second degré.

Et verantworten Ëmgang mam Smartphone ass dofir vu grousser Bedeitung. Ob am Enseignement fondamental (EF) oder am Enseignement secondaire (ES) kann d'Schoul hiert dozou bäidroen, de Kanner a Jonken esou en Ëmgang ze vermëttelen.

Et gëtt dofir kee generelle Smartphone-Verbuert envisagéiert. Et sief drun erënnert, datt d'Bildschiermzäit am Allgemengen eent vun den Theemen ass, déi bei den Interventioune vu BEE SECURE an de Schoulen ugeschwat ginn, an dorunner, datt d'Schülerinnen an d'Schüler ënner anerem am Fach Digital Sciences sensibiliséiert gi fir e verantworten Ëmgang mat de Medien, mat deenen si sech ëmginn.

Donieft gëtt et souwuel am EF wéi am ES aktuell schonn e reglementaresche Kader fir d'Benotze vum Smartphone.

Fir den EF preziséiert den Artikel 2 vum Règlement grand-ducal modifié du 7 mai 2009 concernant les règles de conduite et l'ordre intérieur communs à toutes les écoles: « Les téléphones portables des élèves sont éteints pendant le temps de classe, pendant les récréations, et à l'intérieur des bâtiments scolaires. [...] L'utilisation, de quelque fonction que ce soit, d'un téléphone portable ne peut se faire que dans le respect le plus strict vis-à-vis des autres membres de la communauté scolaire. »

Fir den ES seet den Artikel 25 vum Règlement grand-ducal modifié du 23 décembre 2004 concernant les règles de conduite dans les lycées: « Sauf autorisation expresse de l'enseignant, les téléphones portables et autres appareils électroniques des élèves sont éteints pendant le cours. L'utilisation des téléphones portables et d'autres appareils électroniques dans l'enceinte du lycée est réglementée par la charte scolaire. »

An de Chartes scolaires gradewéi an de Règlements d'ordre intérieur vu ville Lycéeë gëtt de Sujet vum Smartphone thematiséiert. Nieft dem verantworten Ëmgang mam Smartphone geet et och drëms, den Unterrecht net ze stéieren; net seele mussen d'Schülerinnen an d'Schüler dofir hiren Handy am Ufank vun enger Unterrechtsstoun an eng speziell Këscht leeën a recuperéieren en dann erëm no der Stonn.

Fir de Fall, wou en Abus mam Handy virläit, preziséiert dee selwechten Artikel 25: « Toute publication et tout objet trouvés en possession d'un élève peuvent être confisqués s'ils sont de nature à troubler l'ordre scolaire. » Et sief awer gesot, datt et sech heibäi net ëm eng definitiv Konfiskatioun am juristesche Sënn handelt, mee datt e Schüler säi Smartphone kann temporär ofgeholl kréien.

.....

Délais d'examen de demandes de protection internationale | Question 7469 (13/01/2023) de Mme Djuna Bernard | Mme Stéphanie Empain (déi gréng)

La loi modifiée du 18 décembre 2015 relative à la protection internationale et à la protection temporaire avait notamment l'objectif de limiter la durée de la procédure d'examen des demandes de protection internationale à six mois. Sous certaines conditions, le délai d'examen d'une demande peut être étendu jusqu'à un maximum de vingt-et-un mois.

Le programme gouvernemental pour la période 2018-2023 prévoit le renforcement des efforts en matière de réduction des délais d'examen de demandes de protection internationale et notamment de l'information régulière sur l'état d'avancement de l'examen de la demande.

Par ailleurs, le programme gouvernemental préconise la digitalisation des procédures comme un moyen pour accélérer le traitement des demandes.

Dans ce contexte, nous nous permettons de poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile :

1) Comment les délais d'examen de demandes de protection internationale ont-ils évolué depuis 2018 ? Combien de dossiers ont été traités endéans le délai usuel de six mois, et pour combien de dossiers ce délai a-t-il été dépassé (en chiffres ventilés par année et par mois d'extension) ?

2) De manière générale, quelles sont les raisons principales pour le dépassement du délai d'examen ?

3) De quelle manière et à quels moments les personnes concernées sont-elles informées sur l'état d'avancement de l'examen de leur demande ?

4) Quels efforts ont été entrepris depuis 2018 afin de réduire les délais d'examen au minimum et d'améliorer l'information sur l'état d'avancement des demandes ?

5) Dans ce contexte, comment a progressé la digitalisation des procédures dans le domaine de l'immigration et de l'asile depuis 2018 ? Quels étapes et/ou processus ont été digitalisés dans les domaines précités, et quels sont les différents projets à venir à cet égard ? Monsieur le Ministre pourrait-il nous fournir le calendrier prévu pour la mise en place des différents éléments de numérisation ?

Réponse (09/02/2023) de M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile

ad 1) En 2018, la durée d'examen d'une demande de protection internationale était de 7 mois, puis 5 mois en 2019, 10 mois en 2020, 11 mois en 2021, finalement elle était de 10 mois en 2022. La durée moyenne d'examen d'une demande entre 2018 et 2022 inclus est de 8 mois.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

Il convient de relever que la durée de traitement des demandes de protection internationale varie d'une année à l'autre alors que différents facteurs influencent ces délais, comme par exemple le nombre et le profil des arrivées des demandeurs de protection internationale, la crise sanitaire des dernières années, la situation incertaine dans certains pays d'origine et les conflits armés, dont notamment la guerre en Ukraine.

À noter que les retraits implicites et les renoncements de la part des demandeurs ne sont pas inclus dans le calcul, étant donné qu'il ne s'agit pas d'une décision en tant que telle.

En 2018, 1.405 demandes ont été traitées endéans les 6 mois, en 2019, 1.264, en 2020, 496, en 2021, 499, et en 2022, 567 ont pu être traitées dans ce délai. Quant au dépassement du délai, en 2018, 800 demandes étaient concernées, en 2019, 569, en 2020, 893, en 2021, 902 et en 2022, 1.014.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

ad 2) La raison principale du dépassement du délai d'examen est la nécessité d'assurer un examen approprié et exhaustif du dossier, notamment par le biais de recherches plus approfondies ou par la procédure de vérification de l'authenticité des documents fournis. Les mouvements secondaires et les transferts Dublin ont également un impact considérable sur les délais de traitement dans les États membres. En effet, les transferts Dublin ont un impact conséquent sur les délais, par exemple lorsqu'une personne qui avait déjà introduit une demande au Grand-Duché est transférée vers le Luxembourg depuis un autre État membre. En parallèle, lorsque le Luxembourg n'est initialement pas responsable d'une demande de protection internationale,

mais le devient par des circonstances indépendantes de sa volonté, par exemple quand le pays responsable refuse de prendre ou reprendre en charge le demandeur ou lorsque le transfert n'est pas réalisé ou réalisable, l'impact sur les délais d'examen est conséquent.

ad 3) Les concernés sont automatiquement informés par courrier après un délai de 6 mois. À tout moment et sur demande expresse, le demandeur peut être informé des raisons du retard et de l'état d'avancement de l'examen de sa demande.

ad 4) Des efforts continus ont été entrepris afin d'améliorer la réduction du délai d'examen, ce qui est notable au regard de la durée moyenne qui a diminué en 2018 et 2019. En effet, des mesures internes ont été prises pour assurer un traitement plus rapide de certaines demandes, notamment celles où le taux d'accord d'une protection internationale est élevé. Il a notamment été décidé de procéder à une communication renforcée par e-mail, et plus par courrier, avec les avocats et d'autres intervenants externes. De plus, la procédure de notification des décisions ministérielles a été allégée, des lignes de conduite pour le traitement de différents dossiers ont été établies, et des formations internes ont été dispensées aux agents en charge du traitement des demandes de protection internationale. Depuis lors, plusieurs facteurs ont toutefois rallongé la durée d'examen des demandes comme la complexité des dossiers, la crise sanitaire et le déclenchement du mécanisme de la protection temporaire. À noter que les demandes de protection temporaire sont également gérées par le même département.

Quant à l'information de l'état d'avancement du dossier, celle-ci a été améliorée avec l'indication du retard dans la prise de décision envoyée systématiquement aux personnes concernées qui ont la possibilité de demander des renseignements complémentaires soit directement, soit par le biais de leur avocat. Ces demandes peuvent également se faire par voie de courriel, plusieurs adresses e-mail ont été créées depuis 2018 pour un traitement plus efficace des demandes provenant du public.

ad 5) Afin de mettre en œuvre les objectifs du programme gouvernemental, la Direction de l'immigration a progressivement mis en place une équipe interne dédiée pour la gestion des projets informatiques depuis 2018. Plusieurs projets sont actuellement en cours. Sur le plan interne, un des projets majeurs est la mise en place d'une nouvelle application de gestion de la procédure de protection internationale. Ce projet a été lancé en février 2020 et devra être conclu en janvier 2024. Ce projet va de pair avec un projet de mise en place d'une solution de « business intelligence » qui devra permettre une meilleure gestion et exploitation des données. De plus, la Direction de l'immigration a lancé un projet de mise en place d'un projet de gestion électronique des documents, qui devra mener, à terme, à une digitalisation de l'ensemble des procédures internes de la Direction de l'immigration, tant en matière d'immigration qu'en matière de protection internationale. Il convient de noter que pour la réalisation de tous ces projets, la Direction de l'immigration collabore étroitement avec d'autres acteurs et dépend dès lors en termes de calendrier d'avancement des disponibilités et des ressources de ces acteurs.

En matière de digitalisation des démarches pour les administrés, la Direction de l'immigration a mis en place pendant la crise sanitaire un système de prise de rendez-vous en ligne en faveur des personnes invitées à procéder à une prise de données biométriques dans le cadre de l'établissement d'un document de séjour biométrique. Depuis lors, ce système a été adapté et élargi. De sus, la Direction de l'immigration est en train

de finaliser la mise en place de démarches électroniques via myguichet.lu. Ces démarches ont trait aux procédures en matière de libre circulation des personnes et de l'immigration, et visent les personnes qui se trouvent déjà sur le territoire luxembourgeois.

Il convient de noter que la Direction de l'immigration est également impliquée dans la mise en place des projets européens d'envergure dans le domaine des frontières extérieures (EES, ETIAS) et qu'elle est directement concernée par d'autres grands projets informatiques découlant de règlements européens, dont la refonte des règlements SIS et VIS ou encore le règlement Interopérabilité. Ces projets sont, de par leur envergure et complexité, très consommatrices en ressources. De plus, ces projets, en poursuivant des finalités bien définies, introduisent de nouvelles obligations qui impactent les processus de la Direction de l'immigration de sorte qu'ils ne contribuent en fin de compte pas forcément à une simplification directe des procédures ni pour l'administration, ni pour les administrés.

.....
Ligne de bus 170 de Huldange vers Ettelbruck | Question 7472 (16/01/2023) de **M. André Bauler** (DP)

D'Buslinn 170 vun Huldang op Ettelbréck fiert duerch d'Aktivitéitszon ZANO um Fridhaff, ouni dass se awer de Moment do stoe bleift. Dëst féiert dozou, dass déi Leit, déi do schaffen, op der Ettelbrécker Gare d'Linn 117 huele mussen fir rëm zrëck an d'Aktivitéitszon ZANO, wat net just ëmständlech fir déi betraffe Leit ass, mee och zousätzlech Zäit kascht.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

1. Firwat gëtt et de Moment nach keen Arrêt fir den 170 an der ZANO-Fridhaff?

2. Ass et méiglech, fir sou séier wéi méiglech en Arrêt fir d'Buslinn 170 an der ZANO virzugesinn, fir esou de berufstätege Leit entgéintzekommen?

Réponse (20/02/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

ad 1. D'RGTR-Linn 170 Huldang-Dikrech-Ettelbréck ass eng Expresslinn a fiert dowéinst op Héicht vun der Aktivitéitszon ZANO um Fridhaff de schnellstméigleche Wee iwwer d'Schnellstrooss B7. D'Busarrêten op der Nationalstrooss N27B, déi duerch d'Aktivitéitszon féiert, kënnen net vun der Linn 170 ugefuer ginn, ouni grouss Zäitverloschter fir dës Busverbindung a Kaf ze huelen.

ad 2. Am Moment ass net geplangt, d'Aktivitéitszon ZANO mat der RGTR-Buslinn 170 ze desservieren.

Een zousätzleche Busarrêt an der Aktivitéitszon ZANO, deen esouwuel d'Ufuere vun der Aktivitéitszon ewéi och eng attraktiv Fuerzäit fir d'Buslinn 170 erméiglecht, gëtt awer momentan duerch meng Servicer gepréift.

Aktuell kënnen d'Leit, déi an der Aktivitéitszon ZANO schaffen, op d'RGTR-Buslinn 117 Ettelbréck-Fridhaff-Dikrech zeréckgräifen, déi de ganzen Dag am Hallefstonnentakt fiert an dat an déi zwou Richtungen.

.....
Pauvreté des personnes âgées | Question 7475 (16/01/2023) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

Rezent Zuelen aus Däitschland weisen, dass bei hinne vill Fraen duerch hir niddreg Pensioune riskéieren,

an d'Aarmut ze falen, och wann se 40 Joer an engem Vollzäitberuff geschafft hunn.

Wëssend, dass de Lëtzebuenger Pensioussystem mat zu de generëste weltwäit gehéiert an dofir wuel manner Leit vun der Altersaarmut betraff sinn, géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir sozial Sécherheet stellen:

1. Wéi ass d'Situatioun vun der Altersaarmut zu Lëtzebuerg bei de Fraen?

2. Gëtt et Moossnamen, fir spezifesch Fraen am Pensiounsalter ze ënnerstëtzen?

3. Wa jo, wéi eng sinn dat?

4. Wéi eng Mesurë gi vum Staat geholl, fir generell géint d'Altersaarmut virzegoen?

Réponse (10/02/2023) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

ad 1. D'Definitioun vun der Aarmut gouf am Kader vun den europäeschen an nationalen Ziler fir ee méi soziaalt Europa bis 2030 zeréckbehalen. Den Aktiounspangt ëmfaasst dräi sozial Ziler, déi bis 2030 um Niveau vun der EU erreecht solle ginn. Sou soll z. B. d'Zuel vun de Leit, déi vun Aarmut oder sozialer Ausgrenzung bedrot sinn (At Risk of Poverty or Social Exclusion – AROPE verkierzt), ëm mindestens 15 Milliounen erofgoen, dorënner op d'mannst ee gewënschte Réckgang vu 5 Milliounen bei de Kanner, am Verglach zum Joer 2019.

Den Aarmutrisiko oder sozial Exklusivitéit (ARPE) Taux « correspond à la part des personnes qui sont : menacées de pauvreté après les transferts sociaux, gravement démunies matériellement ou vivant dans des ménages à très faible intensité de travail. Les personnes ne sont comptées qu'une seule fois, même si elles sont affectées par plus d'un de ces phénomènes. – Les personnes sont considérées comme menacées de pauvreté après transferts sociaux, si elles ont un revenu disponible équivalent inférieur au seuil de risque de pauvreté, qui est fixé à 60 % du revenu disponible médian national. – Les personnes gravement démunies matériellement ou socialement ont des conditions de vie fortement limitées par un manque de ressources, elles connaissent au moins 7 des 13 articles de privation suivants : ne peut pas se permettre i) de payer un loyer ou des factures de services publics, ii) de garder la maison suffisamment au chaud, iii) de faire face à des dépenses imprévues, iv) de manger de la viande, du poisson ou un équivalent protéique tous les deux jours, v) de prendre une semaine de vacances loin de la maison, vi) d'avoir accès à une voiture/fourgonnette pour usage personnel, vii) de remplacer les meubles usés ; viii) de remplacer les vêtements usés par de nouveaux vêtements ; ix) d'avoir deux paires de chaussures correctement ajustées ; x) de dépenser une petite somme d'argent chaque semaine pour lui-même ("argent de poche") ; xi) d'avoir des activités de loisirs régulières ; xii) de se réunir avec des amis/la famille pour un verre/repas au moins une fois par mois ; et xiii) de disposer d'une connexion Internet. – Les personnes vivant dans des ménages à très faible intensité de travail sont celles âgées de 0 à 64 ans vivant dans des ménages où les adultes (âgés de 18 à 64 ans) ont travaillé 20 % ou moins de leur potentiel de travail total au cours de l'année écoulée. » https://ec.europa.eu/eurostat/fr/web/products/datasets/product?code=SDG_01_10

Fir de Lëtzebuenger Aarmutrisiko oder sozial Exklusivitéit (ARPE) Taux no Alter a Geschlecht a Perspektiv ze setzen, sinn déi mat der ganzer EU a mat eisen dräi Nopeschlänner vun 2015 bis 2021 an der Tabell heidrënner presentéiert.

Well et keng eenzeg Definitioun vun enger eelerer Persoun gëtt, sinn d'Aarmutrisiko oder sozial Exklusivitéit (ARPE) Taux fir dräi Altersgruppe presentéiert: 60 Joer a méi, 65 Joer a méi a 75 Joer a méi. Fir d'Taux vun den dräi Altersgruppen a Perspektiv ze setzen, sinn d'Taux vun der Gesamtbevölkerung natierlech och opgefouert. D'Leit, déi an engem kollektive Stot wunnen (Altersheim, CIPA, Klouschter, Prisong asw.), sinn net mat abegraff.

Aarmutrisiko oder sozial Exklusivitéit (ARPE) Taux no Alter a Geschlecht (EU30 Zil) – Verglach iwwer Zäit a Raum (a %)

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

ad 2. an 3. Am Beräich vun de Pensiounen huet de Ministère vun der sozialer Sécherheet mat der Caisse nationale d'assurance pension (CNAP) a weideren Acteure virun e puer Joer eng Broschür ausgeschafft, déi verschidden Optiounen a Mechanismen erkläert, déi d'Pensiouscarrière ze ergänzen. D'Broschür gëtt reegelméisseg à jour gesat, fir déi aktuell legal Dispositiounen ze erklären, an ass a verschiddene Sproochen disponibel.

<https://mss.gouvernement.lu/fr/publications/broschure-pension/2020.html>

Dës Broschür gouf a gëtt u cibléiert Acteuren an och direkt vun der CNAP un Assurée verdeelt, fir datt e Maximum vu Persoune kann erreecht ginn. Dës Broschür ass och op de Gemengen disponibel.

ad 4. Niewent der Hëllef an der Begleedung duerch d'Offices sociaux, de sozialen Hëlfelefen ewéi dem REVIS an dem RPGH, dem Dispositiv vun der Fleegeversécherung, huet de Staat eng Rei vu Mesuren, déi sech spezifesch un eeler Leit adresséieren.

Esou gëtt et de „complément accueil gérontologique“, dee vum FNS (Fonds national de solidarité) gëiert an ausbezuelt gëtt. Dës Hëllef ass fir eeler Leit, déi net genuch finanziell Moyenen hunn, fir de Pensiounspräis an engem Alters- a Fleegeheem ze bezuelen. Wann déi perséinlech finanziell Mëtzel net duerginn, fir de Pensiounspräis ofzedecken, kann dese „complément accueil gérontologique“ direkt un de Gestionnaire vum Alters- a Fleegeheem ausbezuelt ginn. Aktuell si 637 Persoune Beneficiaires vun engem „complément accueil gérontologique“, dovun 213 Männer a 424 Fraen.

Fir déi Leit, déi net an de Genoss vun der Fleegeversécherung kënnen kommen, gëtt et och ee Sozialtariff, genannt „tarification sociale“ fir Persounen, déi net déi néideg finanziell Mëtzel hunn, fir Prestatiounen vun den Hëllef- a Fleegegedéngschter an hirem Doheem oder an Dagesforyeren (Centres psychogériatriques) ze iwwerhuelen. Aktuell hu 17 Hëllef- a Fleegegedéngschter eng Konventioun mam Familljeministère, fir de Beneficiairen ee Sozialtariff ze erméiglechen. Fir d'Joer 2021 huet de Familljeministère ± 700 Demandé fir ee Sozialtariff kritt.

.....
Centre socio-éducatif de l'État | Question 7479 (18/01/2023) de **Mme Octavie Modert** | **M. Léon Gloden** (CSV)

Comme il ressort de la réponse à la question parlementaire n° 3718 et du développement de l'établissement du CSEE à Schragig, ce dernier n'est plus réservé aux filles, mais accueille désormais des garçons. Il résulte également de la réponse qu'« Un propriétaire d'une parcelle adjacente a adressé un courrier à l'Administration des bâtiments publics relatant des problèmes de voisinage. Lors d'une visite sur place, l'Administration des bâtiments publics s'est concertée

avec la direction du CSEE au sujet de différentes mesures envisageables afin de contribuer à la résolution de ce problème. Vu la nature des limites de propriété qui présentent une végétation dense, il s'avère qu'une mesure constructive possible serait de clôturer le site du CSEE sur une longueur de quelque 300 à 350 m. Pour ce qui est des efforts entrepris par la direction du CSEE pour éviter de tels désagréments, il faut savoir que le régime disciplinaire du CSEE entre également en ligne de compte pour limiter des comportements inappropriés, sachant qu'une sanction allant jusqu'à un isolement temporaire est possible. »

Au vu de ce qui précède, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, à Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics ainsi qu'à Madame la Ministre de la Justice :

1) Le Gouvernement peut-il nous confirmer que le nombre de cas de vandalisme commis par des jeunes du CSEE dans les environs du site de Schrassig a augmenté depuis 2020 ?

– Le cas échéant, quelles mesures le Gouvernement a-t-il prises pour remédier à ce problème ?

– Le Gouvernement a-t-il assuré le suivi des préoccupations des riverains concernant les problèmes de voisinage et leur sécurité ?

2) Le Gouvernement peut-il nous indiquer quels efforts le CSEE a entrepris dans le cadre de son régime disciplinaire pour endiguer les comportements inappropriés des jeunes ?

3) De manière générale, est-il prévu que le site du CSEE à Schrassig continue d'accueillir des garçons ou est-il prévu que ce site soit à nouveau exclusivement réservé aux jeunes filles ?

– Pour quelles raisons le Gouvernement opte-t-il pour l'un ou l'autre des deux cas de figure ?

Réponse (07/03/2023) de M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | **M. Henri Kox**, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1) Les bases de données de la Police grand-ducale ne permettent pas d'effectuer une recherche automatisée qui isolerait exclusivement des actes de vandalisme aux alentours du CSEE à Schrassig commis par des pensionnaires du CSEE. Une telle recherche renseigne sur toutes les interventions policières et incidents enregistrés dans et aux alentours de la localité de Schrassig.

Pour sa part, le CSEE a connaissance d'actes de vandalisme commis dans le voisinage direct du CSEE à Schrassig. Il est important de souligner que, si certains de ces cas commis dans les alentours du centre ont pu être attribués sans équivoque à des pensionnaires du CSEE, il faut remarquer que, pour un certain nombre de ces actes, les auteurs n'ont pas pu être identifiés.

Pour pouvoir répondre de manière adéquate aux préoccupations des riverains concernant les problèmes de voisinage et leur sécurité, la direction du CSEE s'est concertée avec la Police grand-ducale et les autorités communales concernées.

Le CSEE a d'autre part mis en place des mesures préventives, telles que la sensibilisation des pensionnaires à la problématique du vandalisme et la création de liens directs entre les pensionnaires et les riverains par l'organisation de rencontres. Si un acte de vandalisme a pu être attribué à un pensionnaire du CSEE, un travail non rémunéré de nettoyage ou de réparation peut lui être assigné.

Suite à une réunion sur place avec la propriétaire de la parcelle avoisinante et la direction du CSEE, l'Administration des bâtiments publics a procédé à la mise en

place d'une clôture délimitant la propriété de l'État sur toute la longueur de la parcelle voisine en question. Lesdits travaux ont été réalisés aux mois de novembre et décembre 2021.

ad 2) Dans le cadre de son régime pédagogique et disciplinaire, le CSEE prévoit différentes mesures pour endiguer les comportements inappropriés des pensionnaires. Les mesures peuvent varier selon la nature et la gravité des fautes commises, entre des mesures de sensibilisation, pouvant se concrétiser par des entretiens pédagogiques, voire des travaux de réflexion écrits et des mesures à caractère disciplinaire.

Dans ce contexte, les pensionnaires peuvent faire l'objet d'avertissements écrits, de mesures de travail non rémunéré de nettoyage ou de réparation et le cas échéant d'un isolement temporaire d'un maximum de trois jours.

ad 3) Dans le cadre de la refonte du cadre légal organisant les régimes de la protection de la jeunesse et du droit pénal pour mineurs, l'implantation géographique du CSEE devra être revue. La future affectation du site de Schrassig n'a pas été déterminée à ce stade.

.....
Vote du PAG de Grevenmacher | Question 7481 (18/01/2023) de M. Jeff Engelen (ADR)

Am Zesummenhang mam Vott vum PAG duerch de Gemengerot vun der Stad Gréiwemaacher kéint, eisen Informatiounen no, d'Grenz zur Illegalitéit iwwerschratt gi sinn, well verschidde Concernéierter selwer mat ofgestëmmt hätten. Am Intressi vun de Bierger a vun der Glawierdegkeet vun der Politick wier et wichteg, hei kloer Informatiounen ze kréien.

Dofir hunn ech follgend Froen un d'Madamm Banne-minister:

1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, dass beim Vott vum PAG Gréiwemaacher de Buergermeeschter an zwee Gemengeréit mat ofgestëmmt hunn, ob-schonnns si selwer bzw. no Familljememberen direkt concernéiert waren?

2. Wann dat zoutreff, wisou hunn d'Servicer vum Banneministère dat duerchgoe gelooss?

3. Wat fir Konsequenzen hätt dat fir d'Validitéit vum PAG Gréiwemaacher?

4. Wat fir Konsequenzen huet dat fir déi Persounen, déi sech, sollt dat confirméiert ginn, enger Illegalitéit schëlleg gemaach hunn?

Réponse (26/01/2023) de Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur

Den Inneministère ka confirméieren, dass de ganze Gemengerot beim Vott iwwert d'Unhuele vum allgemenge Bebauungsplang vun der Stad Gréiwemaacher mat ofgestëmmt huet.

Dem Inneministère leien no der Analys vum Dossier an der Récksprooch mat der Gemeng keng Elementer vir, déi géingen drop hiweisen, dass d'Dispositiounen vum Artikel 20 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 net respektéiert gi wieren.

Fir d'Froen 3 a 4 verweisen ech op d'Äntwert zur parlamentarescher Fro N° 1220 vum 2019, vum hono-rabelen Deputéierte Fernand Kartheiser.

.....
Base légale de la sous-location | Question 7482 (18/01/2023) de M. Fernand Kartheiser (ADR)

Ofgesi vun eventuellen explizitten Dispositiounen am Mietvertrag, deen d'Rechter vum Locataire ewéi och déi vum Proprietär festhält, gëtt et bei enger

Souslocatioun keng explizitt legal Flicht fir de Locataire, fir dem Proprietär esou en Arrangement matzedeelen. De 17. Juni 2021 huet de Logementsminister op Nofro vum „L'essentiel“ am Artikel „La sous-location engendre parfois des litiges“ erkläert, dass d'Prozedur vun der Souslocatioun autoriséiert ass, mee dass d'Gesetz keng „conditions particulières“ virgesäit. An deem Artikel gëtt och gesot, dass ganz heefeg de Proprietär keng Informatiounen doriwuer kritt, wann him seng Proprietéit vum Locataire weiderverlount gëtt. Et steet och do, dass et virkënt, dass d'Locataire, ouni d'Wësse vum Proprietär, vu Lëtzebuerg aus oder aus dem Ausland an eventuell och mat Hëllef vun enger App ewéi z. B. Airbnb, kënnen „contrats de sous-location“ redigéieren an ofschléissen. Déi betraffe Souslocataire hunn dann dacks d'Impressioun, dass si mam Proprietär a Kontakt waren, wat awer net de Fall ass. Et gëtt also eng Rei vu Méiglechkeeten, fir am Kader vu Souslocatiounen an abusiv Situatiounen ze kommen.

Net nëmmen de Proprietär, mee och de Staat an d'Gemengen hunn en evidenten Intressi dorun ze wëssen, wie wéini a wou wunnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Regierung des Froe stellen:

1. Iwwert de Wee vun der Souslocatioun kann et zu Situatiounen kommen, wou de Proprietär net weess, wien a senger Proprietéit wunnt, a gläichzäitig keng Kontrollméiglechkeet huet. Ass d'Regierung der Meinung, dass e Proprietär muss allzäit dat Recht hunn ze wëssen, wien iwwert de Wee vun enger Souslocatioun a senger Proprietéit wunnt? Wa jo, misst net eng gesetzlech Flicht ageféiert ginn, déi de Locataire géing forcéieren, dem Proprietär all Souslocatioun bannent engem kuerzen Delai ze notifizéieren, esouwäit de Mietvertrag dës iwwerhaapt erlaabt?

2. Misst e Proprietär net zu all Abléck kënnen op der Gemeng en Extrait vum Umeldungsregëster kréien, deen opweist, wéi eng Persounen a senger Proprietéit ugemellt sinn? Dëst géing dem Proprietär eng Kontrollméiglechkeet ginn. Misst et also net eng gesetzlech Basis ginn, fir dass den Dateschutz dem Proprietär net kann opposéiert ginn, esouwäit et em seng eege Proprietéit geet?

3. Fir all Mëssbrauch ze verhënneren:

– Missten d'Gemengen net bei enger Souslocatioun automatesch de Mietvertrag tëschent dem Proprietär an dem Locataire virgeluecht kréien, fir dass d'Gemeng ka verifizéieren, ob eng Souslocatioun iwwerhaapt vum Proprietär vertraglech autoriséiert ass?

– Missten d'Gemengen net och eng Notifizierungsobligatioun kréien, fir dem Proprietär matzedeelen, wien a senge(r) Proprietéit(en) ugemellt ass oder am leschte consideréierten Notifizierungszeitraum do ugemellt war (z. B. eemol pro Joer)?

– Et schéngt jo esou ze sinn, dass heiansdo eng verhältnismëssig grouss Zuel vu Persounen eng Souslocatioun an engem Studio oder engem ganz klengen Appartement kontraktéieren a bei hirer Umeldung uginn. Missten d'Gemenge bei enger Souslocatioun net iwwerpréieren, ob déi concernéiert Proprietéit iwwerhaapt grouss genuch fir déi concernéiert Zuel vu Persounen ass?

4. Weider, fir all Mëssbrauch ze verhënneren wär et sënnavoll, Méiglechkeeten ze hunn, fir d'Postadresse mat den Umeldungsadressen ofzegläichen. Dat kéint op eng Manéier organiséiert ginn, déi den Dateschutz respektéiert, awer och erlaabt, eventuell Ongereimtheeten oder kloer Mëssbrauchsfäll un déi zoustänneg Autoritéite weiderzeginn. Wann d'Rechter vum Proprietär beréiert sinn, misst natierlech och hie kënnen informéiert ginn. Kéint d'Regierung sech

virstellen, de Proprietären et ze erméiglechen, esou en Ofgläich unzufroen an och esou e Mechanismus ze organiséieren?

Réponse (21/02/2023) de **M. Henri Kox**, Ministre du Logement | **Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur

ad 1. Den Artikel 1717 vum Code civil gesäit vir, dass de Locataire eng Souslocatioun ka maachen, wann de Proprietär dës Fakultéit net explizitt am Loyerskontrakt verbitt. An deem Fall muss de Locataire dem Proprietär den Numm vun deem oder deene Souslocatairem och net matdeelen, wann och dat net explizitt an enger Klausel vum Kontrakt spezifizéiert ginn ass. Wann eng Clause d'interdiction de sous-location am Loyerskontrakt steet, dann ass dës Klausel bindend an ëmmer „de rigueur“, dat heescht, de Richter muss sech un dës Klausel halen an d'Volontéit vun de Partiee respektéieren.

Et kann een awer kee Locataire gesetzlech „forcéieren“, dem Proprietär all Souslocatioun (respektiv den Numm vun all Souslocataire) matzedeelen, wann de Loyerskontrakt keng Klausel an deem Sënn virgesäit.

ad 2. Den Accès vun Drëttpersounen op Donnéeën aus dem Populatiounsregëster ass vum Artikel 41 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Identifikatioun vu physische Persounen gereegelt: « Art. 41. Les données ou listes de données figurant au registre national ou communal ne peuvent être communiquées à des tiers. Cette interdiction ne vise pas les autorités, administrations, services, institutions ou organismes habilités, par ou en vertu de la loi, à obtenir de telles données ou listes de données et ce pour les informations sur lesquelles porte cette habilitation. »

Am Moment gëtt net dru geduecht, fir deen Artikel ze änneren.

ad 3. Bei der Souslocatioun handelt et sech ëm zivilrechtlech Froen, déi net an der Kompetenz vun der Gemeng leien.

Ob e Loyerskontrakt eng Klausel „Interdiction de sous-location“ huet oder net, geet nëmme déi concernéiert Parteien (Locataire, Proprietär/Bailleur an en eventuelle Souslocataire) eppes un. Och spillt et fir d'Gemeng keng Roll, ob déi Persoun, déi an der Wunneng ugemellt ass, e Locataire oder e Souslocataire ass.

Eng legal Obligatioun, fir der Gemeng eng Kopie vun all Loyerskontrakt „automatesch“ bei enger Souslocatioun (oder bei all Locatioun) virzeleeën, gëtt et am Moment net. An deem Kontext muss een erwänen, dass d'Loyersgesetz vum 2006 aktuell nach ëmmer virgesäit, dass e Loyerskontrakt och mëndlech ka gemaach ginn. An sou Fäll kéinten d'Gemenge mol guer keng „automatesch“ Kopie vum Loyerskontrakt virgueluecht kréien.

D'Gemenge kënne bei enger Locatioun – besonnesch wann et sech ëm d'Locatioun vu Kummeren handelt – iwwerpräiwen, ob déi concernéiert Proprietéit grouss genuch fir déi do ënnerbruecht Zuel vu Persounen ass. D'Salubritéitsgesetz vum 20. Dezember 2019 gëtt dem Buergermeeschter d'Kompetenz, fir eng Kontroll an enger verlouner Wunneng duerchzeféieren, fir d'Anhale vun de Krittäre vum Gesetz ze iwwerpräiwen, an dat zum Beispill wann et Unzeeche gëtt, dass ze vill Leit an der betroffener Wunneng wunnen. Hie ka sech dofir vum Médecin-inspecteur an der Police grand-ducale begleede loossen.

ad 4. Betreffend d'Fro N° 4 verweise mer op d'Äntwert op d'Fro N° 2.

Pompes à chaleur | Question 7483 (19/01/2023) de **M. Marc Goergen** (Piraten)

Fir eng klimafreundlech Wirtschaft opzebauen, muss mer vun de fossillen Energien ewechkommen. Dat bedeit och, dass mer fir d'Hëtze vun eise Gebaier vu Gas a Masutt ewechkomme wäerten. Aktuell bitt d'Technologie vun de Wärmepumpelen eng gutt Alternativ dozou. A fréiere parlamentaresche Froen (3600 a 6217) gouf schonns drop opmierksam gemaach, dass d'Wärmepumpelen awer vill Kaméidi maachen.

An der Äntwert op d'Fro 6217 schreift d'Ministesche, dass de Choix vu Wärmepompele mat gerénge Schallemissiounen säit Kuerzem e Krittär ass, fir eng Subventioun fir eng nei Wärmepompele (Klimabonus) kënnen ze kréien.

Den Artikel 4 an d'Annex vum groussherzogleche Règlement vum 7. Abrëll 2022 gräift heifir op eng Bewäertung an Dezibel zeréck. Dës Bewäertung dréit awer den Ëmstänn net Rechnung, wou a wéi eng Wärmepompele installéiert gëtt. Dofir existéieren aner Krittären, déi zum Beispill mam Modell vum Schallrechner kënne bewäert ginn.

„Der Schallrechner ermöglicht die Beurteilung der Lärmemissionen von Luft-Wasser-Wärmepumpen [...] im Tagbetrieb zu Zeiten erhöhter Empfindlichkeit und während der Nacht. Mit der Berechnung ist eine Abschätzung der Lärmemissionen an schutzbedürftigen Räumen (maßgebliche Emissionsorte) auf angrenzenden Grundstücken bzw. die Ermittlung des notwendigen Abstands der Wärmepumpe möglich.“

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Energie dës Froen stellen:

1. Fannen och bei der Regierung Iwwerleeunge statt, fir an Zukunft de Kaméidi iwwert ee Schallrechner ze bewäerten?

Falls jo, wou sinn d'Aarbechten drun, wat ass fir Lëtzebuerg geplangt a bis wéini wäert esou ee Modell fir Lëtzebuerg stoen?
Falls nee, firwat net?

2. D'Ministesche schreift an hirer Äntwert och, dass d'Gemengen eleng d'Kompetenz hunn, fir de Kaméidi, dee vun den Installatiounen ausgeet, ze reegelen:

„De Kaméidi, dee vun techneschen Equipementer ausgeet, also och dee vu Wärmepumpelen, kann duerch Gemengereglementatiounen gereegelt ginn.“

Deemno kann et gutt sinn, dass eng Wärmepompele, déi ee bestëmmte Kaméidiswäert iwwerschreit, an enger Gemeng erlaabt ass, an där aner awer net. Ass d'Regierung hei der Meinung, dass dës Approche déi richtig ass? Falls jo, firwat wëll een net higoen an eenheetlech technesch Reegelen um gesamten Territoire festleeën?

Réponse (03/03/2023) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **Mme Taina Bofferdig**, Ministre de l'Intérieur

ad 1. Wéi an der Äntwert op d'QP 6217 beschriwwen, ass de Choix vu Wärmepompele mat gerénge Schallemissiounen e Krittär, fir eng Subventioun (Klimabonus) fir eng nei Wärmepompele kënnen ze kréien (Règlement grand-ducal du 7 avril 2022 déterminant les mesures d'exécution de la loi du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement).

Mat de rezenten Upassunge vun dësem Règlement gëtt zu Lëtzebuerg e Schallrechner agefouert, deen als alternativ Method zougeloooss ass fir duerzeleeën, dass d'Schallschutz- (Emissiouns-)Grenzweäerter op der Grenz zum Noper agehale ginn.

Dëse Schallrechner gëtt fir Lëtzebuerg op Basis vum däitschen (an idem éisträicheschen) Schallrechner entwéckelt. D'Aarbechte si scho gutt fortgeschritt, an deen neie Lëtzebuerg Schallrechner wäert dem Secteur praktesch zäitgläich mat der Publikatioun vum ugepasste Règlement zur Verfügung stoen.

ad 2. Et ass esou, datt et an de Bautereglementer vu ville Gemengen elo schonn Dispositiounen zu den „équipements techniques fixes“ gëtt, wourënner och Wärmepompele falen. Dobäi hu vill Gemengen sech un den aktuellen Dispositiounen vum Règlement-type sur les bâtisses, les voies publiques et les sites (RBVS, Bautereglement) orientéiert, d'Gemengenautonomie erlaabt et hinnen awer, déi proposéiert Dispositiounen un déi lokal Gegebenheeten unzepassen.

D'Regierung schafft aktuell un enger Upassung vun dësem Règlement-type, wou speziell och d'Thema Schallschutz a Schallemissiounen vu Wärmepumpelen (beträff sinn hei haaptsächlech Loft-/Waasser-Wärmepompele mat engem Baussegerät – Artikel 69 am aktuellen RBVS vum 2018) wäert ugepasst ginn, fir de Gemengen en aktualiséierten a prezis formuléierten nationale Kader ze ginn, deen dann idealerweis vun de Gemengen, ëmmer am Respekt vun der Gemengekompetenz, an hire spezifesch Bautereglementer ëmgesat gëtt. An deem Kontext huet och schonn en Echange mat de Klimaschäfte stattfonnt, a verschidden Echange mat de Gemenge sinn amgaangen.

Bureau de poste de Rédange | Question 7485 (19/01/2023) de **M. André Bauler** (DP)

Je viens d'apprendre que le bureau de poste de Rédange risquerait d'être fermé dans un avenir proche. Or, la localité de Rédange en tant que chef-lieu du canton, est définie comme centre de développement et d'attraction (CDA) dans le cadre de l'aménagement du territoire. À noter que Rédange héberge entre autres des administrations, l'école de musique régionale et le Atert-Lycée.

Voilà pourquoi j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Économie :

– Monsieur le Ministre peut-il confirmer cette décision ?

– Dans l'affirmative, quelles en seraient les raisons ? Endéans quels délais cette fermeture aurait-elle lieu ? Combien de clients et d'employés seraient concernés directement par cette décision ?

– Monsieur le Ministre n'est-il pas d'avis que de telles décisions ont un effet négatif sur la vie sociale et sur le futur économique de toute une région située en milieu campagnard ?

Réponse (09/02/2023) de **M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie

Il n'est pas prévu de fermer le bureau de poste de Rédange.

Maison médicale à Ettelbruck | Question 7487 (19/01/2023) de **Mme Martine Hansen** | **M. Jean-Paul Schaaf** (CSV)

Während d'Maisons médicales an der Stad an zu Esch ouni Rendez-vous funktionéieren, muss een sech an der Maison médicale zu Ettelbréck laut dem Portail

santé.lu umellen an e Rendez-vous huelen. Dobäi ass grad dës Maison médicale besonnesch wichteg, well se fir d'Leit aus dem ganzen Norden zoustänneg ass. An deem Kontext wollt mir follgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

1. Firwat kann ee just op Rendez-vous zu Ettelbréck an d'Maison médicale goen?

2. Ass d'Madamm Ministesch bereet, dat ze änneren?
– Wa jo, wéini?
– Wann nee, firwat net?

3. Gi Leit, déi ouni Rendez-vous kommen, nees fortgeschéckt?

– Wa jo, besteet dann net de Risiko, dat si sech un d'Poliklinik vum Centre Hospitalier du Nord wenden an datt doduerch d'Urgence am Spidol iwwerlaascht gëtt?

4. Ass virgesinn, dat wéi d'Maisons médicales an der Stad an zu Esch, och d'Maison médicale zu Ettelbréck relogéiert gëtt?

– Wa jo, wéini?
– Wann nee, firwat net?

Réponse (20/02/2023) de **Mme Paulette Lenert**,
Ministre de la Santé

ad 1. De System mat Rendez-vous gouf zu Ettelbréck op Grond vun der limitéierter Gréisst vun de Raimlechkeete bäibehalen.

D'Maison médicale zu Ettelbréck huet e Wartesall vun ongeféier 15 m². Fir e sanitäre Sécherheetsofstand tëscht zwee Patiente kënnen ze garantéieren, dären am Wartesall net méi ewéi 3 Persounen gläichzäiteg Plaz huelen. Mat engem Rendez-vous gëtt also e flësseg Duerchgang garantéiert a Waardeschlaangen ausserhalb der Maison médicale gi verhënnert.

ad 2. Viru knapp iwwert engem Joer gouf decidéiert, dass zu Ettelbréck eng nei Maison médicale an nei, gréisser a méi gëeegent Raimlechkeeten implementéiert gëtt. Dës Raimlechkeete wäerte besser gëeegent sinn, fir Patienten och ouni Rendez-vous empfänken ze kënnen. Bis zur Ouverture vun dëser neier Maison médicale sichen d'Servicer vum Gesondheetsministère an der Gesondheitsdirektioun an der Tëschenzäit eng temporaire a gréisser Alternativ, déi et erméigleche géif, d'Patienten och ouni Rendez-vous ze empfänken, wéi et am Süden an am Zentrum schonn de Fall ass. Zil ass et, dës temporaire Raimlechkeete bis Wanter 2023/2024 ze fannen an anzeriichten.

ad 3. Eng Persoun, déi ouni Rendez-vous kënnt, gëtt net heemgeschéckt. Bei besonnesch akute Fäll gëtt den Dokter um Terrain kontaktéiert. Bei anere Situatiounen gëtt mam Patient sou schnell ewéi méiglech e Rendez-vous ausgemaach.

ad 4. Wéi schonn ernimmt, läit den Accord, fir déi aktuell Maison médicale an neie Raimlechkeeten ze relogéieren, scho vir. D'Demolitiounsaarbechten an viséierten Terrain, wou déi nei Maison médicale logéiert soll ginn, sinn ofgeschloss an d'Bauarbechte fänken elo un. Parallell gëtt wéi gesot awer och gekuckt, fir eng temporaire Alternativ, déi fir de Wanter 2023/2024 operationell wier, zur aktueller Maison médicale ze fannen.

Projet de construction d'un hôtel à Rodange |
Question 7489 (19/01/2023) de **M. Marc Goergen**
(Piraten)

Zu Rodange gëtt de Bau vun engem Jugend- a Familienhotel geplangt. Dës Projet stéisst op Widerstand vu Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng, well een hei no bei engem Natura 2000-Gebitt wäert eng

gréisser Fläch versigelen, op Käschte vun der Natur. D'Leit vun de Biergerinitiativen Doihl a Kordall proposéieren zwee alternativ Terrainen, wou esou ee Projet drop kéint gebaut kéint ginn, dorënner den Terrain vun der aler TR'AX (Kadasternummer 1419/6439 an déi ëmleied Parzellen), wou ronn 3 Hektar kéinte fir esou een Hotel genotzt ginn a wou de Staat Proprietär ass. Des Weidere sinn dës Terrainen am Flächennotzungsplang (PAG) vun der Gemeng als bebaubar Terraine klasséiert.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministere fir Landesplanung, Kultur an Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung dës Froe stellen:

1. Wéi ee Ministère ass zoustänneg fir d'Kadasterparzellen 1419/6436, 1419/6437, 1419/6438, 1419/6439 a 1419/6440?

2. Wat plangt de Staat, mat dësen Terrainen ze maachen?

Falls ee Projet do ass, wou ass dësen drun a bis wéini soll e fäerdeggestallt ginn?

Falls nach kee Projet do ass: Op wat gëtt gewaart?

3. Sinn d'Terraine kontaminéiert a missten se am Fall vun enger Bebauung sanéiert ginn?

4. Wéi steet et ëm d'Stabilitéit vun den Terrainen fir de Bau vu gréisseren Strukturen?

5. Gesinn d'Ministere Punkten, déi géint de Bau vun engem Hotel op dëser Plaz géife schwätzen?

6. Wäerten déi zoustänneg Ministèren d'Gespréich mat de Bedeelegte sichen, fir ee Projet op dësem Site ze realiséieren?

Réponse (03/03/2023) de **Mme Sam Tanson**,
Ministre de la Culture | **Mme Joëlle Welfring**,
Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

ad 1. Wat genau mat „zoustänneg“ gemengt ass, ass net kloer novollzéibar. D'Parzelle sinn am Besëtzt vum Staat.

ad 2. Et gëtt nach keen detailléierte Projet fir dës Kadasterparzellen a fir d'Gebaier, déi drop stinn.

Verschidde Parzellen (1419/6435, 1419/6439 an 1419/6440) kéinten awer an Zukunft fir d'Errichte vun engem Atelier mat Garage, Depot, Büroen a Sanitaire fir d'Aktivitéite vun der Minièresbunn Doihl ASBL benotzt ginn.

Am Moment kuckt den Institut national pour le patrimoine architectural – INPA mat dësem Veräin, wat déi genau Besoine sinn. Dat historescht Material, wat benotzt gëtt fir Faarte mat de Visiteure vum Fond-de-Gras, kéint hei uerdentlech versuergt an ënnerhale ginn.

Et kann een an deem Kontext och präziséieren, dass dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung oder enger vu senger Verwaltung keng Demande an dësem Kontext virläit.

ad 3. Der Ëmweltverwaltung läit keng Buedemetüd vir, wou eng méiglech Kontaminatioun op de betreffen Terrainen ënnersicht gi wier. Op Basis vun de fréieren Aktivitéiten um Site kann allerdéngs net ausgeschloss ginn, dass Kontaminatiounen do sinn.

Vu dass keng Informatiounen betreffend méiglech Kontaminatiounen virleien, kann d'Fro, ob am Fall vun enger Bebauung sanéiert muss ginn, am Moment net beäntwert ginn. Aschätzungen iwwert méiglech Buedemsanéierung kënnen réischt gemaach ginn, wa bis bekannt ass, ob a wat fir eng Schuedstoffler wou am Buedem leien a wéi déi konkret geplangten Nonotzung ausgesäit.

ad 4. Vu datt nach keen detailléierte Projet ausgeschafft ginn ass, goufen nach keng Etüden iwwert d'Stabilitéit vun dësen Terrainen a Gebaier gemaach.

Et sief allerdéngs drop higewisen, dass Informatiounen iwwert déi geologesch Kuschen am natierlechen Ënnergrond op der geologescher Kaart um Geoportail disponibel sinn. Aus där geet ervir, dass ënnerschiddlech geologesch Kuschen aus dem Jurasique (dom 3 bis dom 1, dou, lo 7 bis lo 4) bei deene betraffene Parzellen ustinn. D'Fro vun der Stabilitéit baséiert deemno op de Propriétéite vun dëse geologesche Kuschen an eventuellen Opfëllmaterialien.

ad 5. Ob den Terrain vun der aler TR'AX selwer sech fir de Bau vun engem Hotel eegent, ass bis elo net analyséiert ginn, hei missten awer aner Consideratiounen mat a Betrecht geholl gi wéi d'Besoine vun der Minièresbunn an d'Stabilitéit vum Terrain.

Uni konkret Informatiounen iwwert de Kontaminatiounszoustand oder aner ëmweltrelevant Aspekte (z. B. Naturschutz, Ofwaasser, ...) vun deene betraffene Parzellen ass et net méiglech, eng kloer Äntwert op dës Fro ze ginn.

ad 6. Wéi schonn uewe gesot, gëtt et Iddie fir ee Projet op deem Terrain. Och wann et net kloer ass, wie mat „Bedelegte“ gemengt ass, kann sech awer natierlech all Acteur mat enger konkreter Iddi fir ee Projet op deem Site un d'Ministère wenden.

Buts de guerre de l'Ukraine | Question 7490
(19/01/2023) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

Déi Lëtzebuurger Regierung ënnerstëtzt bekannterweis déi aktuell Regierung zu Kiew am Konflikt mat der Russescher Federatioun. Wat déi konkret Krichsziler ugeet, hat d'Regierung mir am Juli 2022 op déi parlamentaresch Fro Nummer 6384 dëst geäntwert:

„Ënnerstëtzt déi Lëtzebuurger Regierung eng militäresch Zeréckeruewerung vun der Krim duerch d'Ukrain? Wa jo, wéi eng Risiko gesäit si bei sou enger Politik? Zesumme mat 140 anere Membere vun der UNO-Vollversammlung huet Lëtzebuerg d'Resolutioun ES-11/1 gestëmmt, déi Russland dozou opfuert, d'territorial Integritéit vun der Ukrain ze respektéieren an sech direkt, komplett a bedéngungslos aus dem Territoire vun der Ukrain, an hiren international unerkannte Grenzen, zeréckzezéien.“

D'Regierung weess, datt an deene vun hir beschriwwene Grenze vun der Ukrain eng grouss Zuel vu Leit liewen, déi sech als Russen oder op d'mannst als ethnesh Russen consideréieren. Och gëtt et vill Leit an der Ukrain, déi sech als russophon Ukrainer verstinn. An deem Kontext stelle sech also Froen iwwer de Statut vun deene Leit an hire Rechter, am Fall wou déi Regierung zu Kiew effektiv sollt d'Kontroll iwwer den Territoire zeréckgewannen, den d'Regierung an hirer Äntwert vum Juli beschriwwen hat.

Bei hirem Besuch an der Chamber den 3. Juni 2022 hat déi ukrainesch Vizepremierministesch, d'Madamm Dzhaparova, z. B. eng Reconciliatioun explizitt ausgeschloss („No Reconciliation“). An engem Artikel am fransésche „Figaro“ vum 4. Januar 2023 (« Comment Kiev prépare d'ores et déjà la réintégration de la Crimée ») gëtt beschriwwen, wéi d'Krim soll progressiv „derussifizéiert“ ginn an datt déi russesch Sprooch soll verschwannen (« après une période de transition où la langue russe continuera d'être utilisée »). Et stellt sech also d'Fro, wat mat deene russeschen oder russeschsproochige Populatiounen an der Ukrain an och op der Krim kéint oder sollt geschéien, am Fall wou d'Ukrain de Krich sollt gewannen an d'Kontroll iwwer den Territoire an de Grenze vun 1991 sollt zeréckkréien.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi russesch-sproocheg Leit an der Ukrain – an deenen „international unerkannte Grenzen“ (cf. Äntwert op déi uewen ernimmte parlamentaresch Fro) – e Recht op e Schutz als Minoritéit hunn, z. B. a Konformitéit oder an Analogie mat esou Reegelen am Kontext vum Europarat, an datt och de Gebrauch vum der russescher Sprooch (z. B. als regional Sprooch) an d'Fleeg vun der russescher Kultur mussen protegéiert ginn?

2. Wa jo, ass déi Lëtzebuerger Regierung bereet, géintwuer den Autoritéit vum der Ukrain derfir anzuetrieden, datt – am Fall wou d'Ukrain de Krich sollt gewannen – eng national Reconciliatioun néideg ass, an datt déi russesch-sproocheg Leit an der Ukrain Rechter als national Minoritéit mussen hunn, déi och de Schutz vun der russescher Sprooch a Kultur mussen matabezéien?

3. Ass déi Lëtzebuerger Regierung bereet, fir géintwuer den Autoritéit vum der Ukrain ewéi och an europäeschen – eng national Reconciliatioun néideg ass, an datt all Form vu Revanche géintwuer russesch-sproocheg Leit oder esouguer enger ethnescher „Rengung“ an der Ukrain ausgeschloss ass?

Réponse (21/02/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. bis 3. Lëtzebuerg, wat selwer ee multikulturellt a villsproocheg Land ass, setzt sech prinzipiell fir de Respekt an de Schutz vu Minoritéiten, inklusiv sproochlech Minoritéiten, an. Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Ukrain dobäi, all relevant Konventiounen vum Europarat, inklusiv d'Europäesch Charta vun de regionalen oder Minoritéitesproochen ëmzesetzen an déi pertinent Avisen vun der Venedeg-Kommissioun souwuel wéi d'Recommendatiounen vum Comité vun de Ministere vum Europarat ze berécksiichtegen.

De Schutz vun nationale Minoritéit gehéiert och zu de Konditiounen, déi am Kader vum Unerkennen vum Status vum Kandidat fir den EU-Bäitritt, op Basis vun engem Avis vun der Europäescher Kommissioun, ervirgestrach goufen.

Programme démence prévention | Question 7492 (19/01/2023) de **M. Gusty Graas** (DP)

L'évolution démographique se traduit par un nombre croissant de personnes de plus en plus âgées. La fréquence des maladies chroniques et le risque de démence augmentent également. Afin de prévenir la démence, le Ministère de la Santé a lancé en 2015 le « programme démence prévention » (pdp).

À ce sujet, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Santé :

1) Combien de personnes ont participé au « programme démence prévention » depuis 2015 ?

2) Quel était l'âge moyen des participants au « pdp » ?

3) Madame la Ministre estime-t-elle que les personnes âgées de 30 à 40 ans devraient également être d'avantage sensibilisées à l'offre du « pdp » ?

4) Madame la Ministre que pense-t-elle de l'idée de créer un Centre mémoire (« Gedächtnisambulanz ») au Luxembourg ?

Réponse (20/02/2023) de **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Depuis son lancement, 412 personnes ont participé au « programme démence prévention ».

ad 2) L'âge moyen des personnes ayant participé au « programme démence prévention » est de 69,6 ans.

ad 3) Pour pouvoir participer au programme, les patients doivent notamment présenter une déficience cognitive modérée ou un déficit cognitif subjectif. Par conséquent, les personnes âgées de 30 à 40 ans dont le médecin traitant constate ces critères peuvent également participer au programme.

Afin de sensibiliser et d'atteindre la population plus jeune à risque de démence, le programme « pdp » est en train de développer une application électronique ainsi que des fiches d'information, afin de communiquer également vers un public plus large public.

ad 4) Un concept de soins spécialisés avec la création d'un Centre mémoire au Luxembourg constitue effectivement une piste à suivre et permettrait de contribuer au développement de nouvelles thérapies (par exemple via des études cliniques). Notons toutefois que l'équipe du « pdp » travaille déjà en collaboration avec d'autres acteurs du domaine de la démence, à savoir : l'Association Luxembourg Alzheimer (ALA), Info-Zenter Demenz et ZithaAktiv. Une collaboration renforcée en vue de la création de centres de soins spécifiques constituerait un atout pour aligner les bonnes pratiques cliniques, la qualité de la prise en charge et la prévention.

Enregistrement de permis de conduire étrangers | Question 7494 (20/01/2023) de **M. Sven Clement** (Piraten)

Mir gouf ee Fall zougedroen, wou eng Persoun d'Transkriptioun vun engem auslännesche Führerschäin an e lëtzebuergesche Führerschäin ugefrot huet. An engem Bréif gouf déi betraffe Persoun opgefuerdert, fir innerhalb vu 4 Wochen ee rezente psychiatresche Rapport eranzeschécken, deen am Detail attestéiert, dass et bei der betraffener Persoun keng medezinnesch Konterindicatiounen fir d'Fuere vun engem motoriséierte Gefier gëtt. Sollt déi betraffe Persoun där Opfuerderung net nokommen, géif hir Demande ofgeleent ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen:

1. Virum Hannergrond vun engem groussen Mangel un Dokteren am Beräich vun der Psychiatrie, wéi kann e Ministère vun enger Persoun innerhalb vu 4 Wochen ee rezente psychiatresche Rapport fuerderen, wëssend, dass et laang Waardezäite fir e Rendez-vous bei engem Psychiater gëtt?

2. Sollten dës kuerz Delaie gesetzlech virgeschriwwen sinn, firwat goufen dës Delaie nach net ëmgeännert, fir se un déi aktuell ganz problematesch Situatioun bei verschiddenen Dokteren unzepassen?

3. Sollten dës kuerz Delaie gesetzlech virgeschriwwen sinn, gedenkt de Minister, dës Delaie un déi aktuell ganz problematesch Situatioun bei verschiddenen Dokteren unzepassen?

Wa jo, wéini?

Wann nee, firwat net?

Réponse (10/02/2023) de **M. François Bausch**, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Rei Froen am Zesammenhang mam Delai, deen d'Leit hunn, wann de Minister, op Ufro vun engem Dokter aus der Commission médicale, am Kader vun engem Führerschäinsdossier, e rezente psychiatresche Rapport freet, deen am Detail attestéiert, dass et bei der betraffener Persoun keng medezinnesch Konterindicatiounen gëtt, fir mat engem motoriséierte Gefier op der Strooss kënnen ze fueren.

Dëse Standarddelai vu 4 Wochen, dee bei alle Courrièren virgesinn ass, wann den Dokter vun der Commission médicale am Kader vun engem

Führerschäinsdossier en Avis vun engem Spezialist freet, ass eng intern administrativ Richtlijn. D'Erfarungswärter weisen, dass déi grouss Majoritéit vun de Leit kee Problem huet, fir de gefroten Avis an dëser Zäit eranzerechen. Well et awer ëmmer emol virkomme kann, datt een an dësem Delai kee Rendez-vous bei engem Spezialist konnt kréien, gëtt et an dësem Zesammenhang dofir eng gewëssen administrativ Kulanz. Op all Courrier steet ëmmer eng Kontaktpersoun, bei där een sech melle kann, wann ee Problemer huet, e Rendez-vous ze kréien. Den Datum vum Rendez-vous, deen d'Leit eis da matdeelen, gëtt dann am Dossier notéiert an den Dossier gëtt soulaang en suspens gehal, bis d'Leit de gefrote Certificat bréngen kënnen.

Wann d'Leit sech net sollte mellen, gëtt no ongeféier 6 Wochen automatesch e Rappell geschéckt. Spéitstens bei dësem Rappell reagéieren dann déi meescht Leit, andeem si e Feedback zu hirem Rendez-vous ginn. Well den Delai vu 4 Wochen net konnt gehale ginn, ass deemno nach ni enger Persoun de Führerschäin net ëmgeschriwwen respektiv ofgehol ginn.

Évolution des différentes formes de travail | Question 7500 (23/01/2023) de **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP)

Les conséquences de l'inflation se font sentir dans beaucoup de domaines. L'économie, le monde du travail et les ménages sont notamment impactés. Par conséquent, les personnes qui vivent dans des conditions de travail précaires sont particulièrement touchées. Il est par ailleurs un fait que des salariés sous contrat de travail à durée déterminée se voient souvent refuser un prêt immobilier.

Dans ce contexte, je souhaite poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire :

1) Comment ont évolué les contrats de travail à durée déterminée (CDD) et les contrats de travail à durée indéterminée (CDI) au cours des douze derniers mois ? Y a-t-il une tendance ? Quelle est la part des CDD parmi les nouveaux contrats de travail ? Quel pourcentage représentent les CDI ?

Le secteur du travail intérimaire est très sensible à la conjoncture économique et sert de bon indicateur des tendances du marché du travail.

2) Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur l'évolution du secteur du travail intérimaire ? Le nombre de salariés engagés auprès d'entreprises de travail intérimaire a-t-il fortement évolué au cours des six derniers mois ?

3) En saluant l'apparition récente d'une étude intitulée « Le chômage de longue durée au Luxembourg : Mesure, contours et déterminants du phénomène », Monsieur le Ministre peut-il me renseigner sur les secteurs les plus touchés par le chômage de longue durée ?

Réponse (22/02/2023) de **M. Georges Engel**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

ad 1) Entre septembre 2021 et septembre 2022 (dernières données disponibles au moment de la rédaction de cette réponse), la part des CDD dans la population salariée du secteur privé a stagné à 5,9 %. Les variations entre ces deux dates reflètent des effets saisonniers.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

La part des CDI est également stable sur la même période. Entre septembre 2021 et septembre 2022, elle est passée de 92,2 % à 91,9 %.

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

Au sein des recrutements, la part des CDD n'évolue que très peu entre septembre 2021 et septembre 2022. Elle s'établit à 26,6 % pour les recrutements effectués en septembre 2021, contre 27,7 % pour ceux effectués en septembre 2022. Entre ces deux dates, cette part oscille entre 25,6 % et 28,9 %.

La même stabilité est observée pour les recrutements en CDI. En septembre 2021, la part des CDI dans les recrutements s'établit à 73,4 %, contre 72,3 % en septembre 2022. Entre ces deux dates, la part de recrutements en CDI varie entre 71,9 % et 74,4 %.

ad 2) Le nombre de personnes ayant eu au moins un contrat intérimaire au cours du mois de septembre 2021 est très proche de celui observé en septembre 2022 (environ 12.000 personnes).

(Graphique à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

ad 3) Un secteur d'activité en tant que tel n'est pas touché par le chômage de longue durée, étant donné que les chômeurs sont sans emploi et donc pas rattachés à un secteur d'activité. Nous pouvons par contre fournir des données sur les métiers liés aux demandeurs d'emploi inscrits à l'ADEM. Un demandeur d'emploi est inscrit à l'ADEM sous (au moins) un métier, selon le Répertoire opérationnel des métiers et des emplois (ROME). Le tableau ci-dessous reprend les 10 catégories de métiers (niveau 2 de la classification ROME) les plus fréquentes des chômeurs de longue durée (durée d'inscription de 12 mois ou plus), comparées à tous les demandeurs d'emploi résidents disponibles.

(Tableau à consulter auprès de l'Administration parlementaire ou sur www.chd.lu.)

Jeux de hasard | Question 7501 (24/01/2023) de M. Laurent Mosar | M. Léon Gloden (CSV)

Notre groupe politique a soulevé à plusieurs reprises le fait que les jeux de hasard dans les cafés, bars et restaurants sont contraires à la législation luxembourgeoise en vigueur. En vertu de la loi du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris en matière de manifestations sportives, les jeux de hasard ne peuvent être exploités que dans les casinos. D'autant plus, seuls les appareils automatiques n'offrant pas de gain en argent sont autorisés dans les cafés, les bars et les restaurants. Dans la pratique, il n'y a aucun contrôle, bien que le sujet soit critiqué de toutes parts et provoque les risques de dépendance, de fraude et de blanchiment d'argent qui y sont liés.

Au vu de ce phénomène, nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre de la Justice :

- 1) Dans combien d'établissements trouve-t-on des stations de jeux de hasard au Luxembourg ?
- 2) Combien de condamnations ont été prononcées ces dernières années au Luxembourg en rapport avec les jeux de hasard illégaux ?
- 3) Quand le Gouvernement compte-t-il adapter le cadre légal afin de lutter contre les jeux de hasard illégaux en général et contre la dépendance, la fraude et le blanchiment d'argent dans ce contexte ?

Réponse (23/02/2023) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

ad 1) Le Ministère de la Justice ne dispose pas de ces chiffres.

ad 2) D'après les informations fournies par le Parquet général, 9 condamnations ont été prononcées pour des

infractions à la législation sur les jeux de hasard entre 2009 et 2018.

ad 3) Les travaux préparatoires en vue d'une adaptation de la loi précitée du 20 avril 1977 sont actuellement en cours.

Remboursement des prises en charge en orthophonie | Question 7505 (25/01/2023) de Mme Josée Lorsché | M. Marc Hansen (déi gréng)

Dans la nomenclature actuelle, le remboursement des traitements orthophoniques en cas de bégaiement chez l'enfant est soumis à la condition de présenter une ordonnance établie par un psychiatre.

Cependant, la théorie que le bégaiement aurait des origines purement psychologiques est largement remise en cause par les connaissances résultant du progrès scientifique. Actuellement, on estime que le bégaiement est dû principalement à des altérations fonctionnelles du cerveau, les facteurs génétiques et environnementaux entrant en ligne de compte à 70 % et à 30 % respectivement.

Forcer les parents concernés à se présenter auprès d'un psychiatre génère en conséquent une image incorrecte des origines du trouble de la parole de leur enfant, ce qui risque d'influer le traitement de façon négative. Il s'ensuit la question si l'ordonnance ne pourra tout simplement pas être établie par un pédiatre ou un généraliste.

De plus, le temps d'attente pour un traitement thérapeutique en orthophonie est généralement assez long alors que la validité de l'ordonnance médicale n'est que de trente jours. Cette situation force les familles à prendre rendez-vous chez le psychiatre seulement après avoir reçu la confirmation de leur place de traitement orthophonique. Étant donné que les délais d'attente chez les psychiatres sont également très longs, les frais pour le traitement sont actuellement pris en charge par l'ONE en attendant que l'ordonnance médicale du psychiatre soit disponible.

Dans ce contexte, nous voudrions avoir les renseignements suivants de la part de Madame la Ministre de la Santé et Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale :

- 1) Madame la Ministre partage-t-elle l'avis que l'ordonnance médicale établie par un psychiatre n'est plus indiquée en matière de bégaiement ?
- 2) Dans l'affirmative, endéans quel délai les changements nécessaires pourront-ils être inclus dans la nomenclature ?
- 3) De manière générale, est-ce que d'autres dispositions de la nomenclature relative aux actes en orthophonie nécessitent d'être mises à jour ? Dans l'affirmative, de quelles dispositions s'agit-il ?

Réponse (02/03/2023) de **M. Claude Haagen**, Ministre de la Sécurité sociale | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé

ad 1) Grâce aux nombreuses recherches dans le domaine, nous savons aujourd'hui que le bégaiement est un trouble du débit de la parole aux origines neurologiques et génétiques. Le bégaiement est à considérer comme un trouble de la parole qui a certes une forte incidence sur la vie sociale et l'équilibre psychologique des personnes qui en souffrent, mais cette incidence est à considérer comme une conséquence, voire un amplificateur du trouble, non pas comme son origine.

L'orthophoniste est à considérer comme le professionnel de santé responsable de la prise en charge des personnes souffrant de bégaiement. Le cas échéant, l'orthophoniste a l'obligation déontologique d'orienter

son patient vers un psychologue, un psychothérapeute ou un psychiatre, voire vers d'autres professionnels de la santé, afin que la prise en charge soit la plus holistique possible.

Par contre, au vu des connaissances étiologiques actuelles en matière de bégaiement, il s'avère que l'investigation psychologique est certes utile, mais pas nécessaire pour le diagnostic du trouble et l'établissement du plan thérapeutique. L'orthophoniste doit pouvoir déterminer ces éléments en pleine indépendance, tel que le prévoit d'ailleurs le règlement grand-ducal du 19 janvier 2018 réglementant l'exercice et les attributions de la profession d'orthophoniste dans son 4^e article.

ad 2) Un changement au niveau des actes d'une nomenclature est soumis aux procédures prévues au Livre 1^{er} du Code de la sécurité sociale et requiert aussi une modification réglementaire.

Différentes instances sont tenues de donner leur avis avant la publication au Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg. Ainsi, la mise en application d'un changement dans une nomenclature est dépendante entre autres de la complexité et de l'envergure de la modification et du délai endéans lequel le Conseil d'État et, le cas échéant, la Cellule d'expertise médicale rendent leur avis.

Il n'est donc pas possible d'avancer un délai.

ad 3) La Caisse nationale de santé a convenu avec l'Association luxembourgeoise des orthophonistes d'étudier leurs propositions de modification de la nomenclature des actes et services des orthophonistes au cours du deuxième semestre 2023 afin de démarquer un projet commun pour la refonte de la nomenclature.

Fiabilité des contrôles de la centrale nucléaire de Cattenom | Question 7510 (26/01/2023) de M. Gusty Graas | M. Max Hahn (DP)

L'année passée, des phénomènes de corrosion avaient été constatés dans les tuyaux du système de refroidissement d'urgence dans plusieurs unités de la centrale nucléaire de Cattenom. Pour remédier à la situation, l'exploitant de la centrale nucléaire de Cattenom EDF avait commandé des pièces de remplacement auprès d'une entreprise italienne.

Or, selon un article de presse récent, l'Autorité de sûreté nucléaire (ASN) française aurait constaté lors d'un contrôle récent que les pièces de remplacement commandées n'auraient pas été contrôlées correctement par EDF, que les protocoles pertinents n'auraient pas été respectés et que certaines évaluations des contrôleurs d'EDF ne seraient pas compréhensibles.

Dans ce contexte, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Énergie et à Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable :

– Est-ce que le Gouvernement entend intervenir auprès de l'ASN afin qu'il soit garanti que les pièces de remplacement en question soient contrôlées selon les règles de l'art et répondent aux critères les plus stricts en matière de sécurité avant que les réacteurs de Cattenom actuellement à l'arrêt ne soient réactivés ?

– Compte tenu de la rigueur manifestement insuffisante des contrôles effectués par EDF, le Gouvernement est-il d'avis que les résultats de contrôles antérieurs devraient être remis en question ?

– Le Gouvernement envisage-t-il d'exiger que les contrôles récents dans le cadre de la troisième visite décennale soient répétés ?

Réponse (07/03/2023) de **M. Claude Turmes**, Ministre de l'Énergie | **Mme Joëlle Welfring**, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | **Mme Paulette Lenert**, Ministre de la Santé | **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

La question du phénomène de corrosion sous contrainte au niveau des tuyauteries de la centrale de Cattenom a été abordée en détail avec l'Autorité de sûreté nucléaire (ASN) lors de la réunion de la Commission mixte franco-luxembourgeoise de sécurité nucléaire qui s'est tenue le 13 juin 2022 à Luxembourg. La délégation luxembourgeoise y a exprimé ses inquiétudes par rapport à ce phénomène et il a été convenu que le Luxembourg sera tenu informé des résultats des contrôles des réacteurs de la centrale de Cattenom effectués dans ce contexte.

Par la suite, EDF a sous-traité la fabrication de pièces de remplacement pour les circuits concernés par la problématique de corrosion sous contrainte auprès d'une entreprise italienne. Selon les informations dont disposent les autorités luxembourgeoises, une inspection de l'ASN dans l'usine italienne a eu lieu afin d'évaluer comment EDF assure son rôle de fabricant réglementaire pour les circuits concernés.

Selon l'ASN, l'inspection aurait mis en évidence des points nécessaires d'amélioration de la surveillance d'EDF sur le fournisseur italien, sans toutefois remettre en cause la conformité des équipements fabriqués aux référentiels réglementaire et technique.

Le Ministre de l'Énergie, Claude Turmes, et la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, Joëlle Welfring, ont adressé une lettre à l'ASN en date du 25 janvier 2023 au sujet des pièces de remplacement et des constats faits par l'Autorité. Ils ont signalé que le Gouvernement luxembourgeois suit avec beaucoup d'attention et de préoccupation les développements en la matière et ont demandé des précisions à l'ASN.

L'ASN a informé les autorités luxembourgeoises qu'elle réalisera cette année une nouvelle inspection afin de s'assurer que les observations et demandes faites à EDF ont bien été prises en compte.

L'ASN réalise typiquement un peu plus de 20 inspections par année sur la centrale de Cattenom qui portent sur différents aspects de la sûreté de la centrale.

À ces inspections, qui sont ciblées sur une thématique précise, s'ajoutent les visites décennales qui servent à évaluer la sûreté nucléaire des installations nucléaires d'une manière systématique et vérifiable.

Les deux types de contrôle, inspections et visites décennales, sont complémentaires et ont pour objectif d'assurer la sûreté de la centrale, mais la finalité et les suites à y donner sont différentes. De ce fait, une répétition de contrôles effectués dans le cadre d'une visite décennale n'est pas l'outil approprié pour donner suite aux constats faits lors d'une inspection.

Cela étant dit, les autorités luxembourgeoises aborderont de nouveau le bilan des inspections lors de la prochaine réunion de la Commission mixte franco-luxembourgeoise.

Force est de constater qu'après toutes les analyses effectuées, l'origine du phénomène des fissures n'a toujours pas été déterminée avec certitude et qu'il y a de fortes probabilités que le design des réacteurs joue un rôle. Ainsi, le Gouvernement reste concerné et s'engagera en faveur d'un monitoring régulier de tous les réacteurs de la centrale de Cattenom pour assurer la détection précoce de nouvelles fissures.

.....
Déclaration de la Ministre des Affaires étrangères allemande à propos de la Russie et de la guerre en Ukraine | Question 7513 (26/01/2023) de **M. Fernand Kartheiser** (ADR)

An enger Reunion vum der parlamentarescher Versammlung vum Europarat sot de 24. Januar 2023 déi däitsch Bausseministesch Annalena Baerbock: „We are waging a war against Russia.“ Esou eng Ausso ass natierlech eng extreem wichteg a gravéierend Ausso, well si, aus dem Mond vum engem Bausseminister, eng ganz Rei vu geféierlechen Implikatiounen am internationalen, öffentleche Recht ka mat sech bréngen.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës dréngend Froe stellen:

1. Wéi beurteelt déi Lëtzebuenger Regierung dës Ausso vum der Madamm Baerbock? Ass si der Meenung, datt och Lëtzebuerg „e Krich géint Russland féiert“?

2. Gesäit d'Regierung an der Erklärung vum der Madamm Baerbock e weidere Schrëtt a Richtung Eskalatioun vum Konflikt, dee vill westlech Staaten am Abléck mat Russland hunn?

3. Ass déi Lëtzebuenger Regierung der Meenung, datt et elo méi ewéi jee néideg wär diplomatesch Initiativen ze huelen, fir de Krich an der Ukrain ze stoppen? Wéi eng konkret Initiativen hëlt déi Lëtzebuenger Regierung fir eng weider Eskalatioun vum Konflikt ze verhënnere?

4. Wéll déi Lëtzebuenger Regierung bei der däitscher Regierung intervenéieren, fir virun enger weiderer Eskalatioun vum Konflikt ze warnen a fir si ze bieden, déi Ausso vum der Madamm Baerbock zeréckzezéien?

Réponse (03/02/2023) de **M. Jean Asselborn**, Ministre des Affaires étrangères et européennes

ad 1. D'Regierung ass der Meenung, datt Russland een illegale Krich géint d'Ukrain féiert. D'Ukrain huet laut der UN-Charta d'Recht zu Selbstverdeedegung. Lëtzebuerg, wéi och de Rescht vun den EU-Memberstaaten, hëllefen der Ukrain sech géint ee brutalen Aggressor ze wieren. Dës Ausso vum der Ausseministesch Baerbock gouf kuerz duerno vum Auswärtigen Amt kloergestallt.

ad 2. Nee.

ad 3. De Krich stoppe kann nëmmen dee Mann, deen en ugefaangen huet. Dat ass de President Putin. Der Lëtzebuenger Regierung leien am Moment keng Informatiounen vir, déi géifen drop schléisse loosser, datt de President Putin gewéllt wier, der Diplomatie eng Chance ze ginn.

ad 4. Mir verweisen hefir den honorablen Deputéierten op d'Äntwert vum der éischter Fro.

.....
Statut de repent | Question 7518 (27/01/2023) de **M. Dan Biancalana** (LSAP)

En Belgique, suite à l'affaire du Qatargate, l'ancien eurodéputé italien Pier Antonio Panzeri s'est vu octroyer le statut de repent. Il est le deuxième bénéficiaire de cet outil juridique qui permet au parquet de négocier en avance avec une personne suspectée un allègement de la peine qui, en échange, collabore avec les autorités judiciaires et policières et fournit toutes les informations nécessaires sur les activités criminelles auxquelles elle a participé.

Au Luxembourg, cet outil n'existe pas. Par contre, notre législation offre, depuis 2015, le mécanisme du jugement sur accord qui permet une résolution

alternative de litiges. Bien que les deux outils soient de nature bien différente, ils offrent des alternatives à la justice en vue d'un dégorgeement des instances juridiques nationales.

Dans ce contexte, j'aimerais poser la question suivante à Madame la Ministre de la Justice :

– Est-ce que l'octroi du statut de repent représente un outil législatif susceptible d'être introduit dans notre législation en complément au jugement sur accord ? Dans l'affirmative, sous quelles conditions et pour quelle catégorie d'infractions ? Si non, quelles en sont les raisons ?

Réponse (23/02/2023) de **Mme Sam Tanson**, Ministre de la Justice

Le dispositif pénal luxembourgeois connaît déjà, en certaines matières, des exemptions et allègements de peine pour les personnes qui coopèrent avec les autorités judiciaires.

Ainsi, les articles 135-7 et 135-8, en matière de lutte contre le terrorisme, précisent :

« Art. 135-7.

Est exempté de peines celui qui, avant toute tentative d'infractions aux articles 112-1, 135-1, 135-2, 135-5, 135-6, 135-9 et 135-11 à 135-16 et avant toutes poursuites commencées, aura révélé à l'autorité l'existence d'actes destinés à préparer la commission d'infractions aux mêmes articles ou l'identité des personnes ayant posé ces actes.

Dans les mêmes cas, les peines de réclusion criminelle sont réduites dans la mesure déterminée par l'article 52 et d'après la graduation y prévue à l'égard de celui qui, après le commencement des poursuites, aura révélé à l'autorité l'identité des auteurs restés inconnus.

Art. 135-8.

Est exempté de peines le coupable de participation à un groupe terroriste qui, avant toute tentative d'actes de terrorisme faisant l'objet du groupe et avant toutes poursuites commencées, aura révélé à l'autorité l'existence de ce groupe et les noms de ses commandants en chef ou en sous-ordre. »

Il est également renvoyé aux articles 136 (violations graves du droit international humanitaire), 177 (en matière de confiscation et falsification), 326 (en matière d'association formée dans le but d'attenter aux personnes ou aux propriétés et de l'organisation criminelle) et 382-8 (prostitution) du Code pénal et aux articles 23 et 31 de la loi modifiée du 19 février 1973 sur la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie qui prévoient des exemptions similaires.

Je tiens à souligner que la finalité de ces dispositions est de prévenir et lutter efficacement contre les infractions les plus graves, même si l'application des dites dispositions peut accessoirement conduire à désengorger les tribunaux.

.....
Compte bancaire des sociétés | Question 7519 (27/01/2023) de **M. Laurent Mosar** (CSV)

D'après mes informations, de plus en plus de sociétés en voie de constitution, notamment dans le domaine des start-ups, se trouvent en difficulté lorsqu'il s'agit d'ouvrir un compte bancaire auprès d'une banque luxembourgeoise.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances :

**PRIORITAIRE
BY AIR MAIL**

IBRS/CCRI n°1001256



RÉPONSE PAYÉE/REPLY PAID

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

ENVOI-RÉPONSE 1001256

L - 3208 BETTEMBOURG

– Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer ces pratiques ? Quelles pourraient en être les raisons ?

– Dans l'affirmative, qu'est-ce que Madame la Ministre entend entreprendre pour y remédier ?

Par ailleurs, lorsqu'un futur entrepreneur souhaite constituer une société luxembourgeoise devant le notaire, il se doit de rassembler un certain nombre de pièces justificatives pour la constitution de l'acte notarié. D'après mes informations, il est notamment nécessaire de produire un identifiant d'un compte bancaire (IBAN) d'une banque luxembourgeoise.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Madame la Ministre des Finances et à Madame la Ministre de la Justice :

– Est-ce que le Gouvernement peut confirmer qu'il est bien nécessaire de produire un identifiant d'un compte bancaire (IBAN) d'une banque luxembourgeoise lors de la constitution d'une société devant un notaire ?

– Dans l'affirmative, quelle est la base légale justifiant l'obligation de détenir un compte bancaire auprès d'une banque luxembourgeoise ?

– Dans l'affirmative et dans le cas où aucune base légale ne justifie cette pratique, est-ce que cette pratique ne porte pas atteinte au droit communautaire, notamment sur la protection de la libre concurrence ?

– Dans le cas où aucune base légale ne justifie cette pratique, est-ce que Madame la Ministre entend informer et rappeler aux notaires qu'il n'est pas nécessaire de produire un identifiant d'un compte bancaire (IBAN) d'une banque luxembourgeoise ?

– Est-ce qu'il ne faudrait pas légiférer de manière à assurer la protection du droit communautaire ?

Réponse (02/03/2023) de Mme Yuriko Backes, Ministre des Finances | **Mme Sam Tanson,** Ministre de la Justice

En plus de leur assujettissement aux réglementations bancaires (en ce compris aux prescrits communautaires en matière de lutte contre le blanchiment d'argent), les modalités d'ouverture de comptes bancaires sont guidées par les politiques commerciales des établissements financiers et par leurs politiques internes de gestion des risques. Dans ce contexte, l'État ne peut ni restreindre la liberté contractuelle des institutions bancaires, ni leur dicter quelle devrait être leur tolérance au risque (c'est-à-dire le niveau et le type de risque qu'un établissement devrait assumer dans sa relation avec ses clients).

Il convient de rappeler que la localisation d'un compte en banque d'une société n'est pas régie par la loi, ni en ce qui concerne le droit des sociétés, ni en ce qui concerne les réglementations en matière LBC/FT. Il n'existe par ailleurs pas de base légale pour exiger un IBAN luxembourgeois uniquement.

Selon les informations reçues de la Chambre des Notaires, les notaires acceptent des certificats de blocage émis tant par des banques luxembourgeoises que par des banques étrangères.

Toutefois, il a été rapporté que des difficultés peuvent surgir lorsque le notaire est amené à contrôler les pouvoirs de signature des signataires des certificats de blocage des banques étrangères, celles-ci pouvant se montrer réticentes à fournir leur liste de signatures ou à fournir un certificat de blocage conforme aux lois luxembourgeoises.

Sécurité des enfants autour des écoles | Question urgente **8091** (16/06/2023) de **Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV)

D'Police huet bestätegt, datt Kanner an deene leschten Deeg am Süde vum Land vu frieme Männer, déi mat enger Camionnette ënnerwee waren, ugeschwat a souguer ugepaakt ginn sinn. De Parquet wier a Kenntnis gesat ginn an hätt de Service vun der Police judiciaire mat enger Enquête chargéiert.

An deem Kontext wéilt ech gäre follgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung matdeelen, ob ee virgesäit, deemnächst verstärkt bei de Schoulen ze kontrolléieren, fir d'Sécherheet vun de Kanner ze garantéieren an se ze schützen?

2. Goufen et esou Fäll och an anere Géigende vun eisem Land?

3. Konnt ee feststellen, datt d'Täter probéiert hate Kanner matzehuelen?

4. Kann d'Regierung matdeelen, ob schonn éischt Resultater vun der Enquête virleien?

Réponse (22/06/2023) de M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure

ad 1. D'Policepatrouillë si sensibiliséiert ginn, verstärkt Presenz ze weisen op Spillplazen, bei Schoulen an am Allgemengen op Plazen, wou d'Kanner enger schoulescher oder enger Fräizäitaktivitéit noginn.

ad 2. Bis ewell goufen der Police keng Fäll an anere Géigende vun eisem Land gemellt.

ad 3. a 4. Et handelt sech hei ëm eng lafend Ermëttlung, wou keng Detailer vun der Police kënnen kommunizéiert ginn.

Abonnement/Desabonnement vum Chamberblietchen

Abonéiert oder desabonéiert Iech gratis

– per E-Mail un abocro@chd.lu, andeems Dir Numm, Virnumm, Adress,
Code postal an Uertschaft ugitt

– iwwert eisen Internetsite www.chd.lu
– iwwert de Coupon hei ënnendrënner.

Coupon, fir sech gratis ze abonéieren/desabonéieren:

Ech abonéiere mech:

fir déi gedréckte Versioun* fir déi elektronesch Versioun op folgend E-Mails-Adress: _____

Ech desabonéiere mech:

vun der gedréckter Versioun* vun der elektronescher Versioun op folgend E-Mails-Adress: _____

*Déi folgend Casen ausfille beim Abonnement/Desabonnement vun der gedréckter Versioun:

Numm: _____ Virnumm: _____

Sociétéit/Administratioun: _____

Adress: _____ Boîte postale: _____

Code postal: _____ Uertschaft: _____ Land: _____

D'Chamberblietche gëtt Iech als eegestänneg Zeitung zougestallt. D'Chamber notzt dofir d'Servicer vun enger externer Firma. Är Donnéeë ginn traitéiert, bis Dir Iech desabonéiert.
Fir méi Informatiounen kënnt Dir eis per Courrier oder via déi uewe genannte Mailadress kontaktéieren.



Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg | 23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg

Tél. 466 966 - 1 | info@chd.lu | chd.lu | [f](#) [t](#) [@](#)

PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ
PS/799